

De Lëtzebuerger Dictionnaire

Versioun vum 1. Mäerz 2024



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture



ZLS
Zenter fir
d'Letzebuurger
Sprooch

lod.lu

Lëtzebuurger
Online
Dictionnaire

An dësem PDF-Fichier fënnt den interesséierte Benotzer dee ganzen textuellen Inhalt vun all den Artikelen vum Lëtzebuerger Online Dictionnaire (<https://lod.lu>), déi den Ament online sinn.

Et handelt sech ëm en Test-Produit, deen am Laf vun der Zäit verbessert gëtt, natierlech inhaltlech, mee och, wat d'Form ubelaangt. Dofir freet d'ZLS-Ekipp sech och hei ganz besonnesch op Feedback: lod@lod.lu.

De Fichier däerf elektronesch diffuséiert an och erausgedréckt ginn. De Versions-Datum steet op all Säit a soll bei Zitater am Idealfall genannt ginn.

Bei all gréisserem Update um Site gëtt och en neie Fichier generéiert.

A

A [a:] Neutrum (Pluriel Aen) **1. DE** Auge [Sehorgan] • **FR** œil [organe visuel] • **EN** eye [organ of sight] • **PT** olho [órgão da visão] **Beispiller** déi Blus passt gutt bei deng blo Aen; mir ass eng Méck an d'A geflunn; ech hunn hie riicht an d'Ae gekuckt; ech war esou midd, ech hunn d'Aen net méi opbehalen; mat fofzég Woche sinn engem Fötus seng Ae ganz entwéckelt; ech hunn eng Conjonctivite am Lénksen A; meng Aen halen net op mat tréinen; hie kuckt mam rietsen A an déi lénks Täsch [égs] [hie baluckt]; hal däin Zil ëmmer virun Aen! [sief der ëmmer bewosst, wat däin Zil ass!]; mir haten eis eng Zäit aus den Ae verluer [mir haten eng Zäit kee Kontakt méi mateneen]; hal d'Aen op! [égs] [gëff Uecht!]; säi järege gréngen Auto stécht an d'A [égs] [säi järege gréngen Auto fält op]; d'Meedchen huet dem Jong schéin Ae gemaach [égs] [d'Meedchen huet mam Jong gefürt]; dat dote kascht mech d'Aen aus dem Kapp [égs] [dat dote kascht mech ganz vill Suen]; ech hat scho laang en A op dech geworf [égs] [ech war scho laang un dir interesséiert]; mir si mat engem bloen A dervukomm [égs] [mir sinn ouni gréissere Schued dervukomm]; bei deem Handel gouf ech schéin op d'A gedréckt [égs] [bei deem Handel gouf ech schéi bedrunn]; hie soll mer aus den Ae bleiwen! [égs]; hie soll mer aus den Ae goen! [égs] [ech wëll hien net méi gesinn!]; a mengem Aen ass deng Iwwerleeung falsch [menger Meenung no ass deng Iwwerleeung falsch]; dës Nuecht war Vollmound, ech hu keen A zouge-maach [égs] [dës Nuecht war Vollmound, ech konnt guer net schlafen]; hien huet grouss Ae gemaach, wéi en d'Rechnung krut [égs] [hien huet ganz verwonnert gekuckt, wéi en d'Rechnung krut]; de Surveillant huet de Kandidat net een Ament aus den Ae gelooss [égs] [de Surveillant huet stänneg op de Kandidat gekuckt]; bei de Kanner sinn d'Aen dacks méi grouss ewéi de Mo [égs] [d'Kanner huelen sech dacks méi op den Teller, wéi se kënnen iessen]; ech konnt mengem Aen net trauen, wéi et ufangs Juni geschneit huet [égs] [ech konnt et net gleewen, wéi et ufangs Juni geschneit huet]; wat genee geschitt ass, soen ech der eng Kéier ënner véier Aen [égs] [wat genee geschitt ass, soen ech der eng Kéier, wa mer eleng sinn]; deen dote mécht keng Dommheete méi, ech halen en am A! [égs] [deen dote mécht keng Dommheete méi, ech wäert e systematesch kontrolléieren!]; mäi Chef dréckt en A zou, wann ech mech eng Grimmel verspéiden [égs] [mäi Chef duket driwwer ewech, wann ech mech eng Grimmel verspéiden]; d'Kanner hunn d'Aen opger-appt, wéi se de Chrëschtbeemche gesinn hunn [égs] [d'Kanner hu verwonnert gekuckt, wéi se de Chrëschtbeemche gesinn hunn]; ech géif deem am léifsten d'Aen auskragen! [égs] [ech si ganz rose mat deem!] **2. blot A DE** blaues Auge, Veilchen [Hämatom] • **FR** œil au beurre noir • **EN** black eye • **PT** olho negro **Beispill** mäi blot A kënnt dohier, datt ech beim Plëneren engem Kollege säin Ielebou op d'A krut **3. gliesent A DE** Glasaug • **FR** œil de verre • **EN** glass eye, ocular prosthetic • **PT** olho de vidro **Beispill** e gliesent A ass just e kosmeeteschen Ersatz fir en A, dat e Patient verluer huet **4. virun Ae féieren DE** vor Augen führen

• **FR** ouvrir les yeux sur, montrer, révéler **Beispill** d'Pandemie huet eis virun Ae geféiert, wéi wichteg et ass, e performante Gesondheetssystem ze hunn **5. DE** Auge, Fettauge • **FR** œil de graisse • **EN** fat globule • **PT** olho [de gordura] **Beispill** d'Aen op der Rëndsbritt kann ee mam Löffel ofschaffen **6. DE** Auge, Keim, Knospe • **FR** œil [germe] • **EN** eye, bud • **PT** olho [germe] **Beispill** wann d'Grompere bis Ae kréien, gëtt et héich Zäit, datt se giess ginn **7. DE** Auge [eines Würfels] • **FR** point [d'un dé] • **EN** pip, spot [on a dice] • **PT** ponto, pinta [de um dado] **Beispill** e Wierfel huet sechs Säiten an 21 Aen

i Variant: An

a [a:] Interjektion **1. DE** ah [als Ausdruck der Freude, einer angenehmen Empfindung] • **FR** ah [pour exprimer une certaine satisfaction] • **EN** oh [used to express satisfaction or joy] • **PT** ah [para exprimir satisfação, alegria] **Beispiller** a, gesäis de, ech wosst et jo!; a, endlech Vakanz!; a, et geet näischt iwwer e gudde killen Humpen!; a, kuck, do kënt d'Braut! **2. DE** also [als Ausdruck des Unmuts, der Ablehnung] • **FR** ah, eh ben [pour exprimer un certain agacement, pour souligner une réprobation] • **EN** well [used to express irritation] • **PT** ah [para exprimir irritação, desaprovación] **Beispiller** a, dat do hätt der missen éischer soen!; a, dat do geet op kee Fall! **Synonym** also **3. a** (bon) / a (sou) **DE** ach (so), sieh da • **FR** ah (bon), tiens • **EN** oh right, ah really • **PT** ah (sim), ai é, ora (veja) **Beispiller** a (bon), dat wosst ech net!; a (sou), ass hie schonn an der Pensioun?; a (sou), da wëllt Äre Jéngste Paschtouer ginn! **Synonymmen** kuck do, tiens

ä [ɛ:] Interjektion [égs] **DE** igitt, bäh • **FR** pouah, beurk • **EN** yuck • **PT** ui, bah [para exprimir repugnância] **Beispill** ä, et ass Pelz um Gebeess! **Synonym** bä

i Variant: ee

A Maskulinum (Pluriel A-en / A) **DE** A [Buchstabe] • **FR** a [lettre] • **PT** a [letra] **Beispiller** den A ass den éischte Buschtaf vun eisem Alphabet; wien A seet, muss och B soen [wann een eng Entscheidung geholl huet, muss een och derzou stoen]; mir hunn eis Hochzäit vun A bis Z selwer geplangt [mir hunn eis Hochzäit komplett selwer geplangt]; wéinst de ville Chantieren an der Stad ass et net ëmmer einfach, vun A op B ze kommen [wéinst de ville Chantieren an der Stad ass et net ëmmer einfach, vun enger Plaz op déi aner ze kommen]; eng gutt Preparatioun ass den A an den O vun engem gelongene Projet [eng gutt Preparatioun ass dat Wichtigst, fir datt e Projet geléngt]

aacht [a:χt] Kardinalzuel **DE** acht • **FR** huit • **EN** eight • **PT** oito **Beispiller** bei dësem Gedicht huet all Stroph aacht Versen; siwe plus eent ass aacht als Ziffer 8

aacht [a:χt] Ordinalzuel **DE** achte • **FR** huitième • **EN** eighth • **PT** oitavo **Beispill** ech hu schonn am aachte Mount accouchéiert als Ziffer 8.

Aacht [a:χt] Femininum (Pluriel Aachten) **DE** Acht [Ziffer] • **FR** huit [chiffre] • **EN** eight • **PT** oito [algarismo] **Beispiller** d'Kanner hu missen eng ganz Rei Aachten an hiert Heft schreiwen; an der Zuel 88 stinn zwou Aachten hannereneen als Ziffer 8

aachtafzfzeg [a:ʁdaf'oftsəç] Kardinalzuel **DE** *achtundfünfzig* • **FR** *cinquante-huit* • **EN** *fifty-eight* • **PT** *cinquenta e oito* **Beispill** an der Urgence goufen haut aachtafzfzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 58

aachtafzfzegst [a:ʁdaf'oftsəçst] Ordinalzuel **DE** *achtundfünfzigste* • **FR** *cinquante-huitième* • **EN** *fifty-eighth* • **PT** *quinquagésimo oitavo* **Beispill** eréischt beim aachtafzfzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 58.

aachtanachtzeg [a:ʁdan'açtsəç] Kardinalzuel **DE** *achtundachtzig* • **FR** *quatre-vingt-huit* • **EN** *eighty-eight* • **PT** *oitenta e oito* **Beispill** an der Urgence goufen haut aachtanachtzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 88

i Variant: aachtanuechtzeg

aachtanachtzegst [a:ʁdan'açtsəçst] Ordinalzuel **DE** *achtundachtzigste* • **FR** *quatre-vingt-huitième* • **EN** *eighty-eighth* • **PT** *octogésimo oitavo* **Beispill** eréischt beim aachtanachtzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 88.

i Variant: aachtanuechtzegst

aachtandrësseg [a:ʁdandr'əsəç] Kardinalzuel **DE** *achtunddreißig* • **FR** *trente-huit* • **EN** *thirty-eight* • **PT** *trinta e oito* **Beispill** an der Urgence goufen haut aachtandrësseg Patiente behandelt **mat Zifferen** 38

aachtandrëssegst [a:ʁdandr'əsəçst] Ordinalzuel **DE** *achtunddreißigste* • **FR** *trente-huitième* • **EN** *thirty-eighth* • **PT** *trigésimo oitavo* **Beispill** eréischt beim aachtandrëssegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 38.

aachtannonzeg [a:ʁdanontsəç] Kardinalzuel **DE** *achtundneunzig* • **FR** *quatre-vingt-dix-huit* • **EN** *ninety-eight* • **PT** *noventa e oito* **Beispill** an der Urgence goufen haut aachtannonzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 98

aachtannonzegst [a:ʁdan'ontsəçst] Ordinalzuel **DE** *achtundneunzigste* • **FR** *quatre-vingt-dix-huitième* • **EN** *ninety-eighth* • **PT** *nonagésimo oitavo* **Beispill** eréischt beim aachtannonzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 98.

aachtanuechtzeg [a:ʁdan'uəçtsəç] Kardinalzuel - Variant vun **↗**aachtanachtzeg

aachtanuechtzegst [a:ʁdan'uəçtsəçst] Ordinalzuel - Variant vun **↗**aachtanachtzegst

aachtanzwanzeg [a:ʁdantsw'antsəç] Kardinalzuel **DE** *achtundzwanzig* • **FR** *vingt-huit* • **EN** *twenty-eight* • **PT** *vinte e oito* **Beispill** an der Urgence goufen haut aachtanzwanzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 28

aachtanzwanzegst [a:ʁdantsw'antsəçst] Ordinalzuel **DE** *achtundzwanzigste* • **FR** *vingt-huitième* • **EN** *twenty-eighth* • **PT** *vigésimo oitavo* **Beispill** eréischt beim aachtanzwanzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 28.

aachtasechzeg [a:ʁdaz'æçtsəç] Kardinalzuel **DE** *achtundsechzig* • **FR** *soixante-huit* • **EN** *sixty-eight* • **PT** *sessenta e oito* **Beispill** an der Urgence goufen haut aachtasechzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 68

i Variant: aachtasiechzeg

aachtasechzegst [a:ʁdaz'æçtsəçst] Ordinalzuel **DE** *achtundsechzigste* • **FR** *soixante-huitième* • **EN** *sixty-eighth* • **PT** *sexagésimo oitavo* **Beispill** eréischt beim aachtasechzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 68.

i Variant: aachtasiechzegst

aachtasiechzeg [a:ʁdaz'ïəçtsəç] Kardinalzuel - Variant vun **↗**aachtasechzeg

aachtasiechzegst [a:ʁdaz'ïəçtsəçst] Ordinalzuel - Variant vun **↗**aachtasechzegst

aachtasiwwenzeg [a:ʁdaz'ivəntsəç] Kardinalzuel **DE** *achtundsiebzig* • **FR** *soixante-dix-huit* • **EN** *seventy-eight* • **PT** *setenta e oito* **Beispill** an der Urgence goufen haut aachtasiwwenzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 78

aachtasiwwenzegst [a:ʁdaz'ivəntsəçst] Ordinalzuel **DE** *achtundsiebzigste* • **FR** *soixante-dix-huitième* • **EN** *seventy-eighth* • **PT** *septuagésimo oitavo* **Beispill** eréischt beim aachtasiwwenzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 78.

aachtavéierzeg [a:ʁdaf'zɛtsəç] Kardinalzuel **DE** *achtundvierzig* • **FR** *quarante-huit* • **EN** *forty-eight* • **PT** *quarenta e oito* **Beispill** an der Urgence goufen haut aachtavéierzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 48

aachtavéierzegst [a:ʁdaf'zɛtsəçst] Ordinalzuel **DE** *achtundvierzigste* • **FR** *quarante-huitième* • **EN** *forty-eighth* • **PT** *quadragésimo oitavo* **Beispill** eréischt beim aachtavéierzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 48.

Aachtchen [a:çtəç] Femininum (Pluriel **Aachtercher**) - Diminutivform vun **↗**Aacht **1**. **DE** [Definitiv] *Gebäck in Form einer Acht* • **FR** [Definitiv] *viennoiserie en forme de huit* • **EN** [Definitiv] *pastry in shape of an eight* • **PT** [Definitiv] *bolo de pastelaria em forma de oito* **Beispill** géi wannechgelift bei de Bäcker dräi **Aachtercher** an zwou Äppeltäsche kafen! **2**. **DE** *Acht* [Spielkarte] • **FR** *huit* [carte à jouer] • **EN** *eight* [playing card] • **PT** *oito* [carta de jogar] **Beispill** et feelt eng **Aachtchen** an dengem Kaartespill **3**. [ëgs] **DE** *Acht*, *Achter* [im Rad] • **FR** *roue voilée* • **EN** *buckled wheel* • **PT** *roda empenada* **Beispill** wéinst enger **Aachtchen** hunn ech mäi Vélo missen an d'Reparatur ginn

Aachtel [a:çtəl] Maskulinum (Pluriel **Aachtel**) **DE** *Achtel* • **FR** *huitième* [fraction, part] • **EN** *eighth* • **PT** *oitavo* [fração, parte] **Beispill** wéi gedeelt ginn ass, krut ech een **Aachtel** vum Erléis

Aachtelsfinal Femininum (Pluriel **Aachtelsfinalen**) **DE** *Achtelfinale* • **FR** *huitième de finale* • **EN** *last sixteen*, *round of sixteen* • **PT** *oitavos de final* **Beispill** eis Lokalekipp huet et am Championnat bis an d'**Aachtelsfinal** gepackt

Aachterbunn [a:çtəbun] Femininum (Pluriel **Aachterbunnen**) - Variant vun **↗**Aachterban

aachtfach [a:çtfaç] Adjektiv **DE** *achtfach* • **FR** *octuple* • **EN** *eightfold* • **PT** *óctuplo* **Beispill** fir den **aachtfache** Weltmeeschter gött et dës Saison net einfach, fir säin Titel ze verteidegen **mat Ziffer** 8-fach

aachtmol [ˈaːχtmoːl] Adverb **DE** *achtmal* • **FR** *huit fois* • **EN** *eight times* • **PT** *oito vezes* **Beispill** ech war schonn aachtmol op déi selwecht Plaz an d'Vakanz mat Ziffer 8-mol

Aadler [ˈaːdlɛ] Maskulinum (Pluriel *Aadler / Aadleren*) **DE** *Adler* • **FR** *aigle* • **EN** *eagle* • **PT** *águia* **Beispill** d'Aadlere gehéieren zu de Gräifvullen

Aalbes Femininum (Pluriel *Aalbessen*) *Alburnus alburnus* **DE** *Ukelei, Laube* • **FR** *ablette* • **EN** *common bleak* • **PT** *alburno, ablete* **Beispill** d'Aalbesse fënnt een an der Musel, an der Sauer an an der Our **Synonymmen** Alef, Blénkert

Aangel [ˈaːŋəl] Femininum (Pluriel *Aangelen*) **1. DE** *Angel* [Fischfangergerät] • **FR** *canne à pêche* • **EN** *fishing rod* • **PT** *cana de pesca* **Beispiller** kuck, wat huet deen en décke Fësch un der **Aangel!**; hie steet dacks mat senger **Aangel** beim Séi ze fëschchen **2. DE** *Angel, Türangel* • **FR** *gond* • **EN** *hinge* • **PT** *gonzo* **Beispiller** et muss een zu zwee sinn, fir déi Dier aus den **Aangelen** ze hiewen; d'Dier quitscht, well se kromm an den **Aangelen** hänkt

Aansebuerg [ˈaːnzəbuːɐ̯ç] Eegennumm **DE** *Ansemburg* • **FR** *Ansembourg* • **EN** *Ansembourg* • **PT** *Ansembourg* **Beispiller** ech wunnen zu **Aansebuerg**; fiert dëse Bus op **Aansebuerg**?

I Lokalvariant: **Ansebuerg**

Aarbecht [ˈaːbæçt] Femininum **1.** (Pluriel *Aarbechten*) **DE** *Arbeit* [Beschäftigung, Tätigkeit] • **FR** *travail* [occupation, activité] • **EN** *work, occupation* [activity] • **PT** *trabalho* [ocupação, atividade] **Beispill** hien huet vill Freed u senger **Aarbecht** **2.** (kee Pluriel) **DE** *Arbeit* [zu bewältigendes Pensum] • **FR** *travail* [tâche à accomplir] • **EN** *work* [work quota] • **PT** *trabalho* [tarefa a cumprir] **Beispill** ech kann elo kee Congé huelen, ech hunn ze vill **Aarbecht** um Büro **3.** (Pluriel *Aarbechten*) **DE** *Arbeit* [Arbeitsprozess] • **FR** *travail* [ensemble de tâches] • **EN** *work* [tasks to be completed, jobs] • **PT** *trabalho* [conjunto das tarefas] **Beispill** d'**Aarbechten** um Chantier gi séier virun **4.** (kee Pluriel) **DE** *Stelle, Arbeitsplatz* • **FR** *travail, emploi* • **EN** *work, job* [employment] • **PT** *trabalho, emprego* **Beispiller** huet däi Brudder endlech eng **Aarbecht** fonnt?; esou wéi et ausgesäit, wäerte vill Leit aus där Firma hir **Aarbecht** verléieren; den Owend ginn ech mat der **Aarbecht** an de Restaurant iessen [den Owend ginn ech mat den **Aarbechtskollegen** an de Restaurant iessen] **Synonymmen** **Aarbechtsplaz**, **Job** **5.** (kee Pluriel) **DE** *Arbeit* [Arbeitszeit] • **FR** *travail* [temps de travail] • **EN** *work* [working hours] • **PT** *trabalho* [tempo de trabalho] **Beispill** ech maachen all Dag no der **Aarbecht** Sport **6.** (Pluriel *Aarbechten*) **DE** *Arbeit* [Arbeitsort] • **FR** *travail* [lieu de travail] • **EN** *work* [workplace] • **PT** *trabalho* [local de trabalho] **Beispiller** ech fueren all Dag dee selwechte Wee op d'**Aarbecht**; du fiers ëmmer laanscht mech, wann ech vun der **Aarbecht** kommen **Synonym** **Schaff** **7.** (Pluriel *Aarbechten*) **DE** *Arbeit* [Ergebnis, Produkt] • **FR** *travail* [résultat, produit] • **EN** *work* [result, product] • **PT** *trabalho* [resultado, produto] **Beispiller** um Enn vun Joer mécht de President de Bilan vun der **Aarbecht** um Club; am Musée sinn am Moment d'**Aarbechte** vu sechs bekannte Kënschtler ausgestellt **8.** Dag vun der **Aarbecht** **DE** *Tag der*

Arbeit [gesetzlicher Feiertag] • **FR** *fête du travail* [jour férié légal] • **EN** *May Day, Workers' Day* • **PT** *Dia do Trabalhador* [dia feriado legal] **Beispill** den Éischte Mee gëtt och Dag vun der **Aarbecht** genannt **Synonymmen** **1.** Mee, Éischte Mee

Aarbechter [ˈaːbæçtɛ] Maskulinum (Pluriel *Aarbechter*) **1. DE** *Arbeiter* [arbeitende Person] • **FR** *travailleur* [personne qui travaille] • **EN** *worker* [working person] • **PT** *trabalhador* [pessoa que trabalha] **Beispill** hien ass e gudden **Aarbechter** **2. DE** *Arbeiter, Fabrikarbeiter, Bauarbeiter* • **FR** *travailleur, ouvrier* [d'usine, du bâtiment] • **EN** *worker* [in a factory, on a construction site] • **PT** *trabalhador, operário* [de fábrica, de construção civil] **Beispill** de Kran, deen ëmgefall ass, huet zwee **Aarbechter** blesséiert

I Weiblech Form: **Aarbechterin**

Aarbechterfamill [ˈaːbæçtɛfamɪl] Femininum (Pluriel *Aarbechterfamilien / Aarbechterfamiljen*) **DE** *Arbeiterfamilie* • **FR** *famille ouvrière* • **EN** *working class family* • **PT** *família de operários* **Beispill** ech kommen aus enger **Aarbechterfamill**

Aarbechterin [ˈaːbæçtɛrɪn] Femininum (Pluriel *Aarbechterinnen*) **1. DE** *Arbeiterin* [arbeitende Person] • **FR** *travailleuse* [personne qui travaille] • **EN** *worker* [female working person] • **PT** *trabalhadora* [pessoa que trabalha] **2. DE** *Arbeiterin, Fabrikarbeiterin, Bauarbeiterin* • **FR** *travailleuse, ouvrière* [d'usine, du bâtiment] • **EN** (female) *worker* [in a factory, on a construction site] • **PT** *trabalhadora, operária* [de fábrica, de construção civil]

I Männlech Form: **Aarbechter**

Aarbechterklass [ˈaːbæçtɛklas] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Arbeiterklasse* • **FR** *classe ouvrière* • **EN** *working class* • **PT** *classe operária* **Beispill** déi meescht Leit, déi am 19. Joerhonnet zu der **Aarbechterklass** gehéiert hunn, waren an der Industrie beschäftegt

Aarbechtsaccident [ˈaːbæçtsaksidɛnt] Maskulinum/Neutrum (Pluriel *Aarbechtsaccidenter*) **DE** *Arbeitsunfall* • **FR** *accident du travail* • **EN** *accident at work, work-related accident* • **PT** *acidente de trabalho* **Beispill** ech konnt eréischt zwee Méint no mengem **Aarbechtsaccident** erëm schaffe goen

Aarbechtsalldag [ˈaːbæçtsaldaːχ] Maskulinum (kee Pluriel)

I Hei entstee en neien Artikel.

Aarbechtsamt [ˈaːbæçtsamt] Neutrum (Pluriel *Aarbechtsämter*) **1. DE** *Arbeitsagentur, Arbeitsamt* [Einrichtung] • **FR** *agence pour l'emploi* [institution] • **EN** *job centre* [institution] • **PT** *centro de emprego* [instituição] **Beispill** d'**Aarbechtsamt** huet mir eng gutt Plaz verschaaft **2. DE** *Arbeitsagentur, Arbeitsamt* [Gebäude] • **FR** *agence pour l'emploi* [bâtiment] • **EN** *job centre* [building] • **PT** *centro de emprego* [edifício] **Beispill** d'Manifestation virum **Aarbechtsamt** ass ausser Kontroll gerdend

Aarbechtsbedéngungen [ˈaːbæçtsbədənjʊŋ] Femininum (kee Singulier) **DE** *Arbeitsbedingungen* • **FR** *conditions de travail* • **EN** *working conditions* • **PT** *condições de trabalho* **Beispill** d'Gewerkschaft fuerdert eng Verbesserung vun den **Aarbechtsbedéngungen** **Syn-**

onym Aarbechtskonditiounen

Aarbechtsblat ['a:bæçtsbla:t] Neutrum (Pluriel Aarbechtsblieder)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Aarbechtsconditiounen Femininum (kee Singulier) - Variant vun ↗Aarbechtskonditiounen

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Aarbechtsconditiounen / Aarbechtskonditiounen

Aarbechtsdag ['a:bæçtsda:χ] Maskulinum (Pluriel Aarbechtsdeeg) **1.** DE *Arbeitstag* • FR *journee de travail* • EN *day of work* • PT *dia de trabalho* **Beispill** et deet gutt, no engem haarden Aarbechtsdag e bëssen ze raschten **2.** DE *Werktag* • FR *jour ouvrable* • EN *workday* • PT *dia útil* **Beispill** den 23. Juni ass zu Lëtzebuerg keen Aarbechtsdag **Synonym** Schaffdag

Aarbechtsdokter ['a:bæçtsdokte] Maskulinum (Pluriel Aarbechtsdokteren) DE *Arbeitsmediziner* • FR *médecin du travail* • EN *work doctor* • PT *médico do trabalho* **Beispill** op Avis vum Aarbechtsdokter gouf ech fir weider sechs Woche krankgeschriwwen

I Weiblech Form: ↗Aarbechtsdokteresch

Aarbechtsdokteresch ['a:bæçtsdoktəʃ] Femininum (Pluriel Aarbechtsdokteresch) DE *Arbeitsmedizinerin* • FR (*femme*) *médecin du travail* • EN *work doctor* [*female*] • PT *médica do trabalho* **Beispill** ier ech op menger neier Plaz kann ufänken, muss d'Aarbechtsdokteresch hiren Ok ginn

I Männlech Form: ↗Aarbechtsdokter

Aarbechtserlabnes ['a:bæçdzela:bnəs] Femininum (Pluriel Aarbechtserlabnesser) **1.** DE *Arbeitserlaubnis* [*Genehmigung*] • FR *autorisation de travail* [*permission*] • EN *work permit* [*permission*] • PT *autorização de trabalho* [*permissão*] **Beispill** den immigréierten Aarbechter krut seng Aarbechtserlabnes ëm ee Joer verlängert **2.** DE *Arbeitserlaubnis* [*Dokument*] • FR *autorisation de travail* [*document*] • EN *work permit* [*document*] • PT *autorização de trabalho* [*documento*] **Beispill** de Mekanicien huet dem Inspekter seng Aarbechtserlabnes gewisen

I Variant: Aarbechtserlabnis

Aarbechtserlabnis ['a:bæçdzela:bnis] Femininum (Pluriel Aarbechtserlabnisser) - Variant vun ↗Aarbechtserlabnes

aarbechtsfäeg ['a:bæçtsfɛ:əç] Adjektiv DE *arbeitsfähig* • FR *apte au travail* • EN *fit for work* • PT *apto para o trabalho* **Beispill** zwee Méint no sengem schwéieren Aarbechtsaccident war de Rollefax erëm aarbechtsfäeg

Aarbechtsgesetz ['a:bæçtsɡɛzæts] Neutrum (kee Pluriel) DE *Arbeitsgesetzgebung* • FR *législation du travail* • EN *employment legislation* • PT *legislação laboral* **Beispill** et ass net fir d'eischt, datt mäi Patron géint d'Aarbechtsgesetz verstéisst

Aarbechtsgezei ['a:bæçtsɡɛtsaɪ] Neutrum (kee Pluriel) DE *Arbeitskleidung, Berufskleidung* • FR *vêtements de travail (professionnels)* • EN *workwear, work clothes* • PT *roupa de trabalho* [*para uso profissional*] **Beispill** de Patron stellt senge Leit d'Aarbechtsgezei,

den Helm an d'Schong; d'Personal an der Kiche kritt säin Aarbechtsgezei vun enger externer Firma gewäsch **Synonymen** Aarbechtskleedung, Schafgezei

Aarbechtsgrupp ['a:bæçtsɡrup] Maskulinum / Femininum (Pluriel Aarbechtsgruppen) DE *Arbeitsgruppe, Arbeitsgemeinschaft* • FR *groupe de travail* • EN *team, working group* • PT *grupo de trabalho* **Beispill** beim neie Projet goufen d'Iddie vun eisem Aarbechtsgrupp leider net berücksichtegt

Aarbechtskleedung ['a:bæçtskle:duŋ] Femininum (kee Pluriel) DE *Arbeitskleidung, Berufskleidung* • FR *vêtements de travail (professionnels)* • EN *workwear, work clothes* • PT *roupa de trabalho* [*para uso profissional*] **Beispill** de Patron stellt senge Leit d'Aarbechtskleedung, den Helm an d'Schong; d'Personal an der Kiche kritt seng Aarbechtskleedung vun enger externer Firma gewäsch **Synonymen** Aarbechtsgezei, Schafgezei

Aarbechtsklima ['a:bæçtskli:ma:] Neutrum (kee Pluriel) DE *Arbeitsklima* • FR *climat de travail* • EN *work climate* • PT *ambiente de trabalho* **Beispill** verschidden Employéë schaffen an engem miserabelen Aarbechtsklima

Aarbechtskolleeg ['a:bæçtskole:ç] Maskulinum (Pluriel Aarbechtskolleegen) DE *Kollege, Arbeitskollege* • FR *collègue (de travail)* • EN *colleague* • PT *colega (de trabalho)* **Beispill** ee vu mengem Aarbechtskolleegen huet onbezuete Congé geholl, fir ronderëm d'Welt ze reesen

I Weiblech Form: ↗Aarbechtskolleegin

Aarbechtskolleegin ['a:bæçtskole:zin] Femininum (Pluriel Aarbechtskolleeginnen) DE *Kollegin, Arbeitskollegin* • FR *collègue (de travail)* [*femme*] • EN *work colleague* [*female*] • PT *colega (de trabalho)* [*mulher*] **Beispill** meng Aarbechtskolleegin schafft effikass a séier

I Männlech Form: ↗Aarbechtskolleeg

Aarbechtskonditiounen ['a:bæçtskondisjəʊnən] Femininum (kee Singulier) DE *Arbeitsbedingungen* • FR *conditions de travail* • EN *working conditions* • PT *condições de trabalho* **Beispill** d'Gewerkschaften appelléieren un d'Patronat fir eng Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen **Synonym** Aarbechtsbedéngungen

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Aarbechtskonditiounen / Aarbechtsconditiounen

Aarbechtskontrakt ['a:bæçtskontrakt] Maskulinum (Pluriel Aarbechtskontrakten / Aarbechtskontrakter) **1.** DE *Arbeitsvertrag* [*Anstellung*] • FR *contrat de travail* [*emploi*] • EN *employment contract* [*employment*] • PT *contrato de trabalho* [*emprego*] **Beispill** hie krut en Aarbechtskontrakt op dräi Joer **Synonym** Aarbechtsvertrag **2.** DE *Arbeitsvertrag* [*Dokument*] • FR *contrat de travail* [*document*] • EN *employment contract* [*document*] • PT *contrato de trabalho* [*documento*] **Beispill** ech krut mäin Aarbechtskontrakt haut mat der Post geschéckt **Synonym** Aarbechtsvertrag

Aarbechtskraaft [ˈaːbæçtskraːft] Femininum 1. (kee Pluriel) **DE** Arbeitskraft [Leistungskraft] • **FR** force de travail • **EN** workforce [working capacity] • **PT** força de trabalho **Beispill** Aarbechtskraaft a Kapital sinn zwee wichteg Begrëffer am Marxismus 2. (Pluriel Aarbechtskräften) **DE** Arbeitskraft [Person] • **FR** travailleur, main d'œuvre • **EN** workforce [person] • **PT** trabalhador, mão de obra **Beispiller** well mir net genuch Personal hunn, si mer frou iwwee all zousätzlech Aarbechtskraaft; a verschiddene Secteuren ewéi dem Bau an der Hoteliererie feelt et un Aarbechtskräften

aarbechtslos [ˈaːbæçtsloːs] Adjektiv **DE** arbeitslos • **FR** au chômage • **EN** unemployed • **PT** desempregado **Beispill** trotz senge gudden Diplomer ass en zënter méi wéi engem Joer aarbechtslos

Aarbechtslos Femininum (Pluriel Aarbechtslos / Aarbechtsloser) **DE** Arbeitslose • **FR** chômeuse, sans-emploi **Beispill** den Agent vum Aarbechtsamt huet der Aarbechtsloser gehollef, hiren CV ze iwwerschaffen **Synonym** Chômeuse

♂ Männlech Form: ↗Aarbechtslosen

Aarbechtslosegkeet [ˈaːbæçtsloːzəkkeːt] Femininum (kee Pluriel) **DE** Arbeitslosigkeit • **FR** chômage • **EN** unemployment • **PT** desemprego **Beispill** vill jonk Leit hunn Angscht virun der Aarbechtslosegkeet **Synonym** Chômage

Aarbechtslosen Maskulinum (Pluriel Aarbechtslos / Aarbechtsloser) **DE** Arbeitsloser • **FR** chômeur, sans-emploi **Beispiller** déi Aarbechtslos mussen sech reegelméisseg beim Aarbechtsamt presentéieren ; déi nei Mesure soll d'Zuel vun den Aarbechtslosen erofsetzen **Synonym** Chômeur

♀ Weiblech Form: ↗Aarbechtslos

Aarbechtslosenzuel [ˈaːbæçtsloːzəntsuel] Femininum (Pluriel Aarbechtslosenzuelen) **DE** Arbeitslosenzahl • **FR** nombre de chômeurs • **EN** unemployment figure • **PT** número de desempregados **Beispill** d'Aarbechtslosenzuel ass nees liicht eropgaangen

Aarbechtsmaart [ˈaːbæçtsmaːrt] Maskulinum (Pluriel Aarbechtsmäert) **DE** Arbeitsmarkt • **FR** marché du travail • **EN** employment market • **PT** mercado de trabalho **Beispill** d'Situatioun um Aarbechtsmaart ass am Ament schwiereg **Synonym** Aarbechtsmarché

Aarbechtsmarché Maskulinum (Pluriel Aarbechtsmarchéen) **DE** Arbeitsmarkt • **FR** marché du travail • **EN** employment market • **PT** mercado de trabalho **Beispill** d'Situatioun um Aarbechtsmarché ass am Ament schwiereg **Synonym** Aarbechtsmaart

Aarbechtsminister Maskulinum (Pluriel Aarbechtsministeren)

♂ Hei entsteet en neien Artikel.

♀ Weiblech Form: ↗Aarbechtsministesch

Aarbechtsministerin Femininum (Pluriel Aarbechtsministerinnen) - Variant vun ↗Aarbechtsministesch

Aarbechtsministesch Femininum (Pluriel Aarbechtsministeschen)

♀ Variant: Aarbechtsministerin

♂ Männlech Form: ↗Aarbechtsminister

Aarbechtsopwand Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Arbeitsaufwand • **FR** investissement en termes de travail, charge de travail, somme de travail • **PT** esforço de trabalho, carga de trabalho, quantidade de trabalho **Beispill** dee Projet ass den Aarbechtsopwand net wäert

Aarbechtspensum [ˈaːbæçtspænzum] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Arbeitspensum • **FR** charge de travail • **EN** workload, work quota • **PT** volume de trabalho **Beispill** mäin Aarbechtspensum geet iwwee dee vun enger Véierzegstonnewoch eraus

Aarbechtsplaz [ˈaːbæçtsplaːts] Femininum (Pluriel Aarbechtsplazen) 1. **DE** Arbeitsplatz, Arbeitsstelle, Stelle • **FR** emploi • **EN** work, job • **PT** emprego [colocação] **Beispiller** hie sicht nach ëmmer eng Aarbechtsplaz; hatt krut an England eng gutt Aarbechtsplaz proposéiert **Synonymmen** Aarbecht, Plaz, Job 2. **DE** Arbeitsplatz [Arbeitsort] • **FR** lieu de travail • **EN** workplace • **PT** local de trabalho **Beispill** vill Frontaliere mussen wäit fueren, fir op hir Aarbechtsplaz ze kommen **Synonym** Aarbecht

Aarbechtsprozess [ˈaːbæçtsprɔçsəs] Maskulinum (Pluriel Aarbechtsprozesser) **DE** Arbeitsprozess [Ablauf] • **FR** processus de travail, méthode de travail • **EN** working process • **PT** processo de trabalho, método de trabalho **Beispiller** et ass net ëmmer einfach, nei Leit an en Aarbechtsprozess anzeglidderen; duerch dee rationellen Aarbechtsprozess ka méi bëlleg produzéiert ginn

Aarbechtsrecht [ˈaːbæçtsræçt] Neutrum (Pluriel <seelen> Aarbechtsrechter) **DE** Arbeitsrecht [Gesetzgebung] • **FR** droit du travail • **EN** employment law, labour law • **PT** direito do trabalho **Beispill** am Aarbechtsrecht sollt kloer definéiert sinn, wat Mobbing ass

Aarbechtsrhythmus [ˈaːbæçtsrɪtmus] Maskulinum (Pluriel Aarbechtsrhythmen / Aarbechtsrhythmusen) **DE** Arbeitsrhythmus • **FR** rythme de travail • **EN** work rhythm, working rhythm • **PT** ritmo de trabalho **Beispill** no menger Vakanz war ech erëm séier a mengem normalen Aarbechtsrhythmus

Aarbechtssëtzung [ˈaːbæçtszɛtsuŋ] Femininum (Pluriel Aarbechtssëtzungen) **DE** Arbeitssitzung • **FR** réunion de travail, séance de travail • **EN** working session, working meeting • **PT** reunião de trabalho, sessão de trabalho **Beispill** eis Aarbechtssëtzung huet méi laang gedauert ewéi geplangt

♀ Variant: Aarbechtssëtzung

Aarbechtssituatioun [ˈaːbæçtsɪtuwəsjuŋ] Femininum (Pluriel Aarbechtssituatiounen) **DE** Arbeitsverhältnis [Rechtsverhältnis] • **FR** situation de travail • **EN** employment relationship, employer-employee relationship • **PT** situação de trabalho **Beispill** d'Personal freet eng definitiv Regularisatioun vun senger Aarbechtssituatioun

Aarbechtssëtzung [ˈaːbæçtszɪtsuŋ] Femininum (Pluriel Aarbechtssëtzungen) - Variant vun ↗Aarbechtssëtzung

Aarbechtsvertrag ['a:bəçtsfetrə:χ] Maskulinum (Pluriel Aarbechtsverträg) **1. DE** Arbeitsvertrag [Anstellung] • **FR** contrat de travail [emploi] • **EN** employment contract [employment] • **PT** contrato de trabalho [emprego] **Beispill** mäin Aarbechtsvertrag gesäit 32 Deeg Congé d'Joer vir **Synonym** Aarbechtskontrakt **2. DE** Arbeitsvertrag [Dokument] • **FR** contrat de travail [document] • **EN** employment contract [document] • **PT** contrato de trabalho [documento] **Beispill** ech krut mäin Aarbechtsvertrag haut mat der Post geschéckt **Synonym** Aarbechtskontrakt

Aarbechtswee Maskulinum (Pluriel Aarbechtsweeër) **DE** Arbeitsweg • **FR** chemin du travail, trajet entre le domicile et le lieu de travail • **EN** commute • **PT** trajeto para o trabalho, trajeto entre a casa e o local de trabalho **Beispiller** als Frontalière huet meng Kolleegin ëmmer e laangen Aarbechtswee; op mengem Aarbechtswee sinn den Ament vill Schantercher

Aarbechtssäit ['a:bəçtsstæ:it] Femininum (Pluriel Aarbechtssäiten) **DE** Arbeitszeit • **FR** heures de travail • **EN** working hours • **PT** horário de trabalho **Beispill** d'Aarbechtssäite si vun 8 bis 12 a vu 14 bis 18 Auer

Aarbel ['a:bəl] Maskulinum (Pluriel Aarbelen) - Variant vun ↗Äerbel

aarm [a:m] Adjektiv **1. DE** arm, mittellos • **FR** pauvre [nécessiteux] • **EN** poor [needy] • **PT** pobre [necessitado] **Beispiller** vill Kanner aus aarme Famillje gi mueres hongereg an d'Schoul; um Enn vun hirem Liewe war d'Wittfra aarm ewéi Job [ëgs] [um Enn vun hirem Liewe war d'Wittfra ganz aarm] **2. DE** arm, bedauernswert • **FR** pauvre [pitoyable] • **EN** poor [pitiable] • **PT** pobre [que inspira compaixão] **Beispiller** deem aarme Meedche geschéien nëmmen Onglécker; komm a meng Äerm, mäin aarme Jong!; no enger Naturkatastroph sinn ëmmer erëm vill Leit aarm drun **Synonym** bedauernswäert **3. DE** karg [Boden] • **FR** pauvre, maigre, aride • **EN** poor [barren] • **PT** pobre, magro, árido **Beispill** an aarme Biedem wäist net vill

i Variant: arem

Aarm [a:m] Maskulinum (Pluriel Äerm) **1. DE** Arm [Gliedermaß] • **FR** bras [membre] • **EN** arm [limb] • **PT** braço [membro] **Beispiller** kuck, du hues en Himmelsdeierchen um Aarm sätzen; fir seng Gréisst huet dee Jong extreem laang Äerm; de Sportler huet sech beim Training den Aarm gebrach; huel mech an deng Äerm!; en Oktopus erkennt een u sengen acht Äerm; eise President huet e laangen Aarm [ëgs] [eise President huet vill Afloss; d'Schäffen ass dem Buergermeeschter säi laangen Aarm [ëgs] [d'Schäffen handelt am Buergermeeschter sengem Interessil]; ech loosse mer den Aarm net béien! [ëgs] [ech loosse mech zu näischt zwéngen!]; meng Elteren hunn eis enner d'Äerm gegräff [ëgs] [meng Elteren hunn eis finanziell gehollef]; mir goufe mat oppenen Äerm empfaangen [mir goufe mat grousser Häerzlechkeet empfaangen]; nom Ausfluch hunn d'Kanner Aarm a Been ewechgestreckt [ëgs] [nom Ausfluch waren d'Kanner ganz midd] **2. DE** Arm, Flussarm • **FR** bras [bras de rivière] • **EN** branch [of a river] • **PT** braço [de um rio] **Beispill** de Floss spléckt sech an zwee Äerm **3. DE** Ärmel • **FR** manche [partie du vêtement] • **EN** sleeve • **PT** manga [de

uma peça de vestuário] **Beispiller** et ass kal dobaussen, déi léiwere eppes mat laangen Äerm un!; d'Aarbechter stréppen d'Äerm erop; dee Schüler rëselt seng gutt Resultater aus dem Aarm [ëgs] [dee Schüler kritit seng gutt Resultater ouni Schwieregkeet]

Aarmband ['a:mbant] Neutrum (Pluriel Aarmbänder)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Aarmbanddauer ['a:mbandəʊe] Femininum (Pluriel Aarmbandauern)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Aarmebureau ['a:məby:ro] Maskulinum (Pluriel Aarmebureauen) - Variant vun ↗Aarmebüro

Aarmebüro ['a:məby:ro:] Maskulinum (Pluriel Aarmebüroen) [ëgs] **DE** Sozialamt • **FR** assistance publique • **EN** public assistance • **PT** assistência pública **Beispiller** dem Heeschemann ass soss näischt iwwereg bliwwen, wéi sech un den Aarmebüro ze wenden; den Aarmebüro geet den Owend zesummen iessen [d'Mataarbechter aus dem Aarmebüro ginn den Owend zesummen iessen]

Aarmeiletskascht [a:məl'aitskəft] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Armeleuteessen • **FR** plat du pauvre • **EN** poor man's food • **PT** prato do pobre **Beispill** Grompere mat Brach, dat schmaacht ville Leit, och wann et Aarmeiletskascht ass

aarmséileg [a:mz'ɛiləç] Adjektiv **1. DE** armselig, arm, ärmlich • **FR** pauvre, miséreux • **EN** poor, poverty-stricken, seedy • **PT** miserável, pobre **Beispill** si hunn an engem aarmséilege Quartier vun der Stad gewunnt **2. [pejorativ]** **DE** armselig, jämmerlich, schäbig [verachtenswert] • **FR** pauvre, méprisable • **EN** contemptible, pathetic • **PT** miserável, desprezível, deplorável **Beispiller** lauschter net op deen aarmséilegen Typ!; et ass aarmséileg, datt déi Fra net zu hiren Aussoe steet **3. DE** matt, schlapp, kraftlos • **FR** faible, sans force • **EN** weak, sickly • **PT** fraco, sem forças **Beispiller** ech war de Mueren esou aarmséileg, datt ech bal net aus dem Bett koom; no menger Gripp hunn ech mech nach deeglaang zimmlech aarmséileg gefüllt **Synonymen** daierlech, mackeg

i Variant: aremséileg

Aarmséilegkeet [a:mz'ɛiləçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Armseligkeit • **FR** faiblesse • **EN** weakness • **PT** fraqueza **Beispiller** no e puer Nuechten ouni Schlof hunn ech gekrasch vun elauter Aarmséilegkeet; d'Aarmséilegkeet vu sengen Argumenter ass séier opgefall

i Variant: Aarmséilegkeet

Aarmut ['a:mut] Maskulinum/Femininum (kee Pluriel) **DE** Armut, Mittellosigkeit • **FR** pauvreté [matérielle] • **EN** poverty • **PT** pobreza [material] **Beispiller** si liewen a batterer Aarmut; Honger an Aarmut sinn an der Welt leider ze vill verbreet; den Aarmut ass e Sträitmécher [ëgs] [finanziell Problemer féieren dacks zu Sträit]; wat ass dat en Aarmut! [ëgs] [⇒ seet een, wann een enttäuscht ass]

Aarmutsgrenz ['a:mutsgɾænts] Femininum (Pluriel <seelen> Aarmutsgrenzen) **DE** Armutsgrenze • **FR** seuil

de pauvreté • **EN** *poverty line* • **PT** *limiar da pobreza*
Beispill déi nei Mesurë sollen deene Leit zeguttkommen, deenen hiert Akommes ënnert der Aarmutsgrenz läit

Aarsch [a:f] Maskulinum (Pluriel Äersch) - Variant vun ↗Aasch

Aarschbak [a:ʃb'a:k] Maskulinum (Pluriel Aarschbaken) - Variant vun ↗Aarschbak

Aarschfuer Femininum (Pluriel Aarschfueren) - Variant vun ↗Aarschfuer

Aarschkrecher [ˈa:ʃkreçɐ] Maskulinum (Pluriel Aarschkrecher) - Variant vun ↗Aarschkrecher

Aarschkrechesch [ˈa:ʃkreçəʃ] Femininum (Pluriel Aarschkrecheschen) - Variant vun ↗Aarschkrechesch

Aarschlach [ˈa:ʃlɑχ] Neutrum (Pluriel Aarschlächer) - Variant vun ↗Aarschlach

Aart [a:rt] Femininum (Pluriel Aarten) **1.** Aart (a Weis) **DE** *Art und Weise* • **FR** *façon, manière* • **EN** *way, manner* • **PT** *maneira, modo, forma* **Beispill** de Problem gouf op eng elegant Aart a Weis geléist **Synonym** Manéier **2.** **DE** *Art, Sorte* • **FR** *sorte* • **EN** *kind* • **PT** *tipo, sorte, género* **Beispiller** esou eng Aart Geschichte liest een an der trivialer Literatur; mir verurteilen all Aarte vu Gewalt; dat Haus ass eenzeg a senger Aart [dat Haus ass eenzegarteg] **Synonym** Zort **3.** **DE** *Art, Spezies* • **FR** *espèce* • **EN** *species* • **PT** *espécie* **Beispiller** all Dag stierwe weider Aarten aus; mat sengem kënschtlerschen Talent schléit mäin Neveu komplett aus der Aart [ëgs] [mäin Neveu huet säi kënschtlerscht Talent net vu senger Famill geierft] **4.** eng Aart **DE** *eine Art, etwas wie* • **FR** *une sorte de, une espèce de* • **EN** *a kind of* • **PT** *uma espécie de* **Beispiller** de Verbriecher hat eng Aart Schléier bei sech; d'Doktesch ass mir mat esou enger Aart Läffel an de Mond gefuer **Synonym** eng Zort

Aarteschutz Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Artenschutz* • **FR** *protection des espèces* • **EN** *protection of species* • **PT** *proteção das espécies* **Beispiller** well se riskéieren auszestierwen, sti vill Déieren a Planzen ënner Aarteschutz; den Aarteschutz ass wichtig, fir déi biologesch Villfalt ze erhalen

aartlech [ˈa:rtlɔç] Adjektiv **1.** **DE** *reizend, süß* • **FR** *mignon* • **EN** *cute, sweet* • **PT** *fofo, querido* **Beispill** äre Fils ass wierklech en aartleche Männchen **Synonymmen** häerzeg, séiss **2.** **DE** *sonderbar* • **FR** *singulier létonnant* • **EN** *odd, weird* • **PT** *singular [fora do comum]* **Beispiller** wat ziels du mer do aartlech Geschichten!; wat méchs du fir Saachen, du bass mer en Aartlechen! **Synonymmen** gelungen, komesch

Aasch [a:f] Maskulinum (Pluriel Eesch) **1.** **DE** *Arsch [Gesäß]* • **FR** *cul [postérieur]* • **EN** *arse [bottom]* • **PT** *cu [traseiro]* **Beispiller** setz dech op dän Aasch an da mucks de dech net méi!; ech stoung do ewéi en Aasch [ech si mer ganz lächerlech virkomm]; du hues den Aasch op! **vulgär** [du bass verréckt!]; leck mech am Aasch! **vulgär**; leck mer am Aasch! **vulgär** [klibber mech!]; déi zwee sinn e Kapp an en Aasch [déi zwee sinn onzertrennlech]; eise Staubsauger ass am Aasch [eise Staubsauger ass futti]; mir hunn eis den Aasch opergerappt **vulgär** [mir hunn eis ganz vill ugestrengt];

wéi et schéngt, hunn si den Aasch voller Schold [wéi et schéngt, hunn si vill Scholden]; hie verléiert geschwënn den Aasch aus der Box [hien huet uerg ofgeholl]; hie fäert sech den Aasch aus der Box; den Aasch geet him [hie fäert ganz vill]; hien huet mech net emol mam Aasch bekuckt [hien huet mech total ignoréiert]; ech hu mer am Wintersport den Aasch erkaalt [ech hu mech am Wintersport erkaalt]; krauch dach dem Chef net ëmmer an den Aasch! **vulgär** [maach dach net ëmmer egal wat, fir dem Chef ze gefalen!]; ech war bal op den Aasch gefall, wéi ech dat héieren hunn! [ech war wierklech iwwerrascht, wéi ech dat héieren hunn] **Synonymmen** Hënner, Hënneschten **2.** **DE** *Arsch [Schimpfwort]* • **FR** *connard* • **EN** *arse [insult]* • **PT** *cretino, imbecil* **Beispiller** du Aasch!; ech kann deen Aasch einfach net méi erdroen!

Aaschbak [a:ʃb'a:k] Maskulinum (Pluriel Aaschbaken) **DE** *Arschbacke* • **FR** *fesse* • **EN** *buttock* • **PT** *nádega* **Beispill** vum laange Sätzen hunn ech d'Aaschbake wéi

Aaschfuer Femininum (Pluriel Aaschfueren) **DE** *Arschritze* • **FR** *raie des fesses, raie du cul* • **PT** *rego do rabo, rego do cu* **Beispiller** et war esou waarm, de Schweess ass mer an der Aaschfuer zesummegeleef; ech dinn dee schäiss Kalzong net méi un, e rëtscht mer ëmmer an d'Aaschfuer!

Aaschkrecher [ˈa:ʃkreçɐ] Maskulinum (Pluriel Aaschkrecher) **vulgär** **DE** *Arschkriecher* • **FR** *lèche-cul* • **EN** *arse-licker* • **PT** *lambe-botas* **Beispill** elo sëtzt deen Aaschkrecher erëm beim Chef am Büro a beschäisst seng Mataarbechter! **Synonym** Schläimsschësser

♀ Weiblech Form: ↗Aaschkrechesch

Aaschkrechesch [ˈa:ʃkreçəʃ] Femininum (Pluriel Aaschkrecheschen) **vulgär** **DE** *Arschkriecherin* • **FR** *lèche-cul [femme]* • **EN** *arse-licker [female]* • **PT** *lambe-botas [mulher]* **Synonym** Schläimsschëssesch

♂ Männlech Form: ↗Aaschkrecher

Aaschlach [ˈa:ʃlɑχ] Neutrum (Pluriel Aaschlächer) **1.** **vulgär** **DE** *Arschloch [After]* • **FR** *trou du cul [anus]* • **EN** *arsehole [anus]* • **PT** *olho do cu* **Beispill** dän Hond ass ganz wond um Aaschlach **2.** **vulgär** **DE** *Arschloch [Schimpfwort]* • **FR** *trou du cul [insulte]* • **EN** *arsehole [insult]* • **PT** *filho da puta* **Beispiller** du Aaschlach!; dat Aaschlach huet mech alt erëm eng Kéier genervt

Aascht [a:ʃt] Maskulinum (Pluriel Äscht) **DE** *Ast [eines Baums]* • **FR** *branche [d'un arbre]* • **EN** *branch [of a tree]* • **PT** *ramo [de uma árvore]* **Beispiller** d'Äscht vun där aler Eech maachen eis Schiet; du sees den Aascht of, op deem s de selwer sëtzt [ëgs] [du schuets der selwer]

Aassel [ˈa:səl] Eegennumm **DE** *Assel* • **FR** *Assel* • **EN** *Assel* • **PT** *Assel* **Beispiller** ech wunnen zu Aassel; fiert dese Bus op Aassel?

♀ Lokalvariant: Assel

Aasselbuer [ˈa:səlbu:ɐ] Eegennumm **DE** *Asselborn* • **FR** *Asselborn* • **EN** *Asselborn* • **PT** *Asselborn* **Beispiller** ech wunnen zu Aasselbuer; fiert dese Bus op Aasselbuer?

♀ Lokalvariant: Aasselburren

Aasselbuerer Millen [ˈa:səlbʊ:ɣrɛmˈilən] Eegennumm **DE** *Asselborn-Moulin* • **FR** *Asselborn-Moulin* • **EN** *Asselborn-Moulin* • **PT** *Asselborn-Moulin* **Beispiller** ech wunnen op der Aasselbuerer Millen; fiert dëse Bus op d'Aasselbuerer Millen?

i Lokalvariant: Aasselburrer Millen

Aasselburren [ˈa:səlbʊ:rən] Eegennumm - Variant vun ↗Aasselbuer

Aasselburrer Millen [ˈa:səlbʊ:rɛmˈilən] Eegennumm - Variant vun ↗Aasselbuerer Millen

Aasselscheier [ˈa:səlfʃaɪə] Eegennumm **DE** *Asselscheuer* • **FR** *Asselscheuer* • **EN** *Asselscheuer* • **PT** *Asselscheuer* **Beispiller** ech wunnen zu Aasselscheier; fiert dëse Bus op Aasselscheier?

Aax Femininum (Pluriel Aaxen) - Variant vun ↗Aaxt

Aaxestill [ˈa:ksəʃtɪl] Maskulinum (Pluriel Aaxestiller / Aaxestillen) - Variant vun ↗Aaxestill

Aaxt [a:kst] Femininum (Pluriel Aaxten) **DE** *Axt* • **FR** *hache* • **EN** *axe* • **PT** *machado* **Beispiller** huel d'Aaxt a géi hanner d'Haus Holz haen!; an dëser Affär musse mer d'Aaxt usetzen **[ëgs]** [an dëser Affär musse mer radikal virgoen]

i Variant: Aax

Aaxtestill Maskulinum (Pluriel Aaxtestiller / Aaxtestillen) **DE** *Axtstiel* • **FR** *manche d'une hache* • **EN** *axe handle* • **PT** *cabo de machado* **Beispiller** haut ass en Aaxtestill dacks net méi aus Holz; mäin Neveu ass bal zwee Meter grouss a gouereg ewéi en Aaxtestill; mäin Neveu ass bal zwee Meter grouss a fett ewéi en Aaxtestill [mäin Neveu ass bal zwee Meter grouss a ganz gouereg]

i Variant: Aaxestill

ab [ap] Prepositioun » **mam Dativ 1.** **DE** *ab* [zeitlich] • **FR** *à partir de* [à dater de] • **EN** *from* (... on) [dating from] • **PT** *a partir de*, *de ... em diante* [no tempo] **Beispiller** ab Januar gëllen nei Tariffer am öffentlechen Transport; ab Mäerz 2020 ass den öffentlechen Transport zu Lëtzebuerg gratis **Synonym** vun ... un **2.** **DE** *ab* [einem gewissen Messwert], *von ... an* • **FR** *à partir de* [d'une certaine valeur] • **EN** *from* (... on) [from a certain value] • **PT** *a partir de* [certo valor] **Beispiller** de Musée organiséiert Féierunge fir Senioren ab 65 Joer; ab engem gewëssenen Akommes gëtt den héchsten Taux fir d'Steieren applizéiert; Kanner däerfen eréischt ab enger Gréisst vun 1,20 Meter op dat Spill **Synonym** vun ... un

ab [ap] Adverb **1.** **[ëgs]** **DE** *ab*, *weg*, *über alle Berge* • **FR** *parti* [disparu] • **EN** *gone* [vanished] • **PT** *ausente*, *longe* [por ter partido, por ter levado sumiço], *perdido*, *sumido* [objeto] **Beispiller** ech wollt en nach eppes froen, awer op eemol war hien einfach ab!; wann se dech voll hanner dem Steierrad erwëschen, dann ass däi Führerschäin ab **Synonymmen** husch, fort **2.** **[ëgs]** **DE** *flugs*, *souffort* • **FR** *illico*, *sur-le-champ* • **EN** *right now*, *pronto* • **PT** *sem demora*, *já* **Beispill** nach fénnef Minutten, an da geet et ab an d'Bett! **Synonym** husch

abadgen Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **agebadget** / **agebadged**)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

abalsaméieren [ˈabalzamaʒiərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **abalsaméiert**) » **transitiv** **DE** *einbalsamieren* • **FR** *embaumer* [un cadavre] • **EN** *to embalm* • **PT** *embalsamar* [um cadáver] **Beispill** ech hu gelies, datt d'Peepst no hirem Doud abalsaméiert ginn

Aband [ˈabant] Maskulinum (Pluriel Abänn) **DE** *Einband* • **FR** *reliure* [couverture d'un livre] • **EN** *cover*, *binding* • **PT** *encadernação* [capa de livro] **Beispill** meng Bomi sammelt al Bicher mat schéinen Abänn

abandonéieren [abã:donˈziərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **abandonéiert**) » **transitiv** **[gehuewen]** **DE** *aufgeben*, *fallenlassen* • **FR** *abandonner*, *renoncer à* • **EN** *to give up*, *to abandon* • **PT** *abandonar*, *desistir de* **Beispill** de Schäfferot huet de Projet vun enger neier Sportshal aus budgetäre Grënn abandonéiert **Synonymmen** opginn, faleloossen

abannen [ˈabanən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **agebannen** / **agebonn**) » **transitiv 1.** **DE** *einbinden* [einhüllen, einwickeln] • **FR** *recouvrir* [un livre] • **EN** *to cover* [a book] • **PT** *forrar* [um livro] **Beispill** fir de Schoulufank musse mer deng Bicher nach abannen **2.** **abannen an** **DE** *einbinden in*, *einbeziehen in* • **FR** *tenir compte de ... dans*, *impliquer dans* • **EN** *to include in* • **PT** *incluיר em*, *integrar em* **Beispiller** an dësem Text kéint een deng Iddien och nach (mat) abannen; mir hätten iech gären an eise Projet (mat) agebannen **Synonym** abezéien

Abat-jour Maskulinum (Pluriel Abat-jouren) **DE** *Lampenschirm* • **FR** *abat-jour* [d'une lampe] • **EN** *lampshade* • **PT** *abajur*, *quebra-luz* **Beispill** meng Bomi huet e Faibel fir Luuchte mat ausgefalenen Abat-jouren **Synonym** Luuchteschirm

Abatement [abˈatəmã:] Maskulinum (Pluriel Abatementen) **DE** *Steuerermäßigung* • **FR** *abattement* [déduction fiscale] • **EN** *tax reduction* • **PT** *abatimento* [dedução fiscal] **Beispill** an dësem Steierjoer profitéieren ech nach vun engem Abatement

abauen [ˈabaʊən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **agebaut**) » **transitiv** **DE** *einbauen*, *einsetzen* • **FR** *monter*, *installer* • **EN** *to install*, *to fit* • **PT** *montar*, *embutir*, *instalar* **Beispiller** hues du deng Spullmaschinn selwer agebaut?; hatt baut nach eng zousätzlech Festplack a säi Computer an; et musse méi sozial Elementer an eise Rentesystem agebaut ginn [et musse méi sozial Elementer an eise Rentesystem integréiert ginn]

Abaukichen [ˈabaʊkiçən] Femininum (Pluriel Abaukichen) **DE** *Einbauküche* • **FR** *cuisine intégrée*, *cuisine équipée* • **EN** *fitted kitchen* • **PT** *cozinha encastrada* **Beispill** déi aner Woch gëtt d'Abaukichen an eisem neien Appartement montéiert

Abauschaf [ˈabaʊʃa:f] Maskulinum (Pluriel Abauschief) **DE** *Einbauschränk* • **FR** *placard* [armoire fixe] • **EN** *built-in cupboard* • **PT** *armário embutido* **Beispill** wou an deem alen Haus eng Dier war, hu mir vum Schränker en Abauschaf maache gelooss

Abbé [ˈabe:] Maskulinum (Pluriel Abbéen) **DE** *Weltgeistlicher* • **FR** *abbé* [prêtre séculier] • **EN** *priest* • **PT** *padre*

Beispill als Abbé ass hien e Vertrieeder vun der kathoulescher Kierch

abberdéngeg ['abedənɔç] Adjektiv **DE** dienstbeflissen • **FR** *empressé* <Adverb avec empressement> • **EN** *eager, keen* <Adverb eagerly, keenly> • **PT** *solicito* <Adverb solicitamente> **Beispiller** all Patron géif sech esou en abberdéngegen Aarbechter wënschen; e koum ganz abberdéngeg gelaf an huet gefrot, ob et eis un näischt géif feelen

Abberzuel ['abetsuəl] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** *Haufen* [große Anzahl] • **FR** *tas* (de) [grand nombre] • **EN** *large number* (of) • **PT** *monte* (de) [grande número] **Beispill** fir meng Hochzäit hunn ech eng Abberzuel Leit agelueden **2. DE** *endloses Gerede, Wortschwall* • **FR** *discussion sans fin, logorrhée* • **EN** *waffle, torrent of words, endless discussion* • **PT** *discussão sem fim, palavriário* **Beispiller** hal elo keng Abberzuel, mer muss virukommen; wat war dat eng Abberzuel, bis ech de Buergermeeschter iwweezeegt hat, mir eng Geemegung ze ginn

ABC [a:be:ts'e:] Neutrum (Pluriel ABCen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Abc Neutrum (Pluriel Abcen) - Variant vun ↗ABC

abdiquéieren [abdik'ʒiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé abdiquéiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

abee [ab'e:] Interjektion **1. DE** *na* (gut), also • **FR** *eh bien* [pour introduire une réaction et en renforcer l'expression] • **EN** *all right then* • **PT** *ora bem, pois então, pois bem* **Beispiller** abee, dat do hues de gutt gesot!; abee, wann s du dat sees, da wäert et wuel esou sinn!; du wëlls net mat eis an d'Vakanz goen, abee, da kuck, datt s de eens gëss! **2. DE** (also) gut, na dann • **FR** *bon* [pour faire le point et entamer la suite] • **EN** *all right then* [used to mark the end or resumption] • **PT** *bom* [para encerrar um assunto e prosseguir] **Beispill** abee, da kënne mer jo elo ufänken **Synonymmen** bon, okee, sou **3. abee merci** **DE** (na) vielen Dank (auch), na toll • **FR** *eh ben* (merci), c'est du joli • **EN** *well thanks a lot* [used to express annoyance] • **PT** (ora) obrigad(inh)o, bonito (serviço) **Beispiller** abee merci, duerch däi Chaos kann ech elo erëm vu vir ufänken!; da soll ech déi honnert Dossiere bis de Mëtteg klasséiert hunn, abee merci! **4. abee jo** **DE** sieh mal (einer) an, das ist ja ein Ding • **FR** *tiens* (tiens), eh ben, juste ciel [pour exprimer un certain étonnement] • **EN** *well well, well I never* [used to express surprise] • **PT** *ora vê lá tu, essa agora* **Beispiller** abee jo, da ginn déi zwee matenee bestuet!; abee jo, dat doten ass mer jo emol eng pikant Geschicht! **5. abee jo** **DE** wow, Donnerwetter (als Ausdruck der Bewunderung) • **FR** *waouh, eh ben* [pour exprimer une certaine admiration] • **EN** *wow* [used to express admiration] • **PT** *oh, uau* [para exprimir admiraçã] **Beispiller** abee jo, äre Klenge ka fir säin Alter awer scho gutt molen!; abee jo, all Respekt fir déi Leeschtung! **Synonymmen** o, wow **6. abee gutt** **DE** na gut, na dann, also gut • **FR** *bon* (d'accord), *j'veux bien* [pour accepter un compromis] • **EN** *okay then* • **PT** *bom* (de acordo), *está bem* [para aceitar um compromisso] **Beispill** abee gutt, da maache mer dat esoul **Synonymmen** bon (d'accord), okee

I Nieft **abee merci** kann een och **abee Merci** schreiwen.

abeezen ['abe:tsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agebeezt) » **transitiv** **DE** marinieren, beizen • **FR** *mariner, faire mariner* • **EN** *to marinate* • **PT** *marinar* **Beispill** net all Wäin ass gutt, fir Fleesch anzebeezen

abegräifen ['abəgræ:ʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé abegraff) » **transitiv** (mat) abegräifen **DE** (mit) einbegreifen • **FR** *inclure, comprendre* • **EN** *to include* • **PT** *incluir, compreender* **Beispiller** eisen Aktiounspiang fir den Tourismus muss och déi kulturell Offer (mat) abegräifen; d'Dränkeld ass am Präis (mat) abegraff

abehalen ['abəha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé abehalen / abehal) » **transitiv** **DE** einbehalten • **FR** *retenir* [ne pas rendre, garder] • **EN** *to withhold* • **PT** *reter* [não devolver, ficar com] **Beispill** de Proprietär huet en Deel vun der Kautioun abehalen, well d'Locataire d'Wunneng an engem knaschtegen Zoustand hanterlooss hunn

abéien ['abɛiən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé agebéit) » **intransitiv** **DE** einbiegen • **FR** *s'engager, tourner* [changer de direction] • **EN** *to turn* (into) [to change direction] • **PT** *cortar, virar* [mudar de direção] **Beispill** bei der roudier Luucht ass de Bus no riets agebéit

abeïssen ['abɛi:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agebeïsst) » **transitiv** **DE** einbüßen • **FR** *perdre* [cesser d'avoir] • **EN** *to lose* [to cease to have] • **PT** *perder* [deixar de ter] **Beispill** eis Partei huet bei der leschte Wale vill Stëmmen agebeïsst **Synonym** verléien

Abenteuer ['a:bəntɔɛ] Neutrum (Pluriel Abenteuer) **DE** Abenteuer [spannendes Erlebnis] • **FR** *aventure, mésaventure, péripétie* • **EN** *adventure* • **PT** *aventura, peripécia* **Beispiller** an där Serie Bicher geet et ëm d'Abenteuer vun enger Clique Kanner; ech hoffen, mir kommen ouni Schued aus dësem geféierlechen Abenteuer eraus **Synonym** Aventure

abenteuerlech ['a:bəntɔɛləç] Adjektiv **1. DE** abenteuerlich, erlebnisreich • **FR** *aventureux, plein d'aventures* • **EN** *adventurous* • **PT** *aventuroso, cheio de aventuras* **Beispill** wa mer eng Kéier méi Zäit hunn, zielen ech der vun eiser abenteuerlecher Heemrees aus der Vakanz **2. DE** abenteuerlich, seltsam, gewagt • **FR** *bizarre, insolite, osé* • **EN** *strange, bizarre* • **PT** *estranho, insólito* **Beispill** hien huet eng abenteuerlech Theorie iwweier d'Entsteung vum Liewen

Abenteurer Maskulinum (Pluriel Abenteurer) **DE** Abenteurer • **FR** *aventurier* **Beispiller** mäi Monni huet e puer Méint am Dschungel gelieft, en ass e richtegen Abenteurer; vill Kanner hu gär Bicher iwweier Abenteurer, déi geféierlech Situatioune meeschteren **Synonym** Aventurier

Abenteurerin Femininum (Pluriel Abenteurerinnen) **DE** Abenteurerin • **FR** *aventurière* **Beispiller** meng Tatta huet e puer Méint am Dschungel gelieft, se ass eng richteg Abenteurerin; mäi Bouf liest grad e Buch iwweier eng Abenteurerin, déi allméiglech geféierlech Situatioune meeschtert **Synonym** Aventurière

aberuffen [ˈabəʀufən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé aberuff) » **transitiv DE** einberufen [eine Versammlung] • **FR** convoquer [réunir] • **EN** to convene • **PT** convocar [reunir] **Beispiller** d'Direktioun huet eng Pressekonferenz aberuff; nom Äerdbiewen huet d'Regierung e Krisestaf aberuff

abestueden [ˈabəʃtuədən] Verb » **transitiv** abestuet ginn **DE** einheiraten • **FR** entrer par alliance • **EN** to marry into • **PT** entrar por casamento **Beispiller** mäi Grousspapp, deen aus der Stad gebierteg war, gouf an e Wénzerbetrib abestuet; hatt ass kee Baueremeedchen, et ass abestuet

abetonéieren [ˈabətənɔiəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé abetonéiert) » **transitiv DE** einbetonieren • **FR** sceller dans du béton • **EN** to concrete [to fix in concrete] • **PT** firmar em betão **Beispiller** d'Aarbechter hu Pottoe laanscht d'Strooss abetonéiert; de Safe ass an d'Mauer abetonéiert ginn

abezéien [ˈabətʰɛziən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé abezunn) » **transitiv (mat)** abezéien an **DE** (mit) einbeziehen in, (mit) einbinden in • **FR** impliquer dans • **EN** to include in, to involve in • **PT** incluir em **Beispill** well ech och eppes ze soen hat, huet hie mech an d'Diskussioun mat abezunn **Synonym** abannen

abezuelen [ˈabətʰuələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé abezuel) » **transitiv 1. DE** (Beiträge) einzahlen • **FR** verser [payer] • **EN** to pay in • **PT** depositar [pagar] **Beispill** d'Cotisatioun mussen virun Enn Abréll an d'Keesen abezuel ginn » **intransitiv 2. DE** (Beiträge) einzahlen • **FR** cotiser • **EN** to contribute [to make a regular payment] • **PT** contribuir, pagar contribuições **Beispill** meng Mamm bezilt all Mount an d'Pensiounskeess an **Synonym** cotiséieren

abgaschteg [ˈapɡaʃtɛç] Adjektiv **DE** boshaft, missgünstig • **FR** malveillant, méchant • **EN** nasty, mean • **PT** mau, maldoso **Beispiller** wéinst sengem abgaschtege Charakter wéllt kee méi eppes mat him ze dinn hunn; si ass esou abgaschteg, datt se kengem eppes ka vergonnen

abiergeren [ˈabi:ɛʒəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agebiert) » **transitiv 1. DE** einbürgern • **FR** naturaliser [une personne] • **EN** to naturalise [a person] • **PT** naturalizar [uma pessoa] **Beispill** no der Aféierung vun der duebeler Nationalitéit goufe vill Ausländer agebiert » **reflexiv 2. DE** sich einbürgern [heimisch werden] • **FR** s'acclimater [animal, plante] • **EN** to naturalise [species, plant] • **PT** aclimatar-se [animal, planta] **Beispill** méttlerweil huet den nordamerikanesche Wäschbier sech an Europa agebiert **3. DE** sich einbürgern [üblich werden, sich verbreiten] • **FR** passer dans les mœurs, s'implanter • **EN** to become accepted, to become customary • **PT** introduzir-se nos hábitos **Beispiller** et huet sech mat der Zäit agebiert, datt d'Leit an de Wintersport fueren; d'Idi vun der Weiterbildung ass amgang, sech iwwerall anzebiere; an der Informatik hunn sech am Lëtzebuergesche vill englesch Wieder agebiert **Synonym** sech etabléieren

Abiergerung [ˈabi:ɛʒəʀuŋ] Femininum (Pluriel Abiergerungen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

abilden [ˈabdilən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agebild) » **transitiv** sech eppes abilden **DE** sich etwas einbilden • **FR** s'imaginer quelque chose [croire à tort] • **EN** to imagine something [to believe something unreal to exist] • **PT** imaginar algo [crer em algo que não existe] **Beispiller** hal op, der ëmmer anzebild, du wiers krank!; hatt bilt sech ëmmer direkt dat Schlëmmst an; bilt der nëmme näischt op dain decken Auto an! ^[égs] [meng net, du wiers méi dichteg ewéi déi aner Leit, nëmme well s de en decken Auto hues!]

Abildung [ˈabdilʊŋ] Femininum (Pluriel Abildungen) **DE** Einbildung [irrig Vorstellung] • **FR** illusion [croyance erronée] • **EN** illusion [false belief] • **PT** ilusão [crença falsa] **Beispill** hie war iwwerzeegt, hie géif gemobbt, mee et war alles nëmme Abildung

abiméieren [abim'ɛiəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé abiméiert) » **transitiv DE** beschädigen • **FR** abîmer, endommager • **EN** to damage • **PT** danificar **Beispill** d'Plénnerleit hunn am Trapehaus d'Tapéit abiméiert **Synonym** beschiedegen

abitzen [ˈabitsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agebitzt / agebut) **I** Hei entsteet en neien Artikel.

Ablack [abl'ak] Maskulinum (Pluriel Ablécker) - Variant vun ↗Abléck

Abléck [abl'ek] Maskulinum (Pluriel Ablécker) **1. DE** Augenblick • **FR** instant [durée très courte] • **EN** moment [instant] • **PT** momento [breve instante] **Beispiller** ech hunn en Abléck nogeduecht, ier ech meng Entscheidung geholl hunn; am Gewulls hat ech dech een Abléck aus den Ae verluer; (gedëllegt Iech) een Abléck, wannechgelift!; den eischen Abléck hunn ech dech net erëmerkannt [fir d'eischt hunn ech dech net erëmerkannt]; d'Fra huet am leschten Abléck de Bus nach kritt [d'Fra huet de Bus nach just kritt]; de Schoulmeeschter kann all Abléck kommen [de Schoulmeeschter kann zu all Moment kommen] **Synonymmen** Ament, Moment **2. DE** Moment [Zeitpunkt] • **FR** moment [espace de temps précis] • **EN** moment [point in time] • **PT** momento [espaço de tempo preciso] **Beispiller** dat war en historieschen Abléck; gedëlleg dech a waart op de richtigen Abléck!; hie seet ëmmer dat Richteg am richtigen Abléck; am Abléck ass der Patientin hir Gesondheet stabil **Synonymmen** Ament, Moment

I Variant: Ablack

Abléck [ˈablek] Maskulinum (kee Pluriel) Abléck (an) **DE** Einblick (in) [Eindruck, Überblick] • **FR** aperçu (de) • **EN** insight (into) • **PT** ideia (de) [conhecimento] **Beispill** dësen Text gétt e gudden Abléck an eis Geschicht

ablécklech [abl'eklɛç] Adjektiv **DE** augenblicklich [momentan] • **FR** actuel [de ce moment, présent] • **EN** current, present • **PT** atual, presente **Beispill** an där ablécklecher Situatioun kann d'Doktesch nach näischt Konkreetes soen **Synonym** momentan

ablenden [ˈablændən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageblent) » **transitiv DE** einblenden • **FR**

montrer, insérer [dans une séquence de plans filmés] • **EN** *to show [to insert into a film sequence]* • **PT** *mostrar, inserir [numa sequência filmada]* **Beispill** d'Bild vum Vermésste **gouf** an den Noriichten **ageblent**

i Variant: **ablennen**

ablennen ['ablænən] Verb (Hëllesverb **hunn**, Participe passé **ageblennt**) - Variant vun **ablennen**

Abo ['abo:] Maskulinum (Pluriel **Aboen**) [égs] - Kuerzform vun **Abonnement**

abonéieren [abon'ziərən] Verb (Hëllesverb **hunn**, Participe passé **abonéiert**) » **transitiv 1.** **DE** *abonnieren* • **FR** *s'abonner à* • **EN** *to subscribe to* • **PT** *assinar [uma publicação]* **Beispill** mir **hunn** doheem zwou Zeitungen **abonéiert** » **reflexiv 2.** sech **abonéieren** (op) **DE** *abonnieren* • **FR** *s'abonner (à)* • **EN** *to subscribe to* • **PT** *assinar, fazer assinatura (de)* **Beispiller** ech hu mech op zwou Zeitungen **abonéiert**; mäin **Abonnement** ass ofgelaf, ech muss mech nei **abonéieren**

Abonement [abonəm'ænt] Neutrum (Pluriel **Abonementer**) - Variant vun **Abonnement**

Abonent [abon'ænt] Maskulinum (Pluriel **Abonenten**) - Variant vun **Abonnet**

Abonentin [abon'æntin] Femininum (Pluriel **Abonentinnen**) - Variant vun **Abonnetin**

Abonnement [abon'əmænt] Neutrum (Pluriel **Abonementer**) **1.** **DE** *Abonnement [Bezug]* • **FR** *abonnement [souscription]* • **EN** *subscription, season ticket* • **PT** *assinatura, passe [subscrição]* **Beispiller** eist **Abonnement** op d'Zeitung leeft Enn des Mounts of; ech hu mer en **Abonnement** am Theater geholl; d'**Abonementer** an d'Billjeeé fir den Zuch q méi deier **2.** **DE** *Abonnement [Dauerkarte]* • **FR** *abonnement [carte]* • **EN** *season ticket [card]* • **PT** *cartão de assinante, passe [documento]* **Beispill** ech **hunn** de Bus verpasst, well ech mäin **Abonnement** net fonnt **hunn**

i Kuerzform: **Abo**

Abonnet [abon'ænt] Maskulinum (Pluriel **Abonenten**) **DE** *Abonnet* • **FR** *abonné* • **EN** *subscriber* • **PT** *assinante [de uma publicação, de um serviço]* **Beispill** dat ass eng Zeitung mat iwwee 60.000 **Abonenten**

i Weiblech Form: **Abonnetin**

Abonnetin [abon'æntin] Femininum (Pluriel **Abonentinnen**) **DE** *Abonnetin* • **FR** *abonnée* • **EN** *subscriber [female]* • **PT** *assinante, subscritora [de uma publicação, de um serviço]*

i Männlech Form: **Abonnet**

abordabel [abɔrd'a:bəl] Adjektiv **DE** *erschwinglich* • **FR** *abordable [prix]* • **EN** *affordable* • **PT** *acessível [preço]* **Beispill** de Präis vum **Abonnement** fir de Fitness ass ganz **abordabel** **Synonym** **erschwänglech**

abordéieren [abɔrd'ziərən] Verb (Hëllesverb **hunn**, Participe passé **abordéiert**) » **transitiv DE** *ansprechen [zur Sprache bringen]* • **FR** *aborder [lévoquer]* • **EN** *to address [to touch on]* • **PT** *abordar [trazer à discussão]* **Beispiller** ech hu mech net getraut, dee Problem ze **abordéieren**; mir **hunn** an eiser Diskussioun e puer interessant **Sujet**en **abordéiert** **Synonym** **uschneide**

den, **uschwätzen**

Abouss ['abəʊs] Femininum (Pluriel **Aboussen**) **DE** *Einbuße* • **FR** *perte [préjudice]* • **EN** *loss [disadvantage]* • **PT** *prejuízo, perda* **Beispiller** duerch d'Iwwerschwemmung rechnen déi geschiedegt **Geschäftsleit** mat staarken **Aboussen**; de **Sondagen** no misst eis **Partei** bei den nächste **Wale** mat héijen **Abouss** rechnen **Synonym** **Perte, Verloscht**

Abrëll [abr'əl] Maskulinum (Pluriel **<seelen>** **Abrëller**) **DE** *April* • **FR** *avril, mois d'avril* • **EN** *April* • **PT** *abril* **Beispiller** d'Äispist ass vum **Oktober** bis **Abrëll** op; looss **dech** net **uschmieren**, **haut** ass den **éischten** **Abrëll**! mäi **Papp** **kritt** et all **Joer** **ronn**, **mech** an den **Abrëll** ze **schécken**! [mäi **Papp** **kritt** et all **Joer** **ronn**, **mech** mat engem **Abrëllsgeck** **eranzeleeën**]

Abrëllsgeck [abr'əlsɡæk] Maskulinum (Pluriel **Abrëllsgecken**) **DE** *Aprilscherz* • **FR** *poisson d'avril* • **EN** *April fool [joke]* • **PT** *partida do primeiro de abril* **Beispill** gleeft déi **Geschicht** **net**, et ass en **Abrëllsgeck**! **Synonym** **Abrëllswitz**

Abrëllswieder [abr'əlsviədə] Neutrum (**kee** **Pluriel**) **DE** *Aprilwetter* • **FR** *temps changeant* • **EN** *April weather* • **PT** *tempo instável* **Beispiller** **huel** **léiwer** e **Prabbeli** mat, bei deem **Abrëllswieder** **weess** een **ni**!; **bal** **reent** et, **bal** **schéngt** d'**Sonn**, **mir** hu **richtegt** **Abrëllswieder** am **Moment**

Abrëllswitz [abr'əlsvits] Maskulinum (Pluriel **Abrëllswitzen** / **Abrëllswitzer**) **DE** *Aprilscherz* • **FR** *poisson d'avril* • **EN** *April fool [joke]* • **PT** *partida do primeiro de abril* **Beispill** mäi **Brudder** ass op mäin **Abrëllswitz** **eragefall** **Synonym** **Abrëllsgeck**

abréngen ['abrɛŋən] Verb (Hëllesverb **hunn**, Participe passé **abruecht**) » **transitiv DE** *einbringen [Gewinn]* • **FR** *rapporter [de l'argent]* • **EN** *to fetch, to bring in [money]* • **PT** *dar [lucro], render [dinheiro]* **Beispill** seng **Konstwierker** **hunn** **eréischt** no sengem **Doud** **Suen** **abruecht** **Synonym** **bréngen**

abrennen ['abrɛnən] Verb (Hëllesverb **hunn**, Participe passé **agebrannt**) » **transitiv DE** *einbrennen* • **FR** *marquer (au fer rouge)* • **EN** *to brand, to burn in* • **PT** *marcar (a ferro quente)* **Beispiller** fréier **hunn** d'**Bauern** de **Ranner** en **Zeechen** **agebrannt**; dat **sézt** mer am **Kapp** **ewéi** **agebrannt** [égs] [dat kann ech net vergiessen]

abriechen ['abriɛçən] ♦ Verb (Hëllesverb **hunn**, Participe passé **agebrach**) » **transitiv 1.** **DE** *einbrechen [mit Gewalt öffnen]* • **FR** *enfoncer [briser]* • **EN** *to break open* • **PT** *arrombar [abrir à força]* **Beispill** d'**Pompjeeën** **hunn** d'**Dier** **missen** **abriechen**, fir de **Leit** zu **Hëllef** ze **kommen** **2.** **DE** *einbrechen, niederreißen* • **FR** *démolir [une construction]* • **EN** *to pull down [to demolish]* • **PT** *derrubar, demolir [uma construção]* **Beispill** zënter si d'**Mauer** **agebrach** **hunn**, ass **hire** **Salon** **vill** **méi** **grouss** ♦ **Verb** (Hëllesverb **sinn**, Participe passé **agebrach**) » **intransitiv 3.** **DE** *einbrechen [mit Gewalt eindringen]* • **FR** *s'introduire par effraction* • **EN** *to break in(to)* • **PT** *introduzir-se por arrombamento* **Beispill** den **Déif** ass **dés** **Nuecht** an **zwee** **Haiser** **agebrach** **4.** **DE** *einbrechen, einstürzen* • **FR** *crouler [tomber en s'affaissant]* • **EN** *to collapse* • **PT** *desabar, ruir* **Beispiller** den **Daach** ass **ënnerem** **Gewi-**

icht vum Schnéi agebrach; bei der Iwwerschwemmung huet d'Bréck riskéiert anzebriechen; beim Schlittschongfuere sinn déi Jugendlech duerch d'Äis agebrach [beim Schlittschongfuere sinn déi Jugendlech duerch d'Äisschicht an d'Waasser gefall]; d'Coursen op der Bourse sinn agebrach [d'Coursen op der Bourse si staark gefall] **Synonymmen** afalen, zesummebriechen, zesummefalen

Abriecher ['abʁiɕə] Maskulinum (Pluriel Abriecher) **DE** Einbrecher • **FR** cambrioleur • **EN** burglar • **PT** ladrão, assaltante **Beispill** den Abriecher gouf vun der Police festgeholl

W Weiblech Form: ↗Abriecherin

Abriecherin ['abʁiɕəʁin] Femininum (Pluriel Abriecherinnen) **DE** Einbrecherin • **FR** cambrioleuse • **EN** burglar [female] • **PT** ladrona, assaltante **Beispill** d'Abriecherin ass in flagranti vun der Police erwëscht ginn

W Männlech Form: ↗Abriecher

Abroch ['abʁoχ] Maskulinum (Pluriel Abréché) **1. DE** Einbruch [gewaltsames Eindringen] • **FR** cambriolage • **EN** burglary • **PT** assalto (por arrombamento) **Beispiller** den Abroch an hiert Haus war fir eis Noperen en desagreabelt Erliefnes; d'Police kämpft géint Déifstáll. **Abréché** a Vandalismus **2. DE** (wirtschaftlicher) Einbruch • **FR** crise, baisse, chute [économique] • **EN** collapse [economical] • **PT** quebra [perda de valor] **Beispill** de wirtschaftlechen Abroch wäert negativ Konsequenzen op den Aarbechtsmaart hunn

abrocken ['abʁokən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agebrockt) » **transitiv DE** einbrocken [Ärger] • **FR** causer [des ennuis] • **EN** to cause, to bring on [bother] • **PT** causar [dificuldades, chatices] **Beispiller** komm elo net kräischen, dat do hues de der selwer agebrockt; ech fäerten, elo huet meng Mamm mengem Papp eng agebrockt

abrupt [abr'upt] Adjektiv **DE** plötzlich, unerwartet, abrupt • **FR** soudain, imprévu <Adverb soudainement, brusquement> • **EN** abrupt, sudden <Adverb abruptly, suddenly> • **PT** abrupto [repentino, inesperado] <Adverb abruptamente> **Beispiller** op der Bourse gouf et haut en abrupten Abroch vun den Aktiecoursen; eist Gespréich ass duerch haart Kreesch abrupt ënnerbrach ginn

ABS [a:be:'æs] Maskulinum (kee Pluriel) - Kuerzform vun ↗Antiblockéiersystem

Absatz Maskulinum (Pluriel Absätze)

W Hei entsteet en neien Artikel.

abscheilech [apʃ'aiʁɕ] Adjektiv **1. DE** abscheulich, ekelig • **FR** répugnant, dégoûtant [peu ragoûtant] • **EN** disgusting [sickening] • **PT** repugnante, nojento **Beispill** vu wou kënnt deen abscheileche Geruch? **Synonymmen** ekeleg, gräisslech, schrecklech **2. DE** abscheulich [verwerflich] • **FR** répugnant [abject] <Adverb de manière répugnante> • **EN** disgusting [abominable] • **PT** repugnante [abjeto] <Adverb de modo repugnante> **Beispiller** wéinst sengen abscheilechen Dote souz hie bis zu sengem Liewensann am Prisong; wann hatt e Patt ze vill gedronk huet, da behëlt et sech abscheilech **Synonym**

schrecklech

Abschid ['apʃi:t] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Abschied, Abschiedsfeier [im Berufsleben] • **FR** (fête de) départ [dans un contexte professionnel] • **EN** farewell party, leaving do, leaving • **PT** (festa de) despedida [num contexto profissional] **Beispiller** mir hunn eis gutt um Chef sengem Abschid ameséiert; ech hu mat mengem Aarbechtskolleegen Abschid gefeiert

Abschnitt ['apʃnit] Maskulinum (Pluriel Abschnitte) **DE** Abschnitt, Absatz • **FR** passage, alinéa, paragraphe [d'un texte] • **EN** paragraph [of text] • **PT** passagem, excerto, parágrafo **Beispiller** ech weess de ganzen Abschnitt auswenneg; lies eis emol de leschten Abschnitt vum véierte Kapitel vir!; maach fir all Argument en neien Abschnitt!

abseebär ['apze:ba:R] Adjektiv an abseebarer Zäit **DE** in absehbarer Zeit • **FR** dans un proche avenir • **EN** in the foreseeable future • **PT** num futuro próximo **Beispill** eise Service wäert an abseebarer Zäit plënnere

absehbar ['apze:ba:R] Adjektiv - Variant vun ↗abseebär

Abseits ['apzai:ts] Maskulinum (Pluriel <seelen> Abseits) **DE** Abseits • **FR** hors-jeu • **EN** offside • **PT** fora de jogo **Beispiller** de Stiermer joung eendeitig am Abseits; bei Abseits hieft de Linierichter säi Fändel; duerch déi eesäiteg Decisioun setzt sech eist Nopeschland an den Abseits [egs] [duerch déi eesäiteg Decisioun isoléiert sech eist Nopeschland selwer]

Absence [aps'ä:s] Femininum **1.** (Pluriel Absencen) **DE** Abwesenheit [das Ausbleiben, das Wegbleiben] • **FR** absence [non-présence] • **EN** absence [non-presence] • **PT** ausência [Inão-presença] **Beispiller** wat ass während menger Absence geschitt?; de Professor schreift d'Absencen an d'Klassebuch [de Professor schreift d'Nimm vun de Schüler, déi feelen, an d'Klassebuch] **2.** (kee Pluriel) **DE** Abwesenheit, Fehlen [Mangel, Nichtvorhandensein] • **FR** absence, manque • **EN** absence [lack] • **PT** ausência, falta [carência] **Beispill** duerch d'Absence vu klore Direktiven ass de Projet näischt ginn **3.** (Pluriel Absencen) **DE** (kurze) Geistesabwesenheit • **FR** absence d'esprit (momentanée) • **EN** absent-mindedness • **PT** falta de atenção **Beispill** ech hat elo eng kleng Absence a krut deng Fro net mat **4.** (Pluriel Absencen) **DE** Absence [Krampfleiden] • **FR** absence (épileptique) • **EN** absence • **PT** ausência (epilética) **Beispill** während senger epileptischer Kris hat de Patient eng Absence vu 15 Sekonnen

Absender ['apzænde] Maskulinum (Pluriel Absender) **DE** Absender • **FR** expéditeur • **EN** sender • **PT** remetente **Beispill** op der Enveloppe steet keen Absender

absënn [apz'əns] Adverb [vereezlt] **DE** besonders [vor allem] • **FR** particulièrement [spécialement] • **EN** particularly • **PT** particularmente [especialmente] **Beispill** d'Onkraut wisst gutt, absënn wann et waarm a ficht ass **Synonymmen** besonnesch, zemools

Absenteismus [apsä:te:'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Absentismus • **FR** absentéisme • **EN** absenteeism • **PT** absentismo **Beispill** wat gëtt géint den Absenteismus an der Schoul gemaach?

Absicht [ˈapziçt] Femininum (Pluriel Absichten) DE *Absicht* • FR *intention* • EN *intention* • PT *intenção* **Beispiller** si hu sécher mat gudder Absicht gehandelt; et war net meng Absicht, dech mat menger Bemierkung ze blesséieren; hanner hiren Handlung stinn a Wierklechkeet kriminell Absichten; et mengt een, du géifs eis d'Liewe mat Absicht schwéier maachen **Synonym** Intentioun

absichtlech [ˈapziçtləç] Adjektiv DE *absichtlich* • FR *intentionnel* <Adverb *intentionnellement*> • EN *deliberate* <Adverb *deliberately*> • PT *intencional* <Adverb *intencionalmente, de propósito*> **Beispiller** de Geschäftsmann gouf wéinst enger absichtlecher Steierhannerzéiung verurteelt; d'Kand huet seng Forschett absichtlech op de Buedem gehäit **Synonym** express

Absinth Maskulinum 1. (kee Pluriel) DE (Gemeiner) *Wermut* [Pflanze] • FR *absinthe* [plante] • EN *wormwood* • PT *absinto* [planta] **Beispill** niewent villen aneren Heelplanzen hunn ech och Absinth a mengem Kraidergaart stoen **Synonym** Batteralzem 2. (kee Pluriel) DE *Absinth* [Getränk] • FR *absinthe* [boisson] • EN *absinthe* [drink] • PT *absinto* [bebida] **Beispill** den Absinth war laang Zäit verbueden, elo ass en nees erlaabt 3. (Pluriel Absinth / Absinthen) DE (Glas) *Absinth* • FR (verre d')*absinthe* • EN (glass of) *absinthe* • PT (copo de) *absinto* **Beispill** ech hunn eis als Aperitif zwee Absinthe bestallt

Variant: Absinthe

Absinthe Maskulinum (Pluriel Absinthen) - Variant vun ↗Absinth

absolut [apzɔl'ut] Adjektiv 1. DE *absolut* [unbedingt, völlig] • FR *absolu* [inconditionnel, total] <Adverb *absolument*> • EN *absolute* <Adverb *absolutely*> • PT *absoluto* [incondicional, total] <Adverb *absolutamente*> **Beispiller** d'Moderniséierung vum Gebai ass eng absolut Noutwendegkeet; d'Cheffin verlaangt absolut Loyalitéit vun hire Mataarbechter; du hues absolut Recht!; ech deele seng Meinung absolut net! 2. DE *absolut* [Messung] • FR *absolu* [mesure] • EN *absolute* [measurement] • PT *absoluto* [medição] **Beispiller** déi absolut Héicht vun engem Bierg gëtt vum Mieresspiegel aus gemooss; de Kandidat muss d'absolut Majoritéit kréien, fir gewielt ze ginn; den theoretische Wäert fir den absoluten Nullpunkt ass op minus 273,15 Grad Celsius festgeluecht

Absolutioun [apzɔlʊsɪ'əʊn] Femininum (Pluriel Absolutiounen) ^[Kierchesprooch] DE *Absolution*, *Lossprechung* • FR *absolution* • EN *absolution* • PT *absolvição* **Beispiller** de Paschtouer huet dem Mann d'Absolutioun ginn; nodeem hie seng Sënne gebeicht hat, krut en d'Absolutioun

Absolutismus [apzɔlʊt'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Absolutismus* • FR *absolutisme* • EN *absolutism* • PT *absolutismo* **Beispill** am Absolutismus huet de Staatschef all Pouvoiren

absolvéieren [apzɔlv'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *absolvéiert*) » **transitiv** DE *absolvieren* [Aus-, Weiterbildung] • FR *accomplir, suivre* [des études, des cours] • EN *to complete* [a course, one's studies] • PT *completar* [os estudos], *tirar* [um curso] **Beispill**

mäi Brudder huet als Eenzege an der Famill en Universitätsstudium absolvéiert **Synonym** ofschléissen

Absolvent [apzɔlv'ænt] Maskulinum (Pluriel Absolventen) DE *Absolvent* • FR *diplômé* • EN *graduate* • PT *diplomado* **Beispiller** d'Absolvente vun der Première kënne sech op enger Universiteit aschreiwene; hien ass en Absolvent vun enger ganz bekannter Uni

Weiblech Form: ↗Absolventin

Absolventin [apzɔlv'æntin] Femininum (Pluriel Absolventinnen) DE *Absolventin* • FR *diplômée* • EN *graduate* [female] • PT *diplomada* **Beispill** ech woussst laang net, datt meng Bürokolleegin Absolventin vun enger renommiierter Uni ass

Männlech Form: ↗Absolvent

absorbéieren [apzɔrb'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *absorbéiert*)

Hei entsteet en neien Artikel.

Abstentioun [apstænsɪ'əʊn] Femininum (Pluriel Abstentioune) DE *Stimmhaltung*, *Enthaltung* • FR *abstention* • EN *abstention* • PT *abstenção* **Beispill** de Gesetzesprojet gouf mat 46 Jo-Stëmme, aacht Neestëmme a sechs Abstentioune ugeholl **Synonym** Enthaltung

Abstinez [apstin'ænts] Femininum (Pluriel <see-len> Abstinenzen)

Hei entsteet en neien Artikel.

Abstinezler [apstin'æntsle] Maskulinum (Pluriel Abstinezler)

Hei entsteet en neien Artikel.

Abstinezlerin [apstin'æntslerin] Femininum (Pluriel Abstinezlerinnen)

Hei entsteet en neien Artikel.

abstrahéieren [apstrah'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *abstrahéiert*)

Hei entsteet en neien Artikel.

abstrakt [apstr'akt] Adjektiv 1. DE *abstrakt* [theoretisch, begrifflich] • FR *abstrait* [conceptuel] • EN *abstract* [theoretical] • PT *abstrato* [conceitual] **Beispiller** déi abstrakt Froe kann ech net beäntweren!; deen Text ass mir ze vill abstrakt [ech hu Schwieregkeeten, fir deen Text ze verstoen] 2. [Konscht] DE *abstrakt* • FR *abstrait* • EN *abstract* • PT *abstrato* **Beispill** hatt sammelt abstrakt Biller

Abstraktioun [apstraksɪ'əʊn] Femininum (Pluriel Abstraktiounen) 1. DE *Abstraktum*, *Abstraktion* • FR *abstractions* [concepts abstraits] • EN *abstraction* • PT *abstrações* [conceitos abstratos] **Beispill** d'Wëssenschaft benotzt Abstraktiounen, fir Theorien opzestellen 2. Abstraktioun maache vun DE *nicht* (in eine Überlegung) einbeziehen, unbeachtet lassen • FR *faire abstraction de* • EN *to disregard* • PT *pôr de parte* [não levar em conta] **Beispill** ech maachen elo emol Abstraktioun vum sozialen Aspekt vun der Fro

absurd [apz'urt] Adjektiv DE *absurd* • FR *absurde* • EN *absurd* • PT *absurdo* **Beispill** mat denger absurder Argumentatioun iwwezeegs de kee Mënsch

Absurditéit [apzurdit'ʒɪt] Femininum **1.** (Pluriel Absurditéiten) **DE** Absurdität [etwas Absurdes] • **FR** absurdité [chose absurde] • **EN** absurdity [something absurd] • **PT** absurdo, disparate **Beispiller** et ass eng Absurditéit, esou vill Sue fir déi Aarbecht ze verlaangen!; hie verzielt vu mueres bis owes nëmmen Absurditéiten **2.** (kee Pluriel) **DE** Absurdität [das Absurdsein] • **FR** absurdité [caractère absurde] • **EN** absurdity [illogicality] • **PT** absurdidade [caráter absurdo] **Beispill** si gouf op d'Absurditéit vun hirer Argumentatioun higewisen

Abt [apt] Maskulinum (Pluriel Äbt) **DE** Abt • **FR** abbé [supérieur d'un monastère] • **EN** abbot • **PT** abade [superior de um mosteiro] **Beispill** d'Pateren hunn en neien Abt gewielt

1 Weiblech Form: **Äbtissin**

Abtei [apt'ɔɪ] Femininum (Pluriel Abteien) **DE** Abtei • **FR** abbaye • **EN** abbey • **PT** abadia **Beispill** d'Mënche liewen an eng Abtei

Abteilung [apt'ɔɪlʊŋ] Femininum (Pluriel Abteilungen) **DE** Abteilung [eines Unternehmens, einer Dienststelle] • **FR** service [département] • **EN** branch, department • **PT** serviço, departamento **Beispiller** d'Firma huet d'Joer eng Abteilung an d'Ausland verluecht; déi eenzel Abteilungen an der Klinick funktionéieren eegestänneg; eis Abteilung organiséiert all Joer eng eege Chrëschtfeier [d'Mataarbechter aus eiser Abteilung organiséieren all Joer eng eege Chrëschtfeier] **Synonym** Service

Äbtissin [æpt'isɪn] Femininum (Pluriel Äbtissinnen) **DE** Äbtissin • **FR** abbesse • **EN** abbess • **PT** abadessa **Beispill** an der Abtei gouf eng nei Äbtissin gewielt

1 Männlech Form: **Abt**

abuddelen ['abudələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agebuddelt) » **transitiv** [egs] **DE** einbuddeln • **FR** enfouir [enterrer] • **EN** to bury • **PT** enterrar **Beispill** ären Hond huet seng Schank schonn nees an eisem Gaart agebuddelt **Synonym** aschären

Abu Dhabi Eegennumm **DE** Abu Dhabi • **FR** Abou Dabi • **EN** Abu Dhabi • **PT** Abu Dabi **Beispill** Abu Dhabi ass d'Haaptstad vun de Vereenegten Arabeschen Emirater

Abuja Eegennumm **DE** Abuja • **FR** Abuja • **EN** Abuja • **PT** Abuja **Beispill** Abuja ass d'Haaptstad vun Nigeria

Abus [ab'y:] Maskulinum (Pluriel Abusen) **DE** Missbrauch, Missstand • **FR** abus [excès] • **EN** abuse [misuse] • **PT** abuso [excesso] **Beispill** a Saache Jugendarbecht mussen all méiglech Abuse verhënnert ginn

abuséieren [abyz'ʒɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé abuséiert)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

abusiv [abus'i:f] Adjektiv **DE** übermäßig, missbräuchlich • **FR** abusif, excessif <Adverb abusivement> • **EN** abusive [excessive] <Adverb abusively> • **PT** abusivo, excessivo <Adverb abusivamente> **Beispiller** den abusive Gebrauch vu Medikamenter schuet der Gesondheet; d'Video-surveillance däerf net abusiv an d'Privatsphär agräifen

Abzebild ['apsəbɪlt] Neutrum (Pluriel Abzebilder) **DE** Abziehbild • **FR** décalcomanie [image] • **EN** transfer [picture] • **PT** decalcomania [imagem] **Beispill** d'Kanner hunn Abzebilder an d'Kichefënstere gepecht

Abzebildchen ['aptsəbɪltçən] Neutrum (Pluriel Abzebildercher) - Diminutivform vun **Abzebild**

Acajou ['akɑʒu:] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) **DE** Mahagoni • **FR** acajou [bois] • **EN** mahogany [wood] • **PT** mogno [madeira] **Beispill** mäi Kleederschaf ass aus Acajou

accabléieren [akabl'ʒɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé accabléiert)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

accaparéieren [akapar'ʒɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé accaparéiert)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Acceleratioun [akselerɑsɪ'əʊn] Femininum (kee Pluriel) **1.** **DE** Beschleunigung [Geschwindigkeitszunahme] • **FR** accélération [augmentation de vitesse] • **EN** acceleration [increase in speed] • **PT** aceleração [aumento de velocidade] **Beispill** duerch d'Acceleratioun ginn d'Leit am Flieger an de Sëtz gedréckt **Synonym** Beschleunegung **2.** **DE** Beschleunigung [schnelleres Vorankommen] • **FR** accélération [fait d'avancer plus vite] • **EN** acceleration [faster progress] • **PT** aceleração [progresso mais rápido] **Beispill** de Minister wënscht sech eng Acceleratioun vum Projet

acceleréieren [akseler'ʒɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé acceleréiert) » **intransitiv** **DE** (die Fahrt) beschleunigen • **FR** accélérer • **EN** to accelerate • **PT** acelerar **Beispill** acceleréier, fir de Camion ze iwwerhuelen! **Synonym** beschleunegen

Accent ['aksɔ:] Maskulinum (Pluriel Accenten) **1.** **DE** Akzent [diakritisches Zeichen] • **FR** accent [signe diacritique] • **EN** accent, diacritic • **PT** acento [sinal diacrítico] **Beispill** „sech“ gëtt ouni Accent geschriwwen **2.** **DE** Akzent [Tonfall] • **FR** accent [pronunciation] • **EN** accent [pronunciation, intonation] • **PT** sotaque [pronúncia] **Beispill** no zéng Joer an Däitschland hat e säi lëtzebuergeschen Accent verluer

Accent aigu [aksɑ:te:g'y:] Maskulinum (Pluriel Accent-aiguen)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Accent circonflexe ['aksɑ:sɪrkɔ:fl'æks] Maskulinum (Pluriel Accent-circonflexen)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Accent grave Maskulinum (Pluriel Accent-graven)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

accentuéieren [aksɑ:ty'ʒɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé accentuéiert) » **transitiv** **1.** **DE** betonen, akzentuieren [einen Laut] • **FR** accentuer [mettre l'accent tonique sur] • **EN** to stress [a syllable, a word] • **PT** acentuar [colocar o acento tónico em] **Beispill** an dësem Wuert gëtt déi virlescht Silb accentuéiert **Synonym** betounen » **reflexiv** **2.** **DE** sich verstärken, sich verschlimmern • **FR** s'accentuer, s'aggraver • **EN** to worsen,

to be accentuated • **PT** *acentuar-se, agravar-se* **Beispill** de Problem vun der Atomkraaft huet sech an de leschte Joren accentuéiert **Synonym** sech verstärken

acceptabel [aksæpt'a:bəl] Adjektiv - Variant vun ↗akzeptabel

Acceptanz [aksæpt'ants] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Akzeptanz

acceptéieren [aksæpt'ɛərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé acceptéiert) - Variant vun ↗akzeptéieren

Accès ['akɛː] Maskulinum **1.** (Pluriel Accèsen) **DE** *Zugang, Zufahrt, Eingang [Weg]* • **FR** *accès [voie d'accès]* • **EN** *access [way, entrance]* • **PT** *acesso [via de acesso]* **Beispiller** den Accès an d'Schigebitt ass komplett zougeschneit; den Accès fir d'Rettungsdéngschter däerf net blockéiert ginn **Synonym** Zoufaart **2.** (kee Pluriel) **DE** *Zugang, Zutritt* • **FR** *accès [entrée]* • **EN** *access [admittance]* • **PT** *acesso [ingresso, entrada]* **Beispill** den Accès ass fir d'Personal reservéiert **Synonym** Zougang **3.** (kee Pluriel) **DE** *Zugang, Zugriff* • **FR** *accès [à des données, à des informations]* • **EN** *access [right to use]* • **PT** *acesso [a dados, a informações]* **Beispill** mam Passwuert huet een Accès op verschidden elektronesch Dictionnaren **Synonymmen** Zougang, Zougrëff

accessibel [aksæs'i:bəl] Adjektiv **1.** **DE** *zugänglich* • **FR** *accessible [où l'on peut accéder]* • **EN** *accessible [able to be entered]* • **PT** *acessível [de acesso fácil]* **Beispiller** vill öffentlech Gebaier si fir Leit am Rollstull accessibel; den Detail vum Concours ass um Internet accessibel [den Detail vum Concours kann een um Internet fannen] **Synonym** zougänglech **2.** **DE** *verständlich [leicht fassbar]* • **FR** *accessible, compréhensible, intelligible* • **EN** *accessible [understandable]* • **PT** *acessível [compreensível]* **Beispill** Bicher iwver Physik sinn net fir jiddereen accessibel **Synonym** verständlech

Accessibilitéit Femininum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Zugänglichkeit [Zutritt, Zugang]* • **FR** *accessibilité [possibilité d'accéder]* • **EN** *access* • **PT** *acessibilidade [possibilidade de aceder]* **Beispiller** och während dem Chantier ass d'Accessibilitéit vun eise Raimlechkeete garantéiert; duerch den Internetbanking ass d'Accessibilitéit op Àre Kont ëmmer an iwwerall ginn **2.** **DE** *Barrierefreiheit* • **FR** *accessibilité [aux personnes handicapées]* • **EN** *accessibility [for people with a disability]* • **PT** *acessibilidade [a pessoas com deficiência]* **Beispiller** duerch d'Installation vu Rampen an automateschen Diere konnte mir d'Accessibilitéit vum Gebai verbessern; eng Funktioun, fir de Contenu virgelies ze kréien, huet d'Accessibilitéit vun eisem Internetsite verbessert **Synonym** Barrierefräiheet

Accessoire [aksæs'w'a:r] Maskulinum (Pluriel Accessoires) **1.** **DE** *Zubehör[teil], Accessoire* • **FR** *accessoire [d'une machine, d'un instrument]* • **EN** *accessory* • **PT** *acessório [de uma máquina, de um instrumento]* **Beispiller** d'Clientë wëllen Accessoirë fir hiren Auto kafen; dat fannt Dir am Rayon vun den Accessoiresn **2.** **DE** *Requisit* • **FR** *accessoire [de théâtre, de film]* • **EN** *prop [used in a play or film]* • **PT** *acessório, adereço [de teatro, de televisão]* **Beispill** fir déi nei Theatersaison sinn nei Kostümer an Accessoiresen an der Maach

Accident [aksid'a:nt] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Accidenter) **DE** *Unfall* • **FR** *accident* • **EN** *accident [crash, mishap]* • **PT** *acidente* **Beispiller** Gëschter Owend hat e jonke Chauffer e schwéiert Accident; déi meescht Accidenter geschéien doheem; e Spillschoulskand brauch Ersatzkleeder, fir wann em e klengen Accident geschitt [e Spillschoulskand brauch Ersatzkleeder, fir wann et an d'Box mécht] **Synonym** Unfall

accidentéiert [aksidænt'ɛiɛt] Adjektiv **DE** *verunglückt [von einem Unfall betroffen]* • **FR** *accidenté [qui a subi un accident]* • **EN** *damaged, injured [in an accident]* • **PT** *acidentado [que sofreu um acidente]* **Beispiller** den accidentéierte Won ass ofgeschleeft ginn; déi Accidentéiert sinn an d'Spidol ageliwwert ginn

Accisen [aks'i:zən] Femininum (kee Singulier) **DE** *Akzisen [indirekte Verbrauchssteuern]* • **FR** *accises [impôts indirects]* • **EN** *duties [excise]* • **PT** *imposto de consumo* **Beispill** d'Accisen um Tubak si gehéicht ginn

i Variant: Akzisen

acclaméieren [aklam'ɛərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé acclaméiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

accommodéieren Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé accommodéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

accompagnéieren [akɔ:mpaɲ'ɛərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé accompagnéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Accord [ak'ɔ:r] Maskulinum (Pluriel Accorden) **1.** **DE** *Vereinbarung, Abmachung, Übereinkommen, Übereinkunft* • **FR** *accord, arrangement* • **EN** *arrangement, agreement* • **PT** *acordo, arranjo, combinação* **Beispill** ech hunn en Accord mat mengem Exmann, wat eis Rulott betrëfft **Synonymmen** Arrangement, Eenegung **2.** **DE** *Erlaubnis, Zustimmung* • **FR** *accord, autorisation [officielle, administrative]* • **EN** *permission, approval* • **PT** *acordo, autorização [oficial, administrativa]* **Beispiller** den Text gouf mam Accord vum Auteur publizéiert; esoubal mer den Accord vun der Gemeng hunn, fänke mer mat de Bauaarbechten un; fir meng Operatioun hunn ech der Doktesch misse schréfflech mäin Accord ginn **Synonymmen** Averständnes, Erlabnes, Zoustëmmung **3.** **DE** *Abkommen* • **FR** *accord, traité* • **EN** *agreement, treaty* • **PT** *acordo, tratado* **Beispill** no laange Verhandlungen hu béid Länner schlussendlech en Accord fonnt **Synonym** Ofkommen

accordéieren [akɔrd'ɛərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé accordéiert) » **transitiv** **DE** *bewilligen* • **FR** *accorder [l'ouïer, octroyer]* • **EN** *to approve, to grant* • **PT** *aprovar, conceder* **Beispill** d'Bank huet hinnen e Prêt accordéiert **Synonym** bewëllegen

accouchéieren [akuf'ɛərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé accouchéiert) » **intransitiv** **DE** *entbinden* • **FR** *accoucher [mettre un enfant au monde]* • **EN** *to give birth* • **PT** *dar à luz* **Beispiller** et ass drop an drun, datt eis Duechter accouchéiert; ech sinn ze schmuel gebaut, fir op natierlechtem Wee kënnen ze accouchéieren

Accouchement [akuʃəm'ænt] Neutrum (Pluriel Accouchementer) **DE** Entbindung [Geburt] • **FR** accouchement • **EN** childbirth, delivery • **PT** parto **Beispill** eis Nopesch hat e schwéiert **Accouchement**

Account [æk'əʊnt] Maskulinum (Pluriel Accounten) **DE** Account, Benutzerkonto • **FR** compte utilisateur • **EN** (user) account • **PT** conta de utilizador **Beispiller** fir op eiser Internetsäit eppes ze bestellen, muss een en **Account** hunn; ech kommen net méi a mäin **Account** eran, well ech mäi Benutzernumm net méi weess **Synonym** Benotzerkont

Accra Eegennumm **DE** Accra • **FR** Accra • **EN** Accra • **PT** Acra **Beispill** Accra ass d'Haaptstad vum Ghana

Accueil [ak'œj] Maskulinum (Pluriel Accueilen) **1. DE** Empfang, Aufnahme • **FR** accueil [prise en charge] • **EN** reception [procedures] • **PT** acolhimento, atendimento **Beispill** well den **Accueil** am Geschäft besser ginn ass, müssen d'Clienten net méi esou laang waarden **Synonym** Empfang **2. DE** Empfang, Rezeption • **FR** accueil, réception [bureau] • **EN** reception [office, desk] • **PT** recepção [local] **Beispill** déi Informatiounen kritt Dir am **Accueil** **Synonym** Receptioun

Accumulatioun [akymylasj'əʊn] Femininum (Pluriel Accumulatiounen) **1. DE** Häufung, Zunahme • **FR** accumulation [grand nombre] • **EN** accumulation • **PT** acumulação [grande número] **Beispill** a leschter Zäit gouf et eng **Accumulatioun** vun Abbréchen an eiser Géigend **2. DE** Akkumulatioun [rhetorisches Stilmittel] • **FR** accumulation [figure de rhétorique] • **EN** accumulation [stylistic device] • **PT** acumulação [figura de retórica] **Beispill** d'Unheefe vu Verben, Substantiver oder Adjektiven ass eng **Accumulatioun**

accumuléieren [akymyl'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé accumuliert) » **transitiv DE** anhäufen • **FR** accumuler • **EN** to accumulate • **PT** acumular **Beispill** den Entrepreneur huet e Retard vun zwee Méint accumuliert

Accusatioun [akyzasj'əʊn] Femininum (Pluriel Accusatiounen) **1. DE** Beschuldigung, Anschuldigung [Unterstellung, Verleumdung] • **FR** accusation [allégation, calomnie] • **EN** accusation [insinuation] • **PT** acusação [insinuação, calúnia] **Beispill** deng **Accusatiounen** si komplett aus der Loft gegraff! **Synonym** Beschëllegung **2. DE** Beschuldigung, Anklage [vor Gericht] • **FR** accusation [en justice] • **EN** accusation, charge [in court] • **PT** acusação [em tribunal] **Beispill** den Ugeklote gouf vun allen **Accusatiounen** fräigesprach

accuséieren [akyz'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé accusiert) » **transitiv 1. DE** beschuldigen, anschuldigen [Unterstellungen machen über, verleumden] • **FR** accuser [faire des allégations à l'encontre de, calomnier] • **EN** to accuse [to denounce, to denigrate] • **PT** acusar [imputar culpas a, caluniar] **Beispiller** ech gouf vun alle Säiten **accusiert**, ech géif d'Tatsaache verdréien; wéi et schéngt, wollt si mat hirer Ausso keen **accuséieren** **Synonym** beschëllegen **2. DE** beschuldigen, anklagen [vor Gericht] • **FR** accuser [en justice] • **EN** to accuse [to indict] • **PT** acusar [em tribunal] **Beispill** den Dokter ass **accusiert**, seng Fra ëmbruecht ze hunn **Synonym** beschëllegen

Achillesseen [ax'iləsze:n] Femininum (Pluriel Achillesseenen) **DE** Achillessehne • **FR** tendon d'Achille • **EN** Achilles tendon • **PT** tendão de Aquiles **Beispill** et war der Doktesch séier kloer, datt dem Sportler seng **Achillesseen** gerass wier

Achs [aks] Femininum (Pluriel Achsen) **1. DE** Achse [am Fahrzeug] • **FR** axe • **EN** axle • **PT** eixo **Beispill** déi hënnescht **Achs** vu mengem Auto ass gebrach **2. DE** Achse [Drehachse, Symmetrieachse] • **FR** axe [axe de rotation] • **EN** axis • **PT** eixo [eixo de rotação] **Beispill** d'Dänzer hu sech zweemol ëm hir eegen **Achs** gedréit **3. DE** Achse [Verkehrsweg] • **FR** axe [voie de circulation] • **EN** traffic route • **PT** eixo [via de comunicação] **Beispiller** op der **Achs** Flughafen - Gare gëtt et neierdengs eng zweet Buslinn; op alle groussen **Achsen** huet de Camionsverkéier staark zougeholl **4. DE** Richtlinie • **FR** axe, ligne directrice • **EN** guideline • **PT** eixo, linha condutora **Beispill** d'Aktioun vun der Regierung baséiert op dräi groussen **Achsen** **Synonym** Richtlinn

Achterban [ˈaxtəba:n] Femininum (Pluriel Achterbanen) **DE** Achterbahn • **FR** montagnes russes • **EN** roller coaster • **PT** montanha-russa **Beispill** op der Kiermes si mer op d'**Achterban** an op d'Riserad gaangen

i Varianten: Achterbunn, Achterbunn

Achterbunn [ˈaxtəbun] Femininum (Pluriel Achterbunnen) - Variant vun ↗Achterban

achtzeg [ˈaxtsəç] Kardinalzuel **DE** achtzig • **FR** quatre-vingt(s) • **EN** eighty • **PT** oitenta **Beispiller** wann sech méi ewéi **achtzeg** Leit fir den Ausflug umellen, da brauche mer zwee Bussen; véier mol zwanzeg ass **achtzeg** **mat Zifferen** 80

i Variant: uechtzeg

Achtzeiger [ˈaxtsəzɛ] Substantiv (kee Singulier) - Kuerzform vun ↗Achtzeigerjoren

Achtzeigerjoren [axtsəzɛj'o:rən] Neutrum (kee Singulier) **DE** Achtzigerjahre • **FR** années quatre-vingt • **EN** the (nineteen) eighties • **PT** anos (mil novecentos e) oitenta **Beispill** an den **Achtzeigerjoren** hunn d'CDen d'Kassette lues a lues ersat

i Variant: Uechtzeigerjoren

i Kuerzform: Achtzeiger

achtzegmol [axtsəçm'o:l] Adverb **DE** achtzigmal • **FR** quatre-vingts fois • **EN** eighty times • **PT** oitenta vezes **Beispiller** de Fichier gouf schonn **achtzegmol** erfolueden; ech hunn der dat schonn **achtzegmol** erkläert ^[egs] [ech hunn der dat scho ganz dacks erkläert] **mat Zifferen** 80-mol

achtzegst [ˈaxtsəçst] Ordinalzuel **DE** achtzigste • **FR** quatre-vingtième • **EN** eightieth • **PT** octogésimo **Beispill** et ass mer, wéi wann ech gëschter nach an d'Primärschoul gaange wier, an haut feieren ech scho mäin **achtzegste** Gebuertsdag! **mat Zifferen** 80.

i Variant: uechtzegst

Acompte [ˈakɔ:t] Maskulinum (Pluriel Acompten / Acompter) - Variant vun ↗Akkont

Acquis [ak'i:] Maskulinum (Pluriel Acquisen) **1.** (meeschtens Pluriel) **DE** Erfahrungsschatz • **FR** acquis

[somme d'expériences] • **EN** *experience acquired* • **PT** *experiência adquirida* **Beispill** fir d'Realisatioun vum Projeet gëtt op d'Acquise vun de leschte Joren zeréckgegraff **2.** (kee Singulier) **DE** *Errungenschaften* • **FR** *acquis [avantages acquis]* • **EN** *gains, advantages* • **PT** *benefícios, vantagens* **Beispill** d'Gewerkschafte setzen sech fir d'Erhale vun de sozialen Acquisen an

Acquisitioun [akizisj'əʊn] Femininum (Pluriel Acquisitiounen) **1.** **DE** *Anschaffung, Kauf* • **FR** *acquisition, achat* • **EN** *purchase* • **PT** *aquisição, compra* **Beispill** eleng fir d'Acquisitioun vu Material hu mir e Budget vun 32.000 Euro **Synonym** Kaf **2.** **DE** *Anschaffung [Ware, Gut]* • **FR** *acquisition [bien acquis]* • **EN** *acquisition* • **PT** *aquisição [coisa adquirida]* **Beispill** meng lescht Acquisitioun huet mech d'Aen aus dem Kapp kascht!

acquittéieren [akit'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé acquittéiert) » **transitiv 1.** **DE** *quittieren [einen Betrag]* • **FR** *acquitter, certifier [un paiement]* • **EN** *to give a receipt for [a payment]* • **PT** *atestar, certificar [um pagamento]* **Beispill** kënnt Dir mer d'Rechnung acquittéieren? **2.** **DE** *freisprechen [für unschuldig erklären]* • **FR** *acquitter [déclarer non coupable]* • **EN** *to acquit* • **PT** *absolver [declarar isento de culpa]* **Beispill** weinst Manktem u Beweiser ass de Beschëllegten acquittéiert ginn **Synonym** fräisprechen

acrèmen ['akrɛ:mən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agecrèmt) » **transitiv DE** *eincremen* • **FR** *mettre de la crème à, sur* • **EN** *to put cream on* • **PT** *pôr creme a, em* **Beispiller** d'Mamm crèmt d'Kanner an, ier se an d'Sonn ginn; an der Urgence krut ech mäi verstauchte Fouss déck agecrèmt a verbonnen

Acteur ['aktœ:r] Maskulinum (Pluriel Acteuren) **1.** **DE** *Schauspieler* • **FR** *acteur, comédien* • **EN** *actor [in show business]* • **PT** *ator [artista]* **Beispill** wat fir eng Acteure spillen an deem Film mat? **Synonym** Schauspiller **2.** **DE** *Akteur [Beteiligte(r)]* • **FR** *acteur [participant, intervenant]* • **EN** *actor [participant]* • **PT** *ator [participante]* **Beispiller** d'Decisioun gouf kollektiv vun all de betroffenen Acteure geholl; eist Land muss zu engem vollwärtigen Acteur op der internationaler Bün ginn

W Weiblech Form: ♀ **Actrice**

Actinium [akt'i:njum] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** *Actinium [chemisches Element]* • **FR** *actinium [élément chimique]* • **EN** *actinium [chemical element]* • **PT** *actínio [elemento químico]* **Beispill** d'Element Actinium gehéiert zum Grupp vun den Actinoiden

Actinoid [aktino'i:t] Maskulinum (Pluriel Actinoiden) **Chimie** **DE** *Actinoid* • **FR** *actinide* • **EN** *actinide* • **PT** *actíneo* **Beispill** zum Grupp vun den Actinoide gehéieren ënner anere den Uran an de Plutonium

Actionfilm ['æktʃənfilm] Maskulinum (Pluriel Actionfilmer) **DE** *Actionfilm* • **FR** *film d'action* • **EN** *action film, action movie* • **PT** *filme de ação* **Beispill** hien huet als Stuntman a villen Actionfilmer matgemaach

Actionnaire [aksjon'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel Actionnaires) - Variant vun ♂ **Aktionär**

Actionnairesversammlung [aksjon'ɛ:gsfɛzam-luŋ] Femininum (Pluriel Actionnairesversammlungen) - Variant vun ♂ **Aktionärsversammlung**

Actionnairin [aksjon'ɛ:rin] Femininum (Pluriel Actionnairinnen) - Variant vun ♀ **Aktionärin**

Actrice ['aktris] Femininum (Pluriel Actrices) **DE** *Schauspielerin* • **FR** *actrice, comédienne* • **EN** *actress* • **PT** *atriz [artista]* **Synonym** Schauspillerin

M Männlech Form: ♂ **Acteur**

Adamsapel Maskulinum (Pluriel <seelen> Adamsäppel)

H Hei entsteeet en neien Artikel

Adaptatioun [adaptasj'əʊn] Femininum (Pluriel Adaptatiounen) **1.** **DE** *Anpassung* • **FR** *adaptation [ajustement]* • **EN** *adaptation, adjustment* • **PT** *adaptação [ajustamento]* **Beispill** et ass nees eng Adaptatioun vun de Gehälter un d'Liewenskäschte fälleg **Synonymmen** Ajustement, Upassung **2.** **DE** *Adaptation [Umarbeitung eines Kunstwerks]* • **FR** *adaptation [d'une œuvre d'art]* • **EN** *adaptation* • **PT** *adaptação [de uma obra de arte]* **Beispiller** d'musikalesch Adaptatioun vum Theaterstéck ass gelongen; dës Verfilmung ass eng schlecht Adaptatioun vun engem bekannte Roman

adaptéieren [adapt'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé adaptéiert) » **transitiv 1.** adaptéieren (un) **DE** *angleichen (an), anpassen (an)* • **FR** *adapter (à) [approprié à, mettre en harmonie (avec)]* • **EN** *to bring in line with, to adapt (to)* • **PT** *adaptar (a) [adequar (a)]* **Beispiller** mir wëllen eis Infrastrukturen an déi nei Technologien adaptéieren; de Code civil muss adaptéiert ginn **Synonym** upassen (un) **2.** **DE** *adaptieren [ein Kunstwerk]* • **FR** *adapter* • **EN** *to adapt* • **PT** *adaptar* **Beispill** wien huet dat Theaterstéck adaptéiert? » **reflexiv 3.** sech adaptéieren (un) **DE** *sich anpassen (an)* • **FR** *s'adapter (à)* • **EN** *to adapt (to)* • **PT** *adaptar-se (a)* **Beispiller** mir müssen eis un déi nei Situatioun adaptéieren; no deene groussen Ännerungen huet d'Personal eng Zäit gebraucht, fir sech ze adaptéieren **Synonymmen** sech upassen (un), sech ëmstellen (op)

Adapter [ad'aptɛ] Maskulinum (Pluriel Adapteren) **DE** *Adapter* • **FR** *adaptateur* • **EN** *adapter* • **PT** *adaptador [dispositivo]* **Beispill** a ville Länner braucht du en Adapter, fir en elektreschen Apparat unzeschlëssen

adäquat [ade:kw'a:t] Adjektiv - Variant vun ♂ **adequat**

addéieren [ad'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé addéiert) » **transitiv DE** *addieren, zusammenzählen* • **FR** *additionner [faire l'addition de]* • **EN** *to add* • **PT** *adicionar, somar* **Beispill** wann s de déi zwou Zommen addéiers, krëss de d'Resultat **Synonymmen** zuesummerechnen, zuesummenzielen

adden ['ædən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geadd) » **transitiv DE** *adden* • **FR** *ajouter comme ami [sur un réseau social]* • **EN** *to add [on a social network]* • **PT** *adicionar como amigo [numa rede social]* **Beispiller** ech hu gesinn, du hues och en Account op dëser Internetsäit, därerf ech dech adden?; eisen neien Noper huet mech geadd an ech hu seng Ufro akzeptéiert

Adder ['ade] Femininum (Pluriel Adderen) **DE** *Natter* • **FR** *couleuvre* • **EN** *grass snake, garter snake* • **PT** *colu-brideo* **Beispill** d'Addere gehéieren zu den ongëftege

Schlaangen

Äddi ['ædi:] Maskulinum (kee Pluriel) Äddi soen **DE** (*sich*) *verabschieden, Tschüss sagen* • **FR** *dire au revoir (à)* • **EN** *to say goodbye (a)* • **PT** *dizer adeus (a), despedir-se (de)* **Beispiller** hien ass gaangen, ouni Äddi ze soen; ech gi menger Frëndin nach séier Äddi soen, ier mer fueren; um Begrieffnes huet déi ganz Famill dem Bopa eng leschte Kéier Äddi gesot; no de Gemengewalen huet eisen ale Buergermeeschter missen Äddi soen **[ëgs]** Ino de Gemengewalen huet eisen ale Buergermeeschter misse säin Amt opginn

i Nieft **Äddi soen** kann een och **äddi soen** schreiben.

äddi ['ædi:] Interjektion **DE** *tschüss, auf Wiedersehen* • **FR** *au revoir* • **EN** *goodbye, bye* • **PT** *adeus, chau* **Beispiller** äddi a schéine Weekend!; äddi a merci, mir gesinn eis d'nächst Woch erëm!

Addis Abeba Eegennumm **DE** *Addis Abeba* • **FR** *Addis-Abeba* • **EN** *Addis Ababa* • **PT** *Adis Abeba* **Beispill** Addis Abeba ass d'Haaptstad vun Äthiopien

Additioun [adisi'əʊn] Femininum (Pluriel Additiounen) **DE** *Addition* • **FR** *addition* • **EN** *addition* • **PT** *adição* **Beispill** hie kann esouguer déi schwéierst Additiounen am Kapp maachen

Adel ['a:dəl] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Adel* [*Aristokratie*] • **FR** *noblesse* [*classe*] • **EN** *aristocracy, nobility* • **PT** *nobreza* [*classe*] **Beispill** déi zwou Famillje stoungen deemools un der Spëtzt vum europäeschen Adel **Synonym** Nobless

adeleg ['a:dələɕ] Adjektiv **DE** *adlig* [*aristokratisch*] • **FR** *noble* [*qui fait partie de la noblesse*] • **EN** *aristocratic, noble* • **PT** *nobre* [*que faz parte da nobreza*] **Beispill** hie kënt aus enger adeleger Famill **Synonym** aristokratesch

adequat [adekw'a:t] Adjektiv **DE** *adäquat, angemessen* • **FR** *adéquat, approprié* <Adverb de façon adéquate> • **EN** *adequate* <Adverb adequately> • **PT** *adequado, apropriado* <Adverb adequadamente> **Beispiller** déi adequat Mesurë si geholl ginn, fir dat Schlëmmst ze verhëneren; ginn d'Kanner um Camp adequat encadréiert?

adheréieren [ader'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé adheréiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

ADHS [a:de:hqz'æs] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *ADHS* • **FR** *trouble déficitaire de l'attention avec hyperactivité, TDAH* • **EN** *ADHD, attention deficit hyperactivity disorder* • **PT** *transtorno do défice de atenção e hiperatividade, TDAH* **Beispill** wann e Kand keng Rou fënt a sech stänneg oflenke léisst, kéint et **ADHS** hunn

adipös [adip'ø:s] Adjektiv **DE** *adipös, fettleibig* • **FR** *adipeux, obèse* • **EN** *obese, adipose* • **PT** *adiposo, obeso* **Beispill** et gëtt vill Grënn, firwat et mëttlerweil esou vill adipös Leit an eiser Gesellschaft gëtt **Synonymen** obèse, fettleibeg

Adjektiv ['adʒækti:f] Neutrum (Pluriel Adjektiven / Adjektiver) **DE** *Adjektiv* • **FR** *adjectif* • **EN** *adjective* • **PT** *adjetivo* **Beispill** et gëtt keen Adjektiv, fir déi dote Frechheet ze beschreiwen!

Adjektivbildung ['adʒækti:fbilduŋ] Femininum (Pluriel Adjektivbildungen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

adjektivesch [adʒækt'i:vəʃ] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Adjoint [adʒw'ɛ:] Maskulinum (Pluriel Adjoints) **DE** *Stellvertreter* [*einer Führungskraft*] • **FR** *adjoint* [*d'une personne responsable*] • **EN** *deputy, assistant* • **PT** *adjunto* [*de uma pessoa responsável*] **Beispill** de Verantwortleche ka sech op säin Adjoint verlossen

i Weiblech Form: ↗Adjointe

Adjointe [adʒw'ɛ:t] Femininum (Pluriel Adjointeën) **DE** *Stellvertreterin* [*einer Führungskraft*] • **FR** *adjointe* [*d'une personne responsable*] • **EN** *deputy* [*female*] • **PT** *adjunta* [*de uma pessoa responsável*] **Beispill** d'Adjointe vun der Cheffin wäert si an der Reunion verrieden

i Männlech Form: ↗Adjoint

Adjutant [adʒut'ant] Maskulinum (Pluriel Adjutanten) **DE** *Adjutant* • **FR** *adjudant* • **EN** *adjutant* • **PT** *sargento-chefe* **Beispill** hien ass ni iwver de Grad vum Adjutant erauskomm

i Weiblech Form: ↗Adjutantin

Adjutantin [adʒut'antin] Femininum (Pluriel Adjutantinnen) **DE** *Adjutantin* • **FR** *adjudante* • **EN** *adjutant* [*female*] • **PT** *sargento-chefe* [*mulher*] **Beispill** meng Schwëster ass Adjutantin an der Arméi

i Männlech Form: ↗Adjutant

Adler ['a:dle] Maskulinum (Pluriel Adler / Adleren) - Variant vun ↗Aadler

Administrateur [atministrat'œ:r] Maskulinum (Pluriel Administrateuren) **1.** **[Administratioun]** **DE** *Vorstandsmitglied* • **FR** *administrateur* • **EN** *board member, director* • **PT** *administrador* [*de empresa*] **Beispill** op der Generalversammlung hunn d'Administrateure vun der Firma iwver eng Kapitalerhéijung diskutéiert **2.** **DE** *Administrator* [*eines Computers, eines informatischen Netzwerks*] • **FR** *administrateur* [*informatique*] • **EN** *system administrator* [*IT*] • **PT** *administrador* [*informático*] **Beispill** du muss dech als Administrateur aloggen, fir d'Passwieder ze änneren

i Weiblech Form: ↗Administrateurin

Administrateurin [atministrat'œ:rin] Femininum (Pluriel Administrateurinnen)

i Variant: Administratrice

i Männlech Form: ↗Administrateur

Administratioun [atministrasj'əʊn] Femininum **1.** (Pluriel Administratiounen) **DE** *Verwaltung* [*Behörde*] • **FR** *administration* [*service*] • **EN** *administration* • **PT** *administração* [*serviço*] **Beispiller** de Finanzminister huet senger Administratioun nei Direktive ginn; d'Administratioun mécht all Joer zesummen en Ausfluch [*d'Mataarbechter, déi an der Administratioun schafen, maachen all Joer zesummen en Ausfluch*] **Synonym** Verwaltung **2.** (kee Pluriel) **DE** *Verwaltung* [*das Führen, das Leiten*] • **FR** *administration* [*gestion*] • **EN** *management* • **PT** *administração* [*gestão*] **Beispill** d'En-

treprise ass wéinst enger schlechter Administratioun faillite **Synonym** Gestiou

administrativ [atministrat'i:f] Adjektiv **DE** *administrativ* • **FR** *administratif* • **EN** *administrative* • **PT** *administrativo* **Beispill** den administrativen Direkter vum Service geet an d'Pensioun

Administratrice [atministratr'is] Femininum (Pluriel Administratricen) - Variant vun ↗Administrateurin

administréieren [atministr'ziə̀ə̀n] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé administréiert) » **transitiv** **DE** *verwalten* [*leiten*] • **FR** *administrer, gérer* • **EN** *to administer, to manage* • **PT** *administrar, gerir* **Beispill** d'Entreprise gétt vu Paräis aus administréiert **Synonymen** geréieren, verwalten

Admirol [atmir'o:l] Maskulinum (Pluriel Admiroel) **DE** *Admiral* [*Dienstgrad*] • **FR** *amiral* • **EN** *admiral* • **PT** *almirante* **Beispill** un der Spëtzt vun der Marinn steet gewéinlech en Admirol

W Weiblech Form: ↗Admirolin

Admirolin [atmir'o:lin] Femininum (Pluriel Admirolinnen) **DE** *Admiralin* [*Dienstgrad*] • **FR** *amirale* • **EN** *admiral* [*female*] • **PT** *almirante* [*mulher*] **Beispill** neierdängs steet un der Spëtzt vun der Marinn eng Admirolin

M Männlech Form: ↗Admirol

Admissioun [atmisi'ə̀ʊ̃n] Femininum (Pluriel Admissiounen) **DE** *Zulassung* [*Aufnahme*] • **FR** *admission* • **EN** *admission* • **PT** *admissão* [*ingresso*] **Beispiller** fir d'Admissioun muss Der an d'Sekretariat vun der Uni goen; fir hir Admissioun an d'Klinick muss d'Patientin en ettlech Formularen ausfüllen; an der Klinick vum Dängscht haten se haut iwver 60 Admissiounen [an der Klinick vum Dängscht goufen haut iwver 60 Patienten opgeholl]

adoptéieren [adopt'ziə̀ə̀n] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé adoptéiert) » **transitiv** **1. DE** *adoptieren* [*ein Kind*] • **FR** *adopter* [*un enfant*] • **EN** *to adopt* [*a child*] • **PT** *adotar* [*uma criança*] **Beispill** well se keng Kanner ka kréien, huet d'Koppel e Weesekand adoptéiert **2. DE** *adoptieren, sich aneignen* • **FR** *adopter, s'approprier* • **EN** *to adopt* [*to take up*] • **PT** *adotar* [*assumir, seguir*] **Beispill** zënter en d'Pensioun huet, huet en e ganz neie Liewensstil adoptéiert **3. DE** *annehmen, verabschieden* [*ein Gesetz*] • **FR** *adopter, approuver* [*par vote*] • **EN** *to pass* [*a bill, a law*], *to approve* [*an amendment*] • **PT** *adotar, aprovar* [*por votação*] **Beispiller** de Gesetzesprojet gouf an der Nuecht eestëmmege adoptéiert; d'Kommissioun huet a kierzter Zäit eng ganz Rei Amendementen adoptéiert **Synonym** unhuelen **4. DE** *ergreifen* [*in die Wege leiten*] • **FR** *adopter, prendre* [*mettre en place*] • **EN** *to adopt, to take* [*to put into place*] • **PT** *adotar, tomar* [*pôr em prática*] **Beispill** esou Mesurë kënnen nëmmen an dréngende Fäll adoptéiert ginn

Adoptioun [adops'i'ə̀ʊ̃n] Femininum **1.** (Pluriel Adoptiounen) **DE** *Adoption* • **FR** *adoption* [*d'un enfant*] • **EN** *adoption* [*of a child*] • **PT** *adoção* [*de uma criança*] **Beispill** d'Prozedur vun der Adoptioun kann ënner Ëm-

stänn jorelaang daueren **2.** (kee Pluriel) **DE** *Annahme* [*eines Gesetzes*] • **FR** *adoption, approbation* [*par vote*] • **EN** *adoption, passage* [*of a law*] • **PT** *adoção, aprovação* [*por votação*] **Beispill** d'Adoptioun vun deem Gesetze-sprojet ass wichteg, fir kënnen weiderzeschaffen

Adoptivelteren [adopt'i:væltə̀ə̀n] Substantiv (kee Singulier) **DE** *Adoptiveltern* • **FR** *parents adoptifs* • **EN** *adoptive parents* • **PT** *pais adotivos* **Beispill** Adoptiveltere sollten hirem Kand vu Klengem un d'Wouerecht iwver seng Originne seon

Adoptivkand [adopt'i:fkant] Neutrum (Pluriel Adoptivkanner) **DE** *Adoptivkind* • **FR** *enfant adoptif, enfant adoptive* • **EN** *adoptive child* • **PT** *criança adotiva* **Beispill** d'Adoptivkand huet säi biologesche Papp ni kenne geliert

Adrenalin [adre:nal'in] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Adrenalin* • **FR** *adrénaline* • **EN** *adrenaline* • **PT** *adrenalina* **Beispill** ënner Stress schëtt de Kierper Adrenalin aus

Adress [adr'æs] Femininum (Pluriel Adressen) **1. DE** *Adresse, Anschrift* • **FR** *adresse* [*indication du domicile*] • **EN** *address* [*for post*] • **PT** *endereço* [*indicação da residência*] **Beispiller** Dir musst Ären Numm, Är Adress an Är Telefonsnummer uginn; hues de d'Adress op d'Enveloppe geschriwwen?; d'Liwwerung gouf op déi falsch Adress geschéckt [d'Liwwerung gouf un dee falschen Empfänger geschéckt]; ech kennen eng gutt Adress [egs] [ech kennen e gutt Geschäft; ech kennen e gudd Restaurant] **2. DE** *Adresse, Internetadresse* • **FR** *adresse* *Internet* • **EN** *internet address* • **PT** *endereço de Internet* **Beispiller** ech schécken der d'Adress vun engem lëschtege Site; op där Adress fënns de d'Informatiounen, déi s de sichts **3. DE** *E-Mail-Adresse* • **FR** *adresse électronique* • **EN** *email address* • **PT** *endereço eletrônico* **Beispill** op wéi eng vun dengen zwou Adressen soll ech der de Mail schécken?

Adressbuch Neutrum (Pluriel Adressbicher) - Variant vun ↗Adressbuch

Adressebichelchen [adr'æsəbichəlçən] Neutrum (Pluriel Adressebichelcher) **DE** *Adressbuch* • **FR** *carnet d'adresse* • **EN** *address book* • **PT** *caderno de endereços* **Beispill** a menger Mamm hirem Adressebichelche stinn d'Nimm an d'Adresse vun all hire Mataarbechter

Adressebuch [adr'æsəbʊχ] Neutrum (Pluriel Adressebicher) **DE** *Adressbuch* • **FR** *carnet d'adresses* • **EN** *address book* • **PT** *caderno de endereços* **Beispill** hues de meng Telefonsnummer schonn an dengem Adressebuch geännert? **Synonym** Adressebichelchen

adresséieren [adr'æs'ziə̀ə̀n] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé adresséiert) » **transitiv** **1.** adresséieren un **DE** *adressieren an, richten an* • **FR** *adresser à* [*lémettre*] • **EN** *to address to* • **PT** *endereçar a* [*dirigir, enviar*] **Beispiller** ech adresséieren e ganz grouse Merci u meng Mataarbechter fir hir wäertvoll Hëllef; mir hunn d'lescht Woch e Brëif un Iech adresséiert **Synonym** sech richten un » **reflexiv** **2.** sech adresséieren un **DE** *sich wenden an* • **FR** *s'adresser à, se tourner vers* [*parler à, faire appel à*] • **EN** *to turn to, to appeal to* • **PT** *endereçar-se a, dirigir-se a* [*falar com, fazer apelo a*] **Beispiller** voller Hoffnung adresséieren ech mech haut un Iech; si hu sech direkt un héjjer

Instanzen **adresséiert** **Synonymmen** sech riichten un, sech wenden un **3.** sech adresséieren un **DE** *sich richten an [bestimmt sein für]* • **FR** *s'adresser à [être destiné à]* • **EN** *to be aimed at* • **PT** *dirigir-se a [destinar-se a]* **Beispill** de Programm **adresséiert** sech haaptsächlech u jonk Spectateuren **Synonym** sech riichten un

ADS [a:de:'æs] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *ADS* • **FR** *trouble déficitaire de l'attention, TDA* • **EN** *ADD, attention deficit disorder* • **PT** *transtorno do défice de atenção, TDA* **Beispill** bei ADS weist de Patient keng Unzeeche vun Hyperaktivitéit

Advent [atv'ænt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Advent [Zeit]* • **FR** *avent* • **EN** *Advent* • **PT** *Advento* **Beispill** am **Advent** ware fréier keng feierlech Hochzäiten erlaabt

Adventsdekoratioun [atv'æntsdekorasjəʊn] Femininum (Pluriel **Adventsdekoratiounen**) **DE** *Adventsdekoration* • **FR** *décoration de l'avent* • **EN** *Advent decoration* • **PT** *decoração do Advento* **Beispill** wat hutt dir eng schéin **Adventsdekoratioun** an ärem Büro!

Adventskalenner [atv'æntskalæne] Maskulinum (Pluriel **Adventskalenneren**) **DE** *Adventskalender* • **FR** *calendrier de l'avent* • **EN** *Advent calendar* • **PT** *calendário do Advento* **Beispill** wat ass wuel hanner där leschter Dierche vum **Adventskalenner** verstoppt?

Adventskranz [atv'æntskrants] Maskulinum (Pluriel **Adventskränz**) **DE** *Adventskranz* • **FR** *couronne de l'avent* • **EN** *Advent wreath* • **PT** *coroa do Advento* **Beispill** den éischten **Adventssondeg** gëtt déi éischt Käerz vum **Adventskranz** ugefaangen

Adventslidd [atv'æntslit] Neutrum (Pluriel **Adventslidder**) **DE** *Adventslid* • **FR** *chant pour l'avent* • **EN** *Advent carol* • **PT** *cântico de Advento* **Beispill** kenns du e flott **Adventslidd**, dat ee mat de Kanner ka sängen?

Adventsmaart [atv'æntsma:rt] Maskulinum (Pluriel **Adventsmäert**) **DE** *Adventsmarkt* • **FR** *marché de l'avent* • **EN** *Advent market, Christmas market* • **PT** *mercado de Advento* **Beispill** mir hunn e puer schéi Käerzen um **Adventsmaart** kaaft

Adventssondeg [atv'æntszondəç] Maskulinum (Pluriel **Adventssondeger**) **DE** *Adventssonntag* • **FR** *dimanche de l'avent* • **EN** *Advent Sunday* • **PT** *domingo do Advento* **Beispill** d'Kierchejoer fänkt mam éischten **Adventssondeg** un

i Variant: Adventssonnden

Adventssonnden Maskulinum (Pluriel **Adventssondeger**) - Variant vun **Adventssondeg**

Adverb [atv'ɛrp] Neutrum (Pluriel **Adverben**) **DE** *Adverb* • **FR** *adverbe* • **EN** *adverb* • **PT** *advérbio* **Beispill** et gëtt vill Leit, déi d'**Adverbe** mat den Adjektive verwieselen

adverbial [atvɛrbj'a:l] Adjektiv

i Hei entsteeft en neien Artikel.

advertisen Verb (Hëllefsvorb hunn, Participe passé **geadvertiset** / **geadvertised**)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Aefaarf ['a:əfa:f] Femininum (Pluriel **Aefaarwen**) **DE** *Augenfarbe* • **FR** *couleur des yeux* • **EN** *eye colour* • **PT** *cor dos olhos* **Beispill** ech hunn déi selwecht **Aefaarf** ewéi meng Mamm

Aemooss ['a:əmo:s] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Augenmaß [Schätzung]* • **FR** *faculté de mesurer à l'œil nu* • **EN** *ability to measure by eye* • **PT** *faculdade de avaliar as distâncias* **Beispill** eise Schräiner huet eng gutt **Aemooss**

Aemuskel ['a:əmskəl] Maskulinum (Pluriel **Aemuskelen**) **DE** *Augenmuskel* • **FR** *muscle oculaire* • **EN** *ocular muscle, eye muscle* • **PT** *músculo ocular* **Beispill** mat Hëllef vun den **Aemuskele** kann een d'Aen a verschidde Richtunge beweegen

Aendeckel ['a:əndækəl] Maskulinum (Pluriel **Aendeckelen**) **1.** **DE** *Augenlid* • **FR** *paupière* • **EN** *eyelid* • **PT** *pálpebra* **Beispill** ech hu mech um **Aendeckel** verletzt, mee glécklecherweis ass näischt un d'A komm **2.** **DE** *Augenklappe* • **FR** *cache-œil* • **EN** *eyepatch* • **PT** *pala [para olho]* **Beispill** nodeem hie mam rietsen A operéiert gouf, huet en eng Zäit missen en **Aendeckel** droen

Aendokter ['a:əndoktɐ] Maskulinum (Pluriel **Aendokteren**) **DE** *Augenarzt* • **FR** *ophtalmologue* • **EN** *ophthalmologist* • **PT** *oftalmologista* **Beispill** den **Aendokter** huet mer en neie Brëll opgeschriwwen

i Weiblech Form: **Adendoktesch**

Aendoktesch ['a:əndoktəʃ] Femininum (Pluriel **Aendokteschen**) **DE** *Augenärztin* • **FR** *ophtalmologue [femme]* • **EN** *ophthalmologist [female]* • **PT** *oftalmologista [mulher]* **Beispill** d'**Aendoktesch** huet mer Drëpse fir meng dréchen Ae verschriwwen

i Männlech Form: **Adendokter**

Aendräpsen ['a:əndrəpsən] Femininum (kee Singulier) **DE** *Augentropfen* • **FR** *collyre* • **EN** *eye drops* • **PT** *colírio* **Beispill** ech hu ganz effikass **Aendräpse** géint de Bass beim Heeschnapp

Aenhéicht ['a:ənhɛiçt] Femininum (kee Pluriel) **1.** op **Aenhéicht** **DE** *in Augenhöhe, in Höhe der Augen* • **FR** *à la hauteur des yeux* • **EN** *at eye level* • **PT** *ao nível dos olhos* **Beispill** d'Clientë kafe meeschtens dat, wat op **Aenhéicht** an de Regaler läit **2.** op **Aenhéicht** **DE** *auf Augenhöhe [in ebenbürtiger Position]* • **FR** *sur un pied d'égalité, d'égal à égal* • **EN** *on an equal footing* • **PT** *num pé de igualdade, de igual para igual* **Beispill** déi zwou Parteien hunn op **Aenhéicht** matenee verhandelt

Aenzeien ['a:əntsaɪən] Maskulinum (Pluriel **Aenzeien**) **DE** *Augenzeuge* • **FR** *témoin oculaire* • **EN** *eyewitness* • **PT** *testemunha ocular* **Beispill** nom **Accident** hu sech zwee **Aenzeie** bei der Police gemellt

i Weiblech Form: **Adenzeien**

Aenzeien ['a:əntsaɪən] Femininum (Pluriel **Aenzeien**) **DE** *Augenzeugin* • **FR** *témoin oculaire [femme, fille]* • **EN** *eyewitness [woman, girl]* • **PT** *testemunha ocular [mulher, rapariga]* **Beispill** d'Police huet d'**Aenzeie** gefrot, de **Virfall** genee ze beschreiwen

i Männlech Form: **Adenzeien**

Ärbel [ˈɛ:ɐ̯bəl] Maskulinum (Pluriel Äerbel / Äerberelen) en Äerbel **DE** ein Armvoll • **FR** une brassée de • **EN** an armful of • **PT** um braçado de **Beispill** géi hannenaus en Äerbel Holz sichen!

i Variant: Aarbel

Äerd [ɛ:ɐ̯t] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** Erde, Erdkugel • **FR** terre [globe terrestre] • **EN** Earth • **PT** Terra **Beispiller** de Mound dréit ëm d'Äerd, an d'Äerd dréit ëm d'Sonn; eis Äerd huet keng onbegrenzt Ressourcen; am Joer 2000 hunn op der Äerd iwwer sechs Milliarde Mënsche geliefert **2. DE** Erde [Leitung zum Erden] • **FR** terre [conducteur électrique] • **EN** earth [electrical conductor] • **PT** terra [condutor elétrico] **Beispill** fir meng elektresch Anlag benotzen ech eng Kofferstaang als Äerd

Äerdalkalimetall [ˈɛ:ɐ̯talka:limətal] Neutrum (Pluriel Äerdalkalimetaller) [Chimie] **DE** Erdalkalimetall • **FR** métal alcalinoterreux • **EN** alkaline earth metal • **PT** metal alcalinoterroso **Beispill** zum Grupp vun den Äerdalkalimetaller gehéieren de Beryllium, de Magnesium, de Calcium, de Strontium, de Barium an de Radium

Äerdatmosfera [ˈɛ:ɐ̯datmosfɛ:ɐ̯] Femininum (kee Pluriel) **DE** Erdatmosphäre • **FR** atmosphère terrestre • **EN** earth's atmosphere • **PT** atmosfera terrestre **Beispill** et gëtt behaupt, d'Äerdatmosfera géif sech ëmmer méi ophézen

Äerdbier Femininum/Neutrum (Pluriel Äerdbieren) **DE** Erdbeere [Frucht] • **FR** fraise [fruit] • **EN** strawberry [fruit] • **PT** morango [fruta] **Beispiller** ech hunn de Kuch mat enger Äerdbier dekoréiert; däerf ech en Äerdbier schmaachen, ier ech der kafen?; dëst Joer waren d'Äerdbiere fréi zeideg

i De Genre vum Wuert **Äerdbier**, wann et am Singulier d'Uebstzort oder méi Käre bezechent, ass sächlech: **Ech hu gutt zeideg Äerdbier vum Maart matbruecht**. An deem Fall gëtt et keng Plurielsform. Wann d'Wuert am Singulier en eenzele Kär bezechent, kann et weiblech oder sächlech sinn: **Ech hunn eng Äerdbier giess** oder **Ech hunn en Äerdbier giess**. An deem Fall gëtt et eng Plurielsform: **Et si schonn zwou Äerdbieren zeideg** oder **Et si schonn zwee Äerdbieren zeideg**. Dee weibliche Genre ass haut méi gebräichlech ewéi dee sächlechen.

Äerdbier [ˈɛ:ɐ̯tbi:ɐ̯] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Erdbeeren [Früchte] • **FR** fraises [fruits] • **EN** strawberries [fruits] • **PT** morangos [frutos] **Beispiller** dëst Joer war d'Äerdbier fréi zeideg; däerf ech e Kär Äerdbier schmaachen, ier ech es kafen?

i De Genre vum Wuert **Äerdbier**, wann et am Singulier d'Uebstzort oder méi Käre bezechent, ass sächlech: **Ech hu gutt zeideg Äerdbier vum Maart matbruecht**. An deem Fall gëtt et keng Plurielsform. Wann d'Wuert am Singulier en eenzele Kär bezechent, kann et weiblech oder sächlech sinn: **Ech hunn eng Äerdbier giess** oder **Ech hunn en Äerdbier giess**. An deem Fall gëtt et eng Plurielsform: **Et si schonn zwou Äerdbieren zeideg** oder **Et si schonn zwee Äerdbieren zeideg**. Dee weibliche Genre ass haut méi gebräichlech ewéi dee sächlechen.

Äerdbiersgebeess [ˈɛ:ɐ̯tbi:ɐ̯sgəbe:s] Neutrum (Pluriel <seelen> Äerdbiersgebeesser) **DE** Erdbeermarmelade • **FR** confiture de fraises • **EN** strawberry jam • **PT** doce de morango **Beispill** menger Bomi hiert Äerdbiersgebeess ass dat bescht

Äerdbiersgeschmaach [ˈɛ:ɐ̯tbi:ɐ̯sgəʃma:χ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Erdbeergeschmack • **FR**

goût de fraise, parfum fraise • **EN** strawberry flavour, strawberry taste • **PT** gosto de morango, sabor (a) morango **Beispiller** bréng mir wannechgelift Knätsch mat Äerdbiersgeschmaach vun der Tankstell mat!; ech hunn am léifsten déi Glacé mat Äerdbiersgeschmaach **Synonym** Äerdbiersgoût

Äerdbiersglace [ˈɛ:ɐ̯tbi:ɐ̯sglas] Femininum (Pluriel Äerdbiersglacen) **DE** Erdbeereis • **FR** glace à la fraise, glace aux fraises • **EN** strawberry ice cream • **PT** gelado de morango **Beispill** Äerdbiersglace schmaacht mir am beschten

Äerdbiersgoût [ˈɛ:ɐ̯tbi:ɐ̯sgu:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Erdbeergeschmack • **FR** goût de fraise, parfum fraise • **EN** strawberry flavour, strawberry taste • **PT** gosto de morango, sabor (a) morango **Beispiller** bréng mir wannechgelift Knätsch mat Äerdbiersgoût vun der Tankstell mat!; ech hunn am léifsten déi Glacé mat Äerdbiersgoût **Synonym** Äerdbiersgeschmaach

Äerdbiersjughurt [ˈɛ:ɐ̯tbi:ɐ̯sjugurt] Maskulinum (Pluriel Äerdbiersjughurten) - Variant vun ↗Äerdbiersjugurt

Äerdbiersjugurt [ɛ:ɐ̯tbi:ɐ̯s'jugurt] Maskulinum (Pluriel Äerdbiersjugurten) **DE** Erdbeerjoghurt • **FR** yaourt aux fraises • **EN** strawberry yogurt, strawberry yoghurt • **PT** iogurte de morango **Beispill** hu mir nach Äerdbiersjugurten am Frigo?

Äerdbierskamell [ˈɛ:ɐ̯tbi:ɐ̯skamæ] Femininum (Pluriel Äerdbierskamellen) **DE** Erdbeerbonbon • **FR** bonbon à la fraise • **EN** strawberry sweet [confectionery] • **PT** rebuçado de morango **Beispill** hues du e Rezept, fir Äerdbierskamelle selwer ze maachen?

Äerdbierslikör [ˈɛ:ɐ̯tbi:ɐ̯slikø:r] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Erdbeerlikör [Getränk] • **FR** liqueur de fraise [boisson] • **EN** strawberry liqueur [drink] • **PT** licor de morango [bebida] **Beispill** dësen Äerdbierslikör ass mir ze séiss **2.** (Pluriel Äerdbierslikör / Äerdbierslikören) **DE** (Glas) Erdbeerlikör • **FR** (verre de) liqueur de fraise • **EN** (glass of) strawberry liqueur • **PT** (copo de) licor de morango **Beispill** dierf ech Iech en Äerdbierslikör ubidden?

Äerdbierslutsch [ɛ:ɐ̯tbi:ɐ̯sl'utʃ] Femininum (Pluriel Äerdbierslutschen) **DE** Erdbeerlutscher • **FR** sucette à la fraise • **EN** strawberry lolly • **PT** chupa-chupa de morango **Beispill** bréng de Kanner eng Äerdbierslutsch vun der Tankstell mat, wannechgelift!

Äerdbierstaart [ɛ:ɐ̯tbi:ɐ̯st'a:rt] Femininum (Pluriel Äerdbierstaarten) **DE** Erdbeeruchen • **FR** tarte aux fraises • **EN** strawberry tart, strawberry cake • **PT** tarte de morango **Beispill** fir meng Äerdbierstaart huelen ech nëmme frëscht Äerdbier

Äerdbiewegebitt [ˈɛ:ɐ̯tbiəvəgəbit] Neutrum (Pluriel Äerdbiewegebidder / Äerdbiewegebitter) **DE** Erdbebengebiet • **FR** région sismée [par un tremblement de terre], région sismique • **EN** earthquake zone, earthquake-prone area • **PT** região sísmica [por um terramoto], região sísmica **Beispiller** d'Rettung vun de Leit am Äerdbiewegebitt war extreem schwierig a laangwierig; ech géif net gär an engem Äerdbiewegebitt liewen

Äerdbiewen [ˈɛ:ɐ̯tbiəvən] Neutrum (Pluriel Äerdbiewen) **DE** Erdbeben • **FR** *tremblement de terre* • **EN** *earthquake* • **PT** *terramoto* **Beispiller** d'Äerdbiewen hat eng Stärkt vu fënnef op der Richterskala; e schrot Äerdbiewen huet e groussen Deel vun der Stad zerstiéert

Äerdbuedem [ˈɛ:ɐ̯tɥuədəm] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Erdboden* • **FR** *terre [surface terrestre]* • **EN** *ground* • **PT** *terra, solo* **Beispiller** d'Biergaarbechter schaffe meeschtens ënner dem Äerdbuedem; déi ganz Stad gouf dem Äerdbuedem gläichgemaach [ɛ̃ɡs] [déi ganz Stad gouf komplett zerstiéert]; et kann een dach net einfach vum Äerdbuedem verschwannen! [ɛ̃ɡs] [et kann een dach net einfach spuerlos verschwannen!]; no mengem Ausrutscher hunn ech mech bis an den Äerdbuedem geschummt [ɛ̃ɡs] [no mengem Ausrutscher hunn ech mech ganz vill geschummt]

äerdeg [ˈɛ:ɐ̯dɛç] Adjektiv **1. DE** *lebhaft, aufgeweckt* • **FR** *éveillé, plein de vie* • **EN** *lively, full of life* • **PT** *vivo, cheio de vida* **Beispill** wat hutt Dir do en äerdegte Kand! **2. DE** *eifrig, fleißig, rührig* • **FR** *travailleur, dynamique* <Adverb *plein d'entrain*> • **EN** *eager, keen, diligent* <Adverb *diligently*> • **PT** *trabalhador, dinâmico* <Adverb *com aplicação*> **Beispiller** mat der Hëllef vun deenen zwee äerdege Kärele war d'Aarbecht an zwou Stonnen erleedegt; eis Theatertrupp huet äerdeg bis spéit an d'Nuecht geprouft **Synonymmen** äifereg, fläisseg

äerden [ˈɛ:ɐ̯dɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geäert) » **transitiv DE** *erden [ein Gerät]* • **FR** *mettre à la terre par un conducteur électrique* • **EN** *to earth* • **PT** *ligar à terra* **Beispill** aus Sécherheetsgrënn huet hien all seng elektresch Apparate geäert

Äerderwärmung Femininum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: Äerderwiermung

Äerderwiermung Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Äerderwärmung

Äerdgas [ˈɛ:ɐ̯tɡa:s] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Erdgas* • **FR** *gaz naturel* • **EN** *natural gas* • **PT** *gás natural* **Beispiller** seng Elteren hëtze mat Äerdgas; et gëtt Autoen, déi mat Äerdgas fueren

Äerdkolrab Femininum (Pluriel Äerdkolrab) - Variant vun ↗Äerdkolraf

Äerdkolraf Femininum (Pluriel Äerdkolrawen) **DE** *Steckrübe* • **FR** *chou-navet, rutabaga* • **EN** *swede* • **PT** *rutabaga* **Beispill** ech hunn d'Äerdkolrawe bis elo just gekacht giess, awer nach ni réi als Zalot

i Variant: Äerdkolrab

Äerdkugel [ˈɛ:ɐ̯tkuəʃ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Erdkugel* • **FR** *globe terrestre* • **EN** *terrestrial globe, Earth* • **PT** *globo terrestre* **Beispill** d'Äerdkugel dréit sech ëm hir eegen Achs

Äerdutsch [ˈɛ:ɐ̯trutʃ] Maskulinum (Pluriel Äerdutschen / Äerdutscher) **DE** *Erdutsch* • **FR** *glissement de terrain* • **EN** *landslide* • **PT** *deslizamento de terras* **Beispiller** d'Strooss ass vun engem Äerdutsch matgerappt ginn; Äerdutschen hunn an de Bierger vill

Schued ugericht

Äermchen [ˈɛ:ɐ̯mçən] Maskulinum (Pluriel Äermchen) - Diminutivform vun ↗Aarm **DE** *Schwimmflügel* • **FR** *brassard [de natation]* • **EN** *water wing, (inflatable) armband* • **PT** *bracadeira [de natação]* **Beispill** eist Klengt schwëmmt zënter Kuerzem ouni Äermchen

Aerobic [ɛ:R'obik] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Aerobic* • **FR** *aérobic* • **EN** *aerobics* • **PT** *aeróbica* **Beispill** ech maachen zweemol d'Woch Aerobic am Fitness-Zenter

Aerosol [a:ɛRɔ:s'ol] Maskulinum (Pluriel Aerosollen) **Physik** **DE** *Aerosol [Gemisch aus Schwebeteilchen]* • **FR** *aérosol [suspension de particules]* • **EN** *aerosol [airborne particles]* • **PT** *aerossol [suspensão de partículas]* **Beispill** d'Experte probéieren erauszefannen, ob de Krankheetserreeger sech iwwer Aerosolle verbreet

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Aerosol / Aerosol

Aerosol [ɛ:Rɔz'o:l] Maskulinum (Pluriel Aerosolen) - Variant vun ↗Aerosol

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Aerosol / Aerosol

äert [ɛ:ɛ̃t] Possessivpronomen » 2. Persoun Pluriel / Nominativ • Singulier / sächlech **1. DE** *euer, eures, das eure* • **FR** *votre, le vôtre, la vôtre* • **EN** *your, yours* • **PT** *vosso, vossa* **Beispiller** äert Haus huet eng schéi Fassad; eist Haus ass méi kleng ewéi äert » 2. Persoun Pluriel / Akkusativ • Singulier / sächlech **2. DE** *euer, eures, das eure* • **FR** *votre, le vôtre, la vôtre* • **EN** *your, yours* • **PT** *vosso, vossa* **Beispiller** äert Gejâiz héiert ee bis op d'Strooss!; ech hunn net den Noperen hiert Kand gemengt, mee äert

Äert [ɛ:ɛ̃t] Possessivpronomen » 2. Persoun Singulier, 2. Persoun Pluriel / Héiflechkeetsform / Nominativ • Singulier / sächlech **1. DE** *Ihr, Ihres, das Ihre* • **FR** *votre, le vôtre, la vôtre* • **EN** *your, yours* • **PT** *seu, sua* **Beispiller** Äert klengt Meedchen ass en Echt; säi Laache stécht net esou un ewéi Äert » 2. Persoun Singulier, 2. Persoun Pluriel / Héiflechkeetsform / Akkusativ • Singulier / sächlech **2. DE** *Ihr, Ihres, das Ihre* • **FR** *votre, le vôtre, la vôtre* • **EN** *your, yours* • **PT** *seu, sua* **Beispiller** dat do ass keng Entschëllegung fir Äert schlecht Behuelen!; ech hunn net deene Leit hiert Kand gemengt, mee Äert!

Äerz [ɛ:ɛ̃ts] Neutrum (Pluriel Äerzer) **DE** *Erz* • **FR** *minéral* • **EN** *ore* • **PT** *minério* **Beispill** fréier gouf am Süde vum Land Äerz ofgebaut

Äerzbëschof [ˈɛ:ɛ̃tsbøʃɔ:f] Maskulinum (Pluriel Äerzbëscheef) **DE** *Erzbischof* • **FR** *archevêque* • **EN** *archbishop* • **PT** *arcebispo* **Beispill** den Äerzbëschof huet d'Kanner an der Cathedral gefirmt

Äerzengel [ˈɛ:ɛ̃dʒæŋɐʃ] Maskulinum (Pluriel Äerzengelen) **DE** *Erzengel* • **FR** *archange* • **EN** *archangel* • **PT** *arcanjo* **Beispill** d'Äerzengelen stinn iwwer den Engelen

Aessen [ˈɛ:sən] Eegennumm **DE** *Aessen* • **FR** *Aessen* • **EN** *Aessen* • **PT** *Aessen* **Beispiller** ech wunnen op Aessen; fiert dëse Bus op Aessen?

Af [a:f] Maskulinum (Pluriel Afen) DE Affe • FR *singe* • EN *monkey, ape* • PT *macaco* [primata] **Beispiller** kuck emol, wéi deen Af seng Banann esou geschécklech schielt!; deen agebilten Af wollt fir d'éischt zerwéiert ginn! [égs] [deem agebilte Ménsch wollt fir d'éischt zerwéiert ginn!]; dat Meedchen do, dat ass nach laang keen Af! [égs] [dat Meedchen do, dat ass nawell e Flott!]; de Fotograf hat gläich en Af un deem fotogeene Modell gefriess [égs] [de Fotograf war gläich vun deem fotogeene Modell begeeschtert]; léier keen alen Af Grimasse schneiden! [égs]; léier keen alen Af Konschte maachen! [égs] [probéier net, en erfuerene Ménsch ze beléieren!]; een Af mécht der honnert [égs] [wann een Dommheete mécht, maachen anerer se dacks no]

Afaart ['afa:rt] Femininum (Pluriel Afaarten) DE *Zufahrt, Einfahrt* • FR *accès, entrée* [pour véhicules] • EN *entrance* • PT *acesso, entrada* [para veiculos] **Beispiller** d'Afaart fir an de Parking ass bei Héichwaasser gespaart; de Camion kënnt net duerch déi schmuel Afaart an den Haif **Synonym** Entrée

afalen ['afa:lən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé agefall) » **intransitiv** 1. DE *einfallen, einstürzen* • FR *s'écrouler* [s'abattre] • EN *to collapse* [building, structure] • PT *aluir, desmoronar-se* **Beispiller** den Daach vun deem alen Haus ass gëschter agefall; den Tunnel muss renovéiert ginn, soss riskéiert en anzefalen **Synonym** abriechen 2. DE *einfallen* [Gedanke] • FR *venir à l'esprit* • EN *to occur* [to come to mind] • PT *ocorrer, vir à ideia* **Beispiller** mir fällt am Ament kee bessert Wuert an; et ass mir elo grad agefall, datt ech nach muss akafe goen; dat géif mir am Dram net afalen! [égs]; dat géif mir ni afalen! [égs] [dat géif ech ni maachen!]; mir mussen eis eng (Iddi) afale loossen; mir mussen eis eppes afale loossen [mir mussen eng Léisung fannen] **Synonym** bäfalen

afänken ['afæŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agefaangen / agefaang) » **transitiv** 1. DE *einfangen* [ein Tier] • FR *rattraper, ramener* [un animal] • EN *to catch* [an animal] • PT *apanhar* [um animal] **Beispill** d'Bauere wëllen déi ausgebrache Ranner nees afänken 2. DE *einfangen, darstellen* [einen Eindruck] • FR *représenter* [exprimer] • EN *to capture* • PT *representar* [exprimir] **Beispill** de Moler huet d'Hierschatmosphär gutt agefaangen

afannen ['afanən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé afonnt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

afeg ['a:fəç] Adjektiv [égs] DE *lächerlich, auffällig* • FR *ridicule, affecté* <Adverb *ridiculement, de manière affectée*> • EN *ridiculous, affected, ostentatious* <Adverb *ridiculously, affectedly, ostentatiously*> • PT *ridículo, afetado* <Adverb *ridiculamente, afetadamente*> **Beispiller** esou eng afeg Persoun hunn ech nach ni gesinn!; du gees mir net esou afeg gekleet aus dem Haus!

aféieren ['afɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageféiert / agefouert) » **transitiv** 1. DE *einführen* [den Gebrauch] • FR *instaurer, introduire* • EN *to introduce* [to establish] • PT *introduzir, instaurar* **Beispill** déi nei Methode sollen och an de Lëtzebuurger Schoulen ageféiert ginn 2. DE *einführen* [vertraut machen] • FR *initier* [à des connaissances] • EN *to introduce, to initiate*

[to acquaint with] • PT *iniciar* [em conhecimentos] **Beispill** dat ass de Professor, dee mech an d'Literatur ageféiert huet 3. DE *einführen* [hineinschieben] • FR *introduire* [insérer, faire pénétrer] • EN *to introduce, to insert* • PT *introduzir* [insérer, fazer penetrar] **Beispill** d'Doktesch huet d'Sonde ganz virsiichteg an de Mo ageféiert

Aféierung ['afɛiəɾuŋ] Femininum (Pluriel <seelen> Aféierungen) 1. DE *Einführung, Verbreitung* • FR *introduction, diffusion* [d'une nouveauté] • EN *introduction, spread* [of something new] • PT *introdução, difusão* [de uma novidade] **Beispill** duerch d'Aféierung vum Computer huet d'Bürosaarbecht sech staark verännert 2. DE *Einführung, Einleitung* • FR *introduction, initiation* • EN *introduction* [initiation] • PT *introdução, iniciação* **Beispill** dëst Buch ass eng gutt Aféierung an déi schweier Matière **Synonym** Initiatioun

afëllen ['afələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agefëllt) » **transitiv** DE *abfüllen* • FR *mettre en bouteilles* • EN *to bottle* [a liquid] • PT *engarrafar* **Beispill** gëschter huet de Wënzer de Wäin agefëllt

afen ['a:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geaaft) » **intransitiv** [pejorativ] DE *gaffen* • FR *regarder* [avec une curiosité malsaine] • EN *to gape at* • PT *olhar* [com uma curiosidade malsã] **Beispill** wat gëtt et dobaussen ze afen?

i Verb, dat **afen** als Basis huet: ↗noafen

Afenhëtz ['a:fənhətst] Femininum (kee Pluriel) [égs] DE *Affenhitze* • FR *chaleur accablante* • EN *scorching heat, scorcher* • PT *calor abrasador* **Beispill** si sinn trotz der Afenhëtz eraus Vëlo fuere gaangen

Afennoss ['a:fənos] Femininum (Pluriel Afennëss) DE *Erdnuss* • FR *cacahouète* • EN *peanut* • PT *amendoim* [sementel] **Beispill** beim Aperitif goufen Afennëss zerwéiert **Synonym** Kakuett

Afepouken Substantiv (kee Singulier) DE *Affenpocken* • FR *variole du singe* • EN *monkeypox* • PT *variola dos macacos* **Beispill** d'Afepouke ginn iwwer d'Schläimhaut iwwerdroen

afetten ['afætən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agefett) » **transitiv** DE *ein fetten, einölen, schmieren* • FR *huiler, graisser* • EN *to grease* • PT *untar, olear, ensebar* **Beispiller** hues de d'Kuchepan schonn agefett?; du muss deng Vëlosketten nach afetten; well schlecht Wieder gemellt ass, hunn ech meng Wanderschong agefett **Synonym** schmieren

Affaire [af'ɛ:r] Femininum (Pluriel Affairen) - Variant vun ↗Affär

Affär [af'ɛ:r] Femininum (Pluriel Affären) 1. DE *Affäre, Sache, Angelegenheit* • FR *affaire* [situation délicate] • EN *business* [affair, event] • PT *caso* [situação delicada] **Beispiller** eise Portier ass an eng lusch Affär eragezu ginn; dat ass keng Affär! [égs] [dat ass kee Problem!]; dat heite mécht d'Affär [égs] [heimat kënne mer eis zäitweileg zefridde ginn]; dat ass eng Affär vun enger Minutt [égs] [dat geet séier] **Synonym** Geschicht 2. DE *Affäre, Verhältnis* • FR *liaison* [amoureuse] • EN *affair* [love affair] • PT *relação* [amorosa], *caso* **Beispill** mäi Monni huet eng Affär mat enger bestueter Fra **Synonym** Verhältnis 3. DE *Fall, Rechtsfall* • FR *affaire* [judiciaire] • EN

case [legal] • **PT** caso [judicial] **Beispill** hei am Land huet e Riichter iwwer 200 Affären d'Joer ze behandelen **Synonym** Gerichtsaffär **4. DE** Geschäft, Handel • **FR** affaire [transaction commerciale] • **EN** deal, business • **PT** negócio [transação comercial] **Beispiller** ech hunn haut eng gutt Affär gemaach; hien huet iwwerhaapt keng Anung vun den Affären **Synonym** Geschäft **5.** (kee Singular) **DE** Sachen, Gegenstände • **FR** affaires, objets • **EN** things, belongings • **PT** coisas, objetos, pertences **Beispill** ech raume meng Affären nach ewech **Synonym** Saachen

Äffchen ['æfçən] Maskulinum (Pluriel Äffercher) - Diminutivform vun ↗Af

Affectatioun [afæktasj'əʊn] Femininum (Pluriel Affectatiounen) - Variant vun ↗Affectatioun

affectéieren [afækt'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé affectéiert) - Variant vun ↗afektéieren

Affekot [afək'o:t] Maskulinum (Pluriel Affekoten) **DE** Rechtsanwalt • **FR** avocat [auxiliaire de justice] • **EN** lawyer, solicitor • **PT** advogado [profissional de advocacia] **Beispiller** den Affekot verteidegt säi Client viru Gericht; ech muss mer en Affekot huelen, well ech eleng net aus där Affär erauskommen

1 Weiblech Form: ↗Affekotin

Affekotin [afək'o:tin] Femininum (Pluriel Affekotinnen) **DE** Rechtsanwältin • **FR** avocate • **EN** lawyer, solicitor [female] • **PT** advogada [profissional de advocacia] **Beispill** d'Affekotin huet hire Client gutt beroden

1 Männlech Form: ↗Affekot

Affekt [af'ækt] Maskulinum am Affekt **DE** im Affekt • **FR** sous le coup d'une émotion • **EN** in the heat of the moment • **PT** sob influência de uma emoção **Beispill** hien huet seng Frëndin am Affekt erschoss

Affektatioun [afæktasj'əʊn] Femininum (Pluriel Affectatiounen) **1. DE** Bestimmung, Verwendungszweck • **FR** affectation [utilisation, emploi prévu] • **EN** purpose [use] • **PT** afetação [aplicação, uso previsto] **Beispill** d'Gebai gëtt renovéiert a kritt eng nei Affectatioun **2. DE** Anstellung [Stelle] • **FR** emploi [embauche] • **EN** post [job] • **PT** afetação, emprego **Beispill** ech kréien eng Affectatioun bei der Gemeng

afektéieren [afækt'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé affectéiert) » **transitiv 1. DE** auf einen Posten berufen, auf einen Posten versetzen • **FR** affecter [nommer] • **EN** to post [to nominate] • **PT** afetar [designar, nomear] **Beispill** well hien am Süde wunnt, gouf en och dohin affectéiert **2. DE** zuweisen, bereitstellen [Geld] • **FR** affecter [une somme d'argent] • **EN** to assign • **PT** afetar [uma verbal] **Beispill** fir deen neien Educatiounsprojet goufen héich Kreditter affectéiert

Affer ['afɛ] Neutrum (Pluriel Affer) **DE** Opfer [Person] • **FR** victime [personne tourmentée, tuée] • **EN** victim • **PT** vítima **Beispiller** d'Gemeng huet e Gedenkstee fir d'Affer vun der Katastroph operriicht; vill jonk Leit ginn d'Affer vun der Autosaccidenter **Synonym** Victime

1 Variant: Opfer

Affer ['afɛ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Opfergeld • **FR** offrande • **EN** offertory, collection [in church] • **PT** oferenda **Beispiller** de Paschtouer hat haut en décken Affer; d'Massendénger hiewen den Affer op

afferen ['afɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geaffert) » **transitiv 1. DE** opfern [zum Opfer bringen] • **FR** sacrifier [offrir en sacrifice] • **EN** to sacrifice [as an offering to a deity] • **PT** sacrificar [oferecer em sacrificio] **Beispiller** frëier goufen Déieren a Mënsche geaffert; wa kee sech mell, dann afferen ech mech alt!

égs [wa kee sech mell, da maachen ech alt dat, wat keen anere wëllt maachen!] **Synonym** opferen **2. DE** opfern [verzichten auf] • **FR** sacrifier [négliger, abandonner pour une cause] • **EN** to sacrifice [to give up selflessly] • **PT** sacrificar [negligenciar, abandonar para certo fim] **Beispill** wiers du bereet, deng Fräizäit dofir ze afferen? **Synonym** opferen » **intransitiv 3. DE** Geld spenden [beim Opfergang] • **FR** donner l'aumône [lors de la quête] • **EN** to give money [in church] • **PT** dar esmola [durante o peditério] **Beispill** hues du Mënz, fir an der Mass ze afferen?

Afferstack ['afɛʃtak] Maskulinum (Pluriel Afferstäck) **DE** Opferstock • **FR** tronc [des pauvres] • **EN** offertory box • **PT** caixa de esmolas **Beispiller** ech geheien e Grapp Mënz an den Afferstack; an deene meeschte Kierchen a Kapelle stinn Afferstäck

Affichage [afj'a:] Maskulinum (Pluriel Affichagen) **DE** Plakatieren • **FR** affichage [pose d'affiches] • **EN** putting up [of a poster] • **PT** afixação **Beispill** an de Butteker fänkt den Affichage vun de Solden un; op dëser Mauer ass all Affichage verbueden

Affiche [af'i:] Femininum (Pluriel Affichen) **DE** Plakat • **FR** affiche • **EN** poster • **PT** cartaz **Beispill** hie sammelt original Affichen aus den Drëssegerjoren **Synonym** Plakat

affichéieren [afj'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé affichéiert) » **transitiv 1. DE** anschlagen, aushängen • **FR** afficher, placarder • **EN** to put up [to publish] • **PT** afixar [um aviso, um cartaz] **Beispiller** d'Resultater vum Premièresexame gi muer affichéiert; d'Verkeefere hunn déi erofgesate Präisser nach net affichéiert **2. DE** anzeigen [auf dem Bildschirm] • **FR** afficher [à l'écran] • **EN** to display [on a screen] • **PT** visualizar [num ecrã] **Beispill** d'Resultater ginn um Ecran affichéiert **Synonym** uweisen

Affiliatioun [afiljasj'əʊn] Femininum (Pluriel Affiliatiounen) **DE** Zugehörigkeit, Mitgliedschaft • **FR** affiliation • **EN** affiliation [membership] • **PT** inscrição [como membro], filiação [admissão] **Beispill** d'Affiliatioun bei enger Krankekeess ass obligatoresch **Synonym** Membership

affiliéieren [afilj'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé affiliéiert) » **reflexiv DE** Mitglied werden • **FR** s'affilier • **EN** to become member of • **PT** filiar-se [tornar-se membro] **Beispill** hien huet sech bei der Krankekeess affiliéiert

affinéieren [afin'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé affinéiert)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Affinitéit [afinit'zɪt] Femininum (Pluriel Affinitéiten) DE *Affinität* [Sympathie] • FR *affinité* [sympathie] • EN *affinity, similarity* • PT *afinidade* [simpatia] **Beispill** si sinn net eens gi mateneen, well se keng Affinitéiten haten

Affirmatioun [afirmasj'əʊn] Femininum (Pluriel Affirmatiounen) DE *Behauptung* [Aussage] • FR *affirmation* [assertion] • EN *allegation, affirmation* • PT *afirmação* [asserção] **Beispiller** dat ass eng Affirmatioun, déi schlémm Konsequenze kann hunn; a sengen Affirmatiounen iwwer dës Affär bezitt hien sech op Tatsaachen **Synonymmen** Ausso, Behauptung

affirméieren [afirm'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé affirméiert) » **transitiv** DE *behaupten* [betuern] • FR *affirmer* [avancer] • EN *to allege, to affirm* • PT *afirmar* [assegurar] **Beispill** ech affirméieren näischt Falsches, wann ech dat soen **Synonym** behaupten

Affix ['afiks] Maskulinum (Pluriel Affixen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Affrikat [afrik'a:t] Femininum (Pluriel Affrikaten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Affront [af'r'ont] Maskulinum (Pluriel Affronten / Affronter) DE *Affront* • FR *affront* • EN *affront* • PT *afronta* **Beispiller** et ass en Affront vis-à-vis vun dengem Elteren, datt s de se net op deng Hochzäit invitéiers!; esou en Affront ass mir nach ni geschitt!

affrontéiert [afront'zɪet] Adjektiv DE *unverschämt, schamlos* • FR *effronté* <Adverb *effrontément*> • EN *brazen, shameless* <Adverb *brazenly, shamelessly*> • PT *descarado* <Adverb *com descaramento*> **Beispiller** säin affrontéiert Behuelen huet muncheree schockéiert; dee Frechdachs huet mech ganz affrontéiert gekuckt **Synonymmen** onverschimmt, impertinent

Afghan [afg'a:n] Maskulinum (Pluriel Afghanen) DE *Afghane* • FR *Afghan* • EN *Afghan* • PT *afegão* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Afghan

afghanesch [afg'a:nəʃ] Adjektiv DE *afghanisch* • FR *afghan* • EN *Afghan* • PT *afegão* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi afghanesch Kultur kenne geléiert

Afghanin [afg'a:nin] Femininum (Pluriel Afghaninnen) DE *Afghanin* • FR *Afghane* • EN *Afghan* [female] • PT *afegã* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Afghanin

Afghanistan [afg'a:nista:n] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum DE *Afghanistan* • FR *Afghanistan* • EN *Afghanistan* • PT *Afeganistão* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Afghanistan; ech fueren d'nächst Woch an den Afghanistan; ech kommen aus dem Afghanistan; ech war schonn dräimol an Afghanistan; ech fueren d'nächst Woch an Afghanistan; ech kommen aus Afghanistan

i männlech Persoun: ↗Afghan weiblech Persoun: ↗Afghanin Adjektiv: ↗afghanesch Haaptstad: ↗Kabul

afterwen ['af:ɣvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agefierft)

i Hei entsteet en neien Artikel.

afillsam ['afilza:m] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

afléien ['afli:ɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageflunn)

i Hei entsteet en neien Artikel.

afléissen ['afli:ɪsən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé agefloss)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Afloss ['aflos] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE *Einfluss* [Macht] • FR *influence* [pouvoir] • EN *influence* [power] • PT *influência* [poder] **Beispill** als Member vum Verwaltungsrat huet säi Papp vill Afloss an der Firma **Synonym** Pouvoir **2.** (Pluriel Aflëss) DE *Einfluss* [Einwirkung] • FR *influence* [effet, emprise] • EN *influence* [effect] • PT *influência* [efeito] **Beispiller** de Mound huet Afloss op d'Stréimung vum Mier; de jonke Chauffer krut säi Führerschäin ofgeholl, well en ënner dem Afloss vun Droge mam Auto gefuer war **Synonym** Influenz

afréieren ['afri:ɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agefruer) » **transitiv 1.** DE *einfrieren, tiefgefrieren* • FR *congeler, surgeler* • EN *to freeze* [to preserve at low temperature] • PT *congelar* [por ação do frio] **Beispill** meng Mamm fréiert d'Geméis aus dem Gaart direkt nom Plécken an **2.** DE *einfrieren* [blockieren, sperren] • FR *geler* [bloquer] • EN *to freeze* [to block] • PT *congelar* [bloquear] **Beispill** d'Subside vun de Gemenge sinn zäitweileg agefruer ginn

afriessen ['afri:əsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agefriess) » **reflexiv** sech afriessen an DE *sich einfressen in* • FR *attaquer* [par un processus chimique] • EN *to eat into* • PT *atacar, corroer* **Beispill** de Rascht huet sech an de Blech agefriess

Afrika ['a:frika:] Eegennumm, Neutrum DE *Afrika* • FR *Afrique* • EN *Africa* • PT *África* **Beispiller** eis Entreprise huet Partner a ganz Afrika; ech war schonn dräimol an Afrika; ech fueren d'nächst Woch an Afrika; ech kommen aus Afrika

i männlech Persoun: ↗Afrikaner weiblech Persoun: ↗Afrikanerin Adjektiv: ↗afrikanesch

Afrikaner [afrik'a:nə] Maskulinum (Pluriel Afrikaner) DE *Afrikaner* • FR *Africain* • EN *African* • PT *africano* **Beispill** de Weltmeeschter am Héichsprong ass den Ament en Afrikaner

Afrikanerin [afrik'a:nərin] Femininum (Pluriel Afrikanerinnen) DE *Afrikanerin* • FR *Africaine* • EN *African* [female] • PT *africana* **Beispill** d'Weltmeeschterin am Héichsprong ass den Ament eng Afrikanerin

afrikanesch [afrik'a:nəʃ] Adjektiv DE *afrikanisch* • FR *africain* • EN *African* • PT *africano* **Beispill** um afrikanesche Kontinent gëtt et vill verschide Sproochefamilien

Afrikanesche Peelikan [afrik'a:nəʃəp'e:lika:n] Maskulinum (Pluriel Afrikanesch Peelikanen) *Pelecanus rufescens* DE *Rötelpelikan* • FR *pélican gris* • EN *pink-backed pelican* • PT *pelicano-rosado* **Beispill** wéi laang bréien d'Afrikanesch Peelikanen?

Afrikanesche Pelikan [afrik'a:nəʃəp'e:lika:n] Maskulinum (Pluriel Afrikanesch Pelikanen) *Pelecanus rufescens* - Variant vun ↗Afrikanesche Peelikan

After [ˈaftə] Maskulinum (Pluriel Afteren) **DE** After • **FR** anus • **EN** anus • **PT** ânus **Beispill** Hämorrhoidale kann ee bannen a bausen vum After hunn **Synonym** Anus

Aftershave [ˈa:ftʃɛʃɪf] Maskulinum (Pluriel Aftershaven) **DE** Aftershave • **FR** after-shave • **EN** aftershave • **PT** loção de barbear, aftershave **Beispill** deem Mann säin Aftershave richt net iwwell!

afuerderen [ˈafu:ɐ̯dərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agefuerdert)

i Hei entstee en neien Artikel.

afügen [ˈafy:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agefüügt) » **transitiv** **DE** einfügen • **FR** insérer [ajouter] • **EN** to add, to include • **PT** inserir [acrescentar] **Beispill** den Auteur huet en neit Kapitel a säi Buch agefüügt

Agang [ˈaɡaŋ] Maskulinum (Pluriel Agäng) **DE** Eingang [Eingangsbereich] • **FR** entrée [lieu d'accès] • **EN** entrance • **PT** entrada [lugar de acesso] **Beispill** iwwer dem Agang vum Hotel houg eng grouss Auer **Synonym** Entrée

i Variant: Agank

Agank [ˈaɡaŋk] Maskulinum (Pluriel Agäng) - Variant vun ↗Agang

agebilt [ˈagəbilt] Adjektiv **DE** eingebildet • **FR** vaniteux, imbu de sa personne • **EN** conceited, self-important • **PT** presunçoso, convencido **Beispill** deen agebilte Mënsch huet eis net emol bekuckt! **Synonymmen** arrogant, iwwerhieflsch

i „agebilt“ kann och de Participe passé vum Verb ↗abilden sinn.

ageheien [ˈagəhaɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageheit / agehäit) » **transitiv** **1. DE** einwerfen [einen Brief, eine Münze] • **FR** poster [une lettre], insérer [une pièce de monnaie] • **EN** to post [a letter], to insert [a coin] • **PT** pôr no correio [uma carta], introduzir [uma moeda] **Beispiller** ech muss d'Bréiwer den Owend nach ageheien; fir hei kënnen ze parken, muss mer e puer Mënzen ageheien; hues de schonn (Mënz) agehäit? **Synonym** awerfen **2. DE** einwerfen [zertrümmern] • **FR** casser, briser [par le jet d'un projectile] • **EN** to break [by throwing something] • **PT** partir, quebrar [por arremesso de um projétil] **Beispill** d'Bouwen hu mam Ball d'Kellerfënster agehäit **Synonymmen** aschéissen, awerfen **3. DE** einwerfen [einen Ball] • **FR** remettre en jeu [la balle] • **EN** to throw in [a ball] • **PT** voltar a pôr em jogo [a bola] **Beispill** d'Spillerin vun der Lokalekip gehäit de Ball an **Synonym** awerfen

ageholl [ˈagəhol] Adjektiv ageholl si vun **DE** eingenommen sein von • **FR** apprécier, être impressionné par • **EN** to be taken with, to admire • **PT** apreciar, estar entusiasmado com **Beispiller** d'Schwéiermamm ass ganz ageholl vun hirer neier Schnauer; hien ass vu sech ageholl [hien ass agebilt]; ech si guer net ageholl vun denger Iddi [ech fannen deng Iddi net gutt]

i „ageholl“ kann och de Participe passé vum Verb ↗anhuelen sinn.

agéieren [aʒˈziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agéiert) » **intransitiv** **DE** handeln [tätig werden, tätig sein] • **FR** agir [entrer en action, être en action] • **EN** to act • **PT** agir [entrar em ação] **Beispiller** an dëser

Affär muss séier agéiert ginn; d'Affekotin agéiert fir de Kont vun enger grousser internationaler Firma **Synonym** handelen

Agemaachtes [ˈagəma:χtəs] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Eingemachte(s), Einkochte(s) • **FR** aliments en bo-caux • **EN** preserves [preserved, pickled, bottled food] • **PT** alimentos em frascos, conservas **Beispill** meng Bomi huet an hirer Spënnche vill Agemaachtes stoen

Agence [aʒˈɑ̃:s] Femininum (Pluriel Agencen) **1. DE** Filiale, Zweigstelle, Niederlassung • **FR** agence [succursale] • **EN** branch [office] • **PT** agência [sucursal] **Beispiller** d'Bank huet hien als Gerant vun der Agence op der Gare nominéiert; d'Agencë vun der Assurance hunn all Dag ausser sonndes op; ech ginn den Owend mat der Agence iessen [ech ginn den Owend mat den Aarbechtskolleegen aus der Agence iessen] **2. DE** Agentur [Vermittlungsagentur] • **FR** agence [intermédiaire] **Beispiller** d'Pianistin gëtt vun enger bekannter Agence vertrueden; meng Schwëster huet hiert Appartement iwwer eng Agence verkaaft; ech hu mäi Mann iwwer eng Agence kenne geléiert **3. DE** Institut, Agentur, Behörde • **FR** agence [organisme administratif] • **EN** agency [official department] • **PT** agência [organismo administrativo] **Beispiller** d'Regierung huet hir nei Agence fir Entwécklungshëllef virgestallt; d'Agence fir Liewensmëttelsécherheet huet viru Salmonellen an de Jugurte vun enger bestëmmter Mark gewarnt

Agence de voyage Femininum (Pluriel Agence-de-voyagen) **DE** Reisebüro • **FR** agence de voyage • **EN** travel agent, travel agency • **PT** agência de viagens **Beispiller** eis Agence de voyage offereiert fir d'Vakanz aacht nei Destinatiounen; d'nächst Joer buche mer eis Vakanz nees iwwer eng Agence de voyage **Synonymmen** Reesagence, Reesbüro

agencéieren [aʒɑ̃ːsˈziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agencéiert)

i Hei entstee en neien Artikel.

Agence immobilière Femininum (Pluriel Agence-immobilières) **1. DE** Immobilienmaklerbüro [Unternehmen] • **FR** agence immobilière [société] **Beispill** meng Schwëster huet hiert Appartement iwwer eng Agence immobilière verkaaft **Synonymmen** Immobilienagence, Immobilière **2. DE** Immobilienmaklerbüro [Geschäftsstelle] • **FR** agence immobilière [local] **Beispill** wann ech laansch d'Agence immobilière trëppelen, kucken ech ëmmer d'Präisser vun den Appartemen-ter an der Fënster **Synonymmen** Immobilienagence, Immobilière

Agenda [aʒˈændɑ:] Maskulinum/Femininum (Pluriel Agendaen) **DE** Agenda, Terminkalender • **FR** agenda [organiseur] • **EN** diary • **PT** agenda [livro, dispositivo] **Beispiller** ech schreiwen deen Datum direkt a mäin Agenda; a menger elektronischer Agenda si 50 Adresse gespäichert; d'Ministesesch huet eng chargéiert Agenda [d'Ministesesch huet e chargéierte Programm] **Synonym** Calepin

Agent [aʒˈænt] Maskulinum (Pluriel Agenten) **1. DE** Agent, Vertreter, Makler • **FR** agent [représentant] • **EN** agent [for insurance, for property] • **PT** agente [representante] **Beispiller** ech muss dem Agent vu menger As-

surance nach uruffen; den **Agent** huet endlech eng Wunneng fir mech fonnt **2. DE** *Agent, Geheimagent* • **FR** *agent secret* • **EN** *secret agent* • **PT** *agente secreto* **Beispill** den **Agent** ass a geheimer Missioun ënnerwee **Synonym** Spioun **3. DE** *Polizeibeamter* • **FR** *agent de police* • **EN** *police officer* • **PT** *agente de policia* **Beispill** et waren zwee **Agenten** op der Plaz vum Accident

1 Weiblech Form: **Agentin**

Agente municipale Femininum (Pluriel **Agente-municipallen**) - weiblech Form vun **Agente municipal**

Agentin [aʒ'æntin] Femininum (Pluriel **Agentinnen**) **1. DE** *Agentin, Vertreterin, Maklerin* • **FR** *agente [représentante]* • **EN** *agent [female representative]* • **PT** *agente [mulher representante]* **2. DE** *Agentin, Geheimagentin* • **FR** *agente secrète* • **EN** *secret agent [female]* • **PT** *agente secreta* **Synonym** Spiounin **3. DE** *Polizeibeamtin* • **FR** *agente de police* • **EN** *police officer [female]* • **PT** *agente de policia [mulher]*

1 Männlech Form: **Agent**

Agent municipal Maskulinum (Pluriel **Agent-municipallen**)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

ageschneit [ˈaɡəʃnaɪt] Adjektiv **DE** *eingeschneit* • **FR** *enneigé* • **EN** *snowed in* • **PT** *nevado, coberto de neve* **Beispiller** ech hunn den **ageschneiten** Auto fräigeschëppt; meng Mamm war gëschter an hirem Weekendhaischen **ageschneit** [meng Mamm ass weinst dem Schnéi gëschter net aus hirem Weekendhaischen erauskomm]

ageschriwwen [ˈaɡəʃrɪvən] Adjektiv **1. DE** *eingeschrieben, eingetragen* • **FR** *inscrit [enregistré]* • **EN** *registered [enrolled]* • **PT** *inscrito [registrado]* **Beispiller** déi **ageschriwwen** Membere vum Club hu gewësse Vird-eeler; ech sinn zënter dräi Méint an engem Danzcours **ageschriwwen** a war nach net eemol dohin! **2. ageschriwwene** Bréif **DE** *eingeschriebener Brief* • **FR** *lettre recommandée* • **EN** *registered letter* • **PT** *carta registada* **Beispill** mir kruten en **ageschriwwene** Bréif vun der Bank **Synonym** **Recommandé**

1 „ageschriwwen“ kann och de Participe passé vum Verb **aschreiwen** sinn.

agesinn [ˈaɡəzɪn] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **agesinn**) » **transitiv 1. DE** *einsehen, begreifen* • **FR** *comprendre, saisir [mentalement]* • **EN** *to realize, to understand* • **PT** *compreender, perceber, entender* **Beispill** ech **gesinn** absolut net **an**, firwat ech muss mat op dat Begriefnes goen! **Synonym** **begräifen** **2. DE** *einsehen, zugestehen* • **FR** *reconnaitre [avouer, admettre]* • **EN** *to admit, to acknowledge* • **PT** *reconhecer [confessar, admitir]* **Beispill** ech **gesinn** **an**, **datt** ech mech **an** deem Punkt geiert hat **Synonym** **zouginn**

Ageständnes [ˈaɡəʃtæntnəs] Neutrum (Pluriel **Ageständnesser**) **DE** *Eingeständnis* • **FR** *aveu* • **EN** *confession* • **PT** *confissão, reconhecimento* **Beispiller** sengem eegenen **Ageständnes** no huet hien d'Sue geklaut; hiert komescht Behuelen ass dach schonn en **Ageständnes**! [hiert komescht Behuelen eleng weist, **datt** se sech eppes virzwerfen **hunn**]

1 Variant: **Ageständnis**

Ageständnis [ˈaɡəʃtæntnis] Neutrum (Pluriel **Ageständnisser**) - Variant vun **Ageständnes**

agestoen [ˈaɡəʃtoːən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **agestanen** / **agestan**) » **transitiv DE** *eingestehen* • **FR** *admettre [reconnaître]* • **EN** *to confess, to admit* • **PT** *confessar, admitir* **Beispiller** ech gesti meng **Feeler** **an**; de Schüler **huet** schlussendlech **agestanen**, **datt** e bei sengem Noper ofgeschriwwen hat; hatt wollt sech seng Schwächten net **agestoen** [hatt wollt net akzeptéieren, **datt** et Schwächten **huet**]

Agglomeratioun [aɡlomerasi'øʊn] Femininum (Pluriel **Agglomeratiounen**) **DE** *Ballungsgebiet* • **FR** *agglomération* • **EN** *built-up area, urban agglomeration* • **PT** *aglomeração urbana* **Beispiller** d'**Agglomeratioun** ronderëm d'**Stad** Lëtzebuerg wiisst vu **Joer** zu **Joer**; d'**Agglomeratiounen** erwidere sech duerch d'**Zesummewuesse** vu **Gemengen**

aggravéieren [aɡɾav'ziəɾən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **aggravéiert**)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

aggresséieren [aɡɾæs'ziəɾən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **aggresséiert**) » **transitiv 1. DE** *angreifen [körperlich]* • **FR** *agresser [physiquement]* • **EN** *to attack [physically]* • **PT** *agredir [físicamente]* **Beispill** de **Mann** gouf mat engem **Messer** **aggresséiert** an uerg verwonnt **Synonymen** **attackéieren**, **ugräifen** **2. DE** *angreifen [verbal]* • **FR** *agresser [verbalement]* • **EN** *to attack [verbally]* • **PT** *agredir [verbalmente]* **Beispill** op der leschter **Generalversammlung** **huet** e **Member** de **President** stänneg **aggresséiert** **Synonymen** **attackéieren**, **ugräifen** **3. DE** *angreifen [fremdes Staatsgebiet]* • **FR** *agresser [un État]* • **EN** *to attack [foreign state]* • **PT** *agredir [um Estado]* **Beispill** **dat** **klengt** **Land** ass **an** senger **Geschicht** schonn **dacks** **aggresséiert** **ginn**

Aggressioun [aɡɾæsi'øʊn] Femininum (Pluriel **Aggressiounen**) **1. DE** *Überfall [auf eine Person]* • **FR** *agression [attaque]* • **EN** *attack, assault [on a person]* • **PT** *agressão [ataque, assalto]* **Beispill** no der **Aggressioun** konnt de **Schëllege** vun der **Police** festgehall **ginn** **Synonym** **Iwwerfall** **2. DE** *Aggression [Gewaltbereitschaft]* • **FR** *agression [disposition à la violence]* • **EN** *aggression [aggressive attitude]* • **PT** *agressão [disposição violenta]* **Beispill** säi **Mësserfolleg** **huet** **Aggressiounen** bei him **provozéiert** **3. DE** *Aggression [auf fremdes Staatsgebiet]* • **FR** *agression [contre un État]* • **EN** *aggression [military, territorial]* • **PT** *agressão [contra um Estado]* **Beispill** **dat** **Land** **huet** sech scho **géint** vill **Aggressiounen** misse **wieren**

aggressiv [aɡɾæs'iːf] Adjektiv **1. DE** *aggressiv [gewaltbereit]* • **FR** *agressif [menaçant]* <Adverb *aggressivement*> • **EN** *aggressive [pugnacious]* <Adverb *aggressively*> • **PT** *agressivo [hostil, ameaçador]* <Adverb *agressivamente*> **Beispiller** säin **aggressiivt** **Behuele** mécht eis **Suer**gen; vum **Alkohol** gëtt hien **onheemlech** **aggressiv**; ech kréien ëmmer nëmmen **aggressiv** op meng **Froe** geäntwert **Synonym** **ugréffeg** **2. DE** *aggressiv, rücksichtslos* • **FR** *agressif, sans égards* <Adverb *aggressivement*> • **EN** *aggressive [reckless]* <Adverb *aggressively, recklessly*> • **PT** *agressivo [temerário, imprudente]* <Adverb *agressivamente*> **Beispiller** d'**Police** **huet** gëschter **Owend** en **aggressive** **Chauffer** **ugehalen**; **du** **fiers** **en**

ze vill **aggressiv** **Synonym** rabiat **3.** **DE** *aggressiv, grell* • **FR** *agressif, criard* • **EN** *aggressive [garish]* • **PT** *agressivo, berrante* **Beispill** an den Achtzeigerjore waren déi **aggressiv** Faarwe modern **4.** **DE** *aggressiv [dynamisch, expansiv]* • **FR** *agressif [dynamique, efficace]* • **EN** *aggressive [dynamic, forceful]* • **PT** *agressivo [dinâmico, eficaz]* **Beispill** si hunn eng **aggressiv** Verkafspolitik

Aggressivitéit [ɑgræsivitéit] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Aggressivität [Charaktereigenschaft]* • **FR** *agressivité* • **EN** *aggressiveness, aggressivity [violent disposition]* • **PT** *agressividade* **Beispill** ech reagéiere meng **Aggressivitéit** duerch Boxen of

aginn ['agin] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé aginn) » **transitiv 1.** **DE** *einflößen, verabreichen [eine Arznei]* • **FR** *administrer, faire prendre [un remède]* • **EN** *to administer, to give [a medicine]* • **PT** *administrar, fazer tomar [um medicamento]* **Beispill** et ass net einfach, engem klenge Kand e Sirop **aginn** **2.** **DE** *eingeben [digitale Daten]* • **FR** *saisir [des données numériques]* • **EN** *to enter, to input [digital data]* • **PT** *introduzir [dados digitais]* **Beispill** fir d'Donnéeë kënnen ze verwäerten, muss de se an de Computer **aginn** » **intransitiv 3.** **DE** *Heu verfüttern an* • **FR** *nourrir de foin* • **EN** *to feed hay to* • **PT** *dar ração de feno a* **Beispiller** hues de de Kanéngercher schonn **aginn**?; ech muss de Kéi nach eng Rafecht **aginn**

aglidderen ['ɑglidərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agegliddert) » **transitiv DE** *eingliedern, einbeziehen* • **FR** *intégrer [inclure]* • **EN** *to incorporate, to integrate* • **PT** *incorporar, integrar* **Beispiller** dee Service gëtt an eng gréisser Struktur **agegliddert**; et ass net ëmmer einfach, nei Leit an en Aarbechtsprozess **anzegliidderen** **Synonym** **integrieren**

Agnostiker [ɑgn'ostike] Maskulinum (Pluriel **Agnostiker**) **DE** *Agnostiker* • **FR** *agnostique* • **EN** *agnostic* • **PT** *agnóstico* **Beispill** kenns du den Ënnerscheid tëschent engem Atheist an engem **Agnostiker**?

W Weiblech Form: ♀**Agnostikerin**

Agnostikerin [ɑgn'ostikərin] Femininum (Pluriel **Agnostikerinnen**) **DE** *Agnostikerin* • **FR** *(femme) agnostique* • **EN** *agnostic [female]* • **PT** *agnóstica*

W Männlech Form: ♂**Agnostiker**

agoen ['ɑgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé agaangen / agaang) » **transitiv 1.** **DE** *eingehen* • **FR** *prendre [un risque], passer, faire [un marché, un arrangement]* • **EN** *to make [a deal], to take [a risk]* • **PT** *correr [um risco], estabelecer, fazer [um acordo, uma combinação]* **Beispiller** déi zwee Politiker si virun de Walen en Deal mateneen **agaangen**; de Spekulant ass e grouse finanzielle Risiko **agaangen** » **intransitiv 2.** **DE** *einsinken, versinken* • **FR** *s'enfoncer* • **EN** *to sink* • **PT** *afundar-se, enterrar-se* **Beispill** mir si bis iwwer d'Knéien an de Schnéi **agaangen** **3.** **DE** *eingehen, einlaufen [beim Waschen]* • **FR** *rétrécir [au lavage]* • **EN** *to shrink* • **PT** *encolher [com a lavagem]* **Beispill** hie kritt seng Box net méi un, well se an der Wäsch **agaangen** **ass 4.** **agoen** op **DE** *eingehen auf [sich auseinandersetzen mit]* • **FR** *réfléchir à, considérer* • **EN** *to consider, to deal with* • **PT** *dar atenção a, considerar* **Beispiller** de Professor **geet** op de Schüler hir Problemer an;

d'Presidentin **ass** an hirer Ried op vill Aspekter **agaangen** [d'Presidentin huet an hirer Ried vill Aspekter ugeschnidden] **5.** **DE** *eingehen, verenden* • **FR** *mourir, crever [en parlant d'un animal, d'une plante]* • **EN** *to die [animal, plant]* • **PT** *morrer [animal, planta]* **Beispill** d'Kéi vum Haff sinn all un enger Kränkt **agaangen**

Agonie [ɑgoni:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Agonie, Todeskampf* • **FR** *agonie* • **EN** *death throes* • **PT** *agonia* **Beispill** déi lescht Woche virun hirem Doud ware fir meng Tatta eng eenzeg **Agonie**

agoniséieren [ɑgoniz'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agoniséiert)

W Hei entsteet en neien Artikel.

agraféieren [ɑgraf'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agraféiert)

W Hei entsteet en neien Artikel.

Agrafeuse [ɑgra:'fø:s] Femininum (Pluriel **Agrafeusen**) **DE** *Hefter, Tacker* • **FR** *agrafeuse [de bureau]* • **EN** *stapler* • **PT** *agrafador [de secretária]* **Beispill** wien huet mer dann elo schonn nees mäi Locher a meng **Agrafeuse** geholl? **Synonym** **Bostich**

Agraff [ɑgr'af] Femininum (Pluriel **Agraffen**) **DE** *Heftklammer [Drahtklammer]* • **FR** *agrafe [de bureau]* • **EN** *staple [for office purpose]* • **PT** *agrafo [para prender papel]* **Beispill** heft d'Blieder wannechgelift mat enger **Agraff** zesummen!

agräifen ['ɑgræ:'ifən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agegraff) » **intransitiv** **agräifen** (an) **DE** *eingreifen (in) [sich einmischen]* • **FR** *intervenir (dans) [s'interposer, agir]* • **EN** *to interfere (in), to intervene* • **PT** *intervir (em) [interpor-se, agir]* **Beispiller** an denger Plaz géif ech net an hire Sträit **agräifen**; déi zwee ginn einfach net eens, wëlls de net **agräifen**?; wann d'Police net **agegraff** hätt, da wier Schlämmes geschitt **Synonym** **sech aschalten** (an)

Agrarpolitik [ɑgr'a:rpolitik] Femininum (Pluriel **agrareen**) **DE** *Agrarpolitik* • **FR** *politique agricole* • **EN** *agricultural policy* • **PT** *política agrícola* **Beispill** d'Bauere sinn net d'accord mat der **Agrarpolitik** vun der neier Regierung

Agrarsecteur [ɑgr'a:rsæktø:r] Maskulinum (Pluriel **agrarsectoren**) **DE** *Agrarsektor* • **FR** *secteur agricole* • **EN** *agricultural sector* • **PT** *setor agrícola* **Beispill** de Verfall vun de Präisser am **Agrarsecteur** mécht de Baueren nawell vill **Kappzerbrieches**

agreabel [ɑgre'a:bəl] Adjektiv **DE** *angenehm* • **FR** *agréable, plaisant* <Adverb *agréablement*> • **EN** *agreeable, pleasant* <Adverb *agreeably, pleasantly*> • **PT** *agradável, agradável* <Adverb *agradavelmente*> **Beispiller** mäi Monni ass en **agreabele** Mënsch; am Hannergrond leeft **agreabel** Musek **Synonym** **angeneem**

agreéieren [ɑgre:'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agreéiert) » **transitiv DE** *zulassen [genehmigen]* • **FR** *agrée[r] [admettre, autoriser]* • **PT** *autorizar, conceder licença a* **Beispiller** de Ministère huet déi nei Raimlechteete vun der Crèche **agreéiert**; mäi Bruder ass zënter Kuerzem als Kiné **agreéiert**

Agrëff [ˈagrɛf] Maskulinum (Pluriel Agrëffer) **1.** DE *Eingriff* [Einmischung] • FR *intervention* [action, immixtion, intrusion] • EN *intervention, intrusion* • PT *intervenção, ingerência* **Beispiller** de militäreschen Agrëff huet d'Situatioun verschlëmmert; dat do ass en Agrëff a meng Privatsphär! **2.** DE (medizinischer) *Eingriff* • FR *intervention* (médicale) • EN (medical) *intervention* • PT *intervenção* (médica) **Beispill** deen Agrëff kann nëmme vun engem Spezialist gemaach ginn

Agrement [ˈagrɛmã:] Maskulinum (Pluriel Agrementen) **1.** DE *Zulassung, Genehmigung* [Erlaubnis] • FR *agrément* [permission] • EN *licence* [authorization] • PT *licença, autorização* [permissão] **Beispill** fir eng konventionéiert Crèche däerfen opzemaachen, brauch een en Agrement vun zustännege Ministère **2.** DE *Zulassung, Genehmigung* [Dokument] • FR *agrément* [document] • EN *licence* [document] • PT *licença, autorização* [documento] **Beispill** de Ministère huet den Agrement nach net zeréckgeschéckt

agrenzen [ˈagrɛntsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agegrenzt) » **transitiv** DE *eingrenzen* [beschränken] • FR *restreindre* [limiter] • EN *to restrict, to limit* • PT *restringir, limitar* **Beispill** dat Theema muss fir d'Diskussioun agegrenzt ginn **Synonym** aschränken

agruewen [ˈagrɛuəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agegruewen) » **transitiv** **1.** DE *untergraben* [eingraben] • FR *enfouir* [mettre en terre] • EN *to dig in* [to bury] • PT *enterrar* [meter na terra] **Beispill** ech hunn d'Mësch mat agegruewen » **reflexiv** **2.** DE *sich eingraben* • FR *s'enfouir* • EN *to bury oneself in* • PT *enterrar-se* [soterrar-se] **Beispill** d'Kanner hunn sech op der Plage an de Sand agegruewen

Ägypten [ɛ:z'iptən] Eegennumm, Neutrum DE *Ägypten* • FR *Égypte* • EN *Egypt* • PT *Egito* **Beispiller** ech war schonn dräimol an Ägypten; ech fueren d'nächst Woch an Ägypten; ech kommen aus Ägypten

1 männlech Persoun: ↗Ägypter weiblech Persoun: ↗Ägypterin
Adjektiv: ↗ägyptesch Haaptstad: ↗Kairo

Ägypter [ɛ:z'iptɛ] Maskulinum (Pluriel Ägypter) DE *Ägypter* • FR *Égyptien* • EN *Egyptian* • PT *egípcio* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Ägypter

Ägypterin [ɛ:z'iptɛrɪn] Femininum (Pluriel Ägypterinnen) DE *Ägypterin* • FR *Égyptienne* • EN *Egyptian* [female] • PT *egípcia* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Ägypterin

ägyptesch [ɛ:z'iptɛʃ] Adjektiv DE *ägyptisch* • FR *égyptien* • EN *Egypt* • PT *egípcio* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi ägyptesch Kultur kenne geléiert

Ahorn [ˈa:hɔrn] Maskulinum **1.** (Pluriel Ahornen) DE *Ahorn* [Pflanze] • FR *érable* [plante] • EN *maple* [plant] • PT *acer, bordo* [planta] **Beispill** de Fierschter huet jonk Ahorne planze gelooss **2.** (kee Pluriel) DE *Ahorn* [Holz] • FR *érable* [bois] • EN *maple* [wood] • PT (madeira de) *bordo* **Beispill** eisen neie Schaf ass aus Ahorn **Synonym** Maasselter

Aide Femininum (Pluriel Aiden) DE *Beihilfe, Hilfe* [finanzielle Unterstützung] • FR *aide* (financière) • EN (financial) *aid* • PT *ajuda* (financeira) **Beispill** wann ee säin Haus wëllt energieesch sanéieren, huet ee verschidden

Aiden zegutt **Synonym** Hëllef

Aide-soignant [ɛ:tsw'ɑ̃ɑ:] Maskulinum (Pluriel Aide-soignanten) DE *Pflegehelfer* • FR *aide-soignant* • EN *auxiliary nurse, assistant nurse* [male] • PT *auxiliar de saúde* **Beispill** en Aide-soignant däerf engem Patient keng Sprëtzt maachen

1 Weiblech Form: ↗Aide-soignante

Aide-soignante [ɛ:tsw'ɑ̃ɑ:t] Femininum (Pluriel Aide-soignanteën) DE *Pflegehelferin* • FR *aide-soignante* • EN *auxiliary nurse, assistant nurse* [female] • PT *auxiliar de saúde* [mulher] **Beispill** déi kompetent a lëschteng Aide-soignante ass am Alterssheem ganz beléift

1 Männlech Form: ↗Aide-soignant

Aids [ʒɪts] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *Aids* [HI-Virus] • FR *virus du sida* • EN *HIV* (virus) • PT *virus da sida* **Beispill** hien huet sech un enger Sprëtzt mam Aids infizéiert **2.** DE *Aids* [Immunschwäche] • FR *sida* [déficience immunitaire] • EN *AIDS* • PT *sida* [deficiência imunitária] **Beispill** Aids ass nach net heelbar, awer effikass ze behandelen

Aidsbehandlung [ˈʒɪtsbɛhandlʊŋ] Femininum (kee Pluriel) DE *Aidsbehandlung* • FR *traitement contre le sida* • EN *AIDS treatment* • PT *tratamento contra a sida* **Beispill** duerch d'Aidsbehandlung ka villen Infizéierten hiert Liewe verlängert ginn **Synonym** Aidstherapie

Aidsberodung [ˈʒɪtsbɛrɔ:duŋ] Femininum (kee Pluriel) DE *Aidsberatungsstelle, Aidsberatung* • FR *centre d'information du sida, centre d'assistance contre le sida* • EN *AIDS advice service, AIDS advice* • PT *centro de aconselhamento-sida* **Beispiller** um Stand vun der Aidsberodung gi gratis Kondomer ausgedeelt; d'Gesprécher bei der Aidsberodung si streng vertraulich

Aidskampagne [ˈʒɪtskɑ:mpɑŋ] Femininum (Pluriel Aidskampagnen) DE *Aidskampagne* • FR *campagne contre le sida* • EN *aids campaign* • PT *campanha contra a sida* **Beispiller** während der Aidskampagne goufe Gummie verdeelt; de Gesondheitsministère huet eng nei Aidskampagne lancéiert

aidskrank [ˈʒɪtskrɑŋk] Adjektiv DE *aidskrank* • FR *malade du sida* • EN *suffering from AIDS* • PT *doente com sida* **Beispiller** op dëser Adress gëtt aidskranke Leit Hëllef ugebueden; déi nei Therapie huet dem Aidskranken nees neie Mut gemaach

Aidsmedikament [ˈʒɪtsme:dikamɛnt] Neutrum (Pluriel Aidsmedikamente) DE *Aidsmedikament* • FR *médicament contre le sida* • EN *AIDS medicine* • PT *medicamento contra a sida* **Beispill** Aidsmedikamente solle verhënneren, datt de Virus sech weider am Kierper ausbreit

Aidstest [ˈʒɪtstɛst] Maskulinum (Pluriel Aidstester) DE *Aidstest* • FR *test de dépistage du sida* • EN *AIDS test* • PT *teste da sida* **Beispill** ech war erlichtert, wéi mäin Dokter mer gesot huet, d'Resultat vu mengem Aidstest wier negativ

Aidstherapie [ˈʒɪtstɛrɑpi:] Femininum (kee Pluriel) DE *Aidstherapie* • FR *thérapie contre le sida* • EN *AIDS therapy* • PT *terapia contra a sida* **Beispill** zënter mäi

Brudder d'**Aidstherapie** ugefaangen huet, geet et him vill besser **Synonym** Aidsbehandlung

Aierchen ['aɪəçən] Femininum (Pluriel Aiercher) - Diminutivform vun ↗Auer

Äifer ['æ:ɪfə] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** Eifer, Begeisterung • **FR** zèle, ardeur • **EN** eagerness, enthusiasm • **PT** zelo, ardor **Beispiller** d'Kanner ware mat Äifer bei der Saach; brems den Äifer! [ɛgs] [sief net iwwerdrivwen äifereg!] **Synonymmen** Begeeschterung, Enthusiasmus **2. DE** Erregung [Aufgebrachtheit] • **FR** irritation [colère] • **EN** irritation [anger] • **PT** irritação [cólera] **Beispiller** wann s de däi Papp net mat Rou léiss, da geréit en nach an den Äifer!; meng Mamm dreift mech dacks mat hire Froen an den Äifer [ɛgs] [meng Mamm mécht mech dacks rose mat hire Froen]; mäi Chef ka sech fir Klenggekeeten an den Äifer rieden [ɛgs] [mäi Chef ka sech fir Klenggekeeten opreegen]

äifereg ['æ:ɪfərəç] Adjektiv **DE** eifrig • **FR** zélé, appliqué <Adverb avec zèle> • **EN** eager, enthusiastic <Adverb eagerly, enthusiastically> • **PT** zeloso, aplicado <Adverb com aplicação> **Beispiller** meng äifereg Assistenten haten d'Aarbecht an zéng Minutten erleedegt; d'Kanner hunn äifereg Käschte gesammelt fir ze bastelen **Synonym** äerdeg

äifreg ['æ:ɪfərəç] Adjektiv - Variant vun ↗äifereg

Aiglefin Maskulinum (Pluriel Aiglefinen) **1. DE** Schellfisch [Tier] • **FR** églefin, ånon [animal] • **EN** haddock [animal] • **PT** arinca, eglefin [animal] **Beispill** d'Weibche vun Aiglefin ka bis zu 1,5 Milliounen Eeër leeën **2. DE** Schellfisch [Nahrungsmittel] • **FR** églefin [aliment] • **EN** haddock [food] • **PT** arinca, eglefin [alimento] **Beispill** den Aiglefin schmaacht am beschten, wann een en am Béierdeeg frittéiert

Airbag ['ɛ:ɐ̯bæk] Maskulinum (Pluriel Airbaggen) **DE** Airbag • **FR** airbag • **EN** airbag • **PT** airbag **Beispill** hautdesdaags kann een sech en Auto ouni Airbag bal net méi virstellen

Airelle Femininum (Pluriel Airellen) **DE** Preiselbeere [Frucht] • **FR** airelle (rouge) [fruit] • **EN** lingonberry [fruit] • **PT** airela-vermelha [fruto] **Beispill** ech kachen all Joer Gebeess vun den Airellen, fir beim Wëld ze zerweieren **Synonymmen** Krällbeier, Preiselbeier, Rout Molbier

Airline Femininum (Pluriel Airlinen) **DE** Airline, Fluggesellschaft • **FR** compagnie aérienne • **EN** airline • **PT** companhia aérea **Beispiller** d'Airline huet zwee nei Fligere kaaft; mat där Airline hunn ech bis elo nëmme gutt Erfarunge gemaach **Synonymmen** Fluchgesellschaft, Fluchlinn

Äis [æ:ɪs] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Eis [gefrorenes Wasser] • **FR** glace [eau congelée] • **EN** ice • **PT** gelo [água no estado sólido] **Beispiller** de Séi läit ënner enger dënner Schicht Äis; ech drénke mäin Aperitif am léifste mat Äis; d'Doktesch sot, ech soll mer Äis op mäi geschwollene Knéi leeën; meng Mamm huet dacks Féiss ewéi Äis [ɛgs] [meng Mamm huet dacks äiskal Féiss]; elo ass d'Äis gebrach! [ɛgs] [lelo huet d'Stëmmung sech entspaant!]; looss dech net op d'Äis lackelen! [ɛgs] [looss dech net an eng kriddleg Situatioun bréngen!]; kommt, mir leeën déi quokeleg Fro do

emol op Äis! [ɛgs] [kommt, mir ginn elo net weider op déi quokeleg Fro do an!]; wann et dem Iesel ze wuel ass, da geet en op d'Äis danzen [ɛgs] [wann et engem ze gutt geet, da gött ee muttwëlleg]

äis [æ:ɪs] Personalpronomen - Variant vun ↗eis

äis [æ:ɪs] Reflexivpronomen - Variant vun ↗eis

Aisance [ɛ:z'ä:s] Femininum (Pluriel <seelen> Aisancen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Äisbier ['æ:ɪsbi:ɐ] Maskulinum (Pluriel Äisbieren) **Ursus maritimus** **DE** Eisbär, Polarbär • **FR** ours blanc, ours polaire • **EN** polar bear • **PT** urso-branco, urso-polar **Beispill** de Séihond konnt sech nach esou just virum Äisbier retten

Äisberg ['æ:ɪsbi:ɐç] Maskulinum (Pluriel Äisberger) **DE** Eisberg • **FR** iceberg • **EN** iceberg • **PT** iceburgue **Beispiller** d'Schëff hätt bal en Äisberg ze pake kritt; wat dir hei gesitt, ass nëmme d'Spëtz vum Äisberg [ɛgs] [dir kennt nëmme e klengen Deel vun der Affär]

Äisch [æ:ɪʃ] Eegennumm **DE** Eisch • **FR** Eisch • **EN** Eisch • **PT** Eisch **Beispill** d'Äisch leeft zu Miersch an d'Uelzecht

Äischen ['æ:ɪʃən] Eegennumm **DE** Eischen • **FR** Eischen • **EN** Eischen • **PT** Eischen **Beispiller** ech wunnen zu Äischen; fiert dese Bus op Äischen?

Äischer ['æ:ɪʃə] Eegennumm **DE** Enscheringen • **FR** Enscherange • **EN** Enscherange • **PT** Enscherange **Beispiller** ech wunnen zu Äischer; fiert dese Bus op Äischer?

Äisdaucher ['æ:ɪsdæ:ʊxə] Maskulinum (Pluriel Äisdaucher) **Gavia immer** **DE** Eistaucher • **FR** plongeon imbrin • **EN** great northern loon • **PT** moléha-grande **Beispill** wéi laang bréien d'Äisdaucher?

äiseg ['æ:ɪzəç] Adjektiv **1. DE** eisig, eiskalt [sehr kalt] • **FR** glacial, très froid • **EN** icy, frosty [freezing] • **PT** glacial [muito frio] **Beispill** no där äiseger Wanternuecht war de Séi zougefruer **Synonym** äiskal **2. DE** eisig, abweisend • **FR** glacial, distant • **EN** icy, frosty [unfriendly] • **PT** glacial [impassível] **Beispill** déi zwee Géigner sëtze sech mat äisege Minne géintiwwer

äiser ['æ:ɪzə] Personalpronomen - Variant vun ↗eis-er

Äisgang ['æ:ɪsgaŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Eisgang • **FR** débâcle [dégel d'un cours d'eau] • **EN** ice drift, breakup of ice, debacle [on a river] • **PT** degelo [de um curso de água] **Beispill** bei schwéierem Äisgang däerfe keng Schëffer méi fueren

i Variant: Äisgank

Äisgank ['æ:ɪsgaŋk] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Äisgang

Äishelleg ['æ:ɪshæləç] Femininum (Pluriel Äishelleger / Äishelleg) **DE** Eisheilige • **FR** sainte de glace • **EN** Ice Saint [female] • **PT** santa de gelo [santa associada a geadas tardias em maio]

i Männlech Form: ↗Äishellegen

i Déi Äishelleg Mamertus, Pankratius, Servatius, Bonifatius a Kaalt Sophie zielen zu deenen Hellegen, déi d'Leit aus Suergem d'Wieder verëiert hunn. Se ware Bëscheef oder Märtirer am

4. oder 5. Joerhonnert an hunn, dem julianesche Kalenner no, téschent dem 11. a 15. Mee Namensdag. Dee Moment kënne Polarluftstréimungen nach heefeg Buedemfrascht mat sech bréngen. Aus dësem Phänomeen ass eng Bauerereegel entstanen, déi seet, datt d'Wieder am Mee eréischt nom Kale Sophie, där leschter Äishelleger an der Rei, stabil gëtt an da kee Risiko méi fir empfindlech Planzen am Fräie besteet.

Äishellegen ['æ:ɪshələzən] Maskulinum (Pluriel Äishelleg / Äishelleger) DE *Eisheiliger* • FR *saint de glace* • EN *Ice Saint* • PT *santo de gelo* [santo associado a geadas tardias em maio] **Beispill** ech waarden, bis déi Äishelleg laanscht sinn, ier ech d'Zalot setzen

W Weiblech Form: ↗Äishelleg

W Déi Äishelleg Mamertus, Pankratus, Servatius, Bonifatius a Kaalt Sophie zielen zu deenen Hellegen, déi d'Leit aus Suerg em d'Wieder verieert hunn. Se ware Bëscheef oder Märtyrer am 4. oder 5. Joerhonnert an hunn, dem julianesche Kalenner no, téschent dem 11. a 15. Mee Namensdag. Dee Moment kënne Polarluftstréimungen nach heefeg Buedemfrascht mat sech bréngen. Aus dësem Phänomeen ass eng Bauerereegel entstanen, déi seet, datt d'Wieder am Mee eréischt nom Kale Sophie, där leschter Äishelleger an der Rei, stabil gëtt an da kee Risiko méi fir empfindlech Planzen am Fräie besteet.

Äishockey ['æ:ɪshoke:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Eishockey* • FR *hockey sur glace* • EN *ice hockey* • PT *hó-quei sobre gelo* **Beispill** ech hunn nach ni Äishockey gespillt

Äisint ['æ:ɪsɪnt] Femininum (Pluriel Äisinten) Clangula hyemalis DE *Eisente* • FR *harelde boréale* • EN *long-tailed duck* • PT *pato-de-cauda-aflada* **Beispill** wéi laang bréien d'Äisinten?

äiskal [æ:ɪsk'a:l] Adjektiv **1.** DE *eiskalt* [sehr kalt] • FR *glacé* [très froid] • EN *ice-cold, freezing* • PT *gelado* [muito frio] **Beispiller** dobausse bléist en äiskale Wand; et leeft mer äiskal de Réck erof [egs] lech sinn entsat] **Synonym** äiseg **2.** DE *eiskalt* [Kälte spürend] • FR *gelé, transi* (de froid) • EN *ice-cold, as cold as ice* • PT *gelado, transido* (de frio) **Beispill** et ass mer äiskal, maach emol d'Heizung un! **3.** DE *eiskalt, gefühlkalt* • FR *de glace, sans émotion* • EN *icy, cold* [emotionless] • PT *gelado, insensível* **Beispiller** säin äiskale Bléck mécht de Leit Angscht; de Verurteelten ass äiskal bliwwen

Äiskonschtlaf ['æ:ɪskɔntʃla:f] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Eiskunstlauf* • FR *patinage artistique* • EN *ice figure skating* • PT *patinagem artística* [sobre gelo] **Beispill** wien huet op de Wanterspiller d'Goldmedail am Äiskonschtlaf gewonnen?

Äiskonschtleefer ['æ:ɪskɔntʃle:fe] Maskulinum (Pluriel Äiskonschtleefer) DE *Eiskunstläufer* • FR *patineur artistique* [sur glace] • EN *figure skater* • PT *patinador artístico* [sobre gelo] **Beispill** den Äiskonschtleefer huet déi virgeschriwwen Figure virgefëiert

W Weiblech Form: ↗Äiskonschtleeferin

Äiskonschtleeferin ['æ:ɪskɔntʃle:fəri:n] Femininum (Pluriel Äiskonschtleeferinnen) DE *Eiskunstläuferin* • FR *patineuse artistique* [sur glace] • EN *figure skater* [female] • PT *patinadora artística* [sobre gelo] **Beispill** d'Äiskonschtleeferin studéiert zënter Kuerzem nei Figuren an

W Männlech Form: ↗Äiskonschtleefer

Äispist ['æ:ɪspɪst] Femininum (Pluriel Äispisten) DE *Eislaufbahn, Schlittschuhbahn* • FR *patinoire* • EN *ice rink* • PT *pista de gelo* **Beispill** se sinn op d'Äispist Schlittschong fuere gaangen

Äisschaf ['æ:ɪsʃa:f] Maskulinum (Pluriel Äisschief) DE *Kühlschrank* • FR *réfrigérateur* • EN *fridge* • PT *frigorífico* **Beispiller** et ass näischt méi am Äisschaf, mer mussen akafe goen; et ass kal ewéi an engem Äisschaf [egs] [et ass ganz kal] **Synonymmen** Frigidaire, Frigo

Äisschicht ['æ:ɪsʃɪçt] Femininum (Pluriel Äisschichten) DE *Eisschicht* • FR *couche de glace* • EN *layer of ice* • PT *camada de gelo* **Beispill** d'Äisschicht um Séi ass ze dënn, fir Schlittschong ze fueren

Äisschockela ['æ:ɪsʃokəla:] Maskulinum (Pluriel Äisschockelaen)

W Hei entsteet en neien Artikel

Äistéi Maskulinum (Pluriel Äistéi / Äistéien) - Variant vun ↗Ice tea

Äisvull ['æ:ɪsful] Maskulinum (Pluriel Äisvullen) ALcedo atthis DE *Eisvogel* • FR *martin pêcheur* • EN *common kingfisher* • PT *guarda-rios-comum* **Beispill** wéi laang bréien d'Äisvullen?

Äiswäin ['æ:ɪsvæ:ɪn] Maskulinum (Pluriel Äiswäiner) DE *Eiswein* • FR *vin de glace* • EN *ice wine* • PT *vinho de gelo* **Beispill** beim Dessert drénken ech gären e Glas Äiswäin

Äiswierfel ['æ:ɪsvi:ɣfəl] Maskulinum (Pluriel Äiswierfelen / <seelen> Äiswierfel) DE *Eiswürfel* • FR *glaçon* • EN *ice cube* • PT *cubo de gelo* **Beispill** kann ech wannechgelift e puer Äiswierfele fir a meng Limonad kréien?

W Variant: Äiswürfel

Äiswürfel ['æ:ɪsvyɾfəl] Maskulinum (Pluriel Äiswürfel / Äiswürfelen) - Variant vun ↗Äiswierfel

Äiszeit ['æ:ɪstsæ:ɪt] Femininum (Pluriel Äiszeiten) DE *Eiszeit* • FR *période glaciaire* • EN *ice age* • PT *período glaciário* **Beispill** déi lescht Äiszeit huet ongeféier 10000 Jore gedauert

Äiszap ['æ:ɪstsa:p] Maskulinum/Femininum (Pluriel Äiszapen) - Variant vun ↗Äiszapp

Äiszapf ['æ:ɪstsa:pʃ] Maskulinum/Femininum (Pluriel Äiszapfen) - Variant vun ↗Äiszapp

Äiszapp ['æ:ɪstsa:p] Maskulinum/Femininum (Pluriel Äiszappen) DE *Eiszapfen* • FR *glaçon* (pendant), *stalactite de glace* • EN *icicle* • PT *sincolo, estalactite de gelo* **Beispiller** esoubal et méi waarm gëtt, schmëlzen d'Äiszappen; als Kanner hu mer d'Äiszappe gelutscht ewéi Zockerstaangen

W Varianten: Äiszap, Äiszapf

à jour Adverb

W Hei entsteet en neien Artikel

Ajoute [aʒ'ut] Femininum (Pluriel Ajoutten) DE *Zusatz, Nachtrag* • FR *ajout* (textuel) • EN *codicil, (textual) addition* • PT *adenda, aditamento* **Beispill** de Verstuerwenen huet kuerz viru sengem Doud eng handschrëftlech

Ajoute op säin Testament gemaach **Synonym** Zousaz

ajustéieren [ɑʒyst'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ajustéiert) » **transitiv 1.** **DE** anpassen, angleichen [Beträge] • **FR** ajuster, équilibrer [des revenus] • **EN** to adjust [learnings] • **PT** ajustar [rendimentos] **Beispiller** den 1. Juli ginn d'Pensiounen ajustéiert, well d'Präisser geklomme sinn; d'Léin am Bauwiese sinn ajustéiert ginn **2.** **DE** anpassen, passend machen • **FR** ajuster [un vêtement] • **EN** to alter • **PT** ajustar [uma peça de roupa] **Beispill** d'Néiesch ajustéiert der Braut hiert Kleed

Ajustement Maskulinum (Pluriel Ajustementen) **DE** Anpassung • **FR** ajustement, adaptation • **PT** ajustamento, adaptação **Beispill** et ass nees en Ajustement vun de Gehälter un d'Liewenskäschte fälleg **Synonymmen** Adaptatioun, Upassung

i Variant: Ajustement

Ajustement Maskulinum (Pluriel Ajustementen) - Variant vun **Ajustement**

akachen ['akaxən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé agekacht) » **transitiv 1.** **DE** einkochen [haltbar machen] • **FR** cuire à l'étuvée, cuire [pour conserver] • **EN** to pasteurize, to bottle [to preserve by boiling] • **PT** cozer [para conservar] **Beispiller** de Viz gétt agekacht, fir datt en sech hält; am Hierscht gi Mirabellen agekacht » **intransitiv 2.** akache loossen **DE** einkochen lassen [dickflüssiger werden lassen] • **FR** réduire [faire épaissir] • **EN** to boil down, to reduce [to thicken] • **PT** deixar apurar, reduzir **Beispill** d'Käche léisst d'Zooss nach e bëssen akachen

akadeemesch [akad'e:məʃ] Adjektiv **1.** **DE** akademisch [universitär] • **FR** académique [universitaire] • **EN** university, college • **PT** académico [universitário] **Beispiller** hatt huet en akadeemesche Grad am Droit; hie krut säin akadeemeschen Titel op enger renoméierter Universitët **2.** **[pejorativ]** **DE** akademisch [abstrakt, trocken] • **FR** académique [abstrait] • **EN** academic [abstract, dry] • **PT** académico [abstrato] **Beispill** den Text ass vill ze vill akadeemesch fir mech, ech verstinn en net!

Akadeemiker [akad'e:mikə] Maskulinum (Pluriel Akadeemiker) **DE** Akademiker • **FR** diplômé [d'université] • **EN** university graduate • **PT** diplomado universitário **Beispiller** fir dese Poste gëtt en Akadeemiker gesicht; et sinn dräi Akadeemiker um Projekt bedeelegt

i Weiblech Form: **Akadeemikerin**

Akadeemikerin [akad'e:mikərin] Femininum (Pluriel Akadeemikerinnen) **DE** Akademikerin [Person mit Universitätsausbildung] • **FR** diplômée [d'université] • **EN** university graduate [female] • **PT** diplomada universitária

i Männlech Form: **Akadeemiker**

akademesch [akad'e:məʃ] Adjektiv - Variant vun **akadeemesch**

Akademie [akadem'i:] Femininum (Pluriel Akademien) **DE** Akademie • **FR** académie [établissement] • **EN** college, academy [place of study] • **PT** academia [escola superior] **Beispill** hatt wëllt sech op enger

Akademie am Ausland aschreiwten

Akademiker [akad'e:mikə] Maskulinum (Pluriel Akademiker) - Variant vun **Akadeemiker**

Akademikerin [akad'e:mikərin] Femininum (Pluriel Akademikerinnen) - Variant vun **Akadeemikerin**

Akaf ['aka:f] Maskulinum (Pluriel Akeef) **1.** am Akaf **DE** im Einkauf [beim Kauf] • **FR** à l'achat • **EN** at purchase • **PT** na compra **Beispill** dat neit Schëff huet am Akaf 70 Milliounen kascht **2.** **DE** Einkauf [Abteilung eines Unternehmens] • **FR** service des achats [dans une entreprise] • **EN** purchasing department • **PT** serviço de compras [numa empresa] **Beispill** mäi Brudder ass vun der Vente an den Akaf gewiesselt

akafen ['aka:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé akaaft / akaf) » **transitiv 1.** **DE** einkaufen [im Großhandel] • **FR** acheter [en gros] • **EN** to buy [wholesale] • **PT** comprar [por grosso] **Beispill** de Grosist huet seng Wueren zu engem gënschtege Präis akaaft **2.** **DE** einkaufen [im Einzelhandel] • **FR** acheter [au détail] • **EN** to buy • **PT** comprar [a retalho] **Beispill** ech muss nach e puer Saachen akafe goen, fir den Owend ze kachen **Synonym** kafen » **intransitiv 3.** **DE** einkaufen • **FR** faire des courses, faire les courses • **EN** to do the shopping, to shop • **PT** ir às compras, fazer compras **Beispiller** mir gi gewéinlech samschdes moies akafen; bei deem Supermarché kann een neierdénge och online akafen

Akafsbong ['aka:fsbɔŋ] Maskulinum (Pluriel Akafsbongen) **DE** Einkaufsgutschein • **FR** bon d'achat • **EN** shopping voucher • **PT** vale de compras **Beispill** solle mer eisem Chef fir de Gebuertsdag en Akafsbong schenken?

Akafskierfchen ['aka:fski:ʁfçən] Maskulinum (Pluriel Akafskierwercher) - Diminutivform vun **Akafskuere** **DE** Einkaufskorb [eines Geschäfts] • **FR** panier d'achat [dans un magasin] • **EN** shopping basket [in a shop] • **PT** cesto de compras [numa loja] **Beispill** ech hunn en Akafskierfche geholl, well ech keng Mënz fir e Caddie hat

Akafskuere ['aka:fskuəf] Maskulinum (Pluriel Akafskierf) **DE** Einkaufskorb, Einkaufstasche • **FR** panier à provisions, sac à provisions • **EN** shopping basket, shopping bag • **PT** cesto de compras, saco de compras **Beispill** aus Gefällegkeet hunn ech eiser Nopesch hir Akafskierf bis heem gedroen

Akafslëscht ['aka:fsləʃt] Femininum (Pluriel Akafslëschten) **DE** Einkaufsliste • **FR** liste d'achats • **EN** shopping list • **PT** lista de compras **Beispill** ech hat meng Akafslëscht doheem leie gelooss, hoffentlech hunn ech näischt vergiess!

Akafspräis ['aka:fspræ:is] Maskulinum (Pluriel Akafspräisser) **DE** Einkaufspreis • **FR** prix d'achat • **EN** purchase price • **PT** preço de compra **Beispill** d'Geschäftsfra probéiert, fir en nidderegen Akafspräis erauszeschloen

Akafsstrooss ['aka:fsʃtro:s] Femininum (Pluriel Akafsstroossen) **DE** Einkaufsstraße • **FR** rue commerçante • **EN** shopping street • **PT** rua comercial **Beispill** vill Akafsstroosse sinn hautdesdaags fir Autoe gespaart

Akafstut ['aka:fstu:t] Femininum (Pluriel Akafstuten) **DE** Einkaufsstüte, Einkaufstasche • **FR** sac de courses • **EN** shopping bag • **PT** saco de compras **Beispill** ech stellen nach déi schwéier Akafstuten an den Auto, ier mer Kaffi drénke ginn

Akafswenchen ['aka:fsve:nçən] Maskulinum (Pluriel Akafswenercher) **DE** Einkaufswagen • **FR** chariot, caddie • **EN** shopping trolley • **PT** carrinho de compras **Beispill** am Supermarché ass ee mer mat sengem Akafswenchen an d'Feescht gerannt **Synonymmen** Caddie, Weenchen

Akafszenter ['aka:fstsäntə] Maskulinum (Pluriel Akafszenteren) **1. DE** Einkaufszentrum [Unternehmen] • **FR** centre commercial [entreprise] • **EN** shopping centre [enterprise] • **PT** centro comercial [empresa] **Beispiller** am neien Akafszenter gëtt et e Supermarché a vill kleng Geschäfte; d'Akafszentere sinn och sonndes virun de Feierdeeg op **Synonym** Shoppingcenter **2. DE** Einkaufszentrum [Gebäude] • **FR** centre commercial [bâtiment] • **EN** shopping centre [building] • **PT** centro comercial [edifício] **Beispill** d'Leit ware frou, wéi endlech en Akafszenter no bei hiner Cité gebaut gouf **Synonym** Shoppingcenter

Akafsziedel ['aka:fstsiədəl] Maskulinum (Pluriel Akafsziedelen) **DE** Einkaufszettel • **FR** liste des courses, liste des commissions • **EN** shopping list • **PT** lista de compras **Beispill** ech hat mäin Akafsziedel doheem vergiess, hoffentlech hunn ech un alles geduecht! **Synonym** Akafslëscht

akalkuléieren ['akalkulɛɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé akalkuléiert) » **transitiv DE** einkalkulieren • **FR** inclure dans ses calculs • **EN** to take into account • **PT** levar em conta [num cálculo] **Beispill** mir haten d'Niewekäschte leider net esou genee akalkuléiert

akasséieren ['akassɛɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé akasséiert) » **transitiv DE** einkassieren [Geld] • **FR** encaisser [de l'argent] • **EN** to cash, to be paid • **PT** cobrar [dinheiro] **Beispiller** d'Serveuse huet d'Rechnung akasséiert; hie kasséiert all Mount eng déck Pai an; hätt hien sech erausgehale, hätt e keng Streech akasséiert! [ɛgs] [hätt hien sech erausgehale, hätt e keng Streech kritt!]

Akaul ['a:kəʊl] Femininum (Pluriel Akaulen) **DE** Nacken, Genick • **FR** nuque • **EN** nape, back of the neck • **PT** nuca **Beispiller** hien huet sech d'Hoer an der Akaul ewechraséiere gelooss; d'Bom huet dem Lausbouf eng an d'Akaul ginn [d'Bom huet dem Lausbouf mat der Hand an d'Akaul gehaen] **Synonym** Genéck

Akeefer ['ake:fe] Maskulinum (Pluriel Akeefer)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Akeeferin ['ake:fərin] Femininum (Pluriel Akeeferinnen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

akelleren ['akælərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agekellert) » **transitiv DE** einkellern • **FR** faire provision de [nourriture] • **EN** to lay in, to store [in the cellar] • **PT** armazenar [na cave] **Beispiller** de Bauer huet d'Gromperen agekellert; meng Grousseltere kelleren

am Hierscht hir Äppel an

Akerbau ['a:kəbə:ʊ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Ackerbau • **FR** agriculture • **EN** agriculture • **PT** agricultura **Beispill** ëmmer manner Bauere liewen eleng vum Akerbau

Akerbauschoul ['a:kəbə:ʊfəʊl] Femininum (Pluriel Akerbauschoulen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

akeren ['a:kərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geakert) » **intransitiv 1. DE** Akerbau betreiben • **FR** travailler la terre • **EN** to cultivate the land • **PT** cultivar a terra **Beispill** mir akeren net méi, mer hunn nëmmen nach Véi **2. [ɛgs] DE** ackern, schuften • **FR** travailler d'arrache-pied • **EN** to work hard • **PT** trabalhar arduamente **Beispill** ech hunn déi lescht Deeg richtig geakert

Akerland ['a:kələnt] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Akerland • **FR** terres cultivables • **EN** arable land, farm land • **PT** terra de cultivo **Beispiller** fir kompetitiv ze bleiwen, brauch e Bauerebetrieb vill Akerland; de Bauer huet sechs Hektar Wisen a véier Hektar Akerland gepacht

Akescht ['a:kəft] Eegennumm **DE** Akescht • **FR** Akescht • **EN** Akescht • **PT** Akescht **Beispiller** ech wunnen an der Akescht; fiert dëse Bus an d'Akescht?

akesselen ['akæsələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agekesselt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

akklimatiséieren [aklimatiz'ɛɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé akklimatiséiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Akkolad Femininum (Pluriel Akkoladen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Akkont ['akont] Maskulinum (Pluriel Akkonten / Akkonten) **DE** Anzahlung [Betrag] • **FR** acompte • **EN** deposit, down payment • **PT** sinal [de pagamento] **Beispiller** well ech net genuch Sue bei mer hat, hunn ech en Akkont vu fofzeg Euro ginn; ech ginn der gläich en Akkont! [ɛgs] [du kress gläich Streech!]

i Variant: Acompte

Akkord [ak'ɔrt] Maskulinum (Pluriel Akkorden) **1. DE** Akkord [Zusammenklang von Tönen] • **FR** accord [consonance de sons] • **EN** chord [musical notes] • **PT** acorde [consonância de sons] **Beispiller** d'Stéck fänkt mat engem harmoneschen Akkord un; d'Museksschüler hunn haut dräi nei Akkorde geléiert **2. am Akkord schaffen DE** im Akkord arbeiten • **FR** travailler à la tâche • **EN** to do piecework • **PT** trabalhar à peça **Beispill** a ville Fabricke gëtt am Akkord geschafft

Akkordeon [ak'ɔrdə:ʃ] Maskulinum (Pluriel Akkordeonen) **DE** Akkordeon • **FR** accordéon • **EN** accordion • **PT** acordeão **Beispill** hie wollt vu Klengem un Akkordeon spille léieren **Synonym** Ziharmonika

Akkordeonist [akɔ:rdeon'ist] Maskulinum (Pluriel Akkordeonisten) **DE** Akkordeonist • **FR** accordéoniste • **EN** accordionist • **PT** acordeonista **Beispill** um Fest huet en Akkordeonist fir Stëmmung gesuert

1 Weiblech Form: **↗**Akkordeonistin

Akkordeonistin [akɔːrdeːon'istin] Femininum (Pluriel Akkordeonistinnen) **DE** *Akkordeonistin* • **FR** *accordéoniste* [*femme, fille*] • **EN** *accordianist* [*female*] • **PT** *acordeonista* [*mulher, rapariga*] **Beispill** déi talentéiert Akkordeonistin spillt scho säit Joren an der Duerfmusek

1 Männlech Form: **↗**Akkordeonist

Akkreditatioun [akreditaʃjəʊn] Femininum (Pluriel Akkreditatiounen) **1. DE** *Akkreditierung* [*Zulassung*] • **FR** *accréditation* [*autorisation*] • **EN** *accreditation* [*authorization*] • **PT** *acreditação* [*autorização*] **Beispill** zwee vun eise Journaliste kruten d'Akkreditatioun fir op d'Olympesch Spiller **Synonym** Akkreditéierung **2. DE** *Akkreditierung* [*Dokument*] • **FR** *accréditation* [*document*] • **EN** *accreditation* [*document*] • **PT** *acreditação* [*documento*] **Beispill** du muss deng Akkreditatioun virleeën, soss gëss de net eragelooss **Synonym** Akkreditéierung

akkreditéieren [akredit'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé akkreditéiert) » **transitiv DE** *akkreditieren* [*bevollmächtigen*] • **FR** *accréditer* [*autoriser*] • **EN** *to accredit* • **PT** *acreditar* [*autorizar*] **Beispiller** de Journalist ass akkreditéiert ginn, fir un der Pressekonferenz deelzehuelen; den neien Ambassadeur gouf akkreditéiert

Akkreditéierung [akredit'ziəɐuŋ] Femininum (Pluriel Akkreditéierungen) **1. DE** *Akkreditierung* [*Zulassung*] • **FR** *accréditation* [*autorisation*] • **EN** *accreditation* [*authorization*] • **PT** *acreditação* [*autorização*] **Beispill** zwee vun eise Journaliste kruten d'Akkreditéierung fir op d'Olympesch Spiller **Synonym** Akkreditatioun **2. DE** *Akkreditierung* [*Dokument*] • **FR** *accréditation* [*document*] • **EN** *accreditation* [*document*] • **PT** *acreditação* [*documento*] **Beispill** du muss deng Akkreditéierung virleeën, soss gëss de net eragelooss **Synonym** Akkreditatioun

Akku ['aku:] Maskulinum (Pluriel Akkuen) **DE** *Akku* • **FR** *batterie* [*accus*] • **EN** *battery* • **PT** *bateria* [*acumulador*] **Beispill** ier mir an d'Vakanz ginn, muss ech nach den Akku vum Fotoapparat oplueden **Synonym** Batterie

akkurat Adjektiv **DE** *akkurat, sehr sorgfältig, präzise* • **FR** *très exact, très précis* <Adverb *très exactement, très précisément*> • **EN** *accurate, concise* <Adverb *accurately, concisely*> • **PT** *muito exato, muito preciso* <Adverb *com muita exatidão, com muita precisão*> **Beispiller** op der Generalversammlung huet den Tresorier en akkurate Keessebericht virgeluecht; d'Ministes huet mat akkurat recherchéierte Fakten iwwerzeegt **Synonymen** ganz exakt, ganz prezis

Akkusativ [ak'uzɑːtiːf] Maskulinum (Pluriel <seelen> Akkusativen) **DE** *Akkusativ* • **FR** *accusatif* • **EN** *accusative* • **PT** *acusativo* **Beispill** hanner verschiddene Prepositiounen kann esouwuel den Dativ ewéi den Akkusativ stoen

Aklang ['aklɑŋ] Maskulinum am Aklang sinn (mat) **DE** *im Einklang sein (mit), im Einklang stehen (mit)* • **FR** *être en accord (avec), être en conformité (avec)* • **EN** *to be in harmony (with)* • **PT** *estar em harmonia (com), estar em conformidade (com)* **Beispill** d'Gesetz ass am Aklang mam europäesche Recht

1 Variant: Aklank

Aklank ['aklɑŋk] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun **↗**Aklang

akklappen ['aklapən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageklappt) » **transitiv 1. DE** *einschlagen, einklopfen* • **FR** *enfoncer, planter* [*au marteau*] • **EN** *to knock in* [*with a hammer*] • **PT** *pregar, espetar* [*com um martelo*] **Beispill** ech hu mech op den Daum gehaen, wéi ech wollt en Nol akklappen **Synonymen** anhaen, aschloen **2. DE** *einklappen* • **FR** *replier, rabattre* • **EN** *to retract, to fold in* • **PT** *recolher, retrain* **Beispill** an dëser enker Gaass hues de all Interêt, d'Spigele vum Auto anzeklappen **Synonym** eraklappen » **reflexiv 3. DE** *sich einklappen* • **FR** *se replier, se rabattre* • **EN** *to retract, to fold in* • **PT** *recolher, retrain-se* **Beispill** op mengem neien Auto klappen d'Spigele sech vum selwen an **Synonym** sech eraklappen

aklasséieren ['aklasziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé aklasséiert) » **transitiv DE** *einordnen, einsortieren* • **FR** *ranger, classer* • **EN** *to file, to classify* • **PT** *arquivar, classificar* **Beispiller** d'Fiché ginn dem Alphabet no aklasséiert; de Computerprogramm klasséiert d'Utilisateuren a verschidde Kategorien an

akleeden ['akleːdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agekleet) » **transitiv 1. DE** *einkleiden* [*mit Kleidern ausstatten*] • **FR** *habiller* [*pourvoir de vêtements*] • **EN** *to dress* [*to supply with clothes*] • **PT** *vestir* [*fornecer roupas a*] **Beispiller** fir an de Wantersport mussen d'Kanner nach uerdentlech agekleet ginn; ech hu mech nei agekleet (ech hu meng Garderob erneiert); d'Rekrutte gi muer agekleet [d'Rekrutte kréie muer hir Uniform an hiert Ekipement]; déi dräi Nonne goufe feierlech agekleet [déi dräi Nonne goufe feierlech an hiren Uerden opgeholl] **2. DE** *verkleiden* [*leine Oberfläche*] • **FR** *recouvrir* [*une surface*] • **EN** *to cover* [*with a layer*] • **PT** *revestir* [*uma superfície*] **Beispill** de Kamäin ass mat Leeën agekleet ginn

aklemmen ['aklæmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageklemmt) » **transitiv DE** *einklemmen* [*festklemmen*] • **FR** *coincer* [*immobiliser*] • **EN** *to trap* • **PT** *prender, entalar* [*imobilizar*] **Beispill** de Mann gouf beim Accident am Auto ageklemmt

akloen ['akloːən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageklot)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Akne ['aknə] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Akne* • **FR** *acné* • **EN** *acne* • **PT** *acne* **Beispill** wann ee vun Akne schwätzt, huet de Patient méi ewéi e puer Eessen am Gesiicht

aknuppen ['aknupən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ageknuppt) » **intransitiv** ^[ëgs] **DE** *sich stoßen, gegen etwas prallen* • **FR** *heurter un obstacle, s'écraser contre un obstacle* • **EN** *to bump (into)* • **PT** *embater em algo* **Beispiller** ech si mam Kapp ageknuppt; mäi Brudder ass mat sengem fonkelneien Auto ageknuppt [mäi Brudder hat mat sengem fonkelneien Auto en Accident]

Akolyth [akol'it] Maskulinum (Pluriel Akolythen)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Akommes ['akoməs] Neutrum (kee Pluriel) DE *Ein kommen* • FR *revenu* • EN *income* • PT *rendimento* [quantia que se recebel] **Beispill** ech hunn en Akommes vun 2500 Euro **Synonym** Revenu

Akraafttrieden [akr'a:ftriədən] Neutrum (kee Pluriel) DE *Inkrafttreten* • FR *entrée en vigueur* • EN *coming into force* • PT *entrada em vigor* **Beispill** mam Akraafttriede vum neie Gesetz ass dat aalt ofgeschaaft

akrämpen ['akræmpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agekrämp) » **transitiv 1.** DE *ein haken, festhaken* • FR *accrocher* [fixer] • EN *to hook* • PT *prender, enganchar* **Beispiller** fir d'Zelt ze spanen, gëtt d'Schnouer an de Piquet agekrämp; maach d'Lueden op a krämp se an, fir datt se net kënnen zoufallen! » **reflexiv 2.** sech akrämpen bei DE *sich einhaken bei* • FR *prendre le bras de* • EN *to link arms with* • PT *dar o braço a* **Beispill** hatt huet sech bei him agekrämp

akreesen ['akre:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agekreest) » **transitiv** DE *einkreisen* [eingrenzen] • FR *cerner, circonscrire* • EN *to define, to delineate* • PT *circunscrever* [delimitar, restringir] **Beispill** mir müssen de Kär vum Problem méi enk akreesen

akribesch [akr'i:bəʃ] Adjektiv DE *akribisch* • FR *méticuleux* <Adverb *méticuleusement*> • EN *meticulous* <Adverb *meticulously*> • PT *meticuloso* [minucioso] <Adverb *meticulosamente*> **Beispiller** de Kontrakt ass op eng akribesch Manéier opgesat; iwwer d'Visiteure gouf akribesch Buch geféiert

Akribie [akrib'i:] Femininum (kee Pluriel) DE *Akribie* • FR *méticulosité* • EN *meticulousness* • PT *meticulosidade* **Beispill** den Archeolog huet seng nei Entdeckung mat Akribie beschriwwen **Synonymmen** Genauegkeet, Prezisioun

Akrobat [akrob'a:t] Maskulinum (Pluriel Akrobaten) DE *Akrobat* • FR *acrobate* • EN *acrobat* • PT *acrobata* **Beispill** ech kucken am Zirkus gewéinlech d'Krobate léiwer ewéi d'Déieren

1 Weiblech Form: ♀Akrobatin

akrobatesch [akrob'a:təʃ] Adjektiv DE *akrobatisch* • FR *acrobatique* • EN *acrobatic* • PT *acrobático* **Beispill** de Seeldanz ass en akrobateschen Exercice

Akrobatik [akrob'a:tik] Femininum (kee Pluriel) DE *Akrobatik* • FR *acrobatie* • EN *acrobatics* • PT *acrobacia* **Beispill** d'Jongléieren an de Seeldanz gehéieren zur Akrobatik

Akrobatin [akrob'a:tin] Femininum (Pluriel Akrobatinnen) DE *Akrobatin* • FR *acrobate* [femme, fille] • EN *acrobat* [female] • PT *acrobata* [mulher, rapariga] **Beispill** am Zirkus ass eng Akrobatin mat enger ganz onerwaarter Nummer opgetrueden

1 Männlech Form: ♂Akrobat

Akronym [akron'im] Maskulinum (Pluriel Akronymmen)

1 Hei entsteeet en neien Artikel.

Akt [akt] Maskulinum (Pluriel Akten) - Kuerzform vun ♂Nottärsakt **1.** DE *Akt, Tat, Handlung* • FR *acte* [action]

• EN *act, action* • PT *ato* [ação] **Beispiller** mat 18 Joer muss een d'Responsabilitéit fir seng Akte selwer iwwerhuelen; déi liewensmidd Persoun konnt am leschten Ament vun hirem fatalen Akt ofgehalde ginn **2.** DE *Akt, Aufzug* • FR *acte* [d'une pièce de théâtre] • EN *act* [part of a drama] • PT *ato* [de uma peça teatral] **Beispill** den éischten Akt vum Stéck spillt an enger Stoff **3.** DE *Charta, Urkunde* • FR *acte, charte* • PT *auto, carta* **Beispill** den Historiker huet fir seng Dokteraarbecht eng ganz Rei mëttelalterlech Akten analyséiert **Synonymmen** Charta, Urkund **4.** [Konscht] DE *Akt* [künstlerische Darstellung] • FR *nu* [artistique] • EN *nude* [work of art] • PT *nu* [artístico] **Beispill** hien huet e Buch mat Akte vu bekannte Kënschtler geschenkt **Synonym** Nu

Aktie ['aksjə] Femininum (Pluriel Aktien) DE *Aktie* • FR *action* [titre] • EN *stock, share* • PT *ação* [título] **Beispill** meng Grousselteren investéieren hir Suen an Aktien an Obligatiounen

Aktiecours ['aksjəku:g] Maskulinum (Pluriel Aktiecoursen) DE *Aktienkurs* • FR *cours des actions* • EN *share price* • PT *cotação das ações* **Beispill** nom Brexit si verschidden Aktiecoursen abrupt gefall

Aktiegesellschaft ['aksjəgəzæ:l(aft)] Femininum (Pluriel Aktiegesellschaften) DE *Aktiegesellschaft* • FR *société anonyme, société par actions* • EN *public limited company* [PLC] • PT *sociedade anónima, sociedade por ações* **Beispill** d'Aktiegesellschaft huet hiert Kapital erhéicht

Aktinium [akt'i:njum] Maskulinum (kee Pluriel) [Chimie] DE *Aktinium* [chemisches Element] • FR *actinium* [élément chimique] • EN *actinium* [chemical element] • PT *actínio* [elemento químico] **Beispill** d'Element Aktinium gehéiert zum Grupp vun den Actinoiden

Aktionär [aksjən'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel Aktionären) DE *Aktionär* • FR *actionnaire* • EN *shareholder* • PT *acionista* **Beispiller** et kann een am Verwaltungsrot vun enger Entreprise sëtzen, ouni müssen Aktionär ze sinn; seng Stëmm zielt, well hien zu 50 % Aktionär ass [seng Stëmm zielt, well hie 50 % vun den Aktie vun der Firma huet]

1 Variant: Actionnaire

1 Weiblech Form: ♀Aktionärin

Aktionärin [aksjən'ɛ:rɪn] Femininum (Pluriel Aktionärinnen) DE *Aktionärin* • FR *actionnaire* [femme] • EN *shareholder* [female] • PT *acionista* [mulher]

1 Männlech Form: ♂Aktionär

Aktionärsversammlung [aksjən'ɛ:rsfɛzamlʊŋ] Femininum (Pluriel Aktionärsversammlungen) DE *Aktionärsversammlung* • FR *assemblée des actionnaires* • EN *shareholders' meeting* • PT *assembleia de acionistas* **Beispill** d'Direktesch huet hiren Adjoint op d'Aktionärsversammlung delegéiert

1 Variant: Actionnairesversammlung

Aktioun [aksj'i'əʊn] Femininum **1.** (Pluriel Aktiounen) DE *Aktion* [Handlung, Maßnahme] • FR *action* [intervention] • EN *campaign, action* • PT *ação* [intervenção] **Beispiller** d'Gemeng huet eng Aktioun géint den Hondsdreck op den Trottoire lancéiert; d'Regierung

schléisst militäresch **Aktiounen** net aus; et muss een an **Aktioun** trieden, wann een seng Iddie wëllt ëmsetzen (et muss een aktiv ginn, wann een seng Iddie wëllt ëmsetzen) **2.** (kee Pluriel) **DE** *Aktion* [physikalische Kraft] • **FR** *action* [phénomène physique] • **EN** *action* [physical force] • **PT** *ação* [fenómeno físico] **Beispill** kanns de mir de Prinzip vun **Aktioun** a **Reaktioun** erklären?

Aktionsplang [aksj'j'ønsplɑŋ] Maskulinum (Pluriel **Aktionspläng**) **DE** *Aktionsplan* • **FR** *plan d'action* • **EN** *plan of action* • **PT** *plano de ação* **Beispill** beim neien **Aktionsplang** fir d'Bekämpfung vun der Kriminalitéit läit de Fokus op der **Preventioun**

Aktionsprogramm [aksj'j'ønsprogram] Maskulinum (Pluriel **Aktionsprogrammen** / **Aktionsprogrammer**) **DE** *Aktionsprogramm* • **FR** *programme d'action* • **EN** *programme of action* • **PT** *programa de ação* **Beispill** eisen **Aktionsprogramm** ëmfaasst dräi **Schwéierpunkten**

aktiv [akt'i:f] Adjektiv **1.** **DE** *aktiv* [tätig, regel] • **FR** *actif* [engagé, dynamique] • **EN** *active* [involved, committed] • **PT** *ativo* [empenhado, dinâmico] **Beispiller** dës **Organisatioun** ass am **Beräich** vum **Ëmweltschutz** **aktiv**; hien ass en **aktive** **Member** vum **Club** **2.** **DE** *aktiv* [im Aktiv] • **FR** *actif* [grammaticalement] • **EN** *active* (voice) • **PT** *ativo*, *na* (voz) *ativa* **Beispill** transitiv **Verbe** kann een **aktiv** a **passiv** gebrauchen **3.** **DE** *aktiv* [durch direkte Handlung] • **FR** *actif* [par action directe] • **EN** *active* [by direct action] <Adverb actively> • **PT** *ativo* [por ação direta] **Beispiller** vill **Betrib** sinn **haut** esou **wäit** **automatiséiert**, **datt** d'**Aarbechter** kaum nach **mussen** **aktiv** an de **Produktionsprozess** **agräifen**; **Insekte** könne **Krankheiten** **aktiv** mat **engem** **Stach** oder **Bëss** **iwwerdroen**; d'**Hyposensibiliséierung** **gehéiert** mat zu den **aktiven** **Immuniséierungen**, **déi** **keng** **Impfung** sinn **4.** **DE** *aktiv* [virulent] • **FR** *actif* [virulent] <Adverb activement> • **EN** *active* [of a disease] <Adverb actively> • **PT** *ativo* [virulento] <Adverb ativamente> **Beispill** dës **Wanter** war de **Grippevirus** **schonn** **extrem** **fréi** **aktiv** **5.** **aktiv** **Stierfhëllef** **DE** *aktive* **Sterbehilfe** • **FR** *euthanasie active* • **EN** *active euthanasia* • **PT** *eutanásia ativa* **Beispill** a **ville** **Länner** ass **aktiv** **Stierfhëllef** **verbueden**

Aktiv [akt'i:f] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Aktiv* [Tätigkeitsform] • **FR** *voix active, actif* [voix grammaticale] • **EN** *active voice* • **PT** (voz) *ativa* **Beispill** d'**Schüler** sollen d'**Sätz** vum **Aktiv** an de **Passiv** **setzen**

Aktivatioun Femininum (Pluriel **Aktivatiounen**)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

1 Variant: **Aktivéierung**

aktivéieren [aktiv'zjæ̀rən] Verb (Hëllefverb **hunn**, **Participe passé** **aktivéiert**) » **transitiv** **DE** *einschalten* [in Betrieb setzen] • **FR** *enclencher, faire fonctionner* • **EN** *to activate* [to switch on] • **PT** *ativar* [armar, pôr a funcionar] **Beispill** **vergiess** **net**, d'**Alarmanlag** ze **aktivéieren**, **ier** s de **fortgees**!

Aktivéierung Femininum (Pluriel **Aktivéierungen**) - Variant vun **➤Aktivatioun**

Aktivismus [aktiv'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Aktivismus* • **FR** *activisme* [zèle prononcé] • **EN** *over-activity, excessive energy* • **PT** *ativismo* [zelo excessivo]

Beispiller **blannen** **Aktivismus** kann **nëmme** **schueden**; **säin** **Aktivismus** **léisst** **him** **keng** **Zäit** **méi** **fir** **d'Famill**

Aktivist [aktiv'ist] Maskulinum (Pluriel **Aktivisten**) **DE** (politischer) *Aktivist* • **FR** *militant* • **EN** (political) *activist* • **PT** *militante* **Beispill** d'**Aktivisten** **hunn** an der **Foussgängerzon** **Fluchblieder** **verdeelt**

1 Weiblech Form: **➤Aktivistin**

Aktivistin [aktiv'istin] Femininum (Pluriel **Aktivistinnen**) **DE** (politische) *Aktivistin* • **FR** *militante* • **EN** *activist* [female] • **PT** *militante* [mulher] **Beispill** **déi** **jonk** **Aktivistin** **gouf** bei **enger** **Demo** **festgeho**ll

1 Männlech Form: **➤Aktivist**

Aktivitéit [aktivit'zjt] Femininum **1.** (Pluriel **Aktivitéiten**) **DE** *Aktivität* [Handlung, Tätigkeit] • **FR** *activité* [occupation, affairement] • **EN** *activity* [business, pursuit] • **PT** *atividade* [ocupação, azáfama] **Beispiller** d'**Kris** hat **Auswierkungen** op d'**kommerziell** **Aktivitéiten**; **sportlech** **Aktivitéite** **maache** **Spaas** a **si** **gesond** **2.** (kee Pluriel) **DE** *Betriebsamkeit, geschäftiges Treiben* • **FR** *activité* [animation, agitation] • **EN** *activity* [bustle] • **PT** *atividade, movimento* [animação] **Beispill** **samschdes** **mëttes** **ass** an der **Stad** **ëmmer** **vill** **Aktivitéit**

aktualiséieren [aktwaliz'zjæ̀rən] Verb (Hëllefverb **hunn**, **Participe passé** **aktualiséiert**) » **transitiv** **DE** *aktualisieren, auf den neuesten Stand bringen* • **FR** *actualiser, mettre à jour* • **EN** *to update* • **PT** *atualizar, pôr em dia* **Beispill** d'**Donnée** **ginn** **all** **hallef** **Stonn** **automatesch** **aktualiséiert** **Synonym** **updaten**

Aktualiséierung [aktwaliz'zjæ̀rən] Femininum (Pluriel **Aktualiséierungen**) **DE** *Aktualisierung* • **FR** *actualisation* [mise à jour] • **EN** *update* • **PT** *atualização* [ato de pôr em dia] **Beispill** d'**Aktualiséierung** vun der **Membersléscht** **ass** **ogeschloss**

Aktualitéit [aktwalit'zjt] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Aktualität* [gegenwärtige Bedeutsamkeit] • **FR** *actualité* [importance actuelle] • **EN** *topicality* • **PT** *atualidade* [interesse atual] **Beispill** d'**Fro** vun der **Ëmweltbe**laaschtung **ass** **vu** **grousser** **Aktualitéit** **2.** (Pluriel **Aktualitéiten**, kee **Singulier**) **DE** *Aktualitäten, Tagesereignisse* • **FR** *actualités* [événements du jour] • **EN** *news, current events* • **PT** *atualidades* [acontecimentos atuais] **Beispiller** d'**Aktualitéite** vum **Dag** **ginn** **owes** op der **Televisioun** **gewisen**; **hie** **liest** d'**Aktualitéiten** an der **Zeitung** **Synonym** **Neiegekeiten**

aktuell [aktw'æ̀l] Adjektiv **1.** **DE** *aktuell, gegenwärtig* • **FR** *actuel, présent* • **EN** *current* • **PT** *atual, presente* **Beispill** den **aktuelle** **Stand** **vun** der **Enquête** **ass** **nach** **net** **bekannt** **Synonym** **jätzeg** **2.** **aktuell** **sinn** **DE** *aktuell sein, modern sein, modisch sein* • **FR** *être actuel, être en vogue, être moderne* • **EN** *to be modern, to be trendy* • **PT** *ser atual, ser moderno, estar na moda* **Beispill** **deem** **Auteur** **seng** **Bicher** **sinn** **ni** **langweileg** **an** **nach** **ëmmer** **aktuell**

Akupunktur [akupunt'ʉ:g] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Akupunktur* • **FR** *acupuncture* • **EN** *acupuncture* • **PT** *acupuntura* **Beispill** **an** der **alternativer** **Medezin** **spillt** d'**Akupunktur** **eng** **grouss** **Roll**

akustesesch [ak'ustəʃ] Adjektiv **1.** **DE** *akustisch* [den Klang betreffend] • **FR** *acoustique* [sonore] • **EN** *acoustic*

[related to sound] • **PT** *acústico* [sonoro] **Beispiller** d'Rout Luucht ass mat engem **akustesche** Signal fir blann Leit ekipéiert; den Techniker huet mat sengem Apparat d'**akustesche** Welle gemooss **2. DE** *akustisch* [Instrument] • **FR** *acoustique* [instrument] • **EN** *acoustic* [instrument] • **PT** *acústico* [instrumento] **Beispill** du kanns Coursen huelen, fir **akustesche** oder elektresch Gittar ze léieren

Akustik [ak'ustik] **Femininum 1.** (kee Pluriel) **DE** *Akustik* [Wissenschaft] • **FR** *acoustique* [science] • **EN** *acoustics* [science] • **PT** *acústica* [ciência] **Beispill** si krut e Präis fir hir Recherchen an der **Akustik 2.** (Pluriel **Akustiken**) **DE** *Akustik* [Klangwirkung] • **FR** *acoustique* [qualité sonore] • **EN** *acoustic* • **PT** *acústica* [qualidade sonora] **Beispiller** deen neie Concertsall huet eng aussergewöhnlech gutt **Akustik**; am Auto ass eng ganz schlecht **Akustik**

akut [ak'u:t] **Adjektiv 1.** **DE** *akut* [aktuell, schwerwiegend] • **FR** *aigu, grave* • **EN** *acute* [severe, serious] • **PT** *agudo, grave* **Beispiller** d'Firma stécht an enger **akuter** ekonomescher Kris; et muss eng Léisung fonnt ginn, ier de Problem **akut** gëtt; duerch d'Drément leit d'Géigend un **akutem** Waassermanktem [duerch d'Drément ass am Moment d'Waasser an der Géigend ganz knapps] **2. DE** *akut* [die Gesundheit bedrohend] • **FR** *aigu* [maladie] • **EN** *acute* [disease] • **PT** *agudo* [crítico] **Beispill** hien ass un enger **akuter** Longenentzündung gestuerwen

Akzent [akts'ænt] **Maskulinum** (Pluriel **Akzenter**) **1. DE** *Akzent, Betonung* [Ton] • **FR** *accent* [intensité de la voix] • **EN** *accent, stress* • **PT** *acento* [intensidade da voz] **Beispill** am Lëtzebuergesche läit den **Akzent** dacks op der virleschter Silb vum Wuert **Synonym** **Betounung 2. DE** *Akzent, Betonung* [Gewicht] • **FR** *accent* [poids] • **EN** *stress* [emphasis, importance] • **PT** *acento* [ênfase] **Beispill** am President senger Neijoerschried louch den **Akzent** op de positiven Aspekter vum vergaangene Joer **Synonym** **Betounung 3.** nei **Akzenter** setzen **DE** *neue Akzente setzen* • **FR** *être à l'origine de nouvelles orientations* • **EN** *to set a new direction* • **PT** *definir novas orientações* **Beispill** déi verstuerwe Politikerin huet an Europa nei **Akzenter** gesat

akzeptabel [aktsæpt'a:bəl] **Adjektiv 1.** **DE** *annehmbar, akzeptabel* • **FR** *acceptable* [recevable] • **EN** *acceptable* [reasonable] • **PT** *aceitável* [razoável] **Beispiller** si kruten hir Wunneng zu engem **akzeptabele** Präis; är Proposition ass net **akzeptabel 2. DE** *annehmbar, befriedigend* • **FR** *acceptable, satisfaisant* • **EN** *acceptable* [satisfactory] • **PT** *aceitável, satisfatório* **Beispill** jidderee soll ënner **akzeptabele** Konditioune kënnen liewen

i Variant: **acceptabel**

Akzeptanz [aktsæpt'ants] **Femininum** (kee Pluriel) **DE** *Akzeptanz* • **FR** *accueil favorable* • **EN** *acceptance, approval* • **PT** *aceitação, acolhimento favorável* **Beispiller** d'Reform stéisst op keng grouss **Akzeptanz** bei de Leit; de Projet huet a breede Kreesser **Akzeptanz** font **Synonym** **Versteesdemech**

i Variant: **Acceptanz**

akzeptéieren [aktsæpt'ɛ:ɪəɾən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé **akzeptéiert**) » **transitiv 1. DE** *ak-*

zeptieren, annehmen [zustimmen] • **FR** *accepter* [approuver] • **EN** *to accept* [to approve] • **PT** *aceitar* [aprovar] **Beispiller** jiddereen huet déi gutt Proposition **akzeptéiert**; de Kompromëss gouf vun alle Betraffenen **akzeptéiert** **Synonym** **unhuelen 2. DE** *akzeptieren, aufnehmen* • **FR** *accepter* [accueillir] • **EN** *to accept* [to welcome] • **PT** *aceitar, acolher* **Beispiller** mir **akzeptéieren** dech an eiser Métt; mäi Frënd **gouf** direkt vun der ganzer Famill **akzeptéiert 3. DE** *akzeptieren, annehmen, dulden* • **FR** *accepter, tolérer* • **EN** *to accept* [to tolerate] • **PT** *aceitar* [tolerar] **Beispiller** eise Chef **akzeptéiert** absolut keng Kritik; du muss **akzeptéieren**, datt net ëmmer alles esou ka goen, wéi s du et gären häss!; dat kann ech net **akzeptéieren!**

i Variant: **acceptéieren**

Akzisen [akts'i:zən] **Femininum** (kee Singulier) - Variant vun **Accisen**

al [a:] **Adjektiv 1. DE** *alt* [bejahrt] • **FR** *vieux* [d'un âge avancé] • **EN** *old* [of advanced age] • **PT** *velho, idoso* **Beispiller** déi al Fra aus dem Nopeschhaus ass elo an engem Altersheem; an dëser Famill sinn se all **al** ginn; d'Theaterstéck adresséiert sech u Jonk an **Al**; hien ass séier **al** ginn [hien ass séier gëeelt]; si sinn zesammen **al** ginn [si hu bis an den héijen Alter zesummegeliift]; wann däi Papp esou weidermécht, gëtt en net **al!** [wann däi Papp esou weidermécht, stierft e fréi!]; ech hunn en Artikel iwuer deen **ale** Goethe geschriwwen [ech hunn en Artikel iwuer d'Spéitwierk vum Goethe geschriwwen] **2. DE** *alt* [Altersangabe] • **FR** *vieux* (de), *âge* (de) [l'indication de l'âge] • **EN** *old* [of a specified age] • **PT** *com a idade de* **Beispiller** deen honnert Joer **ale** Bam huet missen ëmgeluecht ginn; hatt ass drësseg Joer **al 3. DE** *alt* [schon seit Langem bestehend] • **FR** *vieux* [existant de longue date] • **EN** *old* [long-established] • **PT** *velho, antigo* [que existe há muito tempo] **Beispiller** dat ass en aalt Kachrezept; déi **al** Waassermille gëtt restauréiert; et bleift alles beim **Alen** [egs] [et gëtt näischt geännert] **4. DE** *alt* [ehemalig, einstig] • **FR** *vieux* [d'autrefois] • **EN** *old* [former] • **PT** *velho, antigo* [de outrora] **Beispiller** ech hu gëschter eng al Klassekometerin erëmgesinn; den Euro huet déi **al** Lëtzebuerg Frangen ersat **5. DE** *alt* [des Altertums] • **FR** *ancien* [de l'Antiquité] • **EN** *ancient* [from antiquity] • **PT** *antigo* [da Antiguidade] **Beispiller** an hirem neie Buch trahéiert d'Historikerin d'Versklavung vu Krichsgefaangene bei den **Alen** Réimer; mäi Cousin studéiert **al** Sproochen

al [a:] **Adverb** **DE** *sehr* • **FR** *très* • **EN** *a lot, very* • **PT** *muito* **Beispiller** dat do deet **al** wéi!; ech sinn **al** houfereg op dech!; deen duerchdrüwene Schüler huet sech **al** gebessert! **Synonymmen** **ellen, schéin**

à la **Prepositioun**

i Hei entsteeft en neien Artikel

aläert [al'ɛ:ɾt] **Adjektiv** [vereezelt] **DE** *munter, lebhaft, rege* • **FR** *alerte, vif* <Adverb de manière alerte> • **EN** *alert, lively* <Adverb alertly> • **PT** *vivo, cheio de vida* <Adverb com vivacidade> **Beispiller** fir hiren Alter ass meng Bom nach richtig **aläert!**; all Moie marschéiert hie ganz **aläert** duerch d'Groussgaass **Synonym** **monter**

alafen ['a:ɫə:fən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé agelaf) » **intransitiv** **DE** einlaufen, ankommen • **FR** arriver, entrer • **EN** to enter, to arrive • **PT** chegar, entrar **Beispiller** den Zuch ass an d'Gare agelaf; de Sportler leeft mat der olympescher Fakel an de Stadion an; d'Gäscht sinn zesummen am Restaurant agelaf; d'Mamm huet dem Bouf eng Bidden alafe gelooss [d'Mamm huet dem Bouf Waasser an d'Bidde lafe gelooss] **Synonym** ukommen

Alarm [a'l'ɑ:rm] Maskulinum (Pluriel Alarmen / Alarmer) **1. DE** Alarm [Notsignal] • **FR** alerte, alarme • **EN** alarm [warning sound] • **PT** alarme [sinal de alerta] **Beispiller** wien huet den Alarm ausgeléist?; esoubal den Alarm geet, fueren d'Pompjeeën eraus **2. Alarm** schloen **DE** Alarm schlagen • **FR** donner l'alerte • **EN** to raise the alarm • **PT** dar o alarme **Beispill** d'Awunner hunn déi geféierlech Situatioun erkannt an Alarm geschloen

Alarmanlag [a'l'ɑ:rmənla:χ] Femininum (Pluriel Alarmanlagen) **DE** Alarmanlage • **FR** système d'alarme • **EN** alarm system • **PT** sistema de alarme **Beispill** wéi den Déif d'Fënster ageschloen huet, ass d'Alarmanlag ugaangen

alarmant [a'lɑ:rm'ɑnt] Adjektiv **DE** alarmierend, beunruhigend • **FR** alarmant, inquiétant, préoccupant • **EN** alarming, worrying • **PT** alarmante, inquietante, preocupante **Beispill** d'Meteorologen halen d'Entwécklung vum Weltklíma fir alarmant

Alarmbereitschaft [a'l'ɑ:rm'bɛ:rɛ:tʃaft] Femininum (kee Pluriel) **DE** Alarmbereitschaft • **FR** (état d')alerte • **EN** alert, standby • **PT** estado de alerta, (estado de) prevenção **Beispiller** no deem attentat gouf d'Arméi an Alarmbereitschaft versat; wéinst deem weiderhin héije Risiko vun engem Bëschbrand sinn d'Pompjeeën nach ëmmer an Alarmbereitschaft

alarméieren [a'lɑ:rm'ɛ:ɪə:ɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé alarméiert) » **transitiv** **1. DE** alarmieren [zum Einsatz rufen] • **FR** alerter • **EN** to alert • **PT** alertar, avisar **Beispill** bei Gefor gött d'Zentral vun der Sécherheetsfirma alarméiert **2. DE** alarmieren, beunruhigen • **FR** alarmer • **EN** to alarm, to unsettle • **PT** alarmar, inquietar **Beispiller** déi schlecht ekonomesch Situatioun alarméiert d'Bourssen op der ganzer Welt; d'Leit, déi duerch d'Sireen alarméiert goufen, sinn eraus op d'Strooss gelaf; de Mord huet d'Awunner vum Duerf alarméiert

alauden ['a:lɑ:sdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agelaut) » **transitiv** **DE** einläuten, einleiten • **FR** marquer le début de • **EN** to herald • **PT** assinalar o início de **Beispill** dës Decisioun huet e politesche Wiessel agelaut

Albaach ['a:lba:χ] Eegennumm - Variant vun ↗Ganger

Albaner [a'l'b'a:nɛ] Maskulinum (Pluriel Albaner) **DE** Albaner • **FR** Albanais • **EN** Albanian • **PT** albanês **Beispill** mäi beschte Frënd ass Albaner

Albanerin [a'l'b'a:nɛ:ɾin] Femininum (Pluriel Albanerinnen) **DE** Albanerin • **FR** Albanaise • **EN** Albanian [female] • **PT** albanesa **Beispill** meng bescht Frëndin ass Albanerin

albanesch [a'l'b'a:nɛʃ] Adjektiv **DE** albanisch • **FR** albanais • **EN** Albanian • **PT** albanês **Beispill** op eiser Rees hu mir déi albanesch Kultur kenne geléiert

Albanien [a'l'b'a:njən] Eegennumm, Neutrum **DE** Albanien • **FR** Albanie • **EN** Albania • **PT** Albânia **Beispiller** ech war schonn dräimol an Albanien; ech fueren d'nächst Woch an Albanien; ech kommen aus Albanien

i männlech Persoun: ↗Albaner weiblech Persoun: ↗Albanerin
Adjektiv: ↗albanesch Haaptstad: ↗Tirana

Albdram Maskulinum (Pluriel Albdreem) **DE** Albdram • **FR** cauchemar • **EN** nightmare, bad dream • **PT** pesadelo **Beispiller** no mengem schroen Accident hat ech nuets dacks Albdreem; eis lescht Vakanz war en eenzeggen Albdram [eis lescht Vakanz war eng eenzeg Katastroph] **Synonymen** Cauchemar, ellenen Dram, schlechten Dram

albekannt [a:l'bɛk'ɑnt] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Album ['a:lbum] Maskulinum (Pluriel Albumen / Alben) **1. DE** Album [Sammelbuch] • **FR** album [cahier, classeur] • **EN** album [book] • **PT** álbum [para objetos de coleção] **Beispill** hie mécht en Album mat Fotoen aus senger Vakanz **2. DE** Album [Musikalbum] • **FR** album [de musique] • **EN** album [music] • **PT** álbum [de música] **Beispill** de Sänger huet en neien Album erausginn

Aldringer ['ɑ:ldrɪŋɛ] Eegennumm **DE** Aldringer [Ort in Luxemburg-Stadt] • **FR** Aldringer [lieu à Luxembourgville] • **EN** Aldringer [in Luxembourg City] • **PT** Aldringer [lugar na cidade de Luxemburgo] **Beispiller** ech schloe vir, datt mir eis um sechs Auer um Aldringer treffen; fiert eigentlech nach e Bus op den Aldringer?

i Tëschent de Joren 1977 an 2015 war den Aldringer, deen offiziell Place Hamilius geheescht huet, de Leit als Busgare an der Uewerstad e Begrëff. E louch direkt virum fréiere Postgebei. Säin Numm krut en duerch d'Aldringerstrooss, déi vun der Biedergaass bis an d'Ënneschtgaass verleeft, also direkt laanscht den Aldringer. Och wann d'Busgare haut grouss Gebaier Plaz gemach huet, bleift den Aldringer als Plaz am Vollekmond erhalen.

aleeden ['a:lɛ:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageleet) » **transitiv** **1. DE** einleiten [in die Wege leiten] • **FR** entamer, déclencher • **EN** to initiate, to set in motion • **PT** dar início a, encetar **Beispiller** et ass eng Enquête ageleet ginn; mir mussen onbedéngt déi néideg Reformen aleeden; d'Gebuert vum Kand huet missen ageleet ginn [d'Gebuert vum Kand huet misse kënschtlech declenchéiert ginn] **2. DE** einleiten [eröffnen] • **FR** commencer, ouvrir • **EN** to open, to start off • **PT** começar, abrir **Beispiller** d'Feier gouf mat engem flotte Museksstück ageleet; de President huet d'Diskussionsronn ageleet

Aleedung ['a:lɛ:duŋ] Femininum (Pluriel Aleedungen) **DE** Einführung, Einleitung [Worte, Text] • **FR** introduction [paroles, texte] • **EN** introduction [words, text] • **PT** introdução [palavras, texto] **Beispiller** a senger Aleedung huet de Riedner sech kuerz virgestallt; an der Aleedung vum Buch gött ee viles iwuer dem Auteur säi Liewe gewuer

aleeën ['a:le:ən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *ageluecht*) » **transitiv** **1.** **DE** *einlegen* [*hineinlegen*] • **FR** *mettre* [*dans*], *insérer* • **EN** *to load*, *to put in* • **PT** *pôr* [*dentro*], *inserir* **Beispiller** fréier huet een e Film an de Fotoapparat missen *aleeën*; lee emol en aneren CD (an den CD-Player) an, ech kann déi Lidder net méi héieren! **2.** **DE** *einlegen* [*eine Pause, eine Gedenkminute*] • **FR** *faire* [*une pause*], *observer* [*une minute de silence*] • **EN** *to have*, *to observe* [*a minute's silence*] • **PT** *fazer* [*uma pausa*], *observar* [*um minuto de silêncio*] **Beispiller** no dräi Stonnen Aarbecht *hu* mir eng kleng Paus *ageluecht*; virun der Sätzung *gouf* eng Gedenkminutt fir de Verstuerwenen *ageluecht* **3.** säi Veeto *aleeën* (géint) **DE** *sein Veto einlegen* (*gegen*) • **FR** *mettre son veto* (*à*), *opposer son veto* (*à*) • **EN** *to use one's veto* (*against*) • **PT** *opor o seu veto* (*a*) **Beispill** zwee Länner *hunn* hire Veeto géint déi geplangten Direktiv *ageluecht* **4.** e (gutt) Wuert *aleeë* fir **DE** *ein gutes Wort einlegen für*, *eintreten für* • **FR** *appuyer* [*laider, recommander*] • **EN** *to put in a good word for* • **PT** *intervir a favor de* **Beispill** ech *hu* beim Chef e gutt Wuert fir dech *ageluecht* **5.** Eier *aleeë* mat **DE** *Eindruck machen mit* • **FR** *faire une forte impression avec* • **EN** *to gain recognition with* • **PT** *ganhar honras com* **Beispill** mat deem dote Plat kanns de bei eise Gäscht awer keng Eier *aleeën*! **6.** e Gang *aleeën* **DE** *einen Gang einlegen* • **FR** *passer une vitesse* • **EN** *to engage a gear* • **PT** *meter uma mudança* **Beispill** no kuerzer Streck *huet* e schonn de fënnefte Gang *ageluecht* **7.** **DE** *einlagern* • **FR** *faire provision de*, *mettre en stock* • **EN** *to stock up on*, *to lay in* • **PT** *fazer provisão de*, *armazenar* **Beispill** meng Grousseltere *leeën* nach ëmmer Gromperen am Keller an » **reflexiv** **8.** **DE** *sich ins Bett legen* [*bei Krankheit*] • **FR** *s'aliter* [*en cas de maladie*] • **EN** *to retire to bed* [*to be confined to bed*] • **PT** *acamar-se*, *deitar-se* [*por motivo de doença*] **Beispill** ech *hunn* eng zolidd Gripp, ech gi mech *aleeën*

Alef Femininum (Pluriel *Alefen*) *Alburnus alburnus* **DE** *Ukelei, Laube* • **FR** *ablette* • **EN** *common bleak* • **PT** *alburno*, *ablete* **Beispill** d'*Alefe* fënnt een an der Musel, an der Sauer an an der Our **Synonymmen** *Aalbes*, *Blänkert*

Aleft ['a:læft] Eegennumm **DE** *Alf* • **FR** *Alf* • **EN** *Alf* • **PT** *Alf* **Beispiller** ech wunnen an der *Aleft*; fiert dese Bus an d'*Aleft*?

aléisen ['alɜ:zɪən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *ageléist*) » **transitiv** **1.** **DE** *einlösen* [*umtauschen*] • **FR** *encaisser* [*un titre de créance, un chèque*] • **EN** *to cash* [*a cheque, a money order*] • **PT** *cobrar* [*um título de crédito, um cheque*] **Beispill** hien *huet* de Scheck bei der Bank *ageléist* **2.** **DE** *einlösen* [*ein Versprechen*] • **FR** *tenir* [*une promesse*] • **EN** *to keep*, *to honour* [*a promise*] • **PT** *cumprir* [*uma promessa*] **Beispill** mat dësem Gesetz *huet* d'Regierung hiert Versprechen aus dem Walkampf *ageléist*

aleng [alæŋ] Adjektiv - Variant vun *æleng*

aleng ['alæŋ] Adverb - Variant vun *æleng*

alenken ['alæŋkən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *agelenkt*) » **intransitiv** **DE** *einlenken* [*nachgeben*] • **FR** *faire des concessions* • **EN** *to give in*, *to compromise* • **PT** *transigir*, *fazer concessões* **Beispill** si *hunn* *agelenkt*, well esou vill Drock op si gemaach ginn ass **Synonym** *noginn*

Alenter Maskulinum (Pluriel *Alenter*) **DE** *Erle* • **FR** *aulne* • **EN** *alder* • **PT** *amieiro* **Beispill** am Schiet vum *Alenter* souz e jonke Mann bei der Baach ze fëschen

i Variant: *Ielenter*

Alert [al'ɛ:ɐt] Femininum (Pluriel *Alerten*) **1.** **DE** *Alarm* [*Notsignal, Einsatzruf*] • **FR** *alerte* [*signal de danger, d'intervention*] • **EN** *alarm*, *alert* [*warning signal*] • **PT** *alerta* [*signal de perigo, de intervenção*] **Beispill** zéng Minutten no der *Alert* war d'Rettungsekip op der Plaz vum Accident **2.** **DE** *Warnung, Benachrichtigung, Hinweis* • **FR** *alerte* [*avertissement, notification*] • **EN** *warning, notification* • **PT** (*mensagem de*) *alerta* **Beispiller** eisen Informatiker *huet* eng *Alert* kritt, datt en neie Virus am Ëmlaf ass; déi nei App vun der Eisebunn schéckt mir automatesch eng *Alert*, wa mäin Zuch Verspéidung *huet*

Alerte [al'ɛ:ɐt] Femininum (Pluriel *Alerten*) - Variant vun *Alert*

alertéieren [alɛɐt'ɜ:ɪə:ɐn] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *alertéiert*) » **transitiv** **DE** *alarmieren* [*zum Einsatz rufen*] • **FR** *alerter*, *avertir* • **EN** *to alert* • **PT** *alertar*, *avisar* **Beispill** eue Gléck, datt d'*Pompjeeë* matzäit *alertéiert* goufen!

Al-Esch [a:l'ɛʃ] Eegennumm **DE** *Al-Esch* • **FR** *Al-Esch* • **EN** *Al-Esch* • **PT** *Al-Esch* **Beispiller** ech wunnen an *Al-Esch*; fiert dese Bus an *Al-Esch*?

Alg [alɔ] Femininum (Pluriel *Algen*) **DE** *Alge* • **FR** *algue* • **EN** *alga* • **PT** *alga* **Beispill** de Weier ass voll mat gréngen *Algen*

algeeresch [alɜ'e:rəʃ] Adjektiv **DE** *algerisch* • **FR** *algérien* • **EN** *Algerian* • **PT** *argelino* **Beispill** op eiser Rees *hu* mir déi *algeeresch* Kultur kenne geléiert

Algeerier [alɜ'e:rjɛ] Maskulinum (Pluriel *Algeerier*) **DE** *Algerier* • **FR** *Algérien* • **EN** *Algerian* • **PT** *argelino* **Beispill** mäi beschte Frënd ass *Algeerier*

Algeerierin [alɜ'e:rjɛ:rɪn] Femininum (Pluriel *Algeerierinnen*) **DE** *Algeerierin* • **FR** *Algérienne* • **EN** *Algerian* [*female*] • **PT** *argelina* **Beispill** meng bescht Frëndin ass *Algeerierin*

Alger Eegennumm **DE** *Algier* • **FR** *Alger* • **EN** *Algiers* • **PT** *Argel* **Beispill** *Alger* ass d'Hauptstad vun *Algerien*

i Variant: *Algier*

Algerien [alɜ'e:rjɛn] Eegennumm, Neutrum **DE** *Algerien* • **FR** *Algérie* • **EN** *Algeria* • **PT** *Argélia* **Beispiller** ech war schonn dräimol an *Algerien*; ech fueren d'nächst Woch an *Algerien*; ech kommen aus *Algerien*

i männlech Persoun: *Algeerier* weiblech Persoun: *Algeerierin* Adjektiv: *algeeresch* Hauptstadt: *Alger*

Algier Eegennumm - Variant vun *Alger*

Algorithmus Maskulinum (Pluriel *Algorithmen* / *Algorithmen*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Algriches [a:lgr'i:çəʃ] Neutrum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

alias ['a:ljas] Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

Alibi ['a:li:bi:] Maskulinum (Pluriel Alibien) **1.** DE *Alibi* [eines Tatverdächtigen] • FR *alibi* [d'une personne suspectée] • EN *alibi* [of a suspect] • PT *alibi* [de uma pessoa suspeita] **Beispill** de Verdächtige(n) hat kee gudden Alibi **2.** DE *Alibi*, *Rechtfertigung*, *Vorwand* • FR *alibi*, *justification* • EN *alibi* [excuse, justification] • PT *alibi*, *justificação* **Beispill** hatt benotzt d'Ausso, jidderee géif léien, als Alibi, fir et selwer och ze maachen!

aliesen ['ali:æzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agelies)

i Hei entsteet en neien Artikel.

aliewen ['ali:ævən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageliéft) » **reflexiv** DE *sich einleben* • FR *s'acclimater*, *s'accoutumer* • EN *to come to terms with*, *to become acclimatized* • PT *aclimatar-se*, *ambientar-se* **Beispiller** hatt muss sech Schrëtt fir Schrëtt a seng nei Situatoun aliewen; si hu sech an hirer neier Noperschaft scho gutt ageliéft

alignéieren [ali:'zi:æ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé alignéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

aliichten ['ali:çtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageliicht) » **intransitiv** DE *einleuchten* • FR *paraître évident*, *paraître clair* • EN *to make sense to* • PT *parecer evidente*, *parecer óbvio* **Beispiller** d'Argumenter vum Schäfferot hunn de Bierger net ageliicht; seng Iddie liichte jidderengem ganz séier an; hinne liichten d'Moosnamen, déi d'Verwaltung geholl huet, glat a guer net an; et liicht hinnen (net) an, datt och si Feeler gemaach hunn [si gesinn (net) an, datt och si Feeler gemaach hunn]

Alimentatioun [alimã:tasj'øʊn] Femininum (kee Pluriel) DE *Ernährung* [Nahrung] • FR *alimentation* [nourriture] • EN *diet* • PT *alimentação* [nutrição] **Beispiller** eng ongesond Alimentatioun mécht déck a schuet dem Organismus; Uebst a Geméis si wichteg Bestanddeeler vu gesonder Alimentatioun **Synonym** Ernährung

Alimenten [alim'æntən] Maskulinum (kee Singulier) - Variant vun ↗Alimenter

Alimenter [alim'æntə] Maskulinum (kee Singulier) DE *Alimente* • FR *pension alimentaire* • EN *alimony* • PT *alimentos*, *pensão alimentar* **Beispill** de gescheete Mann muss all Mount Alimenter fir seng Kanner bezuelen

i Variant: Alimenten

Alinea Maskulinum (Pluriel Alineaen) **Administratioun** DE *Absatz*, *Unterabsatz* [eines Gesetzestextes] • FR *alinéa* [d'un texte de loi] • EN *paragraph* [of a text of a law] • PT *alínea* [de um texto de lei] **Beispill** déi genee Modalitéite fénns de am Artikel 6, Paragraf 3, Alinea 2 vum entsprechende Gesetz

aliwweren ['ali:və:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageliwwert) » **transitiv** (an d'Spidol) ageliwwert ginn DE *(ins Krankenhaus) eingeliefert werden* • FR *être hospitalisé* • EN *to be hospitalized*, *to be admitted (to hospital)* • PT *ser hospitalizado* **Beispiller** wéi et schéngt, ass seng Mamm ganz onerwaart an d'Spidol ageliwwert ginn; wéinst wat huet däi Papp da missen ageliwwert ginn?

Aliwwerung ['ali:və:rʊŋ] Femininum (Pluriel Aliwwerungen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Alkalimetall [alk'a:limətal] Neutrum (Pluriel Alkalimetaller) **Chimie** DE *Alkalimetall* • FR *métal alcalin* • EN *alkali metal* • PT *metal alcalino* **Beispill** zum Grupp vun den Alkalimetaller gehéieren ënner anerem de Lithium, den Natrium an de Kalium

Alkohol ['alko:ho:l] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE *Alkohol* [Getränk] • FR *alcool* [boisson] • EN *alcohol* [alcoholic drink] • PT *álcool* [bebida] **Beispiller** meng Frëndin drénkt guer keen Alkohol; den Alkohol an den Tubak si Gefore fir d'Gesondheet; et gesäit een, datt s du den Alkohol spiers [et gesäit een, datt s du d'Wierkung vum Alkohol spiers]; Alkohol um Steier däerf net sinn! [Auto fueren, nodeem een Alkohol gedronk huet, däerf net sinn!] **2.** (Pluriel Alkoholen / Alkoholer) DE *Alkohol* [Stoffgruppe] • FR *alcool* [composé organique] • EN *alcohol* [organic compound] • PT *álcool* [composto orgânico] **Beispill** verschidden Alkoholer kënnen als Léisungsmëttel benotzt ginn **3.** (kee Pluriel) DE *Alkohol* [Isopropylalkohol] • FR *alcool* [isopropylique] • EN [isopropyl] *alcohol* • PT *álcool* [isopropílico] **Beispiller** ier en eng Sprëtz mécht, desinfizéiert den Infirmier d'Haut mat Alkohol; am Fall vun engem Beiestach hëllef Kompressen mat Alkohol, datt d'Schwellung zeréckgeet

alkoholesch [alkoh'o:ləʃ] Adjektiv **1.** DE *alkoholisch* [Alkohol enthaltend] • FR *alcoolisé* [contenant de l'alcool] • EN *alcoholic* [containing alcoholic] • PT *alcoólico* [que contém álcool] **Beispill** et ass verbueden, alkoholesch Gedrénks u Jonker ënner siechzeng Joer ze verkafen **2.** DE *alkoholisch* [Alkohol bildend] • FR *alcoolique* [relatif à la production d'alcool] • EN *alcoholic* [related to alcohol fermentation] • PT *alcoólico* [relativo à produção de álcool] **Beispill** am Chimiescours hu mer erkläert kritt, wat bei der alkoholescher Gärung geschitt

Alkoholiker [alkoh'o:likə] Maskulinum (Pluriel Alkoholiker) DE *Alkoholiker* • FR *alcoolique* • EN *alcoholic* • PT *alcoólico* **Beispiller** mäi Frënd ass Alkoholiker, hien drénkt schonn zënter Joren; vill Alkoholiker ginn hir Krankheet net gären zou

i Weiblech Form: ↗Alkoholikerin

Alkoholikerin [alkoh'o:likərin] Femininum (Pluriel Alkoholikerinnen) DE *Alkoholikerin* • FR *alcoolique* [femme] • EN *alcoholic* [female] • PT *alcoólica* **Beispill** ech sinn eng dréchen Alkoholikerin, ech hunn zënter Jore keen Alkohol méi gedronk

i Männlech Form: ↗Alkoholiker

alkoholiséiert [alkoholiz'zi:ət] Adjektiv DE *betrunken* • FR *en état d'ébriété* • EN *inebriated*, *drunk* • PT *alcoolizado*, *em estado de embriaguez* **Beispill** am Rapport vun der Police stoung, datt de Chauffeur staark alkoholiséiert war

Alkoholismus [alko:ho:l'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Alkoholismus*, *Alkoholabhängigkeit* • FR *alcoolisme* • EN *alcoholism* • PT *alcoolismo* **Beispill** den Alkoholismus ass en dacks ënnerschate Problem vun

eiser Gesellschaft

Alkoholkontroll ['alkoho:lkontrol] Femininum (Pluriel Alkoholkontrollen) DE Alkoholkontrolle • FR *contrôle d'alcoolémie* • EN *alcohol check, alcohol test* • PT *controlo de alcoolemia* **Beispill** op Uerder vum Procureur gouf eng systematesch Alkoholkontroll duerchgefëiert

Alkoholsucht ['alkoho:lzuχt] Femininum (kee Pluriel) DE *Alkoholabhängigkeit* • FR *dépendance à l'alcool* • EN *alcohol addiction* • PT *alcoolicismo* **Beispill** mäi Mataarbechter krut seng Alkoholsucht iergendwann net méi verstoppt

Alkoholtest ['alkoho:ltæst] Maskulinum (Pluriel Alkoholtester) DE *Alkoholtest* • FR *éthylotest, alcootest* • EN *breathalyser test, alcohol check* • PT *teste do álcool, teste do balão* **Beispill** ee vun de Chaufferen hat ofensichtlech eng am Kanälli an huet missen en Alkoholtest maachen

All [a] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Weltall* • FR *univers, cosmos* • EN *space [universe]* • PT *universo, cosmos* **Beispill** d'Astronauten hu sech mat hirer Rakët op de Wee an den All gemaach **Synonym** Weltall

all [a] Indefinitpronomen » Singulier / männlech / Nominativ 1. DE *jeder [jeder einzelnen]* • FR *chaque* • EN *each, every* • PT *cada* **Beispiller** dat muss dach all Mënsch verstoen!; all Member soll un der Generalversammlung deelhuefen **Synonym** jidder » Singulier / männlech / Nominativ 2. DE *jeder, aller, all, jeglicher* • FR *tout* • EN *all* • PT *tudo* **Beispiller** bei där Fra hirer Stuerheet war all Protest ëmsoss; all dee Stress mécht mech krank! » Singulier / männlech / Akkusativ 3. DE *jeden [jeden einzelnen]* • FR *chaque* • EN *each, every* • PT *cada* **Beispill** d'Police huet all Wénkel vum Haus duerchsicht **Synonym** jidder » Singulier / männlech / Akkusativ 4. DE *jeden, allen, all, jeglichen* • FR *tout* • EN *all* • PT *tudo* **Beispiller** ech hunn all Glawen un d'Mënschheet verluer; wien huet all de Schockela giess? » Singulier / weiblech / Nominativ 5. DE *jede [jede einzelne]* • FR *chaque* • EN *each, every* • PT *cada* **Beispill** bei dësem Gedicht huet all Stroph aacht Versen **Synonym** jidder » Singulier / weiblech / Nominativ 6. DE *jede, alle, all, jegliche* • FR *toute* • EN *all* • PT *toda* **Beispiller** fir déi Accidentéiert koum all Hëllef ze spéit; all eis Méi war ëmsoss » Singulier / weiblech / Akkusativ 7. DE *jede [jede einzelne]* • FR *chaque* • EN *each, every* • PT *cada* **Beispill** op engem schwaarze Paltong gesäit een all Fisem **Synonym** jidder » Singulier / weiblech / Akkusativ 8. DE *jede, alle, all, jegliche* • FR *toute* • EN *all* • PT *toda* **Beispiller** de Coiffer hat all Méi, fir meng Krauselen an d'Fassung ze kréien; am Examen hunn ech all meng Tënt verschrivwen » Singulier / sächlech / Nominativ 9. DE *jedes [jedes einzelnen]* • FR *chaque* • EN *each, every* • PT *cada* **Beispill** all Kand krut e schéine roude Loftballon geschenkt **Synonym** jidder » Singulier / sächlech / Nominativ 10. DE *jedes, alles, all, jegliches* • FR *tout, toute* • EN *all* • PT *tudo, toda* **Beispiller** all säi Geld geet drop fir Dommheeten; all Gejüz war ëmsoss, d'Kand krut net, wat et wollt » Singulier / sächlech / Akkusativ 11. DE *jedes [jedes einzelnen]* • FR *chaque* • EN *each, every* • PT *cada* **Beispill** de Mënsch soll all Liewewiese respektéieren **Synonym** jidder » Singulier / sächlech / Akkusativ 12. DE *jedes, alles, all, jegliches*

• FR *tout, toute* • EN *all* • PT *tudo, toda* **Beispiller** d'Meedchen huet him all säi Leed geklot; de Schoulmeeschter huet all Gestëppels streng verbueden » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Nominativ 13. DE *alle, all* • FR *tous (les), toutes (les)* • EN *all* • PT *todos (os), todas (as)* **Beispiller** menger Mamm hir Posche sinn all aus Lieder; all d'Fraktiounen hunn de Gesetzestext gestëmmt; all Versich, den Auto unzekréien, waren ëmsoss » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Akkusativ 14. DE *alle, all* • FR *tous (les), toutes (les)* • EN *all* • PT *todos (os), todas (as)* **Beispiller** hie wouss op all Froen eng Äntwert; hien huet seng Frënn all agelueden; ech sammelen all d'Broschüre vun eisen Duerveräiner; d'Post léisst all hir Leitungen ënnerierdesch verleeën » Singulier / männlech / Dativ 15. DE *jedem [jedem einzelnen]* • FR *chaque* • EN *each, every* • PT *cada* **Beispiller** hie geet wéinst all Bobbo bei den Dokter; hie geet all Sträit aus dem Wee » Singulier / männlech / Dativ 16. DE *all* • FR *tout* • EN *all* • PT *tudo* **Beispill** déi al Direktesch gouf mat all deem Drock an der Firma net méi eens » Singulier / weiblech / Dativ 17. DE *jeder [jeder einzelnen]* • FR *chaque* • EN *each, every* • PT *cada* **Beispill** e Komitee huet festgehalten, datt no all Sëtzung e Rapport geschriww gëtt » Singulier / weiblech / Dativ 18. DE *all* • FR *toute* • EN *all* • PT *toda* **Beispill** bei all där Opreegung hat ech meng Schlëssele vergiess » Singulier / sächlech / Dativ 19. DE *jedem [jedem einzelnen]* • FR *chaque* • EN *each, every* • PT *cada* **Beispiller** an der Retraite ass virun all Iessen eng Meditatioun virgesinn; eis Kanner sinn ofgehäert, well se bei all Wieder dobusse spillen » Singulier / sächlech / Dativ 20. DE *all* • FR *tout, toute* • EN *all* • PT *tudo, toda* **Beispill** bei all deem Geméis brauch ech kee Fleeesch méi » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Dativ 21. DE *all* • FR *tous (les), toutes (les)* • EN *all* • PT *todos (os), todos (as)* **Beispiller** d'Decisioun gouf kollektiv vun all de betreffenen Acteure geholl; déi jonk Professesch ass bei all hire Schüler beléift; no all deenen Opreegung misst ee kënnen eng Woch Vakanz maachen!

Alldag ['aldɑ:χ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Alltag [tägliches Einerlei]* • FR *quotidien [vie quotidienne]* • EN *everyday life* • PT *dia a dia, quotidiano* **Beispiller** jidderee versicht, säin Alldag esou agreabel ewéi méiglech ze gestalten; d'Kompetenzen, déi een am Alldag brauch, kritt een an der Schoul bäibruecht

Alldagssprooch ['aldɑ:χsʃpro:χ] Femininum (kee Pluriel) DE *Alltagssprache* • FR *langage courant* • EN *everyday language* • PT *linguagem coloquial* **Beispill** d'Wuert „därbaants“ ass vereelt zä gëtt an der Alldagssprooch bal net méi gebraucht

aldeeplech [ald'e:çlœç] Adjektiv 1. DE *alltäglich, tagtäglich* • FR *quotidien [journalier]* • EN *daily [day-to-day, regular]* • PT *diário* **Beispill** ech verdroen deen aldeepleche Stress ronderëm Beruff a Stot net méi 2. DE *alltäglich, gewöhnlich, banal* • FR *ordinaire, banal* • EN *daily [everyday, ordinary]* • PT *ordinário, habitual* **Beispiller** eng Sonnendäischtert ass keen aldeepleche Phenomeen; an der Vakanz versiche vill Leit, aus hirem aldeepleche Kader auszebriechen; fir vill Leit geet näischt iwwer dat Alldeeplecht [fir vill Leit geet näischt iwwer dat, wat se gewinnt sinn]

Allee [al'e:] Femininum (Pluriel Alleeën) DE *Allee* • FR *allée* • EN *alley, avenue* • PT *álea, alameda* **Beispiller** an der Allee sti Beem, déi méi wéi honnert Joer hunn; munch schéin Alleeë goufe muttwëlles ewechgehaen

allefalls ['aləfəls] Adverb DE *allenfalls* [*höchstens, bestenfalls*] • FR *tout au plus* • EN *at most, at best* • PT *na melhor das hipóteses* **Beispill** an där kuerzer Zäit, déi mer hunn, kënne mer déi eenzel Sujeten **allefalls** uschneiden **Synonymmen** beschtefalls, héchstens

alleguer [aləg'u:ɔ] Indefinitpronomen » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Nominativ **1.** DE *allesamt, alle* • FR *tous, toutes* • EN *all* • PT *todos, todas* **Beispiller** d'Acteure sinn um Enn vum Stéck **alleguer** op d'Bün komm; an deem Geschäft leien d'Präisser vun de Schong **alleguer** em honnert Euro; **alleguer** d'Kanner, déi um Fest waren, kruten eng Tut Kamellen **Synonym all** » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Akkusativ **2.** DE *allesamt, alle* • FR *tous, toutes* • EN *all* • PT *todos, todas* **Beispiller** bei der Virstellung vum Projet huet de Responsabelen **alleguer** d'Mataarbechter ernimmt; den Entrepreneur huet seng Maschinne bal **alleguer** geleaset **Synonym all** » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Dativ **3.** DE *allen* • FR *tous, toutes* • EN *all* • PT *todos, todas* **Beispiller** de Patron huet **alleguer** sengen Aarbechter Merci gesot; vun **alleguer** den Zeitunge liesen ech keng eng méi; dës Decisioun gouf vun eis **alleguer** guttgehescht **Synonym all**

i Variant: **alleguerten**

alleguerten [aləg'u:ɔtən] Indefinitpronomen - Variant vun **alleguer**

allem ['aləm] Indefinitpronomen » Singulier / männlech / Dativ **1.** DE *allem* • FR *tout* • EN *all* • PT *todo* **Beispill** bei **allem** gudde Wëlle sinn ech net domat averstanen! » Singulier / sächlech / Dativ **2.** DE *allem* • FR *tout, toute* • EN *all, everything* • PT *todo, toda, tudo* **Beispiller** trotz **allem** Gestreits hate mer eng interessant Diskussioun; mir si mat **allem** averstanen; deen ale Grant huet un **allem** eppes auszesetzen!

allen ['alən] Indefinitpronomen » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Nominativ **1.** DE *alle* • FR *tous (les), toutes (les)* • EN *all* • PT *todos (os), todas (as)* **Beispiller** eis Kanner kruten alle véier de Bloen Houscht; d'Täter sinn **allen** zwee ongeféier 30 Joer al » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Akkusativ **2.** DE *alle* • FR *tous (les), toutes (les)* • EN *all* • PT *todos (os), todas (as)* **Beispill** mir hunn der Nopesch hir Bouwen **allen** dräi am Park gesinn » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Dativ **3.** DE *allen* • FR *tous (les), toutes (les)* • EN *all (the)* • PT *todos (os), todas (as)* **Beispiller** hie lieft am Fridde mat alle Leit; vun **allen** Iddien ass dës déi bescht; bass du vun **alle** gudde Geeschter verlooss?

Allënster [a:l'ənstɛ] Eegennumm DE *Altlinster* • FR *Altlinster* • EN *Altlinster* • PT *Altlinster* **Beispiller** ech wunnen zu Allënster; fiert dës Bus op Allënster?

aller ['alɛ] Indefinitpronomen » Singulier / weiblech / Dativ DE *aller* • FR *toute* • EN *all* • PT *toda* **Beispiller** hie gëtt an **aller** Stëll begruewen; nom Iesse souz hien do, an **aller** Gemittsrou d'Zeitung ze liesen

allerbescht [alɛb'æft] Adjektiv DE *allerbeste* • FR *de loin le meilleur* • EN *very best* • PT *de longe o melhor* **Beispiller** déi bescht Zoossiss kriss de bei eisem Metzler, déi **allerbescht** hunn ech awer a Portugal giess!; dat **Allerbescht** ass fir dech grad gutt genuch!; mat senger Gesondheet steet et net zum **Allerbeschten** (hien huet gesondheetlech Problemer!); dat do ass awer déi **Allerbescht**! [dat do ass awer de Combell!]

Allerbuer ['alɛbu:ɔ] Eegennumm DE *Allerborn* • FR *Allerborn* • EN *Allerborn* • PT *Allerborn* **Beispiller** ech wunnen zu **Allerbuer**; fiert dës Bus op **Allerbuer**?

i Lokalvariant: **Allerburren**

Allerburren ['alɛburən] Eegennumm - Variant vun **alerbuer**

alldéngs [alɛd'ɛŋs] Adverb DE *allerdings, jedoch* • FR *toutefois, cependant* • EN *however, though* • PT *contudo, todavia, no entanto* **Beispiller** si haten eng flott Vakanz, et huet **alldéngs** vill gereent; mir hate grouss Pläng, déi mer **alldéngs** ni konnte realisieren

alleréisch [alɛr'ɛʃt] Adjektiv DE *allererste* • FR *tout premier* • EN *very first* • PT *primeiro (de todos)* **Beispiller** mäi Jong ass bei de Pompjeeën an hien hat de Weekend säin **alleréischten** Asaz; wie war eigentlech déi **alleréisch** Fra, déi an d'Chamber gewielt gouf?

Allergeen [alɛrg'e:n] Maskulinum (Pluriel **Allergeenen**) DE *Allergen* • FR *allergène* • EN *allergen* • PT *alergénio* **Beispill** de mënschleche Kierper muss stänneg **Allergeenen**, déi en ophëlt, erkennen an ofwieren

Allergen [alɛrg'e:n] Maskulinum (Pluriel **Allergeenen**) - Variant vun **alergeen**

allergesch [al'ɛrgɛʃ] Adjektiv DE *allergisch* • FR *allergique* • EN *allergic* • PT *alérgico* **Beispiller** hien huet eng **allergesch** Reaktioun op de Beiestach gemaach; hatt ass **allergesch** op Hieselnëss

Allergie [alɛr'ʒi:] Femininum (Pluriel **Allergien**) DE *Allergie* • FR *allergie* • EN *allergy* • PT *alergia* **Beispiller** hien huet eng **Allergie** op Nëss; et gëtt ëmmer méi Kanner, déi un **Allergië** leiden

Allergiker [al'ɛrʒikɛ] Maskulinum (Pluriel **Allergiker**) DE *Allergiker* • FR *personne allergique* • EN *allergic person* • PT *pessoa alérgica* **Beispill** als **Allergiker** verdréit hie kee Stëbs

i Weiblech Form: **alergikerin**

Allergikerin [al'ɛrʒikɛrɪn] Femininum (Pluriel **Allergikerinnen**) DE *Allergikerin* • FR *femme allergique, fille allergique* • EN *allergic woman, allergic girl* • PT *mulher alérgica, rapariga alérgica* **Beispill** als **Allergikerin** daërf meng kleng Schwëster vill Saachen net iessen

i Männlech Form: **alergiker**

Allergolog [alɛrgol'o:k] Maskulinum (Pluriel **Allergologen**) DE *Allergologe* • FR *allergologue, allergologiste* • EN *allergist* • PT *alergologista* **Beispill** mäin **Allergolog** huet mer ausféierlech erkläert, wat bei enger Desensibiliséierung geschitt

i Weiblech Form: **alergologin**

Allergologie [alɛʁgoloʒ'i:] Femininum (kee Pluriel) DE *Allergologie* • FR *allergologie* • EN *allergy* • PT *alergologia* **Beispill** d'Allergologie bitt dem Patient haut eng grouss Panoplie un effikasse Medikamenter

Allergologin [alɛʁgol'o:gin] Femininum (Pluriel Allergologinnen) DE *Allergologin* • FR *allergologue, allergologiste* [femme] • EN *allergist* [female] • PT *alergologista* [mulher] **Beispill** meng Allergologin huet erausfonnt, datt ech allergesch op mäi Wäschmëttel reagieren

Männlech Form: ↗Allergolog

allergéisst Adjektiv

Hei entsteet en neien Artikel.

allerhand [alɛh'ant] onverännerbaart Adjektiv **1.** DE *allerhand, allerlei* • FR *toutes sortes de* • EN *all kinds of* • PT *todo o tipo de* **Beispill** hei am Buttek kritt een allerhand Saachen ze kafen **Synonymmen** allerlee, allméiglech **2.** DE *allerhand, unerhört* • FR *incroyable* [efarant, choquant] <Adverb incroyablement> • EN *outrageous, shocking* <Adverb outrageously, shockingly> • PT *incrível, escandaloso* <Adverb incrivelmente> **Beispiller** dat do ass wierklech allerhand!; dee Rotzbouf ass allerhand frech mat eis!

Allerhellegen [alɛh'æləzəɒn] Neutrum (kee Pluriel) DE *Allerheiligen* • FR *Toussaint* • EN *All Saints' Day* • PT *dia de Todos os Santos* **Beispill** Allerhellegen ass e kierchleche Feierdag

Allerhellegevakanz [alɛh'æləzəvakants] Femininum (Pluriel Allerhellegevakanzen) DE *Herbstferien* [um Allerheiligen] • FR *vacances de la Toussaint* • EN *autumn half-term holiday* • PT *férias de outono* [junto ao feriado de Todos os Santos] **Beispill** d'Allerhellegevakanz fänkt dëst Joer den 31. Oktober un

allerlee ['alɛle:] onverännerbaart Adjektiv DE *allerlei* • FR *toutes sortes de* • EN *all sorts of* • PT *toda a espécie de* **Beispiller** hei kritt een allerlee Kreemchen ze kafen; hatt huet schonn allerlee erlieft [hatt huet scho villes erlieft] **Synonymmen** allerhand, allméiglech

allerlescht [alɛl'æft] Adjektiv DE *allerletzte* • FR *tout dernier* • EN *very last* • PT *último* (de todos), *derradeiro* **Beispiller** well mir ze spéit komm sinn, hu mir eis misse an déi allerlescht Rei setzen; de Service an deem Restaurant ass dat Allerlescht! [de Service an deem Restaurant ass ganz schlecht]

Allermatch Maskulinum (Pluriel Allermatcher) - Variant vun ↗Allersmatch

Aller-Match Maskulinum (Pluriel Aller-Matcher) - Variant vun ↗Allersmatch

allermescht Indefinitpronomen

Hei entsteet en neien Artikel.

allermeschten Indefinitpronomen

Hei entsteet en neien Artikel.

allermeschter Indefinitpronomen

Hei entsteet en neien Artikel.

allerneist ['alɛnɛɪst] Adjektiv DE *allerneueste* • FR *tout nouveau, tout dernier* • EN *newest, latest* • PT *último* [mais

novo, mais recente] **Beispiller** op der Foire presentieren d'Firmen hir allerneiste Produiten; de Röntgenapparat an eiser Klinik ass um allerneiste Stand vun der Technik; ass dat elo dat Allerneist? [ironesch] [↗ seet een, wann een eng Neierung skeptesch gesäit]

Variant: allerneist

allerneist [alɛn'ɛɪst] Adjektiv - Variant vun ↗allerneist

Aller-retour [alɛ:rət'u:ʁ] Maskulinum (Pluriel <seelen> Aller-retouren) **1.** DE *Hin- und Rückreise* • FR *aller-retour* [trajet] • EN *round trip* • PT *ida e volta* **Beispill** mir maachen den Aller-retour an engem Dag **2.** DE *Rückfahrkarte* • FR *aller-retour* [billet] • EN *return* [ticket] • PT *bilhete de ida e volta* **Beispill** ech hätt gären en Aller-retour fir op Esch-Uelzecht, wannechgelift!

Allerséien [alɛz'ɛɪɛn] Neutrum (kee Pluriel) DE *Alerseelen* • FR *Jour des Morts* • EN *All Souls' Day* • PT *dia de Finados* **Beispill** op Allerséie gëtt fir déi Verstuerwe gebiet

Allersmatch Maskulinum (Pluriel Allersmatcher) DE *Hinspiel* • FR *match aller* • EN *away game* • PT *jogo fora de casa* [encontro desportivo] **Beispill** eis Nationalekipp huet hiren Allersmatch haushéich gewonnen **Synonymmen** Himatch, Hispill

Varianten: Allersmatch, Aller-Match

alles ['alɛs] Indefinitpronomen » Singulier / sächlech / Nominativ **1.** DE *alles* • FR *tout* • EN *all, everything* • PT *tudo* **Beispiller** et ass alles an der Rei; et dréit sech alles nëmmen ëm hien! » Singulier / sächlech / Akkusativ **2.** DE *alles* • FR *tout* • EN *all, everything* • PT *tudo* **Beispiller** dréink net alles beieneen!; meng Frëndin huet op alles eng Äntwert » Singulier / sächlech / Genitiv **3.** DE *alles* • FR *tout* • EN *all* • PT *tudo* **Beispiller** wiere mir däers alles gutt lass!; mengs du, hie wier sech däers alles bewusst?

alles an allem Adverb **1.** DE *alles in allem* [alles zusammen] • FR *au total, en tout, tout compris* • EN *in total* • PT *no total, ao todo, tudo incluído* **Beispill** d'Rees huet eis alles an allem 2000 Euro kascht **Synonymmen** am Ganzen, insgesamt **2.** DE *alles in allem* [im Ganzen gesehen] • FR *en général, tout compte fait* • EN *all in all, all things considered* • PT *globalmente, no fim de contas* **Beispill** alles an allem war ech ganz zefridde mam Hotel **Synonymmen** allgemeng, am Allgemengen, am Fong, am groussen Ganzen

allez ['alɛ:] Interjektion **1.** allez (hopp) / allez (hëpp) DE *komm(t)* (schon), *los* • FR *allez* (hop) [renforce l'expression d'une incitation, d'un encouragement] • EN *come on, chop chop* [used to emphasize encouragement] • PT *anda, vá (lá), vamos (lá)* [para exprimir uma incitação, um encorajamento] **Beispiller** allez, bleif beim Thema!; so et schonn, allez!; allez, sief net esou pessimistescht!; allez, komm, géff der Tatta eng Bees!; allez, maach e bësse méi séier!; dee leschte Kilometer packe mer och nach, allez hopp!; allez hëpp, elo hëls de deng Bicher an du léiers! **Synonym** dajee **2.** allez, allez DE *komm, komm, jetzt reicht's, nun hör aber auf* • FR *allez, allez* [pour exprimer un certain agacement] • EN *come on, knock it off* [used to express irritation] • PT *anda lá, tá bom* [para exprimir uma certa irritação] **Beispiller** allez,

allez, ziel mer eng aner!; allez, allez, dat do ass erëm eng vun denge Geschichten!

allgemeng [algəm'æŋ] Adjektiv **1.** **DE** *allgemein* [mehrheitlich] • **FR** *général* [majoritaire] <Adverb en général> • **EN** *general* [with widespread agreement] <Adverb generally> • **PT** *geral* [maioritário] <Adverb geralmente> **Beispiller** op allgemenge Wonsch spille mer elo eng Walz; hie gött allgemeng als ee vun deene beschten Historiker ugesinn **Synonym** generell **2.** **DE** *allgemein* [generell, prinzipiell] • **FR** *général, global* <Adverb globalement> • **EN** *general* [overall] <Adverb generally> • **PT** *geral, global* <Adverb geralmente> **Beispiller** déi allgemeng Situatioun huet sech verbessert; et geet hei net nëmmen ëm d'Ëmwelt, mee ëm d'Liewensqualität allgemeng; allgemeng kann ee soen, datt et am Juni net méi fréiert; d'Kanner hunn am Allgemenge ganz gutt matgeschafft [d'Kanner hunn allgemeng ganz gutt matgeschafft] **Synonym** generell **3.** **DE** *allgemein* [allgemein gültig] • **FR** *général* [universel] • **EN** *general* [universal] • **PT** *geral* [universal] **Beispill** et muss sech un déi allgemeng Reegele gehale ginn **Synonym** generell **4.** **DE** *allgemein* [nicht ins Detail gehend] • **FR** *général* [n'entrant pas dans le détail] • **EN** *general* [broad, not going into detail] • **PT** *geral* [que não entra em pormenores] **Beispill** ech hunn e puer allgemeng Remarken zu dësem Sujet **Synonym** generell

Allgemengbildung [algəm'æŋbilduŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Allgemeinbildung* • **FR** *culture générale* • **EN** *general education* • **PT** *cultura geral* **Beispiller** d'Kanner brauchen eng gutt Allgemengbildung, fir am Liewe weiderzekommen; beim Concours gött de Kandidaten hir Allgemengbildung getest

allgemenggëlteg [algəm'æŋg'ältəç] Adjektiv - Variant vun ʒallgemenggëlteg

allgemenggültig [algəm'æŋgyltəç] Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

I Variant: allgemenggëlteg

Allgemengheet [algəm'æŋhe:t] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Allgemeinheit, Öffentlichkeit* • **FR** *(grand) public* • **EN** *general public* • **PT** *(grande) público* **Beispiller** d'Archive si fir d'Allgemengheet zougänglech; d'Staatsbeamte stinn am Déngscht vun der Allgemengheet **2.** (Pluriel Allgemengheeten) **pejorativ** **DE** *Allgemeinheit, Banalität, Plattitüde* • **FR** *banalité, platitude* • **EN** *banality, generality* • **PT** *banalidade, trivialidade* **Beispiller** wat s du do ziels, ass dach just eng Allgemengheet; a senger Ried huet de Politiker nëmmen Allgemengheete vu sech ginn; de Riedner huet sech an Allgemengheete verluer [de Riedner huet nëmme vag Aussoe gemaach]

Allheelmëttel [alh'e:lmətəl] Neutrum (Pluriel Allheelmëtelen / Allheelmëttele) **DE** *Allheilmittel* • **FR** *panacée* • **EN** *panacea, cure-all* • **PT** *panaceia* **Beispill** déi ugekënnegt Moosname si keen Allheelmëttel géint de Chômage

Allianz [alj'ants] Femininum (Pluriel Allianzen) **DE** *Alianz, Bündnis* • **FR** *alliance* • **EN** *alliance* • **PT** *aliança* **Beispill** tëschent deenen zwou Parteien ass et zu kenger Allianz komm

alliéiert [alj'ziət] Adjektiv **DE** *alliiert, verbündet* • **FR** *allié* [par un accord, par un traité] • **EN** *allied* [by treaty, by agreement] • **PT** *aliado* [unido por pacto, por tratado] **Beispill** déi alliéiert Zaldote goufen agesat, fir de Fridden ze sécheren

all-inclusive Adverb

I Hei entsteet en neien Artikel.

alljärelech [alj'jɛ:pləç] Adjektiv **DE** *jährlich, alljährlich* • **FR** *annuel* • **EN** *annually, yearly* • **PT** *anual* **Beispill** de Veräin invitéiert op säin alljärelechen Ausfluch op Paräis

alljoers [alj'o:es] Adverb **DE** *jedes Jahr, alljährlich* • **FR** *tous les ans, chaque année* • **EN** *every year* • **PT** *todos os anos* **Beispiller** eisen Handwierksbetrib ass alljoers op der Foire; fir d'Kiermes gouf et alljoers e Kranzkuch; wéi alljoers hu mir dese Weekend eisen traditionelle Konveniat **Synonym** all Joer

allkéiers [alk'ziəs] Adverb **1.** **DE** *jedes Mal* • **FR** *chaque fois* • **EN** *every time* • **PT** *todas as vezes* **Beispill** bei dësem Lidd kréien ech allkéiers eng Héngerhaut **2.** **DE** *je, jeweils* [für sich] • **FR** *chaque fois, chacun(e)* [considéré individuellement] • **EN** *each* [individually] • **PT** *cada vez, cada um(a)* [considerado individualmente] **Beispiller** déi zwee Interpellanten hunn allkéiers 40 Minuten Zäit fir hir Ried; op déi nei Bréck kënnst op all Säit eng Vëlospist vun allkéiers 1,5 Meter Breet **Synonym** jee weils

allmächtig [alm'æçtəç] Adjektiv **DE** *allmächtig* • **FR** *tout-puissant* • **EN** *almighty* [omnipotent] • **PT** *todo-poderoso* **Beispill** och de President ass net allmächtig!

allméiglech [alm'ziçləç] Adjektiv **DE** *allerlei* • **FR** *de toute(s) sorte(s)* • **EN** *all kinds of* • **PT** *de todo(s) o(s) tipo(s)* **Beispiller** um Floumaart fénnst een allméiglech interessant Antiquitéiten; hien hält sech mat allméiglechem Wouscht op **Synonymmen** allerlee, allerhand

allmoies [alm'o:jəs] Adverb

I Hei entsteet en neien Artikel.

Allocatioun [alokasj'əʊŋ] Femininum (Pluriel Allocatiounen) - Variant vun ʒAllokatioun

allofon [alo'fo:n] Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Allokatioun [alokasj'əʊŋ] Femininum (Pluriel Allokatiounen) **DE** *Beihilfe* [finanzielle Unterstützung] • **FR** *allocation* • **EN** *financial help, grant, allowance, benefit* • **PT** *ajuda (financeira), abono* **Beispill** vill sozial schwach Famille sinn op Allokatiounen ugewisen **Synonymmen** Bähëllef, Zoulag

allongéieren [alɔ:z'ziəʀəŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé allongéiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

allophon [alo'fo:n] Adjektiv - Variant vun ʒallofon

allowes [al'o:vəs] Adverb

I Hei entsteet en neien Artikel.

Allür [al'y:r] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Auftreten, Benehmen* • **FR** *allure* [comportement, manière d'être] •

EN *demeanour, manner* • **PT** *porte* [comportamento, *maneira de ser*] **Beispill** deng Mamm huet am Alter awer nach eng sportlech Allür **2.** (Pluriel Allüren, kee Singulier) **[pejorativ]** **DE** *Allüren* • **FR** *allures* [genre] • **EN** *affection, airs* • **PT** *ares* [pose] **Beispill** hie kritt ëmmer méi d'Allüre vun engem Neiräichen

i Variant: Allure

Allure [al'y:R] Femininum (Pluriel Alluren) - Variant vun **↗**Allür

Allusioun [alyzj'əʊn] Femininum (Pluriel Allusionen) **1.** **DE** *Anspielung* • **FR** *allusion* [référence, insinuation] • **EN** *allusion* [reference] • **PT** *alusão* [referência, insinuação] **Beispiller** säi Kënschtlernumm ass eng Allusioun op eng historesch Figur; hal op, Allusionen ze maachen, so et riichteraus! **Synonym** Uspilling **2.** **DE** *Andeutung* • **FR** *allusion* [annonce vague] • **EN** *allusion* [hint] • **PT** *alusão* [indicação vaga] **Beispiller** de Spëtzesportler huet Allusioune gemaach, wéi wann e wéilt ophalen; dem Chef seng vag Allusioune gi mir net duer, ech brauch zolidd Fakten! **Synonym** Undeutung

allzäit ['altsæ:it] Adverb **1.** **DE** *zumindest, jedenfalls* • **FR** *en tout cas* • **EN** *in any case, anyway* • **PT** *em todo o caso, de qualquer maneira* **Beispill** ech hoffen allzäit, datt séier eng Léisung fonnt gëtt **Synonymmen** jiddefalls, op alle Fall **2.** **DE** *allezeit, immer, stets* • **FR** *toujours, constamment* • **EN** *at all times* • **PT** *sempre, constantemente* **Beispill** am Land sollen allzäit genuch Impfstoffer zur Verfügung stoen **3.** **[vereezelt]** **DE** *mindestens* [wenigstens] • **FR** *au moins* [au minimum] • **EN** *at least* • **PT** *pelo menos* [no mínimo] **Beispill** mir sinn doudmidd, mir waren allzäit dräi Stonnen ënnerwee **Synonymmen** op d'mannst, mindestens, weinstens

allze ['altsæ] Adverb **DE** *allzu, zu* • **FR** *trop, bien trop* [excessivement] • **EN** *all too* [excessively] • **PT** *demasiado* [excessivamente] **Beispiller** dat ass schonn allze dacks virkomm; dee Fleck gesäit een net allze vill op dësem Stoff [dee Fleck gesäit ee relativ wéineg op dësem Stoff]; mir gesinn eis net allze dacks [mir gesinn eis relativ seelen]; virun net allze laanger Zäit hu mir nach niewentenee gewunnt [viru relativ kuerzer Zäit hu mir nach niewentenee gewunnt]; dëse Wanter war net allze kal [dëse Wanter war relativ mëll]

Alm [alm] Femininum (Pluriel Almen)

i Hei entsteht en neien Artikel.

Almillen ['a:lmilən] Eegennumm **DE** *Almillen* • **FR** *Almillen* • **EN** *Almillen* • **PT** *Almillen* **Beispiller** ech wunnen op der Almillen; fiert dëse Bus op d'Almillen?

Almosen ['almo:zən] Neutrum (Pluriel Almosen) **DE** *Almosen* • **FR** *aumône* • **EN** *handout, charity* • **PT** *esmola* [donativo feito aos pobres] **Beispiller** fréier waren aarm Leit dacks op Almosen ugewisen; ech schaffen net fir esou en Almosen **[ëgs]** [ech schaffen net fir esou eng niddereg Zomm]

almoudesch ['a:lməʊdəʃ] Adjektiv **DE** *altmodisch* • **FR** *démodé* • **EN** *old-fashioned* • **PT** *fora de moda, antiquado* **Beispiller** meng Mamm wëllt hiren almoudesche Brëll duerch e moderne Modell ersetzen; mäi Gezei besteet haaptsächlech aus almoudesche Kleeder aus de Siwwenzegerjoren; eisen Noper kacht op en-

ger almoudescher Kachmaschinn, déi nach mat Holz gehëtzt gëtt

aloggen ['alogən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé agelogg) » **transitiv** **DE** *einloggen* [anmelden] • **FR** *connecter* [par identification] • **EN** *to log in* • **PT** *conectar* [mediante identificação] **Beispill** du muss däi Benotzernumm an däi Passwuert aginn, fir dech anzuloggen

aloossen ['alo:sən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé agelooss) » **transitiv** **1.** **DE** *einlassen* [einlaufen lassen] • **FR** *faire couler* • **EN** *to run* [a bath] • **PT** *deixar correr* [água para o banho] **Beispill** looss alt scho Waasser an d'Bidden an! **2.** **DE** *einlassen* [Zutritt gewähren] • **FR** *laisser entrer* [autoriser l'accès] • **EN** *to let in, to admit* [to allow to enter] • **PT** *deixar entrar* [permitir a entrada] **Beispill** mir wollten de Concert lauschtere goen, mee si **hunn** eis net agelooss » **reflexiv** **3.** sech aloossen op **DE** *sich einlassen auf* • **FR** *se laisser embarquer dans* • **EN** *to get involved in, to be drawn in(to)* • **PT** *meter-se em, envolver-se em* **Beispiller** looss dech net op eng Diskussioun mat him an!; hien huet sech op e geféierlecht Spillchen agelooss **4.** **[pejorativ]** sech aloosse mat **DE** *sich einlassen mit* • **FR** *entretenir des relations avec* • **EN** *to become embroiled with, to become mixed up with* • **PT** *meter-se com, envolver-se com* **Beispill** looss dech net mat hinnen an!

Alpen ['alpən] Eegennumm (kee Singulier) **DE** *Alpen* • **FR** *Alpes* • **EN** *Alps* • **PT** *Alpes* **Beispill** eis lescht Vakanz hu mer an den Alpe verbruecht

Alpenheckeschlëffer ['alpənhækəʃlɛfɐ] Maskulinum (Pluriel Alpenheckeschlëffer) *Prunella collaris* **DE** *Alpenbraunelle* • **FR** *accenteur alpin* • **EN** *alpine accentor* • **PT** *ferreirinha-alpina* **Beispill** wéi laang bréien d'Alpenheckeschlëffer? **Synonym** Alpenheckestéisser

Alpenheckestéisser ['alpənhækəʃtɛɪsɐ] Maskulinum (Pluriel Alpenheckestéisser) *Prunella collaris* **DE** *Alpenbraunelle* • **FR** *accenteur alpin* • **EN** *alpine accentor* • **PT** *ferreirinha-alpina* **Beispill** wéi laang bréien d'Alpenheckestéisser? **Synonym** Alpenheckeschlëffer

Alpesandleefer ['alpɛzantlɛ:fɐ] Maskulinum (Pluriel Alpesandleefer) *Calidris alpina* **DE** *Alpenstrandläufer* • **FR** *bécasseau variable* • **EN** *dunlin* • **PT** *pilrito-comum* **Beispill** wéi laang bréien d'Alpesandleefer?

Alpha Maskulinum (kee Pluriel) - Kuerzform vun **↗**Alpha-Variant

Alphabeet Neutrum (Pluriel Alphabeeten / Alphabeeter) - Variant vun **↗**Alphabet

alphabetesch Adjektiv - Variant vun **↗**alphabetesch

Alphabet [alfa:b'e:t] Neutrum (Pluriel Alphabeten / Alphabeter) **DE** *Alphabet* • **FR** *alphabet* • **EN** *alphabet* • **PT** *alfabeto* **Beispiller** eist Alphabet huet 26 Buschtawen; den S kënnt am Alphabet virum T; d'Dossiere sinn dem Alphabet no klasséiert; hatt ass dat Éischt am Alphabet [säin Numm steet alphabetesch un éischer Plaz]

alphabetesch [alfa:b'e:təʃ] Adjektiv **DE** *alphabetisch* • **FR** *alphabétique* <Adverb *alphabétiquement*> • **EN** *alpha-*

betic <Adverb *alphabetically*> • **PT** *alfabético* <Adverb *alfabeticamente*> **Beispiller** setz d'Lëscht vun de Wieder an eng alphabetesch Reiefolleg!; d'Bicher sinn alphabetesch sortéiert

Alphabetisatioun [alfa:be:tizasj'əʊn] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Alphabetiséierung

alphabetiséieren [alfa:be:tiz'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *alphabetiséiert*) » **transitiv** **DE** *alphabetisieren* [*lesen und schreiben lehren*] • **FR** *alphabétiser* • **EN** *to teach literacy* • **PT** *alfabetizar* **Beispill** déi meescht Kanner *ginn* zu Lëtzebuerg op Däitsch alphabetiséiert

Alphabetiséierung [alfa:be:tiz'ɛiəɾuŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Alphabetisierung* • **FR** *alphabétisation* • **EN** *teaching literacy* • **PT** *alfabetização* **Beispill** d'Alphabetiséierung fänkt am éischte Schouljoer un

i Variant: Alphabetisatioun

Alpha-Variant Femininum (Pluriel Alpha-Varianten) **Biologie** **DE** *Alpha-Variante* [*Coronavirus*] • **FR** *variant Alpha* [*coronavirus*] • **EN** *Alpha variant* [*Coronavirus*] • **PT** *variante Alpha* [*coronavirus*] **Beispill** wou gouf d'Alpha-Variant (vum Coronavirus) fir d'éischt entdeckt?

i Variant: Alpha-Variant

i Kuerzform: Alpha

Alpha-Variant Maskulinum (Pluriel Alpha-Varianten) - Variant vun ↗Alpha-Variant

Alpinist [alpin'ist] Maskulinum (Pluriel Alpinisten) **DE** *Alpinist* • **FR** *alpiniste* • **EN** *alpinist* • **PT** *alpinista* **Beispill** fir begeeschtert Alpinisten ass kee Bierg ze héich **Synonym** Biergsteiger

i Weiblech Form: ↗Alpinistin

Alpinistin [alpin'istin] Femininum (Pluriel Alpinistinnen) **DE** *Alpinistin* • **FR** *alpiniste* [*femme*] • **EN** *alpinist* [*female*] • **PT** *alpinista* [*mulher*] **Beispill** als begeeschtert Alpinistin verbréngt meng Kusun hir Vakanzen ëmmer an de Bierger **Synonym** Biergsteigerin

i Männlech Form: ↗Alpinist

Alrodeschaff [a:lɾo:dəʃ'h'af] Eegennumm **DE** *Altrodeschhof* • **FR** *Altrodeschhof* • **EN** *Altrodeschhof* • **PT** *Altrodeschhof* **Beispiller** ech wunnen um Alrodeschaff; fiert dese Bus op den Alrodeschaff?

als [als] Konjunktioun **DE** *als* [*in der Eigenschaft*] • **FR** *comme* [*en tant que*] • **EN** *as* • **PT** *como* [*na qualidade de*] **Beispiller** mäi Brudder schafft *als* Elektriker an der Stad; ech benotzen ee vu mengem T-Shirten *als* Nuetschiem; d'Noperen hunn eis eng Fläsch Wäin *als* Kad-do matbruecht; ech hu mengem Kolleeg säi Papp *als* Professor; schon *als* Kand hunn ech mech fir d'Musek interesséiert

Alschent ['a:lʃənt] Eegennumm **DE** *Alscheid* • **FR** *Alscheid* • **EN** *Alscheid* • **PT** *Alscheid* **Beispiller** ech wunnen zu Alschent; fiert dese Bus op Alschent?

also ['alzo:] Adverb **DE** *also* [*folglich*] • **FR** *donc* [*par conséquent*] • **EN** *so* [*therefore*] • **PT** *portanto* **Beispiller** du hues Féiwer, *also* gees de an d'Bett!; dat gouf am Februar gemaach, *also* virun zwee Méint

Alstad ['a:lʃta:t] Femininum (Pluriel Alstied) **DE** *Altstadt* • **FR** *vieille ville* • **EN** *old town* [*historic centre*] • **PT** *centro histórico* **Beispill** d'Alstad ass ënner anerem fir hir Festungsmauere bekannt

alt [alt] Adverb **1.** **DE** *manchmal, ab und zu* • **FR** *parfois, de temps en temps* • **EN** *sometimes, at times* • **PT** *às vezes, de vez em quando* **Beispill** ier eis Kanner op der Welt waren, si mer *alt* zweemol d'Woch an de Kino gaangen **Synonymmen** heiansdo, munchmol **2.** *alt* (schonn) **DE** *schon* [*bereits, ohne zu warten*] • **FR** *déjà* [*dès maintenant, sans attendre*] • **EN** *now* [*without waiting*] • **PT** *já* [*de imediato, sem esperar*] **Beispill** mir *ginn alt* (schonn), dir kënnt jo nokommen! **Synonym** schonn

alt [alt] Partikel **DE** *halt, eben, überhaupt* • **FR** [*sert à nuancer l'expressivité d'un énoncé*] • **EN** [*used to nuance the expressiveness of a statement*] • **PT** [*serve para matizar a expressividade de um enunciado*] **Beispiller** dat do sinn *alt* nees senger Praktiken!; mir haten *alt* erëm eng Kéier Chance; wa kee sech mellt, dann afferen ech mech *alt*!; soll dat do *alt* eppes daachen?; (et geet) *alt* esou; ech hunn *alt* esou meng Bedenken, ob dat eppes gëtt mat hinnen zwee

Alt [alt] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Alt* [*Stimme*] • **FR** *alto* [*voix*] • **EN** *alto* [*voice*] • **PT** *alto, contralto* [*voz*] **Beispiller** meng Schwëster séngt *Alt* an der Chorale; am Chouer ass den *Alt* ënnerbesat [am Chouer gëtt et net genuch *Leit*, déi *Alt* sungen] **2.** (Pluriel *Alten*) **DE** *Alt* [*Person*] • **FR** *alto* [*personne*] • **EN** *alto* [*person*] • **PT** *contralto* [*peessoa*] **Beispill** eise Kierchechouer brauch onbedéngt nach e puer *Alten*

Altbausanéierung ['altbæ:ʊʒəɳɛiəɾuŋ] Femininum (Pluriel Altbausanéierungen) **DE** *Altbausanierung* • **FR** *renovation de bâtiments vétustes* • **EN** *renovation of old buildings* • **PT** *reabilitação de edifícios antigos* **Beispill** eis Firma huet sech am Beräich vun der Altbausanéierung spezialiséiert

Alter ['alte] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Alter* [*Lebensalter*] • **FR** *âge* [*durée de la vie écoulée*] • **EN** *age* [*length of time spent alive*] • **PT** *idade* [*número de anos contados*] **Beispiller** d'Schrëftstellerin huet am *Alter* vun 38 Joer hiren éischte Roman geschriwwen; Äre Bouf ass grouss fir säin *Alter* **2.** **DE** *Alter* [*Altersstufe*] • **FR** *tranche d'âge* • **EN** *age* [*stage in someone's life*] • **PT** *idade* [*fase da vida*] **Beispiller** du bass aus deem *Alter* eraus, wou een esou Dommheete mécht!; eis Kanner komme geschwënn an de schwierigen *Alter* [égs] [eis Kanner komme geschwënn an d'Pubertéit]; eist Klengt kënnt elo an de schouflichtegen *Alter* [leist Klengt kënnt elo an den *Alter*, wou et muss an d'Schoul goen]; ass däi Meedche schonn am walftichtegen *Alter*? [ass däi Meedche schonn am *Alter*, wou ee muss stëmme goen?] **3.** **DE** *Alter* [*Bejahrtheit*] • **FR** *vieillesse* [*âge avancé*] • **EN** *old age* • **PT** *idade, velhice* **Beispiller** hien hat bis an den héijen *Alter* eng wonnerbar Gesondheet; wann ech opstinn, spieren ech den *Alter* [égs] [iwann ech opstinn, spieren ech d'Zeeche vum *Alter*]; 60 Joer ass dach keen *Alter*! [mat 60 Joer ass een dach nach net al!]; meng Bomi dréit hiren *Alter* gutt [meng Bomi wierkt jonk fir hiren *Alter*]; hie war scho bei *Alter*, wéi e bestuet *ginn* ass [égs] [hie war schonn al, wéi e bestuet *ginn* ass]; däi Monni kënnt an den *Alter* [égs] [däi Monni fänkt un, al ze

ginn!

Älter ['ælte] Maskulinum (Pluriel Älteren) - Variant vun ↗Altor

Alter ego ['alte'ego:] Maskulinum (Pluriel Alteregoen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

alternativ [al'tɛrnat'i:f] Adjektiv **1.** DE *alternativ*, zur Wahl • FR *alternatif* [offrant un choix] <Adverb *alternativement*> • EN *alternative* [offering a choice] <Adverb *alternatively*> • PT *alternativo* [que envolve uma escolha] <Adverb *alternativamente*> **Beispiller** mir kruten zwou alternativ Propositione gemaach; de Sall kann alternativ fir Concerten oder fir sportlech Evenementer genotzt ginn **2.** DE *alternativ* [verschieden] • FR *alternatif* [différent, de substitution] • EN *alternative* [different] • PT *alternativo* [diferente, de substituição] **Beispiller** wa mer keng alternativ Léisung fannen, da riskéiere mer, Sträit ze kréien; ech schwieren op d'alternativ Medezin! [ech schwieren op d'Medezin, déi vun der classescher Medezin ofwächt!]; am Sënn vum Ëmweltschutz muss no alternativen Energië gesicht ginn [am Sënn vum Ëmweltschutz muss no Energië gesicht ginn, déi net schiedlech sinn]

Alternativ [al'tɛrnat'i:f] Femininum (Pluriel Alternativen) **1.** DE *Alternative* [Option] • FR *alternative* [solution (de remplacement)] • EN *alternative* [different option] • PT *alternativa* [outra opção] **Beispiller** de Bus stellt eng interessant Alternativ zum Auto duer; du hues de Choix téschent dräi Alternativen; si sollen aner Léisung fannen an eis Alternative proposéieren **Synonym** Option **2.** DE *Alternative* [Wahl] • FR *alternative* [choix] • EN *alternative* [choice] • PT *alternativa* [escolha] **Beispill** ech sti virun enger Alternativ an ech ka mech einfach net entscheiden

alternéieren [al'tɛrn'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé alternéiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

altersbedéngt ['altesbədəŋt] Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Altersfleck ['altesflæk] Maskulinum (Pluriel Altersflecken) DE *Altersfleck* • FR *tache de vieillesse* • EN *age spot*, *liver spot* • PT *mancha de envelhecimento* **Beispill** Altersflecke bilden sech virun allem op den Hänn an am Gesicht

altersgerecht ['altesgərəɛct] Adjektiv DE *altersgerecht*, *altersgemäß* • FR *adapté à l'âge* • EN *age appropriate* • PT *adaptado à idade* **Beispiller** d'Eltere sollen drop oppassen, datt d'Kanner altersgerecht Inhalter um Internet kucken; doduerch, datt d'Leit ëmmer méi al ginn, ass et wichteg, altersgerechte Wunnraum ze schafen

Altersgrenz ['altesgrænts] Femininum (Pluriel Altersgrenzen) DE *Altersgrenze* • FR *limite d'âge* • EN *age limit* • PT *limite de idade* **Beispiller** d'nächst Joer erreecht meng Mamm d'Altersgrenz vu 65 Joer, fir an d'Pension zu goen; d'Altersgrenz, fir nach kënne vum Tarif fir Studenten ze profitéieren, läit bei 27 Joer

Altersheem ['alteshe:m] Neutrum (Pluriel Altersheemer) DE *Altersheim* • FR *maison de retraite* • EN *old people's home* • PT *lar de terceira idade* **Beispill** menger Bommi gefält et richtig gutt am Altersheem

I Variant: Altersheim

Altersheim ['alteshaim] Neutrum (Pluriel Altersheimer) - Variant vun ↗Altersheem

Altersklass ['altesklas] Femininum (Pluriel Altersklassen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Altersmedian ['altesmedja:n] Maskulinum (Pluriel Altersmedianen) DE *Altersmedian* • FR *âge médian* • EN *median age* • PT *idade mediana* **Beispill** den Altersmedian vun deenen, déi un der Pandemie gestuerwe sinn, ass an deene leschte Woche liicht erofgaangen

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Altersmedian / Altersmediane

Altersmediane ['altesmedja:n] Femininum (Pluriel Altersmediannen) - Variant vun ↗Altersmedian

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Altersmediane / Altersmedian

Altertum ['altetum] Neutrum (kee Pluriel) DE *Altertum* • FR *Antiquité* [période historique] • EN *antiquity*, *ancient times* • PT *Antiguidade*, *Idade Antiga* **Beispill** am Altertum gouf et e puer héichentwéckelt Kulturen am Méttelmeerraum

Altess [alt'æ:s] Femininum (Pluriel Altessen) DE *Hoheit* [Adel] • FR *altesse* • EN *Highness* • PT *Alteza* **Beispiller** Hir Kinneklech Altess huet sech op der Plaz iwwer d'Aarbechten informéiert; d'Altesse si bei hirem Vollek beléift

Alto Maskulinum (Pluriel Altoen) DE *Bratsche* • FR *alto* [instrument] • EN *viola* • PT *viola de arco*, *violeta* **Beispill** ech hunn zwou Säfte vu mengem Alto missen ersetzen **Synonym** Braatsch

Altor [alt'o:r] Maskulinum (Pluriel Altär) **1.** DE *Altar* [in der Kirche] • FR *autel* [dans une église] • EN *altar* [in church] • PT *altar* [de uma igreja] **Beispill** an der Kierch hunn um Altor zwou Käerze gebrannt **2.** DE *Altar* [Opferstein] • FR *autel* [autel de sacrifice] • EN *altar* [for sacrifice] • PT *altar* [altar de sacrificios] **Beispill** d'Schof gouf um Altor geschluecht

I Variant: Älter

altruistes [altru'istəʃ] Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Altstëmm ['altʃtəm] Femininum (Pluriel Altstëmmen) **1.** DE *Altstimme* [Stimm]lage] • FR *voix d'alto* [registre vocal] • EN *alto* [singing voice] • PT *voz de contralto* **Beispill** deng Tatta huet eng wonnerschéin Altstëmm, ass se an enger Chorale? **2.** DE *Altstimme* [Notenblatt] • FR *partition de voix d'alto* • EN *alto* [sheet of music] • PT *pauta da voz de contralto* **Beispill** den Dirigent hat beim leschte Stéck net genuch Altstëmmen ausgedeelt

Altwis [altv'i:s] Eegennumm DE *Altwis* • FR *Altwis* • EN *Altwis* • PT *Altwis* **Beispiller** ech wunnen zu Altwis; fiert dëse Bus op Altwis?

alueden ['aluedən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *agelueden*) » **transitiv 1.** **DE** *einladen* [bitten zu kommen] • **FR** *inviter* [convier] • **EN** *to invite* • **PT** *convidar* [chamar] **Beispiller** *deen Owend war ech bei Bekannten agelueden*; no der Vereedegung vum neie Gemengerot *huet d'Buergermeeschtesch (jiddereen) op e Patt agelueden*; *dee Kärel huet sech selwer op meng Gebuertsdaysfeier agelueden* [dee Kärel ass ongenéiert op meng Gebuertsdaysfeier komm, ouni *agelueden* ze sinn] **Synonym** *invitéieren 2.* **DE** *einladen, verladen* • **FR** *charger* [un chargement] • **EN** *to load* • **PT** *carregar* [um carregamento] **Beispill** *de Chauffer huet d'Wuer eleng agelueden*

Aluedung ['alueduŋ] Femininum (Pluriel *Aluedungen*) **1.** **DE** *Einladung* [Bitte, Aufforderung] • **FR** *invitation* [demande] • **EN** *invitation* [request] • **PT** *convite* [ato de convidar] **Beispill** *eis Nopere sinn ouni Aluedung op eistem Fest opgetaucht* **Synonym** *Invitaioun 2.* **DE** *Einladung* [Einladungsschreiben] • **FR** *invitation* [lettre, carton d'invitation] • **EN** *invitation* [letter, card] • **PT** *convite* [carta, cartão de convite] **Beispill** *den Datum vum Fest steet op der Aluedung* **Synonym** *Invitaioun*

Aluminium [alum'injʊm] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **Chimie** **DE** *Aluminium* [chemisches Element] • **FR** *aluminium* [élément chimique] • **EN** *aluminium* [chemical element] • **PT** *alumínio* [elemento químico] **Beispill** *d'Element Aluminium gehéiert zum Grupp vun de Metaller* **2.** **DE** *Aluminium* [Metall] • **FR** *aluminium* [métal] • **EN** *aluminium* [metal] • **PT** *alumínio* [metal] **Beispill** *de Kader vu mengem Vëlo ass aus Aluminium*

alveolar [alveol'a:r] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

alveolo-palatal [alveolopalat'a:l] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Alzeng ['altseŋ] Eegennumm **DE** *Alzingen* • **FR** *Alzingen* • **EN** *Alzingen* • **PT** *Alzingen* **Beispiller** *ech wunnen zu Alzeng*; *fiert dëse Bus op Alzeng?*

Alzheimer ['altshaimə] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Alzheimer* (krankheit) • **FR** *alzheimer, maladie d'Alzheimer* • **EN** *Alzheimer's disease, Alzheimer's* • **PT** *alzheimer, doença de Alzheimer* **Beispill** *virun allem eeler Leit kréien Alzheimer*

am [am] ↗an + ↗dem

amaachen ['ama:χən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *agemaach* / *agemaacht*) » **transitiv 1.** **DE** *einmachen* • **FR** *mettre en bocaux* • **EN** *to bottle, to preserve* [fruit, vegetables] • **PT** *meter em frascos, pôr de conserva* **Beispiller** *mir hu gëschter Mirabellen agemaach*; *déi Iddi do kanns de der sauer amaachen!* [égs] [déi Iddi do kanns de vergiessen, doraus gëtt nâischt] **2.** **DE** *einfüdeln* [einen Faden, eine Nadel] • **FR** *enfiler* [une aiguille] • **PT** *enfiar* [uma linha, uma agulha] **Beispiller** *ech gesinn net méi genuch, fir de Fuedem anze-maachen*; *ech gesinn net méi genuch, fir d'Nol anze-maachen* **3.** **DE** *einzaunen* • **FR** *clôturer* [entourer d'une clôture] • **PT** *vedar, cercar* **Beispill** *mir mussen d'Perch nei amaachen, déi al Péil sinn all faul* **Synonym** *anzénken 4.* e Gaart amaachen **DE** *einen Gemüsegarten einsäen, einen Gemüsegarten einpflanzen* • **FR** *planter*

un potager • **PT** *plantar uma horta* **Beispill** *eis Bom mécht kee Gaart méi an, se packt d'Aarbecht net méi* **5.** **DE** *einrasten lassen* • **FR** *mettre, enclencher* [un système de fermeture] • **EN** *to shoot the bolt* • **PT** *correr, engatar* [uma tranca, um sistema de retenção] **Beispiller** *vergiess net, owes de Reedel anzemaachen!*; *maach de Sécherheetsgurt an!* **6.** **DE** *einlegen* [einen Gang], (an)ziehen [die Bremse] • **FR** *passer* [une vitesse], *tirer* [le frein (à main)] • **EN** *to engage, to select* [a gear], *to pull* (on), *to apply* [a handbrake] • **PT** *meter* [uma mudança], *puxar* [o travão (de mão)] **Beispiller** *maach d'Hand-brems lass a maach e Gang an!*; *d'Rulott ass ewechgerullt, well ech vergiess hat, d'Brems anze-maachen*

Amaachglas ['ama:χgla:s] Neutrum (Pluriel *Amaachglieser*) **DE** *Einmachglas* • **FR** *bocal* [à conserve] • **EN** *bottling jar, Kilner jar* • **PT** *frasco* [para conservas] **Beispill** *meng Mamm féllt grad Amaachglieser mat Kornschongen* **Synonym** *Bokal*

Amaachglieschen ['ama:χgliəsçən] Neutrum (Pluriel *Amaachgliesercher*) - Diminutivform vun ↗Amaachglas

Amalgam [amalg'am] Maskulinum (Pluriel *Amalgammen*) **1.** **DE** *Amalgam, Mischung* • **FR** *amalgame* [confusion] • **EN** *amalgam* [combination] • **PT** *amalgama* [mistura] **Beispill** *bleif objektiv a maach net en Amalgam vu Fakten an Hypothesen!* **2.** **DE** *Amalgam* [Zahnfüllung] • **FR** *amalgame* [d'obturation dentaire] • **EN** *amalgam* [dental filling] • **PT** *amalgama* [obturação dentária] **Beispill** *zënter enger Zäit ass Amalgam als Fëllung an den Zänn ëmstridden*

Amant ['amã:] Maskulinum (Pluriel *Amanten*) **DE** *Geliebter* [Liebhaber] • **FR** *amant* • **EN** *lover* • **PT** *amante* [parceiro numa relação extraconjugal] **Beispill** *hien huet seng Fra mat hirem Amant am Bett erwëscht*

Amarsch ['amarʃ] Maskulinum (Pluriel <seelen> *Amärsch*) **1.** **DE** *Einmarsch, Einzug* • **FR** *entrée* [en défilé] • **EN** *entrance* [marching in] • **PT** *entrada* [em desfile] **Beispiller** *beim Amarsch an den Olympiastadion huet de jéngste Sportler de Fändel gedroen*; *no der Kavalkad ass den Amarsch vun de Fuesboken an de Festsall* **2.** **DE** *Einfall, Einmarsch* • **FR** *invasion, incursion* • **EN** *invasion* [by an armed force] • **PT** *invasão, incursão* **Beispill** *den Amarsch vun der Arméi huet an der Stad vill Schued gemaach*

Antisemitismus [antizemit'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) DE Antisemitismus, Judenfeindlichkeit • FR antisémitisme • EN anti-Semitism • PT antissemitismo Beispill am Zweete Weltkrich huet den Antisemitismus zu schlëmme Verbrieche geféiert **Synonym** Juddfeindlechkeet

Antisemitt [antizem'it] Maskulinum (Pluriel Antisemitten) DE Antisemit • FR antisémite • EN anti-Semite • PT antissemita Beispill um Kierfecht hunn Antisemitte jiddesch Griewer profanéiert

i Weiblech Form: ♀Antisemittin

antisemittesch [antizem'itəʃ] Adjektiv DE antisemitisch • FR antisémite • EN anti-Semitic • PT antissemita Beispill den Auteur gouf weinst sengen antisemitteschen Aussoe kritiséiert

Antisemittin [antizem'itin] Femininum (Pluriel Antisemittinnen) DE Antisemitin • FR antisémite [femme] • EN anti-Semite [female] • PT antissemita [mulher] Beispill géint des Antisemittin leeft eng Enquête, well se soll gehollef hunn, jiddesch Griewer ze profanéieren

i Männlech Form: ♂Antisemitt

Antivol [ä:tiv'ol] Maskulinum (Pluriel Antivollen) DE Diebstahlsicherung • FR antivol • EN anti-theft device, car alarm • PT sistema antirroubo Beispill den Antivol a mengem Auto huet versot

antompen ['antompən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé agetompt) » **intransitiv** DE einnicken • FR s'assoupir • EN to nod off • PT adormecer Beispill de Chauffer ass vun elauter Middegekeet um Steier agetompt **Synonymmen** annäipen, entnäipen, enttompen

Antoniushaff [anto:njush'af] Eegennumm DE Antoniushof • FR Antoniushof • EN Antoniushof • PT Antoniushof Beispiller ech wunnen um Antoniushaff; fiert dese Bus op den Antoniushaff?

Antrag ['antra:χ] Maskulinum (Pluriel Anträge)

i Hei entsteet en neien Artikel.

antreffen ['antræfən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé agetraff) » **intransitiv** DE eintreffen, eintreten [sich bestätigen] • FR se produire, se réaliser • EN to happen, to come true • PT acontecer, realizar-se Beispill wat mir laang gefaart haten, ass elo agetraff

antrëppelen ['antrəpələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé agetrëppelt) » **transitiv** DE einlaufen [Schuhe] • FR faire à son pied [des chaussures] • EN to wear in [shoes] • PT alargar, adaptar ao pé [sapatos] Beispill ech roden der, deng Biergschong virun der Vakanz gutt anzetrëppelen

antrieden ['antriədən] ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé agetrueden / agetratt) » **intransitiv** 1. DE eintreten, sich ereignen, geschehen • FR arriver, se pro-

duire • EN to take place, to happen • PT ocorrer, acontecer, suceder Beispiller et sinn Evenementer agetrueden, déi mir net virausgesinn haten; du lauers op eppes, wat ni wäert antrieden **Synonymmen** geschéien, passéieren 2. antriede fir DE eintreten für • FR intervenir en faveur de • EN to stand up for • PT intervir a favor de Beispiller de Gewerkschaftler trëtt fir akzeptabel Aarbechtkonduitiounen an; hien ass ëmmer bereet, fir seng Frënn anzetrieden **Synonymmen** sech asetze fir, verteidegen ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé agetrueden / agetratt) » **transitiv** 3. DE eintreten [gewaltsam öffnen] • FR enfoncer [ouvrir à coups de pied] • EN to kick in [to open by kicking] • PT arrombar [abrir dando pontapés] Beispill hien huet an der Roserei d'Di-er agetrueden **Synonym** arennen

antrichtereren ['antri:çtərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé agetrichtert) » **transitiv** DE eintrichtern [beibringen] • FR seriner à [pour faire apprendre, pour faire comprendre] • EN to drum in(to) • PT martelar a [para fazer decorar, para fazer compreender] Beispiller d'Joffer huet de Kanner d'Vokabelen agetrichtert; hie krut agetrichtert, d'Informatiounen fir sech ze behalen

antroteren ['antro:tərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé agetrotert) » **transitiv** [əgs] DE eintrichtern, einpauken • FR seriner à [répéter sans cesse à] • EN to drum in(to) • PT martelar a [repetir constantemente a] Beispill seng Kolleegen hunn dem Klengen agetrotert, näischt ze verrodnen

äntweren ['æntvərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé geäntwert) » **transitiv** 1. DE antworten • FR répondre • EN to answer, to reply • PT responder Beispiller äntwer iergendeppes, hien ass souwisou hallef daf!; wat hues du geäntwert, wei en dech no mir gefrot huet? » **intransitiv** 2. äntweren (op) DE antworten (auf) • FR répondre (à) • EN to answer, to reply (to) • PT responder (a) Beispiller et ass net einfach, op déi Fro ze äntweren; d'Meedchen huet der eng Fro gestallt, dann äntwer him och!; hien huet op meng Fro mat enger Géigefro geäntwert; hues de schonn op de Bréif geäntwert, deen s de d'lescht Woch geschéckt krus?; de Kandidat soll mat Jo oder mat Nee äntweren!

i Verb, dat äntweren als Basis huet: ♀erëmäntweren

Äntwert ['æntvət] Femininum (Pluriel Äntwerten) DE Antwort • FR réponse • EN answer, reply • PT resposta Beispiller ech verlaangen eng konkret Äntwert op meng Fro!; et gött keng domm Froen, et gött nëmmen domm Äntwerten [əgs] [et brauch een net ze fäerten, fir Froen ze stellen]; meng Frëndin huet op alles eng Äntwert [meng Frëndin weess vill; meng Frëndin ass schlagfäerdeg]; den Zeie stoung der Police Ried an Äntwert [den Zeien huet der Police op all Froe geäntwert]; ech hunn e Kolleeg, dee bleift kengem eng Äntwert schëlleg [əgs] [ech hunn e Kolleeg, dee ganz schlagfäerdeg ass]

anüben ['any:bən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ageübt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

anuerdnen ['anu:gdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ageuerdent)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Anuerdung ['anu:ɛdnʊŋ] Femininum (kee Pluriel)

i Hei entstee en neien Artikel.

Anung ['a:nʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **1.** (keng) Anung hu vun **DE** (*keine*) *Ahnung haben von, sich (nicht) auskennen mit* • **FR** (*ne pas*) *s'y connaître en* • **EN** *to (not) have a clue about* • **PT** (*não*) *ter conhecimentos de* **Beispill** ech kommen hei net virun, hues du eng Anung vu Computeren? **2.** [ɛgs] keng Anung **DE** *keine Ahnung* • **FR** *aucune idée* • **EN** *no clue* • **PT** *não ter ideia, não fazer ideia* **Beispiller** ech hu keng Anung, wou de Schlëssel läit; keng Anung! **3.** (esou) eng Anung hunn **DE** *vermuten, das Gefühl haben* • **FR** *supposer, avoir l'impression* • **EN** *to have a feeling, to suppose* • **PT** *ter a sensação, supor* **Beispiller** ech hunn esou eng Anung, wéi wann eis Noperen an d'Vakanz wieren; ech hat scho laang esou eng Anung, datt hie géif friemgoen

Anus ['a:nus] Maskulinum (Pluriel Anussen) **DE** *Anus, After* • **FR** *anus* • **EN** *anus* • **PT** *ânus* **Beispill** Hämorrhoiden kann ee bannen a baussen um Anus hunn **Synonym** After

anzeechnen ['antse:ɕnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agezeechent) » **transitiv 1.** **DE** *einzeichnen, hineinzeichnen* • **FR** *dessiner [faire figurer]* • **EN** *to draw in, to mark* • **PT** *desenhar [fazer figurar]* **Beispiller** den Architekt muss nach d'Trap a säin Entworf anzeechnen; ech hunn eis Streck op der Landkaart agezeechent **2.** **DE** *markieren [mit Farbe auf dem Boden]* • **FR** *signaliser [par un marquage au sol]* • **EN** *to signal [with road marking]* • **PT** *marcar, assinalar [com marcação de pavimento]* **Beispill** laanscht d'Gebai sinn e puer Parkplazen agezeechent

anzéien ['antsɛiən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agezunn) » **transitiv 1.** **DE** *einziehen, erheben [Steuern]* • **FR** *recouvrer [des impôts]* • **EN** *to collect [taxes]* • **PT** *cobrar [impostos]* **Beispill** duerch eng nei Steuer konnt de Staat siwe Milliounen Euro anzéien **2.** **DE** *einziehen, beschlagnahmen* • **FR** *confisquer, saisir* • **EN** *to confiscate* • **PT** *confiscar, arrestar* **Beispill** am Krich gouf säi ganzt Verméigen agezunn **Synonym** beschlagnamen **3.** **DE** *aus dem Verkehr ziehen [Geldscheine, Münzen]* • **FR** *retirer de la circulation [billets de banque, pièces de monnaie]* • **EN** *to withdraw from circulation [coins, notes]* • **PT** *retirar da circulação [notas, moedas]* **Beispill** déi lëtzebuergesch Geldschäiner goufen am Joer 2002 agezunn **4.** **DE** *einbehalten* • **FR** *saisir [garder provisoirement]* • **EN** *to seize, to retain* • **PT** *reter, apreender* **Beispiller** d'Bank huet dem Client seng Kaart agezunn, well säi Kont iwwezunn ass; d'Police huet dem alkoholiséierten Automobilist säi Füherschäin agezunn **5.** **DE** *einziehen, einberufen* • **FR** *enrôler* • **EN** *to enlist [in the armed services]* • **PT** *recrutar, alistar* **Beispill** mat 18 Joer gouf mäi Brudder an d'Arméi agezunn **6.** **DE** *einziehen [einen Körperteil]* • **FR** *rentrer, rétracter [une partie du corps]* • **EN** *to hold in, to draw in* • **PT** *encolher, retrain [uma parte do corpo]* **Beispiller** ech muss de Bauch anzéien, soss kréien ech meng Box net zou; de Schleck zitt d'Haren an; hien zitt de Kapp ëmmer an [ɛgs] [hien ass feig] ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé agezunn) » **intransitiv 7.** **DE** *einziehen, eindringen [aufgesogen werden]* • **FR** *pénétrer [liquide, crème]* • **EN** *to penetrate [to be absorbed]* • **PT** *penetrar [liquido, creme]* **Beispiller** déi Crème zitt séier an; de Gel soll komplett

agezu sinn, ier mer Iech den Aarm verbannen

anzementéieren ['antsəmæntɛiəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé anzementéiert) » **transitiv DE** *einzementieren* • **FR** *cimenter, sceller avec du ciment* • **EN** *to concrete, to fix in concrete* • **PT** *cimentar, fixar com cimento* **Beispill** d'Aarbechter zementéieren de Potto an

anzénken Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agezénkt) » **transitiv DE** *einzäunen* • **FR** *clôturer [entourer d'une clôture]* • **EN** *to fence in* • **PT** *vedar, cercar* **Beispill** mir mussen d'Perch nei anzénken, déi al Péil sinn all faul **Synonym** amaachen

anzwousch [antsw'əʃ] Adverb **1.** **DE** *irgendwo* • **FR** *quelque part* • **EN** *somewhere [in some place]* • **PT** *em qualquer lado, algures* **Beispiller** d'Schlëssele mussen dach anzwousch sinn!; d'Nopere sinn anzwousch am Süden an der Vakanz **Synonymmen** iergendwou, iergendanzwousch, iergendzousch **2.** anzwousch anescht **DE** *woanders* • **FR** *ailleurs [dans un autre lieu]* • **EN** *somewhere else [in a different place]* • **PT** *noutro lado, alhures* **Beispill** ech ginn elo, well ech muss an zéng Minutten anzwousch anescht sinn **Synonym** anerwäerts **3.** soss anzwousch **DE** *woanders* • **FR** *ailleurs [dans un autre lieu]* • **EN** *somewhere else [in a different place]* • **PT** *noutro lado, alhures* **Beispill** hues de däi Geschier am Keller oder soss anzwousch leien? **Synonym** anerwäerts

i Variant: enzwousch

anzwouschhin [antswəʃ'h'in] Adverb **DE** *irgendwohin* • **FR** *quelque part [vers un endroit]* • **EN** *somewhere* • **PT** *para qualquer lado, para algures* **Beispiller** lee dat anzwouschhin, wou s de et erëmfénns; ech muss nach anzwouschhin, da kënne mer goen [ech muss nach op d'Toilette, da kënne mer goen]

i Varianten: iergendanzwouschhin, iergendswouhin, iergendwouhin, iergendzouschhin

anzwuersch [antsw'u:ɕ] Adverb **1.** **DE** *irgendwohin* • **FR** *quelque part* • **EN** *somewhere [to some place]* • **PT** *para qualquer lado, para algures* **Beispiller** ech hu Loscht, den Owend anzwuersch iessen ze goen; ech muss nach anzwuersch goen [ɛgs] lech muss op d'Toilette goen! **2.** soss anzwuersch **DE** *woandershin* • **FR** *ailleurs, autre part* • **EN** *somewhere else [to a different place]* • **PT** *para outro lado, alhures* **Beispill** ech ginn elo, well ech muss nach anzwuersch anescht goen **Synonym** anerwäerts

apaart [ap'a:rt] Adjektiv **1.** **DE** *apart, extravagant* • **FR** *spécial, extravagant* • **EN** *unusual, special* • **PT** *especial, extravagante* **Beispill** op der Hochzäit hat d'Schwéiermamm en apaarten Hutt un **Synonymmen** ausgefallen, extravagant **2.** **DE** *raffiniert [fein, erlesen]* • **FR** *raffiné [subtil, recherché]* • **EN** *elaborate, sophisticated, refined* • **PT** *refinado, requintado* **Beispill** dëse Kach ass fir seng apaart Kiche bekannt **Synonym** raffiniert

apaart [ap'a:rt] Adverb **1.** **DE** *besonders [sehr]* • **FR** *particulièrement [spécialement]* • **EN** *especially, particularly*

• **PT** *especialmente* [muito] **Beispill** meng Jugend war eng apaart glécklech Zäit **Synonymmen** besonnesch, extra **2. DE** *besonders, vor allem* • **FR** *surtout, notamment* • **EN** *especially, above all* • **PT** *sobretudo, principalmente* **Beispiller** d'Theaterstéck huet eis gutt gefall, apaart den zweeten Akt; dee Kënschtler ass apaart fir seng Skulpture bekannt **Synonymmen** besonnesch, virun allem, zemoos

i Variant: apaarti

apaarti [ap'a:rti:] Adverb - Variant vun ↗apaart

apaken ['apa:kən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé agepaakt / agepak) » **transitiv 1. DE** *einpacken, verpacken* • **FR** *emballer* [empaquetar] • **EN** *to wrap* [to package] • **PT** *embrulhar* [embalar] **Beispiller** ech loosse mer d'Vas als Kaddo apaken; de Papp huet d'Kanner gutt waarm agepaakt [égs] [de Papp huet d'Kanner gutt waarm ugedoen] **Synonym** awéckelen » **intransitiv 2. [égs] DE** *einpacken, aufhören (müssen)* • **FR** *arrêter* [une activité] • **EN** *to pack it in* [to stop] • **PT** *parar a sua atividade* **Beispiller** d'Geschäftsfra huet agepaakt; wann de Golkipp ophält, da kann de Fussballsveräin apaken [wann de Golkipp ophält, dann erreecht de Fussballsveräin näischt méi]; komm, pak an! [hal op a verschwann!] **Synonym** ophalen » **reflexiv 3. DE** *sich einmummern* • **FR** *s'emmitouffer* • **EN** *to wrap up* [in warm clothing] • **PT** *agasalhar-se* [cobrir-se] **Beispill** pak dech waarm an, et ass kal dobaussen!

aparken ['aparkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ageparkt) » **transitiv 1. DE** *einparken* • **FR** *garer* [en faisant un créneau] • **EN** *to park* [a vehicle] • **PT** *estacionar* [num lugar de estacionamento] **Beispill** hei kreieren ech den Auto net uerdentlech ageparkt » **intransitiv 2. DE** *einparken* • **FR** *se garer* • **EN** *to park* • **PT** *estacionar* [num lugar de estacionamento] **Beispill** vill Leit kënnen net gutt hannerzeg aparken

apassen ['apasən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé agepasst) » **transitiv DE** *maßgerecht einfügen, maßgerecht einpassen* • **FR** *ajuster* [aux dimensions imposées] • **EN** *to fit* [to make the right size, to position] • **PT** *encaixar, ajustar* **Beispiller** de Schräiner passt e Briet an de Schaf an; d'Glieser ginn an d'Brëllegestell agepasst

apathesch [ap'a:təʃ] Adjektiv **DE** *apathisch* • **FR** *apathique* <Adverb de façon apathique> • **EN** *apathetic* <Adverb apathetically> • **PT** *apático* <Adverb apaticamente> **Beispill** zënter dem Accident ass hien an engem komplett apatheschen Zoustand

Apdikt [apd'ikt] Femininum (Pluriel Apdikten) **DE** *Apotheke* • **FR** *pharmacie* [magasin] • **EN** *chemist's, pharmacy* • **PT** *farmácia* [estabelecimento] **Beispill** wat fir eng Apdikt huet haut den Owend Déngscht?

Apdikter [apd'ikte] Maskulinum (Pluriel Apdikter / Apdikteren) **DE** *Apotheker* • **FR** *pharmacien* • **EN** *chemist, pharmacist* • **PT** *farmacêutico* **Beispill** den Apdikter schafft am Laboratoire un engem cheemesche Preparat

i Weiblech Form: ↗Apdiktesch

Apdiktesch [apd'iktəʃ] Femininum (Pluriel Apdikteschen) **DE** *Apothekerin* • **FR** *pharmacienne* • **EN** *chemist*,

pharmacist [female] • **PT** *farmacêutica* **Beispill** ech war mer bei d'Apdiktesch Medikamenter géint meng Allergie sichen

i Männlech Form: ↗Apdikter

apechen ['apəçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé agepecht) » **transitiv DE** *einkleben* [in ein Album] • **FR** *coller* [dans un album] • **EN** *to stick in* [an album] • **PT** *colar* [num álbum] **Beispill** ech hu gëschter d'Fotoen aus der Vakanz agepecht

Apel ['a:pəl] Maskulinum (Pluriel Äppel) **DE** *Apfel* • **FR** *pomme* [fruit] • **EN** *apple* • **PT** *maçã* [fruto] **Beispiller** d'Kanner hu mat Genoss an d'Äppel gebass, déi se grad vum Bam gerësel haten; wa soss keen déi Aarbecht wëllt maachen, da bässen ech alt an de saueren Apel [égs] [wa soss keen déi Aarbecht wëllt maachen, da maachen ech se alt, obwuel et mer schwéierfällt]; an de Solde kritt ee munch Saache fir en Apel an e Stéck Brout [égs] [an de Solde kritt ee munch Saache ganz bëlleg]; ech hunn ëmmer gär en Apel fir den Duuscht [égs] lech hunn ëmmer gär eng kleng Geldreserv; du vergläichs Äppel a Bieren [égs] [du vergläichs zwou Saachen, déi sech net vergläiche loosse]; den Apel fällt net wäit vum Bam [⇒ seet een, wa Kanner den Elteren noschloen]; ee faulzegen Apel stécht e Kuerf voll gudder un [ee schlecht Element geet duer, fir déi aner negativ ze beaflossen]

Apelbatz ['a:pəlbats] Maskulinum (Pluriel Apelbätz / Äppelbätz) **DE** *Apfelkerngehäuse, Apfelbutzen* • **FR** *trognon de pomme* • **EN** *apple core* • **PT** *caroço da maçã* **Beispill** ech iessen den Apelbatz ëmmer mat, mee net de Still

Apelhoer Neutrum (Pluriel Apelhoer) - Variant vun ↗Aperhoer

apendelen ['apændələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé agependelt) » **reflexiv DE** *sich einpendeln* • **FR** *se stabiliser, s'équilibrer* • **EN** *to level off, to stabilize* • **PT** *equilibrar-se, estabilizar-se* **Beispill** no der ekonomescher Kris huet sech d'Situatioun um Aarbechtsmaart nees agependelt; hir Relatioun huet sech lues a lues agependelt

Apenhoer Neutrum (Pluriel Apenhoer) - Variant vun ↗Aperhoer

apennen ['apənən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé agepennt) » **intransitiv [égs] DE** *einpennen* • **FR** *s'assoupir, s'endormir* • **EN** *to doze off* • **PT** *adormecer* **Beispiller** ech sinn esou midd, ech penne bal an; d'Studente sinn iwuer sengem Cours agepennt **Synonym** aschlofen

Aperhoer ['a:pəho:e] Neutrum (Pluriel Aperhoer) **1.** (meeschtens Pluriel) **DE** *Augenbraue* • **FR** *sourcil* • **EN** *eyebrow* • **PT** *sobrancelha* **Beispiller** dee Politiker huet dach esou déck, zesummegeuuessen Aperhoer; Stoffwiesselkrankheete kënnen derzou féieren, datt d'Aperhoer ausfalen **2.** (meeschtens Pluriel) **DE** *Augenbrauenhaar* • **FR** *poil des sourcils* • **EN** *eyebrows* [hair] • **PT** *pelo das sobrancelhas* **Beispill** et deet net gutt, sech d'Aperhoer ze rappen

i Varianten: Apelhoer, Apenhoer

Aperitif [ˈapɛritif] Maskulinum (Pluriel Aperitifer) **1.** *DE* Aperitif • *FR* apéritif [boisson] • *EN* aperitif • *PT* aperitivo [bebida] **Beispill** Schampes ass e beléiften Aperitif **2.** *DE* Umtrunk [vor dem Essen] • *FR* apéritif [moment avant le repas] • *EN* [Definition] time before a meal when the aperitif is drunk • *PT* [Definition] momento antes da refeição em que se toma o aperitivo **Beispiller** no der Reunioni luede mir iech op den Aperitif an; mir sinn nach beim Aperitif Imir hunn nach net ugefaange mat iessen!

1 Kuerzform: Apero

Apero [ˈapɛroː] Maskulinum (Pluriel Aperoen) [égs] - Kuerzform vun ↗Aperitif

Aphasie [afaːziː] Femininum (kee Pluriel) *DE* Aphasie [Sprachstörung] • *FR* aphasie • *EN* aphasia • *PT* afasia **Beispill** eng Aphasie ass eng Steierung vun der Sprooch, déi duerch e Schued am Gehier kann entstoen

Aphrodisiaque [afʁodiziˈak] Maskulinum (Pluriel Aphrodisiaquen) *DE* Aphrodisiakum • *FR* aphrodisiaque • *EN* aphrodisiac • *PT* afrodisiaco **Beispill** Patienten, déi drënner leiden, keng sexuell Loscht méi ze hunn, kann en Aphrodisiaque hëllefen

Apht [aft] Femininum (Pluriel Aphten) *DE* Aphthe • *FR* aphte • *EN* aphtha, mouth ulcer • *PT* afta **Beispill** ech vermeiden am Moment all Sauerer, well ech de Mond voller Aphten hunn

Apia Eegennumm *DE* Apia • *FR* Apia • *EN* Apia • *PT* Apia **Beispill** Apia ass d'Haaptstad vu Samoa

apinselen [ˈapinzələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agepinselt)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

aplängen [ˈaplɔŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageplangt) » transitiv (mat) aplängen *DE* einplanen • *FR* prévoir [à l'avance] • *EN* to foresee, to plan for • *PT* prever [de antemão] **Beispiller** dee Mëssel hate mer nu wierklech net (mat) ageplangt!; am Bauprojet gouf eng ënnerierdesch Garage (mat) ageplangt **Synonym** virgesinn

aplanzen [ˈaplantsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageplantz)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

aplaz [aplˈaːts] Konjunktioun - Variant vun ↗amplaz

aplaz [aplˈaːts] Prepositioun - Variant vun ↗amplaz

aplënneren [ˈaplɛnɛrən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ageplënnert) » intransitiv *DE* einziehen [in eine Unterkunft] • *FR* emménager • *EN* to move in • *PT* mudar-se, instalar-se **Beispill** nodeem si ageplënnert waren, hu se sech bestuet

Apnée [apnˈeː] Femininum (Pluriel Apnéeën) *DE* Apnoe, nächtlicher Atemstillstand • *FR* (syndrome d')apnée (du sommeil) • *EN* apnoea • *PT* síndrome da apneia (do sono) **Beispill** weinst Verdacht op Apnéeën huet den Dokter de Patient an de Schloflaboratoire geschéckt

Apnoe [apnˈoːeː] Femininum (Pluriel Apnoeën) *DE* Apnoe, Atemstillstand • *FR* (syndrome d')apnée (du som-

meil) • *EN* apnoea, breathing interruption • *PT* (síndrome de) apneia (do sono) **Beispill** eng Apnoe ka vun e puer Sekonne bis zu weínege Minutten daueren an ass liewensgeféierlech **Synonym** Otemstëllstand

Apokalyps Femininum (Pluriel Apokalypsen)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Apostel [apˈostəl] Maskulinum (Pluriel Apostel / Apostelen) [Kierchesprooch] *DE* Apostel [Jünger Jesu] • *FR* apôtre [disciple de Jésus] • *EN* Apostille [follower of Jesus Christ] • *PT* apóstolo [discipulo de Cristo] **Beispiller** an der Bibel geet rieds vun zwielef Apostelen; dat do ass en drolegen Apostel! [dat do ass en drolege Kärell!]

Apostelgeschicht [apˈostəlɡɛʃɪçt] Femininum (kee Pluriel) [Kierchesprooch] *DE* Apostelgeschichte [im Neuen Testament] • *FR* Actes des apôtres • *EN* Acts of the Apostles • *PT* Atos dos Apóstolos **Beispill** d'Liesung an der Mass vun haut ass aus der Apostelgeschicht

apostolesch [apostˈoːləʃ] Adjektiv - Variant vun ↗apostoulesch

apostoulesch [apostˈəʊləʃ] Adjektiv **1.** [Kierchesprooch] *DE* apostolisch [von den Aposteln ausgehend] • *FR* apostolique [venant des apôtres] • *EN* apostolic [relating to the Apostles] • *PT* apostólico [que procede dos apóstolos] **Beispill** mir goufe geléiert, un déi eng, helleg, kathoulesch an apostoulesch Kierch ze gleewen **2.** *DE* apostolisch [päpstlich] • *FR* apostolique [émanant, dépendant du Saint-Siège] • *EN* apostolic [relating to the Pope] • *PT* apostólico [que provém, que depende da Santa Sé] **Beispiller** de Poopst huet en apostoulescht Schreiwes publizéiert; den apostouleschen Nuntius ass op der Sich no engem neie Bëschof

1 Variant: apostolesch

Apostroph [apˈostrɔf] Maskulinum (Pluriel Apostrophen / Apostropher) *DE* Auslassungszeichen, Apostroph • *FR* apostrophe [signe d'élision] • *EN* apostrophe • *PT* apóstrofo **Beispill** du hues den Apostroph am Artikel vergiess

App [æp] Femininum (Pluriel Appen / Apps) *DE* App • *FR* application, appli [logiciel] • *EN* app • *PT* aplicação [programa informático] **Beispill** vun dësem flotten Dictionnaire gëtt et och elo eng App!

Apparat [aparˈaːt] Maskulinum (Pluriel Apparaten / Apparater) *DE* Apparat, Gerät • *FR* appareil [machine, instrument] • *EN* apparatus, appliance • *PT* aparelho [máquina, instrumento] **Beispiller** de Kontrollraum ass voll mat Apparater, déi stänneg piipsen a blénken; wann s de fir dän Haushalt Apparater keefs, déi manner Strom brauchen, kanns de vill Sue spueren; et kréckelt am Apparat (et kréckelt am Telefon); mäin éischten Apparat, deen ech mer selwer kaaft hunn, hat en agebaute Blëtzt Imäin éischte Fotoapparat, deen ech mer selwer kaaft hunn, hat en agebaute Blëtzt; de Pilot war frou, wéi en den Apparat am Stuerm sécher gelant hat [de Pilot war frou, wéi en de Fliger am Stuerm sécher gelant hat]

Apparatur [aparˈatˈuːɐ̯] Femininum (Pluriel Apparaturen) *DE* Apparatur • *FR* appareillage [ensemble d'appareils] • *EN* equipment, apparatus • *PT* aparelhagem [conjunto de aparelhos] **Beispiller** fir déi Miessungen ze

maachen, brauch een eng speziell *Apparatur*; mir hunn am Laboratoire leider d'*Apparaturen* net, fir déi Analysen ze maachen

Apparillo Maskulinum (Pluriel *Apparilloen*)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Appartement [apartəm'ænt] Neutrum (Pluriel *Appartementer*) **DE** *Wohnung, Etagenwohnung* • **FR** *appartement* • **EN** *flat, apartment* • **PT** *apartamento, andar* **Beispiller** mir wunnen an engem *Appartement*; meng Eltere si Proprietär vun engem *Appartement* an der Stad; hien huet eng ganz Rei *Appartementer* ze verlounen **Synonymmen** *Quartier, Wunneng*

Appartementshaus [apartəm'æntshæ:ʊs] Neutrum (Pluriel *Appartementshaiser*) **DE** *Wohngebäude, Etagenhaus* • **FR** *immeuble (d'appartements)* • **EN** *block of flats, apartment building* • **PT** *prédio (de apartamentos)* **Beispiller** si wunnen an engem groussen *Appartementshaus* um Kierchbiereg; d'*Appartementshaus* huet sech eestëmmeg fir d'*Renovatioun* vum *Trapenhaus* ausgeschwat [d'*Proprietären* aus dem *Appartementshaus* hu sech eestëmmeg fir d'*Renovatioun* vum *Trapenhaus* ausgeschwat] **Synonym** *Residence*

Äppelbam ['æpəlba:m] Maskulinum (Pluriel *Äppelbeem*) **DE** *Apfelbaum* • **FR** *pommier* • **EN** *apple tree* • **PT** *macieira* **Beispiller** den *Äppelbam* hänkt voller zeideger *Äppel*; d'*Äppelbeem* bléie gewéinlech am Mee **Synonym** *Äppeltes*

Äppelbeemchen ['æpəlbe:mcən] Maskulinum (Pluriel *Äppelbeemercher*) - Diminutivform vun *Äppelbam*

Äppelchen ['æpəlçən] Maskulinum (Pluriel *Äppelcher*) - Diminutivform vun *Äppel* **DE** *Gelenkkugel (des Oberschenkelknochens)* • **FR** *condyle (du fémur)* • **EN** *ball joint, condyle (of the femur)* • **PT** *cabeça do fémur* **Beispill** den *Dokter* huet op der *Röntge* gesinn, datt den *Äppelchen* aus der *Pännchen* ass

Äppeldrëpp [æpəldr'əp] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Apfelbranntwein (Getränk)* • **FR** *eau-de-vie de cidre (boisson)* • **EN** *apple brandy (drink)* • **PT** *aguardente de sidra* **Beispill** de *Brenner* ass amgang, seng *Äppeldrëpp* a Fläschen ze fëllen **2.** (Pluriel *Äppeldrëppen*) **DE** *(Glas) Apfelbranntwein* • **FR** *(verre d')eau-de-vie de cidre* • **EN** *apple brandy (glass of apple brandy)* • **PT** *copo de aguardente de sidra* **Beispill** hien drénkt mueres an owes eng *Äppeldrëpp*

Äppelgebeess ['æpəlɡəbe:s] Neutrum (Pluriel <seelen> *Äppelgebeesser*)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Äppeljelli ['æpəlʒæli:] Maskulinum (Pluriel <seelen> *Äppeljellien*) **DE** *Apfelgelee* • **FR** *gelée de pommes* • **EN** *apple jelly* • **PT** *geleia de maçã* **Beispill** dësen *Hierscht* kachen ech niewent dem *Quiddejelli* och *Äppeljelli*

Äppeljus ['æpəlʒy:] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Apfelsaft (Getränk)* • **FR** *jus de pomme (boisson)* • **EN** *apple juice (drink)* • **PT** *sumo de maçã (bebida)* **Beispill** um *Vizfest* gëtt frësch *Äppeljus* gepresst a verkaaft **Synonymmen** *Äppelviz, Viz* **2.** (Pluriel *Äppeljus / Äppeljusen*) **DE** *(Glas) Apfelsaft* • **FR** *(verre de) jus de pomme*

• **EN** *apple juice (glass of apple juice)* • **PT** *(copo de) sumo de maçã* **Beispill** kéinte mir zwee *Äppeljus* kréien, wannechgelift? **Synonymmen** *Äppelviz, Viz*

Äppelkompott [æpəl'komp'ot] Maskulinum/Femininum (Pluriel *Äppelkompotten / Äppelkompotter*) **DE** *Apfelmus* • **FR** *compote de pommes* • **EN** *stewed apple* • **PT** *compota de maçã* **Beispill** den *Äppelkompott* däerf bei enger *gudder Träip* net feelen!

Appell [ap'æ] Maskulinum (Pluriel *Appellen / Appeller*) **1.** **DE** *Appell (Aufruf, Ermahnung)* • **FR** *appel (solicitation, exhortation)* • **EN** *appeal (request)* • **PT** *apelo (solicitação, exortação)* **Beispiller** et ass en *Appell* un d'*Populatioun* gaangen, fir d'*Drénkwaasser* ze spueren; d'*Patronat* lauschtert op d'*Appelle* vun de *Gewerkschaften* **2.** **DE** *Appell, namentlicher Aufruf* • **FR** *appel (vérification de présence)* • **EN** *roll call, taking the register* • **PT** *chamada (controlo das presenças)* **Beispiller** fir den *Appell* stinn d'*Zaldoten* an *Uniform* an enger *Rei*; beim *Appell* hunn zwou *Schülerinne* gefeelt **3.** **DE** *Berufung (Einspruch)* • **FR** *appel (voie de recours)* • **EN** *appeal (application to a higher authority)* • **PT** *apelação, recurso (de uma sentença judicial)* **Beispiller** d'*Affekotin* réit eis, an *Appell* ze goen; mir hu wëlles, géint dat *Urteil* *Appell* ze maachen **4.** **DE** *Berufungsverfahren* • **FR** *procès d'appel* • **EN** *appeal proceedings* • **PT** *processo de apelação, processo de recurso* **Beispill** am *Appell* gouf dem *Verbriecher* seng *Strof* confirméiert

appelléieren [apəl'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *appelléiert*) » **intransitiv** *appelléieren* un **DE** *appellieren* an [sich wenden an] • **FR** *faire appel à* • **EN** *to appeal to (to call on)* • **PT** *fazer um apelo a* **Beispill** d'*Gewerkschaften* *appelléieren* un d'*Patronat* fir d'*Verbesserung* vun den *Aarbechtskonditiounen*

Appellprozess [ap'ælprotsəs] Maskulinum (Pluriel *Appellprozesser*)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Äppelmous ['æpəlməʊs] Maskulinum (kee Pluriel) **vereeltz** **DE** *Apfelmus* • **FR** *compote de pommes* • **EN** *apple purée* • **PT** *compota de maçã* **Beispill** vill *Leit* hu *gären* e *bësse Kanéil* am *Äppelmous* **Synonym** *Äppelkompott*

Äppeltaart [æpəl'ta:rt] Femininum (Pluriel *Äppeltaarten*) **DE** *Apfelkuchen* • **FR** *tarte aux pommes* • **EN** *apple tart* • **PT** *tarte de maçã* **Beispill** d'*Kanner* hunn eng *Äppeltaart* mat *Äppel* aus dem *Bongert* gebak

Äppeltäertchen [æpəl'tɛ:ɛtçən] Femininum (Pluriel *Äppeltäertercher*) - Diminutivform vun *Äppeltaart*

Äppeltäsch ['æpəltæʃ] Femininum (Pluriel *Äppeltäschchen*) **(Gastronomie)** **DE** *Apfeltasche (Gebäck)* • **FR** *chausson aux pommes, poche aux pommes* • **EN** *apple turnover* • **PT** [Definitioun] *pequeno bolo recheado com compota de maçã* **Beispill** géi wannechgelift bei de *Bäcker* dräi *Aachtercher* an zwou *Äppeltäsche* kafen!

Äppeltes ['æpəltes] Maskulinum (Pluriel *Äppeltes*) **DE** *Apfelbaum* • **FR** *pommier* • **EN** *apple tree* • **PT** *macieira* **Beispill** d'*Äppeltes* bléien am Mee an hir *Früchte* si gewéinlech am *September* zeideg **Synonym** *Äppelbam*

Äppelviz [ˈæpəlfi:ts] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Apfelsaft, Apfelwein [Getränk] • **FR** jus de pomme, cidre [boisson] • **EN** apple juice, cider [drink] • **PT** sumo de maçã, sidra [bebida] **Beispill** si maachen Äppelviz aus hiren Äppel **Synonymen** Äppeljus, Viz **2.** (Pluriel Äppelviz / Äppelvizen / Äppelvizen) **DE** (Glas) Apfelsaft, (Glas) Apfelwein • **FR** (verre de) jus de pomme, (verre de) cidre • **EN** apple juice, cider [glass of apple juice, glass of cider] • **PT** (copo de) sumo de maçã, (copo de) sidra **Beispill** bréngt eis wannechgelift nach zwee Äppelviz! **Synonymen** Äppeljus, Viz

Appenzeller Maskulinum (Pluriel Appenzeller)

I Hei entstee en neien Artikel.

apperen [ˈapərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geappert)

I Hei entstee en neien Artikel.

Appersmann Maskulinum (Pluriel Appersmänner) **vereezt** **DE** Handlanger [ungeleerter Hilfsarbeiter] • **FR** manoeuvre [ouvrier non qualifié] • **EN** labourer, unskilled worker • **PT** servente [operário não especializado] **Beispill** e Steemetzer hat dacks en Appersmann bei sech, fir em ze hëllefen **Synonym** Handlaanger

Appetit [apət'it] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Appetit • **FR** appétit [désir de nourriture] • **EN** appetite • **PT** apetite [vontade de comer] **Beispiller** dee Borscht huet nawell en zolitten Appetit!; d'Kanner hunn d'Iesse mat gud-dem Appetit eragefeiert; isst ouni mech, ech hu keen Appetit!; mir ass den Appetit vergaangen!; eise Sträit huet mir den Appetit verduerwen; (ech wënschen iech en) gudden Appetit!; et geet biergop mam Patient, zënter gëschter huet en nees Appetit

appetitlech [apət'itləç] Adjektiv **DE** appetitlich • **FR** appétissant <Adverb de manière appétissante> • **EN** appetizing • **PT** apetitoso [que provoca o apetite] <Adverb apetitosamente> **Beispiller** dee Bifdeck ass nawell en appetitleche Maufel!; aus der Kiche kënn en appetitleche Geruch; d'Iddi gëtt de Leit appetitlech gemaach **[egs]** [d'Iddi gëtt flott presentéiert]

I Variant: appetitterlech

appetitterlech [apət'iteləç] Adjektiv - Variant vun ¹appetitlech

applaudéieren [aplaʊd'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé applaudéiert) » **intransitiv** **DE** applaudieren, Beifall spenden • **FR** applaudir [acclamer] • **EN** to applaud • **PT** aplaudir, bater palmas **Beispiller** d'Leit hu vu Begeeschterung applaudéiert; nom Concert huet de Publikum dem Pianist minuttelaang applaudéiert **Synonym** (an d'Hänn) klappen

Applaus [ap'l'ʌʊs] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Applaus, Beifall • **FR** applaudissements • **EN** applause • **PT** aplauso(s), salva de palmas **Beispiller** d'Museker si mat engem laangen Applaus belount ginn; d'Riednerin gouf vun euphoreschem Applaus ënnerbrach; d'Kanner kruten no hirer Theateropfeierung vill Applaus

Applikatioun [aplikasj'əʊn] Femininum (Pluriel Applikatiounen) **1.** **DE** Anwendung, Umsetzung • **FR** application, mise en pratique • **EN** application, implementation • **PT** aplicação, entrada em uso **Beispill** d'Applikatioun

vun de Mesurë léisst op sech waarden **Synonym** Ëmsetzung **2.** **DE** Anwendung, App • **FR** application [logiciel] • **EN** app • **PT** aplicação [programa informático] **Beispill** endlech gëtt et eng Applikatioun vum Lëtzebuurger Online Dictionnaire! **3.** **DE** Fleiß • **FR** application, zèle • **EN** application, diligence • **PT** aplicação, zelo **Beispiller** seng Applikatioun ass mat enger Primm belount ginn; an der Primärschoul hat ech meeschtens eng Eins an der Applikatioun an am Betragen **Synonym** Fläiss

applizéieren [apli:ts'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé applizéiert) » **transitiv** **DE** anwenden, umsetzen • **FR** appliquer [mettre en pratique] • **EN** to apply [to implement] • **PT** aplicar [pôr em prática] **Beispiller** de Betrib huet dem Expert seng Virschlei net applizéiert; déi nei ausgeschaffte Method soll vu jidderengem applizéiert ginn; all Gemenge si gebieden, dat neit Gesetz ze applizéieren **Synonym** uwenden

applyen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé applyt / applied)

I Hei entstee en neien Artikel.

Apport [ap'ɔ:R] Maskulinum (Pluriel Apporten)

I Hei entstee en neien Artikel.

Apposition [apozisj'əʊn] Femininum (Pluriel Appositionen)

I Hei entstee en neien Artikel.

Appreciatioun [apresj'asj'əʊn] Femininum (Pluriel Appreciatiounen) **DE** Einschätzung, Beurteilung • **FR** appréciation [judgement] • **EN** appreciation [judgement, evaluation] • **PT** apreciação, avaliação **Beispiller** du kanns dech op eiem Expert seng Appreciatioun verlossen; et ass eng Fro vun Appreciatioun **Synonym** Aschätzung

appreciéieren [apresj'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé appreciéiert) » **transitiv** **DE** schätzen [achten] • **FR** apprécier [estimer] • **EN** to appreciate • **PT** apreciar [estimar, gostar] **Beispiller** dese Professor gëtt vun de Studenten appreciéiert; de Public huet dem Pianist säi Solo appreciéiert; si huet mäi Kaddo net appreciéiert **Synonym** schätzen

Apprenant [apren'ã:] Maskulinum (Pluriel Apprenanten) **DE** Lernender • **FR** apprenant • **EN** learner • **PT** aprendente **Beispill** d'Apprenantë kënnen tèschent dräi Optiounsfächer wíelen

I Weiblech Form: ¹Apprenante

Apprenante [apren'ã:t] Femininum (Pluriel Apprenanteën) **DE** Lernende • **FR** apprenante • **EN** learner [female] • **PT** aprendente [mulher, rapariga] **Beispill** d'Apprenante muss un enger Rei Coursen deelhuelen

I Männlech Form: ¹Apprenant

Approche [ap'r'ɔʃ] Femininum (Pluriel Approchen) **1.** **DE** Landeanflug • **FR** approche [phase de vol d'un avion] • **EN** approach [to landing an aircraft] • **PT** aproximação [fase de voo de um avião] **Beispill** bei der Approche vum Flughafen huet d'Pilotin missen duerch decken Niwwel fléien **2.** **DE** Betrachtungsweise, Herangehensweise • **FR** approche [manière d'aborder un sujet] • **EN** point of view [way of thinking or feeling] • **PT** ponto de

vista l'modo de abordar um assunto] **Beispill** den Expert huet eng kritesch *Approche* zu eisem Dossier

aprouvéieren [apruv'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *aprouvéiert*) » **transitiv 1.** [Administratioun] *DE annehmen, genehmigen* • *FR approuver, adopter, accepter* • *EN to approve* • *PT aprovar, adotar* **Beispiller** de Staatsrot huet de Projéit *aprouvéiert*; d'Gesetzesvirlog ass eestëmmeg an der Chamber *aprouvéiert* *ginn* **Synonym** unhuelen **2.** *DE gutheißen, begrüßen* • *FR approuver, saluer, accueillir favorablement* • *EN to approve [to be in favour of]* • *PT aprovar, acolher favoravelmente* **Beispiller** d'Fraktioun huet d'Decisioun vun der Ministesch *aprouvéiert*; der Direktesch hiren Asaz gouf vun alle Säiten *aprouvéiert* **Synonymmen** zoustëmmen, guttheeschen

aprovisionéieren [aprovizjən'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *aprovisionéiert*) » **transitiv** *aprovisionéieren* (mat) *DE versorgen (mit)* • *FR approvisionner (en) [ravitailler]* • *EN to supply (with)* • *PT abastecer (de), prover (de)* **Beispiller** d'Situatioun ass esou schlëmm, datt d'Arméi d'Bevëlkerung muss *aprovisionéieren*; d'Leit gi mat Waasser an Elektresch *aprovisionéiert*; d'Kaweichelchen *aprovisionéiert* sech mat Nëss fir de Wanter; ech muss mäi Bankkont *aprovisionéieren*, ier ech meng Iwwerweisung maachen (ech muss Suen op mäi Bankkont setzen, ier ech meng Iwwerweisung maachen) **Synonym** versuerge mat

approximativ [apɔksimat'i:f] Adjektiv *DE approximativ, ungefähr* • *FR approximatif* <Adverb *approximativement*> • *EN approximate* <Adverb *approximately*> • *PT aproximativo* <Adverb *aproximativamente*> **Beispiller** d'Direktioun huet den *approximative* Bilan vun dësem Joer virgestallt; de Chantier dierft *approximativ* dräi Joer daueren **Synonym** ongeféier

Appui [apɥ'i:] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** *DE Unterstützung [Beistand]* • *FR appui [aide]* • *EN support [help]* • *PT apoio [ajuda]* **Beispill** hie konnt op den *Appui* vu senger Famill zielen **Synonym** Ënnerstëtzung **2.** *DE Nachhilfe [Unterricht]* • *FR soutien scolaire* • *EN private tuition, extra help* • *PT explicações [lição]* **Beispill** de Professor gëtt e puer Stonnen *Appui* **Synonym** Nohëllef

aprägen ['apɾe:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *agepräägt*) » **transitiv** sech eppes *aprägen* *DE sich etwas einprägen* • *FR graver quelque chose dans sa mémoire* • *EN to engrave in one's memory* • *PT fixar algo [registar algo na memória]* **Beispill** deen huet e Gesiicht, dat ee sech gutt *apräägt*

Aprikos [aprik'o:s] Femininum (Pluriel *Aprikosen*) *DE Aprikose* • *FR abricot* • *EN apricot* • *PT alperce, damasco* **Beispill** gedréchent *Aprikose* kritt een d'ganzt Joer iwwer

Aprikosebam [aprik'o:zəba:m] Maskulinum (Pluriel *Aprikosebeem*) *DE Aprikosebaum* • *FR abricotier* • *EN apricot tree* • *PT alperceiro* **Beispill** eisen *Aprikosebam* zitt vill Harespelen un

Aprikosebeess [aprik'o:zəgəbe:s] Neutrum (Pluriel <seelen> *Aprikosegebeesser*) *DE Aprikosenmarmelade* • *FR confiture d'abricots* • *EN apricot jam* • *PT doce de alperce* **Beispill** d'*Aprikosegebeess* vun eiser

Nopesch schmaacht *besonnesch* gutt

Aprikosejus [aprik'o:zəzy:] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) *DE Aprikosensaft [Getränk]* • *FR jus d'abricots [boisson]* • *EN apricot juice [drink]* • *PT sumo de alperce [bebida]* **Beispill** eis Kanner drénke gär *Aprikosejus* **2.** (Pluriel *Aprikosejus / Aprikosejusen*) *DE (Glas) Aprikosensaft* • *FR (verre de) jus d'abricots* • *EN (glass of) apricot juice* • *PT (copo de) sumo de alperce* **Beispill** bestell mir wannechgelif en *Aprikosejus!*

Aprikosendrépp [aprik'o:zəndrəp] Femininum **1.** (kee Pluriel) *DE Aprikosenschnaps [Getränk]* • *FR eau-de-vie d'abricot [boisson]* • *EN apricot brandy [drink]* • *PT aguardente de alperce* **Beispill** mir hu gëschter e Kessel *Aprikosendrépp* gebrannt **2.** (Pluriel *Aprikosendréppen*) *DE (Glas) Aprikosenschnaps* • *FR (verre d')eau-de-vie d'abricot* • *EN (glass of) apricot brandy* • *PT copo de aguardente de alperce* **Beispill** ech huelen nach eng lescht *Aprikosendrépp*, an da ginn ech

aprogramméieren ['apɔɾɔɾamziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *aprogramméiert*) » **transitiv 1.** *DE einplanen* • *FR programmer, prévoir* • *EN to programme [to plan]* • *PT programar [planear]* **Beispiller** bei eisem Ausfluch *hate* mer d'Visitt vun der Kathedral *aprogramméiert*; dat *hat* ech net *aprogramméiert* [egs] [domat *hat* ech net gerechent] **2.** *DE einprogrammieren* • *FR implémenter [par programmation informatique]* • *EN to program [a computer]* • *PT implementar [mediante programação informática]* **Beispill** fir de Logiciel ze erweideren, soll den Informatiker nei Funktiounen *aprogramméieren*

à propos [apɔp'o:] Adverb

 Hei entsteeet en neien Artikel.

apropos Adverb - Variant vun *à propos*

a puncto [ap'ɔŋkto:] Adverb *DE in puncto* • *FR en ce qui concerne* • *EN with regard to, in the matter of* • *PT em matéria de, em termos de* **Beispill** *a puncto* Aarmutsbekämpfung ass hei am Land nach esou munches ze maachen! **Synonymmen** a Besuch op, a Saachen

a punkto Adverb - Variant vun *à a puncto*

Aquaplaning [akwa:pl'a:nig] Maskulinum (kee Pluriel) *DE Aquaplaning* • *FR aquaplaning* • *EN aquaplaning, hydroplaning* • *PT aquaplanagem* **Beispill** *Aquaplaning* an heich Vitess sinn e geféierleche Cocktail

Aquarell [akwaɾ'æ:l] Maskulinum (Pluriel *Aquarellen*) *DE Aquarell* • *FR aquarelle [œuvre]* • *EN watercolour [painting]* • *PT aguarela [obra]* **Beispill** mir waren eng Ausstellung mat *Aquarelle* vun der Kathedral kucken

Aquarium [akw'a:rium] Maskulinum (Pluriel *Aquariumen / Aquarien*) **1.** *DE Aquarium [Glasbehälter]* • *FR aquarium [cuve en verre]* • *EN aquarium [fish tank]* • *PT aquário [recipiente de vidro]* **Beispill** ech hu vill exotesch Fësch a mengem *Aquarium* **2.** *DE Aquarium, Aquarienhaus* • *FR aquarium [bâtiment]* • *EN aquarium [building]* • *PT aquário [edifício]* **Beispill** vill Stied, déi um Mier leien, hunn en *Aquarium*

aquartéieren [ˈakwɑrtʰɛɪəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé aquartéiert) » **transitiv** DE *einquartieren* • FR *loger létabli de façon temporaire* • EN *to put up* [to accommodate temporarily] • PT *alojar* [acomodar temporariamente] **Beispill** d'Sportler sinn an der Jugendherberg aquartéiert ginn

Äquator [e:kw'a:to:ɾ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Äquator* • FR *équateur* • EN *equator* • PT *equador* **Beispill** dës Insel läit um Äquator

Äquatorialguinea [e:kwatoɾi'a:lgine:a:] Eegentum, Neutrum DE *Äquatorialguinea* • FR *Guinée équatoriale* • EN *Equatorial Guinea* • PT *Guiné Equatorial* **Beispiller** ech war schonn dräimol an Äquatorialguinea; ech fueren d'nächst Woch an Äquatorialguinea; ech kommen aus Äquatorialguinea

1 männlech Persoun: ↗Äquatorialguineeeër weiblech Persoun: ↗Äquatorialguineeerin Adjektiv: ↗äquatorialguineesch
Haaptstad: ↗Malabo

Äquatorialguineeeër [e:kwatoɾi'a:lgine:e:] Maskulinum (Pluriel Äquatorialguineeeër) DE *Äquatorialguineeer* • FR *Équato-Guinéen* • EN *Equatorial Guinean* • PT *equato-guineense* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Äquatorialguineeeër

Äquatorialguineeerin [e:kwatoɾi'a:lgine:əɾin] Femininum (Pluriel Äquatorialguineeerinnen) DE *Äquatorialguineerin* • FR *Équato-Guinéenne* • EN *Equatorial Guinean* [female] • PT *equato-guineense* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Äquatorialguineeerin

äquatorialguineesch [e:kwatoɾi'a:lgine:əf] Adjektiv DE *äquatorialguineesch* • FR *équato-guinéen* • EN *Equatorial Guinean* • PT *equato-guineense* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi äquatorialguineesch Kultur kenne geléiert

Ar [a:ɾ] Maskulinum (Pluriel Ar) DE *Ar* • FR *are* • EN *are* • PT *are* **Beispiller** eist Haus steet op engem Terrain vu sechs Ar; um Land ass den Ar (Bauterrain) méi bëlleg ewéi an der Stad

1 Ar gétt mat a ofgekierzt.

är [ɛ:ɐ] Possessivpronomen » 2. Persoun Pluriel / Nominativ + Singulier / weiblech **1.** DE *eure, die eure* • FR *votre, la vôtre* • EN *your, yours* • PT *vossa* **Beispiller** är Stuff ass richtig gemittlecht; eis Kichen ass méi al ewéi är » 2. Persoun Pluriel / Akkusativ + Singulier / weiblech **2.** DE *eure, die eure* • FR *votre, la vôtre* • EN *your, yours* • PT *vossa* **Beispiller** ech soen iech Merci fir är Mataarbecht; ech hunn är Kaz op der Strooss gesinn; ech fannen eis Propos besser ewéi är » 2. Persoun Pluriel / Nominativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech **3.** DE *eure, die euren* • FR *vos, les vôtres* • EN *your, yours* • PT *vossos, vossas* **Beispiller** an deem Punkt stëmmen är Meinungen net mat eisen iwwereeneen; dat sinn net meng Bicher, et sinn är! » 2. Persoun Pluriel / Akkusativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech **4.** DE *eure, die euren* • FR *vos, les vôtres* • EN *your, yours* • PT *vossos, vossas* **Beispiller** ditt är knaschteg Schong aus, wann der an d'Haus gitt!; ech pake meng Wallissen, paakt dir är!; ech këmmere mech ëm meng Saachen, këmmert dir iech ëm är!

Är [ɛ:ɐ] Possessivpronomen » 2. Persoun Singulier, 2. Persoun Pluriel / Héiflechkeetsform / Nominativ +

Singulier / weiblech **1.** DE *Ihre, die Ihre* • FR *votre, la vôtre* • EN *your, yours* • PT *sua* **Beispiller** Är Assurance muss fir de Schued opkommen; dorëm soll seng eege Famill sech këmmere, net Är! » 2. Persoun Singulier, 2. Persoun Pluriel / Héiflechkeetsform / Akkusativ + Singulier / weiblech **2.** DE *Ihre, die Ihre* • FR *votre, la vôtre* • EN *your, yours* • PT *sua* **Beispiller** Dir kënn eis Är Bestellung schécken; ech fannen eis Propos besser ewéi Är » 2. Persoun Singulier, 2. Persoun Pluriel / Héiflechkeetsform / Nominativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech **3.** DE *Ihre, die Ihren* • FR *vos, les vôtres* • EN *your, yours* • PT *seus, suas* **Beispiller** Är Aussoe sinn net prezis genuch; dat sinn eis Problemer, net Är! » 2. Persoun Singulier, 2. Persoun Pluriel / Héiflechkeetsform / Akkusativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech **4.** DE *Ihre, die Ihren* • FR *vos, les vôtres* • EN *your, yours* • PT *seus, suas* **Beispiller** ech hunn Är Kanner an der Stad begéint; bekëmmert Iech gefällegst ëm Är Saachen!; ech këmmere mech ëm meng Saachen, këmmert Dir Iech ëm Är!

Ära [ˈɛ:ɾa:] Femininum (kee Pluriel) DE *Ära* [Epoche, Zeitalter] • FR *ère* [époque, période] • EN *era* [period of history] • PT *era* [época, período] **Beispiller** dee Krich war eng däischter Ära vu Gewalt fir eist Land; mam neie Joerdausend gouf d'Ära vum Euro agelaut **Synonym** Zäitalter

Araber [ˈɑ:ɾa:bə] Maskulinum (Pluriel Araber) **1.** DE *Araber* [Person] • FR *Arabe* [personne] • EN *Arab* [person] • PT *árabe* [pessoa] **Beispill** mäi beschte Kolleeg ass Araber, seng Famill kënn aus dem Oman **2.** DE *Araber* [Pferd] • FR *cheval arabe* • EN *Arab* [horse] • PT *cavalo árabe* **Beispill** de Reider huet mat sengem Araber d'Goldmedail gewonnen

Araberin [ˈɑ:ɾa:bəɾin] Femininum (Pluriel Araberinnen) - weiblech Form vun ↗Araber

arabesch [ɑɾ'a:bəf] Adjektiv

1 Hei entsteet en neien Artikel.

aräissen [ˈɑ:ɾæ:ɪsən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agerass) » **transitiv** **1.** DE *(am Rand leicht) einreißen* • FR *déchirer* [sur le bord] • EN *to tear, to break* [a nail] • PT *rasgar* [na ponta] **Beispill** ech hu mer den Nol vum Daum licht agerass ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé agerass) » **intransitiv** **2.** DE *einreißen, um sich greifen* • FR *s'établir, se généraliser* • EN *to become established, to become generalized* • PT *enraizar-se, implantar-se* [hábito] **Beispill** mir musse verhënnere, datt esou Gewunnechten aräissen

araumen [ˈɑ:ɾɑʊmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageraumt) » **transitiv** **1.** DE *einräumen* [an seinen Platz] • FR *ranger* [mettre à sa place] • EN *to put away* [to tidy up] • PT *arrumar* [pôr no lugar próprio] **Beispiller** dëse Weekend raumen ech mäin Handwierksgeschier propper an; ech muss nach d'Spullmaschinn aräumen [ech muss d'Geschier nach an d'Spullmaschinn raumen] **2.** DE *einräumen, zubilligen* • FR *accorder, octroyer, concéder* • EN *to grant, to give* • PT *conceder, outorgar* **Beispill** dat neit Gesetz soll dem Léierpersonal nei Rechter aräumen

Arbitrage Maskulinum (Pluriel Arbitragen) **1.** DE *Spielleitung* [im Sport] • FR *arbitrage* [d'une rencontre spor-

tive] • **EN** *refereeing* • **PT** *arbitragem* [de uma competição desportiva] **Beispill** wann nom Match net iwwer den Arbitter geschwat gëtt, da war den Arbitrage sécherlech net schlecht **2. DE** *Schiedsrichterwesen* • **FR** *arbitrage, corps arbitral* • **EN** *refereeing* • **PT** *arbitragem, corpo arbitral* **Beispill** am Arbitrage ginn ëmmer Leit gesicht, déi motivéiert sinn, Matcher ze pfeifen **3. DE** *Schlichtung* • **FR** *arbitrage* [décision, règlement] • **EN** *settlement* [official agreement] • **PT** *arbitragem* [decisão, regulação] **Beispill** am Fall vun Differenzen tëschent zwee Länner gesäit den *Traité en Arbitrage* vir

Aschlag ['ɑʃla:χ] Maskulinum **1.** (Pluriel *Aschläi*) DE *Einschlag* [leines Geschosses] • FR *impact* [d'obus] • EN *impact* [of a bomb] • PT *impacto* [de um projétil explosivo] **Beispill** den *Aschlag* vun der Bomm huet en déift Lach hannerlooss **2.** (kee Pluriel) DE *Einschlag*, *Anteil*, *Merkmale* • FR (petit) *air* [caractéristique(s), apparence] • EN *influence*, *effect*, *appearance* • PT *toque*, *ar* [característica, aparência] **Beispiller** seng *Texter* hunn ëmmer e gewëssene politeschen *Aschlag*; eiser *Duechter* hiren neie *Frënd* huet e südlänneschen *Aschlag*

aschläichen ['ɑʃlɛ:ɪçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ageschlach*) » reflexiv DE *sich einschleichen* • FR *se glisser*, *s'introduire* • EN *to sneak in*, *to slip in* • PT *infiltrar-se*, *introduzir-se* **Beispiller** de *Reporter* hat sech op dem *Filmstar* seng *Hochzäit* *ageschlach*; an esou en *Text* *schläiche* sech *gã* *Feeler* an

aschläiferen ['ɑʃlɛɪfərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ageschläifert*) » transitiv **1.** DE *einschläifern* [schläfrig machen] • FR *endormir* [assoupir] • EN *to lull to sleep* • PT *adormecer*, *embalar* **Beispill** esou eng *Musek* kann een *aschläiferen* **2.** DE *einschläifern*, *anästhesieren*, *narkotisieren* • FR *anesthésier* • EN *to anaesthetize* • PT *anestésiar* **Beispill** d'*Patientin* *gëtt* *virun* der *Operatioun* *ageschläifert* **3.** DE *einschläifern* [töten] • FR *piquer*, *euthanasier* [un animal] • EN *to put to sleep* • PT *matar sem sofrimento* [um animal] **Beispill** eisen *Hond* huet *missen* *ageschläifert* *ginn*

aschleisen ['ɑʃlɛɪzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ageschleist*) » transitiv DE *einschleusen* • FR *introduire clandestinement* • EN *to smuggle in*, *to infiltrate* • PT *introduzir clandestinamente*, *infiltrar* **Beispiller** den *Dealer* *schleist* *masseweis* *Kokain* an d'*Land* an; den *Agent* huet sech an d'*feindlecht* *Lager* *ageschleist*; d'*Police* huet ee vun hire *Leit* an den *Terroristemilieu* *ageschleist*

aschléissen ['ɑʃlɛɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ageschloss*) » transitiv DE *einschließen* [einbeziehen] • FR *associer* [inclure] • EN *to include* • PT *incluir*, *integrar*, *englobar* **Beispill** d'*Nopeschgemengen*, *déi* *beträff* *sinn*, *gi* *mat* an de *Projet* *ageschloss*

aschloen ['ɑʃlɔ:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ageschloen*) » transitiv **1.** DE *einschlagen*, *ein-hämmern* • FR *enfoncer*, *planter* [au marteau] • EN *to hammer in* • PT *cravar*, *espetar* [com um martelo] **Beispill** hie *schléit* de *Poul* *mat* engem *décken* *Hummer* an **Synonymmen** *aklappen*, *anhaen* **2.** DE *einschlagen* [zertrümmern] • FR *fracasser*, *casser* • EN *to smash*, *to break* • PT *rachar*, *partir* **Beispiller** hie *krut* bei enger *Klapperei* d'*Zänn* *ageschloen*; d'*Déif* *haten* d'*Fënster* *mat* engem *Steen* *ageschloen*; *déi* *zwee* *Bridder* *hu* sech d'*Käpp* *ageschloen* [égs] [déi *zwee* *Bridder* *hu* sech *zerklapp*] **3.** DE *einschlagen*, *wählen* [eine Richtung] • FR *prendre* [une direction, une orientation] • EN *to take* [a direction] • PT *tomar* [uma direção, uma orientação]

Beispiller de *Chauffer* *huet* eng aner *Richtung* *ageschloen*; d'*Regierung* *schléit* an *déser* *Affär* en neie *Wee* an » **intransitiv** - och **onperséinlech** **4.** DE *einschlagen* [Blitz, Geschoss] • FR *tomber* [foudre, projectile] • EN *to strike* [thunder, bomb] • PT *cair* [raio, projétil] **Beispiller** am *leschte* *Krich* *hat* eng *Granat* an de *Giewel* *ageschloen*; et *huet* *elo* *scho* fir d'*zweet* an de *Kierchtuerm* *ageschloen* [de *Blätz* *huet* *elo* *scho* fir d'*zweet* an de *Kierchtuerm* *ageschloen*]; hei *gesäit* et *aus*, *wéi* *wann* eng *Bomm* *ageschloen* *hätt* [égs] [hei *gesäit* et *ganz* *onuerdentlech* *aus*]; *déi* *nei* *Moud* *huet* *richteg* *ageschloen* [égs] [déi *nei* *Moud* *huet* *grousse* *Succès*]; d'*Noricht* *vu* sengem *Doud* *huet* *ageschloen* *ewéi* eng *Bomm* [égs] [d'*Noricht* *vu* sengem *Doud* *koum* *onerwaart* an *huet* *jidderee* *shockéiert*]

aschlofen ['ɑʃlɔ:fən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *ageschlof*) » **intransitiv** DE *einschlafen* [in Schlaf sinken] • FR *s'endormir* • EN *to fall asleep* • PT *adormecer* **Beispill** no deem *ganzen* *Dag* an der *frëscher* *Loft* *sinn* d'*Kanner* *owes* *direkt* *ageschlof* **Synonym** *entschlofen*

aschmëlzen ['ɑʃmɛltsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ageschmolt*) » transitiv DE *einschmelzen* • FR *faire fondre* [rendre liquide] • EN *to melt down* • PT *fazer fundir* [tornar liquido] **Beispill** *déi* *al* *Klacke* *goufen* *ageschmolt*

aschmieren ['ɑʃmi:ɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ageschmiert*) » transitiv *aschmiere* *mat* DE *einreiben* *mit*, *eincremen* *mit* • FR *enduire* [de crème] • EN *to rub with* [ointment] • PT *esfregar* *com* [creme] **Beispill** den *Dokter* *sot*, *ech* *soll* *mái* *Knéi* *all* *Dag* *mat* *déser* *Crème* *aschmieren* **Synonym** *areiwe* *mat*

Aschnëtt ['ɑʃnɛt] Maskulinum (Pluriel *Aschnëtter*) **1.** DE *Einschnitt* [Zäsur] • FR *tournant* [changement important] • EN *turning point* • PT *ponto de viragem* [mudança importante] **Beispill** d'*Gebuert* *vun* *eische* *Kand* *war* *fir* *déi* *jonk* *Koppel* *e* *groussen* *Aschnëtt* an hirem *Liewen* **Synonym** *Zäsur* **2.** DE *Einschnitt* [Beeinträchtigung] • FR *atteinte* [mesure incisive] • EN *encroachment*, *infringement* • PT *atentado* [medida restritiva] **Beispiller** *dat* *Reglement* *ass* en *Aschnëtt* an d'*Fräiheet* *vun* de *Bierger*; d'*Firma* *muss* *Aschnëtter* an hirem *Budget* *maachen* [d'*Firma* *muss* *spueren*]

aschränken ['ɑʃræŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ageschränkt*) » transitiv **1.** DE *einschränken*, *beschränken* • FR *restreindre* • EN *to limit*, *to restrict* • PT *limitar*, *restringir* **Beispiller** d'*Ëmweltschützer* *wëllen* den *Autosverkéier* *aschränken*; den *totalitäre* *Regimm* *huet* d'*Pressefräiheet* *ageschränkt*; *dat* *neit* *Reglement* *däerf* d'*Grundrechter* *vun* *Bierger* *op* *kee* *Fall* *aschränken* **Synonym** *limitéieren* » reflexiv **2.** DE *sich einschränken* • FR *se restreindre* • EN *to cut back*, *to tighten one's belt* • PT *limitar-se*, *apertar o cinto* **Beispill** *mir* *mussen* *eis* *aschränken*

Aschränkung ['ɑʃræŋkʊŋ] Femininum (Pluriel *Aschränkungen*) DE *Einschränkung* [Beschränkung] • FR *limitation*, *restriction* • EN *limitation*, *restriction* • PT *limitação*, *restrição* **Beispill** de *vile* *Kaméidi* *laansch* d'*Haaptstrooss* *bedeit* eng *Aschränkung* *vun* der *Liewensqualität* **Synonymmen** *Limitatioun*, *Restrik-tioun*

aschrauwen [ˈaʃraʊvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageschrauft) » **transitiv** **DE** *einschrauben* • **FR** *visser* • **EN** *to screw in* • **PT** *enroscar, atarraxar* **Beispiller** ech muss eng nei Bier aschrauwen; dee Stopp ass fir anzeschrauwen

aschreiwen [ˈaʃraivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageschriwwen) » **transitiv** **1. DE** *einschreiben, eintragen* • **FR** *inscrire* [*noter, enregistrer*] • **EN** *to note, to record* [*to write down*] • **PT** *inscrever* [*anotar, registar*] **Beispiller** de Personalchef schreift all Dag d'Absencen an; de Professor huet him eng Strof ginn an hien an d'Klassebuch ageschriwwen; e puer Ännerunge goufen an d'Statute vum Veräin ageschriwwen **Synonym** androen » **reflexiv** **2. DE** *sich einschreiben, sich immatrikulieren* • **FR** *s'inscrire* • **EN** *to enrol* • **PT** *inscrever-se, matricular-se* **Beispiller** hie schreift sech a Coursen an, fir Lëtzebuergesch ze léieren; hatt huet sech op enger auslännescher Universitéit ageschriwwen

Aschreiwung [ˈaʃraivʊŋ] Femininum (Pluriel Aschreiwungen) **DE** *Eintragung, Einschreibung, Immatrikulation* • **FR** *inscription* [*enregistrement*] • **EN** *registration, enrolment* • **PT** *inscrição, matrícula* **Beispiller** d'Aschreiwung an d'Wielerléschten ass eng einfach Prozedur; et ass ze spéit fir eng Aschreiwung op der Uni **Synonym** Inscriptioun

Äschtchen [ˈæʃtçən] Maskulinum (Pluriel Äschtercher) - Diminutivform vun ↗Aascht

aschüchteren [ˈaʃyçtərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageschüchtert) » **transitiv** **DE** *einschüchtern* • **FR** *intimider* • **EN** *to intimidate* • **PT** *intimidar* **Beispill** ech loosse mech vun him net aschüchteren **Synonym** intimidéieren

aseefen [ˈazeːfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageseeft) » **transitiv** **1. DE** *einseifen* [*mit Seife einreiben*] • **FR** *savonner* • **EN** *to soap* • **PT** *ensaboar* **Beispiller** fréier goufen d'Schaffboxen op der Hand ageseeft a geschruppt; d'Kanner hu sech eent dat anert ageseeft [ëgs] [d'Kanner hu sech eent deem anere Schnéi an d'Gesicht geriwwen] **2. [ëgs]** **DE** *einseifen, leimen, hereinlegen* • **FR** *rouler* [*tromper, abuser*] • **EN** *to con* • **PT** *enganar, intrujar* **Beispill** ech fäerten, mir goufen ageseeft

Aserbaidjan [azɛrbaɪdˈʒaːn] Eegennumm, Maskulinum **DE** *Aserbaidshan* • **FR** *Azerbaidjan* • **EN** *Azerbaijan* • **PT** *Azerbaijão* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Aserbaidjan; ech fueren d'nächst Woch an den Aserbaidjan; ech kommen aus dem Aserbaidjan

1 männlech Persoun: ↗Aserbaidjaner weiblech Persoun: ↗Aserbaidjanerin **Adjektiv:** ↗aserbaidjanesch **Haaptstad:** ↗Baku

Aserbaidjaner [azɛrbaɪdˈʒaːnɐ] Maskulinum (Pluriel Aserbaidjaner) **DE** *Aserbaidshaner* • **FR** *Azerbaidjanais* • **EN** *Azerbaijani* • **PT** *azerbaidjano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Aserbaidjaner

Aserbaidjanerin [azɛrbaɪdˈʒaːnərin] Femininum (Pluriel Aserbaidjanerinnen) **DE** *Aserbaidshanerin* • **FR** *Azerbaidjanaise* • **EN** *Azerbaijani* [*female*] • **PT** *azerbaidjana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Aserbaidjanerin

aserbaidjanesch [azɛːrbaɪdʒˈaːnɐʃ] Adjektiv **DE** *Aserbaidshanesch* • **FR** *Azerbaidjanais* • **EN** *Azerbaijani* • **PT** *azerbaidjano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi aserbaidjanesch Kultur kenne geléiert

asetzen [ˈazɛtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agesat) » **transitiv** **1. DE** *einsetzen, einfügen* • **FR** *insérer, ajouter, poser* • **EN** *to fit, to build in, to insert* [*in a text*] • **PT** *colocar, inserir, introduzir* **Beispiller** brauchs de Hëllef, fir déi nei Fënster anzesetzen?; dësen Abschnitt misst nach an den Text agesat ginn **2. DE** *einsetzen, einschalten* [*hinuziehen*] • **FR** *faire appel* à [*faire intervenir*] • **EN** *to call in* [*to assign, to deploy*] • **PT** *recorrer a* [*fazer intervir*] **Beispiller** am Kader vun där kriddeleger Enquête huet d'Police eng Spezialkommissioun agesat; esouguer d'Hondsstaffel gouf agesat, fir nom Verméisten ze sichen **3. DE** *einsetzen* [*lernen*] • **FR** *désigner* [*choisir*] • **EN** *to designate, to appoint* • **PT** *designar* [*escolher*] **Beispill** de Minister huet en neien Direkter fir d'Archiven agesat **4. DE** *einsetzen* [*gebrauchen, verwenden*] • **FR** *utiliser* • **EN** *to use, to employ* • **PT** *empregar, utilizar* **Beispiller** dee klenge Fliger gëtt nëmmen op kuerze Strecken agesat; fir dës penibel Aarbecht setze mir eng Maschinn an; eisem Mataarbechter seng Stärkte goufen op dëser Plaz ni richtig agesat [eisem Mataarbechter seng Stärkte goufen op dëser Plaz ni richtig ausgenotzt] **Synonymmen** gebrauchen, benotzen **5. DE** *transplantieren, implantieren* • **FR** *transplanter, implanter* [*par intervention chirurgicale*] • **EN** *to implant, to transplant* [*surgically*] • **PT** *transplantar, implantar* [*por intervenção cirúrgica*] **Beispiller** hie krut viru Kuerzem eng nei Nier agesat; säit ech en Herzschrittmacher agesat krut, kann ech erëm Sport maachen **6. [ëgs]** **DE** *einbuchen, einsperren* • **FR** *mettre en taule* • **EN** *to lock up, to put away* • **PT** *pôr atrás das grades, meter na choça* **Beispill** de Verbriecher gouf agesat **Synonymmen** aspären, astiechen » **intransitiv** **7. DE** *einsetzen, (plötzlich) beginnen* • **FR** *commencer* [*soudainement*] • **EN** *to start* [*suddenly*] • **PT** *começar* [*de repente*] **Beispiller** mir souze knapps, dunn huet den Orchester schonn agesat; de Reen huet agesat, wéi ech grad doheem ukoum » **reflexiv** **8.** sech asetze fir **DE** *sich einsetzen für* • **FR** *s'engager en faveur de* • **EN** *to champion, to stand up for* • **PT** *intervir a favor de, defender* **Beispill** hien huet sech ëmmer fir déi aarm Leit agesat **Synonymmen** antriede fir, verteidegen

asätzen [ˈazɛtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agesiess) » **intransitiv** **DE** *einsitzen* [*im Gefängnis*] • **FR** *être en prison* • **EN** *to serve* [*a prison sentence*] • **PT** *estar em prisão* **Beispill** de Mäerder souz 20 Joer an

Asiat [aziˈaːt] Maskulinum (Pluriel Asiaten) **DE** *Asiat* • **FR** *Asiatique* • **EN** *Asian* • **PT** *asiático* **Beispill** de Weltmeeschter am Wäitsprong ass den Ament en Asiat

asiatesch [aziˈaːtəʃ] Adjektiv **DE** *asiatisch* • **FR** *asiatique* • **EN** *Asian* • **PT** *asiático* **Beispill** um asiatesche Kontinent gëtt et vill verschidde Sproochefamilien

Asiatin [aziˈaːtin] Femininum (Pluriel Asiatinnen) **DE** *Asiatin* • **FR** *Asiatique* • **EN** *Asian* [*female*] • **PT** *asiática* **Beispill** d'Weltmeeschterin am Judo ass den Ament eng Asiatin

asickeren [ˈazikərən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé agesickert) » **intransitiv** **DE** *einsickern* • **FR**

s'infiltrer [pénétrer] • EN *to soak into* • PT *infiltrar-se* [penetrar] **Beispill** de Ree sickert séier an de sandege Buedem an

Asien ['a:zi:ən] Eegennumm, Neutrum DE *Asien* • FR *Asie* • EN *Asia* • PT *Ásia* **Beispiller** eis Entreprise huet Partner a ganz **Asien**; ech war schonn dräimol an **Asien**; ech fueren d'nächst Woch an **Asien**; ech kommen aus **Asien**

i männlech Persoun: ↗Asiat weiblech Persoun: ↗Asiatin Adjektiv: ↗asiatesch

Asiicht ['azi:çt] Femininum (kee Pluriel) DE *Einsicht* [in Akten] • FR *autorisation de consulter* [des documents] • EN *access* [to documents] • PT *autorização de consultar* [documentos] **Beispill** d'Affekotin huet **Asiicht** an de Gerichtsdossier gefrot

asiichteg ['azi:çtəç] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Askees [ask'e:s] Femininum (kee Pluriel) DE *Askese* • FR *ascèse* • EN *asceticism* • PT *ascese* **Beispill** et ass méi einfach, **Askees** ze priedegen, ewéi se ze praktizéieren

Asmara Eegennumm DE *Asmara* • FR *Asmara* • EN *Asmara* • PT *Asmara* **Beispill** **Asmara** ass d'Haaptstad vun Eritrea

asolperen ['azolpəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **agesolpert**) » **transitiv** DE *einsalzen* • FR *saler, saumurer* • EN *to salt* [to soak in brine] • PT *salgar, pôr em salmoura* **Beispiller** de Metzler huet d'Hamen haut **agesolpert**; den duerchwuessene Speck gouf **agesolpert** an dono gedréchent **Synonym** solperen

a sou weider [azəʊv'aɪdɐ] Partikel - Variant vun ↗an esou weider

asozial ['azotsi'a:l] Adjektiv DE *asozial* • FR *asocial* • EN *antisocial* • PT *associal* **Beispill** eisem Noper säin **asozialt** Behuelen huet seng Grënn

aspanen ['aʃpa:nən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **agespaant**) » **transitiv** 1. DE *einspannen* [ein Gerät, ein Werkstück] • FR *fixer, serrer* [un outil, une pièce à façonner] • EN *to clamp* [to fasten] • PT *apertar, fixar* [um utensilio, uma peça por acabar] **Beispiller** span d'Staang an de Schraubstack an!; de Schmadd huet d'Eisen **agespaant** a mat engem schwéieren Hummer dropgeschloen 2. DE *einspannen, einsetzen* [beanspruchen] • FR *mettre à contribution* [une personne] • EN *to rope in* • PT *chamar* [para um trabalho], *pôr a trabalhar* **Beispill** hie gouf iwwerall do **agespaant**, wou déi schwéiersten Aarbechten ze maache waren

aspären ['aʃpɛ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **agespaart**) » **transitiv** 1. DE *einsperren, einschließen* • FR *enfermer* [dans un lieu] • EN *to lock in* • PT *fechar, encerrar* [num lugar] **Beispiller** de Lausbouf huet seng kleng Schwëster am Buedzëmmer **agespaart**; ech **späre** mäin Hond an, wann ech muss fortgoen; fir meng Rou ze hunn, **spären** ech mech heiansdo a mengem Büro an 2. DE *einsperren, inhaftieren* • FR *enfermer, emprisonner* • EN *to lock up, to imprison* • PT *encarcerar, aprisionar* **Beispiller** de Verbriecher ass fir fënnef Joer **agespaart** ginn; fir esou eng Klenggeeket dierf een dach keen **aspären**! **Synonymmen** asetzen,

astiechen

Aspegic [aspeʒ'ik] Femininum (Pluriel **Aspegicken**) [ëgs] DE *Schmerzmittel* [zum Einnehmen] • FR *antidouleur* [comprimé] • EN *aspirin* [painkiller] • PT *aspirina* [comprimido], *analgésico* **Beispill** ech hunn därmoossen de Kapp wéi, hues de keng **Aspegic** an der Posch? **Synonymmen** Aspirin, Aspro

Aspekt [asp'ækt] Maskulinum (Pluriel **Aspekter**) 1. DE *Aspekt* [Gesichtspunkt] • FR *aspect* [point de vue] • EN *aspect, point* • PT *aspeto* [ponto de vista] **Beispiller** hien ass a senger Ried op e wichtege **Aspekt** agaangen; de mëschlechen **Aspekt** dierf an deem Projet net ze kuerz kommen 2. DE *Seite, Teil, Teilbereich* • FR *volet* [partiel] • EN *aspect, part* • PT *vertente* [parte] **Beispill** de juristeschen **Aspekt** vun där Affär ass deen interessantsten **Synonymmen** Deel, Volet

Asperger ['aspɛrgɛ] Maskulinum (kee Pluriel) - Kuerzform vun ↗Asperger-Syndrom

Asperger-Syndrom ['aspɛrgesɪndrɔ:m] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Asperger-Syndrom* • FR *syndrome d'Asperger* • EN *Asperger's (syndrome)* • PT *síndrome de Asperger* **Beispill** den **Asperger-Syndrom** huet fréier eng Variant vum Autismus bezeechent

i Kuerzform: Asperger

Asphalt [asf'alt] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Asphalt* • FR *asphalte* [revêtement routier] **Beispill** déi nächst dräi Deeg ass d'Haaptstrooss gespaart, well den **Asphalt** frëschgemaach gëtt **Synonym** Makadam

asphaltéieren [asfalt'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **asphaltéiert**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

aspillen ['aʃpɪlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **agespillt**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Aspirin [aspɪr'in] Femininum (Pluriel **Aspirinnen**) [ëgs] DE *Schmerzmittel* [zum Einnehmen] • FR *antidouleur* [comprimé] • EN *aspirin* [painkiller] • PT *aspirina* [comprimido], *analgésico* **Beispill** ech hunn därmoossen de Kapp wéi, hues de keng **Aspirin** an der Posch? **Synonymmen** Aspro, Aspegic

asprangen ['aʃpraŋən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **agesprongen** / **agesprong**) » **intransitiv** 1. DE *einspringen, einschnappen, einrasten* • FR *s'enclencher* • EN *to click shut* • PT *engatar-se, fechar-se* **Beispill** d'Schluss vun der Viischer Dier **spréngt** net méi richteg an 2. **asprange** fir DE *einspringen* für • FR *remplacer temporairement* [une personne] • EN *to step in for* [to substitute] • PT *substituir* [temporariamente] [uma pessoa] **Beispill** mir brauchen en Ersatz, deen zwee Deeg laang fir de Schoulmeeschter **aspréngt**

asprayen ['aspɾɛiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **agesprayt**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

asprätzen ['aʃpɾətʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **agesprätzt**) » **transitiv** DE *einspritzen* [unter Druck] • FR *injecter* [sous pression] • EN *to inject* [under pressure] • PT *injetar* [sob pressão] **Beispiller** fir d'Mauer-

wierk ze stabiliséieren, ass Bëtong agesprézt ginn; bei dësem Motor gëtt de Bensinn op eng speziell Manéier agesprézt **Synonym** injektéieren

Asprätzung [ˈaʃpʁɛtsuŋ] Femininum (Pluriel Asprätzungen) **DE** Einspritzung [eines Verbrennungsmotors] • **FR** injection [d'un moteur à explosion] • **EN** (fuel) injection [into an internal combustion engine] • **PT** injeção [de um motor a explosão] **Beispill** huet de Motor vun dengem Auto eng elektronesch oder eng mechanesch Asprätzung? **Synonym** Injektion

Aspro [ˈaspro:] Femininum (Pluriel Asproen) ^[égs] **DE** Schmerzmittel [zum Einnehmen] • **FR** antidouleur [comprimé] • **EN** aspirin [painkiller] • **PT** aspirina [comprimido], analgésico **Beispill** ech hunn därmoossen de Kapp wéi, hues de keng Aspro an der Posch? **Synonymen** Aspirin, Aspegic

Ass [as] Maskulinum (Pluriel Assen) **1. DE** Ass [Beste(r), Experte] • **FR** as [crack] • **EN** ace [master, expert] • **PT** ás [craque] **Beispill** du waars ëmmer en Ass am Kaprechnen! **2. DE** Ass [Spielkarte] • **FR** as [carte à jouer] • **EN** ace [playing card] • **PT** ás [carta de jogar] **Beispill** ech hat de Streech mam Ass kritt

i Variant: Äss

Äss [æ:s] Maskulinum (Pluriel Ässen) - Variant vun ↗Ass

assainéieren Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé assainéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Assel [ˈasəl] Eegennumm - Variant vun ↗Aassel

Assel Femininum (Pluriel Asselen) **DE** Assel • **FR** cloporte • **EN** woodlouse • **PT** bicho-de-conta **Beispill** ënnerem Stee souzen eng zwanzeg Asselen **Synonym** Mierschwéngchen

Assemblée générale [asä:mb'l'e:ʒe:ne:r'al] Femininum (Pluriel Assemblée-généralen) **DE** Hauptversammlung, Mitgliederversammlung • **FR** assemblée générale • **EN** general meeting • **PT** assembleia geral **Beispill** all Aktionär kritt den Ordre du jour vun der Assemblée générale zesumme mam Bilan geschéckt; de Keeleclub invitéiert all seng Membere op d'Assemblée générale **Synonym** Generalversammlung

assembléieren [asä:mb'l'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé assembléiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

assermentéieren [asɛrmä:t'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé assermentéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

assimiléieren [asimil'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé assimiléiert) » **transitiv DE** sich aneignen [können, Wissen] • **FR** assimiler [ce qu'on apprend] • **EN** to assimilate [a language, knowledge] • **PT** assimilar [o que se aprende] **Beispill** mat där neier Method kënnen d'Schüler d'Franséisch besser assimiléieren

Assistance [asist'ã:s] Femininum (Pluriel Assistenzen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Assistante sociale [asist'ã:tsosj'al] Femininum (Pluriel Assistante-socialen) **DE** Sozialarbeiterin • **FR** assistante (de service) sociale • **EN** social worker [female] • **PT** assistente social [mulher] **Synonym** Sozialarbechterin

i Männlech Form: ↗Assistant social

Assistant social Maskulinum (Pluriel Assistant-socialen) **DE** Sozialarbeiter • **FR** assistant (de service) social • **EN** social worker • **PT** assistente social **Beispill** wann et schlëmm Problemer an enger Famill gëtt, gëtt en Assistant social ageschalt **Synonym** Sozialarbechter

i Weiblech Form: ↗Assistante sociale

assistéieren [asist'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé assistéiert) » **intransitiv DE** assistieren • **FR** assister • **EN** to assist • **PT** assistir **Beispill** den Dokter huet bei der Operatioun assistéiert

Assistent [asist'ænt] Maskulinum (Pluriel Assistenten) **1. DE** Assistent [Gehilfe] • **FR** assistant [aide] • **EN** assistant • **PT** assistente [ajudante] **Beispill** den Diplomat ass bei de Verhandlungen op säin Assistent ugewisen; d'Ministes huet hiren Assistent derbäi **2. DE** Assistent [an der Universität] • **FR** assistant [à l'université] • **EN** university assistant • **PT** assistente [no ensino superior] **Beispill** de Professor wëllt hien zu sengem Assistent maachen

i Weiblech Form: ↗Assistentin

Assistentin [asist'æntin] Femininum (Pluriel Assistentinnen) **1. DE** Assistentin [Gehilfin] • **FR** assistante [aide] • **EN** assistant [female] • **PT** assistente [ajudante, adjunta] **2. DE** Assistentin [an der Universität] • **FR** assistante [à l'université] • **EN** university assistant [female] • **PT** assistente [docente adjunta no ensino superior]

i Männlech Form: ↗Assistent

Assistenz Femininum (Pluriel Assistenzen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Associatioun [asosj'asj'ø:n] Femininum (Pluriel Associatiounen) **DE** Vereinigung [Verein] • **FR** association [groupement de personnes] • **EN** association • **PT** associação [agrupamento de pessoas] **Beispill** d'Associatioun vun de Sportfësch huet e Samschdeg hir Generalversammlung; d'Associatioun huet de Komitee ofgewielt [d'Membere vun der Associatioun hunn de Komitee ofgewielt] **Synonym** Vereenigung

Associé [as'osje:] Maskulinum (Pluriel Associéen) **DE** Teilhaber, Partner • **FR** associé • **EN** associate, partner • **PT** sócio [parceiro de negócio] **Beispill** ech sinn Associé an enger Firma; d'Associé sinn sech net ëmmer eens **Synonym** Partner

i Weiblech Form: ↗Associée

Associée [as'osje:] Femininum (Pluriel Associéeën) **DE** Teilhaberin, Partnerin • **FR** associée • **EN** associate, partner [female] • **PT** sócia [parceira de negócio] **Beispill** ech leeden d'Firma zesumme mat mengem Associée

I Männlech Form: ↗Associé

associéieren [asosj'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé associéiert) » **transitiv 1.** associéiere mat **DE** assoziieren mit, verbinden mit • **FR** associer à [mettre en relation avec] • **EN** to associate with • **PT** associar a [relacionar com] **Beispiller** verschidden Eegenschaft e **ginn** éischter mat Fraen ewéi mat Männer associéiert; wat associéiers du mam Begrëff Fräiheet? **Synonym** verbanne mat » **reflexiv 2.** **DE** sich zusammen-schließen (mit) [sich vereinigen (mit)] • **FR** s'associer (à) [prendre comme associé] • **EN** to join as an associate • **PT** associar-se (com) [tomar como sócio] **Beispill** eng Rei auslännesch Affekoten **hunn** sech mat lëtze-buergesche Cabineten associéiert

assortéieren [asɔʀt'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé assortéiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Assortiment [asɔʀtim'ænt] Neutrum (Pluriel Assortimenter) **DE** Sortiment, Auswahl • **FR** assortiment • **EN** assortment • **PT** sortimento, sortido **Beispiller** bei esou engem Assortiment vu Knippercher kann ech schweier widdertoen; ech **hunn** e ganzt Assortiment vu Bläistëfter

assuméieren [asym'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé assuméiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Assurance [asyr'ã:s] Femininum (Pluriel Assurancen) **1.** **DE** Versicherung [Vertrag, Produkt] • **FR** assurance [contrat, produit] • **EN** insurance [cover] • **PT** seguro [contrato, produto] **Beispill** keng Fluchgesellschaft däerf hir Fligeren ouni Assurance fléie loossen **Synonym** Versécherung **2.** **DE** Versicherung [Dokument] • **FR** assurance [document] • **EN** insurance [document] • **PT** papéis do seguro **Beispill** du muss d'Assurance ënnerschreien, fir datt se gültig ass! **Synonym** Versécherung **3.** **DE** Versicherung, Versicherungsgesellschaft • **FR** compagnie d'assurances • **EN** insurance company • **PT** companhia de seguros **Beispill** d'Assurance ass fir dee ganze Schued opkomm **Synonym** Versécherung

Assuré [as'y:re:] Maskulinum (Pluriel Assuréen) **1.** **DE** Versicherungsnehmer • **FR** assuré, preneur d'assurance • **EN** policy holder • **PT** segurado [pessoa protegida por um seguro] **Beispill** den Assuré kritt de Schued vu senger Versécherung bezuelt **2.** **DE** Sozialversicherter • **FR** assuré social • **EN** socially insured person • **PT** segurado social **Beispill** als Assuré hutt Dir an dësem Fall Recht op Indemnitéiten

I Weiblech Form: ↗Assurée

Assurée [as'y:re:] Femininum (Pluriel Assuréeën) **DE** Versicherungsnehmerin • **FR** assurée • **EN** policy holder [female] • **PT** segurada [mulher protegida por um seguro] **Beispill** d'Assurée kritt de Waasserschued vun hirer Versécherung integral bezuelt

I Männlech Form: ↗Assuré

assuréieren [asyr'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé assuréiert) » **transitiv 1.** **DE** zusichern, garantieren, versichern • **FR** assurer, attester, garantir [donner pour certain] • **EN** to assure [to guarantee] • **PT**

assegurar, certificar, garantir [afirmar como certo] **Beispill** de Minister huet den Elteren assuréiert, datt d'Schoul am Duerf gebaut géif **Synonym** versécheren **2.** **DE** versichern [durch einen Versicherungsvertrag] • **FR** assurer [par un contrat d'assurance] • **EN** to insure • **PT** segurar [por meio de contrato de seguro] **Beispiller** all Mënsch soll sàin Haus géint Feier assuréieren; hien ass gutt assuréiert [hien huet gutt Assurancen ofgeschloss] **Synonym** versécheren

Astana Eegennumm **DE** Astana • **FR** Astana • **EN** Astana • **PT** Astana **Beispill** Astana ass d'Haaptstad vum Kasachstan

a Stand [aʃt'ant] Adverb **1.** a Stand setzen **DE** instand setzen • **FR** (re)mettre en état • **EN** to fix up • **PT** restaurar, recuperar, consertar **Beispill** a senger Fräizäit setzt eisen Noper al Trakteren a Stand **Synonym** an d'Rei setzen **2.** a Stand halen **DE** instand halten • **FR** entretenir, maintenir en état • **EN** to maintain [to keep in good condition] • **PT** fazer a manutenção de, manter em bom estado **Beispill** et kascht vill Geld an Zäit, fir en aalt Bauerenhaus a Stand ze halen **Synonym** an der Rei halen

astanzen [ʼaʃtantsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agestanz) » **transitiv DE** einstanzen • **FR** estamper • **EN** to stamp in, to emboss • **PT** estampar [imprimir] **Beispill** hien huet seng Initialen an den Deckel vum Buch astanze gelooss

Astat [ast'a:t] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** Astat [chemisches Element] • **FR** astate [élément chimique] • **EN** astatine [chemical element] • **PT** ástato [elemento químico] **Beispill** d'Element Astat gehéiert zum Grupp vun den Halogenen

asteigen [ʼaʃtaizən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé agestigen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

astellen [ʼaʃtælən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agestallt) » **transitiv 1.** **DE** einstellen, anstellen • **FR** embaucher • **EN** to take on, to hire • **PT** contratar, empregar **Beispill** d'Firma stellt 20 nei Aarbechter an **Synonym** ustellen **2.** **DE** einstellen [ein Gerät] • **FR** régler [un appareil] • **EN** to adjust, to regulate [a device] • **PT** regular [um aparelho] **Beispill** ech **hunn** den Thermostat vun der Heizung fir de Wanter nei agestallt **Synonym** regléieren » **reflexiv 3.** sech astellen op **DE** sich einstellen auf [Rechnung tragen] • **FR** s'adapter à [une personne] • **EN** to adapt to [somebody] • **PT** adaptar-se a [uma pessoa] **Beispill** mäi Cousin huet e schwierige Charakter, et muss een sech ëmmer nees nei op en astellen **4.** sech astellen op **DE** sich einstellen auf [sich vorbereiten auf] • **FR** se préparer à [quelque chose] • **EN** to prepare oneself for • **PT** preparar-se para [alguma coisa] **Beispill** bei Gespréicher mam Patron muss mer eis op eng länger Diskussioun astellen

Astellung [ʼaʃtælən] Femininum **1.** (Pluriel Astellungen) **DE** Einstellung [von Arbeitskräften] • **FR** embauche [de personnel] • **EN** recruitment, employment • **PT** contratação [de pessoa] **Beispill** d'Fiduciaire huet d'Astellung vun neiem Personal ugekënnegt **Synonym** Uststellung **2.** (kee Pluriel) **DE** Einstellung, Haltung • **FR** position [façon de voir] • **EN** attitude, point of view • **PT** posição

[*ponto de vista*] **Beispill** ech kann deng politesch Astellung leider net deelen **3.** (Pluriel Astellungen) **DE** *Einstellung* [*Justierung*] • **FR** *réglage* [*préparation à l'usage*] • **EN** *setting(s)*, *adjustment* • **PT** *regulação* [*preparação para a utilização*] **Beispill** bei deenen neie Fotoapparate geet d'Ästung automatesch **4.** (Pluriel Astellungen) **DE** *Einstellung*, *Option* [*leiner Software*] • **FR** *option* [*d'un logiciel*] • **EN** *preferences*, *options* [*for software*] • **PT** *opção* [*de um programa informático*] **Beispiller** wou fannen ech d'Ästung, fir d'Sprooch vum Programm ze änneren?; du kanns d'Gréisst vun der Schrëft an den Astellungen änneren **Synonym** Optioun

Astellungsgespräch ['aftælungʂəpʁɔːç] Neutrum (Pluriel Astellungsgesprächer)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

astëmmen ['aftəmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agestëmt) » **transitiv 1.** astëmmen op **DE** *einstimmen auf* • **FR** *mettre dans l'ambiance de* • **EN** *to put in the mood for* • **PT** *colocar no espírito de* **Beispiller** an de Geschäfte ginn d'Leit mat Musek op Chrëschttag agestëmt; d'Fuesboken hu sech mat e puer Drëppen op de Fuesbal agestëmt » **intransitiv 2.** **DE** *einstimmen* [*in den Gesang*] • **FR** *entrer* [*dans le chant*], *joindre sa voix* [*à d'autres*] • **EN** *to join in* [*the singing*] • **PT** *entrar* [*na canção*] [*começar a cantar*], *junta a sua voz* [*a outras*] **Beispill** um Enn hunn d'Leit all mat (an de Gesang) agestëmt

Asterisk Maskulinum (Pluriel Asterisken)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Asteroid [astero'i:t] Maskulinum (Pluriel Asteroiden) **DE** *Asteroid* • **FR** *astéroïde* • **EN** *asteroid* • **PT** *asteroide* **Beispiller** d'lescht Woch ass en Asteroid zimmlech no laanscht d'Äerd geflunn; d'Zil vun där neier Firma ass et, den Ofbau vu Waasser op Asteroide méiglech ze maachen

Ästheet [æst'e:t] Maskulinum (Pluriel Ästheeten) **DE** *Ästhet* • **FR** *esthète* • **EN** *aesthete* • **PT** *esteta* **Beispill** e gud-den Architekt muss och en Ästheet sinn

ästheetesch [æst'e:təʃ] Adjektiv **1.** [Konscht] **DE** *ästhetisch* • **FR** *esthétique* • **EN** *aesthetic* • **PT** *estético* **Beispill** bei Architekturconcourse spillt den ästheeteschen Aspekt eng wichteg Roll **2.** [gehuewen] **DE** *ästhetisch*, *schön* • **FR** *esthétique*, *beau* <Adverb de façon esthétique> • **EN** *aesthetic* [*beautiful*] <Adverb aesthetically> • **PT** *estético*, *belo* <Adverb esteticamente> **Beispiller** mir fannen déi Skulptur ganz ästheetesch; hire Gaart ass ganz ästheetesch ugeluecht **Synonym** schéin

Ästheetik [æst'e:tik] Femininum (kee Pluriel) **1.** [Konscht] **DE** *Ästhetik* • **FR** *esthétique* • **EN** *aesthetic* • **PT** *estética* **Beispill** iwuer d'Ästheetik si scho vill Bicher geschriwwen ginn **2.** [gehuewen] **DE** *Ästhetik*, *Schönheit* • **FR** *esthétique*, *beauté* • **EN** *beauty* • **PT** *estética*, *beleza* **Beispill** bei der Wiel vum Material soll een net nëmmen no der Ästheetik kucken **Synonym** Schéinheet

Ästhet [æst'e:t] Maskulinum (Pluriel Ästheten) - Variant vun ↗Ästheet

ästheetesch [æst'e:təʃ] Adjektiv - Variant vun ↗ästheetesch

Ästhetik [æst'e:tik] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Ästheetik

Asthma ['astma:] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Asthma* • **FR** *asthme* • **EN** *asthma* • **PT** *asma* **Beispill** den ale Mann hueft Asthma an héije Bluttdrock

Asthmakris ['astma:kri:s] Femininum (Pluriel Asthmakrisen) **DE** *Asthmaanfall* • **FR** *crise d'asthme* • **EN** *asthma attack* • **PT** *crise de asma* **Beispill** bei enger Asthmakris schnaapt de Patient just nach no Loft

astiechen ['aftiəçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agestach) » **transitiv 1.** **DE** *hineindrücken* [*in etwas drücken*] • **FR** *enfoncer* [*faire pénétrer*] • **EN** *to get in* [*to push in*] • **PT** *cravar*, *espeter* **Beispill** de Buedem ass gefruer, ech kréien d'Péil net agestach **2.** **DE** *hin-einstecken*, *einstecken* • **FR** *rentrer*, *insérer* • **EN** *to plug in*, *to put* [*a plug in a socket*] • **PT** *meter*, *pôr* [*insérer*, *introduzir*] **Beispiller** wann s de de Stecker net (an d'Steckdous) astéchs, da kann däi Radio net goen!; stiech däin Hiem (an d'Box) an!; si hunn dem Kand d'Esse missen astiechen [ëgs] Isi hunn d'Kand mam Läffel misse fidderen!; bei der Bomi kritt den Enkel et hannen a vir agestach [ëgs] [bei der Bomi gëtt den Enkel ze vill verwint] **3.** [ëgs] **DE** *einstecken*, *einpacken*, *mitnehmen* • **FR** *emporter* [*prendre avec soi*] • **EN** *to pack*, *to take with one* • **PT** *levar* [*consigo*] **Beispiller** vergiess net, deng Carte d'identité anzestiechen!; fir de Weekend hunn ech just eng Zännbiischt a frësch Ënnerwäsch agestach **Synonym** mathuelen **4.** **DE** *einstecken*, *hinnehmen müssen*, *wegstecken* • **FR** *encaisser*, *subir* • **EN** *to suffer* [*a loss*], *to endure* [*an insult*] • **PT** *sofrer*, *engolir* [*suportar*, *aguentar*] **Beispiller** de Betrib muss e Verloscht vun iwuer enger Millioun astiechen; ech hunn seng Frechheeten einfach agestach, ouni drop ze reagieren **5.** [ëgs] **DE** *einstecken*, *einstreichen* [*Geld*, *Gewinn*] • **FR** *encaisser*, *toucher*, *empocher* • **EN** *to pocket* [*money*] • **PT** *arrecadar*, *cobrar*, *receber* **Beispiller** de Gewënner stécht zwou Milliounen Euro an; fir déi weineg Aarbecht hueft de Geschäftsmann vill Suen agestach **Synonymen** asäckelen, kassieren **6.** [ëgs] **DE** *einstecken*, *einlochen*, *einbuchten* • **FR** *coffrer*, *emprisonner* • **EN** *to lock up* [*to put behind bars*] • **PT** *engaiolar*, *aprisonar* **Beispill** de Brigang ass fir sechs Méint agestach ginn **Synonymen** asetzen, aspären

astoen ['afto:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé agestanen / agestan) » **intransitiv** astoen fir **DE** *einstehen für*, *geradestehen für* • **FR** *répondre de* [*garantir*] • **EN** *to be responsible for*, *to answer for* • **PT** *responder por*, *responsabilizar-se por* **Beispill** d'Eltere sti fir hir Kanner an, wann déi nach net groussjäreg sinn **Synonym** richtstoe fir

astoussen ['aftəʊsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agestouss) » **transitiv** **DE** *einstoßen*, *durchstoßen* • **FR** *enfoncer*, *défoncer* • **EN** *to knock down* • **PT** *derrubar*, *deitar abaixo* **Beispill** wéi si mam Bagger d'Mauer agestouss haten, ass d'Haus zesummegefall

Astrolog [astrɔl'o:k] Maskulinum (Pluriel Astrologen) **DE** *Astrologe* • **FR** *astrologue* • **EN** *astrologer* • **PT** *astrologo* **Beispill** d'Astrologe behaupten, si kéinten d'Zukunft an de Stäre liesen

I Weiblech Form: ↗Astrologin

astrologesch [ɑstrol'o:gəʃ] Adjektiv **DE** *astrologisch* • **FR** *astrologique* • **EN** *astrological* • **PT** *astroológico* **Beispill** weess du, woufir een astrologesch Kenntnesser ka brauchen?

Astrologie [ɑstrol'oʒ'i:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Astrologie* • **FR** *astrologie* • **EN** *astrology* • **PT** *astrologia* **Beispill** d'Astrologie beschäftegt sech mat de Stärenzeechen

Astrologin [ɑstrol'o:gin] Femininum (Pluriel Astrologinnen) **DE** *Astrologin* • **FR** *astrologue* [femme] • **EN** *astrologist* [female] • **PT** *astróloga* **Beispill** d'Astrologin ass iwwerzeegt, datt d'Stärenzeeche fir d'Funktionéiere vun enger Bezéiung eng Roll spillen

Männlech Form: ↗Astrolog

Astronaut [ɑstron'ɑʊt] Maskulinum (Pluriel Astronauten) **DE** *Astronaut* • **FR** *astronaute* • **EN** *astronaut* • **PT** *astronauta* **Beispill** d'Astronaut klammen an d'Rakéit

Weiblech Form: ↗Astronautin

Astronautin [ɑstron'ɑʊtin] Femininum (Pluriel Astronautinnen) **DE** *Astronautin* • **FR** *astronaute* [femme] • **EN** *astronaut* [female] • **PT** *astronauta* [mulher] **Beispill** d'Astronautin preparéiert sech op hir Rees an de Weltall

Männlech Form: ↗Astronaut

Astronom [ɑstron'o:m] Maskulinum (Pluriel Astronomen) **DE** *Astronom* • **FR** *astronome* • **EN** *astronomer* • **PT** *astrónomo* **Beispill** d'Astronome wäerten ënner anerem Date vu Satellitten a Radioteleskopen aus

Weiblech Form: ↗Astronomin

astronomesch [ɑstron'o:məʃ] Adjektiv **1. DE** *astronomisch* [Himmels...] • **FR** *astronomique* [céleste] • **EN** *astronomical* [celestial] • **PT** *astronómico* [celeste] **Beispill** dee Fuerscher huet eng bedeutend astronomesch Entdeckung gemaach **2. [ëgs] DE** *astronomisch*, *enorm* • **FR** *astronomique*, *faramineux* <Adverb *astronomiquement*> • **EN** *astronomic*, *astronomical* [enormous] <Adverb *astronomically*> • **PT** *astronómico* [muito elevado] <Adverb *astronomicamente*> **Beispiller** fir eist Boot hu mer en astronomesche Präis bezuelt!; bei där Bank huet hien astronomesch vill Sue verdéngt **Synonym** enorm

Astronomie [ɑstronom'i:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Astronomie* • **FR** *astronomie* • **EN** *astronomy* • **PT** *astronomia* **Beispill** d'Astronomie ass d'Wëssenschaft vum Universum

Astronomin [ɑstron'o:min] Femininum (Pluriel Astronominen) **DE** *Astronomin* • **FR** *astronome* [femme] • **EN** *astronomer* [female] • **PT** *astrónoma* **Beispill** d'Astronomin huet e bis elo onbekannte Planéit entdeckt

Männlech Form: ↗Astronom

astudéieren ['ɑtʊdɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé astudéiert) » **transitiv DE** *einstudieren* [einüben] • **FR** *répéter* [apprendre] • **EN** *to rehearse* [to practise] • **PT** *ensaiar* [repetir, estudar] **Beispiller** den Trompettist huet säi Solo astudéiert; d'Actrice studéiert hir Roll fläisseg an **Synonym** aprouwen

astufen ['astu:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agestuufft) » **transitiv DE** *einstufen* • **FR** *classer*, *ca-*

tégoriser • **EN** *to classify* • **PT** *classificar*, *categorizar* **Beispiller** d'Meteorologen hunn de Stuerm als Orkan agestuufft; wat fir eng Krittäre muss een erfëllen, fir an des Steierklass agestuufft ze ginn?

Asunción Eegennumm **DE** *Asunción* • **FR** *Asuncion* • **EN** *Asuncion* • **PT** *Assunção* **Beispill** Asunción ass d'Haaptstad vu Paraguay

Asyl [as'il] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) **DE** (*politisches*) *Asyl* • **FR** *asile* (*politique*) • **EN** (*political*) *asylum* • **PT** *asil* (*político*) **Beispill** d'Regierung huet de Flüchtlingen *Asyl* ginn

Asylant [asil'ant] Maskulinum (Pluriel Asylanten) **DE** *Asylant*, *Asylbewerber* • **FR** *demandeur d'asile*, *demandeur de protection internationale* • **EN** *asylum seeker* • **PT** *requerente de asilo*, *requerente de proteção internacional* **Beispill** d'Regierung wëll eng Propos maachen, fir d'Situatioun vun den Asylanten ze verbesseren **Synonym** Demandeur d'asile

Weiblech Form: ↗Asylantin

Asylantin [azil'ant'in] Femininum (Pluriel Asylantinnen) **DE** *Asylantin*, *Asylbewerberin* • **FR** *demandeuse d'asile*, *demandeuse de protection internationale* • **EN** *asylum seeker* [female] • **PT** (*mulher*) *requerente de asilo*, (*mulher*) *requerente de proteção internacional* **Beispill** ouni Oupenthaltsgeneemegung däerf d'Asylantin keng Aarbecht unhuelen **Synonym** Demandeuse d'asile

Männlech Form: ↗Asylant

asymmetresch [asim'e:trəʃ] Adjektiv - Variant vun ↗asymmetresch

asymmetresch [asim'e:trəʃ] Adjektiv **DE** *asymmetrisch* • **FR** *asymétrique* • **EN** *asymmetrical* • **PT** *assimétrico* **Beispiller** d'Skulptur huet en *asymmetresch* Gesiicht; *asymmetresch* Forme sinn dem Moler säi Markenzeichen

Asymmetrie [asimetr'i:] Femininum (Pluriel Asymmetrien) **DE** *Asymmetrie* • **FR** *asymétrie* • **EN** *asymmetry* • **PT** *assimetria* **Beispill** wann d'Fënsteren an enger Fassad op ënnerschiddlechen Héichten zuenee stinn, da schwätzt ee vun *Asymmetrie*

asymptomatesch Adjektiv **DE** *asymptomatisch* • **FR** *asymptomatique* <Adverb *de manière asymptomatique*> • **EN** *asymptomatic* <Adverb *in an asymptomatic manner*> • **PT** *assintomático* <Adverb *de forma assintomática*> **Beispiller** och wann een *asymptomatesch* ass, kann een e Virus iwwerdroen; verschidde Krankheete kënnen *asymptomatesch* verlafen

At Maskulinum (Pluriel Atten) - Kuerzform vun ↗At-Zeechen

At gëtt mat . ofgekierzt.

Atelier ['atəlje:] Maskulinum (Pluriel Ateliers) **1. DE** *Atelier* [eines bildenden Künstlers] • **FR** *atelier* [d'un artiste plasticien] • **EN** *studio*, *atelier* • **PT** *atelier* [de um artista plástico] **Beispill** Kënschtler verbréngen dacks méi Zäit an hirem *Atelier* ewéi doheem **2. DE** *Werkstatt* [eines Handwerkers, eines Facharbeiters] • **FR** *atelier* [d'un artisan, d'un ouvrier] • **EN** *workshop* [of a craftsman, of a skilled worker] • **PT** *atelier* [de um artesão, de

um operário] **Beispill** d'Ateliere vun der Eisebunn leien direkt hanner der Gare **3. DE** *Workshop* • **FR** *atelier* [séminaire] • **EN** *workshop* [discussion group] • **PT** *oficina* (de formação), *atelier* **Beispill** zweemol an der Woch ginn Ateliere ronderëm d'Theema Literatur ugebueden **Synonym** Workshop

Atert [a:'tɛt] **Eegennumm** **DE** *Attert* • **FR** *Attert* • **EN** *Attert* • **PT** *Attert* **Beispill** d'Atert leeft zu Colmer-Bierg an d'Uelzech

Atert [a:'tɛt] **Eegennumm** **DE** *Attert* • **FR** *Attert* • **EN** *Attert* • **PT** *Attert* **Beispiller** ech wunnen zu **Atert**; fiert dëse Bus op **Atert**?

Atheismus [ate:'ismus] **Maskulinum** (kee Pluriel) **DE** *Atheismus* • **FR** *athéisme* • **EN** *atheism* • **PT** *ateísmo* **Beispill** Atheismus ass d'Iwwerzeegung, datt et kee Gott gëtt

Atheist [ate:'ist] **Maskulinum** (Pluriel **Atheisten**) **DE** *Atheist* • **FR** *athée* • **EN** *atheist* • **PT** *ateísta* **Beispill** Atheiste sichen an allem, wat d'Liewe betrëfft, eng logesch Erklärung

i Weiblech Form: **↗Atheistin**

atheistes [ate:'istəʃ] **Adjektiv** **DE** *atheistisch* • **FR** *athée* • **EN** *atheistic* • **PT** *ateísta* **Beispiller** de Kommunismus ass en atheistesche Regimm; **atheistes** Iddie spillen eng grouss Roll an de Philosophie vum 19. an 20. Joerhonnert

Atheistin [ate:'istin] **Femininum** (Pluriel **Atheistinnen**) **DE** *Atheistin* • **FR** (femme) *athée* • **EN** *atheist* [female] • **PT** *ateísta* [mulher]

i Männlech Form: **↗Atheist**

Athen **Eegennumm** **DE** *Athen* • **FR** *Athènes* • **EN** *Athens* • **PT** *Atenas* **Beispill** Athen ass d'Haaptstad vu Griicheland

Äther **Maskulinum** (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

äthiopesch [æ:tj̥'o:pəʃ] **Adjektiv** **DE** *äthiopisch* • **FR** *éthiopien* • **EN** *Ethiopian* • **PT** *etiope* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi äthiopesch Kultur kenne geléiert

Äthiopien [ɛ:tj̥'o:pj̥ən] **Eegennumm**, **Neutrum** **DE** *Äthiopien* • **FR** *Éthiopie* • **EN** *Ethiopia* • **PT** *Etiópia* **Beispiller** ech war schonn dräimol an Äthiopien; ech fueren d'nächst Woch an Äthiopien; ech kommen aus Äthiopien

i männlech Persoun: **↗Äthiopier** weiblech Persoun: **↗Äthiopierin** **Adjektiv**: **↗äthiopesch** **Haaptstad**: **↗Addis Abeba**

Äthiopier [ɛ:tj̥'o:pj̥ə] **Maskulinum** (Pluriel **Äthiopier**) **DE** *Äthiopier* • **FR** *Éthiopien* • **EN** *Ethiopian* • **PT** *etiope* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Äthiopier

Äthiopierin [æ:tj̥'o:pj̥ərin] **Femininum** (Pluriel **Äthiopierinnen**) **DE** *Äthiopierin* • **FR** *Éthiopienne* • **EN** *Ethiopian* [female] • **PT** *etiope* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Äthiopierin

Athleet [at'l'e:t] **Maskulinum** (Pluriel **Athleeten**) **DE** *Athlet* • **FR** *athlète* • **EN** *athlete* • **PT** *atleta* **Beispiller** d'Olympesch Spiller sinn dacks de sportlechen Héichpunkt vun engem **Athleet** senger Karriär; d'**Athleeten** hu vill trainéiert, fir bei der Weltmeeschterschaft eng guut Leeschtung ze bréngen; aus deem

schmächtege Kärelechen ass e richtegen **Athleet** ginn laus deem schmächtege Kärelechen ass e kräftege Mann ginn]

i Weiblech Form: **↗Athletin**

athleetes [at'l'e:təʃ] **Adjektiv** **1. DE** *athletisch* [der *Athletik* zugehörig] • **FR** *athlétique* [qui a rapport à l'athlétisme] • **EN** *athletic* [relating to athletics] • **PT** *atlético* [relativo ao atletismo] **Beispill** ech bréngen déi komplizéiert **athleetes** Übungen do net fäerdeg **2. DE** *athletisch*, *kräftig*, *sportlich* *trainiert* • **FR** *athlétique*, *fort*, *musclé* • **EN** *athletic* [fit, muscular] • **PT** *atlético*, *forte*, *musculado* **Beispiller** wat ass dat en **athleetesche** Kärell; hatt huet en **athleetesche** Kierper **Synonym** sportlech

Athletin [at'l'e:tin] **Femininum** (Pluriel **Athleettinnen**) **DE** *Athletin* • **FR** *athlète* [femme] • **EN** *athlete* [female] • **PT** *atleta* [mulher] **Synonym** Sportlerin

i Männlech Form: **↗Athlet**

Athlet [at'l'e:t] **Maskulinum** (Pluriel **Athleten**) - Variant vun **↗Athleet**

athletes [at'l'e:təʃ] **Adjektiv** - Variant vun **↗athleetes**

Athletin [at'l'e:tin] **Femininum** (Pluriel **Athletinnen**) - Variant vun **↗Athletin**

atlantesch ['atlantəʃ] **Adjektiv** **DE** *atlantisch* • **FR** *atlantique* • **EN** *Atlantic* • **PT** *atlântico* **Beispill** en atlantescht Déifdrockgebitt bréngt Stuerm a Ree mat sech

Atlantik **Eegennumm** **DE** *Atlantik* • **FR** *Atlantique* • **EN** *Atlantic* • **PT** *Atlântico* **Beispiller** den **Atlantik** trennt Afrika an Europa vum amerikanesche Kontinent; vum **Atlantik** hier zitt en Déifdrockgebitt an eis Géigend

Atlas ['atlas] **Maskulinum** (Pluriel **Atlassen**) **DE** *Atlas* [Buch] • **FR** *atlas* [livre] • **EN** *atlas* [book] • **PT** *atlas* [livro] **Beispill** d'Kanner solle muer hiren **Atlas** mat an de Gefafesunterrecht bréngen

Atmosphär [atmosf'ɛ:p] **Femininum** **1.** (kee Pluriel) **DE** *Atmosphäre* [leines *Gestrirns*] • **FR** *atmosphère* [d'un corps céleste] • **EN** *atmosphere* [of a planet] • **PT** *atmosfera* [de um corpo celeste] **Beispiller** d'Rakéit ass nees an d'**Atmosphär** agefueren; d'**Atmosphär** vun der Äerd setzt sech aus verschiddene Schichten zesummen **2.** (kee Pluriel) **DE** *Atmosphäre*, *Stimmung* • **FR** *atmosphère*, *ambiance* • **EN** *atmosphere* [mood] • **PT** *atmosfera*, *ambiente* **Beispiller** an eiser Klass ass eng guut **Atmosphär**; mir haten en Hotel mat enger gemittlecher **Atmosphär** **Synonym** **Ambiance** **3.** (Pluriel **Atmosphären**) **DE** *Atmosphäre* [Maßeinheit] • **FR** *atmosphère* [unité de mesure] • **EN** *atmosphere* [unit of measurement] • **PT** *atmosfera* [unidade de medida] **Beispill** dee Kessel verdréit en Drock vun zéng **Atmosphären**

Atom [at'o:m] **Maskulinum** (Pluriel **Atomen** / **Atomer**) **DE** *Atom* • **FR** *atome* • **EN** *atom* • **PT** *átomo* **Beispill** den **Atom** gouf laang als dat klengst Element vum Universum ugesinn

Atombomm [at'o:mbom] **Femininum** (Pluriel **Atombommen**) **DE** *Atombombe* • **FR** *bombe atomique* • **EN** *atom bomb*, *nuclear bomb* • **PT** *bomba atómica* **Beispill** mir wäerte wuel ni gewuer ginn, wéi vill **Atombom-**

men dorëmmer gelagert sinn

Atomenergie [at'o:menɛʀʒi:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Atomenergie* • **FR** *énergie nucléaire* • **EN** *atomic energy, nuclear power* • **PT** *energia nuclear* **Beispill** verschidde Länner wëllen op d'Atomenergie verzichten an op erneierbar Energiequellen zeréckgräifen **Synonym** Atomkraft

Atomindustrie [at'o:minduʒtri:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Atomindustrie* • **FR** *industrie nucléaire* • **EN** *nuclear industry* • **PT** *indústria nuclear* **Beispill** d'Atomindustrie soll vun engem onofhängegen Organ kontrolléiert ginn

Atomkatastroph Femininum (Pluriel Atomkatastrophen) **DE** *Atomkatastrophe, Nuklearkatastrophe* • **FR** *catastrophe nucléaire* • **EN** *nuclear catastrophe* • **PT** *catástrofe nuclear* **Beispill** no der Atomkatastroph ware ganz Regione radioaktiv verseucht

Atomkraft [at'o:mkra:ft] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Atomkraft* • **FR** *énergie nucléaire* • **EN** *nuclear energy, nuclear power* • **PT** *energia nuclear* **Beispill** de Problem ronderëm d'Atomkraft huet sech an de leschte Jore verstärkt **Synonym** Atomenergie

Atomkraftwierk [at'o:mkra:ftvi:ɛk] Neutrum (Pluriel Atomkraftwierker) **DE** *Atomkraftwerk* • **FR** *centrale nucléaire* • **EN** *atomic power station, nuclear power station* • **PT** *central nuclear* **Beispill** déi ganz Region gëtt mat Strom aus engem Atomkraftwierk versuert **Synonym** Atomzentral

Atomrakéit [at'o:mrakɛit] Femininum (Pluriel Atomrakéiten) **DE** *Atomrakete* • **FR** *fusée atomique, fusée nucléaire* • **EN** *nuclear missile* • **PT** *míssil nuclear* **Beispill** et gëtt uegholl, datt d'Regierung Preparatioune mécht, fir eng Atomrakéit ze testen

Atomreakter [at'o:mreakte] Maskulinum (Pluriel Atomreakteren) **DE** *Kernreaktor* • **FR** *réacteur nucléaire* • **EN** *nuclear reactor* • **PT** *reator nuclear* **Beispill** deen Atomreakter liwwert Strom fir d'ganz Region

Atomwaff [at'o:mvaf] Femininum (Pluriel Atomwaffen) **DE** *Atomwaffe* • **FR** *arme nucléaire* • **EN** *atomic weapon, nuclear weapon* • **PT** *arma nuclear* **Beispill** wie ka mer soen, wou fir d'eischte Kéier an der Weltgeschicht eng Atomwaff militäresch agesat gouf?

Atomzentral [at'o:mtsæntʀa:l] Femininum (Pluriel Atomzentralen) **DE** *Atomkraftwerk* • **FR** *centrale nucléaire* • **EN** *atomic power station, nuclear power station* • **PT** *central nuclear* **Beispill** a ville Länner gëtt en Deel vum Strom an Atomzentrale produzéiert **Synonym** Atomkraftwierk

Atout [at'u:] Maskulinum (Pluriel Atouten) **DE** *Trumpf [Vorteil]* • **FR** *atout [avantage]* • **EN** *trump card [advantage]* • **PT** *trunfo [vantagem]* **Beispill** de Kandidat weess seng Atouten auszenotzen, fir Erfolleg ze hunn **Synonym** Tromp

Attache [at'af] Femininum (Pluriel Attachen) - Kuerzform vun ↗Attache-remorque Attachen hunn **DE** *familiäre Bindungen haben* • **FR** *avoir des attaches familiales* • **EN** *to have family ties* • **PT** *ter laços familiares* **Beispiller** hues de nach Attachen a Portugal?; ech wëll hei wunne bleiwen, well hei all meng Attaché sinn

Attaché [at'afɛ:] Maskulinum (Pluriel Attachéen) **1. DE** *Attaché* • **FR** *attaché d'ambassade* • **PT** *adido de embaixada* **Beispill** den Attaché huet dem Ambassadeur déi wichtegst Dossiere laanschtbruecht **2. DE** *zuständiger Beamter* • **FR** *attaché (ministériel)* • **PT** *adido (ministerial)* **Beispill** kontaktéier am beschten direkt den Attaché, deen sech am Ministère ëm deng Saach këmmert!

♀ Weiblech Form: ↗Attachée

Attachée [at'afɛ:] Femininum (Pluriel Attachéeën) **1. DE** *Attachée* • **FR** *attachée d'ambassade* • **PT** *adida de embaixada* **2. DE** *zuständige Beamtin* • **FR** *attachée (ministérielle)* • **PT** *adida (ministerial)*

♂ Männlech Form: ↗Attaché

attachéieren [ataf'ʒiɛrɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé attachéiert) » **transitiv 1. DE** *(auf einen Posten) berufen, (auf einen Posten) versetzen* • **FR** *attacher, adjoindre [des personnes]* • **EN** *to attach [to appoint]* • **PT** *agregar [pessoas]* **Beispill** de Beamten ass un en anere Ministère attachéiert ginn » **reflexiv 2.** sech attachéieren un **DE** *hängen an [nicht missen können]* • **FR** *s'attacher à [par affection]* • **EN** *to become attached to [emotionally]* • **PT** *afeiçoar-se a [ligar-se afetivamente a]* **Beispill** d'Kanner hu sech därmoossen un eise klengen Hond attachéiert

Attache-remorque Femininum (Pluriel Attache-remorquen) **DE** *Anhängerkupplung* • **FR** *attelage de remorque, attache-remorque* • **EN** *tow bar* • **PT** *gancho de reboque* **Beispill** d'Attache-remorque u mengem Auto kann een eraklappen **Synonym** Unhängerkupplung

♂ Kuerzform: Attache

Attack [at'ak] Femininum (Pluriel Attacken) **1. DE** *Überfall, Anschlag* • **FR** *attaque [agression]* • **EN** *attack [assault]* • **PT** *ataque [assalto]* **Beispill** bei enger Attack op e Geldtransporter si Leit ëmkomm **2. DE** *Angriff, Attacke* • **FR** *attaque [action sportive, militaire]* • **EN** *attack [sport, military]* • **PT** *ataque [ação desportiva, militar]* **Beispiller** mat véier Attacken an der eischter Hallschent hu mer dräi Goler geschoss; déi feindlech Attack huet d'Zaldoten am Schlof iwwerrascht; eise Bouf spillt zënter Kuerzem an der Attack leise Bouf spillt zënter Kuerzem als Stiermer! **Synonym** Offensiv **3. DE** *Attacke, Kritik* • **FR** *attaque, critique, incrimination* • **EN** *attack [criticism]* • **PT** *ataque, crítica, incriminação* **Beispill** d'Attacke vun der Opposition waren net berechtigt **4. DE** *Herzinfarkt* • **FR** *infarctus (du myocarde)* • **EN** *heart attack* • **PT** *enfarte (do miocárdio)* **Beispill** den ale Mann ass un enger Attack gestuerwen **Synonymmen** Häerzschlag, Schlag

attackéieren [atak'ʒiɛrɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé attackéiert) » **transitiv 1. DE** *angreifen [anfallen]* • **FR** *attaquer [agresser]* • **EN** *to attack [to assault]* • **PT** *atacar [assaltar, agredir]* **Beispiller** d'Arméi huet déi feindlech Truppen an der Nuecht attackéiert; d'Zaldote goufen op eemol vun alle Säiten attackéiert; wéi si aus dem Kino erauskoumen, goufe se vun zwou däischtere Gestalten attackéiert **Synonymmen** aggresséieren, ugräifen **2. DE** *angreifen, kritisieren* • **FR** *attaquer, critiquer* • **EN** *to attack, to criticize* • **PT** *atacar, criticar* **Beispill** no sengem Ausrutscher ass de Presi-

dent vun alle Säiten hefteg **attackéiert** ginn **Synonym** ugräifen **3.** **DE** *angehen, in Angriff nehmen* • **FR** *attaquer, entamer [un travail, une tâche]* • **EN** *to attack, to tackle [a task]* • **PT** *atacar, iniciar [um trabalho, uma tarefa]* **Beispill** den Aarbechtsgrupp **attackéiert** d'nächst Woch deen neie Projet » **intransitiv 4.** **DE** *attackieren, angreifen [physisch]* • **FR** *attaquer [lancer une attaque sportive, militaire]* • **EN** *to attack [in military action, in sport]* • **PT** *atacar [lançar um ataque desportivo, militar]* **Beispiller** an der Final huet déi géigneresch Ekipp vun Ufank un **attackéiert**; de Feind huet an der Nuecht **attackéiert** **Synonym** ugräifen

Attentat ['atɛnta:t] Maskulinum/Neutrum (Pluriel **Attentater**) **DE** *Attentat* • **FR** *attentat (terroriste)* • **EN** *terrorist attack* • **PT** *atentado (terrorista)* **Beispiller** aus Angscht virun **Attentater** fuere vill Leit net an d'Vakanz; d'**Attentat** huet eng onheemlech Zuel vun Affer geuerdert **Synonym** Uschlag

Attentäter ['atɛntɛ:tɛ] Maskulinum (Pluriel **Attentäter**) **DE** *Attentäter* • **FR** *auteur d'un attentat, auteur d'attentats* • **EN** *attacker, assassin, would-be assassin* • **PT** *autor de atentado(s)* **Beispill** d'Police huet relevant Informatiounen iwwer den **Attentäter** gesammelt

1 Weiblech Form: ↗Attentäterin

Attentäterin ['atɛntɛ:tɛrɪn] Femininum (Pluriel **Attentäterinnen**) **DE** *Attentäterin* • **FR** *auteure d'un attentat, auteure d'attentats* • **EN** *attacker, assassin, would-be assassin [female]* • **PT** *autora de atentado(s)* **Beispill** d'**Attentäterin** hat eng Bomm an d'Gebai erageschmuggelt

1 Männlech Form: ↗Attentäter

Attest [at'æst] Maskulinum (Pluriel **Attesten** / **Attester**) **DE** *Attest, ärztliche Bescheinigung* • **FR** *certificat médical* • **EN** *medical certificate* • **PT** *atestado médico* **Beispill** de Kardiolog huet dem Patient en **Attest** ausgestallt

Attestatioun [atæstasj'øʊn] Femininum (Pluriel **Attestatiounen**) **DE** *Bescheinigung, Bestätigung* • **FR** *attestation, certificat* • **EN** *certificate* • **PT** *atestado, certificado* **Beispill** an Ärem Dossier feelt nach eng **Attestatioun** vun der Gemeng **Synonymmen** Bescheinigung, Certificat

attestéieren [atæst'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **attestéiert**) » **transitiv** **DE** *attestieren [bescheinigen]* • **FR** *attester [certifier]* • **EN** *to attest, to certify* • **PT** *atestar, certificar* **Beispiller** en historescht Dokument **attestéiert**, datt d'Kierch an deem Joer renovéiert ginn ass; den Dokter **attestéiert** him e Schued un de Bandscheiwen **Synonymmen** bescheinigen, certifiéieren

Attitüd [atit'y:t] Femininum (Pluriel **Attitüden**) **DE** *Hal-tung, Einstellung* • **FR** *attitude [disposition, comportement]* • **EN** *attitude [behaviour]* • **PT** *atitude, comportamento* **Beispill** ech kann deng **Attitüd** géintiwwer dengen Elteren net verstoen

Attitude [atit'y:t] Femininum (Pluriel **Attitüden**) - Variant vun ↗Attitüd

Attraktioun [atraksj'øʊn] Femininum (Pluriel **Attraktiounen**) **1.** **DE** *Attraktion [Sehenswürdigkeit]* • **FR** *at-*

traction [curiosité] • **EN** *attraction [sight]* • **PT** *atração [curiosidade]* **Beispiller** d'Relève vun der Gard beim Palais ass eng touristesch **Attraktioun**; d'Muselgéigend huet vill kulturell **Attraktiounen** **2.** **DE** *Attraktion, Höhepunkt [Glanzpunkt]* • **FR** *attraction [moment fort]* • **EN** *highlight [best part]* • **PT** *atração [ponto culminante]* **Beispill** d'**Attraktioun** vum Festival ass e Concert vun engem renomméierten Orchester

attraktiv [atrakt'i:f] Adjektiv **1.** **DE** *attraktiv, verlockend* • **FR** *attrayant* • **EN** *attractive [appealing]* • **PT** *atractivo [vantajoso]* **Beispill** an deem Buttek hunn se **attraktiv** Präisser **Synonym** interessant **2.** **DE** *attraktiv, anziehend, hübsch* • **FR** *séduisant* <Adverb de manière séduisante> • **EN** *attractive [good-looking]* <Adverb attractively> • **PT** *atraente, encantador* <Adverb atraentement> **Beispill** d'Haaptroll soll vun engem **attraktive** Schauspiller gspillt ginn

Attraktivitéit [atraktivit'ɛit] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Attraktivität [Reiz, Anziehungskraft]* • **FR** *attractivité* • **EN** *attractiveness* • **PT** *atratividade* **Beispill** d'**Attraktivitéit** vum Land erkläert déi héich Touristen-zuelen

Attrape [atr'ap] Femininum (Pluriel **Attrappen**) - Variant vun ↗Attrapp

Attrapp [atr'ap] Femininum (Pluriel **Attrappen**) **DE** *Attrappe* • **FR** *attrape [objet destiné à tromper]* • **EN** *dummy [fake]* • **PT** *imitação [objeto que serve para enganar]* **Beispiller** dem Gangster seng Waff war eng **Attrapp**; an deser Vitriinn leien nëmmen **Attrappen**

attribuéieren [atɾiby'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **attribuéiert**)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Attribut [atɾib'u:t] Maskulinum/Neutrum (Pluriel **Attributer**)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Attributioun [atɾibysj'øʊn] Femininum (Pluriel **Attributiounen**) **1.** **DE** *Gewährung* • **FR** *attribution [allocation]* • **EN** *granting, award* • **PT** *atribuição [ato de atribuir]* **Beispill** de Student erfëllt d'Krittären net fir d'**Attributioun** vun enger Bourse **2.** (kee Singulier) **DE** *Zuständigkeitsbereich* • **FR** *attributions [pouvoirs, domaine de compétence]* • **EN** *powers [area of responsibility]* • **PT** *atribuições [poderes, área de competência]* **Beispiller** d'Mis-siounen an d'**Attributioune** vun de Beamte si kloer definéiert; dës Aufgab fält ënner d'**Attributioune** vun engem Architekt

attributiv Adjektiv

1 Hei entsteet en neien Artikel.

atypesch [a:t'ipəʃ] Adjektiv **DE** *untypisch* • **FR** *inhabituel* • **EN** *atypical* • **PT** *atípico* **Beispill** mir hunn et mat enger **atypescher** Situatioun ze doen **Synonymmen** aussergewéinlech, ongewéinlech

At-Zeechen Neutrum (Pluriel **At-Zeechen**) **DE** *At-Zeechen* • **FR** *arobase* • **PT** *aroba [sinal gráfico]* **Beispiller** wou fannen ech d'**At-Zeechen** op dengem Clavier?; d'**At-Zeeche** gëtt haaptsächlech an den E-Mail-Adresse benotzt

At-Zeechen gëtt mat . ofgekierzt.

Kuerzform: At

au Interjektioun - Variant vun **ȳ** **aua**

aua [ˈɑ̃ɑː] Interjektioun **DE** *aua* • **FR** *aie, ouille* • **PT** *ai, au, ui* [*para exprimir dor*] **Beispiller** *aua*, elo hunn ech mech gutt verbrannt!; *aua*, hal dach op, mech ze pëtzen! **Synonym** *autsch*

Variant: au

Aubergine [oːBERʒˈin] Femininum (Pluriel Auberginnen) **DE** *Aubergine* • **FR** *aubergine* • **EN** *aubergine* • **PT** *beringela* **Beispill** an enger Ratatouille dierfen d'Auberginnen net feelen!

Auder [ˈʌdɐ] Maskulinum (Pluriel Auderen) **DE** *Euter* • **FR** *pis* • **EN** *udder* • **PT** *úbere* **Beispill** kuck emol, wat ass där Kou hiren *Auder* esou déck!

Audienz [ʌʊdɪˈænts] Femininum (Pluriel Audienzen) **DE** *Audienz* • **FR** *audience* [*entretien officiel*] • **EN** *audience* [*formal interview*] • **PT** *audiência* [*entrevista oficial*] **Beispill** déi groussherzogliche Koppel krut eng *Audienz* beim Poopst

Audio Maskulinum (Pluriel Audioen) **DE** *Audio, Audioaufnahme, Audiodatei* • **FR** *enregistrement audio, fichier audio* • **EN** *audio file, audio clip* • **PT** *gravação áudio, ficheiro áudio* **Beispiller** um Site vum LOD kann een iwwer en *Audio* d'Aussprooch vun de Wiederlaaschteren; kann een déi *Audioe* mat de verschidene Vullestëmmen eigentlech och eroflueden?

Audiosbuch [ˈʌʊdɪoːsbuːx] Neutrum (Pluriel Audiosbicher)

Hei entsteet en neien Artikel.

audiovisuell [ʌʊdɪoːvɪzuˈæɫ] Adjektiv **DE** *audiovisuell* • **FR** *audiovisuel* • **EN** *audiovisual* • **PT** *audiovisual* **Beispiller** d'Televisioun an de Kino sinn *audiovisuell* Medien; mat Hëllef vun *audiovisuellem* Material kann een eng nei Sprooch léieren

Auditioun [ʊdɪsɪˈʊʊn] Femininum (Pluriel Auditiounen) **1.** **DE** *Audition, Casting* • **FR** *audition, casting* • **EN** *audition* [*casting*] • **PT** *audição, casting* **Beispill** zwee Deeg no der *Auditioun* krut e gesot, e krit d'Haaptroll **2.** **DE** *Vernehmung, Anhörung* • **FR** *audition* [*de déposition(s), de témoignage(s)*] • **EN** (*court*) *hearing* • **PT** *audição* [*de depoimento(s), de testemunho(s)*] **Beispiller** de Mëtteg ass d'*Auditioun* vun engem wichtegegen Zeien; an der *Auditioun* konnten Experten d'Resultat vun hiren Analysen duerleeën

Auditoire [oːdɪtʷˈaːr] Maskulinum (Pluriel Auditorien) **1.** **DE** *Auditorium, Zuhörerschaft* • **FR** *auditoire* [*ensemble d'auditeurs*] • **EN** *audience* [*spectators or listeners*] • **PT** *auditório* [*conjunto de ouvintes*] **Beispill** de Riedner huet den *Auditoire* mat sengen Argumenter iwweezeegt **2.** **DE** *Auditorium, Hörsaal* • **FR** *auditoire, amphithéâtre* • **EN** *auditorium, lecture hall* • **PT** *auditório, anfiteatro* **Beispill** d'Universitët stellt fir de Kongress e groussen *Auditoire* zur Verfügung **Synonym** *Sall*

Auer [ˈʌʊɐ] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Uhr* [*Zeitangabe*] • **FR** *heure* [*l'indication du temps*] • **EN** *o'clock, time* • **PT** *hora* [*indicação de tempo*] **Beispiller** wéi vill *Auer* ass

et?; mir treffen eis ëm aacht *Auer* owes; d'Geschäfte maachen haut schonn ëm véier *Auer* zou; ëm wéi vill *Auer* gëtt bei iech zu Nuecht giess?; ech kommen eng *Auer* dräi [ech komme géint dräi *Auer*]; wéi vill *Auer* hu mer? [égs] [wéi vill *Auer* ass et?] **2.** (Pluriel *Aueren*) **DE** *Uhr* [*Instrument*] • **FR** *montre, horloge* • **EN** *watch, clock* • **PT** *relógio* **Beispiller** meng Mamm ass nervös, se kuckt all zéng Minutten op d'*Auer*; mir hunn zwou al *Aueren* am Haus stoen; et ass een ewéi eng *Auer* [égs] [en ass pénktlech]; meng *Auer* geet op d'Sekonn [meng *Auer* geet geneel; hien hat sech d'*Auer* bal gebrach [égs] [hien ass guer net eens ginn]; mir si ronderëm d'*Auer* fir eis Clienten do [mir sinn zu all Stonn fir eis Clienten do] **3.** (Pluriel *Aueren*) [égs] **DE** *Uhr, Zähler* • **FR** *compteur* [*appareil*] • **EN** *meter* • **PT** *contador* [*aparelho*] **Beispill** se kommen d'*Auer* fir d'Elektresch ofliesen **Synonym** *Compteur*

Auermécher [ˈʌʊmɛʃɛr] Maskulinum (Pluriel Auermécher) **DE** *Uhrmacher* • **FR** *horloger* • **EN** *watchmaker* • **PT** *relojoeiro* **Beispill** meng *Auer* ass futti, ech hu se bei den *Auermécher* gedroen

Weiblech Form: **ȳ**Auerméchesch

Auerméchesch [ˈʌʊmɛʃɛʃ] Femininum (Pluriel Auermécheschen) **DE** *Uhrmacherin* • **FR** *horlogère* • **EN** *watchmaker* • **PT** *relojoeira* **Beispill** d'*Auerméchesch* konnt mer meng futtis *Auer* flécken

Männlech Form: **ȳ**Auermécher

Auerwierk [ˈʌʊvɪːɐk] Neutrum (Pluriel *Auerwierker*) **DE** *Uhrwerk* • **FR** *mécanisme d'une montre* • **EN** *clockwork* • **PT** *mecanismo de relógio* **Beispill** dat aalt *Auerwierk* ka kee méi reparéieren

Auerzäit [ˈʌʊtsæːɪt] Femininum (Pluriel *Auerzäiten*) **DE** *Uhrzeit* • **FR** *heure* [*point précis du jour*] • **EN** *time* [*of day*] • **PT** *hora* [*momento preciso do dia*] **Beispiller** bis eng gewëssen *Auerzäit* muss ee bezuelen, fir hei ze parken; den Dokter huet nei *Auerzäiten* [den Dokter schafft no engem neie *Stonneplang*]

Aufgab [ˈʌʊfgaːp] Femininum (Pluriel *Aufgaben*) **1.** **DE** *Aufgabe* [*moralische Pflicht*] • **FR** *devoir* [*obligation morale*] • **EN** *duty* [*moral obligation*] • **PT** *dever* [*obrigação moral*] **Beispill** hien huet sech et zur *Aufgab* gemaach, de Weesekanner ze hëllef **Synonymmen** *Missioun, Flicht* **2.** **DE** *Aufgabe* [*Funktion*] • **FR** *tâche, fonction* • **EN** *duty* [*job*] • **PT** *tarefa, função* **Beispill** et ass dem *Arbitter* seng *Aufgab*, derfir ze suergen, datt d'*Reegelen* agehale ginn **3.** **DE** *Aufgabe* [*Schulaufgabe*] • **FR** *devoir* [*travail scolaire*] • **EN** *exercise, assignment* • **PT** *exercício, dever* [*trabalho escolar*] **Beispill** d'*Léierin* gëtt de *Kanner* interessant *Aufgaben* **Synonym** *Hausaufgab*

Aufsatz [ˈʌʊfzʌts] Maskulinum (Pluriel *Aufsätze*) **DE** *Aufsatz* [*im Sprachunterricht*] • **FR** *rédaction* [*travail scolaire*] • **EN** *essay* [*composition*] • **PT** *redação* [*trabalho escolar*] **Beispill** haut schreiwen d'*Kanner* an der *Schoul* en *Aufsatz*

Augmentatioun [ʊgmäːtasiˈʊʊn] Femininum (Pluriel *Augmentatiounen*) **DE** *Erhöhung, Zunahme* • **FR** *augmentation* [*accroissement*] • **EN** *rise* [*increase*] • **PT** *aumento* [*subida*] **Beispill** hatt hätt endlech gären eng *Augmentatioun* vu senger *Pai* **Synonym** *Erhéijung*

August [ɑʊgʻʊst] Maskulinum (Pluriel <seelen> Augusten) DE *August* • FR *août, mois d'août* • EN *August* • PT *agosto* **Beispill** den August war dee wärmste Mount vum leschte Joer

Aula [ˈʊla:] Femininum (Pluriel Aulaen) DE *Aula* • FR *salle des fêtes* • EN *hall [school hall, village hall]* • PT *salão de festas* **Beispill** d'Diplomer vum Premièresexame ginn an der Aula iwverrecht **Synonym** Festsall

Aulebäcker [ˈʊləbækə] Maskulinum (Pluriel Aulebäcker / Aulebäckeren) [vereezt] DE *Töpfer* • FR *potier* • EN *potter* • PT *oleiro* **Beispill** e gudden Aulebäcker dréit der a kierzter Zäit eng Vas aus enger Knupp Leem **Synonym** Potier

i Weiblech Form: ↗Aulebäckesch

Aulebäckerin [ˈʊləbækərin] Femininum (Pluriel Aulebäckerinnen) - Variant vun ↗Aulebäckesch

Aulebäckesch [ˈʊləbækəʃ] Femininum (Pluriel Aulebäckeschen)

i Variant: Aulebäckerin

i Männlech Form: ↗Aulebäcker

Aumônier Maskulinum (Pluriel Aumônieren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Aumônière Femininum (Pluriel Aumônières) - weiblech Form vun ↗Aumônier

au pair Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

Au pair Neutrum (Pluriel Au-pairen) - Kuerzform vun ↗Au-pair-Meedchen

Au pair Maskulinum (Pluriel Au-pairen) - Kuerzform vun ↗Au-pair-Jong

Au-pair Neutrum (Pluriel Au-pairen) - Kuerzform vun ↗Au-pair-Meedchen

Au-pair Maskulinum (Pluriel Au-pairen) - Kuerzform vun ↗Au-pair-Jong

Au-pair-Jong Maskulinum (Pluriel Au-pair-Jongen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: Au-pairs-Jong

i Kuerzform: Au pair

i Kuerzform: Au-pair

Au-pair-Meedchen Neutrum (Pluriel Au-pair-Meedercher)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: Au-pairs-Meedchen

i Kuerzform: Au pair

i Kuerzform: Au-pair

Au-pairs-Jong Maskulinum (Pluriel Au-pairs-Jongen) - Variant vun ↗Au-pair-Jong

Au-pairs-Meedchen Neutrum (Pluriel Au-pairs-Meedercher) - Variant vun ↗Au-pair-Meedchen

aus [æ:ʊs] Adverb **1.** DE *aus [zu Ende]* • FR *fini [arrivé à son terme]* • EN *out [over]* • PT *acabado, terminado* **Beispiller** d'Schoul ass aus, d'Kanner ginn elo heem; et ass aus tëschent hinnen [eggs] [hir Bezéiung ass aus]; d'Feier ass aus [d'Feier brennt net méi]; d'Fest war un an aus, ier ee sech ëmsinn hat [eggs] [d'Fest war ganz séier eriwwer] **Synonym** eriwwer **2.** DE *aus, im Aus* • FR *hors jeu [balle, ballon]* • EN *out [ball]* • PT *fora [de jogo] [bola]* **Beispill** d'Linierichterin huet confirméiert, datt de Ball aus war **3.** [eggs] aus sinn op DE *streben nach* • FR *aspirer à [ambitionner]* • EN *to be out for, to be out to [to be intent on]* • PT *aspirar a [ambicionar]* **Beispiller** dee Kärel ass nëmmen op Erfolleg aus; déi zwee Bridder sinn drop aus, esou séier wéi méiglech räich ze ginn; hie war op dat Ierfstéck aus ewéi der Däiwel op eng aarme Séil [hie wollt dat Ierfstéck onbedéngt hunn]; d'Kanner sinn op Séissegkeeten aus [d'Kanner iesse gär Séissegkeeten]

aus [æ:ʊs] Prepositioun » **mam Dativ 1.** DE *aus [heraus]* • FR *de [hors de]* • EN *out of, from [a place]* • PT *de [para fora]* **Beispiller** op der Foto hëlt de Mann säi Courier grad aus der Bréifkëscht; bréng wannechgelift d'Leeder aus dem Keller erop; de Fliger kënnt aus Amerika **2.** DE *aus [stammend aus, gebürtig aus]* • FR *originaire de* • EN *from [native of]* • PT *de, originário de, oriundo de* **Beispill** mä Papp ass aus dem Éislek **3.** DE *aus [bestehend aus]* • FR *en [fait de]* • EN *made of* • PT *de, em [feito de]* **Beispill** meng Elteren hunn sech en Haus aus Holz baue gelooss **4.** DE *aus [datierend aus]* • FR *de [datant de]* • EN *from [dating from]* • PT *de [datando de]* **Beispiller** dat do si Mënzen aus der Réimerzäit; de Bopi zielt Geschichten aus senger Kannerzäit [de Bopi zielt Geschichten, déi en a senger Kannerzäit erlieft huet] **5.** DE *aus [infolge von, wegen]* • FR *par [à cause de, motivé par]* • EN *out of [because of]* • PT *por [por causa de, devido a]* **Beispiller** aus Léift méich ee bal alles!; de Mann huet sech aus Verzweilung d'Liewe geholl

aus- Verbpartikel DE *abtrennbares Erstglied eines Verbs* • FR *particule séparable d'un verbe* • EN *[separable verb particle]* • PT *[partícula separável de um verbo]* **Beispiller** pass op, wann d'Fläsch ëmfällt, leeft dee ganze Jus aus!; hie gouf verspott an ausgelacht!

i Verben, déi **aus-** als Partikel hunn: ↗an- an ausgoen, ↗ausaarten, ↗ausbadgen, ↗ausbaggeren, ↗ausbäissen, ↗ausbauen, ↗ausbeenen, ↗ausbehalen, ↗ausbesseren, ↗ausbeuten, ↗ausbezuelen, ↗ausbiischen, ↗ausbilden, ↗ausbleiwen, ↗ausblenden, ↗ausblösen, ↗ausbreeden, ↗ausbréien, ↗ausbrennen, ↗ausbriechen, ↗ausbuddelen, ↗auschecken, ↗ausdeelen, ↗ausdeenen, ↗ausdenken, ↗ausdinn, ↗ausdiskutieren, ↗ausdoen, ↗ausdréchnen, ↗ausdrécken, ↗ausdreiwen, ↗ausdrénken, ↗ausdroen, ↗auserwielen, ↗ausfalen, ↗ausféieren, ↗ausféieren, ↗ausfellen, ↗ausfléien, ↗ausflippen, ↗ausfouen, ↗ausfroen, ↗ausgesinn, ↗ausginn, ↗ausgläichen, ↗ausgoen, ↗ausgrenzen, ↗ausgruewen, ↗aushalen, ↗aushändegen, ↗aushandelen, ↗aushänken, ↗ausheelen, ↗aushëllefen, ↗aushielegen, ↗aushiewelen, ↗aushiewen, ↗aushillegen, ↗aushuelen, ↗aushunn, ↗auskennen, ↗ausklameren, ↗ausklammern, ↗ausklappen, ↗ausklénken, ↗ausknipsen, ↗auskommen, ↗auskräischen, ↗auskrämpen, ↗auskrazen, ↗auskucken, ↗auskuppelen, ↗auskurieren, ↗auslaachen, ↗auslaaschten, ↗auslaatschen, ↗auslafen, ↗ausläffelen, ↗ausleeën, ↗ausléien, ↗ausléisen, ↗ausliewen, ↗ausliwweren, ↗ausloggen, ↗ausloossen, ↗auslousen, ↗auslueden, ↗ausmaachen, ↗ausmärenzen, ↗ausmiessen, ↗ausmolen, ↗ausmoossen, ↗ausnotzen, ↗ausootmen, ↗auspäifen, ↗auspaken, ↗auspolstern, ↗auspompelen, ↗ausposaunen, ↗auspressen, ↗ausprobieren, ↗ausquetschen, ↗ausquetschen, ↗ausradieren, ↗ausraiberen, ↗ausrangieren, ↗ausrappen, ↗ausraumen, ↗ausrechnen, ↗ausreesen, ↗aus-

renken, ↗ausrëselen, ↗ausrëtschen, ↗ausrieden, ↗ausriichten, ↗ausrotten, ↗ausrouen, ↗ausruffen, ↗ausrullen, ↗ausrüsten, ↗ausrutschen, ↗ausschaben, ↗ausschaffen, ↗ausschalten, ↗ausschëdden, ↗ausscheeden, ↗ausschëissen, ↗ausschleïssen, ↗ausschloen, ↗ausschlofen, ↗ausschneiden, ↗ausschreiwen, ↗ausschwäifen, ↗ausschwätzen, ↗ausschwenken, ↗aussënneren, ↗aussetzen, ↗aussichen, ↗aussoen, ↗ausstortëieren, ↗ausspanen, ↗ausspären, ↗ausspillen, ↗ausspionëieren, ↗ausspreeden, ↗ausspreëen, ↗ausspullen, ↗ausstaffëieren, ↗ausstellen, ↗ausstiechen, ↗ausstierwen, ↗ausstoen, ↗ausstoussen, ↗aussträichen, ↗ausstralen, ↗ausstrecken, ↗aus-suckelen, ↗austauschen, ↗austippen, ↗austoben, ↗austricksen, ↗austrieden, ↗ausüben, ↗ausuferen, ↗ausverkafen, ↗auswäerten, ↗auswäichen, ↗auswandern, ↗auswäschen, ↗ausweiden, ↗ausweisen, ↗auswerfen, ↗auswëschen, ↗auswie-len, ↗auswierken, ↗auswiesselen, ↗auszeechnen, ↗auszielen, ↗auszortëieren

❗ Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗aus Adverb

❗ Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗aus Prepositioun

ausaarten ['æ:ʊza:ɾtən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ausgeart) » **intransitiv** ausaarten (an) **DE** *ausarten (in)* • **FR** *dégénérer (en)* • **EN** *to degenerate (into), to get out of hand* • **PT** *degenerar (em)* **Beispiller** de Problem riskéiert an eng reegelrecht Katastroph auszeaarten; eisen harmlose Sträit ass op eemol ausgeart **Synonym** degenerëieren (an)

ausbadgen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ausgebadget / ausgebadged)

❗ Hei entsteet en neien Artikel.

ausbaggeren ['æ:ʊsbagəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ausgebaggert) » **transitiv 1. DE** *ausbaggern [ein Flussbett]* • **FR** *draguer, désenvaser* • **EN** *to dredge [a riverbed]* • **PT** *dragar, desassorear* **Beispill** fir se ze kanalisëieren, gouf d'Musel op ville Plazen ausgebaggert **2. DE** *ausbaggern [Erde]* • **FR** *excaver* • **EN** *to dig out [earth]* • **PT** *escavar* **Beispill** an eiser Strooss ginn d'Leitungen ersat, de Gruef gouf schon ausgebaggert

ausbäissen ['æ:ʊsbæ:ɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ausgebass)

❗ Hei entsteet en neien Artikel.

Ausbau ['æ:ʊsbæ:ʊ] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** *Ausbau, Umbau, Vergrößerung* • **FR** *aménagement, agrandissement* • **EN** *conversion, extension* • **PT** *alargamento, ampliação* **Beispill** den Ausbau vun der Scheier ass méi deier ginn ewéi geduecht **2. DE** *Ausbau, Ausmontieren* • **FR** *démontage [extraction]* • **EN** *removal, stripping [of a machine]* • **PT** *desmontagem* **Beispill** den Ausbau vum Motor huet e ganzen Dag gedauert **3. DE** *Ausbau, Weiterentwicklung* • **FR** *développement, renforcement* • **EN** *development, strengthening* • **PT** *desenvolvimento, reforço* **Beispill** eist Land huet Interêt, fir den Ausbau vu frëndschafftliche Relatioune mam Ausland ze ënnerstëtzen

ausbauen ['æ:ʊsbauən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ausgebaut) » **transitiv 1. DE** *ausbauen, ausmontieren* • **FR** *démonter [extraire]* • **EN** *to remove, to uninstall* • **PT** *desmontar [extrair]* **Beispill** deen ale Frigo gëtt ausgebaut an op den Tipp gefouert **Synonym** demontëieren **2. DE** *ausbauen, umbauen, erweitern* • **FR** *transformer [améliorer], développer* • **EN** *to convert, to*

develop • **PT** *transformar [melhorar], desenvolver* **Beispiller** eis Frënn hunn hire Späicher ausgebaut; d'Eisebunns-gesellschaft baut hire Reseau aus, fir de Passagéier nei Strecken unzebidden; an deene meeschte Grousstied gëtt den ëffentlechen Transport ausgebaut **Synonym** erwidern **3. DE** *ausbauen, verbessern, weiterentwickeln* • **FR** *améliorer, consolider* • **EN** *to improve, to consolidate* • **PT** *melhorar, consolidar* **Beispiller** si kämpfen, fir datt de sozialen Dialog tëschent Patronat a Salarjat ausgebaut gëtt; d'Kompetenze vun der Kommissioun gi stänneg ausgebaut

ausbaufäeg ['æ:ʊsbau:fæ:ɛç] Adjektiv **DE** *ausbaufähig* • **FR** *extensible [susceptible de se développer]* • **EN** *expandable [capable of development]* • **PT** *extensível, ampliável* **Beispill** d'Positioun vun der Firma um Marché ass ouni Weideres ausbaufäeg

ausbeenen ['æ:ʊsbɛ:nən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ausgebeent)

❗ Hei entsteet en neien Artikel.

ausbehalen ['æ:ʊsbəha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ausbehalen / ausbehal) » **transitiv 1. DE** *ausbehalten* • **FR** *laisser enlevé [un vêtement, un accessoire]* • **EN** *to keep off [clothes]* • **PT** *ficar com ... retirado [falando de uma peça de roupa, de um acessório]* **Beispill** Dir kënnt d'Hiem direkt ausbehalen, well nach eng Rëntge gemaach gëtt **2.** sech eppes ausbehalen **DE** *sich etwas ausbedingen* • **FR** *se réserver le droit de* • **EN** *to reserve the right* • **PT** *reservar-se o direito de* **Beispill** mir hunn eisem Neveu d'Weekendhaischen iwwerlooss, mee mer hunn eis ausbehalen, datt mer eng Woch am Joer kënnen dragoen

ausbehalen Konjunktioun

❗ Hei entsteet en neien Artikel.

ausbehalen Prepositioun

❗ Hei entsteet en neien Artikel.

ausbesseren ['æ:ʊsbæsəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ausgebessert) » **transitiv DE** *ausbessern* • **FR** *réparer [rafistoler]* • **EN** *to patch, to repair* • **PT** *consertar, reparar* **Beispill** den Entrepreneur bessert d'Mauer aus **Synonym** flécken

ausbeuten ['æ:ʊsbɔ:ɪtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ausgebeut) » **transitiv DE** *ausbeuten [ausnutzen]* • **FR** *exploiter [abuser de]* • **EN** *to exploit [to take advantage of]* • **PT** *explorar, abusar de* **Beispiller** dee Patron ass bekannt derfir, datt e seng Aarbechter ausbeut; d'Kollegee beute seng Guttheet kalbliddeg aus **Synonymen** ausnotzen, exploitëieren

Ausbeutung ['æ:ʊsbɔ:ɪtuŋ] Femininum (Pluriel <seelen> Ausbeutungen) **DE** *Ausbeutung [Ausnutzung]* • **FR** *exploitation [abusive]* • **EN** *exploitation [victimization]* • **PT** *exploração [abusiva]* **Beispill** hir Organisatioun setzt sech géint d'Ausbeutung vun de Kanner an **Synonym** Exploitioun

ausbezuelen ['æ:ʊsbətsuələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ausbezuelt) » **transitiv 1. DE** *auszahlen* • **FR** *payer, verser [argent]* • **EN** *to pay (out), to pay (off)* • **PT** *pagar* **Beispiller** d'Zëse vum Spuerbuch ginn Enn des Joers ausbezuelt; dacks kritt een d'Iwwer-

stonnen a Form vu Congé **ausbezuelt** **2.** **DE** *abfinden* [entschädigen] • **FR** *indemniser, dédommager* • **EN** *to compensate* • **PT** *indemnizar, compensar* **Beispill** wéi mäi Patron mam Betrib opgehale huet, sinn ech **ausbezuelt** ginn

ausbiischen ['æ:ʊsbi:tʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgebiischt**) » **transitiv** **DE** *ausbürsten* [reinigen] • **FR** *brosser* [nettoyer] • **EN** *to brush* [to clean] • **PT** *escovar* [limpar] **Beispill** hien huet säi Mantel **ausgebiischt**, well e voller Stëbs war

ausbilden ['æ:ʊsbildən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgebilt**) » **transitiv** **DE** *ausbilden* • **FR** *former* [instruire] • **EN** *to train* [to instruct] • **PT** *formar* [instruir] **Beispill** hien huet all eis Mataarbechter **ausgebilt**

Ausbildung ['æ:ʊsbildʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Ausbildung, Schulung* • **FR** *formation, instruction* • **EN** *education* • **PT** *formação, instrução* **Beispill** d'Eltere probéieren, hire Kanner déi bescht **Ausbildung** ze ginn

Ausbléck ['æ:ʊsblek] Maskulinum (Pluriel **Ausblécker**) **1.** **DE** *Ausblick* [Rundblick] • **FR** *vue dégagée* • **EN** *panorama* • **PT** *vista* [panorama] **Beispill** vum Bierg aus huet een e wonnerschéinen **Ausbléck** **Synonym** **Vue** **2.** **DE** *Ausblick* [Voraussicht] • **FR** *perspective, prévision* • **EN** *preview* • **PT** *perspetiva, previsão* **Beispill** hei ass e kuerzen **Ausbléck** op de Programm vum nächste Joer

ausbleiwen ['æ:ʊsblaiwən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **ausbliwwen**) » **intransitiv** **DE** *ausbleiben* [nicht eintreten] • **FR** *ne pas survenir, faire défaut* • **EN** *to fail to materialize* • **PT** *não surgir, não acontecer* **Beispiller** de Pianist huet vill geüübt, mee de **Succès** ass trotzdeem **ausbliwwen**; d'Touriste **sinn** dëst Joer **ausbliwwen** [et **sinn** dëst Joer keng Touriste komm]; ënner dësen Ëmstänn konnt et leider net **ausbleiwen**, datt mir Problemer kruten [ënner dësen Ëmstänn konnt leider net verhënnert ginn, datt mir Problemer kruten]

ausblenden ['æ:ʊsblændən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgeblent**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

ausblösen ['æ:ʊsblɔ:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgeblösen**) » **transitiv** **DE** *ausblasen* [löschen] • **FR** *souffler* [pour éteindre] • **EN** *to blow out* • **PT** *apagar* [dando um sopro] **Beispill** **blos** de Fixspoun aus a gehei en ewech!

ausbreeden ['æ:ʊsbre:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgebreet**) » **transitiv** **1.** **DE** *ausbreiten* • **FR** *étendre, déployer* • **EN** *to spread* (out), *to open* (out) [a towel, wings] • **PT** *estender, desdobrar, abrir* **Beispiller** d'Touristen **hunn** hir Bueddicher op der Plage **ausgebreet**; den Héngerdeif **breet** seng Fülleken **aus** a flitt fort » **reflexiv** **2.** **DE** *sich ausbreiten* [sich verbreiten] • **FR** *se propager, se répandre* • **EN** *to spread* [through an area] • **PT** *espalhar-se, propagar-se* **Beispiller** d'Feier **huet** sech séier **ausgebreet**; am 14. Joerhonnert **huet** d'Pescht sech a ganz Europa **ausgebreet**; am Februar 2020 woussst nach keen, wéi rasant de Coronavirus sech an der Welt **géif** **ausbreeden**

Ausbreedung ['æ:ʊsbre:dʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Ausbreitung* • **FR** *propagation, extension* • **EN** *spread* • **PT** *alastramento, propagação* **Beispill** fir d'**Ausbreedung** vun enger Epidemie ze verhënnere, ginn déi Krank a Quarantän gesat

ausbréien ['æ:ʊsbrɛiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgebréit**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

ausbrennen ['æ:ʊsbrɛnən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **ausgebrannt**) » **intransitiv** **DE** *ausbrennen* [durch Feuer zerstört werden] • **FR** *brûler* [se consumer par le feu] • **EN** *to burn out* [to be destroyed by fire] • **PT** *arder* [consumir-se pelo fogo] **Beispiller** d'Autoe si komplett **ausgebrannt**; no der Gasexplosioum am Keller ass d'Haus bis op d'Mauern **ausgebrannt**; ech fille mech wéi **ausgebrannt** [ég] [ech **sinn** um Enn vu menge Kräften]

ausbriechen ['æ:ʊsbrɛçən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **ausgebrach**) » **intransitiv** **1.** **DE** *ausbrechen* [entkommen] • **FR** *s'évader, s'échapper* • **EN** *to break out, to escape* • **PT** *evadir-se, escapar-se* **Beispill** eng Kou ass aus der Perch **ausgebrach** **2.** **DE** *ausbrechen* [beginnen] • **FR** *éclater* [commencer, se déclarer] • **EN** *to break out* [to start] • **PT** *rebentar, irromper* [começar, declarar-se] **Beispiller** 1939 ass den Zweete Weltkrich **ausgebrach**; bei Bommenalarm **brécht** dacks Panik **aus** **3.** **DE** *ausbrechen* [Vulkan] • **FR** *faire éruption* [volcan] • **EN** *to erupt* [volcano] • **PT** *entrar em atividade* [vulcão] **Beispill** no Joerzénngten ass de Vulkan elo nees **ausgebrach** **4.** an Tréinen **ausbriechen** **DE** in Tränen **ausbrechen** • **FR** *fondre en larmes* • **EN** *to burst into tears* • **PT** *desfazer-se em lágrimas* **Beispill** ech **sinn** an Tréinen **ausgebrach**, wéi ech vun deem Ongléck héieren **hunn**

Ausbroch ['æ:ʊsbrɔç] Maskulinum (Pluriel **Ausbrécher**) **1.** **DE** *Ausbruch, Eruption* • **FR** *éruption* [volcanique] • **EN** *eruption* [of a volcano] • **PT** *erupção* [vulcânica] **Beispiller** beim **Ausbroch** vum Vulkan ass vill Magma **ausgetrueden**; d'**Ausbrécher** vu Vulkane **sinn** dacks geféierlech **2.** **DE** *Ausbruch, Flucht* • **FR** *évasion* • **EN** *escape, breakout* • **PT** *evasão* [fuga] **Beispiller** dem Mäerder säin **Ausbroch** aus dem Prisong **huet** fir Opreegung gesuergt; déi lescht Zäit konnten dräi **Ausbrécher** verhënnert ginn **3.** **DE** *Ausbruch* [plötzlicher Beginn] • **FR** *début* [apparition soudaine, déclenchement] • **EN** *outbreak* [sudden start] • **PT** *eclosão, surto* [aparecimento súbito] **Beispill** beim **Ausbroch** vun enger Epidemie musse speziell Moosname geholl ginn

ausbuddelen ['æ:ʊsbudələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgebuddelt**) » **transitiv** [ég] **DE** *ausgraben, ausbuddeln* • **FR** *déterrer* • **EN** *to dig up* • **PT** *desenterrar* **Beispiller** dem Noper säin Hond **huet** eng Schank an eisem Gaart **ausgebuddelt**; dee Journalist **buddelt** gär al Geschichten aus [Idee Journalist gräift gär al Geschichten op] **Synonym** **ausgruewen**

auschecken ['æ:ʊstʃækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgecheckt**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Ausdauer ['æ:ʊsdɑʊə] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Ausdauer* • **FR** *persévérance, endurance* • **EN** *stamina* • **PT**

perseverança, persistência **Beispiller** dat Wichtegst am Sport ass d'Ausdauer; d'Schülerin huet am leschten Trimester vill Ausdauer bewisen

Ausdauersport ['æ:ʊsdəʊɛpɔʁt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Ausdauersport • **FR** sport d'endurance • **EN** endurance sport • **PT** desporto de resistência **Beispill** Ausdauersport ass gutt fir d'Häerz

ausdeelen ['æ:ʊsde:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgedeelt**) » **transitiv DE** austeilen, verteilen • **FR** distribuer [à plusieurs personnes] • **EN** to award [a prize], to hand out [to distribute] • **PT** distribuir [a diversas pessoas] **Beispiller** gutt, datt mer Fräiwëlleger hunn, fir d'Broschüren **auszedeelen**!; no der Paus **huet** d'Léierin déi verbessert Hefter **ausgedeelt**; deen dote gesäit aus, wéi wann e gär géif Streech **ausdeelen** [ɛg] [deen dote gesäit aus, wéi wann e gär géif draschloen] **Synonym** verdeelen

ausdeenen ['æ:ʊsde:nən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgedent**) » **transitiv 1. DE** ausdehnen, erweitern • **FR** étendre, agrandir • **EN** to broaden, to extend • **PT** expandir, estender, alargar **Beispiller** fir rentabel ze sinn, wëllt d'Firma hire Marché **ausdeenen**; de Projet soll op all Schoulen **ausgedent** ginn **Synonym** erweideren » **reflexiv 2. DE** sich ausdehnen [an Volumen zunehmen] • **FR** se dilater [augmenter de volume] • **EN** to expand • **PT** dilatar-se [aumentar de volume] **Beispill** Metall **deent** sech duerch d'Hëtzt aus

Ausdeening ['æ:ʊsde:nʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** Ausdehnung [räumliche Erstreckung] • **FR** étendue [dans l'espace] • **EN** size • **PT** extensão [no espaço] **Beispill** déi gréisste Kasematt **huet** eng **Ausdeening** vun e puer honnert Meter **2. DE** Ausdehnung [Erweiterung] • **FR** extension [expansion] • **EN** extension, expansion • **PT** expansão, alargamento **Beispill** wéinst der **Ausdeening** vum Spärgebitt **hunn** eng Rei Leit misen expropriéiert ginn

ausdenken ['æ:ʊsdæŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgeduecht**) » **transitiv 1.** sech eppes ausdenken **DE** sich etwas ausdenken • **FR** imaginer quelque chose [concevoir mentalement, inventer] • **EN** to think up, to come up with something • **PT** imaginar algo [conceber mentalmente, inventar] **Beispill** hien **huet** sech en neie System **ausgeduecht**, fir seng Archiven ze klasséieren **Synonym** eppes erfinden **2.** net ausdenken sinn **DE** unvorstellbar sein • **FR** être inimaginable, être inconcevable • **EN** to be unthinkable, to be inconceivable • **PT** ser inimaginável, ser inconcebível **Beispiller** d'Konsequenze vun där Affär sinn net **auszedenden**; et ass net **auszedenden**, wat geschéie géif, wann d'Firma Faillite mécht

ausdinn ['æ:ʊsdɪn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgedoen**) - Variant vun ↗ausdoen

ausdiskutéieren ['æ:ʊsdiskutɔɪəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausdiskutéiert**) » **transitiv DE** ausdiskutieren • **FR** débattre, discuter à fond • **EN** to discuss fully, to talk through • **PT** debater, discutir a fundo **Beispiller** mir **mussen** dese Punkt **ausdiskutéieren**; e Problem soll roueg a sachlech **ausdiskutéiert** ginn

ausdoen ['æ:ʊsdo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgedoen**) » **transitiv 1. DE** ausziehen [ein Kleidungsstück, ein Accessoire] • **FR** enlever, ôter [un vêtement, un accessoire] • **EN** to take off [clothes, an accessory] • **PT** despir, descalçar, tirar [uma peça de roupa, um acessório] **Beispiller** diit är knaschteg Schong aus, wannehgelift!; ech **hunn** d'Fanger geschwollen, ech kréie mäi Rank net **ausgedoen**; eise Paschtouer **huet** säi Frack **ausgedoen** [ɛg] [eise Paschtouer **huet** säi Beruff opginn] **2. DE** ausziehen, entkleiden • **FR** déshabiller, dévêtir • **EN** to undress • **PT** despir [desvestir] **Beispiller** ier se an d'Buedbidde klammen, ginn d'Kanner **ausgedoen**; fir an d'Rëntge mussst Der Iech **ausdoe** bis op de Slip; fir et **deet** een sech net aus, dees et **geet** ee schlofen [ɛg] [et soll ee säin Eegentum eréischt kuerz viru sengem Doud verdeelen] **3. DE** aus der Erde nehmen [Gemüse] • **FR** sortir de terre [des légumes] • **EN** to pick, to harvest, to dig up [root vegetables] • **PT** arrancar [retirar (legumes) da terra] **Beispill** muer ginn d'Muerten **ausgedoen** **Synonym** eraushuelen **4. DE** ablassen, nachlassen [Geld] • **FR** rabattre [une certaine somme] • **EN** to take off, to reduce [to discount] • **PT** abater [descontar determinada quantia] **Beispill** kënn Dir eis net eppes um Präis vum Auto **ausdoen**?

i Variant: ausdinn

ausdréchnen ['æ:ʊsdreçnən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgedréchent**) » **transitiv 1. DE** austrocknen • **FR** assécher • **EN** to dry out • **PT** secar, ressequir **Beispill** d'Sonn **huet** de Buedem **ausgedréchent** ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **ausgedréchent**) » **intransitiv 2. DE** austrocknen • **FR** se dessécher • **EN** to dry out • **PT** secar, ressequir-se **Beispill** bei där Hëtzt **dréchent** de Buedem lues a lues aus

ausdrécken ['æ:ʊsdrekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgedréckt**) » **transitiv 1. DE** ausdrücken, auspressen • **FR** presser [pour extraire un liquide] • **EN** to squeeze • **PT** espremer [para extrair um líquido] **Beispiller** fir dëst Rezept **mussen** zwou Zitrounen **ausgedréckt** ginn; dréck de Schwamp iwuermer Waassersteen aus! **2. DE** ausdrücken [löschen] • **FR** écraser [une cigarette] • **EN** to stub out • **PT** apagar [um cigarro] **Beispill** ech **drécke** meng Zigarette am Äschebecher aus **3. DE** ausdrücken, äußern • **FR** exprimer [formuler] • **EN** to express [to communicate] • **PT** exprimir [formular] **Beispiller** jidderee soll seng Meinung können **ausdrécken**; mäi Papp **huet** dee Wonsch schon e puermol **ausgedréckt**; mir **drécken** der Famill am Trauer eist Bäileed aus; d'Walresultater sinn a Prozenter **ausgedréckt** » **reflexiv 4. DE** sich ausdrücken • **FR** s'exprimer • **EN** to express oneself • **PT** exprimir-se **Beispiller** de Riedner **huet** sech net kloer **ausgedréckt**; ech ka mech am beschten a menger Mammesprooch **ausdrécken**; d'Solidaritéit kann sech op verschidde Manéieren **ausdrécken**

ausdrécklech [æ:ʊsdɾ'eklɛç] Adjektiv **DE** ausdrücklich • **FR** formel [explicite] <Adverb formellement> • **EN** explicit, express <Adverb explicitly> • **PT** expresso [explicito] <Adverb expressamente> **Beispiller** et ass den **ausdréckleche** Wonsch vun der Koppel, sech buerféiss ze bestueden; d'Gäsch **hunn** der Käche fir dat gutt Iessen **ausdrécklech** Merci gesot **Synonym** formell

ausdreiwien ['æ:ʊsdraivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgedriwwen**) » **transitiv 1. DE** *austreiben* [abgewöhnen] • **FR** *faire passer à l'ides humeurs, des caprices, des mauvaises habitudes* • **EN** *to cure of, to break of la habit* • **PT** *fazer passar a [um capricho, uma mania]* **Beispill** ech kréien der déi schlecht Manéieren nach **ausgedriwwen!** **2. DE** *austreiben* [leinen Dämon] • **FR** *exorciser* [chasser] • **EN** *to cast out* [to exorcise] • **PT** *exorcizar* [expulsar] **Beispill** duerch den Exorzismus soll den Däiwel **ausgedriwwen** ginn

ausdrénken ['æ:ʊsdrenkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgedronk**) » **transitiv DE** *aus-trinken* [zu Ende trinken, leer trinken] • **FR** *finir* [une boisson] • **EN** *to drink up, to finish* [a drink] • **PT** *acabar de beber* **Beispiller** mir mussen eisen Téi séier **ausdrénken**; looss d'Leit hir Glieser **ausdrénken**, ier s de hinnen noschëtts!; **dréink** (däi Glas) **aus**, da gi mer heem!; ech krut et **auszedrénken**, datt hie seng Aarbecht net gemaach hat [ég] [ech krut d'Konsequenzen dervun ze droen, datt hie seng Aarbecht net gemaach hat]

Ausdröck ['æ:ʊsdrok] Maskulinum (Pluriel **Ausdréck**) **1. DE** *Ausdruck, Begriff* • **FR** *terme* [mot(s)] • **EN** *expression* [word] • **PT** *termo* [expressão] **Beispiller** ech verstinn déi technesch **Ausdréck** net; dee schéinen **Ausdröck** ass amgang ze vereelzen; eng Rei franséisch **Ausdréck** si vum Lëtzebuergeschen iwweholl ginn **Synonymmen** *Expressioun, Term* **2.** zum **Ausdröck** bréngen **DE** zum *Ausdruck bringen* • **FR** *exprimer* • **EN** *to express* [a word or feeling] • **PT** *exprimir* [comunicar] **Beispill** de President huet an der Reunioun säin Ierger zum **Ausdröck** bruecht **3. DE** *Ausdruck* [Miene] • **FR** *expression* [du visage] • **EN** *expression* [on face] • **PT** *expressão* [do rosto] **Beispill** hien hat e verwonnerten **Ausdröck** am Gesiicht **Synonym** *Gesichtsandröck* **4. DE** *Ausdruck, Exemplar* • **FR** *imprimé* [texte] • **EN** *printed copy, hard copy* • **PT** *impressão* [texto] **Beispill** mir hunn en **Ausdröck** vum Text geschéckt krit

Ausdröckswais ['æ:ʊsdroksvais] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Ausdröckswais* • **FR** *façon de s'exprimer* • **EN** *style, way of expressing oneself* • **PT** *maneira de se exprimir* **Beispiller** seng spontan **Ausdröckswais** huet de Leit gefall; den Auteur gebraucht eng spréizeg **Ausdröckswais** a sengen Texter

ausdroen ['æ:ʊsdro:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausgedroen**) » **transitiv 1. DE** *austragen, zustellen* • **FR** *distribuer* [au domicile] • **EN** *to deliver* [to the house] • **PT** *distribuir* [ao domicílio] **Beispill** de Brëifdréier **dréit** och Zeitungen **aus 2. DE** *austragen, ausfechten, bestreiten* • **FR** *régler* [résoudre définitivement], *disputer* [une rencontre sportive] • **EN** *to settle, to sort out* [a dispute], *to play* [a match] • **PT** *resolver* [uma disputa], *disputar* [um jogo desportivo] **Beispiller** net all Sträit muss virun engem Gericht **ausgedroen** ginn; de Match gétt am neie Stadion **ausgedroen 3. DE** *austragen* [ein Kind] • **FR** *porter à terme* [un enfant] • **EN** *to carry to full term* [a child] • **PT** *levar a termo* [uma gravidez], *ter* [um filho] **Beispiller** trotz viller Komplikatiounen konnt ech eis Zwillingen awer **ausdroen**; meng Mamm hat no mir nach dräi Fausse-couchen, mee se konnt ni méi e Kand **ausdroen**

ausernaner [æ:ʊzən'a:nə] Adverb - Variant vun ↗**auserneen**

ausernaner- Verbpartikel - Variant vun ↗**auserneen-**

I Verben, déi **ausernaner-** als Partikel hunn: ↗**ausernanerfalen**, ↗**ausernanergoen**, ↗**ausernanerhalen**, ↗**ausernanerhuelen**, ↗**ausernanerschreiwien**, ↗**ausernanersetzen**

ausernanerfalen [æ:ʊzən'a:nəfa:lən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **ausernanergefall**) - Variant vun ↗**auserneefalen**

ausernanergoen [æ:ʊzən'a:nego:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **ausernanergaangen** / **ausernanergaang**) - Variant vun ↗**auserneegoen**

ausernanerhalen [æ:ʊzən'a:nəha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausernanergehalen** / **ausernanergehal**) - Variant vun ↗**auserneenhalen**

ausernanerhuelen [æ:ʊzən'a:nəhuələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausernanergeholl**) - Variant vun ↗**auserneenhuelen**

ausernanerschreiwien [æ:ʊzən'a:nəʃraivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ausernanergeschriwwen**) - Variant vun ↗**auserneeschreiwien**

Ausernanerschreiwung [æ:ʊzən'a:nəʃraivun] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗**Auserneeschreiwung**

Automatik [ɑ̃tɔm'a:tik] Neutrum (Pluriel Automaten) **1. DE** *Automatik* [Automatikgetriebe] • **FR** *boîte automatique* [voiture] • **EN** *automatic gearbox* • **PT** *caixa de velocidades automática* **Beispill** hien huet sech en Auto mat (enger) *Automatik* kaaft **2. DE** *Automatik* [Vorrichtung] • **FR** *dispositif automatique* • **EN** *automatic device, automatic mechanism* • **PT** *dispositivo automático* **Beispill** wann d'Automatik net funktionéiert, kritt een d'Dier awer nach manuell opgemaach

Automatisatioun [ɑ̃tɔmatizɑ̃'sjɔ̃n] Femininum (Pluriel Automatisatiounen) - Variant vun ↗Automatisierung

automatiséieren [ɑ̃tɔmatiz'zjɛrɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *automatiséiert*) » **transitiv** **DE** *automatisieren* • **FR** *automatiser* • **EN** *to automate* • **PT** *automatizar* **Beispill** d'Produktioun gëtt ëmmer méi *automatiséiert*

Automatisierung [ɑ̃tɔmatiz'zjɛrɛŋ] Femininum (Pluriel Automatisierungen) **DE** *Automatisierung* • **FR** *automatisation* • **EN** *automation* • **PT** *automatização* **Beispill** d'Automatisierung vun der Produktioun mécht de Betrib méi rentabel

i Variant: Automatisatioun

Automatismus [ɑ̃tɔmat'ismus] Maskulinum (Pluriel Automatismen / Automatismussen) **DE** *Automatismus* • **FR** *automatisme* • **EN** *reflex, reflexive action* • **PT** *automatismo* **Beispiller** d'Ustrécken am Auto ass bei mir en *Automatismus*; dës Aarbecht baséiert op enger Rei vun *Automatismen* **Synonym** Reflex

Automobilindustrie [ɑ̃tɔmob'ilindustri:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Automobilindustrie* • **FR** *industrie automobile* • **EN** *car industry, automotive industry* • **PT** *indústria automóvel* **Beispill** d'Automobilindustrie hat hir Hfäng um Enn vum 19. Joerhonnert

Automobilist [ɑ̃tɔmobil'ist] Maskulinum (Pluriel Automobilisten) **DE** *Autofahrer* • **FR** *automobiliste* • **EN** *driver, motorist* • **PT** *automobilista* **Beispiller** den *Automobilist* krut e Protokoll, well en ze séier duerch d'Uertschaft gefuer ass; d'Automobiliste mussen op d'Foussgänger oppassen **Synonym** Chauffer

i Weiblech Form: ↗Automobilistin

Automobilistin [ɑ̃tɔmobil'istin] Femininum (Pluriel Automobilistinnen) **DE** *Autofahrerin* • **FR** *automobiliste [femme]* • **EN** *driver, motorist [female]* • **PT** *automobilista [mulher]* **Beispill** weinst enger Pann huet eng *Automobilistin* mat hirem Gefier déi ganz Strooss block-

éiert

i Männlech Form: ↗Automobilist

autonom [ɑ̃tɔn'o:m] Adjektiv **1. DE** *autonom, unabhängig* • **FR** *autonome, indépendant* <Adverb *de manière autonome*> • **EN** *autonomous, independent* <Adverb *autonomously, independently*> • **PT** *autónomo, independente* <Adverb *autonomamente*> **Beispiller** d'Unversitéit huet eng *autonom* Verwaltung; d'Lokalsektiounen funktionéieren *autonom* **Synonymmen** eegestänneg, onofhängeg **2. DE** *autonom, selbständig, verantwortungsbewusst* • **FR** *autonome, émancipé, responsable* <Adverb *de manière responsable*> • **EN** *independent, self-reliant* <Adverb *independently*> • **PT** *autónomo, emancipado, responsável* <Adverb *de forma responsável*> **Beispiller** hie féiert en *autonom* Liewen; d'Schoul sollt de *autonom* Perséinlechkeete ginn **Synonym** selbstänneg

Autonomie [ɑ̃tɔno:m'i:] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** *Autonomie, Eigenständigkeit* • **FR** *autonomie, indépendance* • **EN** *autonomy, independence* • **PT** *autonomia, independéncia* **Beispill** déi finanziell *Autonomie* vum Projet ass garantéiert **Synonymmen** Eegestännegkeet, Onofhängegkeet **2. DE** *Autonomie* [Meistern des täglichen Lebens] • **FR** *autonomie* [maîtrise de la vie quotidienne] • **EN** *autonomy, self-reliance* • **PT** *autonomia* [capacidade de se governar] **Beispill** eng ugepassten Architektur gëtt de Leit mat engem Handicap méi eng grouss *Autonomie* **Synonym** Selbstännegkeet **3. DE** *Reichweite, Betriebsdauer* • **FR** *autonomie* [distance, durée de fonctionnement] • **EN** *range, operating autonomy* • **PT** *autonomia* [distância, tempo de funcionamento] **Beispiller** dësen Elektroauto huet eng *Autonomie* vun 800 Kilometer; mäin neie Laptop huet eng *Autonomie* vu bis zu aacht Stonnen

Autopedester [oto:ped'æste] Maskulinum (Pluriel Autopedestern)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Autopsie [ɑ̃tɔps'i:] Femininum (Pluriel Autopsien) **DE** *Autopsie* • **FR** *autopsie* • **EN** *autopsy, post-mortem* • **PT** *autópsia* **Beispill** am Fall vun engem Mord muss eng *Autopsie* gemaach ginn **Synonym** Obduktioun

Autoquarantaine ['ɑ̃tɔkarɑ̃:tɛ:n] Femininum (Pluriel <seelen> Autoquarantainen) - Variant vun ↗Autoquarantän

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Autoquarantaine / Autoquarantän

Autoquarantän ['ɑ̃tɔkarɑ̃:tɛ:n] Femininum (Pluriel <seelen> Autoquarantänen) **DE** *Selbstquarantäne* [freiwillige Quarantäne] • **FR** *auto-quarantaine, auto-confinement* • **EN** *self-quarantine, voluntary quarantine* • **PT** *autoquarentena, autoconfinamento* **Beispill** well mäi Colocataire positiv op de Virus getest gouf, hunn ech mech an *Autoquarantän* gesat

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Autoquarantän / Autoquarantaine

Autorin [ɑ̃t'ɔ:rɪn] Femininum (Pluriel Autorinnen) **1. DE** *Autorin, Schriftstellerin* • **FR** *autrice, auteure [écrivaine]* • **EN** *(female) author* [writer] • **PT** *autora* [escritora] **Synonym** Schrëftstellerin **2. DE** *Autorin, Verfasserin* • **FR** *au-*

trice, auteure [rédactrice] • **EN** (female) author [drafter] • **PT** autora [redatora] **3.** **DE** Urheberin • **FR** auteure [initiatrice] • **EN** (female) author [initiator] • **PT** autora [iniciadora] **4.** **DE** Verantwortliche [einer Straftat] • **FR** auteure [d'un crime] • **EN** (female) author [of a crime] • **PT** autora [de um crime]

- i** Variant: Auteurin
- i** Männlech Form: ♂Auteur

Autorisatioun [ɑ̃toʁizasjɑ̃'ɔ̃ʃɑ̃] Femininum (Pluriel Autorisatiounen) **1.** **DE** Genehmigung [Erlaubnis] • **FR** autorisation [permission] • **EN** authorization, permission • **PT** autorização, licença [permissão] **Beispill** hie krut d'Autorisatioun, fir e Rockfestival ze organiséieren **Synonymmen** Ermächtigung, Geneemegung **2.** **DE** Genehmigung [Dokument] • **FR** autorisation [document] • **EN** authorization [document] • **PT** autorização, licença [documento] **Beispill** mir kënnen d'Autorisatioun muer op der Gemeng ofhuelen **Synonymmen** Ermächtigung, Geneemegung

autoriséieren [ɑ̃toʁiz'ɛ̃ʁɑ̃] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé autoriséiert) » **transitiv** **1.** **DE** erlauben, ermächtigen • **FR** autoriser, habilitar, donner l'autorisation à • **EN** to authorize [to empower] • **PT** autorizar, habilitar **Beispill** d'Kommissioun autoriséiert hatt, fir d'Leedung vum Projet ze iwwerhuelen **Synonym** ermächtigen **2.** **DE** erlauben, genehmigen • **FR** autoriser, approuver, agréer • **EN** to authorize [to approve] • **PT** autorizar, aprovar **Beispiller** d'Konstruktioun vum Gebai gouf vun der Gemeng autoriséiert; d'Bank autoriséiert just e klengen Depassement vum Kont **Synonym** erlauben

autoritär [ɑ̃toʁit'ɛ̃:ɔ̃] Adjektiv **1.** **DE** autoritär [diktatorisch] • **FR** autoritaire [dictatorial] • **EN** authoritarian, despotic • **PT** autoritário [ditatorial] **Beispill** deen autoritäre Regimm huet d'20. Joerhonnert net iwwerstanen **2.** **DE** autoritär [streng] • **FR** autoritaire [sévère] <Adverb de manière autoritaire> • **EN** authoritarian, strict <Adverb strictly> • **PT** autoritário [severo] <Adverb autoritariamente> **Beispiller** am drëtte Schouljoer hat ech e ganz autoritäre Schoulmeeschter; géi net esou autoritär mat dengen Kanner em! **Synonym** streng

Autoritéit [ɑ̃toʁit'ɛ̃it] Femininum **1.** (Pluriel Autoritéiten, kee Singulier) **DE** Behörden [Verwaltungsorgan] • **FR** autorités [organe administratif] • **EN** authority [administrative body] • **PT** autoridades [órgão administrativo] **Beispill** d'Autoritéite vu béide Länner hunn effikass zesummege schafft **2.** (kee Pluriel) **DE** Amtsgewalt • **FR** autorité [administration, compétence] • **EN** authority [jurisdiction] • **PT** autoridade [administração, competência] **Beispill** déi nei Kommissioun schafft ënner der Autoritéit vum Justizminister **3.** (kee Pluriel) **DE** Machtstellung • **FR** autorité [position de pouvoir] • **EN** authority [dominance, position of power] • **PT** autoridade [posição de poder] **Beispill** an engem Grupp setzt hie gäre seng Autoritéit duerch **4.** (Pluriel Autoritéiten) **DE** Spezialist • **FR** autorité, spécialiste • **EN** authority [specialist, expert] • **PT** autoridade, especialista **Beispill** hien ass eng bekannten Autoritéit op sengem Gebitt **Synonymmen** Referenz, Spezialist

Autosaccident ['ɑ̃to:zaksidənt] Maskulinum/ Neutrum (Pluriel Autosaccidenter) **DE** Autounfall • **FR**

accident de voiture • **EN** car accident • **PT** acidente de viação **Beispiller** beim Autosaccident blouf et glécklecherweis bei enger Téitsch; ze vill jonk Leit stierwe bei Autosaccidenter

Autosassurance ['ɑ̃to:zasyrã:s] Femininum (Pluriel Autosassurancen) **1.** **DE** Kfz-Versicherung, Kraftfahrzeugversicherung [Vertrag, Produkt] • **FR** assurance automobile [contrat, produit] • **EN** car insurance [contract, product] • **PT** seguro automóvel [contrato, produto] **Beispill** d'Autosassurancé sinn d'est Joer méi deier ginn **2.** **DE** Kfz-Versicherungsschein, Kraftfahrzeugversicherungsschein • **FR** assurance automobile [document] • **EN** car insurance [document] • **PT** papéis do seguro automóvel **Beispill** ech hu meng Autosassurance ëmmer an der Händschekëscht leien

Autocourse ['ɑ̃to:skɔrs] Femininum (Pluriel Autocoursen) **DE** Autorennen • **FR** course automobile • **EN** motor race, car race • **PT** corrida de automóveis **Beispill** wat fir e Chauffeur huet d'Autocourse gewonnen?

Autosdier [ɑ̃to:sd'i:ɔ̃] Femininum (Pluriel Autosdieren) **DE** Wagentür, Autotür • **FR** portière (de voiture) • **EN** car door • **PT** porta (de automóvel) **Beispiller** et war esou kal, datt d'Autosdieren iwwer Nuecht festgefruer sinn; wéi kënnns de un déi elle Schréips do un denger Autosdier?

Autosfënster [ɑ̃to:sf'ɛ̃nstɛ] Femininum (Pluriel Autosfënstere) **DE** Autofenster, Wagenfenster • **FR** vitre, glace (de voiture) • **EN** car window • **PT** vidro, janela (de automóvel) **Beispiller** et soll een iwwer dem Fieren näischt zu der Autosfënster erausgeheien; ech hunn dem Douanier mäi Pass zur Autosfënster erausgehale

Autosfestival ['ɑ̃to:sfæstival] Maskulinum (Pluriel Autosfestivallen / Autosfestivaller) **DE** Automobilmesse, Automobilfestival • **FR** festival automobile • **EN** car fair, car show [in individual garages] • **PT** festival automóvel **Beispill** mir hunn eis um Autosfestival no engem neie Won ëmsinn

Autosführerschäin ['ɑ̃to:sfy:ʁɛfæ:ɪn] Maskulinum (Pluriel Autosführerschäiner) - Variant vun ♂Autosführerschäin

Autosführerschäin ['ɑ̃to:sfy:ʁɛfæ:ɪn] Maskulinum (Pluriel Autosführerschäiner) **DE** Pkw-Führerschein • **FR** permis de conduire (voiture) • **EN** (car) driving licence • **PT** carta de condução (automóvel) **Beispill** fir den Autosführerschäin ze maachen, muss ee bei eis groussjäreg sinn

Autoskolonn ['ɑ̃to:skolon] Femininum (Pluriel Autoskolonnen) **DE** Fahrzeugkolonne • **FR** colonne de véhicules • **EN** column of vehicles • **PT** coluna de veículos **Beispill** d'Autoskolonn mam Staatschef ass wéinst Bombenalarm ëmdirigéiert ginn

Autosmark ['ɑ̃to:smark] Femininum (Pluriel Autosmarken) **DE** Automarke • **FR** marque de voiture • **EN** car make • **PT** marca automóvel **Beispiller** deen neie Modell vun där Autosmark huet eng flott Linn!; op der Foire hu verschidden Autosmarke Prototypen virgestallt

Autosmodell ['ɑ̃to:smodæl] Maskulinum (Pluriel Autosmodellen / Autosmodeller) **DE** Automodell • **FR**

modèle de voiture • EN *car model* • PT *modelo de carro*
Beispill dësen Autosmodell gëtt net méi gebaut

Autosplack ['ʌsto:spɫak] Femininum (Pluriel Autosplacken) DE *Nummernschild* • FR *plaque d'immatriculation* • EN *licence plate* • PT *matrícula, chapa de matrícula* **Beispill** déi Lëtzebuergesch Autosplacken hu Buschtawen an Zifferen

Autosproduction Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Autosproduktioun

Autosproduktioun ['ʌsto:sprɔduksjəʊn] Femininum (kee Pluriel) DE *PKW-Produktion* • FR *production automobile* • EN *car production* • PT *produção automóvel* **Beispill** d'Verlagerung vun der Autosproduktioun an d'Ausland huet d'Land vill Aarbechtsplaze kascht

Autosammlung ['ʌsto:szamluŋ] Femininum (Pluriel Autosammlungen) DE *Autosammlung* • FR *collection de véhicules* • EN *car collection* • PT *coleção de veículos* **Beispill** déi Geschäftsfra huet eng impressionnant Autosammlung

Autoschlüssel ['ʌsto:sʃlɛsəl] Maskulinum (Pluriel Autoschlüsselen) DE *Autoschlüssel* • FR *clé de (la) voiture* • EN *car key* • PT *chave do carro* **Beispill** wéi ech wollt fortfuere, hunn ech mäin Autoschlüssel net fonnt

Autosëtzer ['ʌsto:szɛts] Maskulinum (Pluriel Autosëtzer) DE *Autositz* • FR *siège de voiture* • EN *car seat* • PT *assento de carro* **Beispill** hien huet Houssen op sengen Autosëtzer, fir datt se net esou séier ofnotzen

Autostopp ['ʌsto:ʃtop] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Autostopp* • FR *auto-stop* • EN *hitch-hiking* • PT *boleia [transporte gratuito]* **Beispiller** a menger Jugend hunn ech dacks Autostopp gemaach; am plaz de Bus ze huelen, probéiere si, mat Autostopp heemzekommen

Autostopper ['ʌsto:ʃtopɐ] Maskulinum (Pluriel Autostopper) DE *Anhalter [Autostopper]* • FR *auto-stoppeur* • EN *hitch-hiker* • PT *viajante à boleia* **Beispill** well mir esou geluede waren, konnte mir keen Autostopper mathuelen

W Weiblech Form: ↗Autostopperin

Autostopperin ['ʌsto:ʃtopɐrɪn] Femininum (Pluriel Autostopperinnen) DE *Anhalterin [Autostopperin]* • FR *auto-stoppeuse* • EN *hitch-hiker [female]* • PT *viajante à boleia [mulher]* **Synonym** Tramplerin

M Männlech Form: ↗Autostopper

Autosverkéier ['ʌsto:sfɛkɛɪɐ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Autoverkehr* • FR *trafic automobile* • EN *motor traffic* • PT *trânsito automóvel* **Beispill** muer bleift de Stadzentrum fir de ganzen Autosverkéier gespaart

Autoszeitung ['ʌsto:stsaituŋ] Femininum (Pluriel Autoszeitungen) DE *Automagazin [Zeitschrift]* • FR *magazine de voitures* • EN *car magazine* • PT *revista de automóveis* **Beispill** elo huet eise Jéngste meng nei Autoszeitung zerschneppelt!

Autotest Maskulinum (Pluriel Autotester)

H Hei entsteet en neien Artikel.

autsch Interjektion DE *autsch* • FR *aïe, ouille* • PT *ai, au, ui [para exprimir dor]* **Beispiller** autsch, elo hunn ech mech gutt verbrannt!; autsch, hal dach op, mech ze pëtzen! **Synonym** aua

V Variant: utsch

Auxerrois [okserw'a] Maskulinum 1. (kee Pluriel) DE *Auxerrois [Rebsorte]* • FR *auxerrois [cépage]* • EN *Auxerrois [type of grape]* • PT *Auxerrois [casta de uva]* **Beispill** haut hu mer de ganzen Dag Auxerrois gelies 2. (Pluriel Auxerroisen) DE *Auxerrois [Wein]* • FR *auxerrois [vin]* • EN *Auxerrois [wine]* • PT *Auxerrois [vinho]* **Beispiller** vun all de Wäiner hunn ech den Auxerrois am léifsten; de Wénzer huet zwee Auxerroisen a sengem Sortiment 3. (Pluriel Auxerrois / Auxerroisen) DE *Auxerrois [Glas Wein]* • FR *verre d'auxerrois* • EN *[glass of] Auxerrois* • PT *copo de vinho Auxerrois* **Beispill** Garçon, zwee Auxerrois, wannechgelift!

Avance [av'ã:s] Femininum (Pluriel Avancen) 1. DE *Vorsprung [Abstand]* • FR *avance [distance, écart]* • EN *lead [distance ahead]* • PT *avanço [dianteira, vantagem]* **Beispill** e Leefer aus eise Veräin huet d'Course mat enger grousser Avance gewonnen **Synonym** Virsprong 2. DE *Vorschuss, Vorauszahlung* • FR *avance [argent]* • EN *advance [of money]* • PT *adiantamento [dinheiro]* **Beispiller** de Patron huet him eng Avance vu 500 Euro accordéiert; mir mussen dem Steieramt dräimol am Joer Avancé bezuelen 3. Avancé maachen DE *Avancen machen* • FR *faire des avances à* • EN *to make advances to* • PT *atirar-se a [tentar seduzir]* **Beispill** däi Brudder mécht mer scho méi laang Avancen

avancéieren [avã:s'zɛɪɐn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé avancéiert) » **intransitiv** DE *befördert werden [Rang]* • FR *avancer, être promu* • EN *to be promoted* • PT *ascender, ser promovido* **Beispill** bei eis am Betrib ass et festgeluecht, wéini d'Personal (an der Karriär) avancéiert

avancéiert [av'ã:s'zɛɪɐt] Adjektiv DE *frühreif* • FR *avancé, précoce* • EN *advanced [preocious]* • PT *avançado, precoce* **Beispill** mäin Neveu ass fir säin Alter zimmlech avancéiert

V „avancéiert“ kann och de Participe passé vum Verb ↗avancéieren sinn.

Avancement [avã:səm'ænt] Neutrum (Pluriel Avancementer) DE *Beförderung [Karriere]* • FR *avancement, promotion* • EN *promotion [career]* • PT *ascensão, promoção* **Beispill** duerch säin Avancement an der Entreprise kritt hatt elo eng besser Pai **Synonym** Promotioun

Avantage [avã:t'a:ʃ] Maskulinum (Pluriel Avantagegen) DE *Vorteil* • FR *avantage [atout]* • EN *advantage* • PT *vantagem [benefício, proveito]* **Beispiller** dësen Accord ass e groussen Avantage fir d'Mëttelbetriber; duerch dëst Investissement hues de e steierlechen Avantage; duerch säin excellent Ekipement huet dee Coureur en Avantage **Synonym** Virdeel

avantagéieren [avã:ta:ʒ'zɛɪɐn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé avantagéiert) » **transitiv** DE *begünstigen, bevorzugen* • FR *avantager [privilegier]* • EN *to favour [to privilege]* • PT *favorecer [tratar de forma desigual]* **Beispill** et soll kee wéinst enger Parteikaart avan-

tagéiert ginn **Synonym** bevirdeelegen

Avant-garde [avã:ɡ'art] Femininum (Pluriel Avant-garden)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Avant-première [ʼavã:tpɾ'əmʲɛ:R] Femininum (Pluriel Avant-premières) **DE** Vorpremiere • **FR** avant-première • **EN** preview [advance showing] • **PT** antestreia **Beispill** ech war op d'Avant-première vum Auteur sengem neien Theaterstück invitéiert

AVC [a:ve:s'e:] Maskulinum (Pluriel AVCen) **DE** Schlaganfall, Gehirnschlag • **FR** AVC, accident vasculaire cérébral • **EN** CVA, cerebrovascular accident, stroke • **PT** AVC, acidente vascular cerebral **Beispill** d'Medezin huet haut verschidde Méiglechkeeten, fir en AVC ze erkennen **Synonymmen** Schlag, Hiereschlag

Avenant [ʼavənã:] Maskulinum (Pluriel Avenanten) **DE** Vertragszusatz • **FR** avenant [modification d'un contrat] • **EN** addendum, amendment • **PT** aditamento, adenda [a um contrato] **Beispill** d'Lafzäit vum Kontrakt ass iwwer en Avenant ëm zwee Joer verlängert ginn

Aventure [avã:t'y:R] Femininum (Pluriel Aventuren) **1. DE** Abenteuer [spannendes Erlebnis] • **FR** aventure, mésaventure, péripétie • **EN** adventure, misadventure • **PT** aventura, peripécia **Beispiller** Kanner liese gär Geschichten iwwer allméiglech Aventuren; mir goufen do an eng geféierlech Aventure verweckelt **Synonym** Abenteuer **2. DE** Abenteuer, Liebesabenteuer • **FR** aventure (amoureuse) • **EN** adventure [love affair] • **PT** aventura (amorosa) **Beispill** den Noper hat anscheinend eng Aventure mat enger anerer Fra

Aventurier Maskulinum (Pluriel Aventurieren) **DE** Abenteuerer • **FR** aventurier **Beispiller** mäi Monni huet e puer Méint am Dschungel gelieft, en ass e richtegen Aventurier; vill Kanner hu gär Bicher iwwer Aventurieren, déi geféierlech Situatioune meeschteren **Synonym** Abenteuerer

Aventurière Femininum (Pluriel Aventurières) **DE** Abenteuererin • **FR** aventurière **Beispiller** meng Tatta huet e puer Méint am Dschungel gelieft, se ass eng richteg Aventurière; mäi Bouf liest grad e Buch iwwer eng Aventurière, déi allméiglech geféierlech Situatioune meeschtert **Synonym** Abenteuererin

Avenue [avən'y:] Femininum (Pluriel Avenuen) **DE** Avenue • **FR** avenue • **EN** avenue [road] • **PT** avenida **Beispill** wann dir dës Avenue eroffuert, da kommt der op d'Gare

Aversioun [avɛrʒi'əʊŋ] Femininum (Pluriel Aversiounen) **DE** Abneigung • **FR** aversion • **EN** aversion • **PT** aversão **Beispill** hien huet eng grouss Aversioun géint arrogant Leit **Synonym** Ofneigung

Averständnes [ʼafɛʃtãntnəs] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Einverständnis [Zustimmung] • **FR** accord [acceptation] • **EN** consent, agreement • **PT** acordo [consentimento] **Beispiller** de Chef huet säin Averständnes ginn, fir nei Bürosstill ze kafen; d'Decisioun ass mam Averständnes vum ganze Komitee geholl ginn; fir meng Operatioun hunn ech dem Dokter misse schréftlech mäin Averständnes ginn **Synonym** Accord

I Variant: Averständnis

Averständnis Neutrum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Averständnes

averstanen [ʼafɛʃta:nən] Adjektiv averstane sinn (mat) **DE** einverstanden sein (mit) • **FR** être d'accord (avec), être d'accord (sur) • **EN** to agree (with) • **PT** estar de acordo (com) **Beispiller** mir si mat allem averstanen; d'Gemeng ass net averstane mat de Pläng vum deem neie Lotissement; e Chirurg léisst sech vum Patient ënnerschreiwen, datt dee mat enger Operatioun averstanen ass

avertéieren [avɛrt'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé avertéiert) » **transitiv DE** vorwarnen, in Kenntnis setzen • **FR** avertir [informer] • **EN** to inform, to notify • **PT** advertir, informar **Beispill** bei eis am Duerf gëtt een iwwer SMS avertéiert, wann d'Waasser ofgespaart gëtt **Synonym** informéieren

Avertissement [avɛrtisəm'ænt] Neutrum (Pluriel Avertissementer) **DE** Verwarnung • **FR** avertissement [réprimande] • **EN** warning, caution • **PT** aviso, advertência, admoestação **Beispill** de Wiert krut en Avertissement vun der Gemeng, well en unni Geneemegung eng fräi Nuecht gehalen hat

Avertissement taxé Maskulinum (Pluriel Avertissement-taxéen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Aviatioun [avʲiasʲi'əʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Luftfahrt • **FR** aviation • **EN** flying [aviation] • **PT** aviação **Beispill** mäi Jong ass vun der Aviatioun begeschtert a wëllt Pilot ginn

Avion [ʼavjõ:] Maskulinum (Pluriel Avionen) **DE** Flugzeug • **FR** avion • **EN** aeroplane • **PT** avião **Beispill** mir huele muer de Moien den Avion fir an d'Vakanz **Synonym** Fliger

Avis [av'i:] Maskulinum (Pluriel Avisen) **1. DE** Meinung • **FR** avis, opinion • **EN** opinion [view, advice] • **PT** parecer, opinião **Beispiller** fir dësé Projet ass et besonnesch wichteg, den Avis vun alle Mataarbechter ze froen; ech gi mäin Avis ni gefrot; ier ech mech operéiere loossen, froen ech bei engem aneren Dokter en zweeten Avis **Synonym** Meenung **2. DE** Bekanntmachung • **FR** avis [annonce] • **EN** announcement, notice • **PT** aviso, edital **Beispill** den Avis iwwer d'Bautereglement stoung gëschter an der Zeitung **Synonym** Matdeelung **3. DE** (offizielle) Stellungnahme • **FR** avis lémanant d'une autorité • **EN** opinion [official statement] • **PT** parecer [opinião de uma autoridade] **Beispill** wann den Avis bis virläit, gëtt d'Gesetz nach eng Kéier duerchgekuckt

aviséieren [aviz'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé aviséiert) » **transitiv DE** begutachten, prüfen [ein Gutachten abgeben] • **FR** émettre son avis sur, évaluer de façon motivée • **EN** to appraise • **PT** emitir parecer sobre, avaliar **Beispill** de Staatsrot huet de Gesetzesprojet nach net aviséiert

Avocado [avok'a:do:] Maskulinum/Femininum (Pluriel Avocadoen) **DE** Avocado • **FR** avocat [fruit] • **EN** avocado • **PT** abacate [fruta] **Beispill** ech hunn eis dräi zeideng Avocadoe vum Maart matbruecht

avortéieren [avɔʁt'ziɔʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé avortéiert) » **intransitiv** DE *abtreiben* [die Schwangerschaft abbrechen] • FR *avorter* [interrompre la grossesse] • EN *to have an abortion* • PT *abortar* [interromper a gravidez] **Beispill** well der Mamm hir Gesondheet a Gefor war, huet si missen avortéieren **Synonym** ofdreiwien

Avortement [avɔʁtəmɑ̃:] Maskulinum (Pluriel Avortements) DE *Abtreibung*, *Schwangerschaftsabbruch* • FR *avortement* [interruption volontaire de grossesse] • EN *abortion* • PT *aborto* [interrupção voluntária da gravidez] **Beispill** weinst schlëmme Komplikatoune hunn d'Doktere der Fra en Avortement virgeschloen **Synonym** Ofdreiwung

Awand [ʼavɑ̃] Maskulinum (Pluriel Awänn) DE *Einwand* • FR *objection* • EN *objection* • PT *objeção* **Beispill** dem Architekt seng Awänn wäerten um neie Bauplang berücksichtegt ginn **Synonym** Objektioun

awanderen [ʼavɑ̃dərən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé agewandert) » **intransitiv** DE *einwandern* • FR *immigrer* • EN *to immigrate* • PT *imigrar* **Beispill** eis Famill ass 1868 agewandert **Synonym** immigréieren

Awanderer [ʼavɑ̃dərə] Maskulinum (Pluriel Awanderer) DE *Einwanderer* • FR *immigré* • EN *immigrant* • PT *imigrante* **Beispill** munch Awanderer hunn am gewielte Land eng nei Heemecht fonnt **Synonym** Immigrant

1 Weiblech Form: ♀Awanderin

Awanderin [ʼavɑ̃dərɪn] Femininum (Pluriel Awanderinnen) DE *Einwanderin* • FR *immigrée* • EN *immigrant* [female] • PT *imigrante* [mulher] **Beispill** d'Duechter vun där italieenescher Awanderin ass zu Lëtzebuerg op d'Welt komm **Synonym** Immigrantin

1 Männlech Form: ♂Awanderer

Awanderung [ʼavɑ̃dərʊŋ] Femininum (kee Pluriel) DE *Einwanderung* • FR *immigration* • EN *immigration* • PT *imigração* **Beispill** d'Awanderung spillt eng wichteg Roll an eiser Geschicht **Synonym** Immigratioun

Awanderungsgesetz [ʼavɑ̃dərʊŋsgəzɛts] Neutrum (Pluriel Awanderungsgesetze) DE *Einwanderungsgesetz* • FR *loi sur l'immigration* • EN *immigration law* • PT *lei da imigração* **Beispill** déi rietsradikal Partei huet Propaganda géint dat neit Awanderungsgesetz gemaach **Synonym** Immigratiounsgesetz

Awanderungsland Neutrum (Pluriel Awanderungslänner) DE *Einwanderungsland* • FR *pays d'immigration* • PT *país de imigração* **Beispill** Amerika an Australien zielen zu den typeschen Awanderungslänner **Synonym** Immigratiounsland

Awar [av'a:r] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *auf Wiedersehen* • FR *au revoir* • EN *goodbye* • PT *adeus* **Beispill** Awar a bis geschwënn! **2.** Awar soen DE *(sich) verabschieden*, *auf Wiedersehen sagen* • FR *dire au revoir* (à), *prendre congé* (de) • EN *to say goodbye* (to) • PT *dizer adeus* (a), *fazer as despedidas* (a) **Beispiller** hien ass gaangen, ouni Awar ze soen; ech wëll menger Frëndin nach séier Awar soen, ier mer fueren; hues de der Bomi schonn Awar gesot?

1 Variant: Awuer

1 Nieft **Awar soen** kann een och **awar soen** schreien.

awéckelen [ʼavekələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé agewéckelt) » **transitiv** **1.** DE *einwickeln*, *einpacken* • FR *emballer*, *envelopper* • EN *to wrap* (up) • PT *embrulhar*, *envolver* **Beispiller** kënnt Dir mir de Kadro awéckelen?; d'Mamm huet de Bëbee an eng déck Decken agewéckelt **Synonym** apaken **2.** DE *einwickeln*, *um den Finger wickeln* • FR *embobiner* [duper] • EN *to twist around one's* (little) *finger*, *to bamboozle* • PT *enganar*, *enrolar* **Beispill** hatt huet sech vu sengem Charme awéckele gelooss

aweechen [ʼave:çən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageweecht) » **transitiv** DE *einweichen* • FR *faire tremper* • EN *to soak* • PT *pôr de molho* **Beispiller** du kanns d'Gelatinn am kale Waasser aweechen; d'Wäsch mat deenen uerge Flecken ass e ganzen Dag ageweecht ginn

aweien [ʼavaiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ageweit) » **transitiv** **1.** DE *einweihen* [ein Bauwerk, ein Monument] • FR *inaugurer* [un édifice, un monument] • EN *to inaugurate* [to open officially], *to unveil* [a work of art] • PT *inaugurar* [um edifício, um monumento] **Beispill** d'Monument gouf a Presenz vun der Buergermeeschtesch ageweit **Synonym** inauguréieren **2.** aweien an DE *einweihen in* • FR *initier à* [révéler des choses secrètes] • EN *to let in on* [la secret] • PT *iniciar em* [revelar coisas secretas] **Beispill** wann s de kengem eppes sees, weie mer dech an eist Geheimnis an

Aweisung [ʼavaiʒʊŋ] Femininum (Pluriel Aweisungen)

1 Hei entsteeht en neien Artikel.

Aweigung [ʼavaiʒʊŋ] Femininum (Pluriel Aweigungen) DE *Einweihung* [offizielle Feier] • FR *inauguration* [cérémonie] • EN *inauguration* [opening ceremony] • PT *inauguração* [cerimónia] **Beispill** d'Ministesche war bei der Aweigung vun der Bréck derbäi **Synonym** Inauguratioun

awéiwäit Adverb DE *inwiefern* • FR *dans quelle mesure* • PT *em que medida* **Beispill** et konnt kee mer soen, awéiwäit déi nei Reglementatioun en Afloss op eis Aarbecht huet **Synonym** A wat fir engem Mooss

Awëllegung [ʼavələʒʊŋ] Femininum (Pluriel Awëllegungen) DE *Einwilligung* • FR *assentiment*, *consentement* • EN *consent* • PT *assentimento*, *consentimento* **Beispill** ouni d'Awëllegung vun der Gemeng däerf dat aalt Gebai net ofgerappt ginn **Synonymen** Autorisatioun, Geneemegung

awenden [ʼavændən] Verb » **transitiv** eppes anzuwenden hu géint DE *etwas einzuwenden* *haben gegen* • FR *avoir quelque chose à objecter à* • EN *to have an objection to*, *to have something against* • PT *ter algo a objetar a* **Beispill** de Client hat näischt géint eis Propositioun anzuwenden

1 Variant: awennen

awennen [ʼavəɲən] Verb - Variant vun ♂awenden

awer [ʼa:vɛ] Adverb DE *trotzdem*, *dennoch* • FR *quand même*, *malgré tout* • EN *nevertheless*, *regardless* • PT *mesmo assim*, *apesar disso* **Beispill** déi Nervese war net agelueden, an awer ass se um Fest opgetaucht

Synonym trotzdem

awer [ˈa:ve] Konjunktioun **DE** *aber* [jedoch] • **FR** *mais* • **EN** *but* [however] • **PT** *mas* [contudo, porém] **Beispiller** ech drénken en Aperitif, **awer** ouni Äis; mer hu mam Auto sechs Stonne gebraucht, **awer** mer haten och vill Stau ënnerwee **Synonym** mee

awer [ˈa:ve] Partikel **DE** *aber* • **FR** [sert à nuancer l'expressivité d'un énoncé] • **EN** [used to nuance the expressiveness of a statement] • **PT** [serve para matizar a expressividade de um enunciado] **Beispiller** du muss **awer** och ëmmer meckeren!; wat ass äre Bouf **awer** séier gewuess!; do hat ech mech **awer** ellen erfëiert!

awerfen [ˈa:vɛrfən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ageworf**) » **transitiv 1.** **DE** *einwerfen* [einen Brief, eine Münze] • **FR** *poster* [une lettre], *insérer* [une pièce de monnaie] • **EN** *to post* [a letter], *to insert* [a coin] • **PT** *pôr no correio* [uma carta], *introduzir* [uma moeda] **Beispiller** vergiess net, de Brëif anzewerfen!; fir hei kënnen ze parken, muss me er e puer Mënzen **awerfen** **Synonym** ageheien **2.** **DE** *einwerfen* [zertrümmern] • **FR** *casser*, *briser* [par le jet d'un projectile] • **EN** *to smash* [with a projectile] • **PT** *partir*, *quebrar* [por arremesso de um projétil] **Beispill** d'Bouwen **hunn** dem Noper seng Fënster mat engem Steen **ageworf** **Synonymmen** ageheien, aschëssen **3.** **DE** *einwerfen* [ins Spielfeld] • **FR** *remettre en jeu* [le ballon] • **EN** *to throw in* [a ball] • **PT** *voltar a pôr em jogo* [a bola] **Beispill** d'Spillerin wërft de Ball an **Synonym** ageheien

Awerglaf [ˈa:vɛglɑ:f] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Awerglawen

Awerglawen [ˈa:vɛglɑ:vən] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Aberglaube* • **FR** *superstition* [croyance à divers présages] • **EN** *superstition* • **PT** *superstição* [crença em presságios] **Beispill** aus Awerglawen hu vill Leit Angscht virun der Zuel 13

i Variant: Awerglaf

awierken [ˈa:vi:ɣkən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **agewierkt**) » **intransitiv** **awierken** op **DE** *Einfluss nehmen auf* • **FR** *influier sur* • **EN** *to influence* • **PT** *influir em* **Beispill** eng nei Campagne soll op de Leit hiert Verhalen am Stroosseverkëier **awierken**

Awierkung [ˈa:vi:ɣkʊŋ] Femininum (Pluriel Awierkungen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

awiesselen [ˈa:vi:əsələn] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **agewiesselt**) » **transitiv** **DE** *einwechseln* [einen Spieler] • **FR** *faire jouer en remplacement* • **EN** *to send on* [a substitute player] • **PT** *fazer entrar no jogo* [um jogador suplente] **Beispill** den Trainer huet säi

beschte Stiermer ze spëit **agewiesselt**

A-Woch [ˈa:vɔχ] Femininum (Pluriel A-Wochen) **DE** *A-Woche* [in den Schulen Luxemburgs] • **FR** *semaine A* [dans les écoles luxembourgeoises] • **EN** *A-week* [in Luxembourgish schools] • **PT** *semana A* [nas escolas luxemburguesas] **Beispill** an der A-Woch gesinn ech d'Hallschent vu menge Klassekomeroden an der Schoul, an der B-Woch léieren ech doheem

i Während dem Deconfinement gëtt et an de Lëtzebuurger Schoulen e System mat alternativ A- a B-Woche fir d'Schouklassen. D'A-Woch ass eng Léierwoch, an där d'Hallschent vun der Klass nei Inhalter an der Schoul léiert.

Aworf [ˈa:vɔʀf] Maskulinum (Pluriel Awërf) **DE** *Einwurf* [im Ballsport] • **FR** *remise en touche* [d'un ballon] • **EN** *throw-in* [of a ball] • **PT** *lançamento lateral* [de uma bola] **Beispill** am Fussball muss ee beim **Aworf** de Ball mat bëiden Hänn vun der Säitelinn aus ageheien

Awuer [a:v'u:ɣ] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Awar

awuessen [ˈa:vʷəsən] Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé **agewuess**) » **intransitiv** **DE** *einwachsen* [Nagel] • **FR** *s'incerner* [ongle] • **EN** *to grow in* [toenail] • **PT** *en-cravar-se* [unha] **Beispill** esoubal en Nol awiisst, muss de an d'Pedikür

Awunner [ˈa:vʷnɛ] Maskulinum (Pluriel Awunner) **DE** *Einwohner* • **FR** *habitant* • **EN** *inhabitant* • **PT** *habitante* **Beispill** den duerchschnëttlechen Energieverbrauch pro **Awunner** soll reduzéiert ginn

i Weiblech Form: ↗Awunnerin

Awunnerbezeechnung [ˈa:vʷnɛbətse:ɕnʊŋ] Femininum (Pluriel Awunnerbezeechnungen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Awunnerin [ˈa:vʷnɛrɪn] Femininum (Pluriel Awunnerinnen) **DE** *Einwohnerin* • **FR** *habitante* • **EN** *inhabitant* [female] • **PT** *habitante* [moradora] **Beispill** beim Affer handelt et sech ëm eng jonk **Awunnerin** aus eisem Duerf

i Männlech Form: ↗Awunner

Awunnerzuel [ˈa:vʷnɛtsuəl] Femininum (Pluriel Awunnerzuelen) **DE** *Einwohnerzahl* • **FR** *nombre d'habitants* • **EN** *population* [number of inhabitants] • **PT** *numero de habitantes* **Beispill** d'Awunnerzuel ass an de leschte Jore staark an d'Luucht gaangen

axéieren [aksˈzɛ:ɪəɾən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **axéiert**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

B

B Maskulinum (Pluriel B-en / B) DE *B* [Buchstabe] • FR *b* [lettre] • PT *b* [letra] **Beispill** de B ass den zweete Buschtaf vun eisem Alphabet

bä [bɛ:] Interjektion 1. ^[ɛ̃ɡs] DE *igitt, bäh* • FR *pouah, beurk* • EN *yuck* • PT *ui, bah* [para exprimir repugnância] **Beispill** *bä*, et ass Pelz um Gebeess! **Synonym** ä 2. DE *ätsch* • FR *nananère* • EN *nyah nyah nyah* • PT *la-la-la-la-la-lá* **Beispill** *bä*, mäi Stéck Kuch ass méi déck ewéi däint!

BA [be:'a:] Femininum (Pluriel BAen) DE *gute Tat* • FR *bonne action, B.A.* • EN *good deed* • PT *boa ação* **Beispiller** als Guide oder als Scout soll een all Dag eng BA maachen; wärend dem Confinement war et eng vun de Scouten hire BAen, datt se fir vulnerabel Leit akafe gaange sinn

Baach [ba:χ] Femininum (Pluriel Baachen) DE *Bach* • FR *ruisseau* [cours d'eau] • EN *stream* [brook] • PT *ribeiro* **Beispiller** an dëser Baach si vill Frelen; eise Projet ass d'Baach agaangen ^[ɛ̃ɡs]; eise Projet ass d'Baach ofgaangen ^[ɛ̃ɡs] [eise Projet ass net gelongen]; si sinn iwwerall derbäi, wou eng Kaz duerch d'Baach geschleeft gëtt! ^[ɛ̃ɡs] [si sinn iwwerall derbäi, wou eng lass ass]

Baache Jang [ba:χəʒ'ɑŋ] Eegennumm DE *Bache-Jang* • FR *Bache-Jang* • EN *Bache-Jang* • PT *Bache-Jang* **Beispiller** ech wunne beim Baache Jang; fiert dëse Bus bei de Baache Jang?

Baachforell Femininum (Pluriel Baachforellen) *Salmo trutta fario* - Variant vun ↗Baachfrell

Baachfrell Femininum (Pluriel Baachfrelen) *Salmo trutta fario* 1. DE *Bachforelle* [Tier] • FR *truite de rivière* [animal] • EN *river trout* [animal] • PT *truta-de-rio, truta-fário* [animal] **Beispill** d'Baachfrelle friessen an der Haaptsaach Insekten 2. DE *Bachforelle* [Nahrungsmittel] • FR *truite de rivière* [aliment] • EN *river trout* [food] • PT *truta-de-rio, truta-fário* [aliment] **Beispill** schmaacht Baachfrell eigentlech anescht ewéi Reeboufrell?

ⁱ Variant: Baachforell

BA-Aktioun [be:'a:aksj]'əʊn] Femininum (Pluriel BA-Aktiounen) DE *solidarische Aktion, Gute-Tat-Aktion* • FR *bonne action, B.A., action de solidarité* • EN *good deed, good turn* • PT *boa ação, ação de solidariedade* **Beispill** d'Scouten aus eiser Gemeng hunn eng BA-Aktioun gestart a si fir eeler Leit akafe gaangen

baang [ba:ŋ] Adjektiv 1. DE *(angst und) bange* • FR *inquiet, préoccupé* • EN *anxious, worried* • PT *inquieto, preocupado* **Beispiller** fir den Examen ass et mir net baang; et gëtt mer baang, wann ech dat do gesinn; et ass him baang ëm seng Plaz; et ass mir net baang fir hien [ech maache mer keng Suergen ëm hien] 2. et baang maachen DE *(Angst und) Bange machen* • FR *faire peur à, inquiéter* • EN *to frighten* • PT *meter medo a, inquietar* **Beispill** den Houseker mécht de Kanner et baang

baangen [b'a:ŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebaangt)

ⁱ Hei entsteet en neien Artikel.

Baangschësser [b'a:ŋʃəsɛ] Maskulinum (Pluriel Baangschësser) ^[vereelt] ^[ɛ̃ɡs] DE *Angsthase, Feigling* • FR *trouillard, poule mouillée* • EN *sissy, yellow-belly, scaredy-cat* • PT *cagarola, medicas* **Beispill** dee Baangschësser traut sech net, owes eleng an de Keller ze goen! **Synonymmen** Boxeschësser, Fäer-taasch, Fäertert

ⁱ Weiblech Form: ↗Baangschëssesch

Baangschëssesch [b'a:ŋʃəsəʃ] Femininum (Pluriel Baangschëssesch) ^[vereelt] ^[ɛ̃ɡs] DE *Angsthase, Feigling* • FR *trouillarde, poule mouillée* • EN *sissy, yellow-belly, scaredy-cat* [female] • PT *cagarola, medicas* [muller, rapariga] **Beispill** déi Baangschëssesch traut sech emol net, owes eleng an de Keller ze goen! **Synonym** Boxeschëssesch

ⁱ Männlech Form: ↗Baangschësser

Baarf [ba:rf] Maskulinum (Pluriel Baarwen) *Barbus barbuis* 1. DE *Barbe* [Tier] • FR *barbeau* (commun) [animal] • EN *barbel* [animal] • PT *barbo* [animal] **Beispill** de Fëscher huet grouss gekuckt, wéi en deen dëcke Baarf un der Aangel hat 2. DE *Barbe* [Nahrungsmittel] • FR *barbeau* (commun) [aliment] • EN *barbel* [food] • PT *barbo* [alimento] **Beispill** hautdesdaags gëtt bei eis kaum nach Baarf giess

baarmhärzeg [ba:mh'ɛ:ɛtsəç] Adjektiv DE *barmherzig* • FR *charitable* • EN *compassionate, merciful* • PT *caridoso* **Beispill** sidd baarmhärzeg mat deenen Aarmen!

Baarmhärzegkeet [ba:mh'ɛ:ɛtsəçke:t] Femininum (kee Pluriel) DE *Barmherzigkeit, Herzengüte* • FR *miséricorde, charité* • EN *compassion, mercy* • PT *miseri-córdia, caridade* **Beispill** d'Baarmhärzegkeet ass eng schéin Dugend

ⁱ Variant: Barmhärzegkeet

Baart [ba:rt] Maskulinum (Pluriel Bäert) 1. DE *Bart* [Gesichtsbehaarung] • FR *barbe* • EN *beard* • PT *barba* **Beispiller** mäi Brudder léisst sech de Baart wuessen, fir méi al auszegesinn; ech hunn e staarke Baart [mäi Baart wüsst séier]; mäi Papp mécht (sech) all Moien de Baart [mäi Papp raséiert sech all Moien]; ech verstinn net, wat dee Granzert a säi Baart grommelt ^[ɛ̃ɡs] [ech verstinn net, wat dee Granzert esou onverständlech seet]; no menger laanger Sortie krut ech vu menger Fra de Baart gemaach ^[ɛ̃ɡs] [no menger laanger Sortie sinn ech vu menger Fra vernannt ginn]; ier dat geschitt, hues du e laange Baart ^[ɛ̃ɡs] [dat wäert ni geschéien]; dee Witz huet e laange Baart ^[ɛ̃ɡs] [dee Witz ass zënter Laangem bekannt] 2. DE *Bart, Schnurrhaare* • FR *moustaches* [vibrisses] • EN *whiskers* • PT *bigodes* [vibrissas] **Beispill** d'Kaz botzt sech de Baart 3. DE *Bart, Schlüsselbart* • FR *panneton* • EN *bit* [of key] • PT *palhetão* [da chavel] **Beispill** wéi ech de Schlëssel am Schlass gedreit hunn, ass de Baart ofgebrach

Baartgeier [b'a:rtgɔiɛ] Maskulinum (Pluriel Baartgeier / Baartgeieren) *Gypaetus barbatus* DE *Bartgeier* • FR *gypaète barbu* • EN *lammergeier* • PT *quebra-ossos* **Beispill** wéi laang bréien d'Baartgeier?

Baartmees [ba:rtm'e:s] Femininum (Pluriel Baartmeesen) Panurus biarmicus **DE** Bartmeise • **FR** mésange à moustaches • **EN** bearded reedling • **PT** chapim-de-bigode **Beispill** wéi laang bréien d'Baartmeesen?

Baasch [ba:f] Femininum (Pluriel Baaschen) - Variant vun ↗Baatsch

Baaschtert [b'a:ftɛt] Maskulinum (Pluriel Baascherten) **DE** Bastard, Mischling [Tier] • **FR** bâtard [animal croisé] • **EN** mongrel • **PT** animal cruzado, híbrido **Beispill** hiren neien Hond ass e Baaschtert

Baaschnech [b'a:ftnɛç] Eegennumm **DE** Bastogne • **FR** Bastogne • **EN** Bastogne • **PT** Bastogne **Beispiller** ech wunnen zu Baaschnech; fiert dëse Bus op Baaschnech?

Baastenduerf [b'a:stændu:ɛf] Eegennumm **DE** Bastendorf • **FR** Bastendorf • **EN** Bastendorf • **PT** Bastendorf **Beispiller** ech wunnen zu Baastenduerf; fiert dëse Bus op Baastenduerf?

Baatsch [b'a:tʃ] Femininum (Pluriel Baatschen) **1. DE** Peitsche • **FR** fouet, cravache • **EN** whip, riding crop • **PT** chicote, pingalim **Beispill** de Kutscher huet d'Päerd mat enger Baatsch gedriwwen **Synonym** Gäissel **2. DE** Fliegenklatsche • **FR** tapette, tue-mouches • **EN** fly swatter • **PT** enxota-moscas, mata-moscas **Beispill** bréng mer eng Baatsch, fir d'Harespelen ewechzejoen! **Synonym** Méckebaatsch

Baatsch [ba:tʃ] Femininum (Pluriel Baatschen) **DE** Zeltplane • **FR** bâche [toile] • **EN** flysheet, tarpaulin • **PT** lona, oleado **Beispill** d'Baatsch huet de Reen ofgehalen

i Variant: Baasch

baatschen [b'a:tʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebaatscht)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Babbel [b'abəl] Femininum (Pluriel Babbelen) **1. [ëgs]** **DE** Mund, Mundwerk • **FR** clapet [bouche] • **EN** mouth [organ of speech] • **PT** boca [como órgão da fala] **Beispill** hal deng Babbel! **Synonym** Schnabbel **2. DE** Plappermäulchen • **FR** pipelette • **EN** chatterbox • **PT** tagarela **Beispill** sai klengt Meedchen ass eng richtig Babbel **Synonym** Schnabbel

babbeleg [b'abələç] Adjektiv **DE** geschwätzig • **FR** bavard • **EN** chatty, talkative • **PT** tagarela **Beispiller** um Kanddaf souz de Pätter bei senge babbelegen Niessen um Dësch; beim Coiffer hunn e puer babbeleg Clienteen op hiren Tour gewaart **Synonymmen** schnabbeleg, schnaddereg, schnésseg

babbelen [b'abələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebabbelt) » **intransitiv** [ëgs] **DE** plappern, schwatzen • **FR** papoter • **EN** to chatter, to babble • **PT** palrar, tagarelar **Beispill** haalt op mat babbelen a lauschtet no! **Synonymmen** schnabbelen, schnadderen

Babbeler [b'abələ] Maskulinum (Pluriel Babbeler) **1. [ëgs]** **DE** Plappermaul • **FR** moulin à paroles • **EN** chatterbox • **PT** palrador, falador **Beispiller** dee klenge Babbeler fällt dem Schoulmeeschter stänneg an d'Wuert; dee Babbeler kann näischt fir sech behalen **2. [ëgs]** de Babbeler hunn **DE** angeheitert sein • **FR** avoir la langue

déliée [sous l'effet de l'alcool] • **EN** to be tipsy • **PT** ter um grão na asa **Beispill** hien huet schonn de Babbeler, géff em léiwer näischt méi ze drénken!

i Weiblech Form: ↗Babbelesch

Babbelesch [b'abələʃ] Femininum (Pluriel Babbeleschen) [ëgs] **DE** Plapperin • **FR** moulin à paroles [femme] • **EN** chatterbox [female] • **PT** palradora, faladora

i Männlech Form: ↗Babbeler

Babbelgraatsch [b'abəlgra:tʃ] Femininum (Pluriel Babbelgraatschen) Sylvia curruca **DE** Klappergrasmüche • **FR** fauvette babillarde • **EN** lesser whitethroat • **PT** papa-amoras-cinzento **Beispill** wéi laang bréien d'Babbelgraatschen? **Synonym** Mëllerchen

Baby [b'a:bi:] Maskulinum (Pluriel Babyen) - Variant vun ↗Bébee

Babyblues [b'ɔ̃bi:blu:s] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Babyblues • **FR** baby-blues • **EN** baby blues • **PT** baby blues, depressão pós-parto **Beispill** de Babyblues ass zeréckzeféieren op grouss hormonell Verännerungen no der Gebuert

Babyjoer [b'a:bi:jo:ɛ] Neutrum (Pluriel Babyjoren) **DE** Babyjahr [zur Berechnung der Rente] • **FR** année d'éducation [majoration pour le calcul de la retraite] • **EN** baby year [for pension calculation] • **PT** ano de educação [para o cálculo da reforma] **Beispill** fir d'Pensioun kritt meng Mamm véier Babyjoren ugerechent

babysitten Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebabysitt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Babysitter [b'ɔ̃bi:sitɛ] Maskulinum (Pluriel Babysitteren) **DE** Babysitter • **FR** babysitter • **EN** babysitter • **PT** baby-sitter **Beispill** gitt ouni mech an de Kino, esou kuerzfristeg fannen ech kee Babysitter!

i Weiblech Form: ↗Babysitterin

Babysitterin [b'ɔ̃bi:sitɛrɪn] Femininum (Pluriel Babysitterinnen) **DE** Babysitterin • **FR** babysitter, babysitteuse • **EN** babysitter [female] • **PT** baby-sitter [rapariga] **Beispill** mir kënne leider net mat iesse goen, well eis Babysitterin keng Zäit huet, fir op d'Kanner opzepassen

i Männlech Form: ↗Babysitter

Bac Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** Bakkalaureat [Schulabschluss] • **FR** bac, baccalauréat • **EN** baccalaureate • **PT** diploma de ensino secundário **Beispill** ass d'Première gläichgestallt mam Bac? **2. Bac +2 / Bac +3 / Bac +5** **DE** Höheres Fachdiplom, Bachelorabschluss, Masterabschluss • **FR** bac +2, bac +3, bac +5 • **EN** diploma of higher education, bachelor's degree, master's degree • **PT** diploma de nível pós-secundário [obtido após 2 anos de estudos], licenciatura, mestrado **Beispill** fir dee Posten ass e Bac +5 gefrot

Bac [bak] Maskulinum (Pluriel Backen) **DE** Kübel • **FR** bac [réceptif] • **EN** tub, container • **PT** tina, vaso **Beispill** du muss deng Blummen a méi grouss Backe setzen **Synonym** Kiwwel

Bacalhau Maskulinum (kee Pluriel) DE *Bacalhau* [Nahrungsmittel] • FR *morue séchée* [aliment] • EN *bacalhau, dried cod* [food] • PT *bacalhau* [aliment] **Beispill** du muss de **Bacalhau** gutt aweechen, ier s de n e kanns verschaffen

Bächelchen [b'æçəlçən] Femininum (Pluriel Bächelcher) - Diminutivform vun ↗Baach

Bachelor [b'ætʃələ] Maskulinum (Pluriel Bacheloren) DE *Bachelorabschluss, Bachelor* • FR *licence, bachelor* [bac +3] • EN *Bachelor, Bachelor's degree* • PT *licenciatura* [grau acadêmico de 3 anos] **Beispiller** fir dës Plaz muss een als Ofschloss e **Bachelor** hunn; ech maachen den Ament e **Bachelor** an der Geschicht

Bäckelchen [b'ækəlçən] Maskulinum (Pluriel Bäckelcher) - Diminutivform vun ↗Bak

Bäcker [b'ækə] Maskulinum (Pluriel Bäcker / Bäckeren) DE *Bäcker* • FR *boulangier* • EN *baker* • PT *padeiro* **Beispill** bei dësem **Bäcker** kritt een och sonndes frëscht Brout

W Weiblech Form: ↗Bäckesch

Bäckerei [bækə'ɔi] Femininum (Pluriel Bäckereien) DE *Bäckerei* [Betrieb] • FR *boulangerie* • EN *bakery* • PT *padaria* **Beispill** an där **Bäckerei** kritt ee ganz gutt Aachtercher

Bäckesch [b'ækəʃ] Femininum (Pluriel Bäckeschen) DE *Bäckerin* • FR *boulangère* • EN *baker* [female] • PT *padeira* [mulher] **Beispill** d'Bäckesch bei eis em den Eck verkeeft samschdes vegan Kaffiskichelcher

W Männlech Form: ↗Bäcker

Bäckeschdosen [bækəʃ'dozən] Femininum (kee Pluriel) DE *dreizehn Stück zum Preis von zwölf* • FR *treize pour le prix de douze* • EN *baker's dozen* • PT *treze pelo preço de doze* **Beispiller** hien huet beim Pâtissier eng Bäckeschdose Kaffiskichelcher kritt; si haten eng Bäckeschdose Kanner [égs] [si hate vill Kanner]

Backpulver [b'akpulfe] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) DE *Backpulver* • FR *levure chimique* • EN *baking powder* • PT *fermento em pó* **Beispill** vergiess de **Backpulver** net, soss geet de Kuch net op

Backup [bæg'ap] Maskulinum (Pluriel Backuppen / Backups)

W Hei entsteet en neien Artikel.

backuppen [bæg'apən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebackuppt)

W Hei entsteet en neien Artikel.

bâcléieren [ba:kl'ɛərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bâcléiert)

W Hei entsteet en neien Artikel.

Bad [ba:t] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Bieder) DE *Bad* [für die Körperhygiene] • FR *bain* [pour l'hygiène corporelle] • EN *bath* [for personal hygiene] • PT *banho* [para a higiene corporal] **Beispill** wiertes duschen ech mech an de Weekend huelen ech e **Bad**

Badanstalt Eegennumm DE *Badanstalt* [Hallenbad in Luxemburg-Stadt] • FR *Badanstalt* [piscine couverte de

la ville de Luxembourg] • EN *Badanstalt* [indoor swimming pool in Luxembourg city] • PT *Badanstalt* [piscina coberta na cidade de Luxemburgo] **Beispiller** meng Mamm huet an de Siwwenzegerjoren an der **Badanstalt** geléiert schwammen; ech notze meng **Mëttesstonn** dacks, fir an der **Badanstalt** ze relaxen

W Bis 1950 war d'**Badanstalt**, déi vun 1906-1910 am Jugendstil gebaut gouf, déi eenzeg iwverdeekten öffentlech Schwämm zu Lëtzebuerg. Een Deel vum Gebai war och dunn nach reservéiert fir Leit, déi e Buedzëmmer wollte lounen, fir sech ze wäschen. Um éischte Stack gouf et eng Galerie ronderëm de Baseng, op där Plaz war fir bis zu 200 Leit, déi just wollten nokucken. Ufank den goer Jore gouf aus där einfacher frëierer Schwämm e Centre aquatique mat Wellnessbereich.

Badetti [bad'æti:] Maskulinum (Pluriel Badettien) [égs] DE *Koloss, Brocken* • FR *costaud, sacré morceau* • EN *hefty bloke, bulky object* • PT *matulão, coisa enorme, monstro* **Beispiller** säi Monni ass e **Badetti** vun dräi Zener; kuck emol deen Trakter, wat ass dat e **Badetti!** **Synonym** Batti

Bau [bæ:ʊ] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE Bau [Vorgang] • FR construction [édification] • EN construction • PT construção [edificação] **Beispill** de **Bau** vun der neier Sportshal geet schätzeg virun **2.** (kee Pluriel) DE Bau [Baustelle] • FR chantier [de construction] • EN building site • PT obra [de construção] **Beispiller** d'**Aarbechten** um **Bau** komme gutt virun; hie schafft um **Bau** [hie schafft als Bauaarbechter] **3.** (Pluriel Bauten) DE Bau, Gebäude • FR bâtiment [édifice] • EN building [structure] • PT prédio, edifício **Beispill** den neie **Bau** ass gëschter ageweit ginn **4.** (Pluriel Bai) DE Bau [Erdhöhle von Tieren] • FR terrier • EN earth, lair • PT toca, covil **Beispill** de Fuuss huet sech a sengem **Bau** verkroch

Bauaarbechten [b'ɑ:ɑ:bəçtən] Femininum (kee Singulier) DE Bauarbeiten • FR travaux de construction • EN building work, construction work • PT obras de construção **Beispill** esoubal mer den Accord vun der Gemeng hunn, fänke mer mat de Bauaarbechten un

Bauaarbechter [b'æ:ɑ:bəçte] Maskulinum (Pluriel Bauaarbechter) DE Bauarbeiter • FR ouvrier (du bâtiment) • EN labourer, building worker • PT operário (da construção civil) **Beispill** hie schafft als **Bauaarbechter** bei engem Entrepreneur

i Weiblech Form: ♀Bauaarbechterin

Bauaarbechterin [b'ɑ:ɑ:bəçtərin] Femininum (Pluriel Bauaarbechterinnen) DE Bauarbeiterin • FR ouvrière (du bâtiment) • EN labourer, building worker [female] • PT operária (da construção civil) **Beispill** kéints du der virstellen, als **Bauaarbechterin** ze schaffen?

i Männlech Form: ♂Bauaarbechter

Baubranche [b'ɑ:ɑbrã:] Femininum (Pluriel Baubranchen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Bauch [bæ:ʊχ] Maskulinum (Pluriel Bäich) **1.** DE *Bauch* [Körperteil] • FR *ventre* [partie du corps] • EN *stomach* • PT *barriga*, *ventre* **Beispiller** eist Klengt huet de **Bauch** esou wéi, datt mer besser bei den Dokter ginn; mäi Mann läit gären um **Bauch** fir ze schlofen; ech hunn nach näischt am **Bauch** [ëgs] [ech hunn nach näischt giess]; mir hunn eis de **Bauch** gehale vu Laachen [mir hunn immens vill gelaacht]; do hat ech nach ni de **Bauch** wéi [ëgs] [do war ech nach ni]; eise Klenge kann engem Lächer an de **Bauch** froen! [ëgs] [leise Klenge kann ee mat senge Froen nerven]; fir Tickete fir dee Concert ze kréien, stoung mer eis d'Been an de **Bauch** [ëgs] [fir Tickete fir dee Concert ze kréien, stoung mer ganz laang do ze waarden] **2.** DE *Bauch*, *Laderaum* • FR *ventre* [soute d'un navire, d'un avion] • EN *shipping space* • PT *porão* [de um navio, de um avião] **Beispill** d'Containere si mam Kran aus dem **Bauch** vum Schëff gehuewe ginn

Bauchspeicheldrüs [b'ʊχʃpaɪçældry:s] Femininum (Pluriel **Bauchspeicheldrüsen**) DE *Bauchspeicheldrüse* • FR *pancréas* • EN *pancreas* • PT *pâncreas* **Beispill** d'**Bauchspeicheldrüs** spillt eng wichteg Roll bei der Verdauung **Synonym** Pankreas

Bauchspeicheldrüsekreibs

[b'ʊχʃpaɪçældry:zəkri:ps] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Bauchspeicheldrüsenkrebs* • FR *cancer du pancréas* • EN *pancreatic cancer*, *cancer of the pancreas* • PT *carco do pâncreas* **Beispill** beim **Bauchspeicheldrüsekreibs** sinn d'Heelungschancen ëmmer nach kleng **Synonym** Pankreaskreibs

Bauchwéi [b'æ:ʊχvɛɪ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Bauchschmerzen* • FR *mal de ventre* • EN *tummy ache*, *sore tummy* • PT *dores de barriga* **Beispill** d'Patientin krëmmt sech vu **Bauchwéi**

bauen [b'ʊʂən] Verb (Hëllesverb **hunn**, Participe passé **gebaut**) » **transitiv** **1.** DE *bauen* [errichten] • FR *construire* [bâtir, édifier] • EN *to build* [to construct] • PT *construir* [lergir, edificar] **Beispiller** weini ass déi Bréck **gebaut** ginn?; an der Cité ginn nei Haiser **gebaut**; eis Kanner **baue** grad leis Kanner loosse grad en Haus **bauen**; op dee kanns de (Haiser) **bauen** [ëgs] [op dee kanns de dech verloossen]; déi jonk Sportler waren all gutt **gebaut** [déi jonk Sportler haten all en athleetesche Kierperbau] **2.** DE *bauen* [herstellen] • FR *construire* [fabriquer] • EN *to build* [to produce] • PT *construir* [fabricar] **Beispill** dësen Autosmodell **gëtt** net méi **gebaut**

i Verben, déi **bauen** als Basis hunn: ↗abauen, ↗ausbauen, ↗bäibauen, ↗ëmbauen, ↗nobauen, ↗ofbauen, ↗opbauen, ↗ubauen, ↗virbauen, ↗weiderbauen, ↗zesummebauen an ↗zoubauen

Bauer [b'ʊʂə] Maskulinum **1.** (Pluriel **Bauern**) DE *Bauer* [Landwirt] • FR *paysan*, *agriculteur* • EN *farmer* • PT *agricultor*, *lavrador* **Beispiller** bei eis **gëtt** et vu Joer zu Joer manner **Bauern**; wat de **Bauer** net kennt, dat frësst en net [ëgs] [wat een net kennt, dat wëllt een net]; deen dommste **Bauer** huet déi déckste Gromperen [ëgs] [loch domm Leit kënnen Chance hunn] **2.** (Pluriel **Baier**) DE *Bube* [Spielkarte] • FR *valet* [carte à jouer] • EN *jack* [playing card] • PT *valete* [carta de jogar] **Beispiller** firwat hues de grad elo dee **Bauer** ausgespillt?; an dengem Kaartespill sinn nëmmen dräi

Baier **3.** (Pluriel **Baier**) DE *Bauer* [Kegel] • FR *valet* [quille] • EN *corner pin*, *corner skittle* • PT [Definitiuun] *no jogo de bowling de nove pinos*, *nome que designa o pino esquerdo e o pino direito da terceira linha* **Beispill** spill dee lénke **Bauer**, mee pass op, datt d'Klatz net am Kul-lang lant! **4.** (Pluriel **Bauern**) DE *Bauer* [Schachfigur] • FR *pion* [pièce d'échecs] • EN *pawn* [chess figure] • PT *peão* [peça de xadrez] **Beispill** hien huet de Kinnek mat engem **Bauer** schachmatt gesat **5.** [vulgär] **kale** **Bauer** DE *Wichse* [Sperma] • FR *foutre* [sperme] • EN *come*, *cum* [semen] • PT *esporra* **Beispill** op der Toilette am Keller richt et no kalem **Bauer** **Synonym** Jitz

i Weiblech Form: ↗Bauerefra

Bauerebetrieb [baʊərəbɛtʁi:p] Maskulinum (Pluriel **Bauerebetriber**) DE *landwirtschaftlicher Betrieb* • FR *entreprise agricole*, *exploitation agricole* • EN *farm*, *agricultural business* • PT *exploração agrícola* **Beispill** fir kompetitiv ze bleiwen, brauch e **Bauerebetrieb** genuch Land

Bauerebrou Neutrum **1.** (kee Pluriel) DE *Bauernbrot* [Nahrungsmittel] • FR *pain de campagne* [aliment] • PT *pão campestre* [aliment] **Beispill** hëls du Sauerdeeg, fir däi **Bauerebrou** ze baken? **2.** (Pluriel **Bauerebrou**) DE *Bauernbrot* [Laib] • FR *pain de campagne* [pain à l'unité] • PT *pão campestre* [unidade de pão] **Beispill** ech ginn nach zwee **Bauerebrou** vum Pond bei de Bäcker sichen

Bauerefra [baʊərəfʁ'a:] Femininum (Pluriel **Bauerefraen**) DE *Bäuerin* • FR *paysanne*, *agricultrice* • EN *farmer* [female] • PT *agricultora*, *lavradora* **Beispill** weinst där ugekënnegter Keelt hëlt d'**Bauerefra** d'Beischten iwwer Nuecht an de Stall

i Männlech Form: ↗Bauer

Baueremuseum Maskulinum (Pluriel **Baueremuseeën**) DE *Bauernmuseum*, *Landwirtschaftsmuseum* • FR *musée rural* • EN *agricultural museum* • PT *museu rural* **Beispill** am **Baueremuseum** kënnen d'Kanner Geschier gesinn, dat haut net méi an der Landwirtschaft agesat gëtt

Bauernhaff [baʊərənh'af] Maskulinum (Pluriel **Bauernhaff**) **1.** DE *Bauernhof* [Betrieb] • FR *ferme* [exploitation agricole] • EN *farm* [business] • PT *exploração agrícola* [empresa] **Beispill** an de Vakanzen hëllef en ech mengem Monni un **Bauernhaff** **Synonym** **Haff** **2.** DE *Bauernhof* [Anlage] • FR *ferme* [bâtiment(s)] • EN *farm* [building(s)] • PT *quinta* [edifício(s)] **Beispill** wou fréier de **Bauernhaff** stoung, läit elo nëmmen nach e Koup Gestengs

Bauernham [baʊərənh'a:m] Femininum (Pluriel **Bauernhamen**) DE *Bauernschinken* • FR *jambon de campagne*, *jambon de pays* • EN *farmhouse ham*, *country ham* • PT *presunto caseiro* **Beispill** mir hunn eng gutt **Bauernham** am Schnatt

Bauernhaus [b'ʊʂərənhæ:ʊs] Neutrum (Pluriel **Bauernhaiser**) DE *Bauernhaus* • FR *maison fermière*, *ferme* [habitation] • EN *farmhouse* • PT *casa de quinta* **Beispill** dat **Bauernhaus** huet eng schéin al eechen **Dier**

Bauerennascht [bʌʊərənˈaʃt] Neutrum (Pluriel Bauerennäschter) [ɛɡs] [pejorativ] DE Nest, Kaff • FR patelin, trou • EN dump, hole [village] • PT aldeola, parvónia **Beispiller** an esou engem Bauerennascht géif ech keen Haus kafen; an deem Bauerennascht kritt een nëmmen zweemol den Dag e Bus fir an d'Stad **Synonymmen** Kaff, Kouduerf, Nascht

Bauerepäerd [bʌʊərəpɛːɐ̯t] Neutrum (Pluriel Bauerepäerd) DE Arbeitspferd, Zugpferd, Kaltblut • FR cheval de labour, cheval de trait • EN carthorse • PT cavalo de lavoura, cavalo de tiro **Beispill** d'Bauerepäerd goufen no an no duerch Trakteren ersat **Synonym** Schaffpäerd

Bauereregel Femininum (Pluriel Bauerereegelen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

baufällig [bʌʊfælɪç] Adjektiv DE baufällig • FR caduc, délabré • EN dilapidated • PT caduco, ruinoso **Beispiller** dat baufällegt Haus gëtt ofgerappt; d'Bréck gouf gespaart, well se baufällig ass

Baufirma Femininum (Pluriel Baufirmaen / Baufirmen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Baufläch [bʌʊːʃflæç] Femininum (Pluriel Bauflächen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Baugeneemegung [bʌʊgəneːməʒuŋ] Femininum (Pluriel Baugeneemegungen) **1.** DE Baugenehmigung [Bauerlaubnis] • FR permis de construire [autorisation de construire] • EN building permit, planning permission • PT licença de construção [autorização para construir] **Beispill** d'Noperen haten anscheinend keng Baugeneemegung fir hir nei Garage **2.** DE Baugenehmigung [Dokument] • FR permis de construire [document] • EN building permit, planning permission [document] • PT licença de construção [documento] **Beispill** mir kënnen d'Baugeneemegung muer op der Gemeng ofhuelen

Bauhär [bʌʊhɛːɐ̯] Maskulinum (Pluriel Bauhären) DE Bauherr • FR maître d'ouvrage • EN client [for whom a building is being built], developer, contractor • PT mestre de obras **Beispill** d'Aarbechten um Bau goufe gestoppt, well de Bauhär d'Reglement net agehalen hat **Synonym** Constructeur

Bauingenieur [bʌʊɛ̃ːʒenjœːr] Maskulinum (Pluriel Bauingenieuren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Bauingenieurin [bʌʊɛ̃ːʒenjœːrin] Femininum (Pluriel Bauingenieurinnen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Baukäschen [bʌʊkæʃtən] Substantiv (kee Singular) DE Baukosten • FR coûts de construction • EN building costs, construction costs • PT despesas de construção **Beispill** eng speziell Kommissioun këmmert sech ëm d'Evaluatioun vun de Baukäschen

Baukasten [bʌʊkastən] Maskulinum (Pluriel Baukasten) DE Baukasten • FR jeu de construction • EN set of building blocks [toy] • PT jogo de construção **Beispill**

als klenge Jong hunn ech gär mam Baukasten gespillt

Baumaterial [bʌʊmateriaːl] Neutrum (Pluriel Baumaterialer / Baumaterialien) DE Baumaterial • FR matériaux de construction • EN building material(s) • PT material de construção **Beispiller** muer gëtt d'Baumaterial geliwert; mir kafen d'Baumaterialien all bei deem selwechten Händler

Bauperimeeter Maskulinum (Pluriel Bauperimeeteren) - Variant vun ↗Bauperimeter

Bauperimeter [bʌʊpɛrimeːtɐ] Maskulinum (Pluriel Bauperimeteren) DE von der Gemeinde ausgewiesenes Bauland • FR périmètre de construction, périmètre de constructibilité • EN construction boundary, settlement boundary • PT perímetro de construção **Beispiller** d'Stéck, dat mer geierft hunn, läit am Bauperimeter; bei eis an der Gemeng soll de Bauperimeter erweidert ginn

i Kuerzform: Perimeter

Bauplang [bʌʊplɑŋ] Maskulinum (Pluriel Baupläng) DE Bauplan [Zeichnung] • FR plan de construction • EN building plans [blueprints] • PT plano de construção **Beispill** dem Architekt seng Awänn wäerten um neie Bauplang berücksichtegt ginn

Bauplaz [bʌʊplaːts] Femininum (Pluriel Bauplazen) DE Bauplatz, Baugrundstück • FR terrain à bâtir • EN building plot • PT terreno para construção **Beispill** si hunn eng Bauplaz kaaft, fir e jumeléiert Haus drop ze bauen

Bauprojet [bʌʊpʁoʒɛː] Maskulinum (Pluriel Bauprojeten) DE Bauplan, Bauvorhaben, Bauprojekt • FR projet de construction • EN building project • PT projeto de construção **Beispill** fir e Bauprojet vun där Envergure muss e Gesetz gestëmmt ginn

baupsen [bʌʊpsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebaupst) » intransitiv DE maulen [aufbrausend reagieren] • FR râler [réagir de manière agressive] • EN to snap [to say in an angry way] • PT resmungar, barafustar **Beispill** du muss net direkt baupsen, wann der eppes net geet!

i Verben, déi **baupsen** als Basis hunn: ↗erëmbaupsen, ↗baupsen an ↗zeréckbaupsen

Bauschelt [bʌʊʃælt] Eegennumm DE Bauschleiden • FR Boulaide • EN Boulaide • PT Boulaide **Beispiller** ech wunnen zu Bauschelt; fiert dese Bus op Bauschelt?

Bauschelter Millen [bʌʊʃæltɛmˈilən] Eegennumm DE Bauschleiden Mühle • FR Boulaide-Moulin • EN Boulaide-Moulin • PT Boulaide-Moulin **Beispiller** ech wunnen op der Bauschelter Millen; fiert dese Bus op d'Bauschelter Millen?

Bauschutt [bʌʊʃʊt] Maskulinum (kee Pluriel) DE Bauschutt • FR gravats [déchets de chantier] • EN building rubble • PT entulho [resíduos provenientes de obras] **Beispill** et sinn ongeféier aacht Tonne Bauschutt ofgeluede ginn

baussecht [bʌʊːsɔçt] Adjektiv DE Außen... [auf der Außenseite befindlich] • FR extérieur [du côté externe] • EN outer, exterior • PT exterior, de fora **Beispill** et wier am Fong duergaangen, wann s de déi baussecht Säit

vum Schaf frësch gebeezt häss **Synonym** baussenzeg

baussen [b'æ:ʊsən] **Adverb** **DE** *außen* • **FR** *à l'extérieur, dehors* • **EN** *outside* • **PT** *no exterior, fora* **Beispiller** d'Haus ass bannen a *bausse* renovéiert ginn; mir hu vu baussen duerch d'Fënster eragekuckt; d'Dier geet no baussen op; vu baussen erkennt een net, wann d'Kand eng Otitt huet

baussent [b'æ:ʊsənt] **Prepositioun** » **mam Akkusativ / mam Dativ** **DE** *außerhalb, aus ... heraus* • **FR** *en dehors de, à l'extérieur de [hors des limites de]* • **EN** *outside [beyond the boundaries of]* • **PT** *fora de [fora dos limites de]* **Beispiller** si wunne baussent der Stad; mir ginn dacks baussent d' Stad spadséieren; bleif mir baussent der Dier! [égs] [komm net eran!]; hie geet bal ni baussent d'Dier [égs] [hie geet bal ni aus sengem Haus eraus]

baussenzeg [b'æ:ʊsəntsəç] **Adjektiv** **DE** *Außen...* [auf der Außenseite befindlich] • **FR** *extérieur [du côté externe]* • **EN** *outer, exterior* • **PT** *exterior, de fora* **Beispill** et wier am Fong duergaangen, wann s de déi baussenzeg Säit vum Schaf frësch gebeezt häss **Synonym** baussecht

Bausteen [b'ʊʃtɛ:n] **Maskulinum** (Pluriel Bausteng) **DE** *Baustein [Bestandteil]* • **FR** *élément (constitutif), constituant* • **EN** *element, component* • **PT** *elemento (constituante), componente* **Beispill** dat neit Gesetz ass e wichtige Bausteen an der Reform vum Gesundheitssystem

Baustell [b'ʊʃtæ:l] **Femininum** (Pluriel Baustellen) **DE** *Baustelle* • **FR** *chantier* • **EN** *building site, construction site* • **PT** *obra(s) [de construção]* **Beispill** weess du, wéi laang d'Baustell an eiser Strooss nach dauert? **Synonym** Chantier

Bautekommissioun [b'ʊʃtəkəmisjəʊn] **Femininum** (Pluriel Bautekommissiounen) **DE** *Baukommission* • **FR** *commission des bâtisses* • **EN** *(local) planning authority* • **PT** *comissão de construção* **Beispill** d'Bautekommissioun huet d'Maximalhéicht fir d'Haiser festgeluecht

Bautereglement [b'ʊʃtəregləmænt] **Neutrum** (Pluriel Bautereglementer) **DE** *Bauordnung* • **FR** *règlement de construction* • **EN** *building regulations* • **PT** *regulamento de construção* **Beispill** wéinst dem Bautereglement därerfe mer eis Fassad net géftgréng usträichen

Bauterrain [b'ʊʃtɛrɛ:] **Maskulinum** (kee Pluriel) **DE** *Bauland, Baugelände* • **FR** *terrain constructible* • **EN** *building plot, building land* • **PT** *terreno para construção* **Beispill** de Präis vum Ar Bauterrain ass an de leschte Méint licht gefall

Bauwierk [b'ʊʃvi:çk] **Neutrum** (Pluriel Bauwierker) **DE** *Bauwerk* • **FR** *construction, édifice* • **EN** *building, structure* • **PT** *construção, edifício* **Beispill** gëschter koum op der Tëlee e flotte Reportage iwwer berümt barock Bauwierker an Italien

Bauwiesen [b'ʊʃviəzən] **Neutrum** (kee Pluriel) **DE** *Bauwesen* • **FR** *bâtiment [secteur d'activité]* • **EN** *building industry, building trade* • **PT** *construção civil* **Beispill** d'Lein am Bauwiese sinn ajustéiert ginn

Bauz [bæ:ʊts] **Maskulinum** (Pluriel Bauzen) **1.** [égs] **DE** *Rind [Nutztier]* • **FR** *bovin* • **EN** *cow* • **PT** *(animal) bovino* **Beispiller** de Bauer huet nach just ee Bauz a sengem

Stall stoen; d'Kanner kucken de Bauzen op der Wiss gären no **2.** [égs] [pejorativ] **DE** *Tölpel, Trottel* • **FR** *lourdaut* • **EN** *oaf, fool* • **PT** *lorpa* **Beispill** hues de schonn emol esou e Bauz gesinn? **Synonymmen** Topert, Eefalt

bauzeg [b'æ:ʊtsəç] **Adjektiv** [égs] **DE** *dämlich* • **FR** *bête, idiot* <Adverb *bêtement, stupidement*> • **EN** *stupid, idiotic* <Adverb *stupidly, idiotically*> • **PT** *idiota, parvo* <Adverb *estupidamente*> **Beispiller** mat esou engem bauzege Behuele méchs de der keng Frënn; wéi kann ee sech nëmmen esou bauzeg uleeën? **Synonymmen** blöd, idiotesch

Bauzegkeet [b'æ:ʊtsəçke:t] **Femininum** (Pluriel Bauzegkeeten) [égs] **DE** *Dummheit, Unsinn* • **FR** *connerie, ânerie, bêtise* • **EN** *idiocy, blunder, howler, foolishness* • **PT** *disparate, parvoice* **Beispill** esou eng Bauzegkeet hätt ech deem intelligente Mann net zougetraut! **Synonymmen** Ieselzegkeet, Kallefzegkeet, Rëndvéizegkeet

Baxter [b'ʌkstɛ] **Maskulinum** (Pluriel Baxteren) **DE** *Infusion, Tropf* • **FR** *perfusion* • **EN** *drip, (intravenous) infusion* • **PT** *perfusão* **Beispill** fir datt se net wéi hunn, kréie vill Patienten no enger Operatioun e Baxter mat engem Analgetikum **Synonymmen** Infusioun, Perfusioun

Bazar [b'ʌzɑ:r] **Maskulinum** (Pluriel Bazaren) - Variant vun ↗Basar

Bazill [bats'il] **Maskulinum/Femininum** (Pluriel Bazillen) **DE** *Bazillus, Bakterie* • **FR** *bacille, bactérie* • **EN** *bacillus* • **PT** *bacilo* **Beispiller** ech krut Antibiotiquë verschriwwen, well ech Bazillen am Waasser hat; d'Fichtigkeit ass en ideale Milieu fir Bazillen **Synonym** Bakterie

Bazooka **Femininum** (Pluriel Bazookaen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

BD [be:d'e:] **Femininum** (Pluriel BDen) - Kuerzform vun ↗Bande dessinée

beaarbechten [bə'a:bəçtən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé beaarbecht) » **transitiv 1.** **DE** *bearbeiten [sich befassen mit, verändern]* • **FR** *s'occuper de, traiter* • **EN** *to work on [to deal with]* • **PT** *trabalhar, processar, tratar de* **Beispill** ech muss deen Dossier haut nach beaarbechten **2.** **DE** *bearbeiten [Material]* • **FR** *travailler [des matériaux]* • **EN** *to work (on) [to shape]* • **PT** *trabalhar [dar forma a]* **Beispill** de Kënschtler beaarbecht sà Stee mat Hummer a Meessel **3.** [égs] **DE** *bearbeiten [einreden auf]* • **FR** *manipuler [chercher à influencer]* • **EN** *to work on [to pester]* • **PT** *trabalhar, manipular* **Beispill** d'Kand huet seng Mamm esou laang beaarbecht, bis datt se him e Vëlo kaaft huet

beafen [bə'a:fən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé beaaft) » **transitiv** [égs] **DE** *anglotzen, begaffen* • **FR** *dévisager* • **EN** *to gape at, to gawp at* • **PT** *fitar, olhar feito parvo para* **Beispill** déi nei Schülerin gouf vun der ganzer Klass beaaft

beaflossen [bə'aflosən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé beaflosst) » **transitiv** **DE** *beeinflussen* • **FR** *influencer* • **EN** *to influence* • **PT** *influenciar* **Beispiller** seng Kollegen hu probéiert, den Zeien ze beaflossen; d'Leit ginn dacks vun de Medie beaflosst **Synonym** influenzéieren

beamen [b'i:mən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gebeamt*) » **transitiv** 1. **DE** *beamen* [versetzen] • **FR** *téléporter* • **EN** *to beam* [to transport] • **PT** *teletransportar, teleportar* **Beispill** mengs de, et wier iergendwann techesch méiglech, Leit vun enger Plaz op déi aner ze *beamen*? 2. **DE** *beamen* [projizieren] • **FR** *projeter* [à l'aide d'un vidéoprojecteur] • **EN** *to project* [an image] • **PT** *projetar* [por meio de um videoprojetor] **Beispill** kanns de d'Grafike wannechgelift op den Ecran *beamen*?

Beamer Maskulinum (Pluriel *Beameren*) **DE** *Beamer* • **FR** *vidéoprojecteur* • **EN** *projector* • **PT** *videoprojetor* **Beispill** kann ech mäin eegene Laptop un de *Beamer* usschleissen?

Beamten [bə'amtən] Maskulinum (Pluriel *Beamten*) - Kuerzform vun *Staatsbeamten*

Beamten Maskulinum (Pluriel *Beamten*) - Kuerzform vun *Privatbeamten*

Beamtin [bə'amtin] Femininum (Pluriel *Beamtinnen*) - Kuerzform vun *Staatsbeamtin*

beandrocken [bə'andrəkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *beandrockt*) » **transitiv** **DE** *beeindrucken* • **FR** *impressionner, épater* • **EN** *to impress* [to have an effect on] • **PT** *impressionar* [produzir efeito em] **Beispill** mech ka keen esou séier *beandrocken*!; mäi Brudder ass ganz *beandrockt* vun deem schéine Meedchen **Synonym** *impressionéieren*

beandrokend [bə'andrəkənt] Adjektiv **DE** *beeindruckend* • **FR** *impressionnant, extraordinaire* <Adverb *extraordinairement*> • **EN** *impressive* <Adverb *impressively*> • **PT** *impressionante, extraordinário* <Adverb *impressionantemente*> **Beispill** de Musée huet eng *beandrokend* Kollektioun **Synonym** *impressionnant*

beängschtegend [bə'æŋʃtəzənt] Adjektiv **DE** *beängstigend* • **FR** *inquiétant* • **EN** *alarming, frightening* • **PT** *inquietante* **Beispill** et ass *beängschtegend*, wéi séier dës Krankheet ëm sech gräift

beanstanden Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *beanstant*) » **transitiv** **DE** *beanstanden* • **FR** *critiquer* [un défaut, un manque] • **EN** *to criticise, to find fault with* • **PT** *reclamar, criticar* [um defeito, uma falta] **Beispill** bis elo hate mir um Chantier vun eisem neien Haus net vill ze *beanstanden*; vill Leit *beanstanden*, datt et nach ëmmer net genuch Vëlosweeër gëtt **Synonym** *bemängelen*

beanträchtegen [bə'antræçtəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *beanträchtegt*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

beantworten [bə'æntvərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *beantwortet*) » **transitiv** **DE** *beantworten* • **FR** *répondre à* [une question, une lettre] • **EN** *to answer* [a letter, a question] • **PT** *responder a* [uma pergunta, uma carta] **Beispill** ech kann Iech dës Fro net *beantworten*; ech muss nach dräi Bréiwer *beantworten*

Beauté [b'o:tɛ:] Femininum (Pluriel *Beautéen*) **DE** *Schönheit* [Person] • **FR** *beauté* [personne] • **EN** *beauty* [person] • **PT** *beleza* [pessoa] **Beispill** hatt war als *Beauté* an der ganzer Stad bekannt **Synonym** *Schönheit*

Bebauung [bəb'auŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Bebauung* • **FR** *aménagement, urbanisation* • **EN** *development, urbanisation* • **PT** *construção, urbanização* **Beispill** ronderëm d'Stad brauche mer en neit Konzept vu Mobilitéit a *Bebauung*

Bebauungsplang [bəb'auŋsplaŋ] Maskulinum (Pluriel *Bebauungspläng*) **DE** *Bebauungsplan* • **FR** *plan d'aménagement* [urbanisme] • **EN** *development plan* [urbanisation] • **PT** *plano de urbanização* **Beispill** d'Gemeng wëllt de Bierger deen neie *Bebauungsplang* presentéieren; déi kommunal *Bebauungspläng* sollen an Zukunft harmoniséiert ginn

Bëbee [b'əbe:] Maskulinum (Pluriel *Bëbeeën*) **DE** *Baby, Säugling* • **FR** *bébé, nourrisson* • **EN** *baby* • **PT** *bebé* **Beispill** firwat kräischt de *Bëbee*?; dee Buttek verkeeft elo och Gezei fir *Bëbeeën* **Synonym** *Puppelchen*

i Varianten: *Baby, Beebee*

Beccarre Maskulinum (Pluriel *Beccarren*) **DE** *Auflösungszeichen* [Notenschriftzeichen] • **FR** *béccarre* • **EN** *natural* [musical note] • **PT** *bequadro* **Beispill** de *Beccarre* gëtt an enger Partitur mat *♯* notéiert

Bech [bæç] Eegennumm **DE** *Bech* • **FR** *Bech* • **EN** *Bech* • **PT** *Bech* **Beispill** ech wunnen zu *Bech*; fiert dëse Bus op *Bech*?

Bechamel Femininum (Pluriel *Bechamellen*) - Kuerzform vun *Bechamelszooss*

Bechamelszooss [bɛʃamɛlsts'o:s] Femininum (Pluriel *Bechamelszoossen* / *Bechamelszosen*) **DE** *Béchamelsauce* • **FR** *sauce béchamel* • **EN** *béchamel* (sauce) • **PT** *molho bechamel* **Beispill** ass nach genuch Botter do, fir eng *Bechamelszooss* ze maachen? **Synonym** *Wäiss Zooss*

i Kuerzform: *Bechamel*

Becher [b'æçɐ] Maskulinum (Pluriel *Becheren*) 1. **DE** *Becher* [Gefäß] • **FR** *gobelet* [contenant] • **EN** *beaker, cup, container* [for a sample] • **PT** *copo* [recipiente sem pé] **Beispill** um Camping drénke mir aus plastiks *Becheren*; wou sinn d'*Bechere* fir d'*Gedrénks*?; virun der Kontroll beim Dokter krut ech e *Becher*, fir eng Waasserprouf dranzemaachen 2. **DE** *Becher* [Inhalt] • **FR** *gobelet* [contenu] • **EN** *beaker, cup* [content] • **PT** *copo* [conteúdo] **Beispill** kanns de mir e *Becher* *Viz* erausschëdden, wannechgelift?; ech hat esou een *Duuscht*, datt ech zwee *Becheren* (Waasser) beienee gedronk hunn

becheren [b'æçərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gebechert*) » **intransitiv** [egs] **DE** *bechern* • **FR** *picoler* • **EN** *to drink, to booze* • **PT** *entornar-se, beber* [muito álcool] **Beispill** hie *bechert* de Weekend *gäre* mat senge *Kolleegen*; op der *Kiermes* *gouf* gutt *gebechert*

Becher Millen [b'æçɛm'ilən] Eegennumm **DE** *Bech-Moulin* • **FR** *Bech-Moulin* • **EN** *Bech-Moulin* • **PT** *Bech-Moulin* **Beispill** ech wunnen op der *Becher Millen*; fiert dëse Bus op d'*Becher Millen*?

Bech-Maacher [bæçm'a:çɛ] Eegennumm **DE** *Bech-Kleinmacher* • **FR** *Bech-Kleinmacher* • **EN** *Bech-Kleinmacher* • **PT** *Bech-Kleinmacher* **Beispill** ech wunnen zu

Bech-Maacher; fiert dëse Bus op Bech-Maacher?

Béchs [bɛks] Femininum (Pluriel Béchsen) **1. DE** Dose, Büchse • **FR** boîte de conserve, canette • **EN** tin, can • **PT** lata [de alimentos, de bebidas] **Beispiller** déi hongereg Studentin huet sech eng Béchs Ravioli opgemaach; ech gi mer an den Automat eng Béchs Limonad sichen; nuets spillen se um Radio Musek aus der Béchs [ɛɡs] Inuets spillen se um Radio enregistriert Musek] **Synonym** Dous **2. DE** Sammeldose • **FR** boîte de collecte [métallique] • **EN** collecting tin • **PT** caixa de pedatório [metálica] **Beispill** d'Musek ass mat der Béchs vun Dier zu Dier gaangen

béchsen [b'ɛksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebéchst) » **transitiv 1.** [ɛɡs] **DE** büffeln, pauken • **FR** bûcher, bosser [réviser] • **EN** to swot, to cram • **PT** empinar [decorar] **Beispill** ech ginn de Mëtteg bei e Schoukollneg déi onreegelméisseg Verbe béchsen **Synonym** knuppen » **intransitiv 2.** [ɛɡs] **DE** büffeln, pauken • **FR** bûcher, bosser [réviser] • **EN** to swot, to cram • **PT** marcar [estudar] **Beispiller** mäi Brudder béchst grad fir seng Geschichtsprüfung; d'Studentin huet fir hiren Exame vill gebéchst **Synonym** léieren

Béchsenëffner [b'ɛksənɛfnɛ] Maskulinum (Pluriel Béchsenëffner) **DE** Dosenëffner • **FR** ouvre-boîte • **EN** tin opener • **PT** abre-latas **Beispill** dat do ass esou iwweerflësseg ewéi en elektresche Béchsenëffner!

Béchsert [b'ɛksɛt] Maskulinum (Pluriel Béchserten) [ɛɡs] **DE** Büffler • **FR** bûcheur • **EN** swot, crammer • **PT** mar-rão [pessoa muito estudiosa] **Beispiller** de Béchsert huet fir den Examen alles auswenne geléiert; an hirer Klass si praktesch nëmme Béchserten

W Weiblech Form: **Bechsesch**

Béchsesch [b'ɛksə] Femininum (Pluriel Béchseschen) [ɛɡs] **DE** Büfflerin • **FR** bûcheuse • **EN** swot, crammer [female] • **PT** marrona [pessoa muito estudiosa] **Beispill** déi Béchsesch léiert all Prüfungsmatière auswenne

M Männlech Form: **Bechsert**

Bechsteinfliedermaus [b'æçftaɪnflɪɛdɛmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Bechsteinfliedermaus) **Myotis** bechsteinii **DE** Bechsteinfledermaus • **FR** murin de Bechstein • **EN** Bechstein's bat • **PT** morcego de Bechstein **Beispill** eng Kolonie vu Bechsteinfliedermais brauch generell ronn 70 Hektar als Juegdgebiet

Béckchen [b'ɛkçən] Maskulinum (Pluriel Béckercher) - Diminutivform vun **Beck**

Becken [b'ækən] Maskulinum (Pluriel Becken) **DE** Becken [Körperteil] • **FR** bassin [partie du corps] • **EN** pelvis • **PT** bacia [parte do corpo] **Beispill** beim Accident huet de Chauffeur sech de Becke gebrach

bécken [b'ɛkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebéckt) » **transitiv 1.** **DE** senken [beugen] • **FR** baisser [courber] • **EN** to bend, to bow [one's head] • **PT** baixar [curvar] **Beispiller** du muss de Kapp bécken, fir duerch d'Dier ze kommen; een Zeeche fir eng Meningite ka sinn, datt een de Kapp net méi bis op d'Broscht gebéckt krit; ech brauch de Kapp net virun deem Mann ze bécken [ɛɡs] [ech brauch mech net virun deem Mann ze schommen] » **reflexiv 2.** **DE** sich

bücken • **FR** se baisser • **EN** to bend down, to stoop • **PT** baixar-se **Beispiller** op der Foto béckt d'Kand sech grad, fir en Apel opzerafen; wéinst hirem akuten Hexeschoss kann d'Patientin sech iwweerhaupt net bécken

Béckerlek [b'ɛkɛlək] Maskulinum (Pluriel Béckerleken) **DE** Bückling [geräucherter Hering] • **FR** hareng saur, hareng fumé • **EN** kipper, bloater • **PT** arenque fumado **Beispill** gëschter Owend gouf et Béckerleke bei eis doheem

V Variant: **Bécklek**

Bécklek [b'ɛkɛlək] Maskulinum (Pluriel Béckleken) - Variant vun **Beckerlek**

bedächtg [bəd'æçtəç] Adjektiv **DE** bedächtig • **FR** posé [calme] <Adverb posément> • **EN** measured, calm • **PT** pausado [calmo] <Adverb pausadamente> **Beispill** hien huet eng bedächtg Aart a Weis fir ze schwätzen

bedalen [bəd'a:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bedaaht) » **transitiv** [ɛɡs] **DE** berappen, blechen • **FR** raquer, payer [régler] • **EN** to settle, to pay for • **PT** pagar, arrotar [despesa] **Beispiller** komm, ech bedalen dee ganze Betrag an da gëtt jidderee mir säin Deel zeréck; an den Ae vu ville Leit baut de Staat deier Gebaier an de Steierzueler muss (se) bedalen **Synonymmen** berappen, blechen, bezuelen

bedämpft [bəd'æmpt] Adjektiv [ɛɡs] **DE** bekifft, zuge-dröhnt • **FR** défoncé [drogué] • **EN** wasted, high [from drugs] • **PT** pedrado [drogado] **Beispill** de Chauffeur war bedämpft an hat nach e puer Titercher Gras bei sech

bedanken [bəd'ɑŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bedankt) » **reflexiv** sech bedanken (bei) **DE** sich bedanken (bei) • **FR** dire merci (à) • **EN** to thank • **PT** agradecer (a) **Beispiller** de President huet sech häerzlech bei senger Mataarbechter bedankt; hie wäert sech fir déi Aarbecht bedanken! [ironesch] [hie wäert net frou sinn iwweer déi Aarbecht]

Bedarf [bəd'ɑrf] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** Bedarf [Verbrauch] • **FR** besoins (propres) [consommation, usage] • **EN** needs [requirement(s)] • **PT** (próprios) necessidades [consumo, uso] **Beispiller** eisen Noper hält e puer Hénger fir säin eegene Bedarf; d'Pëlle géint de Wéi soll ech just bei Bedarf anhuelen [d'Pëlle géint de Wéi soll ech just anhuelen, wann et néideg ass] **2. DE** Bedarf [Nachfrage, erforderliche Menge] • **FR** besoin [demande, pénurie] • **EN** need [demand] • **PT** necessidade [falta, escassez] **Beispill** et besteet e grouse Bedarf u Crècheplazen **Synonymmen** Besoin, Nofro

bedauern [bəd'ɑʊəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bedauert) » **transitiv 1.** **DE** bedauern [bemitleiden] • **FR** plaindre [considérer avec compassion] • **EN** to pity, to feel sorry for • **PT** lastimar, ter pena de **Beispiller** deen aarme Mann ass ze bedauern; ech bedauern all déi, déi nuets muss schaffen **Synonym** bemitleeden **2. DE** bedauern [schade finden] • **FR** regretter [trouver dommage] • **EN** to regret • **PT** lamentar, deplorar **Beispill** d'Schüler bedauern, datt et an der Klass zu deem schlëmme Sträit koum **Synonym** regrettieren

bedauerlech [bəd'ɑ:ʃelɔ:ç] Adjektiv **DE** bedauerlich • **FR** regrettable [malencontreux] • **EN** regrettable, unfortunate • **PT** lamentável, deplorável **Beispiller** bei der Feier koum et zu engem bedauerlechen Töschefall; et ass bedauerlech, datt si sech net konnten eenegen

bedauernswäert [bəd'ɑ:ʃensvɛ:çt] Adjektiv **DE** bedauernswert, bemitleidenswert • **FR** pitoyable, malheureux [inspirant la pitié] • **EN** pitiful • **PT** infeliz, miserável [que inspira dó] **Beispill** hien ass e bedauernswäerte Mënsch, deen nëmme Pech an Liewen huet **Synonym** aarm

bedecken [bəd'ækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bedeckt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

bedeckt [bəd'ækt] Adjektiv **1. DE** bedeckt [bewölkt] • **FR** couvert [de nuages] • **EN** overcast, cloudy • **PT** coberto [de nuvens] **Beispill** et ass bedeckt, géi net ouni Prabbeli eraus! **2.** sech bedeckt halen **DE** sich bedeckt halten • **FR** ne pas se prononcer [sur un sujet précis] • **EN** to keep a low profile • **PT** não se pronunciar [sobre determinado assunto] **Beispiller** den Zeien huet sech bis zum Prozess bedeckt gehalten; meng Doktesch hält sech mat enger Prognos zum Verlaf vu menger Krankheet bedeckt

I „bedeckt“ kann och de Participe passé vum Verb **bedecken** sinn.

bedeelegen [bəd'e:ləzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bedeelegt) » **transitiv 1.** bedeelegen un **DE** beteiligen an [mitwirken lassen] • **FR** faire participer à • **EN** to involve, to make part • **PT** fazer participar em **Beispiller** eng bekannt Kënschtlerin gouf um Projet bedeelegt; d'Personal ass um Benefice bedeelegt [d'Personal kritt en Deel vum Benefice ausbezuelt] » **reflexiv 2.** sech bedeelegen (un) **DE** sich beteiligen (an), teilnehmen (an) • **FR** participer (à), prendre part (à) • **EN** to participate in, to join in • **PT** participar (em), tomar parte (em) **Beispill** si bedeelege sech fräiwëlleg un der Botzaktioun **Synonymen** deelhuelen (un), matmaachen (bei), participéieren (un) **3.** sech bedeelegen (un) **DE** sich beteiligen (an) [finanziell] • **FR** participer (à) [contribuer financièrement (à)] • **EN** to contribute [financially] • **PT** participar (em) [contribuir financeiramente (para)] **Beispiller** ech hu mech un den Onkäschte vum Fest bedeelegt; d'Patiente mussen sech zum Deel un de Käschte fir e Kliniksupenthalt bedeelegen **Synonym** participéieren (un)

Bedelegung [bəd'e:ləzʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Beteiligung [Mitwirkung, Teilnahme] • **FR** participation, contribution • **EN** contribution [financial involvement] • **PT** participação, contribuição **Beispill** eis Bedelegung um Finanzement ass nach net sécher **Synonym** Participatioun

bedeiten [bəd'ɑ:ɪtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bedeit) » **transitiv 1. DE** bedeuten [ausdrücken] • **FR** signifier [avoir pour signification] • **EN** to mean [to signify] • **PT** significar, querer dizer **Beispiller** ech froe mech, wat dat Wuert bedeit; wat bedeit dee Gest? **Synonym** heeschen **2. DE** bedeuten [zur Folge haben] • **FR** signifier [impliquer, présager] • **EN** to mean [to imply, to herald] • **PT** significar [implicar, pressagiar] **Beispill** bass de der bewusst, wat dat fir deng Zukunft bedeit? **Syn-**

onym heeschen **3. DE** bedeuten [Gewicht haben] • **FR** signifier [importer, compter] • **EN** to mean [to be important] • **PT** significar [importar, valer] **Beispiller** fir mäi Brudder bedeuten d'Suen iwverhaapt näischt; menger Mamm hir Auer bedeit mir perséinlech vill, mee se huet keng Valeur

bedeitend [bəd'ɑ:ɪtənt] Adjektiv **1. DE** bedeutend, wichtig • **FR** important, décisif, déterminant • **EN** important [significant] • **PT** importante, decisivo, determinante **Beispiller** d'Infirmière huet an där Geschicht eng bedeitend Roll gespillt; dat war eng bedeitend Period a mengem Liewen **Synonym** wichteg **2. DE** bedeutend, namhaft, angesehen • **FR** important, renommé, célèbre, remarquable • **EN** important [notable, famous] • **PT** importante, notável, célebre **Beispiller** dat war schohn zu Liefzäiten e bedeitende Kënschtler; dee Staudamm ass eng bedeitend technesch Leeschtung **3. DE** bedeutend, beträchtlich • **FR** important, considérable • **EN** considerable [large] • **PT** importante, considerável **Beispill** meng Elteren hunn eng bedeitend Zomm an Immobilien investéiert **Synonym** grouss

bedeitend [bəd'ɑ:ɪtənt] Adverb **DE** bedeutend [um vieles] • **FR** nettement [beaucoup] • **EN** considerably [markedly] • **PT** bastante, muito **Beispill** et geet dem Patient haut bedeitend besser **Synonym** vill

Bedeutung [bəd'ɑ:ɪtʊŋ] Femininum **1.** (Pluriel Bedeutungen) **DE** Bedeutung, Sinn [eines Ausdrucks] • **FR** sens [d'un mot, d'une expression] • **EN** meaning, sense [of a word] • **PT** significado [de uma palavra, de uma expressão] **Beispill** dëst Wuert huet verschidde Bedeutungen **Synonym** Sënn **2.** (kee Pluriel) **DE** Bedeutung, Sinn [eines Werks, einer Handlung] • **FR** signification [d'une œuvre, d'une action] • **EN** meaning, sense [of an artistic work] • **PT** significado [de uma obra, de uma ação] **Beispill** dat Gedicht huet eng déif Bedeutung **Synonym** Sënn **3.** (kee Pluriel) **DE** Bedeutung, Gewicht • **FR** portée, importance • **EN** meaning [significance] • **PT** significado, alcance, importância **Beispiller** al Traditionen a Gebräicher verléiere mat der Zäit u Bedeutung; deen Detail ass nawell vu Bedeutung! [deen Detail ass nawell wichteg] **Synonym** Gewiicht

bedéngt [bəd'ɛŋt] Adverb **DE** bedingt • **FR** sous certaines réserves • **EN** to some extent, partly • **PT** em parte, sob certas reservas **Beispill** dat ass nëmme bedéngt richtig

Bedéngung [bəd'ɛŋʊŋ] Femininum (Pluriel Bedéngungen) **1.** (kee Singulier) **DE** Bedingungen [Umstände] • **FR** conditions [circonstances] • **EN** conditions [circumstances] • **PT** condições [circunstâncias] **Beispill** mir musse Bedéngunge schafen, déi eng gutt Zesummenaarbecht méiglech maachen **Synonym** Konditiounen **2. DE** Bedingung [Voraussetzung, Forderung] • **FR** condition [exigence, préalable] • **EN** condition [requirement, terms] • **PT** condição [exigência, requisito] **Beispiller** ech léinen der d'Buch ënner der Bedéngung, datt s de mer et d'nächst Woch erëmbréngs; eng vun de Bedéngunge fir dës Aarbecht ass, datt een 18 Joer huet **Synonym** Konditioun

Bedenken [bəd'æŋkən] Neutrum (Pluriel Bedenken) (meeschtens Pluriel) **DE** Bedenken [Zweifel] • **FR** réserve [doute] • **EN** doubts, reservations • **PT** dúvida,

reserva **Beispill** wat eisem Mataarbechter seng Eierlechkeet ugeet, do hunn ech meng **Bedenken** **Synonym** Zweifel

bedenken [bəd'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beduecht) » **transitiv 1.** **DE** *bedenken* [erwägen, berücksichtigen] • **FR** *prendre en compte, considérer, se rendre compte de* • **EN** *to bear in mind, to take into account* • **PT** *ter em conta, considerar* **Beispiller** du muss beim Akafe **bedenken**, datt s de eréischt Enn des Mounts deng Pai kriss; ech ginn der ze **bedenken**, datt s de net méi kanns ausginn, wéi s de verdéngs lech weisen dech drop hin, datt s de net méi kanns ausginn, wéi s de verdéngs] » **reflexiv 2.** **DE** *sich bedenken, überlegen, nachdenken* • **FR** *réfléchir* [en vue d'une décision] • **EN** *to think, to ponder* • **PT** *refletir* [com vista a uma decisão] **Beispiller** ech muss mech nach e bësse **bedenken**, fir der eng Äntwert kënnen ze ginn; d'Koppel huet sech laang **beduecht**, ier se déi wichteg Decisioun geholl huet

bedenklech [bəd'æŋklɛç] Adjektiv **DE** *bedenklich* [besorgniserregend] • **FR** *préoccupant, alarmant* • **EN** *alarming, serious* [worrying] • **PT** *preocupante, alarmante* **Beispill** de Betrib ass finanziell an enger **bedenklicher** Situatioun

Bedenkzäit [bəd'æŋktsæ:ɪt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Bedenkzeit* • **FR** *temps de réflexion* • **EN** *time to think* • **PT** *tempo de reflexão* **Beispill** si hunn d'Haus net direkt kaaft, si hunn sech nach **Bedenkzäit** gefrot

Bedierfnes [bəd'i:ɣfnəs] Neutrum (Pluriel **Bedierfnesser**) **1.** **DE** *Bedürfnis* [Wunsch, Verlangen] • **FR** *besoin* [désir] • **EN** *need(s)* [desire, requirement] • **PT** *necessidade, precisão* [desejo] **Beispill** ech hunn d'**Bedierfnes**, mat engem iwwer meng Problemer ze schwätzen **Synonym** **Besoin 2.** (meeschtens Pluriel) **DE** *Bedürfnis* [Notwendigkeit] • **FR** *besoin* [nécessité, exigence] • **EN** *needs, requirements* • **PT** *necessidade* [exigência] **Beispill** déi nei Busse sinn op d'**Bedierfnesser** vu Leit mat enger Behënerung ausgeriicht **Synonym** **Besoin**

i Varianten: **Bedierfnis, Bedürfnis**

Bedierfnis [bəd'i:ɣfnis] Neutrum (Pluriel **Bedierfnisser**) - Variant vun **Bedierfnes**

bedierfteg [bəd'i:ɣftɛç] Adjektiv - Variant vun **bedürfteg**

bedrécken [bədR'ekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bedréckt**) » **transitiv DE** *bedrücken* • **FR** *affliger, chagriner, accabler* • **EN** *to worry, to trouble* • **PT** *afligir, entristecer, atormentar* **Beispiller** et huet mech **bedréckt**, datt ech net invitéiert gouf; so mer dach, wat dech **bedréckt!** **Synonym** drécken

bedrecksen [bədR'æksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bedreckst**) » **transitiv** [ɛgs] **DE** *verdrecken, dreckig machen* • **FR** *salir, souiller* • **EN** *to dirty* • **PT** *sujar* **Beispill** mat senge knaschtege Schong huet et mäin Auto **bedreckst**

bedreeën [bədR'e:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bedreet**)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

bedréien [bədR'ziən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bedrunn**) » **transitiv 1.** **DE** *betrügen, hintergehen, täuschen* • **FR** *tromper, duper* • **EN** *to deceive, to betray* • **PT** *enganar, intrujar, iludir* **Beispiller** jorelaang huet den Diktator d'Land belunn a **bedrunn**; ech kéint meng Partnerin ni **bedréien!** [lech kéint ni friemgoen!]; mat denger Schähnellegkeet **bedréis** de dech selwer [ɛgs] [mat denger Schähnellegkeet bass de net éierlech mat der selwer] **Synonym** hannergoen **2.** **DE** *betrügen, übervorteilen* • **FR** *tromper, escroquer* [une personne] • **EN** *to cheat, to defraud* • **PT** *defraudar* [espolar] **Beispill** de Keefer ass em 100 Euro **bedru** ginn **Synonymmen** beducksen, bedupsen

bedreiwén [bədR'aiwən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bedriwwen**) » **transitiv DE** *betreiben* [ein Unternehmen] • **FR** *tenir, exercer* [un commerce] • **EN** *to run* [a business] • **PT** *gerir* [um negócio] **Beispill** hie **bedreift** niewelaanscht e klenge Wäinhandel

Bedreiwér [bədR'aiwɛ] Maskulinum (Pluriel **Bedreiwér**) **DE** *Betreiberfirma, Betreibergesellschaft* • **FR** *société d'exploitation* • **EN** *operator* [company] • **PT** *operador, empresa exploradora* **Beispill** de **Bedreiwér** vum Telefonsnetz ass Faillite gaangen

bedroen [bədR'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bedrot**) » **transitiv DE** *bedrohen* [verängstigen, einschüchtern] • **FR** *menacer* [intimider] • **EN** *to threaten* • **PT** *ameaçar* [intimidar] **Beispiller** den Déif huet säin Affer mam Messer **bedrot**; wann en Hond sech **bedrot** fillt, da kéint en emol bäissen **Synonym** menacéieren

Bedrohung [bədR'o:uŋ] Femininum (Pluriel **Bedrohungen**) - Variant vun **Bedroung**

bedrolech [bədR'o:lɛç] Adjektiv **DE** *bedrohlich* • **FR** *menaçant* • **EN** *intimidating* • **PT** *ameaçador* **Beispill** dat militärescht Manöver un der Grenz gëtt vun den Nopereen als **bedrolech** ugesinn

bedrot [bədR'o:t] Adjektiv **DE** *bedroht* [existentiell gefährdet] • **FR** *menacé* [de disparaître] • **EN** *at risk, threatened, endangered* • **PT** *ameaçado* [em risco de desaparecer] **Beispiller** duerch dës Reform si vill Aarbechtsplaze **bedrot**; dës Zort Fliedermais steet op der Lëscht vun de **bedroten** Aarten

i „bedrot“ kann och de Participe passé vum Verb **bedroen** sinn.

Bedroung [bədR'o:uŋ] Femininum (Pluriel **Bedroungen**) **DE** *Bedrohung* • **FR** *menace* [danger] • **EN** *threat* [danger] • **PT** *ameaça* [perigo] **Beispiller** an eiser moderner Welt gëtt den Terrorismus vu ville Leit als déi gréisst **Bedroung** ugesinn; déi nei Ausernanersetzungen téschent deenen zwee Campe sinn eng **Bedroung** fir de Fridden am Land **Synonym** **Menace**

Bedruch [bədR'uχ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Betrug, Irreführung* • **FR** *tromperie* • **EN** *fraud, deceit* • **PT** *engano, logro, fraude* **Beispiller** **Bedruch** ka mat Prisong gestrooft ginn; seng Ried war weider näischt ewéi Luch a **Bedruch**

Bedruchsmasch [bədR'uχsməʃ] Femininum (Pluriel **Bedruchsmaschen**) **DE** *Betrugsmasche* • **FR** *combine* [d'escroquerie] • **EN** *scam* • **PT** *artimanha, burla* **Beispill** d'Police warnt virun enger neier **Bedruchsmasch**, déi

viru Kuerzem um Internet opgetaucht ass

beducksen [bəd'uksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beduckst) » **transitiv** [ëgs] **DE** *begaunern* • **FR** *rouler, arnaquer* • **EN** *to rip off* • **PT** *enganar, aldrabar* **Beispill** eis Nopesch gouf schonn dacks an deem Buttek **beduckst!** **Synonymmen** bedréien, bedupsen, uschmieren, strëppen

bedupsen [bəd'upsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bedupst) » **transitiv** [ëgs] **DE** *begaunern* • **FR** *rouler, arnaquer* • **EN** *to rip off* • **PT** *enganar, aldrabar* **Beispill** eis Nopesch gouf schonn dacks an deem Buttek **bedupst!** **Synonymmen** bedréien, beducksen, uschmieren

Bedürfnis [bəd'yɪfnis] Neutrum (Pluriel Bedürfniss-er) - Variant vun ↗Bedierfnes

bedürftig [bəd'yɪftəç] Adjektiv **DE** *bedürftig* • **FR** *nécessiteux, dans le besoin* **Beispill** eis Associatioun organiséiert all Joer eng Chrëschtfeier fir déi **bedürftig** Leit

i Variant: **bedierftig**

beduselt [bəd'uzəlt] Adjektiv [ëgs] **DE** *benommen, benebelt, duselig* • **FR** *dans les vapes* • **EN** *woozy, dazed* • **PT** *estonteado, aturdido, zozzo* **Beispiller** no der Operatioun war ech nach e puer Stonne **beduselt**; wann ech näischt giess hunn, sinn ech scho vun enger Kippchen hallef **beduselt**

Beebee [b'e:be:] Maskulinum (Pluriel Beebeeën) - Variant vun ↗Bëbee

Beefort [b'e:fo:ɪt] Eegennumm **DE** *Befort* • **FR** *Beaufort* • **EN** *Beaufort* • **PT** *Beaufort* **Beispiller** ech wunnen zu **Beefort**; fiert dëse Bus op **Beefort**?

Beeforter Heed [b'e:fo:ɪtə'h'e:t] Eegennumm **DE** *Beeforterheed* • **FR** *Beeforterheed* • **EN** *Beeforterheed* • **PT** *Beeforterheed* **Beispiller** ech wunnen op der **Beeforter Heed**; fiert dëse Bus op d'**Beeforter Heed**?

Beeforter Schlass [b'e:fo:ɪtəʃ'lɑs] Eegennumm **DE** *Befort-Schloss* • **FR** *Beaufort-Château* • **EN** *Beaufort-Château* • **PT** *Beaufort - Château* **Beispiller** ech wunnen um **Beeforter Schlass**; fiert dëse Bus bei d'**Beeforter Schlass**?

Beel [be:l] Femininum (Pluriel Beelen) **DE** *Bremse* [*Insekt*] • **FR** *taon* • **EN** *horsefly* • **PT** *tavão* **Beispill** ech gouf vun enger **Beel** an d'**Bee** gepickt, wéi ech am Gaart geschafft hunn

Beelenhaff [b'e:lənha:f] Eegennumm **DE** *Belenhaff* • **FR** *Belenhaff* • **EN** *Belenhaff* • **PT** *Belenhaff* **Beispiller** ech wunnen um **Beelenhaff**; fiert dëse Bus op de **Beelenhaff**?

Beeler [b'e:lə] Eegennumm **DE** *Beiler* • **FR** *Beiler* • **EN** *Beiler* • **PT** *Beiler* **Beispiller** ech wunnen zu **Beeler**; fiert dëse Bus op **Beeler**?

Beemchen [b'e:mçən] Maskulinum (Pluriel Beemercher) - Diminutivform vun ↗Bam

beemen [b'e:mən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **gebeemt**) » **intransitiv** **DE** (*ins Kraut*) *schießen* [*unerwünscht aufblühen*] • **FR** *monter en graine* [*légume*] • **EN** *to bolt* [*plant*] • **PT** *espigar* [*hortaliça*] **Beispiller** wann s

de d'Zalot net geschwënn hëls, da **beemt** se; kann ee Porretten, déi scho **gebeemt** sinn, nach iessen?; wat ass Äre Jéngsten an der Lescht **gebeemt!** [ëgs] [wat ass Äre Jéngsten an der Lescht vill gewuess!]

beemol Adverb

i Hei entsteeft en neien Artikel

Been [be:n] Neutrum (Pluriel Been) **1. DE** *Bein* [*Gliedmaße*] • **FR** *jambe* [*membre*] • **EN** *leg* [*limb*] • **PT** *perna* [*membro*] **Beispiller** vill Leit hunn ee **Bee** méi kuerz ewéi dat anert; nom Trëppeltour hate verschidde Seniorenen hir **Been** elle wéi; mäi Grousspapp huet am Krich e **Bee** verluer; meng Elteren hu mat eisem Familjebetrieb eppes op d'**Bee** bruecht [meng Elteren hu mat eisem Familjebetrieb eppes zustan bruecht]; fir Neies op d'**Been** ze stellen, brauchts de ëmmer e puer Enthusiasten [fir eppes zustan ze bréngen, brauchts de ëmmer e puer Enthusiasten]; no deem laange Marsch ass meng Frëndin bal vun de **Bee** gefall [ëgs] [no deem laange Marsch war meng Frëndin ganz schwaach]; eis Cheffin ass endlech erëm op de **Been** [eis Cheffin ass endlech erëm gesond]; no där laanger Krankheet ass hien nach wackeleg op de **Been** [no där laanger Krankheet ass hien nach schwaach]; wéi mäi Brudder Geldsuerger hat, hunn ech him erëm op d'**Bee** gehollef [ëgs] [wéi mäi Brudder Geldsuerger hat, hunn ech him finanziell aus där Kris erausgeholl]; um Dëppefest hat mäi Monni eng ferm am **Been** [ëgs] [um Dëppefest war mäi Monni elle voll]; dat doten ass eng Plooschter op en hëlzent **Been!** [ëgs] [dat doten ass eng onnëtz Moosnam]; rapp der wéinst där Prüfung kee **Been** aus! [ëgs] [stress dech net wéinst där Prüfung!]; mäi Papp ass sech d'**Bee** stompeg gelaf, fir dat Ersatzstéck ze fannen [ëgs] [mäi Papp huet op ville Plaze versicht, dat Ersatzstéck ze fannen]; dat ganz Duerf war um Summerfest op de **Been** [dat ganz Duerf war op d'Summerfest komml]; eise Bopi ass gesond, mee net méi gutt op de **Been** [eise Bopi ass gesond, mee e kann net méi gutt zu Fouss goen]; menger Tatta hir **Bee** wëllen net méi [ëgs] [meng Tatta kann net méi gutt zu Fouss goen]; wéi de Steier op mech duerkoum, hunn ech d'**Been** an de Grapp geholl [ëgs] [wéi de Steier op mech duerkoum, sinn ech séier fortgelaf]; owes no der Lies hu mir Äerm a **Been** ewechgestreckt [ëgs] [owes no der Lies ware mir doud-midd] **2. oppent** **Been** **DE** *offenes Bein, Unterschenkelgeschwür* • **FR** *ulcère de jambe* • **EN** *venous ulcer, leg ulcer* • **PT** *úlceras de perna* **Beispill** bei engem oppene **Bee** kann eng Wonn um **Been** einfach net heelen **3. DE** *Bein, Hosenbein* • **FR** *jambe* [*d'un pantalon*] • **EN** *leg* [*trouser*] • **PT** *perna* [*de umas calças*] **Beispill** de Schneider huet ee **Bee** méi kuerz gemaach ewéi dat anert **Synonym** **Boxeben** **4. DE** *Bein* [*eines Möbelstücks*] • **FR** *piéd* [*d'un meuble*] • **EN** *leg* [*furniture*] • **PT** *perna, pé* [*de um móvel*] **Beispill** et ass e **Bee** vum Stull ewechgebrach **Synonym** **Stempel**

Beenchen [b'e:nçən] Neutrum (Pluriel Beenercher) - Diminutivform vun ↗Been

Bees [be:s] Femininum (Pluriel Beesen) **DE** *Kuss* • **FR** *baiser* • **EN** *kiss* • **PT** *beijo* **Beispill** ier et schlofe gaangen ass, huet d'Kand der Tatta eng **Bees** ginn **Synonym** **Kuss**

Beesenreiser [b'e:zənraɪzə] Substantiv (kee Singulier) **DE** *Besenreiser* [Krampfader] • **FR** *varicosités* • **EN** *spider veins, thread veins* • **PT** *telangiectasias* **Beispill** *Beesenreiser* si keng geféierlech, mee opfälleg Erweiderunge vun de rengen Oderen, virun allem un de Been

Beesslek [b'e:slek] Eegennumm **DE** *Oberbesslingen* • **FR** *Hautbellain* • **EN** *Hautbellain* • **PT** *Hautbellain* **Beispiller** ech wunnen zu **Beesslek**; fiert dëse Bus op **Beesslek**?

Beet [be:t] Neutrum (Pluriel *Beeter*) **DE** *Beet* • **FR** *platebande* [de fleurs, de légumes] • **EN** *bed* [of flowers, of vegetables] • **PT** *canteiro* [de flores, de hortaliças] **Beispill** am Park sinn d'*Beeter* symmeetresch ronderëm de Sprangbuer ugeluecht **Synonym** *Platebande*

Beetebuerg [b'e:təbu:ɔç] Eegennumm **DE** *Bettemburg* • **FR** *Bettembourg* • **EN** *Bettembourg* • **PT** *Bettembourg* **Beispiller** ech wunnen zu **Beetebuerg**; fiert dëse Bus op **Beetebuerg**?

beetschen [b'e:tʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gebeetscht*) » **transitiv 1.** **DE** *den Hintern versohlen* • **FR** *fesser, donner la fessée à* • **EN** *to smack, to spank, to beat* • **PT** *dar uma palmada no rabo a* **Beispill** mir sinn als Kanner ni vun eisem Papp *gebeetscht* ginn **Synonym** *den Hënner versielt kréien 2.* [ëgs] **DE** *vermöbeln, verkloppen* • **FR** *tabasser* • **EN** *to beat up, to duff up* • **PT** *espancar* **Beispill** d'Klänner hunn hien esou *gebeetscht*, datt e bal vu sech war **Synonymmen** *ersielen, lasszéien, versielen*

Beez [be:ts] Femininum (Pluriel *Beezen*) **1.** **DE** *Beize* [Färbemittel] • **FR** *teinture* [à bois] • **EN** *stain* [for wood] • **PT** *tinta* [de madeira] **Beispill** fir dëse Miwwel huet de Schräiner eis eng hell **Beez** *proposéiert 2.* **DE** *Beize* [Marinade] • **FR** *marinade* • **EN** *marinade* • **PT** *escabeche, marinada* **Beispill** den Hues läit schonn zwee Deeg an der **Beez**

beezen [b'e:tsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gebeezt*) » **transitiv DE** *beizen* [Holz] • **FR** *teinter* [du bois] • **EN** *to stain* [wood] • **PT** *pintar* [madeira] **Beispill** ier s de d'Dunne **beezen**, muss de den Dreck erofkrazen

i Verb, dat **beezen** als Basis huet: ↗*abeezen*

befaassen [bəf'a:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *befaaßt*) » **transitiv 1.** *befaaße mat DE befaassen mit* • **FR** *charger de* [d'une mission] • **EN** *to charge with* [a task] • **PT** *encarregar de* [de uma missão] **Beispill** d'Regierung huet eng Kommissioun mat der Etüd *befaaßt* » **reflexiv 2.** *sech befaasse mat DE sich befassen mit* • **FR** *se pencher sur, étudier* • **EN** *to address, to study* [a question, a problem] • **PT** *debruçar-se sobre, estudar* **Beispiller** et huet nach kee sech mat där Fro *befaaßt*; mat deem Problem musse mer eis nach *befaassen*; dëst Buch *befaaßt* sech mat der Lëtzebuurger Geschicht [an dësem Buch geet et ëm d'Lëtzebuurger Geschicht] **Synonymmen** *sech auserneesetze mat, sech beschäftege mat*

befäegen [bəf'ɛ:əzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *befäegt*) » **transitiv DE** *befähigen* • **FR** *qualifier* [rendre qualifié] • **EN** *to qualify* [to make qualified] • **PT** *qualificar* [capacitar, habilitar] **Beispill** déi Ausbildung *befäegt* een, e Restaurant opzemaachen

befalen [bəf'a:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *befall*) » **transitiv DE** *befallen* [Krankheit, Schädling] • **FR** *infester, attaquer* • **EN** *to infest, to contaminate* • **PT** *infestar, atacar* **Beispill** bei waarmem, fiichtem Wieder ginn d'Riewen nawell gär vun engem Pilz *befall*

befannen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *befonnt*) » **reflexiv 1.** [Neologismus] **DE** *sich befinden, sein* • **FR** *se trouver, être* • **EN** *to be* [to be situated], *to find oneself* • **PT** *encontrar-se, estar* **Beispill** léif Visiteuren, mir *befannen* eis hei am eelsten Deel vum Schlass **Synonym** *sinn* » **transitiv 2.** *fir gutt befannen DE für gut befinden* • **FR** *juger bon, approuver* • **EN** *to approve* [to agree to] • **PT** *acolher favoravelmente, aprovar* **Beispill** de Comité huet de Plang fir gutt *befonnt* **Synonymmen** *aprouvéieren, guttheeschen*

i Kuckt och den etabléierten Term ↗*sinn*.

Befeel [bəf'e:l] Maskulinum (Pluriel *Befeeler*) **DE** *Befehl* [Anweisung] • **FR** *ordre* [instruction] • **EN** *order, command* • **PT** *ordem* [comando] **Beispill** de Kaperol huet *Befeeler* iwwer d'Drillplaz gejaut an d'Zaldoten hu gefollegt **Synonym** *Kommando*

befeelen [bəf'e:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *befuel*) » **transitiv DE** *befehlen* [anweisen] • **FR** *ordonner à* [donner comme ordre à] • **EN** *to order, to command* • **PT** *ordenar* [mandar, dar ordens para] **Beispill** de Kommandant huet senge Leit *befuel*, op säin Zeechen ze waarden

befestegen [bəf'æstəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *befestegt*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Befestegung [bəf'æstəzən] Femininum (Pluriel *Befestegungen*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Bëffchen [b'əfçən] Maskulinum (Pluriel *Bëffercher*) **vereelt** **DE** *Buffetschrank* • **FR** *buffet* [meuble] • **EN** *sideboard, cabinet* [for dinnerware] • **PT** *aparador, bufete* **Beispill** beim Antiquaire an der Fënster steet e schéine klinge *Bëffchen* **Synonym** *Buffet*

beflass [bəf'l'as] Adjektiv **vereelt** *beflass* sinn op **DE** *bedacht sein auf* • **FR** *être empressé de* • **EN** *to be after, to be eager to* • **PT** *estar preocupado em, ser solícito em* **Beispill** de Léierbouf ass nëmmen drop *beflass*, fir sech laanscht d'Aarbecht ze drécken

befligelt Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

befollegen [bəf'oləzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *befollegt*) » **transitiv DE** *befolgen* • **FR** *suivre* [un conseil] • **EN** *to follow* [advice] • **PT** *seguir* [um conselho] **Beispill** wann s de mäi Rot *befollegt* häss, wiers de méi séier fäerdeg ginn

befreien [bəf'r'aiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *befreit*) » **transitiv DE** *befreien* [die Freiheit verschaffen] • **FR** *libérer* [rendre libre, délivrer] • **EN** *to liberate, to free, to rescue* • **PT** *libertar* [tornar livre, soltar] **Beispill** déi alliéiert Zaldoten hunn déi Gefaangen aus dem Lager *befreit*

Befreiung [bəfɛr'ʰaʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **1.** DE Befreiung [von Fremdbestimmung] • FR *libération* [d'un territoire, de personnes] • EN *liberation* [from oppression, from imprisonment] • PT *libertação* [de um território, de pessoas] **Beispill** no der **Befreiung** duerch déi alliéiert Truppe war d'Land nees onofhängeg **Synonym** **Libération** **2.** DE **Befreiung** [Erleichterung] • FR *délivrance* [soulagement] • EN *relief* [feeling] • PT *libertação, alívio* **Beispill** eis Aussprooch war fir eis zwee eng **Befreiung**

befrënt [bəfɛr'ənt] Adjektiv DE *befreundet* • FR *ami* [lié d'amitié] • EN *friends* [on friendly terms] • PT *amigo* [ligado por laços de amizade] **Beispiller** mir zwee si schonn zënter eiser Schoulzäit matenee **befrënt**; déi dräi **befrënt** Famille ginn zënter Joren zesummen an d'Vakanz

befriddegen [bəfɛr'idəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **befriddegt**) » **transitiv 1.** DE *befriedigen* [zufriedenstellen] • FR *satisfaire, assouvir* • EN *to satisfy* [a demand, a need] • PT *satisfazer, saciar* **Beispiller** d'Nofro konnt net **befriddegt** ginn; déi Léisung **befriddegt** eis net **2.** DE *befriedigen* [sexuell] • FR *donner du plaisir* (sexuel) à • EN *to satisfy* [sexually] • PT *dar prazer* (sexual) a **Beispill** ech weess mech unzeleeën, fir meng Fra ze **befriddegen**

befroen [bəfɛr'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **befrot**) » **transitiv** DE *befragen* • FR *interroger* [questionner], *consulter* [pour avis] • EN *to question, to consult* • PT *interrogar* [questionar], *consultar* [para parecer] **Beispiller** nom Iwwerfall **goufen** all d'Clienten, déi an der Bank waren, vun der Police **befrot**; de Gemengerot wëllt d'Bierger per Referendum iwwer eng Fusioun mat der Nopeschgemeng **befroen**

befruchten [bəfɛr'ʊxtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **befrucht**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Befruchtung [bəfɛr'ʊxtʊŋ] Femininum (Pluriel **Befruchtungen**) DE *Befruchtung* • FR *fécondation* • EN *fertilization* • PT *fecundação* **Beispill** d'kënschtlech **Befruchtung** ass ee vun den Haapttheemaen op dëser Konferenz

befuerbar [bəf'ʊ:əba:r] Adjektiv DE *befahrbar* • FR *carrossable* • EN *drivable, passable* [road] • PT *transitável* **Beispill** de Summerwee ass hei net **befuerbar**

begaabt [bəg'a:pt] Adjektiv DE *begabt* • FR *doué* • EN *talented, gifted* • PT *dotado, talentoso* **Beispill** säi Brudder ass e **begaabte** Schachspiller **Synonymmen** *douéiert, talentéiert*

begaachelen [bəg'a:χələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **begaachtelt**) » **transitiv** **vereelt** DE *bezirzen, betören* • FR *charmer* [chercher à séduire] • EN *to bewitch, to charm* • PT *seduzir, enfeitiçar* **Beispill** kuck emol, wéi d'Stagiaire eise Chef **begaachtelt**!

Begabung [bəg'a:buŋ] Femininum (Pluriel **Begabungen**) DE *Begabung* [Fähigkeit] • FR *don* [aptitude innée] • EN *talent, gift* • PT *dom* [aptidão inata] **Beispill** déi musikalesch **Begabung** läit bei hinnen an der Famill **Synonym** **Talent**

begannen [bəg'anən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **begannt**) » **reflexiv 1.** DE *sich beeilen* • FR

se dépêcher, se hâter • EN *to hurry* (up) • PT *despacharse* **Beispiller** **begann** dech e bëssen, soss këns de ze spéit an d'Schoull; d'Schüler hu sech misse **begannen**, fir de Bus nach ze kréien **Synonymmen** sech druginn, sech fläissen, sech presséieren, sech tommelen, virumaachen **2.** DE *sich aufraffen* (zu), *etwas unternehmen* • FR *agir, aller de l'avant* • EN *to act, to take action* • PT *agir, ir em frente* **Beispill** wann s de dech net **beganns**, da fënns de ni eng Aarbechtsplaz!

begeeschteren [bəg'e:ʃtəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **begeeschtert**) » **transitiv 1.** DE *begeistern* • FR *enthousiasmer* • EN *to enthuse, to make enthusiastic* • PT *entusiasmar* **Beispiller** dëse Film konnt mech net sonnerlech **begeeschteren**; eis Professesch huet eis ëmmer nees fir d'Matière **begeeschtert** » **reflexiv 2.** sech **begeeschteren** (fir) DE *sich begeistern* (für) • FR *s'enthousiasmer* (pour) • EN *to get enthusiastic* (about) • PT *entusiasmar-se* (por) **Beispiller** meng Fra konnt sech nach ni fir de Fussball **begeeschteren**; ech bewonneren déi Leit, déi sech richtig kënnen **begeeschteren**

begeeschtert [bəg'e:ʃtet] Adjektiv **1.** DE *begeistert* [enthusiastisch] • FR *enthousiasmé* <Adverb avec enthousiasme> • EN *excited, enthusiastic* <Adverb enthusiastically> • PT *entusiasmado* <Adverb com entusiasmo> **Beispiller** d'Schüler si vum neie Schoulmeeschter hell **begeeschtert**; de Publikum huet **begeeschtert** geklappt **2.** DE *begeistert* [leidenschaftlich] • FR *enthousiaste, passionné* <Adverb avec passion> • EN *enthusiastic, passionate* <Adverb enthusiastically, passionately> • PT *entusiástico, apaixonado* <Adverb com paixão> **Beispill** meng Doktesch ass eng **begeeschtert** Schachspillerin **Synonymmen** leidenschaftlech, fervent, passionéiert

i „begeeschtert“ kann och de Participle passé vum Verb **begeeschteren** sinn.

Begeeschterung [bəg'e:ʃtəɾʊŋ] Femininum (kee Pluriel) DE *Begeisterung* • FR *enthousiasme* [ardeur, entraînement] • EN *enthusiasm* • PT *entusiasmo* [ardor, arrebatamento] **Beispiller** d'Kanner hu mat vill **Begeeschterung** beim Spill matgemaach; weis emol e bësse méi **Begeeschterung** bei der Aarbecht! **Synonymmen** **Äifer, Enthusiasmus**

begéinen [bəg'ɛ:ɪnən] ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé **begéint**) » **intransitiv 1.** DE *begegnen* [treffen] • FR *rencontrer* [croiser] • EN *to meet, to encounter* • PT *encontrar* [cruzar-se com] **Beispiller** ech sinn denger Kusine an der Stad **begéint**; déi zwee si sech haut fir d'eischt **begéint** **Synonym** **treffen** ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **begéint**) » **transitiv 2.** DE *begegnen* [treffen] • FR *rencontrer* [croiser] • EN *to meet, to encounter* • PT *encontrar* [cruzar-se com] **Beispiller** ech hunn deng Kusine an der Stad **begéint**; déi zwee hu sech haut fir d'eischt **begéint** **Synonym** **treffen**

begéissen [bəg'ɛ:ɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **begéiss**) » **transitiv** **ëgs** DE *begießen* [anstoßen auf] • FR *arroser* [triquer à] • EN *to drink to, to toast* • PT *brindar a, festejar* **Beispill** déi gutt Noricht muss mer **begéissen**!

Beggen [b'ægən] Eegennumm DE *Beggen* • FR *Beggen* • EN *Beggen* • PT *Beggen* **Beispiller** ech wunnen zu

Beggen; fiert dëse Bus op Beggen?

Begier [bəɣ'i:ɣ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Begehr, Bitte* • **FR** *demande [désir]* • **EN** *wish, request* • **PT** *pedido [desejo]* **Beispiller** ech hunn e Begier un dech; wat ass Äre Begier? [wéi kann ech Iech hëllefem?]

begiereg [bəɣ'i:ɣrəç] Adjektiv

Hei entsteet en neien Artikel.

begieren [bəɣ'i:ɣrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé begiert) » **transitiv 1. DE** *verlangen [fordern]* • **FR** *exiger [demander]* • **EN** *to ask, to demand* • **PT** *exigir [pedir]* **Beispiller** dat kanns de net vun eis begieren!; ech begiere kengem senger [ech ginn eleng eens] **Synonym** verlaangen **2. DE** *begehren [wünschen]* • **FR** *désirer* • **EN** *to need, to wish for* • **PT** *desejar [querer]* **Beispill** am Alter begiers de ëmmer manner

begierlech [bəɣ'i:ɣləç] Adjektiv **DE** *begierig, gierig* • **FR** *avide* <Adverb avec avidité> • **EN** *greedy* • **PT** *ávido* <Adverb avidamente> **Beispill** si hu begierlech Blécker op de Buffet geworf

beginn [bəɣ'in] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beginn)

Hei entsteet en neien Artikel.

begladden [bəɣ'l'adərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé begladdert) » **transitiv [égs]** **DE** *beklecken* • **FR** *salir, souiller* • **EN** *to splotch* • **PT** *sujar, manchar* **Beispiller** ëmmer wann hien Tomatenzooss esst, begladdert e säin Hiem; hien huet seng Box mat Faarf begladdert **Synonym**mmen besabbelen, besuddelen

begläichen [bəɣ'l'æ:ɪçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beglach)

Hei entsteet en neien Artikel.

beglaubegen [bəɣ'l'əʊbəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beglaubegt) » **transitiv DE** *beglaubigen [authentifizieren]* • **FR** *certifier, authentifier* • **EN** *to certify [to authenticate]* • **PT** *autenticar, certificar, reconhecer* **Beispiller** du muss d'Kopie vun dengem Diplom nach beglaubege loossen; meng Nottär huet d'Testament beglaubegt; ech brauch eng beglaubegt Kopie vu mengem Kontrakt

Beglaubegung [bəɣ'l'əʊbəzən] Femininum (Pluriel Beglaubegungen) **DE** *Beglaubigung* • **FR** *attestation de conformité, certification, authentification* • **EN** *authentication, certification* • **PT** *autenticação, certificação, reconhecimento* **Beispill** fir verschidden administrativ Demarché gëtt eng Beglaubegung vun der Ënnerschrëft verlaangt

begleeden [bəɣ'l'e:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé begleet) » **transitiv 1. DE** *begleiten [mitgehen]* • **FR** *accompagner [escorter]* • **EN** *to go with, to escort* • **PT** *acompanhar [escortar]* **Beispiller** meng Elteren hunn eis Gäscht op d'Viischt Dier begleet; d'Supporteren hunn de Bus vun hirer Ekipp bis bei de Stadion begleet **2. DE** *begleiten [mit einem Musikinstrument]* • **FR** *accompagner [à l'aide d'un instrument de musique]* • **EN** *to accompany* • **PT** *acompanhar [com um instrumento]* **Beispill** de Schoulmeeschter begleet d'Kanner op der Flütt

Begleeder Maskulinum (Pluriel Begleeder)

Hei entsteet en neien Artikel.

Begleederin Femininum (Pluriel Begleederinnen) - weiblech Form vun ðBegleeder

Begleitung [bəɣ'l'e:duŋ] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** *(musikalische) Begleitung* • **FR** *accompagnement musical* • **EN** *accompaniment* • **PT** *acompanhamento* **Beispill** dat Lidd gëtt ouni Begleitung gesongen **2. a** Begleitung vun **DE** *in Begleitung von* • **FR** *entouré de, accompagné de* • **EN** *accompanied by* • **PT** *acompanhado por* **Beispill** de Premier reest a Begleitung vu senge Ministeren

Begleetsperson [bəɣ'l'e:tpɛrsəʊn] Femininum (Pluriel Begleetspersonen) **DE** *Begleitperson* • **FR** *accompagnateur* • **EN** *escort, companion, chaperone* • **PT** *acompanhante* **Beispill** ouni erwuesse Begleetsperson dāerf kee Mannerjāregen un dēser Rees deelhuelen

Begleetsaz [bəɣ'l'e:tza:ts] Maskulinum (Pluriel Begleetsätze)

Hei entsteet en neien Artikel.

begnodegen [bəɣ'n'o:dəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé begnodegt)

Hei entsteet en neien Artikel.

begoen [bəɣ'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé begaangen / begaang)

Hei entsteet en neien Artikel.

begräifen [bəɣ'r'æ:ɪfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé begraff) » **transitiv DE** *begreifen, verstehen* • **FR** *saisir, comprendre* • **EN** *to understand, to get* • **PT** *entender, compreender* **Beispiller** ech kann dāi Behuelen net begräifen; de Bouf huet d'Pointe vum Witz net begraff **Synonym** verstoen

Verb, dat **begräifen** als Basis huet: ðabegräifen

begrapschen [bəɣ'r'apʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé begrapscht) » **transitiv [égs]** **DE** *begrapschen* • **FR** *tripoter, peloter* • **EN** *to feel up, to grope* • **PT** *apalpar, dar apalpões em* **Beispill** ënnerstēi dech, mech nach eng Kēier ze begrapschen, da klaakt et!

Begrëff [bəɣ'r'əf] Maskulinum (Pluriel Begrëffer) **1. DE** *Begriff [Bezeichnung]* • **FR** *terme [expression]* • **EN** *term, word* • **PT** *termo [expressão]* **Beispill** ech hunn dacks Méi, fir déi speziell Begrëffer aus der Medezin ze verstoen **Synonym** Term **2. DE** *Begriff [Konzept, Auffassung]* • **FR** *conception [représentation]* • **EN** *concept* • **PT** *conceção [representação]* **Beispiller** d'Philosophe beschäftege sech vill mat de Begrëffer vu Raum an Zäit; dovu ka kee sech e Begrëff maachen [dat ka kee sech virstellen]; deem Auteur säin Numm ass e Begrëff fir d'Leit; deen Auteur ass e Begrëff fir d'Leit [deen Auteur ass bekannt]; dat ass mir e Begrëff [dat kennen ech]; mäi Kollege ass heiansdo schweier vu Begrëff [mäi Kollege versteet heiansdo net séier]; fir mäi Begrëff waars de an där Diskussioun ze vill aggressiv [menger Meenung no waars de an där Diskussioun ze vill aggressiv] **3.** am Begrëff sinn ze **DE** *im Begriff sein zu* • **FR** *être sur le point de, être en train de* • **EN** *to be about to* • **PT** *estar prestes a, estar para* **Beispill** mir si grad am

Begrëff heemzegen

begréissen [bægr'zɛsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé begréisst) » **transitiv 1.** **DE** begrüßen [willkommen heißen] • **FR** saluer [accueillir, souhaiter la bienvenue à] • **EN** to welcome, to greet • **PT** cumprimentar, saudar **Beispiller** eisen Epicier begréisst all Client mat där selwechter Héiflechkeet; si hu sech frëndlech begréisst a sinn zesumme weidergaangen **2.** **DE** begrüßen, gutheißen • **FR** saluer, approuver • **EN** to welcome [to approve] • **PT** receber bem, aprovar **Beispill** d'Initiativ ass vun alle Bierger begréisst ginn

Begréissung [bægr'zɛsuŋ] Femininum (Pluriel Begréissungen) **DE** Begrüßung • **FR** salutations officielles • **EN** welcome, greeting [of guests] • **PT** boas-vindas, saudação oficial **Beispiller** no der Begréissung huet de Minister eng Ried gehalen; d'Staatsmänner hunn sech bei der Begréissung ëmærbelt

begrënnen [bægr'ənən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé begrënn) » **transitiv DE** begründen [rechtfertigen] • **FR** justifier [fournir le motif de] • **EN** to justify • **PT** justificar [expor o motivo de] **Beispill** mir waarden drop, datt s du däi Verdacht begrënn! **Synonym** justifiéieren

Begrënnung [bægr'ənʊŋ] Femininum (Pluriel Begrënnungen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

begrenzen [bægr'æntsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé begrenzt) » **reflexiv** sech begrenzen op **DE** sich beschränken auf • **FR** se limiter à • **EN** to limit oneself to • **PT** limitar-se a **Beispill** ech hu mech a menger Etüd op d'19. Joerhonnert begrenzt **Synonymen** sech beschränken op, sech limitéieren op

begrenzt [bægr'æntst] Adjektiv **DE** begrenzt, beschränkt • **FR** limité, restreint • **EN** limited, restricted • **PT** limitado, restrito **Beispill** hie kann näischt ënnerhuelen, seng Méiglechkeete si **begrenzt** **Synonym** beschränkt

i „begrenzt“ kann och de Participe passé vum Verb **begrenzen** sinn.

Begrenzung [bægr'æntsʊŋ] Femininum (Pluriel Begrenzungen) **DE** Begrenzung [Einschränkung] • **FR** limitation [restriction] • **EN** limitation, limit [restriction] • **PT** limitação [restrição] **Beispill** mir halen d'Begrenzung vun der Mandatszäit vun de Komiteesmembere fir eng nätzlech Moosnam

Begriefnes [bægr'ɪəfnəs] Neutrum (Pluriel Begriefnesser) **DE** Begräbnis • **FR** enterrement • **EN** funeral • **PT** enterro, funeral **Beispiller** um Begriefnes vun eiser Boma ass vill gekrasch ginn; de Paschtouer hat deen Dag dräi Begriefnesser

i Variant: Begriefnis

Begriefnis [bægr'ɪəfnɪs] Neutrum (Pluriel Begriefnisser) - Variant vun **Begriefnes**

begruewen [bægr'uəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé begruewen) » **transitiv 1.** **DE** begraben [beerdigen] • **FR** enterrer [mettre en terre] • **EN** to bury [a corpse] • **PT** enterrar [sepultar] **Beispiller** meng Mamm gétt an aller Stëll begruewen; d'Kanner begruewen de Villchen hannerem Haus; looss dech begruewen!

égs [dat, wat s de sees oder méchs, daacht näischt] **2.** **DE** begraben [als erledigt betrachten] • **FR** enterrer [aban-donner] • **EN** to forget, to give up • **PT** enterrar [dar por encerrado] **Beispill** déi Iddi kanns de begruewen **3.** **DE** begraben [verschütten] • **FR** ensevelir, engoutir • **EN** to bury [to engulf] • **PT** soterrar [cobrir, esmagar] **Beispill** d'Lawin huet dat halleft Duerf ënner sech begruewen **Synonym** verschëdden

behaapten [bəh'a:ptən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé behaupt) » **transitiv 1.** **DE** behaupten [betuern] • **FR** prétendre, affirmer • **EN** to claim, to assert • **PT** afirmar, pretender, sustentar **Beispiller** ëmmer wann ech eppes soen, behaupt hien de Géigendeel; béis Zonge behaupten, menger Frëndin hire Mann hätt eng Affär; meng Mamm behaupt, ech géif ëmmer trântelen **Synonym** affirméieren » **reflexiv 2.** **DE** sich behaupten, sich durchsetzen • **FR** s'imposer • **EN** to assert oneself, to hold one's own • **PT** afirmar-se, impor-se **Beispiller** kleng Betriber hu Schwieregkeeten, fir sech ze behaupten; eis Lokalekipp huet sech an der Fussballmeeschterschaft behaupt; mäi Papp behaupt sech drop, datt fréier alles besser war [mäi Papp hält u senger Meenung fest, datt fréier alles besser war]

Behauptung [bəh'a:ptʊŋ] Femininum (Pluriel Behauptungen) **DE** Behauptung, Aussage • **FR** affirmation, assertion • **EN** claim, assertion • **PT** afirmação, asserção **Beispiller** ech bleiwe bei menger Behauptung!; hien huet onméiglech Behauptungen an d'Welt gesat

behäerzegen [bəh'ɛ:ɐ̯tsəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé behäerzegt) » **transitiv DE** beherrzigen • **FR** prendre à cœur, prendre au sérieux • **EN** to take to heart, to heed • **PT** tomar a peito, levar a sério **Beispiller** ech hoffen, datt si eis Warnung behäerzegen; mir hunn der Agence hir Rotschléi behäerzegt an eis Rees op spéider verluecht

behalen [bəh'a:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé behalen / behal) » **transitiv 1.** **DE** behalten [beibehalten] • **FR** garder [conserver] • **EN** to keep, to retain • **PT** guardar, manter [conservar] **Beispiller** eis Stad soll hire Charme behalen; ech behalen ëmmer gär den Iwwerbléck iwwer meng Konten; d'Schüler behalen hir sympathesch Joffer a gudder Erënnung; am Examen huet d'Schülerin d'Nerve behalen; behal déi Nouvelle wannechgelift fir dech!; du hues mat denger Meenung Recht behalen [du has vun Ufank u Recht mat denger Meenung]; de Patient behält näischt am Mo [de Patient iwwergëtt sech direkt, wann en eppes ésst oder dréinkt] **2.** [vereezelt] **DE** behalten [im Gedächtnis] • **FR** retenir [garder en mémoire] • **EN** to remember • **PT** fixar, reter [na memória] **Beispill** ech behalen einfach keng Nimm **Synonym** verhalten

i Verben, déi **behalen** als Basis hunn: **abehalen**, **ausbehalen**, **abäibehalen**, **dobehalen**, **opbehalen**, **ubehalen**, **virbehalen** an **zeréckbehalen**

Behälter [bəh'æltɐ] Maskulinum (Pluriel Behälter / Behälteren) **DE** Behälter • **FR** récipient • **EN** container • **PT** recipiente **Beispill** d'Faarf muss an engem loftdichte Behälter versuergt ginn

behandelen [bəh'andələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé behandelt) » **transitiv 1.** **DE** behandeln [umgehen mit, umspringen mit] • **FR** traiter [se conduire

envers] • **EN** to treat [to deal with] • **PT** tratar [comportarse para com] **Beispiller** eis Cheffin **behandelt** all Mënnsch mat Respekt; d'Patronne **huet** hiert Personal ëmmer gutt **behandelt**; an der Receptioun vum Hotel **gouf** ech **behandelt** ewéi de leschten Eefalt **Synonym** traitéieren **2. DE** behandeln [medizinisch] • **FR** traiter [médicalement] • **EN** to treat [medically] • **PT** tratar [medicamente] **Beispiller** den Dokter **behandelt** d'Entzündung mat engem Antibiotique; hie **gëtt** vun engem dichten Dokter **behandelt** **3. DE** behandeln [besprechen, erörtern] • **FR** traiter [étudier, aborder] • **EN** to treat, to cover [a topic] • **PT** tratar [estudar, discutir sobre] **Beispiller** an der Geschicht **behandelen** d'Schüler am Ament den Zweete Weltkrich; si **hunn** an der Reunion verschidde Problemer **behandelt** **Synonym** traitéieren **4. DE** behandeln [um zu schützen, zu verbessern, haltbar zu machen] • **FR** traiter [dans le but de protéger, d'amender, de conserver] • **EN** to treat [in order to protect, to improve, to preserve] • **PT** tratar [com vista a proteger, a melhorar, a conservar] **Beispiller** fir et ze schützen, **behandelt** de Schräiner d'Holz mat engem speziellen Ueleg; eise Buedem ass ze sauer, e muss mat Kallek **behandelt** ginn; ech issen nëmmen Uebst, dat net **behandelt** ass **Synonym** traitéieren

i Verben, déi **behandelen** als Basis hunn: ↗nbehandelen an ↘virbehandelen

Behandlung [bə'hʌndlʊŋ] Femininum (Pluriel Behandlungen) **1. DE** Behandlung [Umgang] • **FR** traitement [comportement envers autrui] • **EN** treatment [behaviour towards others] • **PT** tratamento [maneira de tratar outrem] **Beispiller** dee Patron war bekannt fir eng schlecht **Behandlung** vu senge Leit; d'Hausdéieren **hunn** e Recht op eng gutt **Behandlung** **2. DE** Behandlung [Therapie] • **FR** traitement [thérapie] • **EN** treatment [therapy] • **PT** tratamento [terapia] **Beispiller** ech si schonn zënter Méint a medezinescher **Behandlung**; d'**Behandlung**, déi den Dokter mer verschriwwen hat, **huet** gewierkt; d'Sportlerin ass mam Knéi bei engem Kiné a **Behandlung** **Synonym** Traitement **3. DE** Behandlung [Bearbeitung] • **FR** traitement [procédé de modification] • **EN** treatment [process, procedure] • **PT** tratamento [processo de modificação] **Beispill** dat Eisegelänner brauch eng speziell **Behandlung**, fir datt et net rascht **4. DE** Behandlung [Analyse, Erörterung] • **FR** traitement [analyse, étude] • **EN** treatment [analysis, study] • **PT** tratamento [análise, estudo] **Beispill** d'**Behandlung** vun deem Thema **huet** laang gedauert

Behandlungsmethod [bə'hʌndlʊŋsməto:d] Femininum (Pluriel Behandlungsmethoden) **DE** Behandlungsmethode • **FR** méthode de traitement • **EN** medical procedure, method of treatment • **PT** método de tratamento **Beispill** an där Broschür kréie Patiente wëssenswäert Informatiounen iwwer nei **Behandlungsmethoden**

behëlleflech [bə'hɛləflɛç] Adjektiv behëlleflech sinn **DE** behilflich sein • **FR** aider, venir en aide à • **EN** to help, to give a hand • **PT** ajudar, prestar auxílio a **Beispill** kënnt Dir mir an dëser Fro **behëlleflech** sinn?

behellegen [bə'hɛləzən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **behellegt**) » **transitiv DE** behelligen • **FR** importuner • **EN** to bother [to disturb] • **PT** incomodar, importunar **Beispiller** ech **behellegen** hien net mat

menge **Suergen**, hien **huet** der selwer genuch; si **goufen** déi ganz Woch vu kengem **behellegt** **Synonymmen** belästegen, embêtéieren, ploen

behënneren [bə'hɛnəɾən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **behënnert**) » **transitiv DE** behindern • **FR** entraver [gêner, ralentir] • **EN** to obstruct • **PT** impedir [estorvar, abrandar] **Beispill** op dëser Achs **gëtt** de Verkéier dacks duerch Stau **behënnert**

behënnert [bə'hɛnɛt] Adjektiv **DE** behindert • **FR** handicapé • **EN** disabled, handicapped • **PT** deficiente [que sofre de deficiência] **Beispiller** mäi Schwoer schafft als Educateur an engem Heem fir **behënnert** Kanner; dës Plaze si fir **behënnert** Leit reservéiert; eise Frënn hire Fils ass geeschteg **behënnert** **Synonym** handicapéiert

i „behënnert“ kann och de Participe passé vum Verb ↗behënneren sinn.

Behënnering [bə'hɛnəɾɪŋ] Femininum (Pluriel Behënneringen) **1. DE** Behinderung [Gebrechen] • **FR** handicap, infirmité • **EN** disability, handicap • **PT** deficiência [física, mental] **Beispill** eist Kand ass mat enger geeschteger **Behënnering** op d'Welt komm **Synonym** Handicap **2. DE** Behinderung [Beeinträchtigung] • **FR** difficulté, perturbation [de la circulation routière] • **EN** obstruction [on a road] • **PT** dificuldade, perturbação [do trânsito] **Beispill** wéinst Aarbechten op der Autobunn ass et zu **Behënneringe** komm

beherrschen [bə'hɛɾʃən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **beherrscht**) » **transitiv 1. DE** beherrschen [kennen] • **FR** maîtriser [connaître] • **EN** to master [to know] • **PT** dominar [conhecer] **Beispill** dës Schülerin **beherrscht** hir Matière **2. DE** beherrschen [Herrschaft ausüben] • **FR** dominer [avoir la suprématie, exercer son emprise sur] • **EN** to dominate, to control • **PT** dominar [exercer dominio sobre, ter influência sobre] **Beispill** mat hirem Monopol **beherrscht** eis Firma de Marché » **reflexiv 3. DE** sich beherrschen • **FR** se maîtriser, se contrôler • **EN** to control oneself • **PT** controlar-se, conter-se **Beispiller** **beherrscht** dech an iess d'Kichelcher net all beieeneen!; hien **huet** sech misse **beherrschen**, fir seng Roserei net ze weisen **Synonym** sech zesammenhuelen

Beherrschung [bə'hɛɾʃʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Beherrschung, Selbstbeherrschung • **FR** maîtrise de soi, sang-froid • **EN** self-control • **PT** autodomínio, sangue-frio **Beispill** d'Buergermeeschtesch **huet** sech bei deene Frechheete missten zesammenhuelen, fir d'**Beherrschung** net ze verléieren

behidden [bə'hɪdən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **behitt**) » **transitiv DE** behüten • **FR** veiller sur, protéger • **EN** to protect, to watch over • **PT** cuidar de, proteger **Beispiller** verschidden Elteren **hunn** d'Tendenz, hir Kanner iwwerméisseg ze **behidden**; an eiser Nationalhymn heescht et, datt eiser Här eist Land soll **behidden**

behiewen [bə'hɪəvən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **behuewen**) » **transitiv DE** beheben • **FR** remédier à • **EN** to remedy [to rectify] • **PT** remediar [corrigir] **Beispill** et soll ee kleng Schwiereregeeten direkt **behiewen**

Behuelen [bəh'ʊələn] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Behnehmen* • **FR** *comportement* • **EN** *behaviour* • **PT** *comportamento* **Beispill** *munche Leit hiert Behuelen um Banquet huet eis schockéiert* **Synonym** Verhalen

behuelen [bəh'ʊələn] Verb (Hëllesverb **hunn**, Participe passé **beholl**) » **reflexiv** **DE** *sich benehmen* • **FR** *se comporter, se conduire* • **EN** *to behave (oneself)* • **PT** *portar-se, comportar-se* **Beispiller** d'Kanner **hu** sech haut wierklech gutt **beholl**; déi lescht Zäit **behëlt** dee Bouf sech besser am Grupp; **behuel** dech! [ëgs] [schéck dech!]; eise Portier weess sech ze **behuelen** leise Portier huet gutt Manéieren]

i Verben, déi **behuelen** als Basis **hunn**: ↗**dernieftbehuelen** an ↗**derniewentbehuelen**

Bei [bɔɪ] Femininum (Pluriel **Beien**) **DE** *Biene* [Insekt] • **FR** *abeille* [insecte] • **EN** *bee* • **PT** *abelha* **Beispiller** héier emol, wéi d'**Beie** summen!; ech si vun enger **Bei** gepickt ginn; eis Hëllef am Stot ass fläisseg ewéi eng **Bei** [ëgs] leis Hëllef am Stot ass ganz fläisseg!; hien ass gelaf ewéi vun enger **Bei** gepickt [ëgs] [hien ass ganz séier gelaf]

bei [bɔɪ] Prepositioun » **mam** **Akkusativ** **1.** **DE** *zu, an* [in die Nähe von] • **FR** *à côté de, près de* • **EN** *next to, by* • **PT** *ao lado de, para junto de, para ao pé de* **Beispiller** huel der e Stull a setz dech **bei** déi aner Kanner an d'Rei!; d'Kéi komme **bei** den Drot **2.** **DE** *zu* [in die Wohn-, in die Arbeitsräumlichkeiten von] • **FR** *chez* [au domicile de, au lieu de travail de] • **EN** *to* [to the home of, to the workplace of] • **PT** *a casa de, a* [ao local de trabalho de] **Beispiller** kommt dir den Owend **bei** eis iessen?; ech gi **bei** den Dokter, well ech de Bauch wéi **hunn** » **mam** **Dativ** **3.** **DE** *bei, an* [neben, in der Nähe von] • **FR** *auprès de, près de, à côté de* • **EN** *next to, by* • **PT** *ao lado de, junto de, ao pé de* **Beispiller** d'Kand sëtzt **bei** senger Mamm am Auto; ènnen am Duerf **bei** der Post ass eng Luedstatioun; d'Kéi sti **beim** Drot; mat där Aktioun hues de dech **bei** alle Leit zou blaméiert [mat där Aktioun hues de dech virun alle Leit blaméiert!]; do sinn ech ganz **bei** dir [do sinn ech ganz denger Meenung] **4.** **DE** *bei* [in den Wohn-, in den Arbeitsräumlichkeiten von] • **FR** *chez* [au domicile de, au lieu de travail de] • **EN** *at* [at the home of, at the work place of] • **PT** *em casa de, em* [no local de trabalho de] **Beispiller** de Student wunnt nach **bei** senger Elteren; du kanns deng Schong **beim** Schouster flécke loossen **5.** **DE** *bei* [unter, inmitten] • **FR** *parmi* [dans un ensemble de] • **EN** *among* [a collection, with the group] • **PT** *entre* [no conjunto de] **Beispiller** **bei** deene Schong si keng, déi mir gefalen; **bei** deene Leit hues du näischt verluer! **Synonym** **ënner** **6.** **bei** ... zou **DE** *in* [Gegenwart von, im Beisein von] • **FR** *en* [présence de] • **EN** *in* [in front of] [in the presence of] • **PT** *em* [presença de, diante de] **Beispiller** hien huet seng Ausso **bei** Zeien zou widerholl; do kanns dach net **bei** him zou seng Schwëster esou erofmaachen! **7.** **DE** *bei* [in der Kategorie] • **FR** *chez* [dans la catégorie de] • **EN** *among* [in the category of] • **PT** *em* [na categoria de] **Beispill** **bei** den Déiere sinn eenzel Sënner méi entwéckelt ewéi **bei** de Mënschen **8.** **DE** *bei* [bei Anlass von, während] • **FR** *lors de* [à l'occasion de] • **EN** *during* • **PT** *em, por ocasião de, no momento de* **Beispiller** hien huet **bei** enger Kläpperei en Zant ausgeschloe kritzt; **bei** Sonnenënergang kanns de schéi Fotoe maachen; d'Cheffin ass **bei** der Aarbecht [d'Cheffin ass amgaang ze schaffen]

9. **DE** *bei* [im Falle von] • **FR** *en cas de* • **EN** *in case of* • **PT** *em caso de* **Beispill** **bei** schlechtem Wieder gëtt de Concert ofgesot **10.** **bei** sech **DE** *bei sich* • **FR** *sur soi* • **EN** *on one* [with one] • **PT** *consigo* [na sua posse] **Beispill** mäi Kolleeg huet ni Sue **bei** sech

Béi [bɔɪ] Femininum (Pluriel <seelen> **Beien**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Beicht [bɔɪçt] Femininum (Pluriel **Beichten**) **DE** *Beichte* • **FR** *confession* [de ses péchés] • **EN** *confession* [of one's sins] • **PT** *confissão* [dos seus pecados] **Beispill** de Paschtouer huet dem Kranken d'**Beicht** ofgeholl

beichten [b'ɔɪçtən] Verb (Hëllesverb **hunn**, Participe passé **gebeicht**) » **transitiv** **1.** **DE** *beichten* [seine Sünden] • **FR** *confesser* [ses péchés] • **EN** *to confess* • **PT** *confessar* [os seus pecados] **Beispill** hien huet dem Paschtouer seng Sënne **gebeicht** **2.** **DE** *beichten* [eingestehen] • **FR** *confesser* [avouer] • **EN** *to confess* [to admit] • **PT** *confessar* [admitir] **Beispill** d'Kand huet sengen Eltere **gebeicht**, et hätt eng gestiicht **3.** **DE** *die Beichte abnehmen* • **FR** *confesser* [entendre en confession] • **EN** *to confess* [to hear the confession of] • **PT** *confessar* [ouvir em confissão] **Beispiller** de Paschtouer huet d'Kanner aus senger Por **gebeicht**; elo sinn ech **gebeicht**! [ëgs] [lelo **hunn** ech eng lästeg Prozedur hanner mer!] » **intransitiv** **4.** **DE** *beichten* [zur Beichte gehen] • **FR** *se confesser* • **EN** *to go to confession* • **PT** *confessar-se* **Beispill** hie geet fir d'Ouschtere **beichten**

Beichtstull [b'ɔɪçtʃʊl] Maskulinum (Pluriel **Beichtstüül**) **DE** *Beichtstuhl* • **FR** *confessionnal* • **EN** *confessional* [stall] • **PT** *confessionário* **Beispill** d'Kierchefabrik huet de **Beichtstull** restauréiere gelooss

béid [bɔɪt] Indefinitpronomen » Pluriel / männlech / weiblech / sächlech / Nominativ **1.** (allen) **béid** **DE** (*alle*) *beide, (die) beiden* • **FR** (*tous*) *les deux* • **EN** *the two, both* • **PT** *ambos, ambas* **Beispiller** (déi) **béid** Fäll sinn nach ëmmer net opgekläert; mir haten alle **béid** eng Zopp als Entrée » Pluriel / männlech / weiblech / sächlech / Akkusativ **2.** (allen) **béid** **DE** (*alle*) *beide, (die) beiden* • **FR** (*tous*) *les deux* • **EN** *the two, both* • **PT** *ambos, ambas* **Beispiller** d'Kand hat ee Joer, wéi et **béid** Eltere verluer huet; d'Police konnt (déi) **béid** Fäll nach net opklären; d'Elteren **hunn** hir Kanner alle **béid** an en Internat ge-doen

Beidel [b'ɔɪdɛl] Maskulinum (Pluriel **Beidelen**) **1.** [vereezt] **DE** *Beutel* [Behältnis] • **FR** *sac* [contenant souple] • **EN** *satchel* • **PT** *bolsa* [saco de material flexível] **Beispiller** d'Handwierksgezellen, déi op der Rull waren, haten hir siwe Saachen an engem **Beidel**; **bei** him geet et duerch de graffe **Beidel** [ëgs] [hie schafft net exakt] **2.** [vereezt] **DE** *Beutel, Geldbeutel* • **FR** *bourse* [portemonnaie] • **EN** *purse* • **PT** *bolsa* [porta-moedas] **Beispill** ech hu kee Su méi am **Beidel**

beidelen [b'ɔɪdɛləŋ] Verb (Hëllesverb **hunn**, Participe passé **gebeidelt**) » **transitiv** **1.** [ëgs] **DE** *schröpfen, abzocken* • **FR** *plumer* [dépouiller, voler] • **EN** *to fleece* • **PT** *depenar* [espoliar, roubar] **Beispill** hie **gouf** **beim** Pokerschéi **gebeidelt** **Synonym** plëmmen **2.** **DE** *beuteln* [zusetzen, mitnehmen] • **FR** *malmenner* [traiter durement] • **EN** *to treat badly, to knock about* • **PT** *maltratar* [tratar com dureza] **Beispill** d'Liewen huet hien uerg **gebeidelt**

Beidelmees [b'aɪdɛlmɛ:s] Femininum (Pluriel Beidelmeesen) Remiz pendulinus **DE** *Beutelmeise* • **FR** *ré-miz penduline* • **EN** *Eurasian penduline tit* • **PT** *chapim-de-faces-pretas* **Beispill** wéi laang bréien d'Beidelmeesen?

Beidelschneider Maskulinum (kee Pluriel) **DE** (*Gewöhnliche(s)*) *Hirtentäschel*, *Hirtentäschelkraut* • **FR** *bourse-à-pasteur* • **EN** *shepherd's purse* • **PT** *bolsa-de-pastor*, *erva-do-bom-pastor* **Beispill** de Beidelschneider ass eng Heelplanz, déi schonn am Méttelalter an der Medezin agesat gouf **Synonymen** Hiertskraitchen, Täschekraitchen

béiden [b'zɪdɛn] Indefinitpronomen » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Dativ (allen) béiden **DE** (*allen*) *beiden* • **FR** *des deux*, *aux deux*, (*tous*) *les deux* • **EN** *the two*, *both* • **PT** *de ambos*, *de ambas*, *a ambos*, *a ambas* **Beispiller** d'Komiteeë vu béiden Associationen hunn effikass zesummege schafft; ech muss hinnen alle béide Recht ginn

béides Indefinitpronomen **DE** *beides* • **FR** *les deux (choses)* • **PT** *ambas as coisas*, *as duas coisas* **Beispiller** du kanns et esou oder esou maachen, béides ass méiglech!; ech kann der mäi Computer zesumme mam Ecran verkafen, ech ka béides net méi gebrauchen

Beidler [b'aɪdlɛ] Eegennumm **DE** *Beidweiler* • **FR** *Beidweiler* • **EN** *Beidweiler* • **PT** *Beidweiler* **Beispiller** ech wunnen zu Beidler; fiert dëse Bus op Beidler?

Beiebutt [b'aɪəbɪt] Maskulinum (Pluriel Beiebitten) **DE** *Bienenstock* • **FR** *ruche* [*abri*] • **EN** *beehive* • **PT** *colmeia* [*construção*] **Beispill** mäi Kolleeg, deen Hunneg mécht, huet e puer vu senge Beiebitten an eisem Bongert opgestallt **Synonym** Beiestack

Kuerzform: Bitt

Beiefrësser [b'aɪəfrɛsɛ] Maskulinum (Pluriel Beiefrësser) **Merops apiaster** **DE** *Bienenfresser* • **FR** *guépier d'Europe* • **EN** *European bee-eater* • **PT** *abelharucocomum* **Beispill** wéi laang bréien d'Beiefrësser?

Beiegeftallergie [b'aɪəgɛftalɛrzi:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Bienengiftallergie* • **FR** *allergie au venin d'abeille* • **EN** *bee sting allergy*, *bee venom allergy* • **PT** *alergia ao veneno de abelha* **Beispill** wann een eng Beiegeftallergie huet, brauch ee séier Hëllef, wann ee gepickt gëtt

Beiekinnigin [b'aɪəkɪnɪgɪn] Femininum (Pluriel Beiekinniginnen) **DE** *Bienenkönigin* • **FR** *reine (des abeilles)* • **EN** *queen bee* • **PT** *rainha (das abelhas)* **Beispill** d'Beiekinnigin ass ausgeflunn, fir en neit Vollek ze grënnen

béien [b'zɪɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gebéit*) » **transitiv 1.** **DE** *biegen*, *krümmen* • **FR** *tordre*, *courber* • **EN** *to bend* [*to shape*] • **PT** *vergar*, *curvar* **Beispiller** de Schmadd béit d'Eisen an déi richteg Form; no der Operatioun konnt ech mäi Knéi laang net richteg béien; ech hu mäin Auto *gebéit* [*égs*] [ech hat en Accident mat mengem Auto] » **reflexiv 2.** **DE** *sich biegen* [*sich krümmen*] • **FR** *se tordre*, *se plier* • **EN** *to bend* [*to give*] • **PT** *vergar-se*, *curvar-se* **Beispiller** d'Beem béie sech am Wand; d'Regal huet sech ënner der

Laascht vun de Bicher *gebéit*; mir hunn eis *gebéit* vu Laachen [*égs*] [mir hu ganz vill gelaacht]; du hues dech voll *gebéit*! [*égs*] [du hues dech elle blaméiert!]

V Verben, déi **béien** als Basis hunn: *abéien*, *ofbéien*, *riicht-béien* an *zurechtbéien*

beienaner [bɔɪɛn'a:nɛ] Adverb - Variant vun *beieneen*

beienaner [bɔɪɛn'a:nɛ] Adverb *abei* + *-enaner*

beienanerbleiwen [bɔɪɛn'a:nɛblaɪvɛn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *beienanerbliwwen*) - Variant vun *beieneebleiwen*

beienanerhunn [bɔɪɛn'a:nɛhun] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *beienanergehat*) - Variant vun *beieneenhunn*

beienanerstoen [bɔɪɛn'a:nɛfto:ɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *beienanergestannen* / *beienanergestan*) - Variant vun *beieneestoen*

beieneebleiwen [bɔɪɛn'e:blaɪvɛn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *beieneebliwwen*) » **intransitiv 1.** **DE** *zusammenbleiben* [*in einer Gruppe*] • **FR** *rester ensemble*, *rester groupé* • **EN** *to stay together* [*in a group*] • **PT** *ficar juntos* [*em grupo*] **Beispill** Kanner, bleift beieneen, fir datt keent vun iech verluer geet! **Synonym** zesummebleiwen **2.** **DE** *zusammenbleiben* [*in einer Partnerschaft*] • **FR** *rester ensemble* [*en couple*], *rester uni* • **EN** *to stay together* [*in a relationship*] • **PT** *ficar juntos* [*em casal*] **Beispill** d'Koppel huet sech versprach, e Liewe laang beieneenzebleiwen **Synonym** zesummebleiwen

V Variant: *beienanerbleiwen*

beieneekommen [bɔɪɛn'e:komɛn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *beieneekomm*) » **intransitiv 1.** **DE** *zusammenkommen* [*sich versammeln*] • **FR** *se réunir* [*personnes*] • **EN** *to come together*, *to assemble* • **PT** *reunir-se* [*peessoas*] **Beispill** Dokteren aus ganz Europa si fir e Kongress beieneekomm **Synonymen** zesummefannen, zesummekommen **2.** **DE** *zusammenkommen* [*sich anhäufen*] • **FR** *s'accumuler* • **EN** *to occur together*, *to accumulate* • **PT** *acumular-se* **Beispill** wann e puer Problemer beieneekommen, verléiert ee gär den Iwwerbléck **Synonym** zesummekommen **3.** **DE** *aufeinandertreffen* [*Wege*] • **FR** *converger* [*se rencontrer*] • **EN** *to meet*, *to converge* • **PT** *convergir* [*encontrar-se*] **Beispill** do, wou déi zwou Stroosse beieneekommen, goufe Rout Luuchten installéiert **Synonym** openeestoussen **4.** **DE** *zusammenkommen*, *zusammenfinden* • **FR** *se trouver* [*comme couple*] • **EN** *to get together* [*to become a couple*] • **PT** *começar a namorar* **Beispill** no vill Gedeessesems sinn déi zwee Verléift endlech beieneekomm **Synonym** zesummekommen

beieneen [bɔɪɛn'e:n] Adverb **DE** *auf einmal* [*zugleich*] • **FR** *d'un trait*, *d'un seul coup* [*en une seule fois*] • **EN** *all at once*, *in one go* • **PT** *de um trago*, *de uma só vez* **Beispiller** dréink net alles beieneen!; d'Kanner hunn d'Kamellen all beienee giess

V Variant: *beienaner*

beieneen [bɔɪɛn'e:n] Adverb *abei* + *-eneen*

beieneenhunn [bʰaɪən'e:nhun] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beieneegehat)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: beienanerhunn

beieneestoen [bʰaɪən'e:ʃto:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beieneegestanen / beieneegestan)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: beienanerstoen

Beienhäip Femininum (Pluriel Beienhäipen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: Beienheip

Beienhaischen Neutrum (Pluriel Beienhaisercher)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Beienheip Femininum (Pluriel Beienheipen) - Variant vun ↗Beienhäip

Beienhëpp Femininum (Pluriel Beienhëppen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Beienhëppchen Femininum (Pluriel Beienhëppercher) - Diminutivform vun ↗Beienhëpp

Beiennascht Neutrum (Pluriel Beiennäschter)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Beienziichter [bʰaɪəntsi:çtɛ] Maskulinum (Pluriel Beienziichter) **DE** *Bienenzüchter, Imker* • **FR** *apiculteur* • **EN** *beekeeper* • **PT** *apicultor* **Beispill** ech kafe mäin Hunneg direkt beim Beienziichter **Synonym** Imker

i Weiblech Form: ↗Beienziichterin

Beienziichterin [bʰaɪəntsi:çtəri:n] Femininum (Pluriel Beienziichterinnen) **DE** *Bienenzüchterin* • **FR** *apicultrice* • **EN** *beekeeper [female]* • **PT** *apicultora* **Beispill** du kanns däin Hunneg och direkt bei enger Beienziichterin bei eis am Duerf kafen

i Männlech Form: ↗Beienziichter

Béier [bʰɛɪ] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Bier* [*Getränk*] • **FR** *bière* [*boisson*] • **EN** *beer* [*drink*] • **PT** *cerveja* [*bebida*] **Beispill** um Summerfest hunn ech de ganzen Dag Béier gezaapt **2.** (Pluriel Béier) **DE** (*Glas*) *Bier* • **FR** (*verre de*) *bière* • **EN** (*glass of*) *beer* • **PT** (*copo de*) *cerveja* **Beispill** bestell eis nach zwee Béier! **3.** (Fläsch) Béier **DE** (*Flasche*) *Bier* • **FR** (*bouteille de*) *bière* • **EN** (*bottle of*) *beer* • **PT** (*garrafa de*) *cerveja* **Beispill** bestell eis nach zwou (Flaschen) Béier!

Béier [bʰɛɪ] Maskulinum (Pluriel Béieren) **DE** *Eber* • **FR** *verrat* • **EN** *boar* • **PT** *varrão* **Beispill** de Bauer hält eng Dose Sai an ee Béier

Béierdeckel [bʰɛɪdɛkəl] Maskulinum (Pluriel Béierdeckelen) **DE** *Bierdeckel* • **FR** *sous-bock* • **EN** *beer mat* • **PT** *base de copo (de cerveja)* **Beispill**er de Wiert huet sech eng Notiz op e Béierdeckel gemaach; et gëtt Leit, déi Béierdeckele sammelen

Béierdeeg [bʰɛɪdɛ:ç] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Bierteig* • **FR** *pâte (à frire) à la bière* • **EN** *beer batter* • **PT** *polme (de cerveja), massa de cerveja [para fritura]*

Beispill virum Frittéiere gëtt de Fësch an de Béierdeeg gezappt

Béierfaass [bʰɛɪfa:s] Neutrum (Pluriel Béierfässer) **DE** *Bierfaass* • **FR** *tonneau de bière, fût de bière* • **EN** *beer barrel* • **PT** *barril de cerveja* **Beispill** de Rollefax rullt d'Béierfässer vum Camion erof

Béierfläsch [bʰɛɪflɛʃ] Femininum (Pluriel Béierfläschchen) **DE** *Bierflasche* • **FR** *bouteille de bière [contenant]* • **EN** *beer bottle* • **PT** *garrafa de cerveja* **Beispill** fir d'Béierfläsche kill ze halen, hu mer se an d'Baach geluecht

Béierglas [bʰɛɪgla:s] Neutrum (Pluriel Béierglieser)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Béierhief [bʰɛɪhiɛf] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Bierhefe* • **FR** *levure de bière* • **EN** *brewer's yeast* • **PT** *levedura de cerveja* **Beispill** all Brauerei zillt hir eege Béierhief

Beiestach [bʰaɪstax] Maskulinum (Pluriel Beiestéch) **DE** *Bienenstich* [*Stich*] • **FR** *piqûre d'abeille* • **EN** *bee sting* • **PT** *picada de abelha* **Beispill** ech reagieren allergesch op Beiestéch

Beiestack [bʰaɪstak] Maskulinum (Pluriel Beiestäck) **DE** *Bienenstock* • **FR** *ruche* [*abri*] • **EN** *beehive* • **PT** *colmeia* [*construção*] **Beispill**er mäi Kolleeg, deen Hunneg mécht, huet e puer vu senge Beiestäck an eisem Bongert opgestallt; den éischten Dag vun de Solden ass et am Kleederbuttek zougaangen ewéi an engem Beiestack [den éischten Dag vun de Solde sinn Onmasse vu Leit am Kleederbuttek an- an ausgaangen] **Synonym** Beiebitt

Beievollek [bʰaɪvɔlek] Neutrum (Pluriel Beievëlker) **DE** *Bienenvolk* • **FR** *colonie d'abeilles, ruchée* • **EN** *bee colony, hive* • **PT** *colónia de abelhas, enxame* **Beispill** d'Kinnigin ass ausgeflunn, fir en neit Beievollek ze grënnen

Béifchen [bʰɛɪfçən] Maskulinum (Pluriel Béierwercher) - Diminutivform vun ↗Bouf

beige [bɛ:ʃ] Adjektiv **DE** *beige* • **FR** *beige* • **EN** *beige* • **PT** *bege* **Beispill**er meng Mamm huet sech e beigë Reemantel kaaft; mir wëllen eist Haus beige usträichen

Béigen [bʰɛɪzən] Eegennumm **DE** *Bögen* • **FR** *Boe-vange* • **EN** *Boevange* • **PT** *Boevange* **Beispill**er ech wunnen zu Béigen; fiert dese Bus op Béigen?

Beignet Maskulinum (Pluriel Beigneten) **DE** *Beignet* • **FR** *beignet* **Beispill**er ech iessen all Joer op der Fouer Gromperekichelcher an e Beignet mat Pudding

Beijing Eegennumm - Variant vun ↗Peking

Beil [bʰaɪl] Neutrum (Pluriel Beiler) - Variant vun ↗Beilen

beileiwen [bʰaɪ'laɪvən] Adverb beileiwen (net) **DE** *beileibe (nicht)* • **FR** *surtout (pas)* • **EN** *certainly (not)* • **PT** *de modo algum* **Beispill**er mengt elo beileiwen net, ech hått dat do express gemaach!; zerwéiert mer beileiwe keng Träipen, déi kréien ech mam beschte Wëllen net of!

Beilen [bʰaɪlən] Neutrum (Pluriel Beilen) **DE** *Beil* • **FR** *hache à main* • **EN** *cleaver, hatchet* • **PT** *machada, ma-*

chadinho **Beispiller** de Metzler huet d'Schanke mam Beilen a kleng Stécker gehaen; de Bouf mécht d'Holz mam Beile kleng; hien huet e Gesiicht ewéi mam Beile gehaen ^[eggs] [hien huet e grafft Gesiicht]

i Variant: Beil

beim [bɔim] ↗bei + ↗dem

Béinchen [b'ɛɪŋçən] Femininum (Pluriel Béinercher) - Diminutivform vun ↗Boun

Beipackziedel [b'ɑɪpɑksɪədəl] Maskulinum (Pluriel Beipackziedelen) **DE** *Beipackzettel* [*bei* Medikamenten] • **FR** *notice* [*de médicament*] • **EN** *medication information leaflet* [*package insert*] • **PT** *bula* [*do medicamento*] **Beispill** um **Beipackziedel** ginn d'Niewewierkunge vum Medikament opgeziet

Beirut **Eegennumm** **DE** *Beirut* • **FR** *Beyrouth* • **EN** *Beiru* • **PT** *Beirute* **Beispill** Beirut ass d'Haaptstad vum Libanon

béis [bɛɪs] Adjektiv **1. DE** *böse, boshaft* • **FR** *méchant* [*Idésagréable, malveillant*] <Adverb *méchamment*> • **EN** *mean, nasty* <Adverb *nastily*> • **PT** *mau, ruim, maldoso* <Adverb *maldosamente*> **Beispiller** géif dech mat deene béisen Ennerstellungen!; weinst sengem béise Charakter wéllt kee méi eppes mat deem Typ ze dinn hunn; meng lescht Remark war net béis gemengt **Synonymmen** béisaarteg, weischt **2. DE** *böse, schlimm* [*lungenehm*] • **FR** *fâcheux* <Adverb *fâcheusement*> • **EN** *bad* [*unpleasant*] <Adverb *badly*> • **PT** *mau, duro, grave* <Adverb *mal*> **Beispiller** dat do ass eng béis Geschicht!; mir gi béisen Zäiten entgéint; d'Infirmière gouf an eng béis Affär eragezunn; déi Geschicht kann ënner Êrmstänn béis ausgoen **Synonymmen** schlëmm, schro **3. béis** sinn *DE* *wütend sein, böse sein* • **FR** *être fâché* • **EN** *to be cross, to be annoyed* • **PT** *estar zangado, estar aborrecido* **Beispiller** firwat bass de béis mat eis?; meng Schwëster ass weinst enger Dommheet béis iwwer mech; mäi Mataarbechter ass béis, mee e wéllt kengem soen, firwat; ech si richtig béis ginn, wéi ech vun deene Ligen héieren hunn **Synonymmen** queesch sinn, rose sinn **4. DE** *schlimm, arg* • **FR** *marqué* [*fort, prononcé*] • **EN** *sharp, strong* • **PT** *pronunciado, marcado* **Beispiller** hei mécht d'Strooss eng béis Kéier; dee Speaker huet awer e béisen Accent **Synonym** uerg

béis [bɛɪs] Adverb **DE** *sehr, ungemein* [*arg*] • **FR** *très, extrêmement, drôlement* • **EN** *extremely, seriously* • **PT** *muito, extremamente* **Beispiller** et ass béis kal dobaussen!; mir haten eis béis versinn!; meng Coiffeuse ass béis gepaakt! **Synonymmen** ellen, uerg

béisaarteg [b'ɛɪzɑ:rtəç] Adjektiv **1. DE** *bösartig* [*Charakter*] • **FR** *méchant* [*(de) caractère*] • **EN** *mean, nasty* • **PT** *mau, ruim, maldoso* **Beispill** si huet e béisaartege Charakter **Synonymmen** béis, gehässeg, weischt **2. DE** *bösartig* [*Tumor, Krankheit*] • **FR** *malin* [*tumeur, maladie*] • **EN** *malignant* [*tumour, disease*] • **PT** *maligno* [*tumor, doença*] **Beispill** mäi Monni huet e béisaartegen Tumor am Kapp

Béisaartegkeet [b'ɛɪzɑ:rtəçke:t] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** *Bösartigkeit, Boshaftigkeit* • **FR** *méchanceté* • **EN** *spitefulness* • **PT** *ruindade, maldade* **Beispill** vun elauter Béisaartegkeet wollt en seng Kanner entierwen **2. DE** *Bösartigkeit, Malignität* • **FR** *malignité* • **EN** *malignancy* • **PT** *malignidade* **Beispill** d'Béisaartegkeet vum

Gewächs ass bewisen

Béischt [bɛɪft] Maskulinum (Pluriel Béischten) **1. DE** *Rind* [*Nutztier*] • **FR** *bovin* • **EN** *cow, bovine* • **PT** *bovino, cabeça de gado* **Beispiller** si hunn de kranke Béischt misse schluechten; de Bauer huet sechs nei Béischte kauft **Synonym** Randbéischt **2. (kee Singulier)** **DE** *Vieh, Rinderherde* • **FR** *bétail, troupeau* [*de bovins*] • **EN** *cattle* • **PT** *gado, manada* [*de bovinos*] **Beispill** de Bauer huet d'Béischte virum Wanter an de Stall geholl **Synonym** Vei

Beispill [b'ɑɪspil] Neutrum (Pluriel Beispiller) **1. DE** *Beispiel* • **FR** *exemple* • **EN** *example* [*illustration*] • **PT** *exemplo* [*ilustração*] **Beispiller** ech sichen no engem **Beispill**, mee ech fanne keent; de Professor huet d'Theorie mat e puer Beispiller illustréiert; meng Eltere sinn ëmmer mam gudde **Beispill** virgaangen (meng Elteren hunn sech ëmmer virbildlech beholl!); huel der emol e **Beispill** un denger Schwëster! [huel der deng Schwëster emol als Virbild!]; **2. zum Beispill** **DE** *zum Beispiel* • **FR** *par exemple* • **EN** *for example* • **PT** *por exemplo* **Beispill** et muss een net wäit fueren, et kann een zum **Beispill** och doheem Vakanz maachen

i zum **Beispill** gétt mat z. B. ofgekierzt.

Beispillssaz [b'ɑɪpilszɑ:ts] Maskulinum (Pluriel Beispillssätz) **DE** *Beispielsatz* • **FR** *exemple* [*phrase*] • **EN** *example* [*sentence*] • **PT** *frase de exemplo* **Beispill** an dëser Grammaire stinn hanner all Reegel e puer **Beispillssätz**

beispillsweis Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

béissen [b'ɛɪsɔn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gebéisst*) » **intransitiv** **1. béisse** fir **DE** *büßen für* [*bestraft werden für*] • **FR** *expier* [*subir les conséquences de*] • **EN** *to atone for, to pay for* • **PT** *expiar* [*sofrer as consequências de*] **Beispill** de Verurteelte *béisst* fir eppes, wat en net verbrach huet **2. béisse** fir **DE** *büßen für* [*Büße tun für*] • **FR** *expier* [*ses péchés*] • **EN** *to atone for, to expiate* [*one's sins*] • **PT** *expiar* [*os pecados*] **Beispill** mir pilgeren all Joer heihin, fir fir eis Sënnen ze *béissen* » **transitiv** **3. DE** *büßen* [*bestraft werden für*] • **FR** *payer* [*lêtre puni pour*] • **EN** *to pay for* [*to be punished for*] • **PT** *pagar* [*ser castigado por*] **Beispill** dat do wäerts du mer *béissen*!

i Verb, dat **béissen** als Basis huet: ↗abéissen

béiswëlleg [b'ɛɪsvələç] Adjektiv **DE** *böswillig* • **FR** *malveillant* <Adverb *avec une intention malveillante*> • **EN** *malicious* <Adverb *maliciously*> • **PT** *malévolo, mal-intencionado* <Adverb *com má intenção*> **Beispiller** dat doten ass eng *béiswëlleg* Ennerstellung!; mäin Auto ass *béiswëlleg* beschiedegt ginn

Beitrag [b'æ:ɪtra:ç] Maskulinum (Pluriel Beiträg) - Variant vun ↗Bäitrag

Béiwen [b'ɛɪvən] **Eegennumm** **DE** *Böwen* • **FR** *Bavigne* • **EN** *Bavigne* • **PT** *Bavigne* **Beispiller** ech wunnen zu *Béiwen*; fiert dëse Bus op *Béiwen*?

Béiwen-Atert [b'ɛɪvən'a:tət] **Eegennumm** **DE** *Böwingen an der Attert* • **FR** *Boevange-sur-Attert* • **EN** *Boevange-sur-Attert* • **PT** *Boevange-sur-Attert* **Beispiller** ech

wunnen zu **Béiwen-Atert**; fiert dëse Bus op **Béiwen-Atert**?

Béiweng [b'zɪvɛŋ] Eegennumm **DE** *Bivingen* • **FR** *Bivange* • **EN** *Bivange* • **PT** *Bivange* **Beispiller** ech wunnen zu **Béiweng**; fiert dëse Bus op **Béiweng**?

bekämpfen [bək'æmpfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bekämpft**) » **transitiv DE** *bekämpfen* [*angehen gegen*] • **FR** *combattre* [*tenter d'enrayer*] • **EN** *to fight (against)* • **PT** *combater, lutar contra* **Beispiller** zënter dräi Woche sinn d'Pompjeeën amgaang, de Bëschbrand ze **bekämpfen**; de Misär an der Welt muss mat alle Mëttele **bekämpf** ginn

Bekämpfung [bək'æmpfʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Bekämpfung* • **FR** *lutte* [*tentative d'enrayement*] • **EN** *fighting* [*eradication*] • **PT** *luta* [*tentativa de erradicação*] **Beispiller** mir setzen eis a fir d'**Bekämpfung** vu rassisteschen Tendenzen; d'**Bekämpfung** vun der Rieflaus ass fir d'Wënzer eng éischt **Prioritéit**

bekannt [bək'ant] Adjektiv **DE** *bekannt* • **FR** *connu* • **EN** *famous, well-known* • **PT** *conhecido* **Beispiller** déi Melodie ass **bekannt**; ech géif nawell gär eng **Keier** engem **bekante** Filmstar begéinen; déi Ausso kënt mir **bekannt** vir; hien ass **bekannt** ewéi den Donkelsler Wollef [égs] [hien ass ganz **bekannt**]

i „bekannt“ kann och de Participe passé vum Verb **↗bekennen** sinn.

Bekanntekrees [bək'antəkre:s] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Bekanntekreis* • **FR** *cercle de connaissances* • **EN** *acquaintances* • **PT** *circulo de conhecimentos* **Beispill** eng Persoun aus eisem **Bekanntekrees** gouf vun engem Auto ugestouss

Bekannten [bək'antən] Maskulinum (Pluriel **Bekannten** / **Bekannter**) **DE** *Bekannter* • **FR** *connaissance* [*personne, relation*] • **EN** *acquaintance* [*person*] • **PT** *conhecido* [*peessoa*] **Beispill** e **Bekante** vun eis ass **President** vum Fëscherclub **Synonym** **Kënnegen**

i Weiblech Form: **↗Bekannten**

Bekannten [bək'antən] Femininum (Pluriel **Bekannten**) **DE** *Bekante* • **FR** *connaissance* [*relation, amie*] • **EN** *acquaintance* • **PT** *conhecida* [*peessoa*] **Synonym** **Kënneg**

i Männlech Form: **↗Bekannten**

Bekanntheet [bək'anthe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Bekanntheit* [*Eigenschaft*] • **FR** *notoriété* • **EN** *fame, celebrity* • **PT** *notoriedade, fama* **Beispill** den **Acteur** huet seng **Bekanntheet** als **Sprangbriet** fir seng **politesch** **Karriär** genotzt **Synonym** **Notoriétéit**

bekanntlech [bək'antlɛç] Adverb **DE** *bekanntlich, wie jeder weiß* • **FR** *comme chacun sait* • **EN** *as is well known* • **PT** *como se sabe* **Beispiller** dräi an dräi ass **bekanntlech** sechs; **Chrëscht**dag fält **bekanntlech** an den **Dezember**

bekannt maachen [bək'antma:'çən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bekannt** **gemaach** / **bekannt** **gemaacht**) » **transitiv 1. DE** *bekannt machen* [*veröffentlichen*] • **FR** *publier* [*proclamer*] • **EN** *to publish, to announce* • **PT** *publicar, divulgar* **Beispill** d'**Walresultat** gëtt **eréischt** da **bekannt** **gemaach**, wann d'**Stëmmen** all **ausgezielt** sinn **Synonym** **verëffentlechen 2. bekannt**

maache mat **DE** *bekannt machen mit* [*vorstellen*] • **FR** *présenter à* [*faire faire la connaissance de*] • **EN** *to introduce to* • **PT** *apresentar a* [*uma pessoa a outra*] **Beispill** mä **Schwéierpapp** **huet** **mech** mat der **Direktesch** **bekannt** **gemaach**

bekanntmaachen [bək'antma:'çən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bekanntgemaach** / **bekanntgemaacht**) » **transitiv DE** *bekannt machen* [*berühmt machen*] • **FR** *rendre célèbre* • **EN** *to make famous* • **PT** *tornar célebre* **Beispill** dat **Buch** **huet** d'**Schrëftstellerin** och am **Ausland** **bekanntgemaach**

Bekanntschaft [bək'antʃaft] Femininum (Pluriel **Bekanntschaften**) **1. DE** *Bekanntschaft* [*Einzelperson, Gruppe*] • **FR** *connaissance* [*personne que l'on connaît*] • **EN** *acquaintance* [*person*] • **PT** *conhecimento* [*peessoa*] **Beispiller** si hunn eis hir nei **Bekanntschaft** **virgestallt**; zu hire **Bekanntschafte** **gehéieren** och **Politiker 2. Bekanntschaft** maache mat **DE** *Bekanntschaft machen mit* • **FR** *faire connaissance avec* • **EN** *to become acquainted with* • **PT** *travar conhecimento com* **Beispill** ech hunn **deslescht** mat **Ärer Niess** **Bekanntschaft** **gemaach**

bekäppen [bək'æpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bekäppt**) » **transitiv [égs] DE** *kapieren* • **FR** *pi-ger* [*comprendre*] • **EN** *to get* [*to understand*] • **PT** *percecar, perceber* **Beispiller** wéi ech him d'**Prozedur** an **aller Rou** **erkläert** hunn, du **huet** en se **endlech** **bekäppt**; **maach** **net**, wéi wann s de **näischt** **géifs** **bekäppen**; **deen** do **bekäppt** et ni! [**Ideen** do **léiert** **näischt** aus **senge** **Feel-er**!] **Synonymmen** **begräifen**, **kapéieren**, **schnallen**, **verstoen**

bekäschtegen [bək'æʃtəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bekäschtegt**) » **transitiv DE** *beköstigen, verköstigen* • **FR** *nourrir* [*travailler*] • **EN** *to feed* [*to cater for*] • **PT** *nutrir, servir comida a* **Beispiller** d'**Doléiner** gi **bekäschtegt** a **bezuelt**; **all** **Dag** **ginn** **iwwer** **honnert** **Kanner** an der **Schoukantin** **bekäschtegt**

Bekassinn [bekas'in] Femininum (Pluriel **Bekassinnen**) **Gallinago gallinago** **DE** *Bekassine* • **FR** *bécassine des marais* • **EN** *common snipe* • **PT** *narceja-comum* **Beispill** wéi **laang** **bréien** d'**Bekassinnen**?

bekatzen [bək'atsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bekatz**) » **transitiv [graff] DE** *vollkotzen* • **FR** *gerber sur* [*vomir*] • **EN** *to puke on* • **PT** *vomitár* [*sujar com vomitado*] **Beispill** **deen**, **deen** d'**Toilette** **bekatz** **huet**, **hätt** se **wéinstens** **kënnen** **botzen**!

bekéieren [bək'zɪɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bekéiert**) » **transitiv 1. bekéieren** (zu) **DE** *bekehren* (zu) [*einem Glauben*] • **FR** *convertir* (*à*) [*amener à adopter une croyance*] • **EN** *to convert* (*to*) [*to a faith*] • **PT** *converter* (*a*) [*levar a adotar uma fé*] **Beispill** d'**Missionare** **bekéieren** d'**Leit** zum **Glawen 2. bekéieren** (zu) **DE** *bekehren* (zu) [*überzeugen* (*von*)] • **FR** *convertir* (*à*) [*convaincre*] • **EN** *to convert* (*to*) [*to convince*] • **PT** *converter* (*a*) [*convencer*] **Beispiller** ech **konnt** mäi **Mann** zu **dëser** **Iddi** **bekéieren**; an **där** **Saach** ass de **Bopi** **net** ze **bekéieren**! **bass** de **elo** **bekéiert**? [égs] [**gesäis** de **däin** **Iertum** **elo** an?] » **reflexiv 3. sech** **bekéieren** (zu) **DE** *sich bekehren* (zu) • **FR** *se convertir* (*à*) • **EN** *to convert* (*to*), *to become a convert* (*to*) • **PT** *converter-se* (*a*) [*adotar*]

uma fé **Beispill** eis Noperen hu sech zum Katholizismus bekéiert

bekëmmere [bək'əmərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bekëmmert) » **reflexiv 1.** sech bekëmmere em **DE** *sich kümmern um* [umsorgen] • **FR** *s'occuper de* [entourer de soins] • **EN** *to take care of, to look after* • **PT** *ocupar-se de, cuidar de* [dedicar-se al] **Beispill** déi meescht Eltere bekëmmere sech mat vill Léift em hir Kanner **Synonym** sech këmmere em **2.** sech bekëmmere em **DE** *sich kümmern um* [sich befassen mit] • **FR** *s'occuper de* [se charger de] • **EN** *to mind, to concern oneself with* • **PT** *ocupar-se de, tratar de* [encarregar-se de] **Beispiller** ech hu keng Zäit, fir mech dorëm ze bekëmmere; bekëmmert Iech gefällegst em Är eege Saachen! **Synonym** sech këmmere em

bekëmmlech [bək'əmleç] Adjektiv **DE** *bekëmmlich* • **FR** *digestible* • **EN** *digestible* • **PT** *digerível* **Beispill** déi liicht Zooss beim Fësch hu ganz bekëmmlech

bekennen [bək'ænən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bekannt) » **transitiv 1.** **DE** *bekennen, eingestehen* • **FR** *confesser, révéler, dévoiler* • **EN** *to confess* [to admit to] • **PT** *confessar, revelar, admitir* **Beispiller** an der Beicht bekennt e Gleewegen seng Sënnen; elo muss de Faarf bekennen! [egs] [elo muss de deng Meinung soen!; elo muss de d'Wouerecht soen!] » **reflexiv 2.** sech bekennen zu **DE** *sich bekennen zu* • **FR** *revendiquer, se réclamer de* • **EN** *to claim responsibility for, to profess* [to affirm belief in] • **PT** *reivindicar, abraçar* [assumir como seu] **Beispiller** eng terroristesch Grupp huet sech zu den Attentäter bekannt; bekenns du dech zu enger Relioun? **3.** sech bekennen als **DE** *sich bekennen als* • **FR** *se présenter comme, s'afficher comme* • **EN** *to avow oneself* • **PT** *apresentar-se como, assumir-se como* **Beispill** hie bekennt sech als Ëmweltschützer **4.** sech schëlleg bekennen **DE** *sich schuldig bekennen* • **FR** *s'avouer coupable* • **EN** *to plead guilty* • **PT** *declarar-se culpado* **Beispill** den Ugekloten huet sech schlussendlech schëlleg bekannt

beklaue [bək'ləʊən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beklaut) » **transitiv DE** *beklaue* • **FR** *voler, dévaliser* • **EN** *to steal from* • **PT** *roubar, despojar* **Beispill** dee Brigang beklaut d'Leit, wou en nëmme kann **Synonym** bestielen

bekloen [bək'ləʊən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beklot) » **reflexiv 1.** sech bekloen (iwwer) **DE** *sich beklagen* (über) • **FR** *se plaindre* (de) [se lamenter] • **EN** *to complain* (about) • **PT** *queixar-se* (de) [lamentar-se] **Beispiller** am Summer bekloen mer eis iwwer d'Hëtzt, am Wanter iwwer d'Keelt; d'Kanner hu sech beklot, datt se net genuch Täschegeld kréichen **Synonymen** kloen (iwwer), sech beschwéieren (iwwer) » **transitiv 2.** **DE** *beklagen* [betrauern] • **FR** *déplorer* [pleurer sur] • **EN** *to deplore* [to lament] • **PT** *deplorar* [chorar, lamentar] **Beispill** nom Äerdbiewe ware 50 Doudeger ze bekloen

bekommen [bək'omən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé bekomm) » **intransitiv DE** *bekommen* [zu-träglich sein] • **FR** *réussir à* [être bénéfique pour, convenir à] • **EN** *to agree with* [to be good for] • **PT** *fazer bem a, cair bem a* **Beispiller** déi reng Biergloft bekënn mer richtig gutt!; dat fetlegt Iesse vun de Mëtteg ass mer

net bekomm; déi laang Vakanz bekënn eise Kanner net

bekräftegen [bək'ræftəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bekräftegt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

bekrichen [bək'rɪçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bekricht) » **reflexiv DE** *sich bekriegen* • **FR** *se faire la guerre* • **EN** *to make war on* • **PT** *guerrear-se* **Beispill** déi zwee Länner hu sech jorelaang bekricht

bekucken [bək'ukən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bekuckt) » **transitiv 1.** **DE** *anschauen, mustern* • **FR** *fixer, regarder, dévisager* • **EN** *to look at, to stare at* • **PT** *fitar, olhar, cravar os olhos em* **Beispill** ech si bekuckt ginn, wéi wann ech se net méi all hätt! **Synonym** ukucken **2.** net bekucken **DE** *ignorieren, nicht beachten* • **FR** *ignorer* [déconsidérer] • **EN** *to ignore* [to disregard] • **PT** *ignorar* [desconsiderar] **Beispiller** zënter eisem Sträit bekuckt mäin Noper mech net méi; haut huet eis Kaz hiert Friessen net bekuckt » **reflexiv 3.** **DE** *sich wundern* • **FR** *s'étonner* • **EN** *to be surprised* [to be astonished] • **PT** *admirar-se, surpreender-se* **Beispill** dee wäert sech emol al bekucken! **Synonym** sech wonneren

belaaschtbar Adjektiv **DE** *belastbar* [stressresistent] • **FR** *résistant* [face au stress] • **PT** *resistente* [em situação de stress] **Beispill** wien als Infirmier wëllt schaffen, muss belaaschtbar sinn

belaaschten [bəl'a:ʃtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé belaascht) » **transitiv 1.** **DE** *belasten* [einer Last aussetzen] • **FR** *charger* [exposer à une charge] • **EN** *to load* [to weigh down] • **PT** *submeter a uma carga, sobrecarregar* **Beispiller** d'Bréck krut Rëss, well se ze staark belaascht ginn ass; eechen Dunne kann ee staark belaaschten **2.** **DE** *belasten* [beschuldigen] • **FR** *charger* [mettre en cause] • **EN** *to incriminate* • **PT** *culpar, incriminar* **Beispiller** d'Zeienausso huet den Ugeklote belaascht; nom Gesetz brauch keen sech selwer ze belaaschten **3.** **DE** *belasten* [finanziell] • **FR** *charger, grever* [financièrement], *taxer* • **EN** *to burden, to strain* [financially] • **PT** *sobrecarregar* [financeiramente] **Beispiller** d'Investissement belaascht de Budget vun der Entreprise mat zwou Milliounen Euro; Jonggeselle gi steierlech méi belaascht ewéi bestuete Leit **4.** **DE** *belasten* [bedrücken] • **FR** *accabler* [attrister] • **EN** *to depress, to put a strain on* • **PT** *pesar a, afligir* **Beispiller** den Doud vun der Mamm belaascht déi ganz Famil; dat schrecklecht Erliefnes huet hie psychesch staark belaascht **5.** **DE** *belasten*, *strapazieren* • **FR** *solliciter* [fatiguer excessivement] • **EN** *to strain, to push* [so as to perform] • **PT** *sobrecarregar* [desgastar, cansar] **Beispiller** Stress an eng ongesond Ernährung belaaschten de Kreeslaf; Sportler kënen kierperlech méi belaascht ginn ewéi Leit, déi kee Sport maachen **6.** **DE** *belasten*, *verschmutzen* • **FR** *polluer* • **EN** *to pollute* • **PT** *poluir* **Beispiller** schiedlech Substanze belaaschten d'Ëmwelt; dat aalt Gebai ass mat Asbest belaascht a muss sanéiert ginn

belaaschtend Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Belaaschtung [bəl'a:ʃtʊŋ] Femininum (Pluriel Belaaschtungen) **1.** **DE** *Belastung* [Gewicht] • **FR** *charge*

[poids] • **EN** load [weight] • **PT** carga [peso] **Beispill** de Kran hält déi grouss **Belaaschtung** net aus **2. DE** Belastung [finanziell] • **FR** charge [charge financière] • **EN** charge, burden [financial] • **PT** carga [carga financeira] **Beispiller** d'steierlech **Belaaschtung** hänkt vum Akommes of; den Ënnerhalt an d'Hëtze vun der Schwämm sinn eng **Belaaschtung** fir d'Gemeng **3. DE** Belastung [physisch] • **FR** sollicitation physique (excessive) • **EN** strain [physical] • **PT** sobrecarga [física] **Beispill** e schwéiere Schoulsak ass eng **Belaaschtung** fir de Kanner hire Réck **4. DE** Belastung [psychisch] • **FR** stress, fardeau [poids psychique] • **EN** strain, burden [emotional] • **PT** stress, fardo [peso emocional] **Beispiller** déi quokeleg Situatioun ass eng nervlech **Belaaschtung** fir mech; säin Drogeproblem ass eng **Belaaschtung** fir déi ganz Famill **5. DE** Belastung [Verschmutzung] • **FR** nuisance [pollution] • **EN** pollution • **PT** poluição **Beispill** d'Nitratier sinn eng **Belaaschtung** fir d'Grondwaasser

Belaaschtungstest [bə'l'a:ʃtʊŋstæst] Maskulinum (Pluriel **Belaaschtungstest**) **DE** Belastungstest [für Herz-Kreislauf] • **FR** test d'endurance [cardio-vasculaire] • **EN** cardiac stress test, exercise ECG • **PT** teste de resistência [cardiovascular] **Beispill** well ech no laanger Zäit nees wëll Sport maachen, krut ech geroden, e **Belaaschtungstest** ze maachen

belafen [bə'l'a:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **belaf**) » **reflexiv** sech belafen op **DE** sich belaufen auf • **FR** se chiffrer à, s'élever à, atteindre la somme de • **EN** to run to, to amount to • **PT** montar a, ascender a **Beispill** d'ëffentlech Schold **beleeft** sech am Moment op 13 % vum Bruttoinlandsprodukt **Synonym** sech chiffréieren op

beläffelt [bə'l'æfəlt] Adjektiv [ëgs] **DE** aufgeschmissen • **FR** embêté • **EN** in a fix • **PT** tramado, enrascado **Beispill** wann s de op der Autobunn kee Bensinn méi hues, bass de schéi **beläffelt**

Belag [bə'l'a:ç] Maskulinum (Pluriel **Beläg**) **1. DE** Belag [Zahnbelag, Zungenbelag] • **FR** dépôt [sur les dents, sur la langue] • **EN** fur [on tongue], plaque [on teeth] • **PT** sarro [nos dentes, na lingua] **Beispill** ech hat haut de Moien den Hals wéi an e wäisse **Belag** op der Zong **2. DE** Belag [Auflage, Beschichtung] • **FR** garniture [de frein, revêtement [au sol]] • **EN** lining, pad [for brakes], surface [covering] • **PT** calço [de travão], revestimento [do solo] **Beispiller** de **Belag** vu menge Bremse muss onbedéngt ersat ginn; duerch e spezielle **Belag** op den Autobunne sollen d'Autoe manner Kaméidi maachen

belageren [bə'l'a:ʁərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **belagert**) » **transitiv DE** belagern • **FR** assiéger [encercler] • **EN** to besiege • **PT** assediar, sitiar, cercar **Beispiller** eis Festung **gouf** am Laf vun der Geschicht e puermol **belagert**; d'Krunnemécken hunn de Comptoir **belagert**

Belagerung [bə'l'a:ʁərʊŋ] Femininum (Pluriel **Belagerungen**) **DE** Belagerung • **FR** siège • **EN** siege • **PT** assédio, sitio, cerco **Beispill** d'Belagerung vun der Festung huet dräi Woche gedauert

Belair [bə'l'e:ɔ] Eegennumm **DE** Belair • **FR** Belair • **EN** Belair • **PT** Belair **Beispiller** ech wunnen um **Belair**; fiert dese Bus op de **Belair**?

Belarus [bela:r'us] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum **DE** Belarus • **FR** Biélorussie, Bélarus • **EN** Belarus • **PT** Bielorrússia, (República de) Belarus **Beispiller** ech war schonn dräimol am **Belarus**; ech fueren d'nächst Woch an de **Belarus**; ech kommen aus dem **Belarus**; ech war schonn dräimol a **Belarus**; ech fueren d'nächst Woch a **Belarus**; ech kommen aus **Belarus**

1 männlech Persoun: ↗Belaruss weiblech Persoun: ↗Belarussin Adjektiv: ↗belarussesch Haaptstad: ↗Minsk

Belarus [bela:r'us] Maskulinum (Pluriel **Belarusen**) **DE** Belarusse • **FR** Biélorusse • **EN** Belarusian • **PT** bielorrusso **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Belarus**

belarussesch [bela:r'usəʃ] Adjektiv **DE** belarussisch • **FR** biélorusse • **EN** Belarusian • **PT** bielorrusso **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **belarussesch** Kultur kenne geléiert

Belarussin Femininum (Pluriel **Belarussinnen**) **DE** Belarussin • **FR** Biélorusse • **EN** Belarusian [female] • **PT** bielorrussa **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Belarussin**

belästegen [bə'l'æstəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **belästegt**) » **transitiv 1. DE** stören, belästigen • **FR** déranger, importuner • **EN** to bother, to disturb • **PT** incomodar, importunar **Beispiller** däerf ech Iech kuerz **belästegen**?; déi ganz Noperschaft fillt sech duerch de Kaméidi **belästegt** **Synonymmen** behellegen, embêteieren **2. DE** belästigen [bedrängen] • **FR** harceler • **EN** to harass, to pester • **PT** assediar, molestar **Beispiller** hal op, eis ze **belästegen**, oder mir ruffen d'Police!; meng Frëndin ass op der Aarbecht sexuell **belästegt** ginn

Belästegung [bə'l'æstəzʊŋ] Femininum (Pluriel <seelen> **Belästegungen**) **1. DE** Belästigung [Störung] • **FR** nuisance • **EN** annoyance, nuisance • **PT** aborrecimento, incómodo **Beispill** d'Nopere bekloe sech iwwer d'Belästegung duerch de Chantier **2. DE** Belästigung [Aufdringlichkeit] • **FR** harcèlement • **EN** harassment • **PT** assédio [laboragem impertinente] **Beispill** de Fraeministère setzt sech géint sexuell **Belästegung** op der Aarbechtsplaz an

belaueren [bə'l'auərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **belauert**) » **transitiv DE** belauern • **FR** épier [surveiller] • **EN** to spy on • **PT** espiar [vigiar] **Beispill** den Detektiv huet déi zwee Männer **belauert**

beleedegen [bə'l'e:dəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beleedegt**) - Variant vun ↗beleidegen

Beleedegung [bə'l'e:dəzʊŋ] Femininum (Pluriel **Beleedegungen**) - Variant vun ↗Beleidegung

beleeën [bə'l'e:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beluecht**) » **transitiv 1. DE** belegen [beweisen] • **FR** démontrer [prouver] • **EN** to prove, to show • **PT** demonstrar [provar] **Beispiller** verschidde Studien hu **beluecht**, datt ze vill Zocker d'Kanner nervös mécht; Är Aussoe sinn duerch näischt ze **beleeën** **Synonym** beweisen **2. DE** belegen [einen Kurs] • **FR** suivre [un cours] • **EN** to take [a subject, a class] • **PT** frequentar [um curso] **Beispill** fir d'Joer kënnen ze validéieren, mussen d'Studenten op d'mannst sechs Coursé **beleeën** **3. DE** belegen [besetzen] • **FR** occuper, réserver • **EN** to be reserved, to be full

[hotel] • **PT** *ocupar, reservar* **Beispill** eisen Hotel ass nach net voll **beluecht**, mir huelen nach Reservatiounen un

beleëeren [bəl'e:əɾən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **beleëert**) » **transitiv** vereezelt **DE** *belegen* [in Beschlag nehmen] • **FR** *encombrer* [remplir d'objets] • **EN** *to cover, to occupy* • **PT** *atulhar* [lancer de objetos] **Beispill** du hues dee ganzen Dësch mat denge Bicher beleëert!

Beleeg [bəl'e:ɕ] Maskulinum (Pluriel **Beleeger** / **Beleëer**) **1. DE** *Beleg* [Nachweis] • **FR** *preuve, référence* [bibliographique] • **EN** *proof, reference* [bibliographical] • **PT** *prova, referência* [bibliográfica] **Beispill** d'Historiker **hunn** a verschiddenen Texter **Beleeger** fir hir Theorië fonnt **2. DE** *Beleg* [Dokument] • **FR** *pièce justificative* • **EN** *receipt, voucher* • **PT** *documento comprovativo* **Beispill** de Keessjee vun eisem Veräin iwwerweist d'Suen, es-oubal ech him de **Beleeg** vu menge Fraise schécken

beleidegen [bəl'aɪdɛzən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **beleidegt**) » **transitiv DE** *beleidigen* • **FR** *offenser* [blesser] • **EN** *to offend* [to insult] • **PT** *ofender, melindrar* **Beispiller** mat dëser Ausso wollt ech dech net beleidegen; hie fillt sech fir all Klenggekkeet beleidegt

i Variant: beleedegen

Beleidegung [bəl'aɪdɛzʊŋ] Femininum (Pluriel **Beleidegungen**) **DE** *Beleidigung* • **FR** *insulte* • **EN** *insult* • **PT** *insulto* **Beispiller** Dir däärfst d'Kritik un Ärer Aarbecht net all Kéier als **Beleidegung** gesinn; firwat soll ech mir hei **Beleidegungen** a Gemengheete gefale loosse?

i Variant: Beleedegung

beléien [bəl'ɛɪən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **belunn**) » **transitiv DE** *belügen* • **FR** *mentir à* • **EN** *to lie to* • **PT** *mentir a* **Beispiller** zënter mäi Chef mech belunn huet, trauen ech em net méi; du belitts dech selwer! [du méchs der eppes vir!]

beléieren [bəl'ɛɪəɾən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **beléiert**) » **transitiv 1. DE** *belehren* [unterweisen] • **FR** *instruire* [former] • **EN** *to instruct* [to teach] • **PT** *instruir* [ensinar] **Beispill** vun engem Spezialist léisst ee sech gäre **beléieren 2. DE** *belehren* [bevormunden] • **FR** *faire la leçon à* [dicter sa conduite à] • **EN** *to patronize* • **PT** *ler a cartilha a, corrigir* **Beispill** ech wëll dech net beléieren, mee dat do kann näischt ginn!

beléift [bəl'ɛɪft] Adjektiv **1. DE** *beliebt* [allgemein geschätzt] • **FR** *apprécié* • **EN** *popular* [well-liked] • **PT** *apreciado, popular* **Beispiller** deen ale Paschtouer war net esou **beléift** ewéi deen neien dat elo ass; Schampes ass e **beléiften** Aperitif **2. DE** *beliebt* [häufig gebraucht] • **FR** *fréquemment utilisé, que l'on entend souvent* • **EN** *popular* [frequently used] • **PT** *usado com frequência, costumeiro* **Beispill** datt de Bus Verspéidung hat, ass eng **beléift** Ausried

Beléiftheet [bəl'ɛɪfthe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Beliebtheit* • **FR** *popularité* • **EN** *popularity* • **PT** *popularidade* **Beispill** hir grouss **Beléiftheet** bréngt der Politikerin nach ëmmer vill Stëmme an **Synonym** **Popularitéit**

Beleuchtung [bəl'ɔɪçtʊŋ] Femininum (Pluriel **Beleuchtungen**) **1. DE** *Beleuchtung* [Lichtquelle] • **FR** *éclairage* [source lumineuse] • **EN** *light(s), lighting* • **PT**

iluminação [fonte luminosa] **Beispiller** mir waren eng nei **Beleuchtung** fir eise Chrëschtbeemche kafen; d'**Beleuchtung** vum Aquarium ass futtigefuer **2. DE** *Beleuchtung, Illumination* • **FR** *éclairage, illumination* [effet] • **EN** *illumination, lighting* • **PT** *iluminação* [efeito] **Beispill** eng schéi **Beleuchtung** kann e Monument valorisieren

i Variant: Belichtung

Belfast Eegennumm **DE** *Belfast* • **FR** *Belfast* • **EN** *Belfast* • **PT** *Belfast* **Beispill** Belfast ass d'Haaptstad vun Nordirland

Belgrad Eegennumm **DE** *Belgrad* • **FR** *Belgrade* • **EN** *Belgrade* • **PT** *Belgrado* **Beispill** Belgrad ass d'Haaptstad vu Serbien

beliewen [bəl'ɪəvən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **beliewen**) » **transitiv DE** *beleben* [lebendig gestalten] • **FR** *animer* [apporter du dynamisme] • **EN** *to live up* • **PT** *animar* [dinamizar] **Beispiller** d'Butteker **beliewen** den Duerfkär; den Tourismus **belieft** eis Gemeng a schaaft Aarbechtsplazen

beliichten [bəl'ɪ:çtən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **beliicht**) » **transitiv 1. DE** *beleuchten* [Licht werfen auf] • **FR** *éclairer, illuminer* • **EN** *to light* [to illuminate] • **PT** *iluminar, alumiar* **Beispill** mir mussen den Agang vun eisem Haus besser **beliichten 2. DE** *beleuchten* [untersuchen] • **FR** *examiner, étudier* • **EN** *to examine* • **PT** *examinar, estudar* **Beispill** an dëser Affär ass de finanziellen Aspekt nach guer net **beliicht ginn 3. DE** *belichten* • **FR** *exposer* [un film, une photo] • **EN** *to expose* [photographic film] • **PT** *expor* [à luz] [uma fotografia] **Beispill** d'Fotoe sinn näischt ginn, well ech se schlecht **beliicht** hat

Belichtung [bəl'ɪ:çtʊŋ] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **Beleuchtung DE** *Belichtung* • **FR** *exposition* [d'un film, d'une photo] • **EN** *exposure* [of a film, of a photo] • **PT** *exposição* [de um filme, de uma fotografia] **Beispill** deng Fotoe sinn ze däischter, probéier emol eng aner **Belichtung**

i Opgepasst! D'Wuert **Belichtung** kann niewent deem, wat hei beschriwwen ass, och nach dat selwecht bedeiten ewéi d'Wuert **Beleuchtung**.

beliwweren [bəl'ɪvərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **beliwwert**) » **transitiv DE** *beliefern* • **FR** *approvisionner* • **EN** *to supply* • **PT** *abastecer, fornecer* **Beispiller** de Fleurist gétt all Dag mat frësche Blumme **beliwwert**; dat grousst Geschäft gétt direkt vun der Fabrick **beliwwert**

Belize [bel'ɪ:s] Eegennumm, Neutrum **DE** *Belize* • **FR** *Belize* • **EN** *Belize* • **PT** *Belize* **Beispiller** ech war schonn dräimol a Belize; ech fueren d'nächst Woch a Belize; ech kommen aus Belize

i männlech Persoun: **Belizer** weiblech Persoun: **Belizerin** Adjektiv: **belizesch** Haaptstad: **Belmopan**

Belizer [bel'ɪ:zə] Maskulinum (Pluriel **Belizer**) **DE** *Belizer* • **FR** *Bélizien* • **EN** *Belizean* • **PT** *belizense* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Belizer**

Belizerin [bel'ɪ:zəɾin] Femininum (Pluriel **Belizerinnen**) **DE** *Belizerin* • **FR** *Bélizienne* • **EN** *Belizean* [female] • **PT** *belizense* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Belizerin**

belizesch [bel'i:zəʃ] Adjektiv **DE** belizisch • **FR** bélizien • **EN** Belizean • **PT** belizense **Beispill** op eiser Rees hu mir déi belizesch Kultur kenne geléiert

bëlleg [b'əlɛç] Adjektiv **1. DE** billig, preisgünstig • **FR** bon marché [pœu coôteux] • **EN** cheap [low in price] • **PT** barato [de baixo custo] **Beispiller** d'Esse war gutt a bëlleg!; hei kritt ee gutt Qualitéit fir bëllegt Geld [ɛgs] [hei kritt ee gutt Qualitéit fir wéineg Suen]; fuer mam Bus, dat gëtt dech méi bëlleg! [fuer mam Bus, dat kascht dech manner Suen!] **2. DE** billig, von minderwertiger Qualität • **FR** de piètre qualité • **EN** cheap [poor quality] • **PT** barato, de qualidade inferior **Beispiller** am Lift richt et no bëllegem Parfum; dat Buch ass op bëllegem Pabeier gedréckt **3. DE** billig [geistlos, einfalllos] • **FR** vaiseux, pitoyable • **EN** cheap [unimaginative] • **PT** barato, fraco, mediocre **Beispiller** esou eng bëlleg Ausried hunn ech nach ni héieren!; géff dech mat deene bëllege Witzten!; de Film ass nëmmen eng bëlleg Adaptatioun vum Roman

Bëlleg [b'əlɛç] Eegennumm - Variant vun ↗Wald-bëlleg

Bëlles [b'əlɛs] Maskulinum (Pluriel Bëllessen) [ɛgs] **DE** Lümmel, Grobian • **FR** malotru • **EN** lout, boor • **PT** grosseirão, alarve **Beispill** du kanns dee Bëlles do näischt ustellen, e mécht alles futti! **Synonymmen** Lëmmel, Trampel

Belmopan Eegennumm **DE** Belmopan • **FR** Belmopan • **EN** Belmopan • **PT** Belmopá **Beispill** Belmopan ass d'Haaptstad vu Belize

beloossen [bəl'o:sən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé belooss) » **transitiv** et beloosse bei **DE** es belassen bei • **FR** s'en tenir à, en rester à • **EN** to leave it at • **PT** limitar-se a, ficar-se por **Beispiller** komm, mir beloossen et den Ament bei dëser provisoerescher Léisung; de Komitee huet decidéiert, et dobäi ze beloossen a keng Plainte ze maachen

belounen [bəl'əʊnən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé belount) » **transitiv** **DE** belohnen • **FR** récompenser • **EN** to reward • **PT** recompensar **Beispiller** de Schüler ass fir seng gutt Zensur belount ginn; seng Méi gouf leschten Enns belount

Belounung [bəl'əʊnʊŋ] Femininum (Pluriel Belounungen) **DE** Belohnung • **FR** récompense • **EN** reward • **PT** recompensa **Beispill** wien hëlleft, de Verdächtigen ze fannen, kritt eng Belounung!

Bëls [bɛls] Femininum (Pluriel Bëlssen) - Variant vun ↗Bëlz

Belsch [bæʃ] Eegennumm, Femininum **DE** Belgien • **FR** Belgique • **EN** Belgium • **PT** Bélgica **Beispiller** ech war schonn dräimol an der Belsch; ech fueren d'nächst Woch an d'Belsch; ech kommen aus der Belsch

i männlech Persoun: ↗Belsch weiblech Persoun: ↗Belsch Adjektiv: ↗belsch Haaptstad: ↗Bréssel

Belsch [bæʃ] Maskulinum (Pluriel Belsch) **DE** Belgier • **FR** Belge • **EN** Belgian • **PT** belga **Beispill** mäi beschte Frënd ass Belsch

Belsch [bæʃ] Femininum (Pluriel Belsch) **DE** Belgierin • **FR** Belge • **EN** Belgian [female] • **PT** belga **Beispill** meng

bescht Frëndin ass Belsch

belsch [bæʃ] Adjektiv **DE** belgisch • **FR** belge • **EN** Belgian • **PT** belga **Beispill** op eiser Rees hu mir déi belsch Kultur kenne geléiert

beluecht [bəl'uaɛç] Adjektiv **DE** belegt [Zunge] • **FR** chargé [langue] • **EN** furred [tongue] • **PT** saburroso [lingual] **Beispill** d'Kand huet Féiwer a seng Zong ass beluecht

i „beluecht“ kann och de Participe passé vum Verb ↗beleeën sinn.

Belval [b'æʊval] Eegennumm **DE** Esch-Belval • **FR** Esch-Belval • **EN** Esch-Belval • **PT** Esch-Belval **Beispiller** ech wunnen um Belval; fiert dëse Bus op (de) Belval?

Bëlz [bɛʎts] Femininum (Pluriel Bëlzen) **1. DE** Beule [Schwellung] • **FR** bosse [enfure] • **EN** bump [swelling] • **PT** carolo, galo [linchaço] **Beispill** eise Klengen ass gefall an huet elo eng Bëlz op der Stier **Synonym** Knupp **2. [ɛgs] DE** Kopf [Körperteil] • **FR** tête [partie du corps] • **EN** bounce, nut [head] • **PT** tola [cabeça] **Beispiller** bei der Kläpperei krut ee vun den Implizéierten eng op d'Bëlz; dee Kärel huet näischt an der Bëlz [Idee Kärel ass domm] **Synonymmen** Bier, Bomm, Kapp, Klatz, Rommel, Schierbel

bemängelen [bəm'æŋɛlən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé bemängelt) » **transitiv** **DE** bemängeln • **FR** critiquer [un défaut, un manque] • **EN** to criticize, to find fault with • **PT** reclamar, criticar [um defeito, uma falta] **Beispiller** bis elo hate mir um Chantier vun eisem neien Haus net vill ze bemängelen; vill Leit bemängelen, datt et nach ëmmer net genuch Vëlosweeër gëtt **Synonym** beanstanden

bematleeden [bəm'atle:dən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé bematleet) » **transitiv** **DE** bemitleiden • **FR** plaindre [compatir avec] • **EN** to pity • **PT** ter pena de, compadecer-se de **Beispill** mäi Papp léisst sech gäre bematleeden **Synonym** bedauern

beméien [bəm'ɛiən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé beméit) » **transitiv** **1. DE** bemühen • **FR** solliciter [faire appel à] • **EN** to approach, to call upon [for help] • **PT** solicitar [fazer apelo a] **Beispill** hien huet Jänni a Männi beméit, fir déi Plaz ze kréien » **reflexiv** **2. DE** sich bemühen [sich Mühe geben] • **FR** faire de son mieux, se donner du mal • **EN** to endeavour, to do one's best • **PT** fazer o possível, esforçar-se **Beispill** mir hunn eis beméit fir ze gewannen **Synonymmen** sech druginn, sech Méi ginn

i Verb, dat **beméien** als Basis huet: ↗erbäibeméien

Beméiung [bəm'ɛiʊŋ] Femininum (Pluriel Beméiungen) (meeschtens Pluriel) **DE** Bemühung • **FR** effort, em-pressement • **EN** effort • **PT** esforço **Beispiller** deng Beméiungen hunn hiren Zweck verfeelt; eis kollektiv Beméiungen hunn derzou geféiert, datt d'Baach re-naturéiert gouf **Synonym** Effort

bemierken [bəm'i:ɛkən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé bemierkt) » **transitiv** bemierken, datt **DE** bemerken, dass • **FR** remarquer que [dire par une remarque que] • **EN** to point out that [to remark] • **PT** referir que, observar que **Beispiller** ech wëll awer bemierken, datt ech mat dëser Decisioun net averstane sinn; et

sief niewebäi **bemierkt**, datt eis Associatioun och um Internet ze fannen ass

bemierkenswäert [bəm'i:ɡkənsvɛ:ɛt] Adjektiv **DE** bemerkenswert • **FR** remarquable • **EN** remarkable • **PT** notável [admirável, extraordinário] **Beispill** et ass **bemierkenswäert**, wéi dee Schüler sech am Laf vum Joer verbessert huet

Bemierkung [bəm'i:ɡkʊŋ] Femininum (Pluriel Bemierkungen) **1. DE** Bemerkung [Anmerkung, Äußerung] • **FR** remarque [commentaire] • **EN** remark [comment, observation] • **PT** comentário [observação, reparo] **Beispill** du hoes et eraus, fir am richtige Moment déi richtig Bemierkung ze maachen! **Synonym** Remark **2. DE** (ab-schätzig) Bemerkung • **FR** remarque [critique, réflexion désobligeante] • **EN** (disparaging) remark [criticism] • **PT** comentário [crítica, reparo depreciativo] **Beispill** wéinst menge knaschtege Schong krut ech op der Aarbecht eng Bemierkung gemaach **Synonym** Remark

Bëmmelchen [b'əmɔlçən] Femininum (Pluriel Bëmmelcher) - Diminutivform vun **♂**Bommel

bemokelen [bəm'o:kələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bemokelt) » **transitiv DE** beschmieren [bekleckern] • **FR** barbouiller [salir] • **EN** to dirty, to smear • **PT** manchar, sujar **Beispill** eist Klengt huet sech mat senger Schockelaglace déi ganz Schnuff bemokelt

Bemol Maskulinum (Pluriel Bemollen) **DE** b [Notenschriftzeichen] • **FR** bémol • **EN** flat [musical note] • **PT** bemol **Beispiller** de Bemol gëtt an enger Partitur mat b notéiert; deng flott Iddi huet leider e klenge Bemol ^[égs] [deng flott Iddi huet leider e klengen Hoken]

bemolen [bəm'o:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bemoolt) » **transitiv DE** bemalen • **FR** peindre [décorer] • **EN** to paint [to decorate] • **PT** pintar [decorar] **Beispiller** de Parzeläin gëtt deelweis nach op der Hand bemoolt; hien huet sech d'Gesicht mat engem Stéck Kuel bemoolt

Bëndchen [b'əntçən] Maskulinum (Pluriel Bëndcher) - Diminutivform vun **♂**Bond

Bëndel [b'ændəl] Maskulinum (Pluriel Bëndelen) **DE** Bündel, Kleiderbündel • **FR** balluchon • **EN** bundle [of clothes] • **PT** trouxa [embrulho de roupa] **Beispiller** an der Geschicht ass dee jonke Borscht mat sengem Bëndel iwwer der Schëller an d'Welt gezunn; huel däi Bëndel a verschwann! [huel alles, wat der gehéiert, a verschwann!] **Synonym** Balluchon

Benefice [bənəf'is] Maskulinum (Pluriel Beneficen / Beneficer) **DE** Gewinn [Überschuss] • **FR** bénéfice [excédent] • **EN** (financial) profits • **PT** benefício, lucro **Beispiller** d'Firma huet en Deel vum Benefice un d'Aktionären ausbezuelt; d'Beneficer sinn an de leschte Joren erofgaangen **Synonym** Boni

Bénéficiaire Maskulinum (Pluriel Bénéficiairen) **DE** Begünstigter, Empfänger [einer Leistung, eines Vorteils] • **FR** bénéficiaire • **EN** beneficiary • **PT** beneficiário **Beispill** zu de Bénéficiairë vun der neier staatlecher Hëllef gehéiere virun allem d'Monoparentallen

♀ Weiblech Form: **♂**Bénéficiaire

Bénéficiaire Femininum (Pluriel Bénéficiairen) **DE** Begünstigte, Empfängerin [einer Leistung, eines Vorteils] • **FR** bénéficiaire [femme] • **EN** beneficiary [female] • **PT** beneficiária **Beispill** als Mamm vun dräi Kanner kënnt Dir Bénéficiaire vun enger staatlecher Hëllef ginn

♂ Männlech Form: **♂**Bénéficiaire

Benefiss [bənəf'is] Maskulinum (Pluriel Benefissen / Benefisser) - Variant vun **♂**Benefice

beneiden [bən'aɪdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beneit) » **transitiv** beneiden (ëm) **DE** beneiden (um) • **FR** envier à • **EN** to envy • **PT** invejar **Beispiller** d'Nopere beneiden eis ëm eise schéine Gaart; mäi kranke Kollege ass net ze beneiden

benennen [bən'ænən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé benannt) » **transitiv 1.** benennen (no) **DE** benennen (nach) • **FR** nommer (d'après) [attribuer un nom à] • **EN** to name (after) • **PT** dar o nome (de ...) a, nomear **Beispiller** déi nei Bibliothéik gëtt nom verstuerwene Kulturminister benannt; d'Stroossen an eise Quartier ginn nei benannt **2. DE** benennen [bestimmen, bezeichnen] • **FR** qualifier [par son nom] • **EN** to name [to denote] • **PT** indicar o nome de **Beispill** d'Joffer huet d'Kanner gefrot, ob se déi eenzel Planze kënne benennen

♀ Verb, dat **benennen** als Basis huet: **♂**ëmbenennen

Benevolat [benevol'a:t] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Freiwilligenarbeit • **FR** bénévolat • **EN** voluntary work • **PT** voluntariado **Beispill** vill karitativ Wierker géif et ouni de Benevolat net ginn

benevole [benev'ol] Adjektiv **DE** ehrenamtlich • **FR** bénévole <Adverb bénévolement> • **EN** voluntary <Adverb unpaid> • **PT** voluntário <Adverb voluntariamente> **Beispiller** eise Veräin huet nëmme benevole Mataarbechter; mir soe virun allem deene Leit Merci, déi benevole fir de Projet geschafft hunn **Synonym** éierenamtlech

Benevole Maskulinum (Pluriel Benevole / Benevollen / Benevoller) **DE** ehrenamtlicher Mitarbeiter, ehrenamtlicher Helfer • **FR** bénévole **Beispiller** mäi Papp huet jorelaang als Benevole am Déierenasyl ausgehollef; eis ONG ass op d'Hëllef vu Benevollen gewisen; eist Wisefest gëtt vu Benevoller aus der Gemeng organiséiert

♀ Weiblech Form: **♂**Benevole

Benevole Femininum (Pluriel Benevole / Benevollen / Benevoller) **DE** ehrenamtliche Mitarbeiterin, ehrenamtliche Helferin • **FR** bénévole [femme] **Beispill** meng Tatta ass Benevole an engem Veräin, dee sech fir d'Flüchtlingen asetzt

♂ Männlech Form: **♂**Benevole

Bengel [b'æŋəl] Maskulinum (Pluriel Bengelen) **1. DE** Stock [Astteil, Knüppel] • **FR** bâton [bout de bois] • **EN** stick • **PT** pau [pedaço de madeira] **Beispill** am Bësch hunn d'Bouwe Bengelen opperaf fir ze fechten **2. DE** Stock [Gehilfe] • **FR** bâton [appui], canne • **EN** ski pole, walking stick • **PT** bastão, bordão, bengala **Beispiller** hien ass mam Bengal duerch de Bësch spadséiere gaangen; d'Kanner léieren ouni Bengele Schi fueren; deen hält sech drun ewéi de Geck un de Bengel! ^[égs] [Idee gëtt

sech net] **3. DE** *Trommelschlägel, Trommelstock* • **FR** *baquette* [de tambour], *mailloche* • **EN** *drumstick, mallet* • **PT** *baqueta* [de tambor] **Beispiller** du schléis ze vill fest mat denge **Bengelen** op d'Tromm!; de Perkussionist ka mat véier **Bengele** gläichzäitig um Xylofon spillen; no deem Réckschlag hat ech Loscht, d'**Bengele** bei d'Tromm ze geheien [égs] [no deem Réckschlag hat ech Loscht opzeginn]

Bengelchen [b'æŋɛlçən] Maskulinum (Pluriel **Bengelcher**) - Diminutivform vun **Ben**

bengelen [b'æŋɛlən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gebengelt**) » **transitiv** [égs] **DE** *drängen* [unter Druck setzen] • **FR** *harceler, bousculer* • **EN** *to pester, to hassle* • **PT** *atenazar, apertar com* [pressionar] **Beispill** hie gouf **gebengelt**, bis datt en dat gemaach huet, wat se vun em wollten **Synonym** dierängelen

Benin [ben'i:n] Eegenumm, Maskulinum/Neutrum **DE** *Benin* • **FR** *Bénin* • **EN** *Benin* • **PT** *Benim* **Beispiller** ech war schonn dräimol am **Benin**; ech fueren d'nächst Woch an de **Benin**; ech kommen aus dem **Benin**; ech war schonn dräimol a **Benin**; ech fueren d'nächst Woch a **Benin**; ech kommen aus **Benin**

i männlech Persoun: **Beniner** weiblech Persoun: **Beninerin** Adjektiv: **beninesch** Haaptstad: **Porto-Novo**

Beniner [ben'i:nɛ] Maskulinum (Pluriel **Beniner**) **DE** *Beniner* • **FR** *Bénois* • **EN** *Beninese* • **PT** *beninês* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Beniner**

Beninerin [ben'i:nəri:n] Femininum (Pluriel **Beninerinnen**) **DE** *Beninerin* • **FR** *Bénoise* • **EN** *Beninese* [female] • **PT** *beninesa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Beninerin**

beninesch [ben'i:nəʃ] Adjektiv **DE** *beninisch* • **FR** *bénois* • **EN** *Beninese* • **PT** *beninês* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi beninesch Kultur kenne geléiert

beniwwelt [bən'ivɛlt] Adjektiv [égs] **DE** *benebelt* • **FR** *dans les vapes* • **EN** *dopey, dazed* • **PT** *pedrado, grogue* **Beispill** si huet gëschter esou vill gedämpft, datt se haut nach **beniwwelt** ass

Bänner Maskulinum (Pluriel **Bänner**) **1. DE** *Garbenbinder* [Person] • **FR** *lieur* [ouvrier agricole] • **EN** *sheaf-binder, reaper-binder* [person] • **PT** *atador* [trabalhador do campo] **Beispill** ier et Maschinne gouf, hunn d'Bauere fir de Karschnatz op **Bänner** zeréckgegraff **2. DE** *Mähbinder, Garbenbinder* • **FR** *moissonneuse-lieuse* • **EN** *sheaf-binder, reaper-binder* [machine] • **PT** *enfadadeira* **Beispill** déi éischt **Bänner** goufe vu Päerd gezunn

i Weiblech Form: **Bännerin**

Bännerin Femininum (Pluriel **Bännerinnen**)

i Variant: **Bënnesch**

i Männlech Form: **Bänner**

Bënnesch Femininum (Pluriel **Bënneschen**) - Variant vun **Bännerin**

benzeg [b'æntsɛç] Adjektiv - Variant vun **benzeg**

benodeeleg [bən'o:de:lɛzən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **benodeelegt**) » **transitiv** **DE** *benachteiligen* • **FR** *désavantager* • **EN** *to disadvantage, to discriminate against* • **PT** *desfavorecer, prejudicar* **Beispiller** dës Mesurë **benodeeleg** en Deel vun de

Leit; ech fille mech **benodeelegt**

Benodeelegung [bən'o:de:lɛzʊŋ] Femininum (Pluriel **Benodeelegungen**) **DE** *Benachteiligung* • **FR** *traitement inégal* [traitement injuste] • **EN** *disadvantage* • **PT** *tratamento desigual, desfavorecimento* **Beispill** d'**Benodeelegung** vu Fraen ass a ville Länner nach ëmmer en akute Problem

benoriichtegen [bən'o:ri:çtɛzən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **benoriichtegt**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

benotzen [bən'otsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **benotzt**) » **transitiv** **DE** *benutzen, gebrauchen* • **FR** *utiliser, se servir de* [faire usage de] • **EN** *to use* [to make use of] • **PT** *usar, utilizar, servir-se de* **Beispill** dat Wuert **gëtt** bal ni **benotzt** **Synonymen** brauchen, gebrauchen, verwenden

Benotzer [bən'otse] Maskulinum (Pluriel **Benotzer**) **DE** *Benutzer, Anwender* • **FR** *utilisateur* • **EN** *user* • **PT** *utilizador* **Beispill** d'**Benotzer** vum Programm si vun den neie Funktioune begeeschtert **Synonymen** Utilisateur, User

i Weiblech Form: **Benotzerin**

benotzerfrëndlech [bən'otsefrændlɛç] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Benotzerin [bən'otsəri:n] Femininum (Pluriel **Benotzerinnen**) **DE** *Benutzerin, Anwenderin* • **FR** *utilisatrice* • **EN** *adviser* [female] • **PT** *utilizadora* **Beispill** als **Benotzerin** vun deem Programm sinn ech iwweezeegt vun sengen neie Funktioune **Synonymen** Utilisatrice, Userin

i Männlech Form: **Benotzer**

Benotzerkont [bən'otsekont] Maskulinum (Pluriel **Benotzerkonten**) **DE** *Benutzerkonto, Account* • **FR** *compte utilisateur* • **EN** *user account* • **PT** *conta de utilizador* **Beispiller** fir op eiser Internetsäit eppes ze bestellen, muss een e **Benotzerkont** hunn; ech kommen net méi a mäi **Benotzerkont** eran, well ech mäi Passwuert net méi weess **Synonym** Account

Benotzernumm [bən'otsenum] Maskulinum (Pluriel **Benotzernimm**) **DE** *Benutzername* • **FR** *nom d'utilisateur* • **EN** *username* • **PT** *nome de utilizador* **Beispill** du muss däi **Benotzernumm** an däi Passwuert aginn, fir dech anzeloggen

Benotzung [bən'otsʊŋ] Femininum (Pluriel **Benotzungen**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Bensinn [bænz'in] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Benzin* • **FR** *essence* [carburant] • **EN** *petrol* • **PT** *gasolina* **Beispill** ech tanke kee **Bensinn**, ech fuere mat Diesel!

Bensinner Maskulinum (Pluriel **Bensinner**) **DE** *Benzi-ner* • **FR** *voiture à essence* • **PT** *carro a gasolina* **Beispill** ass eise Locatiounsauto e **Bensinner** oder en Diesel?

Bensinnspompe [bænz'inspompɛl] Femininum (Pluriel **Bensinnspompelen**) **1. DE** *Zapfsäule* • **FR** *pompe à essence* [d'une station-service] • **EN** *petrol pump* • **PT** *bomba de combustível* [de uma estação de serviço]

Beispiller op där neier Tankstell gëtt et zéng Bensinnsbombelen; niewent enger Bensinnsbombel däréf een net fëmmen **2.** [vereeltz] **DE** Tankstelle • **FR** station-service • **EN** filling station, petrol station, garage • **PT** estação de serviço **Beispill** ech muss nach tanke goen, ech fuere bis op d'Bensinnsbombel **Synonymmen** Bensinnsstatioun, Tankstell **3.** **DE** Kraftstoffpumpe • **FR** pompe à essence [d'un moteur] • **EN** fuel pump [of an engine] • **PT** bomba de combustivel [de um motor] **Beispill** ech hat eng Pann op der Autobunn, d'Bensinnsbombel war futti

Bensinnspräis [bænz'inspræ:is] Maskulinum (Pluriel Bensinnspräisser) **DE** Benzinzpreis • **FR** prix de l'essence • **EN** petrol price, fuel price • **PT** preço da gasolina **Beispill** d'Bensinnspräisser sinn an de leschte Méint staark geklommen

Bensinnsstatioun [bænz'insfatsjəʊn] Femininum (Pluriel Bensinnsstatiouen) **DE** Tankstelle • **FR** station-service • **EN** petrol station, filling station • **PT** bomba de gasolina, estação de serviço **Beispill** fuer op déi nächst Bensinnsstatioun, ech muss op d'Toilette! **Synonymmen** Pompel, Tankstell

Bensinnsstëft [bænz'insftɛft] Maskulinum (Pluriel Bensinnsstëfter) **DE** Permanentmarker • **FR** marqueur permanent, marqueur indélébile • **EN** permanent marker • **PT** marcador permanente **Beispill** schreif net mam Bensinnsstëft op d'Leinwand, well dat geet net méi of!

Bensinnstax [bænz'instaks] Femininum (Pluriel Bensinnstaxen) **DE** Mineralölsteuer • **FR** taxe sur les produits pétroliers, taxe sur l'essence • **EN** tax on petroleum products, fuel tax [on petrol] • **PT** imposto sobre os produtos petrolíferos, imposto sobre a gasolina **Beispill** d'Diskussioun iwver déi nei Bensinnstax gouf virun de Wale staark politiséiert

Bensinnsverbrauch [bænz'insfevræ:ʊχ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Benzinverbrauch • **FR** consommation d'essence • **EN** petrol consumption, fuel consumption • **PT** consumo de gasolina **Beispill** mat enger iwverluechter Fuerweis kann de Bensinnsverbrauch reduzéiert ginn

Bento Maskulinum (Pluriel Bentoen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

benzeg [b'æntsəç] Adjektiv (ewéi) benzeg **DE** ver-rückt nach, (wie) besessen • **FR** (comme) obsédé [enthousiaste] • **EN** (like) mad [frenzied] • **PT** (como) doído [entusiasmo] **Beispiller** d'Kanner si benzeg, fir um Pony ze reiden; nom Concert sinn d'Fannen ewéi benzeg op d'Bün gestiermt

Bënzelt [b'əntsəlt] Eegennumm **DE** Binsfeld • **FR** Binsfeld • **EN** Binsfeld • **PT** Binsfeld **Beispiller** ech wunnen zu Bënzelt; fiert dese Bus op Bënzelt?

Bënzert [b'əntset] Eegennumm **DE** Binzrath • **FR** Binzrath • **EN** Binzrath • **PT** Binzrath **Beispiller** ech wunnen um Bënzert; fiert dese Bus op de Bënzert?

beobachten [bə'o:baxtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beobacht) » **transitiv** **DE** beobachten [bewusst betrachten] • **FR** observer [pour étudier] • **EN** to watch, to observe • **PT** observar [para estudo] **Beispill**

den Ornitholog huet d'Vullen an hirem Nascht beobacht

beonrouegen [bə'onrəʊəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beonrouegt) » **transitiv** **DE** beunruhigen • **FR** inquiéter, alarmer • **EN** to worry, to unsettle • **PT** inquietar, alarmar **Beispill** déi schlecht Nouvelen hu vill Leit beonrouegt

beonrouegend [bə'onrəʊəzənt] Adjektiv **DE** beunruhigend • **FR** inquiétant • **EN** worrying • **PT** inquietante **Beispill** ech fannen et beonrouegend, datt d'Gletscher schmëlzen

beonrouegt [bə'onrəʊəçt] Adjektiv **DE** beunruhigt • **FR** inquiet [soucieux] • **EN** worried • **PT** inquieto [preocupado] **Beispill** d'Leit si beonrouegt, well an hirer Cité dacks agebrach gëtt

i „beonrouegt“ kann och de Participe passé vum Verb ↗beonrouegen sinn.

beotmen [bə'o:tmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beotemt) » **transitiv** **DE** beatmen • **FR** pratiquer la respiration artificielle sur • **EN** to ventilate [to give artificial respiration] • **PT** fazer respiração artificial **Beispiller** den Infirmier beotemt de Patient; iwverem Transport ass de Blesséierte stänneg beotemt ginn

Beootmungsapparat [bə'o:tmuŋzəpəra:t] Maskulinum (Pluriel Beootmungsapparaten / Beootmungsapparater) **DE** Beatmungsgerät, Beatmungsmaschine • **FR** respirateur artificiel, ventilateur médical • **EN** ventilator, respirator [medical] • **PT** respirador artificial, ventilador (médico) **Beispill** d'Spidol gouf mat 25 zousätzleche Beootmungsapparater ekipéiert **Synonym** Beootmungsmaaschinn

Beootmungsmaaschinn [bə'o:tmuŋsməʃin] Femininum (Pluriel Beootmungsmaaschinnen) **DE** Beatmungsmaschine, Beatmungsgerät • **FR** respirateur artificiel, ventilateur médical • **EN** ventilator, respirator [medical] • **PT** respirador artificial, ventilador (médico) **Beispill** d'Spidol gouf mat 25 zousätzleche Beootmungsmaaschinnen ekipéiert **Synonym** Beootmungsapparat

beoptragen [bə'optɾa:ʊən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beoptraagt) » **transitiv** beoptragen (mat) **DE** beauftragen (mit) • **FR** charger (de) [d'une mission, d'un ouvrage] • **EN** to charge (with), to task (with) • **PT** encarregar (de) [de uma missão, de um trabalho] **Beispiller** mir hunn eng spezialiséiert Firma beoptraagt, fir déi nei Heizung ze installéieren; eise Betrib gouf mat der Renovatioun vun der aler Mille beoptraagt **Synonym** chargéieren (mat)

bepissen [bəp'isən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bepisst) » **transitiv** [ëgs] **DE** bepissen • **FR** pisser sur • **EN** to pee on • **PT** mijar [expelir urina sobre] **Beispill** de klenge Bouf huet den Toilettendeckel bepisst

bequeem [bək'w'e:m] Adjektiv **1.** **DE** bequem, komfortabel • **FR** confortable, agréable <Adverb confortablement> • **EN** comfortable <Adverb comfortably> • **PT** confortável [agradável] <Adverb confortavelmente> **Beispiller** dese Bus huet bequeem Sëtzer; op där Matrass läit ee bequeem **Synonym** confortabel **2.** **DE** bequem [praktisch] • **FR** commode, pratique • **EN** convenient • **PT** cómodo, práctico **Beispiller** ech fannen et méi bequeem, mam

Zuch ze fueren ewéi mam Auto; pass op, hien ass kee Bequeemen! ^[ëgs] [pass op, et ass net licht, mat him ëmzegoen!] **Synonym** kamoud **3.** **DE** *bequem* [träge] • **FR** *indolent* • **EN** *idle, lazy* • **PT** *indolente, ocioso* **Beispill** sief net esou bequeem a stéi emol op! **Synonym** kamoud

Bequeemlechkeet [bək'w'e:mləçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Bequemlichkeit* [Trägheit] • **FR** *commodité* [confort, aises] • **EN** *laziness, convenience* • **PT** *comodidade* [conforto, comodismo] **Beispill** aus puerer Bequeemlechkeet huelen si fir alles den Auto **Synonymmen** Kamoudheet, Kamouditéit

Beräich [bər'æ:ɪç] Maskulinum (Pluriel Beräicher) **1.** **DE** *Bereich* [Gegend] • **FR** *secteur* [zone] • **EN** *area, district* • **PT** *área, zona* **Beispill** wéinst engem Bommenalarm ass de Beräich ronderëm d'Gare gespaart ginn **2.** ^[ëgs] am Grénge Beräich **DE** *im grünen Bereich* [in Ordnung] • **FR** *en règle, en ordre* **Beispiller** ech hat e puer gesondheetlech Problemer, mee elo ass erëm alles am Grénge Beräich; wat déi nei Reglementatioun ugeet, si mir am Grénge Beräich **3.** **DE** *Bereich* [Sachgebiet] • **FR** *domaine* [contexte] • **EN** *field* [sphere] • **PT** *área, domínio, campo* **Beispill** mäin Agent huet vill Experienz am Beräich vun de Liewensversécherungen **Synonymmen** Domän, Gebitt, Secteur

beräicheren [bər'æ:ɪçərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beräichert) » **transitiv 1.** **DE** *beräichern* • **FR** *enrichir* [intérieurement] • **EN** *to enrich* [to add quality] • **PT** *enriquecer* [interiormente] **Beispiller** de Kontakt mat anere Kulturen beräichert eis alleguer; dëst Buch huet mäi Liewe beräichert » **reflexiv 2.** **DE** *sich bereichern* • **FR** *s'enrichir* [aux dépens d'autrui] • **EN** *to enrich oneself* [to make money] • **PT** *enriquecer-se* [à custa de outrem] **Beispill** déi Organisatioun probéiert, sech op eng onéierlech Aart a Weis ze beräicheren

Beräicherung [bər'æ:ɪçərən] Femininum (Pluriel <seelen> Beräicherungen) **DE** *Bereicherung* [Vorteil] • **FR** *atout, enrichissement* • **EN** *enrichment, gain* • **PT** *trunfo, enriquecimento* [vantagem] **Beispiller** déi nei Cellistin ass eng enorm Beräicherung fir eisen Orchester; de Kontakt mat anere Kulturen ass eng Beräicherung fir eist Land

berappen [bər'apən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé berappt) » **transitiv** ^[ëgs] **DE** *berappen* [bezahlen] • **FR** *cracher, payer* [débourser] • **EN** *to shell out, to cough up* • **PT** *arrotar, pagar* [desembolsar] **Beispiller** hien huet fir déi Kamelott iwuer 70 Euro berappt; dat do berapps de mer! [dat do wäerts de mer béissen!] **Synonymmen** bezuelen, blechen

Berbuerg [b'ɛ:ɐ̯bu:ɐ̯ç] Eegennumm **DE** *Berburg* • **FR** *Berbourg* • **EN** *Berbourg* • **PT** *Berbourg* **Beispiller** ech wunnen zu Berbuerg; fiert dese Bus op Berbuerg?

Berbuenger Haff [b'ɛ:ɐ̯bu:ɐ̯çə'haf] Eegennumm **DE** *Berburger Hof* • **FR** *(Ferme de) Berbourg* • **EN** *(Ferme de) Berbourg* • **PT** *(Ferme de) Berbourg* **Beispiller** ech wunnen um Berbuenger Haff; fiert dese Bus op de Berbuenger Haff?

berechnen [bər'æçnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé berechent) » **transitiv DE** *berechnen, ausrechnen* • **FR** *calculer, évaluer* [par un calcul] • **EN** *to calculate, to work out* • **PT** *calcular, avaliar* [por meio de

cálculo] **Beispill** d'Pensioun gëtt no den Déngschtjore berechent

Berechnung [bər'æçnʊŋ] Femininum **1.** (Pluriel Berechnungen) **DE** *Berechnung* [Kalkulation] • **FR** *calcul, estimation* • **EN** *calculation* [estimation] • **PT** *avaliação, cálculo* **Beispiller** bei der Berechnung vun de Käschte goufen e puer Ausgabe vergiess; d'Fraendoktesch huet sech bei der Berechnung vum Gebuertstermin geiert **2.** (kee Pluriel) **DE** *Berechnung* [Eigennutz] • **FR** *calcul* [intérêt personnel] • **EN** *calculation* [personal interest] • **PT** *calculismo* **Beispill** hien handelt net aus Guttmiddegkeet, mee aus puerer Berechnung **Synonym** Calcul

berechtigt [bər'æçtəçt] Adjektiv **1.** **DE** *berechtigt, begründet* • **FR** *justifié, fondé* • **EN** *justified* • **PT** *justificado, legítimo* **Beispiller** seng Virwërf waren absolut net berechtigt; nëmmen en Dokter kann der soen, ob deng Angscht berechtigt ass **2.** **DE** *befugt, berechtigt* • **FR** *autorisé* [en droit] • **EN** *authorized* • **PT** *autorizado* [com direito] **Beispill** d'Douaniere si berechtigt, de Leit hir Wallissen ze kontrolléieren

berechtigterweis Adverb **DE** *berechtigterweise* • **FR** *à juste titre* • **PT** *com toda a razão, com todo o direito* **Beispill** d'Personal huet sech berechtigterweis iwuer déi schlecht Aarbechtskonditiounen beschwéiert **Synonymmen** aus guddem Grond, mat Recht, zu Recht

Berechtigung Femininum (kee Pluriel) **DE** *Berechtigung* [Richtigkeit] • **FR** *légitimité* [bien-fondé] • **EN** *legitimacy* • **PT** *legitimidade* [validade] **Beispill** dat si verschidde Logiken, déi all hir Berechtigung hunn

berécksiichtegen [bər'ekzi:çtəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé berécksiichtegt) - Variant vun ↗berücksichtigen

Berécksiichtung [bər'ekzi:çtəzən] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Berücksichtigung

bereet [bər'e:t] Adjektiv **1.** bereet sinn **DE** *bereit sein* [geneigt sein] • **FR** *être prêt* [être disposé, être d'accord] • **EN** *to be ready, to be willing* • **PT** *estar pronto* [estar dispuesto, estar de acordo] **Beispill** ech si bereet, fir bei där Aktioun matzemaachen! **2.** bereet sinn **DE** *bereit sein* [vorbereitet sein] • **FR** *être prêt* [être préparé] • **EN** *to be ready, to be prepared* • **PT** *estar pronto* [estar preparado] **Beispill** d'Police ass bereet, fir all Ament anzegräifen **Synonym** prett sinn

bereeterklären [bər'e:deklɛ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bereeterkläert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

bereethalen [bər'e:tha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bereetgehalen / bereetgehal)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Bereetschaft [bər'e:tʃaft] Femininum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Bereitschaft* [Bereitwilligkeit] • **FR** *dévouement, bonne volonté* • **EN** *readiness, willingness* • **PT** *disposição, boa vontade* **Beispill** si huet hir Bereetschaft erkläert, fir bei eiser Organisatioun matzehëllefen **2.** a Bereetschaft sinn **DE** *in Bereitschaft sein, sich bereithalten* • **FR** *se tenir prêt à intervenir* • **EN** *to be on call* • **PT** *estar pronto a intervir* **Beispill** d'Police war déi ganz

Nuecht a Bereitschaft

Bereitschaftsdéngscht [bær'e:tʃaftsdɛŋʃt] Maskulinum (Pluriel Bereitschaftsdéngschter) **DE** *Bereitschaftsdienst* • **FR** *permanence* [service] • **EN** *standby duty* • **PT** *serviço de piquete* **Beispiller** de Bereitschaftsdéngscht gëtt esou bezuelt ewéi d'Iwwerstonnen; wie vun iech huet dëse Weekend Bereitschaftsdéngscht? **Synonym** Permanence

bereetstoen [bær'e:tʃto:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bereetgestanen / bereetgestan)

I Hei entsteet en neien Artikel.

bereien [bær'ɑiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bereit) » **transitiv** **DE** *bereuen* • **FR** *regretter, se repentir de* • **EN** *to regret, to repent of* • **PT** *arrepender-se de* **Beispiller** déi Entscheedung do bereis de däi Liewe laang!; hien huet seng Sënne bereit **Synonym** regrettéieren

beréieren [bær'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beréiert) » **transitiv** **1.** **DE** *berühren* [anfassen] • **FR** *toucher* [entrer en contact, effleurer] • **EN** *to touch* [to come into contact with] • **PT** *tocar* (em) [entrar em contacto, roçar] **Beispill** wann s de den elektreschen Drot beréiers, da kriss de eng gewéitscht! **Synonymmen** fueren un, upaken **2.** **DE** *berühren* [bewegen, betreffen] • **FR** *toucher* [émouvoir, concerner] • **EN** *to touch* [to concern, to move] • **PT** *comover, tocar* **Beispiller** déi Noricht do beréiert mech iwwerhaupt net!; dës Musek beréiert mech all Kéier, wann ech se lauschteren **Synonym** touchéieren

Beréierung [bær'ziəɐuŋ] Femininum (kee Pluriel) a Beréierung komme mat **DE** in *Berührung kommen mit, in Kontakt kommen mit* • **FR** *toucher, entrer en contact avec* • **EN** *to come into contact with* • **PT** *tocar em, entrar em contacto com* **Beispiller** komm net mat den Hoer vun där Raup a Beréierung, soss kriss de en Ausschlag!; et ass eng Chance fir eis Kanner, fréi a Beréierung mat anere Sproochen ze kommen **Synonym** a Kontakt komme mat

Beréierungsangsch [bær'ziəɐuŋsɔŋʃt] Femininum (Pluriel Beréierungsängschten / Beréierungsängscht) (meeschtens Pluriel) **DE** *Berührungsangst* • **FR** *peur des contacts physiques, phobie des contacts physiques* • **EN** *fear of being touched, phobia for physical contact* • **PT** *medo de contacto físico* **Beispiller** als Kand hat ech Beréierungsängschten, ech hunn et net verdroen, wann ee mech ugepaakt huet; et ass schued, wann et téschent de Generatioune Beréierungsängschte gëtt let ass schued, wann déi eng Generatioune déi aner mat Angscht a Mësstraue betruuchten!

berengegen [bær'æŋgəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé berengegt) » **transitiv** **DE** *beraignen* • **FR** *régler, arranger* [une situation] • **EN** *to resolve, to clear up* • **PT** *resolver, esclarecer, liquidar* **Beispiller** déi problematesch Situatioun soll esou séier ewéi méiglech berengegt ginn; si hunn hir Differenzen definitiv berengegt

Beret Maskulinum (Pluriel Bereten) - Variant vun **♂**Berri

Bergamott Femininum (Pluriel Bergamotten) **DE** *Bergamotte* [Zitrusfrucht] • **FR** *bergamote* [agrumel] • **EN** *bergamot* (orange) [citrus] • **PT** *bergamota* [fruto cítrico] **Beispill** meng Aarbechtskolleegin mécht e wonnerbare Sorbet aus Bergamotten

Bericht [bær'ɪçt] Maskulinum (Pluriel Berichter) **1.** **DE** *Bericht* [Berichterstattung] • **FR** *rapport* [compte rendu] • **EN** *report* [account] • **PT** *relatório* [relato] **Beispiller** hien huet e Bericht iwwer d'Betribsfinanze geschriwwen; d'Wëssenschaftler hunn hir Berichter iwwer d'Ëmweltverschmutzung verëffentlecht **Synonym** Rapport **2.** **DE** *Bericht* [Dokument] • **FR** *rapport* [document] • **EN** *minutes, report* [document] • **PT** *relatório* [documento] **Beispill** wou läit de Bericht vun der leschter Versammlung? **Synonym** Rapport

berichten [bær'ɪçtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé berichtet) » **intransitiv** **DE** *berichten* [informieren, mitteilen] • **FR** *rapporter* [informer] • **EN** *to report* [to inform] • **PT** *relatar* [informar] **Beispill** eise Journalist bericht live aus der Chamber

beriselen [bær'i:zələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beriselt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Berkelium [bærk'e:lɪum] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** *Berkelium* [chemisches Element] • **FR** *berkélium* [élément chimique] • **EN** *berkelium* [chemical element] • **PT** *berquélio* [elemento químico] **Beispill** d'Element Berkelium gehéiert zum Grupp vun den Actinoiden

Berlin Eegennumm **DE** *Berlin* • **FR** *Berlin* • **EN** *Berlin* • **PT** *Berlim* **Beispill** Berlin ass d'Hauptstad vun Däitschland

Berliner Maskulinum (Pluriel Berliner) **DE** *Berliner* [Gebäck] • **FR** *beignet fourré, boule de Berlin* **Beispill** an der Fuesvakanz huet de Bopa mat den Enkelkanner Berliner mat Quetschekraut gebak

Bermuda [bærm'u:da:] Maskulinum (Pluriel Bermudaen) - Kuerzform vun **♂**Bermudashort

Bermudashort Maskulinum (Pluriel Bermudashorten) **DE** *Bermudashorts* • **FR** *bermuda* **Beispill** am Summer doen ech gär faarweg Bermudashorten un

I Kuerzform: Bermuda

Bern Eegennumm **DE** *Bern* • **FR** *Berne* • **EN** *Bern* • **PT** *Berna* **Beispill** Bern ass d'Hauptstad vun der Schwäiz

beroden [bær'o:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beroden) » **transitiv** **1.** **DE** *beraten* [einen Rat geben] • **FR** *conseiller* [donner des recommandations à] • **EN** *to advise* • **PT** *aconselhar* [dar conselhos a] **Beispiller** wie ka mech an dëser Saach beroden?; dee Vendeur huet mech gutt beroden; et ass ee gutt beroden, sech géint d'Feier ze versécheren (et handelt ee richtig, wann ee sech géint d'Feier versécher) » **reflexiv** **2.** **DE** *(sich) beraten* [sich beratschlagen] • **FR** *délibérer* [se consulter] • **EN** *to deliberate* • **PT** *aconselhar-se, deliberar* **Beispill** d'Membere vun der Jury hunn sech zeréckgezunn, fir sech ze beroden

Beroder [bær'o:de] Maskulinum (Pluriel Beroder) **DE** *Ratgeber* [Mensch] • **FR** *conseiller* [dans les choses de la vie courante] • **EN** *adviser* • **PT** *conselheiro* [em assuntos

da vida quotidiana] **Beispill** wann ech akafe ginn, huelen ech mäi Frënd gär als Beroder mat

i Weiblech Form: ↗Beroderin

Beroderin [bær'ɔ:dərin] Femininum (Pluriel Beroderinnen) **DE** Ratgeberin • **FR** conseillère [dans les choses de la vie courante] • **EN** adviser [female] • **PT** conselheira [em assuntos da vida quotidiana] **Beispill** bei groussen Entschuedungen ass meng bescht Frëndin meng wichtegst Beroderin

i Männlech Form: ↗Beroder

Berodung [bær'ɔ:duŋ] Femininum (Pluriel <seelen> Berodungen) **DE** Beratung [Rat, Hilfeleistung] • **FR** aide, consultation [conseils] • **EN** advice • **PT** ajuda, consulta [conselhos] **Beispiller** fir eng juristesche Berodung solls de dech un en Affekt wenden; hei gött eng fachlech Berodung uegebueden

Berodungsingenieur [bær'ɔ:duŋsɛ:zɛnjœ:R] Maskulinum (Pluriel Berodungsingenieuren) **DE** beratender Ingenieur • **FR** ingénieur-conseil • **EN** engineering consultant, consulting engineer • **PT** engenheiro consultor **Beispill** e Berodungsingenieur huet eis fir d'Renovationsaarbechten an eisem Haus e puer wäertvoll Iddie ginn

i Weiblech Form: ↗Berodungsingenieurin

Berodungsingenieurin [bær'ɔ:duŋsɛ:zɛnjœ:rin] Femininum (Pluriel Berodungsingenieurinnen) **DE** beratende Ingenieurin • **FR** ingénieure-conseil [femme] • **EN** engineering consultant, consulting engineer [female] • **PT** engenheira consultora **Beispill** hatt schafft als Berodungsingenieurin bei enger Firma, déi Stroosse baut

i Männlech Form: ↗Berodungsingenieur

berouegen [bær'əʊəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé berouegt) » **transitiv 1.** **DE** beruhigen • **FR** calmer, rassurer • **EN** to calm • **PT** acalmar, tranquilizar, sossegar **Beispiller** fir de Puppelchen ze berouegen, huet de Papp em e Schloftidd gesongen; d'Doktesch huet d'Patientin berouegt **Synonym** calméieren » **reflexiv 2.** **DE** sich beruhigen • **FR** se calmer • **EN** to calm down • **PT** acalmar-se **Beispiller** beroueg dech, et geschitt der näischt!; wann der iech nees berouegt hutt, schwätze mer nach eng Kéier driwwer; d'Wieder huet sech nees berouegt **Synonym** sech calméieren

berouegend [bær'əʊəzənt] Adjektiv **DE** beruhigend • **FR** apaisant, calmant • **EN** calming, sedative • **PT** calmante, tranquilizante **Beispill** dat Medikament huet eng berouegend Wierkung

Berouegungsmëttel [bær'əʊəzəŋsmətəl] Neutrum (Pluriel Berouegungsmëttelen / Berouegungsmëttel) **DE** Beruhigungsmittel • **FR** calmant • **EN** sedative • **PT** calmante **Beispill** virun der Narkos huet den Infirmier der Patientin e Berouegungsmëttel ginn

berouen [bær'əʊən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé berout) » **intransitiv 1.** berouen op **DE** beruhen auf • **FR** reposer sur, se baser sur • **EN** to be based on, to rest on • **PT** assentar em, basear-se em **Beispiller** seng Theorie berout op elauter Hypotheesen; déi nei Landwirtschaftspolitik berout op dräi Grondprinzippen **2.** op sech berouen loossen **DE** auf sich beruhen las-

sen • **FR** ne pas donner suite à • **EN** to let ... lie, to let ... rest [la matter] • **PT** não dar seguimento a **Beispill** mir kënnen dee Virfall net op sech berouen loossen!

Berri [b'ɛri:] Maskulinum (Pluriel Berrien) **DE** Baskenmütze • **FR** béret • **EN** beret • **PT** boina **Beispill** do léiwer däi Berri op de Kapp, et ass kal dobaussen!

i Variant: Beret

berücksichtigen [bær'ykziçtəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé berücksichtiget) » **transitiv DE** berücksichtigen • **FR** prendre en considération, tenir compte de • **EN** to consider, to take into account • **PT** tomar em consideração, levar em conta **Beispill** d'Meenung vun de Leit gouf guer net berücksichtiget

i Variant: berécksiichtegen

Berücksichtigung [bær'ykziçtəzən] Femininum (kee Pluriel) **DE** Berücksichtigung • **FR** prise en considération, prise en compte • **EN** taking into account, consideration • **PT** (ato de) tomar em consideração, (ato de) levar em conta **Beispill** ouni Berücksichtigung vun deenen aktuellsten Donnéeën ass deng Statistik näischt wäert

i Variant: Berécksiichtegung

Beruff [bær'uf] Maskulinum (Pluriel Beruffer) **DE** Beruf • **FR** métier [profession] • **EN** job, profession • **PT** profissão [atividade profissional] **Beispiller** du hues e schwéiere Beruff; vill Beruffer sinn haut ausgestuerwen; wat ass däi Frënd vu Beruff? [wat fir e Beruff huet däi Frënd?]

beruffen [bær'ufən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beruff) » **reflexiv** sech beruffen op **DE** sich berufen auf • **FR** se référer à • **EN** to refer to • **PT** referir-se a **Beispill** d'Affekotin huet sech bei der Verteidegung op een eenzegen Artikel beruff **Synonym** sech referéieren op

i Verb, dat beruffen als Basis huet: ↗aberuffen

berufflech [bær'ufləç] Adjektiv **DE** beruflich • **FR** professionnel [qui concerne le métier] <Adverb professionnellement> • **EN** professional <Adverb professionally> • **PT** profissional [relativo a profissão] <Adverb profissionalmente> **Beispiller** mäi Papp ass den Ament an enger berufflecher Formatioun; hautdesdaags ass et wichteg, sech berufflech weiderzebilden

Berufsausbildung Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Berufsausbildung [Bildungsbereich] • **FR** formation professionnelle [secteur de l'éducation] • **EN** professional training [educational sector] • **PT** formação profissional [setor educativo] **Beispill** wéi en Attaché ass am Ministère verantwortlech fir d'Berufsausbildung? **2.** (Pluriel Berufsausbildungen) **DE** Berufsausbildung [spezifische Ausbildung] • **FR** formation professionnelle [formation spécifique] • **EN** professional training, apprenticeship [in a specific domain] • **PT** formação profissional [formação específica] **Beispill** am Bauwiesen hunn d'Schüler de Choix tëschent verschiddene Berufsausbildungen

Berufschamber [bær'ufsçä:mbe] Femininum (Pluriel Berufschamberen) **DE** Berufskammer, Berufsverband • **FR** chambre professionnelle • **EN** Professional Chamber [defending the interests of employees] • **PT** câ-

mara professional **Beispiller** d'Beruffschamber huet hiren Avis ofginn; d'Beruffschamberen hu sech mat der Regierung zesummegeesat, fir iwwer de Projet ze diskutéieren

Beruffseethik Femininum (kee Pluriel) **DE** *Berufsethik* • **FR** *déontologie, éthique professionnelle* • **EN** *professional ethics* • **PT** *deontologia, ética profissional* **Beispill** viru Geriicht kritt en Dokter virgehäit, en hätt sech net un d'Prinzipie vun der **Beruffseethik** gehalen **Synonym** Deontologie

Beruffserfarung [bær'ufsvɛfa:ruŋ] Femininum (Pluriel **Beruffserfarungen**) **DE** *Berufserfahrung* • **FR** *expérience professionnelle* • **EN** *professional experience* • **PT** *experiência profissional* **Beispill** eise Restaurant sicht e Kach mat op d'mannst dräi Joer **Beruffserfarung**

Beruffsethik Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **↗Beruffseethik**

Beruffsliewen [bær'ufsljēvən] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Berufsleben* • **FR** *vie professionnelle* • **EN** *professional life, working life* • **PT** *vida profissional* **Beispill** déi Jonk hunn et dacks schwéier, am **Beruffsliewe** Fouss ze faassen

Beruffsperspektiv [bær'ufspɛ:ɾspækti:f] Femininum (Pluriel **Beruffsperspektiven**) (meeschens Pluriel) **DE** *Berufsperspektive, Berufsaussicht* • **FR** *débouché, perspective d'avenir [dans une profession]* • **EN** *work prospects, career prospects* • **PT** *saida (profissional), perspetiva de futuro [numa profissão]* **Beispill** mat deem Diplom huet ee vill interessant **Beruffsperspektiven**

Beruffspompjee [bær'ufspompje:] Maskulinum (Pluriel **Beruffspompjeeën**) **DE** *Berufsfuerwehrmann* • **FR** *(sapeur-)pompier professionnel* • **EN** *fireman, firefighter* • **PT** *bombeiro profissional* **Beispill** d'**Beruffspompjeeë** si ronderëm d'Auer asazbereet

i Weiblech Form: **↗Beruffspompjee**

Beruffspompjee Femininum (Pluriel **Beruffspompjeeën**)

i Männlech Form: **↗Beruffspompjee**

Beruffssituatioun [bær'ufsitwaʃəʊn] Femininum (Pluriel **Beruffssituatiounen**) **DE** *berufliche Situation, Berufssituation* • **FR** *situation professionnelle* • **EN** *professional situation* • **PT** *situação profissional* **Beispill** eng nei Etüd soll déi aktuell **Beruffssituatioun** vun de Fraen hei am Land beliichten

Beruffstrafic [bær'ufstrafik] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun **↗Beruffstrafick**

Beruffstrafick [bær'ufstrafik] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Berufsverkehr* • **FR** *trafic aux heures de pointe, trafic aux heures d'affluence* • **EN** *commuter traffic, rush-hour traffic* • **PT** *trânsito nas horas de ponta* **Beispill** an der Grousser Vakanz ass manner **Beruffstrafick** op der Strooss **Synonym** **Beruffsverkéier**

Beruffsverkéier [bær'ufsfekjɛɪ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Berufsverkehr* • **FR** *trafic aux heures de pointe, trafic aux heures d'affluence* • **EN** *commuter traffic, rush-hour traffic* • **PT** *trânsito nas horas de ponta* **Beispill** weinst dem **Beruffsverkéier** ass dacks Stau op de Stroossen ëm d'Stad **Synonym** **Beruffstrafick**

Beruffswiel [bær'ufsviəl] Femininum (Pluriel <seen> **Beruffswielen**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Beruffszil Neutrum (Pluriel **Beruffsziler**) **DE** *Berufsziel* • **FR** *objectif professionnel* • **EN** *professional goal* • **PT** *objetivo profissional* **Beispiller** am Virstellungsgespräch goufen d'Kandidate gefrot, wat hir **Beruffsziler** sinn; eng zolidd Ausbildung ass eng gutt **Viraussetzung**, fir en ambitieüst **Beruffszil** kënnen ze errechen

berüümt [bær'y:mt] Adjektiv **DE** *berühmt* • **FR** *célèbre* • **EN** *famous* • **PT** *famoso, célebre* **Beispiller** dëse Schrëftsteller ass duerch säi lescht Wierk **berüümt** ginn; dee **berüümt** Filmstar deelt gär Autogrammen aus; an deem Musée hänken esou munch **berüümt** Tabloen

Beryllium [ber'iljʊm] Maskulinum (kee Pluriel) **[Chimie]** **DE** *Beryllium [chemisches Element]* • **FR** *béryllium [élément chimique]* • **EN** *beryllium [chemical element]* • **PT** *berílio [elemento químico]* **Beispill** de **Beryllium** gehéiert zum Grupp vun den Äerdalkalimetaller

Berzelterhaff [bɛ:ɾtsəlteh'af] Eegennumm **DE** *Berzelterhof* • **FR** *Berzelterhof* • **EN** *Berzelterhof* • **PT** *Berzelterhof* **Beispiller** ech wunnen um **Berzelterhaff**; fiert dëse Bus op de **Berzelterhaff**?

besabbelen [bæz'abələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **besabbelt**) » **transitiv** **DE** *bekleckern* • **FR** *salir, tacher [souiller]* • **EN** *to spot, to stain [to dirty]* • **PT** *sujar, manchar* **Beispiller** **besabbel** d'Dëscheluch net mat Roudem Wäin, déi Flecke ginn net gutt eraus; hien huet säin Hiem mat Tomatenzopp **besabbelt** **Synonym** **besuddelen**

Besamung [bæz'a:mʊŋ] Femininum (Pluriel **Besamungen**) **DE** *Besamung* • **FR** *insémination* • **EN** *insemination* • **PT** *inseminação* **Beispill** hautdesdaags gräifen déi meescht landwirtschaftlech Betriber op kënschtlech **Besamung** zeréck

Besatzung [bæz'atsʊŋ] Femininum (Pluriel **Besatzungen**) **1.** **DE** *Besatzung, Crew, Mannschaft* • **FR** *équipe [personnel de bord]* • **EN** *crew* • **PT** *tripulação [pessoal de bordo]* **Beispill** d'**Besatzung** vun dësem Passagéierschëff wiesselt all sechs Méint **Synonym** **Equipage** **2.** **DE** *Besatzung [Fremdherrschaft]* • **FR** *occupation [domination étrangère]* • **EN** *occupation [foreign rule]* • **PT** *ocupação [invasão, domínio]* **Beispiller** d'zivil Populatioun huet staark ënner der **Besatzung** gelidden; eist Land huet am Laf vun de Joerhonnerte vill **Besatzungen** erlieft **Synonym** **Occupatioun**

besaufen [bæz'æ:ʃəfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **besoff**) » **reflexiv** **[graft]** **DE** *sich besaufen* • **FR** *se souler* • **EN** *to get hammered* • **PT** *embebedar-se, emborrachar-se* **Beispill** meng Kollege **besaufen** sech gär op de Baler

Bësch [bɛʃ] Maskulinum (Pluriel **Bëscher**) **DE** *Wald* • **FR** *forêt, bois* • **EN** *forest, wood* • **PT** *floresta, bosque* **Beispiller** mir ginn all Sonndeg an de **Bësch** spadséieren; de Stuerm huet an de **Bëscher** vill Beem ëmgeluecht; bass de erëm am **Bësch**? **[égs]** [bass de erëm ofgeleent?]; den Honger dreift de Wollef aus dem **Bësch** **[égs]** [wiem et schlecht geet, deen ass zu allem bereet]; esou wéi een an de **Bësch** rifft, esou schaal et erëm

égs [d'Leit behandelen een esou, wéi een si behandelt]; ech hunn esou vill ze dinn, datt ech vun elauter Beem de Bësch net méi gesinn **égs** [ech hunn esou vill ze dinn, datt ech keen Iwwerbléck méi hunn]

Bëschaarbechter [b'əʒa:bəçtɛ] Maskulinum (Pluriel Bëschaarbechter) **DE** Waldarbeiter, Forstarbeiter • **FR** *ouvrier forestier* • **EN** *forestry worker, lumberjack* • **PT** *trabalhador florestal* **Beispill** d'Bëschaarbechter hunn déi déck Eech ëmgeluecht

W Weiblech Form: **♂**Bëschaarbechterin

Bëschaarbechterin [b'əʒa:bəçtərin] Femininum (Pluriel Bëschaarbechterinnen) **DE** Waldarbeiterin, Forstarbeiterin • **FR** *ouvrière forestière* • **EN** *forestry worker, lumberjack [female], lumberjill* • **PT** *trabalhadora florestal* **Beispill** d'Bëschaarbechterin markéiert déi Beem, déi krank sinn

M Männlech Form: **♂**Bëschaarbechter

Bëschäerdbier Femininum/Neutrum (Pluriel Bëschäerdbieren) **DE** Walderdbeere [Frucht] • **FR** *fraise des bois [fruit]* • **EN** *wild strawberry [fruit]* • **PT** *morango silvestre [fruto]* **Beispiller** op déi kleng Täertercher passt eng Bëschäerdbier perfekt als Dekoratioun; d'Kanner si mat engem Kuerf voller Bëschäerdbieren heemkonn

W De Genre vum Wuert **Bëschäerdbier**, wann et am Singulier d'Uebstzort oder méi Käre bezeechent, ass sächlech: **Ech hu gutt zeidegt Bëschäerdbier vum Maart matbruecht**. An deem Fall gëtt et keng Plurielsform. Wann d'Wuert am Singulier en eenzele Kär bezeechent, kann et weiblech oder sächlech sinn: **Ech hunn eng Bëschäerdbier giess** oder **Ech hunn e Bëschäerdbier giess**. An deem Fall gëtt et eng Plurielsform: **Et si schonn zwou Bëschäerdbieren zeideg** oder **Et si schonn zwee Bëschäerdbieren zeideg**. Dee weibleche Genre ass haut méi gebräichlech ewéi dee sächlechen.

Bëschäerdbier Neutrum (kee Pluriel) **DE** Walderdbeeren [Früchtel] • **FR** *fraises des bois [fruits]* • **EN** *wild strawberries [fruits]* • **PT** *morangos silvestres [frutos]* **Beispiller** dëst Joer war d'Bëschäerdbier fréi zeideg; wann der wëllt, kënnt der e Kär Bëschäerdbier schmaachen

W De Genre vum Wuert **Bëschäerdbier**, wann et am Singulier d'Uebstzort oder méi Käre bezeechent, ass sächlech: **Ech hu gutt zeidegt Bëschäerdbier vum Maart matbruecht**. An deem Fall gëtt et keng Plurielsform. Wann d'Wuert am Singulier en eenzele Kär bezeechent, kann et weiblech oder sächlech sinn: **Ech hunn eng Bëschäerdbier giess** oder **Ech hunn e Bëschäerdbier giess**. An deem Fall gëtt et eng Plurielsform: **Et si schonn zwou Bëschäerdbieren zeideg** oder **Et si schonn zwee Bëschäerdbieren zeideg**. Dee weibleche Genre ass haut méi gebräichlech ewéi dee sächlechen.

beschafen [bəʃ'a:fən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé *beschaaft*) » **transitiv** **DE** *besorgen, beschaffen* • **FR** *procurer [fourmir]* • **EN** *to procure* • **PT** *arranjar, obter* **Beispill** déi Drogéiert hunn ëmmer Problemer, fir sech de Stoff ze beschafen **Synonym** besuergen

beschäftegen [bəʃ'æftəzən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé *beschäftegt*) » **transitiv** **1. DE** *beschäftigen [Arbeit geben]* • **FR** *occuper [donner du travail à]* • **EN** *to employ* • **PT** *ocupar, empregar [dar emprego a]* **Beispill** mäi Patron *beschäftegt* eng Dose Leit **2. DE** *beschäftigen [etwas zu tun geben]* • **FR** *occuper [donner quelque chose à faire à]* • **EN** *to occupy [to keep busy]* • **PT** *ocupar [dar ocupação a, entreter]* **Beispill** an der

Vakanz organiséiert d'Schoul Aktivitéiten, fir d'Kanner ze **beschäftegen** **3. DE** *beschäftigen [gedanklich]* • **FR** *préoccuper [occuper l'esprit de]* • **EN** *to preoccupy, to concern* • **PT** *preocupar [dar que pensar a]* **Beispill** déi kriddleg Fro do *beschäftegt* mech schonn zënter Laangem **Synonym** nogoen » **reflexiv** **4.** sech beschäftege mat **DE** *sich beschäftigen mit [sich abgeben mit]* • **FR** *s'occuper de [consacrer de son temps à]* • **EN** *to take care of, to devote time to* • **PT** *ocupar-se de [consagrar tempo a]* **Beispill** de Bopi *beschäftegt* sech vill mat sengen Enkelkanner **5.** sech beschäftege mat **DE** *sich beschäftigen mit [sich auseinandersetzen mit]* • **FR** *se pencher sur, étudier* • **EN** *to look into, to work on* • **PT** *debruçar-se sobre, estudar* **Beispill** vill Aarbechtsgruppe *beschäftegen* sech mat der Ëmweltproblematik **Synonymmen** sech befaasse mat, sech auserneesetze mat

Beschäftegung [bəʃ'æftəzʊŋ] Femininum (Pluriel Beschäftegungen) **1. DE** *Beschäftigung [Betätigung]* • **FR** *occupation [passe-temps]* • **EN** *occupation [pastime]* • **PT** *ocupação [passatempo]* **Beispiller** ech hu mer fir d'Pensioun eng kleng *Beschäftegung* gesicht; d'Altersheem offréiert deenen ale Leit eng Rei vu *Beschäftegungen* **2. DE** *Beschäftigung [Erwerbstätigkeit]* • **FR** *occupation [salariee]* • **EN** *employment* • **PT** *emprego, ocupação [assalariada]* **Beispill** ech verdéngen den Ament net vill, ech siche mer gär eng aner *Beschäftegung*

beschäissen [bəʃ'æ:ɪsən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé *beschass*) » **transitiv** **1.** **graf** **DE** *voll-schießen* • **FR** *chier dans, chier sur* • **EN** *to shit (up)* • **PT** *borrar, cagar [defecar]* **Beispiller** well hien den Duerchfall hat, huet e säi Kalzong *beschass*; ech wëll net op déi *beschassen* Toilette do goen! **2. égs** **DE** *schlecht reden über, madigmachen* • **FR** *diffamer, médire de* • **EN** *to slander, to bad-mouth* • **PT** *dizer mal de* **Beispiller** si *beschäissen* hir nei Noperen ouni Grond; hie *gouf* vu sengem Assistent beim Chef *beschass* **Synonym** erofmaachen

Beschass [bəʃ'as] Maskulinum (kee Pluriel) **égs** **DE** *(abfälliges) Gerede, Klatsch* • **FR** *ragots, propos malveillants* • **EN** *slander, malicious gossip* • **PT** *mexericos, ditos maldosos* **Beispill** géff näscht op dee *Beschass!* **Synonym** Klaatsch

beschassen [bəʃ'asən] Adjektiv **graf** **DE** *klatschsüchtig* • **FR** *jaseur [médisant]* • **EN** *slandorous, gossipy* • **PT** *mexeriqueiro* **Beispill** virun deene *beschassene* Leit muss de dech an Uecht huelen

Bëschbamleef [b'əʃba:mle:fe] Maskulinum (Pluriel Bëschbamleef) *Certhia familiaris* **DE** *Wald-baumläufer* • **FR** *grimpereau des bois* • **EN** *Eurasian treecreeper* • **PT** *trepadeira-do-bosque* **Beispill** wéi laang bréien d'Bëschbamleef?

Bëschbrand [b'əʃbrant] Maskulinum (Pluriel Bëschbränn) **DE** *Waldbrand* • **FR** *incendie de forêt* • **EN** *forest fire* • **PT** *incêndio florestal* **Beispill** beim Bëschbrand hu misse Fligeregen agesat gi fir ze läschen

Bëschdref [b'əʃdrəf] Eegennumm **DE** *Buschdorf* • **FR** *Buschdorf* • **EN** *Buschdorf* • **PT** *Buschdorf* **Beispiller** ech wunnen zu Bëschdref; fiert dese Bus op Bëschdref?

Bescheed [bəʃˈe:t] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *Bescheid, Mitteilung* • FR *communication* [*message, information*] • EN *notification* • PT *aviso, comunicação* **Beispill** de schréttleche **Bescheed** koum mat der Post **2.** **Bescheed** soen DE *Bescheid sagen* • FR *aviser, informer* • EN *to let know, to inform* • PT *avisar, informar* **Beispiller** de Schräiner seet eis **Bescheed**, wann de Schaf fäerdeg ass; deem wäert ech scho **Bescheed** soen! [égs] [deem wäert ech scho meng Meenung soen!] **3.** **Bescheed** wëssen (iwwer) DE *Bescheid wissen (über)* • FR *être au courant (de)* • EN *to know (about), to be in the picture, to be aware (of)* • PT *estar ao corrente (de)* **Beispiller** wéi ech dem Bouf senger Mamm telefonéiert hunn, wouchs si scho **Bescheed**; ech weess **Bescheed**, du brauchst weider näischt méi ze soen; de Wiert weess ëmmer iwwer alles **Bescheed**

Bescheerung Femininum (kee Pluriel) [égs] d'Bescheerung hunn / eng Bescheerung hunn DE *die Bescherung haben* [*eine unangenehme Überraschung erleben*] • FR *avoir une mauvaise surprise* • PT *ter uma má surpresa* **Beispill** et hat keen den Hond erausgelooss, elo hu mer d'Bescheerung!

bescheiden [bəʃˈaɪdən] Adjektiv **1.** DE *bescheiden, genügsam* • FR *modeste* [*sans prétentions*] • EN *modest* [*undemanding*] • PT *modesto* [*sem pretensões*] **Beispill** du bass ze **bescheiden** an dengen Uspréich **2.** DE *bescheiden, zurückhaltend* • FR *modeste, réservé, discret* • EN *diffident, reserved* • PT *modesto, recatado, discreto* **Beispill** mell dech och emol zu Wuert, sief net esou **bescheiden**! **3.** DE *bescheiden, mäßig* • FR *modeste* [*modique, petit*] • EN *modest* [*small*] • PT *modesto* [*módico, escasso*] **Beispill** dat ass eng **bescheiden** Zomm, déi s de gâr fir deen Handel häss **4.** DE *bescheiden, einfach* • FR *modeste, simple* • EN *humble* [*poor*] • PT *modesto, simples* **Beispill** d'Riichterin kënnt aus **bescheidene** Verhältnisser **Synonym** einfach

Bescheidenheet Femininum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Bëscheil [b'əʃaɪl] Femininum (Pluriel Bëscheilen) **Asio otus** DE *Waldohreule* • FR *hibou moyen-duc* • EN *long-eared owl* • PT *bufo-pequeno* **Beispill** wéi laang bréien d'Bëscheilen? **Synonym** Huereil

bescheinegen [bəʃˈaɪnəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bescheinegt**) » **transitiv** DE *bescheinigen* • FR *certifier, attester* • EN *to certify* • PT *certificar, atestar* **Beispill** den Dokter **bescheinegt**, datt s de krank bass **Synonymmen** attestéieren, certifiéieren

Bescheinegung [bəʃˈaɪnəzʊŋ] Femininum (Pluriel **Bescheinegungen**) DE *Bescheinigung* • FR *attestation, certificat* • EN *certificate* • PT *atestado, certificado* **Beispill** ech hunn eng **Bescheinegung**, datt ech an engem Éischt-Hëllef-Cours deelgeholl hunn **Synonymmen** Attestatioun, Certificat

Bëschelchen [b'əʃəlçən] Maskulinum (Pluriel Bëschelcher) - Diminutivform vun **Bësch**

beschëllegen [bəʃˈələzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschëllegt**) » **transitiv** DE *beschuldigen* • FR *accuser, inculper* • EN *to accuse* • PT *acusar, inculpar* **Beispiller** ech wëll kee mat menger Ausso **beschëllegen**; den Dokter gétt **beschëllegt**, seng Fra

ëmbruecht ze hunn **Synonym** accuséieren

Beschëllegung [bəʃˈələzʊŋ] Femininum (Pluriel **Beschëllegungen**) DE *Beschuldigung* • FR *accusation* • EN *accusation, charge* • PT *acusação* **Beispiller** de Locataire huet sech géint d'**Beschëllegung** gewiert, hien hätt d'Wunneng verknascht; den Ugeklote gouf vun alle **Beschëllegunge** fräigesprach **Synonym** Accusatioun

Bëschfliedermaus [b'əʃfliədɛmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Bëschfliedermais) *Nyctalus noctula* DE *Abendsegler* • FR *noctule commune* • EN *noctule* • PT *morcego-arboricola-grande* **Beispill** d'Bëschfliedermaus ass déi gréisst europäesch Aart mat enger Spannweit vu bis zu 46 Zentimeter an engem Gewicht vu bis zu 50 Gramm

Bëschhong [b'əʃhɔŋ] Neutrum (Pluriel **Bëschhënger**) *Tetrastes bonasia* DE *Haselhuhn* • FR *gélinotte des bois* • EN *hazel grouse* • PT *galinha-do-mato* **Beispill** wéi laang bréien d'Bëschhënger?

i Variant: Bëschhung

Bëschhung Neutrum (Pluriel Bëschhënger) *Tetrastes bonasia* - Variant vun **Bëschhong**

beschiedegen [bəʃˈiədəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschiedegt**) » **transitiv** DE *beschädigen* • FR *abimer, endommager* • EN *to damage* • PT *danificar* **Beispill** den Auto gouf beim Accident nëmme lücht **beschiedegt** **Synonym** abiméieren

Beschiedegung Femininum (Pluriel **Beschiedegungen**) DE *Beschädigung* [*das Beschädigen*] • FR *endommagement* [*action d'endommager*] • PT *danificação* [*ato de danificar*] **Beispill** d'Gemeng huet wéinst muttwëlleger **Beschiedegung** vun der Spillplaz eng **Plainte** gemaach

Bëschkauz [b'əʃkæ:ʊts] Maskulinum (Pluriel **Bëschkäiz** / **Bëschkauzen**) *Strix aluco* DE *Waldkauz* • FR *chouette hulotte* • EN *tawny owl* • PT *coruja-do-mato* **Beispill** wéi laang bréien d'Bëschkäiz?

Bëschkueb [b'əʃkuəp] Maskulinum (Pluriel **Bëschkueben**) *Corvus corone* DE *Rabenkrähe* • FR *corneille noire* • EN *carrion crow* • PT *gralha-preta* **Beispill** wéi laang bréien d'Bëschkueben?

Beschlag [bəʃl'a:χ] Maskulinum **1.** (Pluriel **Beschléi**) DE *Beschlag* [*Metallstück*] • FR *ferrure* [*garniture métallique*] • EN *metal fittings* • PT *ferragem* [*guarnição metálica*] **Beispill** d'Beschléi vun den Diere si méi deier ewéi de Rescht **2.** (kee Pluriel) DE *Beschlag* [*des Pferds*] • FR *ferrure* [*du cheval*] • EN *horseshoe* • PT *ferragem* [*do cavalo*] **Beispill** ech féieren d'Päerd fir en neie **Beschlag** bei de Schmadd **3.** a **Beschlag** huelen DE *in Beschlag nehmen* • FR *accaparer* [*retenir (en entier)*] • EN *to corner, to monopolize* • PT *açambarcar, monopolizar* **Beispiller** nodeem d'Sportlerin d'Goldmedail gewonnen hat, gouf se vun der Press a **Beschlag** geholl; si hunn am Theater déi zwou éischt Reien a **Beschlag** geholl

beschlagnamen [bəʃl'a:χna:mən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschlagnaamt**) » **transitiv** DE *beschlagnahmen* • FR *confisquer, saisir* • EN *to confiscate* • PT *confiscar, apreender* **Beispill** d'Police huet dem Braconnier säi Fëschergeschier

beschlagnaamt **Synonymmen** anzéien, confiscuéieren, saiséieren, sécherstellen

Bëschléierchen [b'əʃlɛɪɹɛçən] Femininum (Pluriel Bëschléiercher) Lullula arborea **DE** Heiderleche • **FR** alouette lulu • **EN** woodlark • **PT** cotovia-pequena **Beispill** wéi laang bréien d'Bëschléiercher? **Synonym** Muedeléinchen

beschléissen [bəʃlɛ'ɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschloss**) » **transitiv DE** beschließen [entscheiden] • **FR** décider [fixer] • **EN** to decide • **PT** resolver, decidir **Beispill** bis elo ass bei der Fro vum Datum fir d'Fest nach näischt **beschloss** **Synonymmen** decidéieren, entscheeden

beschleunegen [bəʃlɛ'ɪnəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschleunegt**) » **intransitiv 1. DE** beschleunigen • **FR** accélérer [augmenter sa vitesse] • **EN** to accelerate • **PT** acelerar [aumentar a velocidade] **Beispill** du muss **beschleunegen**, ier s de den zweete Gang hëls! **Synonym** acceleréieren » **transitiv 2. DE** beschleunigen • **FR** accélérer [activer] • **EN** to accelerate • **PT** acelerar [ativar] **Beispill** den Asaz vun neie Maschinne soll d'Produktioun **beschleunegen**

Beschleunegung [bəʃlɛ'ɪnəzʊŋ] Femininum (Pluriel Beschleunegungen) **DE** Beschleunigung [Geschwindigkeitszunahme] • **FR** accélération [augmentation de vitesse] • **EN** acceleration [of speed] • **PT** aceleração [aumento de velocidade] **Beispill** duerch d'Beschleunegung ginn d'Leit am Fliger an de Sëtz gedréckt **Synonym** Acceleratioun

beschloen [bəʃlɔ:'ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschloen**) » **transitiv 1. DE** beschlagen [ein Tier] • **FR** ferrer [un animal] • **EN** to shoe [an animal] • **PT** ferrar [pôr ferradura(s) a] **Beispill** de Schmadd huet d'Päerd **beschloen** » **intransitiv 2. DE** anlaufen, beschlagen • **FR** s'embuier • **EN** to steam up • **PT** embaciar **Beispill** wann d'Fënster **beschléit**, muss de d'Ventilatioun umaachen

beschloen [bəʃlɔ:'ən] Adjektiv **DE** beschlagen • **FR** fort, calé [instruit, compétent] • **EN** knowledgeable, well versed • **PT** conhecedor, entendido [versado, competente] **Beispill** hien ass a sengem Fach **beschloen**

„beschloen“ kann och de Participe passé vum Verb **beschloen** sinn.

Bëschmarder [b'əʃmɑɹde] Maskulinum (Pluriel Bëschmarderen) **Martes martes DE** Baumarder • **FR** martre des pins • **EN** pine marten • **PT** marta **Beispill** de Bëschmarder steet zënter 2009 zu Lëtzebuerg ënner Aarteschutz **Synonym** Bammarder

Bëschmaus [b'əʃmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Bëschmais) Apodemus sylvaticus **DE** Waldmaus • **FR** mulot sylvestre • **EN** wood mouse • **PT** rato-do-campo **Beispill** d'Bëschmaus fält bei kalen Temperaturen am Wanter an eng Winterstarre

beschmieren [bəʃm'i:grən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschmiert**) » **transitiv DE** beschmieren [verunreinigen] • **FR** barbouiller, salir • **EN** to dirty, to smear • **PT** besuntar, borrar, sujar **Beispill** d'Kand huet d'Tapéit mat Schockela **beschmiert**

beschmotzen [bəʃm'ɔtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschmotzt**) » **transitiv** [gehuewen] **DE** beschmutzen, beflecken • **FR** salir • **EN** to dirty, to soil • **PT** sujar **Beispill** mat dengen falschen Accusatiounen hues de där Persoun hir Eier **beschmotzt**; hien huet säin eegent Nascht **beschmotzt** [hien huet seng eege Leit verrodent]

beschneiden [bəʃn'aɪdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschneiden**) » **transitiv 1. DE** beschneiden [eine Person] • **FR** circonscire, exciser • **EN** to circumcise • **PT** circuncidar, excisar **Beispill** et gëtt niewent rituellen och hygieenesch Grënn, fir Jongen ze **beschneiden**; et dierf net toleréiert ginn, datt Meedercher **beschnidde** ginn **2. DE** beschneiden [einschränken] • **FR** faire une coupe dans, limiter, restreindre • **EN** to cut [to reduce] • **PT** reduzir, restringir [por um corte (orçamental), por redução] **Beispill** duerch d'Reform ginn de Gemengen hir Moyene **beschneiden**

Beschneidung [bəʃn'aɪdʊŋ] Femininum (Pluriel Beschneidungen) **1. DE** Beschneidung [eines Mädchens, einer Frau] • **FR** excision [d'une fille, d'une femme] • **EN** circumcision [of a girl, of a woman] • **PT** excisão [feminina] **Beispill** et gëtt leider weltwäit nach eng Rei Gesellschaften, an deenen d'Beschneidung vun de Fraen net ofgeschaaft ass **Synonym** Excisioun **2. DE** Beschneidung [eines Jungen, eines Mannes] • **FR** circumcision • **EN** circumcision [of a boy, of a man] • **PT** circuncisão **Beispill** a munche Reliounen gëtt d'Beschneidung vun de klengen Jonge mat engem Fest gefeiert **3. DE** Beschneidung [Einschränkung] • **FR** restriction [diminution] • **EN** cut, reduction • **PT** restrição, corte [redução] **Beispill** eng weider Beschneidung vun de persénnleche Fräiheete soll duerch en neit Gesetz verhënnert ginn

beschnupperen [bəʃn'ʊpəɹən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschnuppert**)

Hei entsteet en neien Artikel.

Bëschof [b'əʃɔ:f] Maskulinum (Pluriel Bëschoeff) **DE** Bischof • **FR** évêque • **EN** bishop • **PT** bispo **Beispill** de Bëschof huet an der Kathedral dräi nei Paschteier geweiht; de Poopst huet d'Bëschoeff fir e Konzil zesummegeruff

Bëschofswai Femininum (Pluriel Bëschofswaien)

Hei entsteet en neien Artikel.

beschränken [bəʃɹ'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschränkt**) » **reflexiv** sich beschränken **op** **DE** sich beschränken **auf** • **FR** s'en tenir à • **EN** to limit oneself to, to confine oneself to • **PT** limitar-se a, cingir-se a **Beispill** aus Zäitgrënn **beschränkt** de Riedner sech op déi wichtegst Froen **Synonymmen** sech begrenzen **op**, sech limitéieren **op**

beschränkt [bəʃɹ'æŋkt] Adjektiv **1. DE** beschränkt [geistig] • **FR** limité [intellectuellement] • **EN** limited [slow-witted] • **PT** limitado [intelectualmente] **Beispill** de Jong kennt net gutt virun an der Schule, en ass eng Grimel **beschränkt** **2. DE** begrenzt, beschränkt • **FR** limité [restreint] • **EN** limited [restricted] • **PT** limitado [restrito] **Beispill** des Kalennere goufen nëmmen a **beschränkter** Zuel gedréckt **Synonym** begrenzt

i „beschränkt“ kann och de Participe passé vum Verb \nearrow beschränken sinn.

beschrëften [bəʃr'əftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschrëft**) » **transitiv DE** beschriften • **FR** étiqueter [mettre une inscription sur] • **EN** to label • **PT** etiquetar, rotular **Beispiller** meng Bomi **beschrëft** d'Amaachglieser, ier se se araamt; d'Schüler sollen hir Classeuren all **beschrëften**

beschreiwen [bəʃr'aivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschriwwen**) » **transitiv DE** beschreiben [schildern] • **FR** décrire [dépeindre] • **EN** to describe, to portray • **PT** descrever, retratar **Beispiller** ech kann der net **beschreiwen**, wéi ech mech opgereegt hunn!; d'Charaktere sinn an dësem Roman gutt **beschriwwen**

Beschreibung [bəʃr'aivʊŋ] Femininum (Pluriel Beschreibungen) **1. DE** Beschreibung [Darstellung] • **FR** description [signalment, présentation] • **EN** description • **PT** descrição [representação] **Beispiller** d'Affër konnt der Police eng genee **Beschreibung** vum Déif ginn; an deem Roman sinn ze vill laang **Beschreibungen** **2. DE** Gebrauchsanweisung, Gebrauchsanleitung • **FR** mode d'emploi • **EN** instructions • **PT** (manual de) instruções **Beispill** lies d'**Beschreibung** vun der Maschinn, ier s de se fir d'ëischt benotz! **Synonym** Gebrauchsanweisung

Bëschrüed [bəʃr'uət] Eegennum **DE** Buschrod • **FR** Buschrod • **EN** Buschrod • **PT** Buschrod **Beispiller** ech wunnen zu **Bëschrüed**; fiert dëse Bus op **Bëschrüed**?

Bëschschnep [b'əʃnæp] Femininum (Pluriel Bëschschnepen) **Scolopax rusticola DE** Waldschnepfe • **FR** bécasse des bois • **EN** Eurasian woodcock • **PT** galinhola **Beispill** wéi laang bréien d'**Bëschschnepen**?

Bëschspëtzmäus [b'əʃpətsmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Bëschspëtzmäis) **Sorex araneus DE** Waldspitzmaus • **FR** musaraigne carrelet • **EN** common shrew • **PT** musaranho-comum **Beispill** wann de Wanter kënnt, verléiert d'**Bëschspëtzmäus** u Gréisst an u Gewiicht

bescht [bəʃt] Adjektiv **1. DE** beste • **FR** meilleur [insurpassable, ultime] • **EN** best • **PT** melhor [insuperável, excelso] **Beispiller** a mengem Aen ass hien dee **beschte** Schrëftsteller; esouguer déi **bescht** Mënsche maache Feeler; hien huet säi **Bescht** gemaach [hien huet sech vill Méi ginn] **2.** zum **Beschte** ginn **DE** zum **Besten** geben [zur Unterhaltung vortragen, vorführen] • **FR** offrir, présenter [pour distraire] • **EN** to offer, to share • **PT** oferecer, apresentar [para divertir] **Beispiller** d'auswärtig Fanfare huet eng flott Zugab zum **Beschte** ginn; den Auteur huet e puer vu sengen humoristeschen Texter zum **Beschte** ginn; du wäerts jo elo net erëm dee ganzen Owend deng knaschteg Witzen zum **Beschte** ginn; ech hu fir mäi Gebuertsdag e Patt zum **Beschte** ginn [ech hu fir mäi Gebuertsdag e Patt spendéiert]

beschtefalls Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

beschtens [b'æʃtəns] Adverb **DE** bestens, hervorragend • **FR** très bien, au mieux, pour le mieux • **EN** very well, as well as possible • **PT** muito bem, da melhor maneira **Beispill** et huet alles **beschtens** geklappt

beschméiglech [bəʃtm'ɛizləç] Adjektiv **DE** bestmöglich • **FR** meilleur ... possible <Adverb de la meilleure façon possible> • **EN** best possible <Adverb in the best way possible> • **PT** melhor ... possível <Adverb da melhor maneira possível> **Beispiller** mir hu bei de Verhandlung versicht, dee **beschméigleche** Kompromëss erauszeschloen; eise Banquier huet eis Ierfschaft **beschméiglech** placéiert

i Variant: **beschméiglechst**

beschméiglechst [bəʃtm'ɛizləçst] Adjektiv - Variant vun \nearrow **beschméiglech**

beschützen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschützt**) » **transitiv DE** beschützen • **FR** défendre, protéger • **EN** to protect, to defend • **PT** defender, proteger **Beispill** déi meescht Déiere ginn aggressiv, wann se hir Jong wëlle **beschützen**

Bëschwaasserleefer [b'əʃwa:sele:fe] Maskulinum (Pluriel Bëschwaasserleefer) **Tringa ochropus DE** Waldwasserläufer • **FR** chevalier cul-blanc • **EN** green sandpiper • **PT** (pássaro-)bique-bique **Beispill** wéi laang bréien d'**Bëschwaasserleefer**?

beschwätzen [bəʃw'ætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschwat**) » **transitiv 1. DE** besprechen [absprechen] • **FR** discuter de • **EN** to discuss • **PT** discutir [um assunto] **Beispill** d'Sekretärin **beschwätzt** grad eng wichtig Affär mam Chef **Synonym** besprechen **2. DE** beschwatzen, bearbeiten • **FR** baratiner [pour convaincre] • **EN** to work on, to cajole • **PT** levar na conversa, baratinar **Beispill** de Vendeur huet d'Interessenten esou laang **beschwat**, bis se deen deieren Auto kauft hunn

Bëschwee [b'əʃve:] Maskulinum (Pluriel Bëschweeër) **DE** Waldweg • **FR** chemin forestier • **EN** forest path • **PT** caminho florestal **Beispill** d'Kanner hunn um **Bëschwee** e Réi erbléckst

beschwéieren [bəʃw'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschwéiert**) » **reflexiv 1.** sech **beschwéieren** (wéinst) / sich **beschwéieren** (iwwer) **DE** sich beschweren (über), sich beklagen (über) • **FR** se plaindre (de) • **EN** to complain (about) • **PT** queixar-se (de) **Beispiller** d'Nopere **beschwéiere** sech wéinst dem Kaméidi, deen nuets um Parking virun hirer Dier ass; ech hu mech beim Dechen iwwer eise Koschter **beschwéiert** **Synonym** sech beklagen (iwwer) **2.** sech **beschwéieren** (fir) **DE** sich schwertun (mit) • **FR** trouver pénible (de), trouver lassant (de) • **EN** to find hard (to) • **PT** achar penoso **Beispiller** mir **beschwéieren** eis, fir owes nach erauszegoen; wann et em mech geet, **beschwéiert** mäi Frënd sech fir näischt!

beschwéierlech [bəʃw'ɛiələç] Adjektiv - Variant vun \nearrow **beschwéiert**

beschwéiert [bəʃw'ɛiət] Adjektiv **DE** beschwerlich • **FR** fatigant, pénible • **EN** arduous • **PT** cansativo, fatigante, penoso **Beispill** meng Eltere sinn net méi am Alter, fir esou eng **beschwéiert** Rees ze machen

i „beschwéiert“ kann och de Participe passé vum Verb \nearrow **beschwéieren** sinn.

i Variant: **beschwéierlech**

beschwindelen [bəʃw'indələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beschwindelt**) » **transitiv** **DE** *beschwindeln* • **FR** *rouler, escroquer* [tromper] • **EN** *to swindle, to cheat* • **PT** *enganar, lograr, vigarizar* **Beispill** mat dëser Wuer bass de schéi **beschwindelt** ginn

Bëschzeck [b'əʃtsæk] Femininum (Pluriel **Bëschzecken**) **DE** *Zecke* • **FR** *tique* • **PT** *carraça, carrapato* **Beispill** d'Bëschzecke kënnen d'Borrelios iwwerdroen

i Variant: Bëschzéck

Bëschzéck Maskulinum (Pluriel **Bëschzécken**) - Variant vun ↗**Bëschzeck**

besechen [bəz'e:çən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beseecht**) » **transitiv** **DE** *bepissen* • **FR** *pisser sur* • **EN** *to piss on* • **PT** *mijar* [expelir urina sobre] **Beispill** an der Toilette **huet** een de ganze Buedem **beseecht**; dee kuckt dran ewéi eng **beseechte** Kaz [dee kuckt ganz armséileg dran] **Synonym** *bepissen*

bëseleg [b'əzələç] Adjektiv **DE** *ruhelos, hibbelig, quirlig* • **FR** *agité* [nerveux] • **EN** *restive, excitable, jumpy* • **PT** *agitado* [nervoso] **Beispill** am Fréijoer sinn d'Kéi gäre **bëseleg**; sief net esou **bëseleg**!

bëselen [b'əzələn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **gebëselt**) » **intransitiv** **DE** *(umher)rennen, wuseln* • **FR** *courir* [dans tous les sens] • **EN** *to bustle about, to run to and fro* • **PT** *correr* [de um lado para o outro] **Beispill** d'Ranner **bëselen** duerch d'Perch, well se kee Waasser méi hunn; an de Solde gesäis de d'Leit duerch d'Geschäfte **bëselen**

besënnen [bəz'ənən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **besënn't**) » **reflexiv** sech **besënnen** op **DE** *sich besinnen (auf)* [sich bewusst werden] • **FR** *prendre conscience de* • **EN** *to be aware of, to be conscious of* • **PT** *tomar consciência de* **Beispill** mir mussen eis op eis Stärkte **besënnen**

besënnlech [bəz'ənələç] Adjektiv **DE** *besinnlich* • **FR** *de recueillement, de méditation* • **EN** *of contemplation* • **PT** *de recolhimento, de meditação* **Beispill** Allerséilen ass e **besënnlechen** Dag

Besënnung [bəz'ənunç] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Besinnung, Bewusstsein* • **FR** *conscience* [présence mentale] • **EN** *consciousness* • **PT** *consciência, sentidos* **Beispill** hien **huet** d'**Besënnung** verluer; de Blesséierten ass net méi bei **Besënnung** [de Blesséierten ass schwaachgefall]; komm zur **Besënnung**! **egs** [sief verstänneg!; sief realistesch!]

Besenreiser [b'e:zənraizə] Substantiv (kee Singuliere) - Variant vun ↗**Beesenreiser**

Besëtz [bəz'əts] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Besitz, Eigentum* • **FR** *propriété* [possession] • **EN** *ownership* • **PT** *propriedade* [posse] **Beispill** am Musée gi verschidde **Biller** aus privatem **Besëtz** ausgestellt

besetzen [bəz'ætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **besat**) » **transitiv** **1. DE** *besetzen* [reservieren, belegen] • **FR** *occuper* [réserver] • **EN** *to reserve, to keep* • **PT** *ocupar* [reservar] **Beispill** mäi **Brudder** **huet** eng **Plaz** um **Dësch** fir seng **Frëndin** **besat** **2. DE** *besetzen* [Stelle, Posten, Rolle] • **FR** *occuper* [emploi, poste, rôle] • **EN** *to fill* [a job, a position] • **PT** *ocupar* [uma vaga,

um posto, um papel] **Beispill** et gi qualifizéiert **Leit** **gesicht**, fir **dës Plazen** ze **besetzen**; deem **kranken** **Ac-teur** seng **Roll** muss nei **besat** **ginn** **3. DE** *besetzen* [er-obern, in Besitz nehmen] • **FR** *occuper* [envahir, prendre possession de] • **EN** *to occupy* [to seize] • **PT** *ocupar* [invadir, tomar] **Beispill** während dem **Streik** **hunn** d'**Demon-stranten** d'**Fabrick** **besat**

besëtzen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **besiess**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Besëtzer [bəz'ətse] Maskulinum (Pluriel **Besëtzer**) **DE** *Besitzer* • **FR** *propriétaire* • **EN** *owner* • **PT** *proprietário* **Beispill** den **Numm** vum **neie** **Besëtzer** steet nach net op der **Dier**; dëse **Buttek** **huet** de **Besëtzer** **gewiesselt** **Synonym** *Proprietär*

i Weiblech Form: ↗**Besëtzerin**

Besëtzerin [bəz'ətsərin] Femininum (Pluriel **Besëtzerinnen**) **DE** *Besitzerin* • **FR** *propriétaire* [femme] • **EN** *owner* [female] • **PT** *proprietária* **Beispill** d'**Besëtzerin** vum **Haus** **huet** gréisser **Reparaturen** ugekënnegt **Synonym** *Proprietärin*

i Männlech Form: ↗**Besëtzer**

Besëtztum [bəz'ətstum] Maskulinum (Pluriel **Besëtztemer**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Besetzung [bəz'ætsunç] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Besetzung* [der Rollen, der Positionen] • **FR** *distribution* [des rôles, des fonctions] • **EN** *cast* [actors] • **PT** *distribuição* [dos papéis, das funções] **Beispill** d'**Besetzung** fir de **Film** **gouf** iwwer eng **Auditouen** **erausgesicht**

besichen [bəz'ičən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **besicht**) » **transitiv** **DE** *besuchen* [aufsuchen] • **FR** *rendre visite à, aller voir* • **EN** *to visit* [a person] • **PT** *fazer uma visita a, visitar* [uma pessoa] **Beispill** **kommt** eis **dach** **emol** **besichen**!; ech gi **meng** **Bom** **zweemol** d'**Woch** **besichen**; d'**Ausstellung** ass ganz **gutt** **besicht** [et komme vill **Leit** d'**Ausstellung** **kucken**]

besichtegen [bəz'ičtəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **besichtegt**) » **transitiv** **DE** *besichtigen* • **FR** *visiter* [un lieu] • **EN** *to visit* [a place] • **PT** *visitar* [um lugar] **Beispill** d'**Kanner** **hunn** um **Schoulausfluch** e **Schluss** **besichtegt**

besiess [bəz'ias] Adjektiv **besiess** (vun) **DE** *besessen* (von) • **FR** *possédé* (de), *envoûté* (par) • **EN** *possessed* (by) • **PT** *possesso* (por) **Beispill** fréier **hu** se **vun** den **Hexe** **gesot**, se **wiere** vum **Däiwel** **besiess**; d'**Kand** ass **be-siess**, fir an d'**Spillschoul** ze **goen** **egs** [d'**Kand** **geet** ganz **gär** an d'**Spillschoul**]

i „besiess“ kann och de Participe passé vum Verb ↗**besëtzen** sinn.

Besoin [b'əzwɛ:] Maskulinum (Pluriel **Besoien**) **1. DE** *Bedürfnis* [Wunsch, Verlangen] • **FR** *besoin* [désir] • **EN** *need* [wish] • **PT** *necessidade, precisão* [desejo] **Beispill** ech **hunn** de **Besoin**, mat **engem** iwwer **meng** **Problemer** ze **schwätzen** **Synonym** *Bedierfnis* **2. DE** *Bedürfnis* [Notwendigkeit] • **FR** *besoin* [nécessité, exigence] • **EN** *need(s), requirement(s)* • **PT** *necessidade* [exigência] **Beispill** déi nei **Busse** sinn op d'**Besoine** **vu** **Leit** **mat**

enger Behënnerung ausgeriicht; de Schoulmeeschter geet op déi individuell **Besoine** vun de Schüler an **Synonym** Bedierfnis **3. DE** Bedarf • **FR** besoin [demande] • **EN** need [demand] • **PT** necessidade, precisão [falta, carência] **Beispiller** d'Industrie huet e grouesse **Besoin** un Energie; et besteet e reelle **Besoin** u Crèchèplazen **Synonym** Bedarf

besonnesch [bəz'ɔnəʃ] Adjektiv **DE** besondere [außergewöhnlich] • **FR** spécial, particulier • **EN** particular, special • **PT** especial, particular **Beispiller** ech wëll der fir däi Gebuertsdag e **besonnesche** Kaddo maachen; d'Leit hunn dem Riedner gespaant nogelauschtert, mee en hat näischt **Besonnesches** ze verzielen **Synonymmen** extra, speziell

besonnesch [bəz'ɔnəʃ] Adverb **1. DE** besonders [sehr] • **FR** particulièrement [spécialement] • **EN** especially, particularly • **PT** especialmente [muito] **Beispiller** meng Jungend war eng **besonnesch** glécklech Zäit; ech hunn déi klassesch Musek net **besonnesch** gär **Synonym** extra **2. DE** besonders, vor allem • **FR** surtout, notamment • **EN** especially, above all • **PT** sobretudo, principalmente **Beispiller** d'Theaterstéck huet eis guut gefall, **besonnesch** den zweeten Akt; dee Kënschtler ass **besonnesch** fir seng Skulpture bekannt **Synonymmen** apaart, virun allem, zemools

besprëtzen [bəʃpʁ'ɛtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé besprëtz) » **transitiv DE** besprützen • **FR** éclabousser • **EN** to splash • **PT** salpicar [aspergir, sujar] **Beispill** den Auto huet d'Leit mat Bulli besprëtz

1 Variant: besprützen

besprächen [bəʃpʁ'ɪɔçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé besprach) » **transitiv 1. DE** besprechen [absprechen] • **FR** discuter de • **EN** to talk about • **PT** discutir [um assunto] **Beispill** déi Fro muss ech fir d'éischt mat menger Partnerin besprächen **Synonym** beschwätzen **2. DE** besprechen [rezensieren] • **FR** critiquer [une œuvre littéraire ou artistique], faire la critique de • **EN** to review [a book, a film] • **PT** criticar [uma obra literária ou artística], fazer a crítica de **Beispill** de Roman gouf an der Zeitung besprach

besprutzen [bəʃpʁ'utsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé besprutzt) - Variant vun ↗besprëtzen

Bëss [bəs] Maskulinum (Pluriel Bëss) **DE** Biss • **FR** morsure • **EN** bite [wound] • **PT** mordedura, mordidela **Beispiller** de Bëss vun enger Schlaang kann déidlech sinn; dëse Kritiker huet säi Bëss verluer [əgs] [dëse Kritiker ass net méi esou aggressiv]

bësschen [b'əsʃən] Indefinitpronomen - Variant vun ↗bëssen

bësseg [b'əsəç] Adjektiv **1. DE** bissig [gefährlich] • **FR** qui mord, méchant • **EN** snappish [inclined to bite] • **PT** que morde, perigoso **Beispill** hie muss säi bësseg Hond stänneg un der Léngt halen **2. DE** bissig [höhnisch, verletzend] • **FR** agressif, blessant, mordant, caustique [narquois] • **EN** biting, caustic • **PT** mordaz, cáustico **Beispiller** ech verdroen deng bësseg Remarken net méi; hie kann esou richteg bësseg ginn **Synonym** sarkastesch

bësselchen [b'əsəlçən] Indefinitpronomen - Variant vun ↗bëssen

bëssen [bəsən] Indefinitpronomen e bëssen **DE** et-was, ein bisschen • **FR** un peu (de) • **EN** some, a little, a bit (of) • **PT** um pouco (de) **Beispiller** mir hunn nach e bësse Sputt am Budget; ass dat net e bësse vill verlaangt?; d'Käche léisst d'Zooss nach e bëssen akachen; géi e bëssen an d'frësch Loft, dat kann der nëmme gutt-doen!

1 Varianten: bësschen, bësselchen, bëssi

besser [b'æse] Adjektiv **1. DE** besser [qualitativ besser] • **FR** meilleur [qualitativement supérieur, préférable] <Adverb mieux> • **EN** better [of better quality, superior] <Adverb better> • **PT** melhor [qualitativamente superior, preferível] **Beispiller** ech brauch e bessere Knäip, deen heiten daacht näischt; wa mer keng besser Offer kréien, da muss mer déi do alt unhuelen; et geet der Patientin haut bedeitend besser; wie weess, vläicht ass et besser esou; hie weess ëmmer alles besser [hie mengt, hien hätt ëmmer Recht]; hues du näischt Besseres ze dinn, wéi hei erërmzehänken? [hues du näischt méi Sënnvolles ze dinn, wéi hei erëmzehänken?] **2. [əgs] [pejorativ] DE** besser [gesellschaftlich höhergestellt] • **FR** huppé, haut placé, de la haute • **EN** better [posh, upper-class] • **PT** fino, da alta (sociedade) **Beispiller** säin neie Frëndche kënnt anscheinend aus engem bessere Milieu; si wëllen näischt mat eis ze dinn hunn, se ginn sech nëmme mat bessere Leit of

besseren [b'æsəran] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebessert) » **reflexiv DE** sich bessern • **FR** s'améliorer, évoluer positivement, évoluer à son avantage • **EN** to get better, to improve • **PT** melhorar, emendar-se **Beispiller** nom ville Reen huet d'Wieder sech gebessert; deem Kranke säin Zoustand bessert sech vun Dag zu Dag; zënter datt hien am Prisong war, huet e sech gebessert; deen do bessert sech ni!

1 Verben, déi **besseren** als Basis hunn: ↗ausbesseren an ↗opbesseren

Besserung [b'æsəruŋ] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** Besserung [Verbesserung] • **FR** amélioration • **EN** improvement • **PT** melhoria, melhoramento **Beispiller** mam Wieder ass nach keng Besserung ze erwaarden; de Raudi huet héich an helleg Besserung versprach **2. DE** Besserung [Erholung] • **FR** rétablissement [convalescence] • **EN** recovery [of health] • **PT** melhoras [no estado de saúde] **Beispill** no der Operatioun hu meng Frënn mir eng gutt Besserung gewünscht

Besserwësser [b'æsevəsə] Maskulinum (Pluriel Besserwësser) **DE** Besserwësser • **FR** pédant [donneur de leçons] • **EN** know-all • **PT** sabichão, pedante **Beispiller** mat esou engem Besserwësser kann een net diskutieren!; um Virtrag waren nëmme Besserwësser, déi een deem anere wollten imponéieren

1 Weiblech Form: ↗Besserwësserin

Besserwësserin [b'æsevəsərin] Femininum (Pluriel Besserwësserinnen)

1 Variant: Besserwëssesch

1 Männlech Form: ↗Besserwësser

Besserwëssesch [b'æsevəsəʃ] Femininum (Pluriel Besserwësseschen) - Variant vun ↗Besserwësserin

bëssi [b'əsi:] Indefinitpronomen - Variant vun ↗bëssen

bestärken [bæft'ɛ:ɡkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bestärkt) » **transitiv** bestärken an **DE** *bestärken in* • **FR** *conforter dans [une opinion, une attitude]* • **EN** *to confirm [to strengthen]* • **PT** *reforçar, encorajar [numa opinião, numa atitude]* **Beispiller** deng Iwwerleeunge **bestärke** mech a menger Meenung; nodeem ech dat gewuer gouf, fillen ech mech a menger Decisioune **bestärkt**

Bestand [bæft'ant] Maskulinum (Pluriel Bestänn) **DE** *Bestand [Anzahl]* • **FR** *nombre, quantité, fonds* • **EN** *stock [supply]* • **PT** *número, quantidade, fundo* **Beispiller** am Mëttelmier ass de **Bestand** vun de Sardinne staark zeréckgaangen; beim Inventaire gëtt de **Bestand** vun de Bicher an eiser Bibliothéik kontrolléiert

Bestanddeel [bæft'antde:l] Maskulinum (Pluriel Bestanddeeler) **DE** *Bestandteil* • **FR** *élément constitutif, partie intégrante* • **EN** *integral part, component* • **PT** *parte integrante, componente* **Beispiller** d'Informatik ass e feste Bestanddeel vun der Schoulausbildung; Stagen a Projete sinn integral Bestanddeeler vun der Formation; ech hunn den Auto a seng Bestanddeeler zeruecht

Bestandsopnam [bæft'antsopna:m] Femininum (Pluriel Bestandsopnamen) **DE** *Bestandsaufnahme* • **FR** *inventaire, bilan [d'une situation, d'un état]* • **EN** *inventory, review* • **PT** *inventário, balanço [de uma situação, de um estado]* **Beispiller** mir loossen all Joer eng Bestandsopnam vun eisem techneschen Ekipement maachen; déi lescht Bestandsopnam huet gewisen, datt d'Mesuren, déi mer geholl haten, net all gegruff hunn

bestänneg [bæft'ænəç] Adverb **DE** *beständig, ständig [andauernd]* • **FR** *constamment* • **EN** *constantly* • **PT** *constantemente* **Beispiller** eist Klengt ass **bestänneg** amgaang ze houschten; si gi **bestänneg** vun hiren Eltere kontrolléiert **Synonymmen** andauernd, stänneg, an engem Stéck

bestänneg [bæft'ænəç] Adjektiv **DE** *beständig [konstant]* • **FR** *stable [invariable]* • **EN** *settled [weather]* • **PT** *estável [invariável]* **Beispill** mir sollen dës Woch **bestänneg** Wieder kréien

bestätegen [bæft'ɛ:təzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bestätegt) » **transitiv** **DE** *bestätigen [für richtig erklären]* • **FR** *confirmer [affirmer l'exactitude de]* • **EN** *to confirm* • **PT** *confirmar [afirmar a exatidão de]* **Beispiller** meng Frënn kënnen **bestätegen**, datt ech dat do gesot hunn; déi gutt Noricht gouf elo just **bestätegt**; mat denger Äntwert fillen ech mech a menger Iddi **bestätegt** [mat denger Äntwert fillen ech mech a menger Iddi ënnerstëtzt] **Synonym** confirméieren

Bestätegung [bæft'ɛ:təzʊŋ] Femininum (Pluriel Bestätegungen) **DE** *Bestätigung [Nachweis]* • **FR** *confirmation [attestation], preuve* • **EN** *confirmation, proof* • **PT** *confirmação, prova* **Beispill** ech hunn eng Rei **Bestätegung** fir meng Theorië fonnt **Synonym** Confirmation

bestäuben [bæft'ɔvəʊn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bestäubt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Besteck [bæft'æk] Neutrum (Pluriel Bestecker) **DE** *Besteck [Essbesteck]* • **FR** *couvert(s) [ustensiles de table]* • **EN** *cutlery* • **PT** *talher(es)* **Beispill** ech hunn deen Zerwiss an dat sëlwert **Besteck** vu menger Tatta geierft **Synonymmen** Couvert, Löffelgeschier

besteeënd [bæft'e:ənt] Adjektiv **DE** *bestehend, vorhanden* • **FR** *existant, en place* • **EN** *existing* • **PT** *existente, vigente* **Beispill** et gouf decidéiert, déi **besteeënd** Serwicer auszubauen **Synonym** existent

I Variant: bestoend

besteieren [bæft'aɪəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé besteiert) » **transitiv** **DE** *besteuern* • **FR** *imposer, taxer* • **EN** *to tax* • **PT** *tributar, taxar* **Beispiller** d'Akommes vun de Leit gëtt **besteiert**; d'Regierung wëllt de Mazout méi héich **besteieren**

Besteierung [bæft'aɪəɾʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Besteuerung* • **FR** *imposition, taxation* • **EN** *taxation* • **PT** *tributação, taxação* **Beispill** an der Chamber gëtt iwwer d'Besteierung vun de Léin debattéiert

bestellen [bæft'æləŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bestellt) » **transitiv** **1.** **DE** *bestellen [in Auftrag geben, haben wollen]* • **FR** *commander [passer commande de]* • **EN** *to order [to request]* • **PT** *pedir, encomendar* **Beispiller** eist Klengt **huet** sech ganz eleng bei der Serveuse en Dessert **bestallt**; de Bouf **huet** sech beim Kleeschen e Vëlo **bestallt**; meng Mamm **huet** eng Mass beim Paschtouer **bestallt** [meng Mamm **huet** de Paschtouer gefrot, fir eng Mass gehalen ze kréien]; d'Koppel **huet** sech eppes **bestallt** [egs] [d'Koppel erwaart e Kand] **2.** **DE** *bestellen [kommen lassen]* • **FR** *faire venir [un prestataire de services], convoquer* • **EN** *to call [to summon]* • **PT** *chamar [um fornecedor de serviços], convocar* **Beispiller** ech **hu** fir zéng Auer en Taxi **bestallt**; de Chef **huet** mech fir de Mëtteg op de Büro **bestallt**

I Verben, déi **bestellen** als Basis hunn: ↗matbestellen, ↗nobestellen, ↗ofbestellen an ↗virbestellen

Bestellung [bæft'æluŋ] Femininum (Pluriel Bestellungen) **1.** **DE** *Bestellung [Auftrag]* • **FR** *commande [ordre d'achat]* • **EN** *order [purchase order]* • **PT** *encomenda [pedido de compra]* **Beispill** Dir kënnt eis Är **Bestellung** mailen **Synonym** Commande **2.** **DE** *Bestellung [bestellte Ware]* • **FR** *commande [marchandise commandée]* • **EN** *order [ordered goods]* • **PT** *encomenda [mercadoria encomendada]* **Beispill** Är **Bestellung** gëtt nach haut fortgeschéckt **Synonym** Commande

bestëmmen [bæft'əmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bestëmmt) » **transitiv** **1.** **DE** *bestimmen [entscheiden, festlegen]* • **FR** *décider, fixer, définir* • **EN** *to decide, to stipulate* • **PT** *decidir, fixar, definir* **Beispiller** ech **bestëmmen**, wat hei gemaach gëtt!; d'Gemengerelement **bestëmmt** d'Héicht vun de Gebaier **2.** **DE** *bestimmen [ermitteln]* • **FR** *déterminer, évaluer* • **EN** *to determine* • **PT** *determinar, avaliar* **Beispiller** mat de Joresréng kann een den Alter vu ville Beem **bestëmmen**; et ass schwierig, d'Déift vun dësem Pëtz genee ze **bestëmmen** **3.** **DE** *bestimmen [zuordnen]* • **FR** *identifier [classer]* •

EN to identify, to classify • PT *identificar, classificar* **Beispill** dëse Champignon ass ganz schwéier ze bestëmmen

i Verben, déi **bestëmmen** als Basis hunn: *matbestëmmen an virausbestëmmen*

bestëmmt [bæft'æmt] Adjektiv **1.** DE *bestimmt* [speziell, gewiss] • FR *certain, précis* • EN *certain, specific* • PT *certo, determinado, preciso* **Beispiller** ënner **bestëmmte** Konditiounen huet ee Recht op e Subsid; hues du un eppes **Bestëmmtes** geduecht?; eng **bestëmmte** Persoun huet sech bei mir beklot (⇒ seet een, wann een d'Persoun, déi ee mengt, net wëllt mam Numm nennen) **2.** firenee **bestëmmt** sinn DE *füreinander bestimmt sein* • FR *être faits l'un pour l'autre* • EN *to be made for one another* • PT *ser feitos um para o outro* **Beispill** beim éischte Rendez-vous woussten se schon, dat se firenee **bestëmmt** waren **3.** DE *bestimmt* [Artikel] • FR *défini* [article] • EN *definite* [article] • PT *definido* [artigo] **Beispill** „den“ ass e **bestëmmt**, „en“ ass en onbestëmmt Artikel

i „bestëmmt“ kann och de Participe passé vum Verb *bestëmmen* sinn.

bestëmmt [bæft'æmt] Adverb **1.** DE *bestimmt, gewiss* • FR *certainement, sans aucun doute* • EN *certainly, definitely* • PT *certamente, de certeza, sem dúvida* **Beispiller** du hues **bestëmmt** Recht mat dem Iwwerleeung; d'Doktesch sot, si kéim ganz **bestëmmt** laanscht **Synonym** sécher **2.** DE *sicher* [als Vermutung] • FR *sûrement, vraisemblablement* • EN *surely* [most likely] • PT *certamente* [com grande probabilidade] **Beispill** d'Kanner hu **bestëmmt** mat gudder Absicht gehandelt **Synonymmen** sécher, sécherlech

Bestëmmtheit Femininum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Bestëmmung [bæft'æmʊŋ] Femininum **1.** (Pluriel **Bestëmmungen**) DE *Bestimmung, Vorschrift* • FR *règlement, disposition* • EN *regulation* • PT *regulamento, disposição* **Beispiller** eng nei **Bestëmmung** verbitt de Leit, am Fall vun enger Dréchent den Auto ze wäschen; deen nächste Mount trieden eng Rei nei **Bestëmmungen** a Kraaft **Synonym** Virschrëft **2.** (kee Pluriel) DE *Bestimmung* [Berufung] • FR *vocation* [inclination, destin] • EN *vocation, calling* • PT *vocação* [inclinação, destino] **Beispill** et war seng **Bestëmmung**, an d'Klouschter ze goen **Synonym** Vociatioun

bestiechen [bæft'ieçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *bestach*) » **transitiv** DE *bestechen* [erkaufen] • FR *corrompre, acheter* • EN *to bribe* • PT *corromper, subornar* **Beispill** den Zeien huet sech **bestieche** gelooss

bestiechlech [bæft'ieçləç] Adjektiv DE *bestechlich* • FR *corruptible, vénal* • EN *bribeable, corruptible* • PT *corruptível, subornável, venal* **Beispill** en Arbitter sollt net **bestiechlech** sinn **Synonym** korrupt

Bestiechung [bæft'ieçʊŋ] Femininum (kee Pluriel) DE *Bestechung* • FR *corruption* • EN *bribe* • PT *corrupção, suborno* **Beispill** hien ass wéinst **Bestiechung** zu zwee Joer Prisong verurteelt ginn **Synonym** Korruptioun

bestielen [bæft'ielən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *bestuel*) » **transitiv** DE *bestehlen* • FR *voler*,

dévaliser • EN *to steal from* • PT *roubar, despojar* **Beispill** dee Brigang **bestielt** d'Leit drop an derwidder **Synonym** beklaunen

Bestietnes [bæft'ietnəs] Neutrum (Pluriel **Bestietnesser**) DE *Eheschließung, Hochzeit* • FR *mariage* [fait de se marier] • EN *marriage, wedding* • PT *casamento* [ato de se casar] **Beispill** d'**Bestietnes** op der Gemeng ass haut de Mëtteg **Synonym** Mariage

i Variant: **Bestietnis**

Bestietnis [bæft'ietnis] Neutrum (Pluriel **Bestietniss-er**) - Variant vun *Bestietnes*

bestoen [bæft'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *bestanen* / *bestan*) » **intransitiv** **1.** DE *existieren, bestehen, geben* • FR *exister* [être présent, réel] • EN *to exist* [to be present, to be extant] • PT *existir, haver* **Beispiller** dëse Buttek **besteet** schon zënter méi ewéi 100 Joer; an dësem Fall **bestinn** zwou Méiglechkeete fir ze reagieren **2.** DE *existieren, auskommen* • FR *subsister, vivre* • EN *to live, to subsist* • PT *subsistir, viver* **Beispill** mat esou engem Hongerloun ka kee **bestoen**! **Synonym** existieren **3.** **bestoen** aus DE *bestehen* aus • FR *être fait de, se composer de, consister en* • EN *to be made of, to consist of* • PT *constar de, compor-se de, consistir em* **Beispiller** dës Maschinn **besteet** aus 1253 Einzelstécker; deem Bauer säi Liewe **besteet** nëmmen aus Schaffen **4.** **bestoen** op DE *bestehen* *auf*, *beharren auf* • FR *insister sur, exiger* • EN *to insist (on)* • PT *insistir em, exigir* **Beispiller** d'Aarbechter **bestinn** op d'Unerkennung vun hire Rechter; ech **bestinn** drop, datt dir iech bei der Bomi entschëllegt! » **transitiv** **5.** DE *bestehen* [erfolgreich abschließen] • FR *réussir* [une épreuve] • EN *to pass* [an exam, a test] • PT *passar em* [num exame, numa prova] **Beispiller** et huet kee Kandidat den Test **bestanen**; d'Studenten hunn d'Examen all **bestanen** **Synonym** packen

i Verben, déi **bestoen** als Basis hunn: *virubestoen an wei-derbestoen*

bestoend [bæft'o:ənt] Adjektiv - Variant vun *besteeënd*

bestralen [bæft'r'a:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *bestraalt*) » **transitiv** DE *bestrahlen* [mit Strahlen behandeln] • FR *irradier* [traiter aux rayons] • EN *to irradiate* [to expose to radiation] • PT *irradiar* [tratar com radiação] **Beispiller** deen Tumeur muss **bestraalt** ginn; et kann ee verschidde Gewierzer **bestralen**, fir d'Keimen ze eliminieren

Bestralung [bæft'r'a:lʊŋ] Femininum (Pluriel **Bestralungen**) DE *Bestrahlung, Radiotherapie* • FR *radiothérapie* • EN *radiotherapy* • PT *radioterapia* **Beispill** am Kader vun hirer Kriibsbehandlung fänkt meng Mamm haut mat de **Bestralungen** un

bestreiden [bæft'r'a:ɪdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *bestriden*) » **transitiv** DE *bestreiten* [leugnen] • FR *contester* [nier] • EN *to deny* • PT *contestar* [negar] **Beispill** datt an där Saach Feeler gemaach goufen, dat **bestreit** jo keen **Synonym** ofstreiden

bestrieft [bæft'r'ieft] Adjektiv **bestrieft** sinn ze DE *bestrebt sein* zu • FR *s'efforcer de* • EN *to strive to* • PT *esforçar-se por* **Beispill** mir si **bestrieft**, esou séier ewéi méiglech eng Léisung ze fannen **Synonymmen** säi

Bescht maache fir, sech beméien, sech druginn

bestrofen [bæʃtr'ɔ:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *bestrooft*) » **transitiv** DE *bestrafen* • FR *punir* [*infliger une punition à*] • EN *to punish* • PT *castigar*, *punir* **Beispiller** de Schoulmeeschter *bestrooft* all Kand, dat säin Heft vergiess huet; meng Cousinë *goufe bestrooft*, well se sech de Batti gestallt haten **Synonym** strofen

Bestseller Maskulinum (Pluriel *Bestseller* / *Bestselleren*)

Hei entsteet en neien Artikel.

bestueden [bæʃt'uədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *bestuet*) » **transitiv** 1. DE *trauen* • FR *marié* [*lunir par le mariage*] • EN *to marry* [*to join in marriage*] • PT *casar* [*lunir por casamento*] **Beispiller** de Buergermeeschter *huet déi jonk Koppel bestuet*; mir ginn d'nächst Woch *bestuet* 2. DE *heiraten* [*eine Ehe schließen mit*] • FR *épouser* [*se marier avec*] • EN *to marry* [*to get married to*] • PT *casar com* [*contrair matrimónio com*] **Beispill** mäin Neveu *bestit* e räicht Meedchen » **reflexiv** 3. DE *heiraten* [*eine Ehe schließen*] • FR *se marier* • EN *to get married* • PT *casar-se* [*contrair matrimónio*] **Beispill** eise Kollege *bestit* sech déi aner Woch

bestuet [bæʃt'uət] Adjektiv DE *verheiratet* • FR *marié* • EN *married* • PT *casado* **Beispiller** et waren nëmme *bestuete* Koppelen op där Soirée; meng Eltere sinn zënter 40 Joer (mateneen) *bestuet*; ech sinn net mat him *bestuet* [égs] [ech hu keng Verlichtungen him géintiwwer]; dat do ass vergiess, ier s de *bestuet* bass! [égs] [dat do ass geschwë vergiess]

„bestuet“ kann och de Participe passé vum Verb *bestueden* sinn.

Besuch [bæz'uχ] Maskulinum (kee Pluriel) 1. (op) *Besuch* DE (*auf*) *Besuch* • FR (*en*) *visite* • EN *visit* • PT (*de*) *visita* **Beispiller** hie war d'lescht Woch bei senger Tatta op *Besuch*; mir kommen deemächst eng Kéier bei iech op *Besuch*; ech hu *Besuch* vum der Police kritt [égs] [d'Police ass bei mech heem komm] 2. DE *Besuch* [*Gast, Gäste*] • FR *visiteur(s)* • EN *visitors* [*guests*] • PT *visita(s)* [*visitante(s)*] **Beispiller** mir erwaarde *Besuch*; eis Duechter hat gëschter d'Haus voller *Besuch*; ech ka muer net mat an de Kino, mir kréie *Besuch*

Besuchszäit [bæz'uχstzæ:ɪt] Femininum (Pluriel *Besuchszäiten*)

Hei entsteet en neien Artikel.

besuddelen [bæz'udələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *besuddelt*) » **transitiv** [égs] DE *besudeln* • FR *salir* [*souiller*] • EN *to dirty*, *to splatter* • PT *manchar*, *sujar* **Beispiller** pass op, dat s de däin neit Hiem net *besuddels*; si huet hire Rack mat Äerdblersglace *besuddelt* **Synonymmen** begladderen, besabbelen

besuergen [bæz'u:ɔzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *besuergt*) » **transitiv** DE *besorgen*, *beschaffen* • FR *procurer* [*fournir*] • EN *to get* [*to procure*] • PT *arranjar*, *obter* **Beispill** kënnt Dir mir dëst Ersatzstéck *besuergen*? **Synonym** beschafen

besuergt [bæz'u:ɔct] Adjektiv 1. DE *besorgt*, *sorgenvoll* • FR *inquiet*, *préoccupé* • EN *worried* • PT *inquieto*, *preocupado* **Beispill** mir si *besuergt*, well mer zënter

e puer Deeg näischt méi vun eisen Noperen héieren hunn 2. *besuergt* (ëm) DE *besorgt* (*um*) [*fürsorglich*] • FR *attentionné* (*avec*) • EN *attentive* (*to*), *caring* (*towards*) • PT *atencioso* (*com*) **Beispill** d'Meedchen ass ganz *besuergt* ëm säi klenge Brudder

„besuergt“ kann och de Participe passé vum Verb *besuergen* sinn.

Beta Maskulinum (kee Pluriel) - Kuerzform vun *Beta*-Variant

Beta-Variant Femininum (Pluriel *Beta-Varianten*) [Bi-ologie] DE *Beta-Variante* [*Coronavirus*] • FR *variant* *Beta* [*coronavirus*] • EN *Beta variant* [*coronavirus*] • PT *variante* *Beta* [*coronavirus*] **Beispill** wou gouf d'*Beta*-Variant (vum *Coronavirus*) fir d'éischt entdeckt?

Variant: *Beta*-Variant

Kuerzform: *Beta*

Beta-Variant Maskulinum (Pluriel *Beta-Varianten*) - Variant vun *Beta*-Variant

betitelen [bæt'itələŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *betitelt*)

Hei entsteet en neien Artikel.

Bëton [b'ətɔ:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Beton* • FR *béton* • EN *concrete* • PT *betão* **Beispill** déi nei Eisebunnsbréck ass ganz aus *Bëton*

Variant: *Bëtong*

betonéieren [bætən'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *betonéiert*)

Hei entsteet en neien Artikel.

Verben, déi **betonéieren** als Basis hunn: *abetonéieren* an *zoubetonéieren*

Bëtong [b'ətɔŋ] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun *Bëton*

bëtongs onverännerbaart Adjektiv - Variant vun *bëtons*

Bëtongsmauer [b'ətɔŋsmæʊe] Femininum (Pluriel *Bëtongsmauer*) - Variant vun *Bëtongsmauer*

Bëtonneuse [b'ətɔnø:s] Femininum (Pluriel *Bëtonneusen*) 1. DE *Betonmischmaschine*, *Betonmischer* • FR *bétonnière*, *bëtonneuse* • EN *concrete mixer*, *cement mixer* • PT *betoneira* **Beispill** wann s de fäerdeg bass mat der Aarbecht, muss de d'*Bëtonneuse* botzen 2. DE *Transportmischer* [*für Beton*] • FR *camion malaxeur*, *bétonnière portée* • EN *concrete mixer truck* • PT *camião betoneira* **Beispill** mäi Brudder ass Chauffer op enger *Bëtonneuse*

Variant: *Bëttonnière*

Bëttonnière [b'ətɔnɛ:ɐ] Femininum (Pluriel *Bëttonnièren*) - Variant vun *Bëtonneuse*

bëtongs onverännerbaart Adjektiv

Hei entsteet en neien Artikel.

Variant: *bëtongs*

Bëtongsmauer [b'ətɔ:smæʊe] Femininum (Pluriel *Bëtongsmauer*) DE *Betonmauer* • FR *mur en béton* • EN

concrete wall • **PT** muro de betão **Beispill** d'Ufer vum Floss gëtt mat Bëtonsmauere stabiliséiert

i Variant: Bëtongsmauer

betounen [bət'əʊnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé betout) » **transitiv 1.** **DE** betonen, akzentuieren [einen Laut] • **FR** accentuer [mettre l'accent tonique sur] • **EN** to stress [a syllable, a word] • **PT** acentuar [colocar o acento tónico em] **Beispill** an dësem Wuert gëtt déi virlescht Silb betout **Synonym** accentuéieren **2.** **DE** betonen, hervorheben • **FR** souligner, insister sur • **EN** to stress [to emphasize] • **PT** acentuar, sublinhar, realçar **Beispill** ech wëll betounen, datt ech domat net averstane sinn!

Betoung [bət'əʊnʊŋ] Femininum (Pluriel Betoungungen) **1.** **DE** Betonung, Akzent [Ton] • **FR** accent [intensité de la voix] • **EN** stress, accent • **PT** acento [intensidade da voz] **Beispill** an eiser Sprooch läit d'Betoung dacks op der virleschter Silb wum Wuert **Synonym** Akzent **2.** **DE** Akzent, Betonung [Gewicht] • **FR** accent [poids] • **EN** stress [emphasis, importance] • **PT** acento [ênfase] **Beispill** am President senger Neijoerschried louch d'Betoung op de positiven Aspekter vum vergaangene Joer **Synonym** Akzent

beträchtlech [bətɾ'æçtləç] Adjektiv **DE** beträchtlich • **FR** considérable <Adverb considérablement> • **EN** considerable <Adverb considerably> • **PT** considerável [elevado, importante] <Adverb consideravelmente> **Beispiller** eng Millioun Euro ass ëmmer nach eng beträchtlech Zomm fir en Haus; de Chômage ass an de leschte Méint beträchtlech an d'Luucht gaangen **Synonym** gehéiereg

betraff [bətɾ'af] Adjektiv **DE** betroffen [bestürzt] • **FR** consterné <Adverb avec consternation> • **EN** distressed, shocked <Adverb with distress> • **PT** consternado <Adverb com consternação> **Beispiller** mir waren alleguer déif betraff, wéi mer vun deem trageschen Accident héieren hunn; d'Memberen hu ganz betraff op déi schlëmm Noricht reagéiert

i „betraff“ kann och de Participe passé vum Verb **betreffen** sinn.

Betrag [bətɾ'a:ç] Maskulinum (Pluriel Beträg) **DE** Betrag • **FR** montant [somme (d'argent)] • **EN** sum, amount [of money] • **PT** montante [soma (de dinheiro)] **Beispiller** all Member huet e Betrag vu 45 Euro iwwerwisen; hei kann een eréischt Beträg vun iwwer 25 Euro mat der Kreditkaart bezuelen **Synonymmen** Montant, Zomm

Betragen Neutrum (kee Pluriel) **vereezelt** **DE** Betragen [Schulnote] • **FR** conduite [évaluation scolaire] • **EN** conduct [student grade] • **PT** comportamento [avaliação escolar] **Beispill** an der Primärschoul hat ech meeschtens eng Eins am Fläiss an am Betragen **Synonym** Conduite

Betreff [bətɾ'æf] Maskulinum (Pluriel Betreffer)

i Hei entsteet en neien Artikel.

betreffen [bətɾ'æfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé betraff) » **transitiv DE** betreffen [angehen] • **FR** concerner • **EN** to concern [to affect] • **PT** dizer respeito a, concernir **Beispiller** dat neit Reglement betrëfft all d'Leit aus der Gemeng; dat do betrëfft eis net; wat mech betrëfft, braucht Der Tech keng Suergen

ze maachen; déi betraffe Leit si vun der Assurance entschiedegt ginn **Synonym** concernéieren

betreffend [bətɾ'æfənt] Adjektiv **DE** betreffend • **FR** en question, dont il est question, concerné • **EN** in question, concerned • **PT** em questão, de que se trata **Beispiller** dee betreffende Passage gouf aus dem Text gestrach; am Turnsall huet een seng Auer verluer, dee Betreffende soll sech an der Loge mellen

betreien [bətɾ'ɑiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé betreit) » **transitiv 1.** **DE** betreiben [sich kümmern um, pflegen] • **FR** prendre en charge, s'occuper de • **EN** to look after • **PT** tomar conta de, cuidar de **Beispill** dës Crèche betreit Kanner tëschent zwee a véier Joer **Synonym** encadréieren **2.** **DE** betreiben [verwalten] • **FR** gérer, être responsable de • **EN** to run, to manage • **PT** gerir, ser responsável por **Beispill** d'Bibliothéik gëtt vun zwee Fachleit betreit

Betreiung [bətɾ'ɑiʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Betreuung [Fürsorge, Pflege] • **FR** prise en charge [soin, suivi] • **EN** care, looking after [patients] • **PT** assistência, cuidados **Beispiller** an deem Heem ginn nei Infrastrukture fir d'Betreiung vu Leit mat enger Behënnerung geschafen; d'Betreiung vu psychesch Kranken ass eng Aarbecht fir Spezialisten **Synonym** Encadrement

Betreiungsservice [bətɾ'ɑiʊŋsɛrvɪs] Maskulinum (Pluriel Betreiungsservicer) **DE** Betreuungsservice, Betreuungseinrichtung • **FR** service d'accueil, service de prise en charge • **EN** welfare service, social care service • **PT** serviço de acolhimento, serviço de acompanhamento **Beispill** eis Gemeng bitt zënter Kuerzem méi flexibel Betreiungsservicer un

Betreiungsstruktur [bətɾ'ɑiʊŋsʃtɾuktʊ:ç] Femininum (Pluriel Betreiungsstrukturen) **DE** Betreuungsstruktur • **FR** structure d'accueil • **EN** welfare organization, social care service • **PT** estrutura de acolhimento **Beispill** eis Gemeng wëllt zwou nei Betreiungsstrukture schafen, eng fir Kanner an eng fir eeler Leit

Betrib [bətɾ'i:p] Maskulinum **1.** (Pluriel Betriber) **DE** Betrieb [Firma] • **FR** entreprise, firme • **EN** firm, business • **PT** empresa, firma **Beispiller** mäi Kolleeg huet elo säin eegene Betrib opgemaach; all Joer maachen eng Partie Betriber Faillite; wann hien net do ass, da steet de Betrib **ëgs** [wann hien net do ass, da gëtt näischt geschafft]; de Betrib geet den Owend zesumme Keele spillen [d'Mataarbechter aus dem Betrib ginn den Owend Keele spillen] **Synonymmen** Boite, Entreprise **2.** (kee Pluriel) **DE** Betrieb [Betriebsamkeit] • **FR** animation [activité, agitation] • **EN** activity, life • **PT** movimento [atividade, agitação] **Beispill** am Summer ass op der Plage ëmmer vill Betrib **3.** a Betrib huelen **DE** in Betrieb nehmen • **FR** mettre en service • **EN** to put into service • **PT** pôr em funcionamento **Beispill** déi al Mille soll restauréiert an nees a Betrib geholl ginn **4.** ausser Betrib **DE** außer Betrieb • **FR** hors service • **EN** out of order • **PT** fora de serviço **Beispill** d'Maschinn ass ausser Betrib

Betribsfeier [bətɾ'i:psfɑiɛ] Femininum (Pluriel Betribsfeieren) **DE** Betriebsfeier, Betriebsfest • **FR** fête du personnel • **EN** office party, company party • **PT** festa de empresa **Beispill** zënter Joren hu mir eis Betribsfeier just virun der Grousser Vakanz

Betriebsfinanzen [bæʁ'i:psfɪnɑ̃tsən] Femininum (kee Singulier) DE *Unternehmensfinanzen*, *Betriebsfinanzen* • FR *finances d'entreprise* • EN *corporate finance*, *company finance* • PT *finanças de empresa* **Beispill** eise Comptabel schreift grad e Rapport iwwer d'Betriebsfinanzen

Betriebssystem Maskulinum (Pluriel Betriebssystemer)

I Hei entsteet en neien Artikel.

betrieden [bæʁ'iədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *betrueden* / *betratt*) » **transitiv** DE *betreten* [*eintreten in*] • FR *entrer sur*, *entrer dans* • EN *to enter* • PT *entrar em*, *pisar* **Beispill** et ass verbueden, de Chantier ze betrieden!

betruuchten [bæʁ'uəçtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *betruucht*) » **transitiv 1.** DE *betrachten* [*beurteilen*] • FR *considérer* [*apprécier*] • EN *to view*, *to judge* • PT *considerar* [*avaliar*] **Beispiller** vill Leit *betruuchten* dat neit Gesetz mat enger gewëssener Skepsis; wann s de alles *betruucht*s, léiss de d'Fangere vun deem Geschäft! **2.** *betruuchten* als DE *betrachten als* [*halten für*] • FR *considérer comme* [*juger*] • EN *to consider as* [*to judge as*] • PT *considerar como* [*julgar*, *achar*] **Beispill** vill Leit *betruuchten* den aktuelle Wuelstand als normal

Bëtschel [b'ætʃəl] Neutrum (Pluriel Bëtschelen) **1.** DE *junge Ziege* • FR *cabri* • EN *kid* [*young goat*] • PT *cabrito* [*cria da cabra*] **Beispiller** mir hunn um Véimaart zwee Bëtschele kaaft; elo ass d'Bëtschel fett! **[ëgs]** [= seet een, wann et ze spéit ass, fir nach eppes un enger Situatioun ze änneren] **2.** **[ëgs]** **[pejorativ]** DE *Zicke* [*Schimpfwort*] • FR *bique* [*insulte*] • EN *silly goose*, *twit* • PT *cabra* [*insulto*] **Beispill** wat bass du en agebild Bëtschel! **Synonym** Butsch

Bëtschelchen [b'ætʃəlçən] Neutrum (Pluriel Bëtschelcher) - Diminutivform vun **▲**Bëtschel

bëtschelen [b'ætʃələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gebëtschelt*) » **intransitiv** DE *zickeln* • FR *mettre bas* [*chèvre*] • EN *to kid* [*goat*] • PT *parir* [*cabra*] **Beispill** eng vun eise Geessen huet an der Nuecht *gebëtschelt*

Bett [bæʔ] Neutrum **1.** (Pluriel *Better*) DE *Bett* [*Möbelstück*] • FR *lit* [*meuble*] • EN *bed* [*furniture*] • PT *cama* [*móvel*] **Beispiller** de Schräiner mécht eisen Zwillingen nei *Better*; de Papp huet d'Kanner matzäit an d'*Bett* geluecht; daagsiwwer ass eist Klengt propper, mee nuets mécht et nach an d'*Bett*; ech ginn den Owend matzäit an d'*Bett* lech ginn den Owend matzäit schlofen!; et heescht, de Casanova wier gutt am *Bett* gewiescht **[ëgs]** [et heescht, de Casanova wier e gudde Libhaber gewiescht!]; op hirem eischte Rendez-vous si si scho mateneen an d'*Bett* gaangen **[ëgs]** [op hirem eischte Rendez-vous hate si scho Geschlechtsverkéier]; am Wanter kommen ech net aus dem *Bett* [am Wanter hunn ech Schwierigkeete fir mueres opzekommen]; an deem neie Spidol si ronn 600 *Better* [an deem neie Spidol kenne ronn 600 Patiente gläichzäiteg hospitaliséiert ginn] **2.** (kee Pluriel) DE *Bett*, *Flussbett* • FR *lit* [*d'un cours d'eau*] • EN *bed* [*of a river*] • PT *leito* [*de um rio*] **Beispill** mat der Kanalisierung

krut de Floss méi e breet *Bett* **Synonym** Flossbett

Bettchen [b'ætçən] Neutrum (Pluriel *Bettercher*) - Diminutivform vun **▲**Bett

Bettdecken [b'ætdækən] Femininum (Pluriel *Bettdecken*) DE *Bettdecke* • FR *couverture*, *couette* • EN *duvet*, *quilt*, *eiderdown* • PT *cobertor*, *edredão* **Beispill** ech hunn zwou *Bettdecken*, eng dënn fir de Summer an eng méi déck fir de Wanter

Bëttel [b'ətəl] Eegennumm DE *Bettel* • FR *Bettel* • EN *Bettel* • PT *Bettel* **Beispiller** ech wunnen zu *Bëttel*; fiert dëse Bus op *Bëttel*?

Bettenduerf [b'ætəndu:ɛʃ] Eegennumm DE *Bettendorf* • FR *Bettendorf* • EN *Bettendorf* • PT *Bettendorf* **Beispiller** ech wunnen zu *Bettenduerf*; fiert dëse Bus op *Bettenduerf*?

Betteng op der Mess [b'ætəŋopdɛm'æs] Eegennumm DE *Bettengen an der Mess* • FR *Bettange-sur-Mess* • EN *Bettange-sur-Mess* • PT *Bettange-sur-Mess* **Beispiller** ech wunnen zu *Betteng op der Mess*; fiert dëse Bus op *Betteng op der Mess*?

Betterav Femininum (Pluriel *Betteraven*)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Bettfläsch [b'ætflæʃ] Femininum (Pluriel *Bettfläschchen*) DE *Wärmflasche* • FR *bouillotte* • EN *hot-water bottle* • PT *saco de água quente* **Beispill** well ech d'Feiss dacks kal hunn, leeën ech mer gär eng *Bettfläsch* an d'*Bett* **Synonym** Bull

Bettgedecks [b'ætɡədəeks] Neutrum (kee Pluriel) DE *Bettzeug* • FR *draps et couvertures de lit* • EN *bedding* [*bedclothes*] • PT *roupa e coberturas de cama* **Beispiller** hëllef mer, d'*Bettgedecks* ze wiesselen!; am Internat mussen d'Kanner hiert *Bettgedecks* selwer matbréngen **Synonym** Gedecks

Bettgezei [b'ætɡətʃɔi] Neutrum (kee Pluriel) DE *Bettzeug*, *Bettwäsche* • FR *linge de lit* • EN *bed linen* • PT *roupa da cama* **Beispill** hëllef mer, d'*Bettgezei* ze wiesselen! **Synonym** Bettwäsche

bettläägereg [b'ætlɛ:zɛrəç] Adjektiv - Variant vun **▲**bettlägereg

bettlägereg [b'ætlɛ:zɛrəç] Adjektiv DE *bettlägerig* • FR *alité*, *grabataire* • EN *bedridden* • PT *acamado* **Beispill** zënter meng Mamm *bettlägereg* ass, hëlleft e Fleegedéngscht eis, fir si ze suergen

Bettschéier [b'ætʃɛiɛ] Femininum (Pluriel *Bettschéieren*) DE *Bettgitter* • FR *barrière* (*de lit*) • EN *bed rail* • PT *barreira de cama* **Beispill** d'*Bettschéier* verhënnert, datt en onrouege Kranken am Schlof aus dem *Bett* fält

Bettseechesch [b'ætze:çəʃ] Femininum (kee Pluriel) - Kuerzform vun **▲**Bettseecheschalot

Bettseecheschalot [b'ætze:çəʃtsalo:t] Femininum (kee Pluriel) DE *Löwenzahnsalat* • FR *salade de pissenlit* • EN *dandelion salad* • PT *salada de dente-de-leão* **Beispill** ech hu gären haartgekachten Eeër op menger *Bettseecheschalot*

I Kuerzform: Bettseechesch

Bettspree [b'ætʃpɹe:] Femininum (Pluriel Bettspreeën) - Variant vun ↗Bettspreet

Bettspreet [b'ætʃpɹe:t] Femininum (Pluriel Bettspreeten) DE *Tagesdecke* • FR *couvre-lit, dessus-de-lit* • EN *bedspread* • PT *colcha, coberta* **Beispill** d'Bettspreet an eiser Kummer ass aus deem selwechte Stoff ewéi d'Lambrequinen

i Variant: **Bettspree**

i Kuerzform: **Spreet**

Bettwäsch [b'ætvæʃ] Femininum (kee Pluriel) DE *Bettwäsche, Bettzeug* • FR *linge de lit* • EN *bed sheets, bed linen* • PT *roupa de cama* **Beispiller** a verschiddene Jugendherberge muss een d'**Bettwäsch** matbréngen; mäi klenge Brudder huet **Bettwäsch** mat Sportautoen drop **Synonym** Bettgezei

Bëtz [bæts] Substantiv (kee Singulier) DE *Reste [beim Essen]* • FR *restes [nourriture non consommée lors d'un repas]* • EN *leftovers* • PT *restos [alimentos não consumidos durante uma refeição]* **Beispiller** meng net, ech géif deng **Bëtz** iessen!; maach keng **Bëtz**!

Betzder [b'ætsdɛ] Eegennumm DE *Betzdorf* • FR *Betzdorf* • EN *Betzdorf* • PT *Betzdorf* **Beispiller** ech wunnen zu **Betzder**; fiert dëse Bus op **Betzder**?

Betzemillen [b'ætsəmīlən] Eegennumm DE *Betzemillen* • FR *Betzemillen* • EN *Betzemillen* • PT *Betzemillen* **Beispiller** ech wunnen op der **Betzemillen**; fiert dëse Bus op d'**Betzemillen**?

bëtzen [b'ætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebëtzt) » **intransitiv** DE (*den Teller*) *nicht aufessen* • FR *ne pas finir son assiette* • EN *to leave leftovers* • PT *não acabar o prato [não comer tudo]* **Beispill** Kanner, wann der **bëtzt**, da gëtt et herno keng Glace!

beuechten [bə'uɛçtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beuecht) » **transitiv** 1. DE *beachten [einhalten]* • FR *observer, respecter* • EN *to observe, to respect* • PT *observar, respeitar* **Beispill** dir hutt d'Reegelen net **beuecht** an dærfst dofir net méi matspillen 2. net **beuechten** DE *links liegen lassen* • FR *ignorer [traiter avec indifférence]* • EN *to ignore* • PT *ignorar [tratar com indiferença]* **Beispill** um Vernissage huet eis Bekannte mech guer net **beuecht**

beurteelen [bə'u:çte:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé beurteelt) » **transitiv** DE *beurteilen* • FR *juger [apprécier]* • EN *to judge [to form an opinion about]* • PT *julgar, avaliar, apreciar* **Beispill** ech kann dee Roman net **beurteelen**, well ech en nach net gelies hunn **Synonym** jugéieren

bevëlkeren [bəv'ælkəɹən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé bevëlkert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Bevëlkerung [bəv'ælkəɹuŋ] Femininum (Pluriel <seelen> Bevëlkerungen) DE *Bevölkerung* • FR *population* • EN *population [inhabitants]* • PT *população [habitantes]* **Beispill** nom Äerdbiewe gouf d'**Bevëlkerung** aus der betraffener Regioun evakuéiert **Synonym** Populatioun

bevir Konjunktioun Neologismus DE *ehe, bevor* • FR *avant que* • EN *before* • PT *antes que* **Beispill** ech probéieren, doheem ze sinn, **bevir** et däschter gëtt **Synonym** ier

i Kuckt och den etabléierten Term ↗ier.

bevirdeelegen [bəv'i:çde:ləzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bevirdeelegt**) » **transitiv** DE *bevorzugen, begünstigen* • FR *avantager* • EN *to favour* • PT *favorecer* **Beispill** et soll kee wéinst enger Parteikaart **bevirdeelegt** ginn

bevirstoen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bevirgestanen** / **bevirgestan**) » **intransitiv** DE *bevorstehen [herannahen]* • FR *s'annoncer, être à venir* • EN *to be in store, to lie ahead* • PT *anunciar-se, estar para vir* **Beispill** ech fäerten, et stinn eis schwéier Zäite **bevir**

bewaachen [bəv'a:çən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bewaacht**) » **transitiv** DE *bewachen* • FR *garder [surveiller]* • EN *to guard* • PT *guardar, vigiar* **Beispiller** eisen Hond **bewaacht** d'Haus; d'Gebai gëtt stänneg **bewaacht**

bewäerten [bəv'ɛ:çtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bewäert**) » **transitiv** DE *bewerten* • FR *évaluer, juger* • EN *to rate, to judge* • PT *avaliar, julgar, apreciar* **Beispill** du **bewäerts** aner Leit just no hire Leeschtungen!

Bewäertung [bəv'ɛ:çtuŋ] Femininum (Pluriel **Bewäertungen**) DE *Bewertung* • FR *évaluation* • EN *rating* • PT *avaliação* **Beispill** beim leschte Sécherheetstest krut mäin Auto eng gutt **Bewäertung** **Synonym** Evaluatioun

bewaffnet [bəv'afnət] Adjektiv DE *bewaffnet* • FR *armée [équipé d'armes]* • EN *armed* • PT *armado [unido de arma(s)]* **Beispill** zwee Journaliste goufe vu **bewaffnete** Separatisten entfëiert **Synonym** arméiert

Bewäis [bəv'æ:ɪs] Maskulinum (Pluriel **Beweiser**) - Variant vun ↗Beweis

bewältegen [bəv'æltəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bewältegt**) » **transitiv** DE *bewältigen* • FR *dominer, maîtriser, venir à bout de* • EN *to cope (with), to master* • PT *dominar, superar, levar a cabo* **Beispiller** du muss deng Problemer eleng **bewältegen**; déi Aarbecht ass net an engem Dag ze **bewältegen** **Synonym** meeschteren

bewandert [bəv'andət] Adjektiv DE *bewandert, versiert* • FR *versé [compétent]* • EN *(well) versed, knowledgeable* • PT *versado, perito* **Beispill** ech hätt net geduecht, datt däi Frënd historesch esou **bewandert** ass **Synonym** verséiert

bewären [bəv'ɛ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bewäert**) » **reflexiv** DE *sich bewähren* • FR *faire ses preuves* • EN *to prove oneself, to prove one's value* • PT *dar provas, mostrar o seu valor* **Beispiller** déi Maschinn do huet sech an eisem Betrib **bewäert**; hatt huet sech als Pressesprecherin **bewäert**

beweegen [bəv'e:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beweegt**) » **transitiv** 1. DE *bewegen [regen, rühren]* • FR *bouger, remuer* • EN *to move* • PT *mover, mexer, movimentar* **Beispiller** nom Accident konnt mäi Papp säi rietst Been net méi **beweegen**; mat sengem Temperament huet eise President villes **beweegt**

[mat sengem Temperament huet eise President villes erreecht] **2.** beweegeen zu **DE** *bewegen zu, veranlassen zu* • **FR** *amener à, pousser à* • **EN** *to bring to, to induce to* • **PT** *mover a, levar a, induzir a* **Beispill** du hues mech derzou **beweeegt**, bei den Dokter ze goen » **reflexiv 3.** **DE** *sich bewegen* [*sich regen, sich rühren*] • **FR** *bouger, remuer* [*changer de position*] • **EN** *to move* [*to change position*] • **PT** *mover-se, mexer-se, movimentar-se* **Beispiller** d'Fra spiert, wann d'Kand sech am Bauch **beweeegt**; **beweeeg** dech! [ëgs] [maach virun!]; d'Verhandlung **beweege** sech net vun der Plaz [d'Verhandlung ginn net virun] **Synonym** bougéieren

i Verben, déi **beweegeen** als Basis hunn: **↑fortbeweegeen** an **↑hin-an** hierbeweegeen

beweeGLECH [bäv'e:çlœç] Adjektiv **1.** **DE** *beweglich* [*sich bewegen lassend*] • **FR** *mobile, articulé* • **EN** *movable* • **PT** *movível, articulado* **Beispiller** der Popp hir Glidder si **beweeGLECH**; déi **beweeGLECH** Stécker vum Schaf musse virum Plénneren ofmontéiert ginn **2.** **DE** *beweglich, gelenkig* • **FR** *souple, agile* • **EN** *agile, spry* • **PT** *ágil, lesto* **Beispill** fir säin Alter ass hien nach immens **beweeGLECH** **Synonym** beweglich

BeweeGUNG [bäv'e:zʊŋ] Femininum **1.** (Pluriel **BeweeGungen**) **DE** *Bewegung* [*Veränderung der Lage*] • **FR** *mouvement* [*geste, changement de position*] • **EN** *movement* [*motion*] • **PT** *movimento* [*gesto, mudança de posição*] **Beispiller** maach keng brüsk **BeweeGungen**!; kleng Kanner kënnen hir **BeweeGungen** nach net richtig kontrolléieren; hien huet alles a **BeweeGung** gesat, fir dës Plaz ze kréien [hien huet alles versicht, fir dës Plaz ze kréien] **2.** (kee Pluriel) **DE** *Bewegung* [*körperliche Aktivität*] • **FR** *exercice* [*activité physique*] • **EN** *exercise* [*physical activity*] • **PT** *exercício* [*atividade física*] **Beispiller** ech brauch méi **BeweeGung**, fir nees a Form ze kommen; **BeweeGung** ass wichteg fir de Kreeslaf **3.** (Pluriel **BeweeGungen**) **DE** *Bewegung* [*Interessengruppe*] • **FR** *mouvement* [*initiative, organisation*] • **EN** *movement* [*organization, political group*] • **PT** *movimento* [*iniciativa, organização*] **Beispill** aus dem Protest vun e puer Leit ass no an no eng ganz **BeweeGung** entstanden

Beweis [bäv'ais] Maskulinum (Pluriel **Beweiser**) **1.** **DE** *Beweis* [*Nachweis*] • **FR** *preuve* [*indice probant*] • **EN** *proof, evidence* • **PT** *prova* [*indício probatório*] **Beispill** et leie stéchhalte **Beweiser** géint den Ugeklote vir **Synonym** **Preuve 2.** ënner **Beweis** stellen **DE** *unter Beweis stellen* • **FR** *prouver* [*révéler, donner des marques de*] • **EN** *to give proof of, to demonstrate* • **PT** *provar* [*mostrar, dar provas de*] **Beispill** mat deem Projet huet den Architekt säi Kënnen ënner **Beweis** gestallt

i Variant: **Bewäis**

beweisen [bäv'aiszən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beweisen**) » **transitiv 1.** **DE** *beweisen* [*nachweisen*] • **FR** *prouver, démontrer* • **EN** *to prove* [*to establish*] • **PT** *provar, demonstrar* **Beispiller** **beweis** mir, datt s du dee Kuch eleng gebak hues!; d'Tester **hu beweisen**, datt d'Substanz net gëfteg ass **2.** **DE** *beweisen* [*erkennen lassen*] • **FR** *montrer* [*mettre en évidence, faire paraître*] • **EN** *to prove* [*to show*] • **PT** *mostrar, evidenciar* **Beispill** der Vendeuse hir Reaktioun **beweist**, datt si kee Spaass versteet

bewëllegen [bäv'ələzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bewëllegt**) » **transitiv DE** *bewilligen, zugestehen* • **FR** *accorder* [*lallouer, octroyer*] • **EN** *to grant* [*to award*] • **PT** *conceder* [*atribuir, outorgar*] **Beispill** mäi Pätter krut d'Invalidérent net **bewëllegt** **Synonym** accordéieren

bewerben [bäv'ərbən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beworben**) » **reflexiv** sech **bewerben** (fir) **DE** *sich bewerben* (*um*) • **FR** *poser sa candidature* (*pour*), *postuler* (*à*) • **EN** *to apply for, to put in* (*an application*) *for* • **PT** *candidatar-se* (*a*), *concorrer* (*a*) **Beispill** ech hunn net wëlles, mech fir déi Plaz ze **bewerben** **Synonym** kandidéieren (fir)

Bewerbung [bäv'ərbʊŋ] Femininum (Pluriel **Bewerbungen**) **DE** *Bewerbung* [*Bewerbungsschreiben*] • **FR** *lettre de candidature* • **EN** (*letter of*) *application* • **PT** *carta de candidatura* **Beispill** d'**Bewerbung** fir dese Poste musse virum **1.** Mee ageschéckt ginn

bewerfen [bäv'ərbən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **beworf**) » **transitiv 1.** **bewerfe** mat **DE** *bewerfen* [*beschmeißen* mit] • **FR** *bombarder de, écla-bousser de* • **EN** *to splatter with, to throw at* • **PT** *bombardar com, salpicar com* **Beispiller** de Riedner gouf mat **Tomate beworf**; d'Kanner hunn eent dat anert mat **Bulli beworf 2.** **DE** *bewerfen, verputzen* • **FR** *crépir* • **EN** *to plaster, to render* • **PT** *rebocar* [*uma parede*] **Beispill** de Giewel gëtt muer **beworf**

bewierken [bäv'i:çkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bewierkt**) » **transitiv DE** *bewirken* • **FR** *avoir pour effet, avoir de l'effet* • **EN** *to achieve, to accomplish* • **PT** *ter como efeito, surtir efeito* **Beispiller** mat dengem **Bulli bewierkt**, datt eng Enquête gemaach ginn ass

bewonneren [bäv'onərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **bewonnerert**) » **transitiv DE** *bewundern* • **FR** *admirer* • **EN** *to admire, to marvel at* • **PT** *admirar* **Beispiller** ech **bewonneren** deng **Gedold!**; d'Kanner hunn dee schéi geréschte Chrëschtbeemche **bewonnerert**

Bewonnerung [bäv'onərbʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Bewunderung* • **FR** *admiration* • **EN** *admiration* • **PT** *admiração* **Beispill** hinnen ass vu **Bewonnerung** de Mond opstoe bliwwen

Beworf [bäv'ɔrf] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Bewurf* [*Putz*] • **FR** *crépi, enduit* • **EN** *plaster, rendering* • **PT** *reboco* [*aplicado numa parede*] **Beispill** de **Beworf** fänkt un ze bréckelen **Synonymen** Botz, Verbotz

bewosst [bäv'ost] Adjektiv **1.** **DE** *bewusst* [*absichtlich*] • **FR** *intentionnel, délibéré* <Adverb *intentionnellement, délibérément*> • **EN** *deliberate* <Adverb *deliberately*> • **PT** *intencional, deliberado* <Adverb *intencionalmente, deliberadamente*> **Beispiller** wat deng Frëndin der do verzielt huet, war eng **bewosst** Ligen; ech si ganz **bewosst** net dohigaangen **2.** sech **bewosst** sinn **DE** *sich bewusst sein* • **FR** *avoir conscience* (*de*) • **EN** *to be aware of* • **PT** *ter consciência de* **Beispiller** ech si mer **bewosst**, datt ech op deng **Hëllef** ugewise sinn; den Ugeklote war sech kenger **Schold bewosst**; all Fëmmert soll sech **bewosst** sinn, datt en seng **Gesondheet** op d'**Spill** setzt

Bewosstsinn [bəv'ostzɪn] Neutrum (kee Pluriel) **1.** *DE Bewusstsejn* [Erkenntnis, Verständnis] • *FR* (*prise de conscience* • *EN consciousness, awareness* [*recognition, understanding*] • *PT* (*tomada de*) *consciência* **Beispill** wat d'Ëmweltproblematik betrëfft, entsteet an der Gesellschaft ëmmer méi e grousst Bewosstsinn **2.** am Bewosstsinn, datt *DE* *im Bewusstsejn*, dass [*wissend, dass*] • *FR* *sachant que* • *EN* *aware that* • *PT* *sabendo que* **Beispill** mir ginn déi Reform un am Bewosstsinn, datt vill Aarbecht op eis duerkënt

bewuess [bəv'uəs] Adjektiv bewuess si mat *DE* *bewachsen sein mit* • *FR* *être recouvert de* [*de végétation*] • *EN* *overgrown with* • *PT* *estar coberto de* [*de vegetação*] **Beispill** de Bam ass ganz mat Wantergréng bewuess

bewunnt [bəv'unt] Adjektiv *DE* *bewohnt* • *FR* *habité, occupé* • *EN* *occupied, inhabited* • *PT* *habitado* **Beispiller** wéi laang ass déi al Mille schon net méi bewunnt?; ausser der Antarktis sinn all d'Kontinenter bewunnt

Bëwwelamoud [bəvələm'əʊt] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗*Biwwelamoud*

Béxelchen [b'eksəlçən] Femininum (Pluriel *Béxelcher*) - Diminutivform vun ↗*Box*

Beyren [b'airən] Eegennumm *DE* *Beyren* • *FR* *Beyren* • *EN* *Beyren* • *PT* *Beyren* **Beispiller** ech wunnen zu Beyren; fiert dese Bus op Beyren?

bezechnen [bəts'e:çnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *bezechent*) » **transitiv** *DE* *bezeichnen* [*benennen*] • *FR* *désigner* [*dénommer*] • *EN* *to call, to name, to classify* • *PT* *designar* [*denominar*] **Beispill** wéi bezechnen d'Spezialisten dës Anomalie?

Bezechnung [bəts'e:çnʊŋ] Femininum (Pluriel *Bezechnungen*) *DE* *Bezeichnung* [*Benennung*] • *FR* *désignation* [*dénomination*] • *EN* *name, term* • *PT* *designação* [*denominação*] **Beispiller** wéi ass déi medezinesch Bezechnung fir dese Virus?; Preteritum an Imperfekt sinn zwou *Bezechnunge* fir déi selwecht Vergaangenheetsform **Synonymmen** Begrëff, Numm, Term

bezeien [bəts'airən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *bezeit*) » **transitiv** *DE* *bezeugen* [*durch Zeugnisaussage*] • *FR* *attester* [*témoin*] • *EN* *to testify* • *PT* *atestar* [*sob juramento*] **Beispiller** de Portier ka *bezeien*, datt d'Botzfra d'Luuchten ugelooss hat; et konnt kee viru Geriicht *bezeien*, datt den Ugekloten d'Wouerecht seet

bezién [bəts'airən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *bezunn*) » **transitiv** **1.** *DE* *beziehen* [*bespannen, überziehen*] • *FR* *recouvrir* [*à neuf*], *changer les draps de* • *EN* *to upholster, to change* [*sheets*] • *PT* *forrar* [*com tecido*], *mudar os lençois de* **Beispiller** den Tapissier huet eise Canapé nei bezunn; a villen Hotelle ginn d'Better all Dag frësch bezunn **2.** *DE* *beziehen* [*erhalten*] • *FR* *se faire livrer, être fourni en* • *EN* *to get* [*to obtain*] • *PT* *receber* [*obter*] **Beispill** ech *bezié* mäi Wäi vun engem private Wénzer » **reflexiv** **3.** sech *bezién* op *DE* *sich beziehen auf* • *FR* *se rapporter à, se référer à* • *EN* *to refer to* • *PT* *referir-se a, reportar-se a* **Beispiller** den Text *bezié* sech op Evenementer aus dem 16. Joerhonnert; ech *bezié* mech op mäi Virredner

1 Verb, datt **bezién** als Basis huet: ↗*abezién*

Beziéung [bəts'airən] Femininum (Pluriel *Beziéungen*) *DE* *Beziehung* [*Verhältnis*] • *FR* *relation* [*rapport, contact*] • *EN* *relations* [*contact*] • *PT* *relação* [*contacto, ligação*] **Beispiller** d'Beziéungen tëschent deenen zwéi Länner hu sech staark verbessert; meng Schwëster an hir Frëndin liewen an enger fester *Beziéung* **Synonym** Relatioun

Bezierk [bəts'i:çk] Maskulinum (Pluriel *Bezierker*) *DE* *Bezirk* [*Verwaltungseinheit*] • *FR* *circonscription* [*électorale*], *arrondissement* • *EN* *constituency* [*areal*] • *PT* *circunscrição* [*eleitoral*] **Beispiller** eist Land ass a véier Bezierker agedeelt; den Deputéierte vum Bezierk Zentrum huet sech fir eng Reform ausgeschwat; eise Fussballclub spillt an der éischter Divisioun am éischte Bezierk

Bezuch [bəts'uç] Maskulinum **1.** (Pluriel *Bezich*) *DE* *Bezug*, *Überzug* • *FR* *revêtement* [*en tissu*] • *EN* *covering, upholstery* • *PT* *forro, revestimento* [*de tecido*] **Beispill** eis al Fottelle kréien nei *Bezich* **2.** (kee Pluriel) *DE* *Bezug* [*Verbindung*] • *FR* *rapport* [*connexion, lien, relation*] • *EN* *rapport, affinity* • *PT* *relação, ligação* **Beispill** meng krank Mamm huet kee *Bezuch* méi zur Ëmwelt **3.** a(m) *Bezuch* op *DE* *in Bezug auf* • *FR* *en ce qui concerne* **Beispill** et ass nach vill ze maachen a *Bezuch* op d'Aarmtsbekämpfung **Synonymmen** a puncto, a Saachen

bezielbar [bəts'uəlba:r] Adjektiv *DE* *bezahlbar* • *FR* *abordable* [*par le prix*] • *EN* *affordable* • *PT* *acessível* [*em relação ao preço*] **Beispill** d'Regierung setzt sech derfir an, méi *bezielbare* Wunraum ze schafen

bezuelen [bəts'uələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *bezuelt*) » **transitiv** **1.** *DE* *bezahlen* [*eine Ware, eine Dienstleistung*] • *FR* *payer* [*dédommager, régler*] • *EN* *to pay* • *PT* *pagar* [*satisfazer o pagamento del*] **Beispiller** de Client huet d'Wuer boer *bezuelt*; du muss drun denken, den Affekt ze *bezuelen*!; ech ginn (d'Rechnung) bei de Comptoir *bezuelen*; ech hunn déi Dommheet deier *bezuelt* [égs] [déi Dommheet hat schlëmm finanziell Konsequenze fir mech]; dat do *beizls* du mir nach! [égs] [dat do wäerts du mir nach beissen!]; meng Méi huet sech *bezuelt* gemaach [égs] [meng Méi huet sech rentéiert]; du bass net mat Geld ze *bezuelen*! [égs] [du bass eemoleg] **2.** *DE* *bezahlen* [*leinen Betrag*] • *FR* *payer* [*dépenser*] • *EN* *to spend* [*money*] • *PT* *pagar* [*gastar, desembolsar*] **Beispill** hien huet bal eng hallef Millioun fir d'Haus *bezuelt*

1 Verben, déi **bezuelen** als Basis hunn: ↗*abezuelen*, ↗*ausbezuelen*, ↗*erëmbezuelen*, ↗*nobezuelen*, ↗*ofbezuelen*, ↗*ubezuelen*, ↗*weiderbezuelen* an ↗*zeréckbezuelen*

Bezuelung [bəts'uəlʊŋ] Femininum (Pluriel *Bezuelungen*)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

bezüglech [bəts'y:kləç] Prepositioun

1 Hei entsteet en neien Artikel.

bezwecken [bətsw'ækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *bezweckt*)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

bezweifelen [bətsw'aɪfələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *bezweifelt*) - Variant vun \nearrow bezweiwelen

bezweiwelen [bətsw'aɪwələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *bezweiwelt*) \gg transitiv DE *bezweifeln* • FR *douter de, mettre en question* • EN *to doubt* • PT *duvidar de, pôr em dúvida* **Beispiller** ech *bezweiwelen*, datt s du den Exame packs, wann s de dech net preparéiers; dat *bezweiwelen* ech awer staark!

i Variant: *bezweifelen*

Bhutan [but'a:n] Eegennumm, Maskulinum DE *Bhutan* • FR *Bhoutan* • EN *Bhutan* • PT *Butão* **Beispiller** ech war schonn dräimol am *Bhutan*; ech fueren d'nächst Woch an de *Bhutan*; ech kommen aus dem *Bhutan*

i männlech Persoun: \nearrow Bhutaner weiblech Persoun: \nearrow Bhutanerin Adjektiv: \nearrow bhutanesch Haaptstad: \nearrow Thimphu

Bhutaner [but'a:nə] Maskulinum (Pluriel *Bhutaner*) DE *Bhutaner* • FR *Bhoutanais* • EN *Bhutanese* • PT *butanês* **Beispill** mäi beschte Frënd ass *Bhutaner*

Bhutanerin [but'a:nərin] Femininum (Pluriel *Bhutanerinnen*) DE *Bhutanerin* • FR *Bhoutanaise* • EN *Bhutanese* [*female*] • PT *butanesa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass *Bhutanerin*

bhutanesch [but'a:nəʃ] Adjektiv DE *bhutanisch* • FR *bhoutanais* • EN *Bhutanese* • PT *butanês* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi *bhutanesch* Kultur kenne geléiert

Biathlon [b'i:ətɔn] Maskulinum (Pluriel *Biathlonen*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Bibel [b'i:bəl] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Bibel* [*Heilige Schrift*] • FR *Bible* [*Écriture sainte*] • EN *Bible* [*the Bible, Holy scripture*] • PT *Bíblia* [*Sagrada Escritura*] **Beispiller** de Paschtouer huet am Reliounsunterrecht d'*Bibel* erkläert; et gëtt keng komplett Iwwersetzung vun der *Bibel* op Lëtzebuergesch; dat do steet schonn an der *Bibel* [égs] [dat ass scho laang gewosst] **Synonym** Helleg Schrëft **2.** (Pluriel *Bibelen*) DE *Bibel* [*Exemplar*] • FR *bible* [*exemplaire*] • EN *bible* [*a bible, book*] • PT *bíblia* [*exemplar*] **Beispiller** d'*Bibel* war frëier a villen Haiser dat eenzegt Buch; hien huet eng ganz Kollektioun vun ale *Bibelen* doheem stoen

bibeleesch [b'i:bələʃ] Adjektiv DE *biblich* • FR *biblique* • EN *biblical* • PT *biblico* **Beispiller** hutt dir am Reliounsunterrecht eigentlech *bibeleesch* Texter analyséiert?; menger Mamm hiren Urgrousspapp hat e *bibeleesch* Alter erreecht [menger Mamm hiren Urgrousspapp war ganz al ginn]

Bibeltext [b'i:bəltækst] Maskulinum **1.** (Pluriel *Bibeltexter*) DE *Bibeltext* [*Bibelstelle*] • FR *passage de la Bible* • EN *passage from the Bible* • PT *trecho da Bíblia* **Beispill** de *Bibeltext* ass an der Priedegt ausgeluecht ginn **2.** (kee Pluriel) DE *Bibeltext* [*Text der Bibel*] • FR *texte biblique* • EN *text of the Bible* • PT *texto biblico* **Beispill** den Theologiesstudent erkläert, wat de *Bibeltext* auszeechent

Biber [b'i:be] Maskulinum (Pluriel *Biberen*) Castor fiber DE *Biber, Europäischer Biber* • FR *castor, castor d'Eurasie* • EN *beaver, European beaver* • PT *castor, castor-europeu* **Beispill** de *Biber* schaaft duerch d'*Baue*

vun Dämm e Liewensraum fir vill aner Pflanzen- an Déierenarten

Biberon [b'ibəɾõ:] Maskulinum (Pluriel *Biberonen*) DE *Fläschchen* [*Saugflasche*] • FR *biberon* • EN *feeding bottle* • PT *biberão* **Beispill** ass nach Mëllech do fir an de *Biberon*? **Synonym** Fläsch

Bibliografie Femininum (Pluriel *Bibliografien*) DE *Bibliografie* • FR *bibliographie* • EN *bibliography* • PT *bibliografia* [*lista de obras*] **Beispill** hannen am Buch ass eng *Bibliografie* mat all den Titele vun der Autorin **Synonym** Literaturverzeechnes

Bibliographie Femininum (Pluriel *Bibliographien*) - Variant vun \nearrow Bibliografie

Bibliothecaire [bibljotek'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel *Bibliothecairen*) DE *Bibliothekar* • FR *bibliothécaire* • EN *librarian* • PT *bibliotecário* **Beispiller** de *Bibliothecaire* ass vun der Leeder gefall; d'*Bibliothecairé* sinn amgaang, den *Inventaire* ze maachen

i Weiblech Form: \nearrow Bibliothecaire

i Weiblech Form: \nearrow Bibliothecairin

Bibliothecaire Femininum (Pluriel *Bibliothecairen*) DE *Bibliothekar* • FR *bibliothécaire* [*femme*] • EN *librarian* [*female*] • PT *bibliotecária* **Beispill** d'*Bibliothecaire* huet mech drun erënnert, datt ech nach e Buch misst zeréckginn

i Männlech Form: \nearrow Bibliothecaire

Bibliothecairin [bibljotek'ɛ:rin] Femininum (Pluriel *Bibliothecairinnen*) DE *Bibliothekar* • FR *bibliothécaire* [*femme*] • EN *librarian* [*female*] • PT *bibliotecária* **Beispill** d'*Bibliothecairin* huet mech drun erënnert, datt ech nach e Buch misst zeréckginn

i Männlech Form: \nearrow Bibliothecaire

Bibliothéik [bibljot'ɛ:ɪk] Femininum (Pluriel *Bibliothéiken*) **1.** DE *Bibliothek* [*Bücherei*] • FR *bibliothèque* [*établissement*] • EN *library* [*establishment*] • PT *biblioteca* [*estabelecimento*] **Beispill** ech hu mir an der *Bibliothéik* e flott Buch geléint **2.** DE *Bibliothek* [*Sammlung*] • FR *bibliothèque* [*collection*] • EN *library* [*collection*] • PT *biblioteca* [*colecção*] **Beispill** eise Veräin huet eng *Bibliothéik* mat ronn 800 Bicher an Zäitschrëften **3.** DE *Bibliothek* [*Gebäude*] • FR *bibliothèque* [*bâtiment*] • EN *library* [*building*] • PT *biblioteca* [*edifício*] **Beispill** beim Feier an der *Bibliothéik* ass e groussen Deel vun de Bicher verbrannt **4.** DE *Bücherschrank* • FR *bibliothèque* [*meuble*] • EN *bookcase* • PT *biblioteca, estante* [*de livros*] **Beispill** mir hunn an der Stuff eng *Bibliothéik* aus Eechenholz **Synonym** Bicherschaf

Bic [bik] Maskulinum (Pluriel *Bicken* / *Bicker*) DE *Kugelschreiber* • FR *Bic, stylo à bille* • EN (*ballpoint*) *pen, biro* • PT *esferográfica* **Beispiller** ech hunn näischt fir ze schreiwen, kanns du mer däi *Bic* léinen?; eise Schoulmeeschter huet vill rout *Bicken*

Bich [biç] Femininum (Pluriel *Bichen*) DE *Buche* • FR *hêtre* • EN *beech* • PT *faia* **Beispill** hanner der Kierch stinn dräi grouss *Bichen*

i Variant: *Buch*

Bichelchen [b'içəlçən] Neutrum (Pluriel Bichelcher) - Diminutivform vun **➤**Buch **DE** Notizbuch • **FR** calepin, carnet (de notes) • **EN** notebook • **PT** caderno de apontamentos, caderno de notas **Beispiller** ech maache mer doriwwer eng kleng Notiz a mäi Bichelchen; de Schoulmeeschter schreift d'Punkten a säi Bichelchen **Synonymmen** Calepin, Carnet, Notizbuch

bichen [b'içən] onverännerbaart Adjektiv **DE** buchen • **FR** en hêtre • **EN** beech • **PT** de faia **Beispill** eise Kichendesch huet eng biche Plack

Bichenholz [b'içənholz] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Buchenholz, Buche • **FR** (bois de) hêtre • **EN** (beech)wood • **PT** (madeira de) faia **Beispiller** hie brennt nëmme Bichenholz a senger Schminni; mir hunn an eiser Stuff e Parquet aus Bichenholz

Bicherbuttek [b'içebutek] Maskulinum (Pluriel Bicherbutteker) **DE** Buchhandlung • **FR** librairie • **EN** bookshop • **PT** livraria [estabelecimento] **Beispill** dëse Bicherbuttek huet ëmmer déi neiste Kriminalromaner **Synonym** Librairie

Bicherfoire [b'içefwa:r] Femininum (Pluriel Bicherfoiren) **DE** Buchmesse • **FR** salon du livre • **EN** book fair • **PT** feira do livro **Beispill** op de Bicherfoirë si gewéinlech all déi grouss Editeure vertrueden

Bichergestell [b'içegəstæ] Neutrum (Pluriel Bichergesteller) **DE** Bücherregal • **FR** étagère [pour livres] • **EN** bookcase • **PT** estante [para livros] **Beispill** a mengem Bichergestell loosse d'Tabletten sech an der Héicht verstellen **Synonym** Bicherregal

Bicherhaff [b'içehaf] Eegennumm **DE** Bücherhof • **FR** Bücherhof • **EN** Bücherhof • **PT** Bücherhof **Beispiller** ech wunnen um Bicherhaff; fiert dëse Bus op de Bicherhaff?

Bichermaart [b'içema:rt] Maskulinum (Pluriel Bichermäert) **DE** Büchermarkt, Bücherflohmarkt • **FR** marché du livre (d'occasion) • **EN** (second-hand) book market • **PT** feira do livro (em segunda mão) **Beispill** vläicht fannen ech um Bichermaart e laténgeschen Dictionnaire

Bicherregal [b'içereg'a:] Neutrum (Pluriel Bicherregaler) **DE** Bücherregal • **FR** étagère [pour livres] • **EN** book shelves, bookcase • **PT** estante [para livros] **Beispiller** a mengem Bicherregal loosse d'Tabletten sech an der Héicht verstellen; meng Kusun huet e Bicherregal voll Krimien an hirer Bibliothéik **Synonymmen** Bichergestell, Etagère

Bichersammlung [b'içezamluŋ] Femininum (Pluriel Bichersammlungen) **DE** Büchersammlung • **FR** collection de livres • **EN** book collection • **PT** coleção de livros **Beispill** a menger Bichersammlung feelt de siwente Band vun där Serie

Bicherschaf [b'içeʃa:f] Maskulinum (Pluriel Bicherschief) **DE** Bücherschrank • **FR** bibliothèque [meuble] • **EN** bookcase • **PT** biblioteca, estante (de livros) **Beispill** mir hunn eis vum Schräiner zwee Bicherschief op d'Mooss maache gelooss **Synonym** Bibliothéik

Bichersecteur [b'içesæktœ:r] Maskulinum (Pluriel <seelen> Bichersecteuren) **DE** Buchbranche • **FR** secteur du livre • **EN** book trade • **PT** setor do livro **Beispill**

d'Bicherfoire ass e wichtegen Termin fir de Bichersecteur

Bicherwuerm [b'içevu:gm] Maskulinum (Pluriel Bicherwierm) **DE** Bücherwurm, Leseratte • **FR** lecteur invétéré • **EN** bookworm • **PT** bibliomaniaco **Beispill** hie keeft all Woch e Koup Bicher, en ass e richtege Bicherwuerm

Bidden [b'idən] Femininum (Pluriel Bidden) **1. DE** Wanne, Bottich • **FR** cuve, baquet • **EN** tub • **PT** tina, selha **Beispill** d'Kanner hunn eisen Hond am Gaart an enger Bidde gewäsch **2. DE** Badewanne • **FR** baignoire • **EN** bath (tub) • **PT** banheira **Beispiller** mir hunn zwou Bidden an eise Haus, eng fir eis an eng fir d'Kanner; mat där Decisioun gouf d'Kand mat der Bidden ausgeschott [égs] [mat där Decisioun gouf mat deem Schlechten och dat Gutt verworf] **Synonym** Buedbitten

bidden [b'idən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gebueden) » **transitiv 1. DE** bieten [anbieten] • **FR** offrir [procurer, proposer] • **EN** to offer [to provide] • **PT** oferecer [propor] **Beispill** dës Stad huet den Touriste vill ze bidden **2. DE** bieten [bei einer Versteigerung] • **FR** offrir, mettre [lors d'une vente aux enchères] • **EN** to bid [at an auction] • **PT** oferecer [lanço em leilão] **Beispiller** wien am meeschte bitt, kritt den Zouschlag!; op der Stee hunn ech e puer dausend Euro gebueden, fir deen Tablo ze kréien » **reflexiv 3. DE** sich bieten [sich ergeben] • **FR** se présenter, se prêter • **EN** to present itself [opportunity] • **PT** oferecer-se, apresentar-se [surgir] **Beispill** esoubal sech eng Méiglechkeet bitt, sichen ech mer eng aner Plaz

i Verb, dat **bidden** als Basis huet: **➤**bidden

Biddi [b'idi:] Maskulinum (Pluriel Biddien) [égs] **DE** Pferd [Reitpferd, Kutschpferd] • **FR** cheval [de selle, d'attelage] • **EN** horse [riding horse] • **PT** cavalo [de sela, de carruagem] **Beispill** déi déck Baueren hate fréier e puer Schaffpäerd an e Biddi, fir an d'Kutsch ze spanen

Biddong [b'idɔŋ] Maskulinum (Pluriel Biddongen) - Variant vun **➤**Bidon

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: **Biddong / Bidon**

Bidet [b'ide:] Maskulinum (Pluriel Bideten) **DE** Bidet • **FR** bidet [pour la toilette intime] • **EN** bidet • **PT** bidé **Beispill** meng Elteren hunn an hirem Buedzëmmer e Bidet stoen

Bidon [b'idɔ:] Maskulinum (Pluriel Bidonen) **1. DE** Trinkflasche, Feldflasche • **FR** bidon, gourde • **EN** canteen [bottle] • **PT** cantil [recipiente] **Beispiller** d'Scouter hunn hir Bidone bei der Quell gefëllt; rapp dech um Bidon! [égs] [huel dech zesummen!] **2. DE** Kanister • **FR** bidon, jerricane • **EN** jerrycan, petrol can • **PT** bidão, jerricã **Beispill** ech hunn e Bidon mat Bensinn fir d'Méimaschinn am Keller stoen **Synonymmen** Kan, Kanister

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: **Bidon / Biddong**

Bidscht [bidft] Eegennumm **DE** Büderscheid • **FR** Büderscheid • **EN** Büderscheid • **PT** Büderscheid **Beispiller** ech wunnen zu Bidscht; fiert dëse Bus op Bidscht?

Bieberech [b'iəbərəç] Eegennumm **DE** Bitburg • **FR** Bitburg • **EN** Bitburg • **PT** Bitburg **Beispiller** ech wunnen zu Bieberech; fiert dëse Bus op Bieberech?

Bieberg [b'iəbərəç] Eegennumm DE *Bettborn* • FR *Bettborn* • EN *Bettborn* • PT *Bettborn* **Beispiller** ech wunnen zu Bieberg; fiert dëse Bus op Bieberg?

biedelen [b'iədələn] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gebiedelt*) » **intransitiv** DE *betteln* [*flehen*] • FR *supplier* [*prier instamment*] • EN *to beg* [*to implore*] • PT *pedinchar* **Beispill** d'Kanner hu bei der Bomi gesouert a gebiedelt, fir Schockela ze kréien **Synonym** heeschen

i Verb, dat **biedelen** als Basis huet: *▸*ubiedelen

bieden [b'iədən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gebieden*) » **transitiv** *bieden* (ëm) DE *bitten* (*um*) • FR *demander à, prier* • EN *to ask* (*for*), *to request to* • PT *pedir a* [*solicitar*] **Beispiller** ech *bieden* Iech ëm Erlabnes, Iech a mengem Buch dierfen ze zitieren; wa mer an d'Kierch eraginn, sidd der gebieden, roueg ze sinn!

i Verben, déi **bieden** als Basis hunn: *▸*ubieden an *▸*virbieden

bieden [b'iədən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gebiet*) » **intransitiv** 1. DE *beten* • FR *prier* [*s'adresser à Dieu*] • EN *to pray* • PT *rezar, orar* **Beispiller** loosst eis fir déi Verstuere *bieden*!; ech fannen ënnerlech Rou, wann ech an d'Kierch *biede* ginn » **transitiv** 2. DE *beten* • FR *éciter, dire* [*lune prière*] • EN *to say* [*a prayer*] • PT *rezar* [*recitar*] **Beispill** virum Begriffnes *gouf* de Rousekranz *gebiet*

i Verben, déi **bieden** als Basis hunn: *▸*ubieden an *▸*virbieden

Biekerech [b'iəkərəç] Eegennumm DE *Beckerich* • FR *Beckerich* • EN *Beckerich* • PT *Beckerich* **Beispiller** ech wunnen zu Biekerech; fiert dëse Bus op Biekerech?

Bieles [b'iələs] Eegennumm DE *Beles* • FR *Belvaux* • EN *Belvaux* • PT *Belvaux* **Beispiller** ech wunnen zu Bieles; fiert dëse Bus op Bieles?

Bier [bi:ç] Maskulinum (Pluriel *Bieren*) DE *Bär* • FR *ours* • EN *bear* • PT *urso* **Beispiller** et dierf een d'Bieren am Zoo net fidderen; ech schweessen ewéi e Bier! [ëgs] [ech schweesse ganz vill]; verkaf de Pelz net, dees du hues de Bier geschoss! [ëgs] [lier s de vun eppes wëlls profitieren, muss de et fir d'éischt emol hunn]

Bier [bi:ç] Neutrum (kee Pluriel) DE *Beeren* [*Früchte*] • FR *baies* [*fruits*] • EN *berries* • PT *bagas* [*frutos*] **Beispill** am spéide Summer geet déi ganz Famill laanscht de Bësch Bier plécken

Bier [bi:ç] Femininum (Pluriel *Bieren*) 1. DE *Birne* [*Frucht*] • FR *poire* [*fruit*] • EN *pear* • PT *pera* [*fruto*] **Beispiller** ech iesse gär eng Bier als Dessert; du vergläichs Äppel a Bieren [ëgs] [du vergläichs zwou Saachen, déi sech net vergläiche loosse]; déi Bier ass geschiet! [ëgs] [⇒ seet een, wann een eng Saach gutt hanner sech bruecht huet] 2. DE *Birne, Glühbirne* • FR *ampoule* [*électrique*] • EN *light bulb* • PT *lâmpada* [*elétrica*] **Beispiller** d'Bier an der Kellertrap ass futti; mir brauchen nei Biere fir an de Lüster 3. [ëgs] DE *Birne* [*Kopf*] • FR *caboche* [*tête*] • EN *nut, bonce* • PT *tola, carola* [*cabeça*] **Beispiller** wann s de dech net gëss, kress de eng op d'Bier!; hien ass mëll an der Bier! [hien ass verreckt!]; hien huet näischt an der Bier [hien ass domm] **Synonymmen** Bëlz, Bomm, Klatz, Rommel, Schierbel

Bier Maskulinum (Pluriel *Bieren*) [vereezlt] [pejorativ] [ëgs] DE *Itaker* [*Italiener*] • FR *rital* [*Italien*] • EN *Eyetie, wop* • PT *italiano* [pessoal] **Beispill** déi houere Biere päife stäneg de Meedercher no! **Synonymmen** Bootscha, Italiener

Bierchem [b'i:ççəm] Eegennumm DE *Berchem* • FR *Berchem* • EN *Berchem* • PT *Berchem* **Beispiller** ech wunnen zu Bierchem; fiert dëse Bus op Bierchem?

Bierden [b'i:çdən] Eegennumm DE *Bürden* • FR *Burden* • EN *Burden* • PT *Burden* **Beispiller** ech wunnen zu Bierden; fiert dëse Bus op Bierden?

Bierebam [b'i:çrəbɑ:m] Maskulinum (Pluriel *Bierebeem*) DE *Birnbaum* • FR *poirier* • EN *pear tree* • PT *pereira* **Beispill** mir hunn zwee *Bierebeem* an ee Kiischtebam an eise Gaart stoen

bierelen [b'i:çrələn] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gebierelt*) » **intransitiv** 1. DE *brüllen, schreien* • FR *hurler, crier* • EN *to scream, to shout* • PT *berrar, gritar* **Beispill** hie *bierelt* vu Péng **Synonym** jären 2. *bierele* mat DE *schimpfen mit* • FR *gronder* [*par agacement*] • EN *to shout at* [*to scold*] • PT *berrar com, ralhar com* **Beispill** si huet mat de Kanner *gebierelt*, amplaz se ze berouegen **Synonym** järe mat

Biereng [b'i:çrɛŋ] Eegennumm DE *Büringen* • FR *Burange* • EN *Burange* • PT *Burange* **Beispiller** ech wunnen zu Biereng bei Diddeleng; fiert dëse Bus op Biereng bei Diddeleng?

Biereng [b'i:çrɛŋ] Eegennumm DE *Beringen* • FR *Beringen* • EN *Beringen* • PT *Beringen* **Beispiller** ech wunnen zu Biereng bei Miersch; fiert dëse Bus op Biereng bei Miersch?

Bierengerberg [bi:çrɛŋɛb'i:çç] Eegennumm DE *Beringerberg* • FR *Beringerberg* • EN *Beringerberg* • PT *Beringerberg* **Beispiller** ech wunnen um Bierengerberg; fiert dëse Bus op de Bierengerberg?

Bierg [bi:çç] Maskulinum (Pluriel *Bierger*) 1. DE *Berg* • FR *montagne* • EN *mountain* • PT *montanha* **Beispiller** ech géif gär eng Kéier op den héchste Bierg vun der Welt klammen; meng Eltere ginn all Joer an d'Bierger; d'Sonn schéngt iwwer Bierg an Dall [et ass e schéinen, sonnegen Dag]; hanner eise Haus geet et géi de Bierg erop [hanner eise Haus geet et géi Biergop]; d'Hoer sti mer zu Bierg! [ëgs] [ech sinn entsat!]; de Patient ass iwwer de Bierg [ëgs] [de Patient huet seng Krankheet iwwerstanen]; hie steet do ewéi den Ochs virum Bierg [ëgs] [hie weess net méi, wat e soll maachen]; mir hunn nach e Bierg Aarbecht virum eis [ëgs] [mir hunn nach vill Aarbecht virum eis]; ech mengen, du häls mat eppes hanner dem Bierg [ëgs] [ech mengen, du häls eppes Wichtige fir dech] 2. DE *Hang* [*Steigung, Gefälle*] • FR *côte* [*pente*] • EN *slope, hill* • PT *encosta, ladeira* **Beispiller** meng Grousseltere wunnen am Bierg; ech gouf am hallwe Bierg vun engem Moto iwwerholl

Bierg [bi:çç] Maskulinum 1. (Pluriel *Biergen*) DE *Bürge* • FR *garant* [*caution*] • EN *guarantor* • PT *garante, fiador* **Beispill** ech hu mäi Papp als Bierg bei der Bank uginn 2. Bierg stoe fir DE *bürgen für* [*haften*] • FR *se porter garant de* [*répondre de*] • EN *to act as guarantor for, to guarantee* • PT *responsabilizar-se por, responder por*

Beispill d'Eltere sti Bierg fir de Kanner hir Scholden

Bierg [bi:ɛ̃ç] Eegennumm DE *Berg* • FR *Berg* • EN *Berg* • PT *Berg* Beispiller ech wunnen zu Bierg; fiert dëse Bus op Bierg bei Betzder?

Bierg [bi:ɛ̃ç] Eegennumm DE *Berg* • FR *Berg* • EN *Berg* • PT *Berg* Beispiller ech wunnen zu Bierg; fiert dëse Bus op Bierg bei Colmer?

Biergaarbechter [b'i:ɛ̃zɑ:bæçtɛ] Maskulinum (Pluriel Biergaarbechter) DE *Bergarbeiter*, *Bergmann* • FR *mineur* [*ouvrier*] • EN *miner* • PT *mineiro* [*operário*] Beispill mäi Monni huet fréier als Biergaarbechter geschafft **Synonym** Mineur

☺ Weiblech Form: ♀Biergaarbechterin

Biergaarbechterin [b'i:ɛ̃zɑ:bæçtɛrɪn] Femininum (Pluriel Biergaarbechterinnen) DE *Bergarbeiterin* • FR *ouvrière mineur* [*métier*] • EN *miner* [*female*] • PT *mineira* [*operária*] **Synonymmen** Mineure, Mineurin

☺ Männlech Form: ♂Biergaarbechter

biergan [bi:ɛ̃z'ɑn] Adverb - Variant vun ♂biergof

biergaus [bi:ɛ̃z'æ:ʊs] Adverb - Variant vun ♂biergop

Biergcourse [b'i:ɛ̃çkʊrs] Femininum (Pluriel Biergcourse) DE *Bergrennen* • FR *course de côte* • EN *mountain race* • PT *corrida de montanha*, *rampa* Beispill bei der Biergcourse ass en Auto vun der Strooss ofkomm

Biergdierfchen [b'i:ɛ̃çdi:ɛ̃fçən] Neutrum (Pluriel Biergdierfercher) - Diminutivform vun ♂Biergduerf

Biergduerf [b'i:ɛ̃çdu:ɛ̃f] Neutrum (Pluriel Biergdierfer) DE *Bergdorf* • FR *village de montagne* • EN *mountain village* • PT *aldeia de montanha* Beispill weinst dem Äerdrutsch hu mer dräi Deeg an deem klenge Biergduerf festgesies

Biergem [b'i:ɛ̃zəm] Eegennumm DE *Bergem* • FR *Bergem* • EN *Bergem* • PT *Bergem* Beispiller ech wunnen zu Biergem; fiert dëse Bus op Biergem?

biergen [b'i:ɛ̃zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebiergt) » **intransitiv** bierge fir DE *bürgen für*, *haften für* • FR *se porter garant de* • EN *to act as guarantor for* • PT *constituir-se garante de* Beispiller ech kann net fir mäi Brudder biergen; wéi ech en Haus kaaft hunn, huet mäi Papp fir mech gebiergt

biergen [b'i:ɛ̃zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebuerge) » **transitiv** gebuerge ginn DE *geborgen werden* • FR *être secouru* [*être sauvé*], *être récupéré* • EN *to be rescued*, *to be recovered* • PT *ser resgatado*, *ser retirado* [*de um lugar perigoso*] Beispill déi dräi Blesséiert goufe gebuerge

Bierger [b'i:ɛ̃zɛ] Maskulinum (Pluriel Bierger) DE *Bürger* • FR *citoyen*, *habitant* • EN *citizen*, *inhabitant* • PT *cidadão*, *habitante* Beispill an engem Staat huet all Bierger Rechter a Flichten

☺ Weiblech Form: ♀Biergerin

Biergerin [b'i:ɛ̃zɛrɪn] Femininum (Pluriel Biergerinnen) DE *Bürgerin* • FR *citoyenne*, *habitante* • EN *citizen*, *inhabitant* • PT *cidadã*, *habitante* Beispill et gehéiert zu

menge Rechter als Biergerin, däerfe wielen ze goen

☺ Männlech Form: ♂Bierger

Biergerinitiativ [b'i:ɛ̃zɛrɪnitsjɑti:f] Femininum (Pluriel Biergerinitiativen) DE *Bürgerinitiative* • FR *initiative citoyenne*, *comité de défense* (*des citoyens*) • EN *citizens' action group*, *citizens' initiative* • PT *iniciativa de cidadania*, *movimento de cidadãos* Beispiller d'Biergerinitiativ huet en oppene Bréif un de Gemengerot geschriwwen; mäin Noper huet eng Biergerinitiativ gegrënt

Biergerkräiz [bi:ɛ̃zɛkʀ'æ:its] Eegennumm DE *Biergerkräiz* • FR *Biergerkräiz* • EN *Biergerkräiz* • PT *Biergerkräiz* Beispiller ech wunnen um Biergerkräiz; fiert dëse Bus op d'Biergerkräiz?

Biergerkrich [b'i:ɛ̃zɛkʀiç] Maskulinum (Pluriel Biergerkricher) DE *Bürgerkrieg* • FR *guerre civile* • EN *civil war* • PT *guerra civil* Beispill am Biergerkrich si vill Leit ëmkomm

Biergerrecht Neutrum (Pluriel Biergerrechter) (meeschtens Pluriel) DE *Bürgerrecht* • FR *droit civique*, *droit du citoyen* • EN *civil right* • PT *direito civico*, *direito de cidadão* Beispiller eent vun de Biergerrechter ass et, datt s de kanns eng Petitioun initiéieren; et ass couragéiert, sech an engem autoritäre Regimm fir d'Biergerrechter anzesetzen

Biergetapp [b'i:ɛ̃zɛtap] Femininum (Pluriel Biergetappen) DE *Bergetappe* • FR *étape de montagne* [*d'une course*] • EN *mountain stage* [*of a race*] • PT *etapa de montanha* [*de uma corrida*] Beispill an der leschter Biergetapp hate vill Coureuren näischt ze radetten

Bierghaff [bi:ɛ̃ç'haf] Eegennumm DE *Berghaff* • FR *Berghaff* • EN *Berghaff* • PT *Berghaff* Beispiller ech wunnen um Bierghaff; fiert dëse Bus op de Bierghaff?

Biergheckeschlëffer [b'i:ɛ̃çhækəʃlɛfɛ] Maskulinum (Pluriel Biergheckeschlëffer) **Prunella montanella** DE *Bergbraunelle* • FR *accenteur montanelle* • EN *Siberian accentor* • PT *ferreirinha-de-pallas* Beispill wéi laang bréien d'Biergheckeschlëffer? **Synonym** Biergheckestéisser

brennen [br'ænən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebrannt) » **transitiv 1.** DE *verbrennen* [heizen mit, beleuchten mit] • FR *brûler* [pour produire de la chaleur, de la lumière] • EN *to burn* [for heat, for light] • PT *queimar* [para aquecer, para iluminar] **Beispill** mir brennen nëmme Bierkenholz a Bichenholz an eiser Schminni **2.** DE *brennen* [destillieren] • FR *produire* [par distillation] • EN *to distil* [to make spirits] • PT *produzir* [por destilação] **Beispiller** d'Bridder hu gëschter zwee Kessele Quetsch gebrannt; mäi Schwoer brennt (seng Uebstréppen) selwer **3.** DE *brennen* [mit Brandmarken versehen] • FR *marquer au fer rouge* • EN *to brand* [an animal] • PT *ferrar* [marcar com ferro em brasa] **Beispill** d'Fille vun dësem Joer ginn all zesumme gebrannt **4.** DE *brennen* [einen Datenträger] • FR *graver* • EN *to burn* [a CD, a DVD] • PT *gravar* [um CD, um DVD] **Beispiller** kéints de mer vun dësen Donnéeën eng CD brennen, wannechgelift?; hie brennt seng Fotoen op en DVD [hie kopéiert seng Fotoen op en DVD] » **intransitiv** - och **onperséinlech 5.** DE *brennen* [in Flammen stehen] • FR *brûler* [être en feu] • EN *to burn* [to be on fire] • PT *arder* [estar em chamas] **Beispiller** gëschter huet den Nopere hir Scheier gebrannt; et huet hënt am Duerf gebrannt; wat brennt dann esou, datt s du mech aus dem Bett gehäis? [ëgs] [wat presséiert dann esou, datt s du mech aus dem Bett gehäis?]; wou brennt et? [ëgs] [firwat ginn ech esou dréngend gebraucht?] » **intransitiv 6.** DE *brennen* [schmerzen] • FR *brûler* [piquer] • EN *to burn, to sting* [to smart] • PT *arder* [picar] **Beispiller** meng Wonn brennt ëmmer méi; ech hunn elo e Mëtzel, fir Wonnen ze desinfizéieren, dat net brennt; Brantwäi brennt an der Strass; den Dampf huet mer an den Ae gebrannt; et brennt mer op der Zong, fir deem d'Wouerecht ze soen! [ëgs] [ech hu gross Loscht, fir deem d'Wouerecht ze soen!]; et brennt mer enner de Fangerneel, fir deem eng ze klaken! [ëgs] [ech hu gross Loscht, fir deem eng ze klaken!] **Synonym** picken **7.** DE *brennen* [eingeschaltet sein, angezündet sein] • FR *brûler* [être allumé] • EN *to be* (switched) on, *to burn* • PT *estar aceso, arder* **Beispiller** an der Kiche brennt d'Luucht nach; d'Käerz huet déi ganz Nuecht gebrannt; mäi Brudder brennt fir de Sport [ëgs] [mäi Brudder mécht leidenschaftlech gär Sport] **Synonym** u sinn

i Verben, déi **brennen** als Basis hunn: ▸abrennen, ▸ausbrennen, ▸ewechbrennen, ▸néierbrennen, ▸niederbrennen, ▸ofbrennen an ▸ubrennen

Brenner [br'æne] Maskulinum (Pluriel Brenner) **1.** DE *Brenner* [einer Heizung] • FR *brûleur* • EN *burner* • PT *queimador* [aparelho] **Beispill** mir hunn doheem de Brenner vun der Heizung ersat kritt **2.** DE *Brenner* [Brantweinproduzent] • FR *distillateur* • EN *distiller* • PT *aguardenteiro* [produtor de aguardente] **Beispill** de Brenner ass amgang, seng Äppeldrépp a Fläschen ze fëllen **3.** DE *Brenner* [für Datenträger] • FR *graveur* [de CD, de DVD] • EN *burner, writer* [for CDs, for DVDs] • PT *gravador* [de CD, de DVD] **Beispill** hien huet sech en zousätzleche Brenner an de Computer abauwe gelooss

i Weiblech Form: ▸Brennerin

Brennerei [brænər'aɪ] Femininum (Pluriel Brennereien) DE *Brennerei* [Unternehmen] • FR *distillerie* • EN

distillery • **PT** *destilaria* **Beispill** hie brennt seng Drëppen an der eegener Brennerin

Brennerin Femininum (Pluriel Brennerinnen) **DE** *Brennerin* • **FR** *distillatrice* • **EN** *distiller [female]* • **PT** *aguardenteira [produtora de aguardente]*

i Männlech Form: ↗Brenner

Brennes [br'ænəs] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Heizmaterial* • **FR** *combustible* • **EN** *fuel [for heating]* • **PT** *combustível* **Beispill** si hu sech fir de Wanter mat Brennes agedeckt

Brennholz [br'ænholts] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Brennholz* • **FR** *bois de chauffage* • **EN** *firewood* • **PT** *lenha* **Beispill** mir hu genuch Brennholz, fir iwwer de Wanter ze kommen

Brennmaterial [br'ænmateri:a:l] Neutrum (Pluriel Brennmaterialer / Brennmaterialien) **DE** *Brennmaterial* • **FR** *combustible (solide)* • **EN** *(solid) combustible(s)* • **PT** *combustíveis (sólidos)* **Beispill** d'Pompjeeë sammelen all Joer ëmweltfrëndlecht Brennmaterial fir d'Buergbrennen

Brennessel [bræn'æsəl] Femininum (Pluriel Brennesselen) **DE** *Brennessel* • **FR** *ortie* • **EN** *(stinging) nettle* • **PT** *urtiga* **Beispiller** et deet net gutt, wann s de an d'Brennessele fäls; pass op, datt s de dech mat denger Propos net an d'Brennessele setz! [pass op, datt s de der mat denger Propos keng Problemer schaafs!]

i Variant: Brennessel

Brennpunkt [br'ænpunt] Maskulinum (Pluriel Brennpunkten) **DE** *Brennpunkt [Zentrum, Hotspot]* • **FR** *foyer [épicentre]* • **EN** *epicentre [central point]* • **PT** *foco, hotspot* **Beispiller** an Europa war Norditalien ee vun den éischte Brennpunkte vun der Coronakris; de Quartier hanner där aler Gare ass zu engem Brennpunkt vum Drogenhandel ginn

Brennstoff [br'ænstof] Maskulinum (Pluriel Brennstoffer) **DE** *Brennstoff* • **FR** *combustible* • **EN** *fuel* • **PT** *combustível* **Beispill** et gëtt ëmmer manner fossil Brennstoffer op der Welt

brenzeleg [br'æntsələç] Adjektiv **DE** *brenzlig [bedrohlich]* • **FR** *épineux, critique* • **EN** *dicey, hairy* • **PT** *bicudo, difícil, crítico* **Beispiller** dat do ass eng brenzeleg Affär; d'Polizistin huet schonn esou munch brenzeleg Situatioun gemeeschtert; fir d'Schmuggler gouf et brenzeleg

Brëschtchen Femininum (Pluriel Brëschtcher) gefëllt Brëschtchen **DE** *(gefüllte) Kalbsbrust* • **FR** *poitrine de veau (farcie)* • **EN** *stuffed breast of veal* • **PT** *peito de vitela (recheado)* **Beispill** ech hu beim Metzler fir e Sondeg eng gefëllt Brëschtche bestallt

Brëtell [br'ətəl] Femininum (Pluriel Brëtellen) **1. DE** *Träger [Teil eines Kleidungsstücks]* • **FR** *bretelle [partie d'un vêtement]* • **EN** *strap [part of clothing]* • **PT** *alça [de uma peça de roupa]* **Beispill** et ass eng Brëtell vu mengem Kleed gerass **2. (meeschtens Pluriel) DE** *Hosenträger* • **FR** *(paire de) bretelles* • **EN** *braces [for trousers]* • **PT** *(par de) suspensórios* **Beispill** mir hu mengem Papp Brëtelle fir de Gebuertsdag geschenkt

3. DE *Zubringer [einer Autobahn]* • **FR** *bretelle [d'auto-route]* • **EN** *slip road* • **PT** *ramo de ligação [de uma autoestrada]* **Beispill** d'Brëtell, déi d'Autobunne matenee verbënnt, ass wéinst engem Accident gespaart

Brëtsch [brətʃ] Femininum (Pluriel Brëttschen) **1. DE** *Pritsche [Liegestatt]* • **FR** *lit de fortune* • **EN** *plank bed* • **PT** *catre, tarimba* **Beispiller** de Prisonéier läit op enger Brëttsch; ech kommen d'nächst Woch op d'Brëttsch **2. DE** *Bahre, Tragbahre* • **FR** *civière [pour le transport de malades]* • **EN** *stretcher* • **PT** *maca [para transporte de doentes]* **Beispill** de Fussballspiller gouf op der Brëttsch an d'Ambulanz gedroen **Synonym** Drobier

Bretz [bræts] Femininum (Pluriel Bretzen) **DE** *Angeberin [Prahlerin]* • **FR** *vantarde* • **EN** *boaster, show-off, swank [female]* • **PT** *fanfarrona, gabarola* **Beispill** keen huet Loscht, sech am Restaurant niewent déi onsympathesch Bretz ze setzen

i Männlech Form: ↗Bretzer

Bretzaarsch [br'ædzɑ:ʃ] Maskulinum (Pluriel Bretzäersch) - Variant vun ↗Bretzaasch

Bretzaasch [br'ædzɑ:ʃ] Maskulinum (Pluriel Bretzeesch) **DE** *Großkotz, Prahlhans* • **FR** *grande gueule [vantard]* • **EN** *show-off, swank, boaster* • **PT** *gabarola, blasonador* **Beispiller** hie mengt sech mat allem, wat e mécht, et ass e richtege Bretzaasch; op esou Bretzeesch ewéi iech zwee kënne mer verzichten **Synonymmen** Bretzert, Troterbatti, Tutebatti

Bretzel [br'ætsəl] Femininum (Pluriel Bretzelen) **DE** *Brezel* • **FR** *bretzel [tressé, sucré ou salé]* • **EN** *[Definition]* *sweet pastry twisted in shape of a pretzel, pretzel* • **PT** *[Definition]* *bolo ou biscoito retorcido, pretzel* **Beispiller** fir Bretzelssondeg hunn ech menger Freiesch eng Bretzel geschenkt; beim Aperitif goufe Bretzelen an Afennëss zerwéiert

i Variant: Bratzel

Bretzelssondeg [brætsəlz'ondəç] Maskulinum (Pluriel Bretzelssondeger) **DE** *Halbfastensonntag* • **FR** *dimanche de Laetare* • **EN** *Mid-Lent Sunday, Laetare Sunday* • **PT** *Domingo Laetare* **Beispill** an engem Schaltjoer muss d'Fra dem Mann fir Bretzelssondeg eng Bretzel schenken

i Varianten: Bretzelsonnden, Bretzelssondeg, Bretzelssonnden

i Bretzelssondeg an Halleffaaschte ginn op deem selwechte Sondeg gefeiert, sinn awer net Synonym. Halleffaaschten huet e reliéisen a Bretzelssondeg en traditionellen Hannergrond. Fir gleeeweg Leit markéiert dee Sondeg d'Mëtt vun der Faaschtenzäit. Gläichzäitig ass et de Brauch, datt de Mann der Fra eng Bretzel schenkt. Als Géigeleeschtung kritt hien dann Ouschterdag e schockelaast Ee. An de Schaltjore wiesselen d'Rolle vu Mann a Fra.

Bretzelsonnden Maskulinum (Pluriel Bretzelsondeger) - Variant vun ↗Bretzelssondeg

Bretzelssondeg [brætsəlsz'ondəç] Maskulinum (Pluriel Bretzelssondeger) - Variant vun ↗Bretzelssondeg

i Varianten: Bratzelssondeg, Bratzelsonnden, Bratzelssondeg, Bratzelssonnden

Bretzelssonnden Maskulinum (Pluriel Bretzelssonn-
ndeger) - Variant vun ↗Bretzelssonndeg

bretzen [br'ætsən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gebretzt*) » **reflexiv** sech bretzen (mat) *DE* *prahlen (mit)* • *FR* *se vanter (de)* • *EN* *to boast (of)* • *PT* *gabar-se (de)* **Beispiller** eisen Trainer *bretzt* sech ëmmer mat senge sportleche Leeschtungen; du brauchst dech domat net ze *bretzen!* [ironesch] [dat do ass nach laang net dichteg!] **Synonymmen** sech mengen, uginn (mat)

Bretzert [br'ætsət] Maskulinum (Pluriel Bretzerten) *DE* *Angeber [Prahler]* • *FR* *vantard* • *EN* *boaster, show-off, swank* • *PT* *fanfarrão, gabarola* **Beispill** dee Bretzert verzielt all Mënsch, wat hien am Liewe fir Grousses gelescht hätt

i Weiblech Form: ↗Bretz

Brevet [br'əvɛ:] Maskulinum (Pluriel Brevet) **1. DE** *Patent [Patentschutz]* • *FR* *brevet [d'invention]* • *EN* *patent* • *PT* *patente [de invenção]* **Beispill** op deem Produkt ass e *Brevet* **Synonym** Patent **2. DE** *Diplom [Bescheinigung, Zeugnis]* • *FR* *brevet [diplôme]* • *EN* *certificate* • *PT* *diploma, certificado* **Beispill** fir Schwammmeeschter ze ginn, muss de e *Brevet* *hunn* **Synonym** *Diplom*

Brexit Eegennumm

i Hei entsteet en neien Artikel.

Bricherhaff [br'ɪçə'haf] Eegennumm *DE* *Bricherhof* • *FR* *Bricherhof* • *EN* *Bricherhof* • *PT* *Bricherhof* **Beispiller** ech wunnen um *Bricherhaff*; fiert dëse Bus op de *Bricherhaff* beim *Weimeschhaff*?

Bricherhaff [br'ɪçə'haf] Eegennumm *DE* *Brücherhof* • *FR* *Brücherhof* • *EN* *Brücherhof* • *PT* *Brücherhof* **Beispiller** ech wunnen um *Bricherhaff*; fiert dëse Bus op de *Bricherhaff* bei *Siren*?

Bricher Millen [br'ɪçəm'ilən] Eegennumm *DE* *Brouch-Moulin* • *FR* *Brouch-Moulin* • *EN* *Brouch-Moulin* • *PT* *Brouch-Moulin* **Beispiller** ech wunnen op der *Bricher Millen*; fiert dëse Bus op d'*Bricher Mille(n)* bei *Bruch*?

Brichermillen [br'ɪçəm'ilən] Eegennumm *DE* *Brüchermühle* • *FR* *Brüchermühle* • *EN* *Brüchermühle* • *PT* *Brüchermühle* **Beispiller** ech wunnen op der *Brichermillen*; fiert dëse Bus op d'*Brichermille(n)* bei *Siren*?

Brickett [br'ɪkæt] Femininum (Pluriel *Bricketten*) *DE* *Brikett [Brennstoff]* • *FR* *brique* [combustible] • *EN* *brique* • *PT* *briquete* [combustível] **Beispill** hien huet d'*Bricketten* an de *Keller* gedroen

Bricki [br'ɪki:] Maskulinum (Pluriel *Brickien*) - Variant vun ↗*Briquet*

bricoléieren [br'ikol'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *bricoléiert*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Briddel [br'idəl] Eegennumm *DE* *Bridel* • *FR* *Bridel* • *EN* *Bridel* • *PT* *Bridel* **Beispiller** ech wunnen um *Briddel*; fiert dëse Bus op de *Briddel*?

Bridderchen [br'idɛçən] Maskulinum (Pluriel *Briddercher*) - Diminutivform vun ↗*Brudder*

bridderlech [br'idɛləç] Adverb *bridderlech* *deelen* *DE* *brüderlich teilen* • *FR* *partager équitablement* • *EN* *to share fairly, to share and share alike [like brothers]* • *PT* *partilhar irrimãmente, dividir irrimãmente* **Beispill** si *hunn* d'*Kamelle* *bridderlech* gedeelt

Bridgetown Eegennumm *DE* *Bridgetown* • *FR* *Bridgetown* • *EN* *Bridgetown* • *PT* *Bridgetown* **Beispill** *Bridgetown* ass d'*Haaptstad* vu *Barbados*

Briecheisen [br'ɪçaizən] Neutrum (Pluriel *Briecheisen*) *DE* *Brechstange, Brecheisen* • *FR* *pince-monseigneur, pied-de-biche* • *EN* *crowbar* • *PT* *pé de cobra [ferramenta]* **Beispiller** d'*Abriecher* *hunn* d'*Eisendier* mam *Briecheise* *forcéiert*; hien huet säi *Plang* mam *Briecheisen* *duerchgesat* [égs] [hien huet säi *Plang* mat alle *Möttelen* *duerchgesat*]

briechen [br'ɪçən] ♦ Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gebrach*) » **transitiv 1. DE** *zerbrechen* • *FR* *casser, briser* • *EN* *to break [into pieces]* • *PT* *partir, quebrar [reduzir a pedaços]* **Beispiller** d'*Kanner* *hu* beim *Spillen* eng *Vas* *gebrach*; *owes* war ech *ewéi* *gebrach* [égs] [owes war ech *doudmiddl*]; dat *huet* mer d'*Häerz* *gebrach!* [égs] [dat *huet* mech ganz *trauereg* *gemaach*]; de *Komitee* *huet* *déi* *Saach* *iwwer* de *Knéi* *gebrach* [égs] [de *Komitee* *huet* *déi* *Saach* *iwwerstierzt* *gemaach*]; *wien* *näischt* *mécht*, *deen* *näischt* *brécht!* [égs] [wien *näischt* *mécht*, *kann* och *näischt* *falsch* *maachen*] **2. sech** *eppes* *briechen* *DE* *sich etwas brechen* • *FR* *se casser quelque chose, se fracturer quelque chose* • *EN* *to break something, to fracture a bone* • *PT* *partir algo, fraturar algo* **Beispiller** ech *hu* mer beim *Schifueren* en *Aarm* *gebrach*; *briech* der *kee* *Been* *dofir!* [égs] [reeg *dech* net *onnëtz* *dofir* op] **3. DE** *brechen [im Steinbruch abbauen]* • *FR* *extraire [dans une carrière]* • *EN* *to quarry* • *PT* *extrair [numa pedreira]* **Beispill** an *dës-er* *Geigend* *gouf* *freier* *Schifer* *gebrach* **4. DE** *brechen, missachten, verletzen* • *FR* *rompre [manquer à, cesser de respecter]* • *EN* *to break [a promise, a contract]* • *PT* *quebrar, romper [faltar a, não cumprir]* **Beispiller** du *hues* *däi* *Versprieche* *gebrach!*; *dir* *kënnst* de *Kontrakt* net *einfach* *esou* *briechen* **5. DE** *brechen [überbieten]* • *FR* *battre [un record]* • *EN* *to break [a record]* • *PT* *bater [um recorde]* **Beispill** de *Coureur* *huet* *versicht*, *säin* *eegene* *Rekord* ze *briechen* » **intransitiv 6. DE** *erbrechen, sich übergeben* • *FR* *vomir* • *EN* *to vomit, to throw up* • *PT* *vomitar* **Beispill** *wéinst* *senger* *Mogripp* *huet* d'*Kand* de *ganzen* *Dag* *gebrach* **Synonymmen** sech *iwweginn*, sech *iwwerschëdden*, *schëdden* **7. briechen (mat)** *DE* *brechen (mit)* [sich *entzweien*] • *FR* *rompre (avec)* [se *brouiller, se séparer*] • *EN* *to break (with)* • *PT* *romper (com)* [zangar-se, *separar-se*] **Beispill** *wéinst* *engem* *Ierfschaftssträit* *huet* *mäi* *Frënd* mat *senger* *Famill* *gebrach* ♦ Verb (Hëllefverb *sinn*, Participe passé *gebrach*) » **intransitiv 8. DE** *brechen [zerbrechen]* • *FR* *casser* [se *briser*] • *EN* *to break [to snap]* • *PT* *partir-se, quebrar-se* **Beispiller** *deen* *Aascht* *brécht* *geschwënn* *ënner* der *Laascht* *vum* *Schnéi*; *hie* *läit* mat *engem* *gebrachene* *Been* am *Spidol*; *maach* der *keng* *Suergen*, *et* *ass* *näischt* *gebrach!* [égs] [maach der *keng* *Suergen*, *et* *ass* *näischt* *Schlëmmes* *geschitt!*] **9. DE** *brechen [Stimme]* • *FR* *casser [voix]* • *EN* *to fail, to falter [voice]* • *PT* *falhar [voz]* **Beispill** *matzen* am *Concert* *ass* der *Sängerin* *hir* *Stëmm* *gebrach*

i Verben, déi **briechen** als Basis hunn: **↗**abriechen, **↗**ausbriechen, **↗**duerchbriechen, **↗**ewechbriechen, **↗**ofbriechen, **↗**opbriechen an **↗**zusummebriechen

briereren [br'ɪədərən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé gebriedert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

briefen [br'ɪ:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gebrieft) » **transitiv** briefen (iwwer) **DE** *briefen (über)* • **FR** *briefier (sur), instruire (de)* • **EN** *to brief (on)* • **PT** *pôr ao corrente (de), informar (sobre)* **Beispiller** am Centre de soins avancés brieft de responsabelen Dokter d'Ekipp reegelméisseg iwwer déi aktuell Situatioun; d'Gesondheetsministesch an den Direkter vun der Santé hunn d'Press iwwer déi nei sanitär Moossname gebrieft **Synonym** informéieren (iwwer)

Briefing [br'ɪ:fiŋ] Maskulinum (Pluriel Briefingen) **DE** *Briefing* • **FR** *briefing, réunion (préparatoire)* • **EN** *briefing* • **PT** *reunião informativa, briefing* **Beispiller** nom Regierungsrot gëtt de Premier e Briefing fir d'Press; de Mëtteg am Briefing geet et em eis nei Projeten

Briet [brɪət] Neutrum (Pluriel Brieder) **1. DE** *Brett [flaches Holzstück]* • **FR** *planche [en bois]* • **EN** *plank, board* • **PT** *prancha, tábuca* **Beispiller** de Schräiner huet d'Briet op d'Mooss geschnidden; ech si steif ewéi e Briet! [ëgs] [lech sinn net beweeglech]; deen huet e Briet virum Kapp! [ëgs] [dee bekäppt näischt!]; do ass d'Welt mat Brieder zougeneelt [ëgs] [do ass näischt lass; do gëtt et net vill] **Synonym** Dill **2. Schwaarzt Briet** **DE** *schwarzes Brett [Anschlagbrett]* • **FR** *tableau d'affichage* • **EN** *blackboard, noticeboard* • **PT** *quadro de afixação* **Beispill** d'Vakanze vum nächste Joer hänken um Schwaarze Briet **3. DE** *Brett, Spielbrett* • **FR** *plateau de jeu* • **EN** *board [for games]* • **PT** *tabuleiro [de jogo]* **Beispiller** d'Kolleege hunn d'Spillsfiguren um Briet opgestallt; ech hu bei deem e Steen am Briet [ëgs] [lech si bei deem gutt ugessinn]

Brietchen [br'ɪətçən] Neutrum (Pluriel Briedercher) - Diminutivform vun **↗**Briet **DE** *Frühstücksbrettchen, Küchenbrettchen, Schneidebrettchen* • **FR** *petite planche (de cuisine), planche à tartiner* • **EN** *small chopping board, small cutting board* • **PT** *pequena tábuca (de cozinha), tábuca para lanche* **Beispiller** de Kach huet d'Brietchen erausgeholl, fir d'Ennen drop ze schneiden; schneit deng Schmier um Brietchen, soss geet et fir den Toile cirée!

Brigadier Maskulinum (Pluriel Brigadieren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Brigadière Femininum (Pluriel Brigadiären) - weiblech Form vun **↗**Brigadier

Brigang [br'ɪgɑŋ] Maskulinum (Pluriel Brigangen) **1. DE** *Räuber, Schurke* • **FR** *brigand, bandit, malfaiteur* • **EN** *burglar, bandit, gangster* • **PT** *bandido, malfeitor, ladrão* **Beispill** de Brigang gouf erwëscht, wéi hien an de Buttek agebrach ass **Synonymmen** Bandit, Gangster, Déif, Raiber **2. [ëgs] DE** *Schlingel, Bengel* • **FR** *garnement* • **EN** *rascal, scoundrel* • **PT** *maroto, malandrete* **Beispill** déi zwee Brigange waren am ganzen Duerf un d'Diere schelle gaangen

brigelen [br'ɪzələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gebrigel) **i**

Hei entsteet en neien Artikel.

Brill [brɪl] Eegennumm **DE** *Brill* • **FR** *Brill* • **EN** *Brill* • **PT** *Brill* **Beispiller** ech wunnen um Brill; fiert dese Bus op de Brill?

Brillant [brɪl'ɪ:ant] Maskulinum (Pluriel Brillanten) **DE** *Brillant* • **FR** *brillant [pierre précieuse]* • **EN** *diamond* • **PT** *brilhante* **Beispill** ech hu menger Frëndin e Rank mat engem Brillant geschenkt

brillant [brɪl'ɪ:ant] Adjektiv **DE** *brillant* • **FR** *brillant, remarquable, excellent* <Adverb *brillamment*> • **EN** *brilliant, excellent* <Adverb *brilliantly*> • **PT** *brilhante, esplêndido, excelente* <Adverb *de forma brilhante*> **Beispiller** hatt ass eng brillant Studentin; de Chouer huet e brillante Concert gesongen; de gëtt net vill Schrëftsteller, déi esou brillant schreiwen

Brillantine [brɪl'ɪ:t'in] Femininum (Pluriel Brillantinnen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Brillek [br'ɪlek] Maskulinum (Pluriel Brilleken) **DE** *Läufer [Schwein]* • **FR** *goret [animal]* • **EN** *porker [young pig]* • **PT** *bácoro* **Beispill** eis Fierkele weie knapp 20 Kilo, eis Brilleke schonn dat Duebelt

Brioche [br'ɪ:ɔf] Femininum (Pluriel Briochen) - Variant vun **↗**Briosch

Briosch [br'ɪ:ɔf] Femininum (Pluriel Brioschen) **DE** *Brioche* • **FR** *brioche* • **EN** *brioche* • **PT** *brioche* **Beispiller** hien ässt beim Kaffi gären eng Briosch; meng Mamm huet des Briosche selwer gebak

Briquet [br'ɪke:] Maskulinum (Pluriel Briqueten) **DE** *Feuerzeug* • **FR** *briquet* • **EN** *lighter* • **PT** *isqueiro* **Beispill** ech hunn e Briquet, fir d'Käerzen unzufänken

i Variant: Bricki

brisant [brɪz'ant] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Britt [brɪt] Femininum (Pluriel Britten) **1. DE** *Brühe, Bouillon* • **FR** *bouillon* • **EN** *bouillon, stock* • **PT** *caldo [alimento líquido]* **Beispiller** ech hunn e Batz Fleesch kaaft, fir eng gutt Britt ze kréien; ech hu meng Britt! [ëgs] [lech sinn doudmidd!] **Synonym** Bouillon **2. [ëgs] DE** *Brühe [schmutzige Flüssigkeit]* • **FR** *liquide crasseux, liquide pollué* • **EN** *sludge, slurry* • **PT** *líquido sujo, líquido poluído* **Beispill** aus dem Rouer kom eng sténkeg Britt gelaf

Britt [brɪt] Maskulinum (Pluriel Britten) **DE** *Brite* • **FR** *Britannique* • **EN** *Brit* • **PT** *britânico* **Beispill** d'Britte wielen haut en neit Parlament

brittesch [br'ɪtəʃ] Adjektiv **DE** *britisch* • **FR** *britannique* • **EN** *British* • **PT** *britânico* **Beispill** wou däerf een ouni Visa mat engem brittesche Pass areesen?

Brittescht Pond Neutrum (Pluriel Brittesch Pond / Brittesch Pënner) **DE** *Pfund Sterling, Britische(s) Pfund* • **FR** *livre (sterling)* • **EN** *British pound, pound sterling* • **PT** *libra (esterlina)* **Beispiller** a ganz Groussbritannien gëtt mat (Britteschem) Pond bezuelt; mat wéi vill Brittesche Pond muss ee fir eng Nuecht am Hotel

rechnen?; hues de nach e puer Brittesch Pënner am Portmonni?

Brittescht Pond gëtt mat **GBP** oder mat **£** ofgekierzt.

Brittin [br'itɪn] Femininum (Pluriel Brittinnen) **DE** *Britin* • **FR** *Britannique* • **EN** *Brit [female]* • **PT** *britânica* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Brittin**

Brittzopp [brɪts'ɒp] Femininum (Pluriel Brittzoppen) **DE** *klare Brûhe, Consommé* • **FR** *consommé* • **EN** *consommé* • **PT** *consomé* **Beispiller** den éischte Gang vum Kommiounsiesse war eng gutt **Brittzopp**; wie wëllt nach en Teller **Brittzopp**?

Broch [brɔχ] Maskulinum (Pluriel Bréch) **1. DE** *Bruch* [das Brechen] • **FR** *rupture [brisement]* • **EN** *breaking, break* • **PT** *ruptura, quebra* **Beispill** de **Broch** vun der Achs huet zum Accident geféiert **2. DE** *Bruch, Knochenbruch* • **FR** *fracture [d'un os]* • **EN** *fracture [of a bone]* • **PT** *fratura [de um osso]* **Beispill** wann de **Broch** gutt verheelt ass, kënne mer de Gips erfuelen **Synonym** **Fraktur** **3. opene Broch** **DE** *offene Fraktur, offener Bruch* • **FR** *fracture ouverte* • **EN** *open fracture* • **PT** *fratura aberta* **Beispill** beim opene **Broch** gëtt et nieft der Fraktur nach eng Wonn ze behandelen **4. DE** *Bruch, Leistenbruch* • **FR** *hernie abdominale* • **EN** *rupture, (abdominal) hernia* • **PT** *hérnia abdominal* **Beispiller** mä Mann huet sech beim Plënnere e **Broch** gehewen; ech gi muer mat engem **Broch** operéiert; mir hunn eis e **Broch** gelaacht [eggs] [mir hu ganz vill gelaacht] **5. DE** *Steinbruch* • **FR** *carrière [terrain d'extraction]* • **EN** *quarry* • **PT** *pedreira* **Beispill** hie schafft am **Broch** **6. DE** *Bruchzahl* • **FR** *fraction [nombre fractionnaire]* • **EN** *fraction [fractional number]* • **PT** *fração, quebrado* **Beispill** als Hausaufgab hunn d'Kanner missen Dezimalzuelen a **Bréch** ëmwandelen **7. an d'Bréch** goen **DE** *in die Brüche gehen* • **FR** *se briser, échouer* • **EN** *to break up [to come to an end]* • **PT** *desfazer-se em pedaços, falhar* **Beispill** no der Fra hirer Affär ass der Koppel hir Bezéiung an d'**Bréch** gaangen

Brochbud [br'ɔχbu:t] Femininum (Pluriel Brochbuden) - Variant vun ↗**Bruchbud**

Brochdeel [br'ɔχde:] Maskulinum (Pluriel Brochdeeler) **DE** *Bruchteil* • **FR** *fraction [petite partie]* • **EN** *fraction [small part]* • **PT** *fração [pequena parte]* **Beispiller** dat hei ass nëmmen e **Brochdeel** vun deem, wat nach op eis duerkënnt; et war am **Brochdeel** vun engem Sekonn geschitt

Broche [brɔʃ] Femininum (Pluriel Brochen) - Variant vun ↗**Brosch**

brochéieren [brɔʃ'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé brochéiert)

Hei entsteet en neien Artikel.

Brochette [br'ɔʃæ:t] Femininum (Pluriel Brochetten) - Variant vun ↗**Broschett**

Brochure [brɔʃ'y:r] Femininum (Pluriel Brochuren) - Variant vun ↗**Broschür**

Brockelchen [br'ɔkəlçən] Maskulinum/Femininum (Pluriel Brockelcher) (meeschtens Pluriel) **DE** *Rosenkohl* • **FR** *chou de Bruxelles* • **EN** *Brussels sprout* • **PT** *couve-de-bruxelas* **Beispill** als Kand hat ech d'**Brockelcher** net gär

Variant: Brockeli

Brockeli Maskulinum (Pluriel Brockelien) - Variant vun ↗**Brockelchen**

brodéieren [brɔd'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé brodéiert) » **transitiv** **DE** *sticken* • **FR** *broder* • **EN** *to stitch, to embroider* • **PT** *bordar [fazer um bordado]* **Beispill** meng Mamm **brodéiert** hiren Numm op all Nuesschnappech **Synonym** **stécken**

broden [br'o:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebroden) » **transitiv** **1. DE** *braten* • **FR** *rôtir* • **EN** *to fry, to roast, to bake* • **PT** *assar, fritar* **Beispiller** de Kach bréit d'Gromperen an enger gossener Pan; meng Bomi huet d'Fierkelshämmchen am Bakuwe **gebroden**; et gëtt **gebroden** Äppel als Dessert; du kriss keent **gebroden** [eggs] [dat Meedchen, dat s du sichts, gëtt et net] » **intransitiv** **2. DE** *braten* • **FR** *rôtir* • **EN** *to fry, to bake* • **PT** *assar, fritar* **Beispiller** d'Fleesch bréit schonn an der Pan; d'Äppel **broden** nach am Schäffchen; dat ass mengen Elteren net **gebroden** [eggs] [dat gefällt mengen Elteren net]

Verb, dat broden als Basis huet: ↗ubroden

Broderie [brɔdər'i:] Femininum (Pluriel Broderien) **DE** *Stickerei [Stickerarbeit]* • **FR** *broderie* • **EN** *embroidery [piece of embroidery]* • **PT** *bordado* **Beispill** si haten um Basar wonnerschéi Broderien ausgestallt

Brokkoli [br'ɔkɔli:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Brokkoli* • **FR** *brocoli* • **EN** *broccoli* • **PT** *brócolos* **Beispill** eise Brokkoli ass déi lescht Deeg schéi gewuess

Brom [brɔ:m] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** *Brom [chemisches Element]* • **FR** *brome [élément chimique]* • **EN** *bromine [chemical element]* • **PT** *bromo [elemento químico]* **Beispill** d'Element Brom gehéiert zum Grupp vun den Halogeenen

Bromee [brɔm'e:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Raureif* • **FR** *gelée blanche* • **EN** *white frost, hoar frost* • **PT** *geada branca* **Beispill** am Wanter sinn d'Hecken an d'Beem mueres fréi dacks mat Bromee iwwerzunn

Bronchialkarzinom [brɔŋj'a:lkarzino:m] Maskulinum (Pluriel Bronchialkarzinomen) **DE** *Bronchialkarzinom* • **FR** *carcinome bronchique* • **EN** *bronchial carcinoma, lung cancer* • **PT** *carcinoma brônquico* **Beispill** d'Fëmmen ass ëmmer nach dee gréisste Risikofacteur, fir e **Bronchialkarzinom** ze kréien

Bronchiolite Femininum (Pluriel Bronchiolitten) **DE** *Bronchiolitis* • **FR** *bronchiolite* • **EN** *bronchiolitis* • **PT** *bronquiolite* **Beispill** d'**Bronchiolite** ass eng viral Infektioun vun den Otemweeër, déi virun allem kleng Kanner vun ënner zwee Joer betrëfft

Bronchite [brɔ̃:nf'it] Femininum (Pluriel Bronchitten) **DE** *Bronchitis* • **FR** *bronchite* • **EN** *bronchitis* • **PT** *bronquite* **Beispiller** eng iwwergaange **Bronchite** gëtt gären eng Longenentzündung; ech leie schonn eng Woch laang mat enger **Bronchite** am Bett

Bronchoskopie [brɔŋkosko:p'i:] Femininum (Pluriel Bronchoskopien) **DE** *Bronchoskopie* • **FR** *bronchoscopie* • **EN** *bronchoscopy* • **PT** *broncoscopia* **Beispill** ech krut d'**Bronchoskopie** ënner Vollnarkos gemaach

brong [brɔŋ] Adjektiv **1.** DE *braun* [Farbe] • FR *brun, marron* • EN *brown* • PT *castanho* **Beispill** deng brong Schong passen net bei dâi Kostüm **2.** DE *braun, gebräunt* • FR *bronzé, hâlé* • EN *brown, tanned* • PT *bronzado, moreno* **Beispiller** eis Kanner si ganz brong aus der Vakanz erëmkomm; du bass net hei, fir brong ze ginn! [ëgs] [seet een zu engem, deen net effikass schafft]

Brongbrëschtchen [br'ɔŋbrɛʃtçɛn] Femininum (Pluriel Brongbrëschtercher) *Saxicola rubetra* DE *Braunkehlchen* • FR *tarier des prés* • EN *whinchat* • PT *cartaxo-nortenho* **Beispill** wêi laang bréien d'Brongbrëschtercher?

brongelzeg Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Brongen Hénkeldéif [br'ɔŋh'ɛŋkældɛɪf] Maskulinum (Pluriel Brong Hénkeldéif) *Circus aeruginosus* DE *Rohrweihe* • FR *busard des roseaux* • EN *western marsh harrier* • PT *tartaranhão-ruivo-dos-pauis* **Beispill** wêi laang bréien d'Brong Hénkeldéif? **Synonym** Brong Wei

Brongen Ibis [br'ɔŋɛn'i:bis] Maskulinum (Pluriel Brong Ibissen) *Plegadis falcinellus* DE *Sichler* • FR *ibis falcinelle* • EN *glossy ibis* • PT *caraúna-de-cara-branca* **Beispill** wêi laang bréien d'Brong Ibissen?

Brongeschhaff [br'ɔŋɛʃhɔf] Eegennumm DE *Brongeschaff* • FR *Brongeschaff* • EN *Brongeschaff* • PT *Brongeschaff* **Beispiller** ech wunnen um Brongeschhaff; fiert dëse Bus op de Brongeschhaff?

Brong Mierint [brɔŋm'i:ɣint] Femininum (Pluriel Brong Mierinten) *Melanitta fusca* DE *Samtente* • FR *macreuse brune* • EN *velvet scoter* • PT *pato-fusco* **Beispill** wêi laang bréien d'Brong Mierinten?

Brong Rat [brɔŋr'a:t] Femininum (Pluriel Brong Raten) *Rattus norvegicus* DE *Wanderratte* • FR *rat surmulot* • EN *brown rat* • PT *ratazana* **Beispill** d'Brong Rat leeft gären o beim Mënsch, zum Beispill an der Kanalisatioun, am Keller oder a Lagerhalen

Brongt Laangouer [brɔŋt'l'a:ŋøœ] Neutrum (Pluriel Brong Laangoueren) *Plecotus auritus* DE *Braunes Langohr* • FR *oreillard roux* • EN *brown long-eared bat* • PT *morcego-orelhudo-castanho* **Beispill** d'Brongt Laangouer krut säin Numm duerch seng véier Zentimeter grouss Oueren a säi bronge Pelz um Réck

Brong Wei [brɔŋv'aɪ] Femininum (Pluriel Brong Weien) *Circus aeruginosus* DE *Rohrweihe* • FR *busard des roseaux* • EN *western marsh harrier* • PT *tartaranhão-ruivo-dos-pauis* **Beispill** wêi laang bréien d'Brong Weien? **Synonym** Brongen Hénkeldéif

bronkeg [br'ɔŋkɛç] Adjektiv DE *diesig* • FR *brumeux* • EN *misty* [weather] • PT *brumoso* **Beispiller** déi ganz Woch hate mer bronkegt Wieder; et ass bronkeg dobaussen **Synonym** dréif

Bronze [brɔ̃:s] Femininum (kee Pluriel) DE *Bronze* [Leigerung] • FR *bronze* [alliage] • EN *bronze* [alloy] • PT *bronze* [liga] **Beispiller** si hunn e Sprangbuer aus Bronze virun der Dier stoen; de Leefer huet Bronze gewonnen [de Leefer huet d'Bronzemedail gewonnen]

Bronzemedail [br'ɔ̃:smədəɪ] Femininum (Pluriel Bronzemedailen) DE *Bronzemedaille* • FR *médaille de bronze* • EN *bronze medal* • PT *medalha de bronze* **Beispill** de Leefer huet d'Bronzemedail gewonnen

bronzen [br'ɔntsən] Adjektiv DE *aus Bronze, bronzen* • FR *en bronze* • EN *bronze* • PT *de bronze* **Beispiller** um Gebuertshaus vum Kënschtler hânt eng bronze Plack; de Kënschtler schafft den Ament un enger bronzener Skulptur

Broocheil [br'o:χaɪ] Femininum (Pluriel Broocheilen) *Asio flammeus* DE *Sumpfohreule* • FR *hibou des marais* • EN *short-eared owl* • PT *coruja-do-nabal* **Beispill** wêi laang bréien d'Broocheilen?

Broochkraut Neutrum (kee Pluriel) **1.** DE (*Gemeiner*) *Frauenmantel, (Spitzlappiger) Frauenmantel* • FR *alchémille (commune)* • EN *lady's mantle* • PT *alquemila* **Beispill** d'Broochkraut gëtt scho laang als Heelplanz agesat **Synonym** Damantel **2.** DE (*Gewöhnlicher*) *Ackerfrauenmantel, Ackersinau* • FR *alchémille des champs* • EN *parsley piert* • PT *falsa-salsa, solda* **Beispill** eise groussen Aker, deen den Ament broochläit, steet voll Broochkraut

Broochland [br'o:χlant] Neutrum (kee Pluriel) DE *Brache, Brachland* • FR *jachère, friche* • EN *fallow land, waste ground* • PT *terra em pouso, terreno baldio* **Beispill** tèschent de Gäert an dem Bësch läit nach eng grouss Flaatsch Broochland

broochleien [br'o:χlaɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé broochgeleëen) » **intransitiv** DE *brachliegen* • FR *être en jachère, être en friche* • EN *to lie fallow* • PT *estar de pouso* **Beispiller** d'Felder si voller Onkraut, well se jorelaang broochlouchen; seng Talenter leie brooch [ëgs] [seng Talenter ginn net genotzt]

Broochpiipert [br'o:χpi:pset] Maskulinum (Pluriel Broochpiiperten) *Anthus campestris* DE *Brachpieper* • FR *pipit rousseline* • EN *tawny pipit* • PT *petinha-dos-campos* **Beispill** wêi laang bréien d'Broochpiiperten?

Broochschësser [br'o:χfɛsɛ] Maskulinum (Pluriel Broochschësser) *Oenanthe oenanthe* DE *Steinschmätzer* • FR *traquet motteux* • EN *northern wheatear* • PT *chasco-cinzento* **Beispill** wêi laang bréien d'Broochschësser?

Brosch [br'ɔʃ] Femininum (Pluriel Broschen) **1.** DE *Brosche* • FR *broche* [bijou] • EN *brooch* • PT *broche* [alfinete] **Beispill** de Bijoutier huet eng schéi gëlle Brosch an der Fëenster leien **2.** DE *großer Nagel* • FR *grand clou* • EN *large nail* • PT *grande prego* **Beispill** bréng mer nach e Pak Broschen op de Späicher!

Broschett [br'ɔʃæt] Femininum (Pluriel Broschetten) DE *Spießchen* [kleiner bestückter Bratspieß] • FR *brochette* [garnie] • EN *kebab, brochette* • PT *espetada* [de alimentos] **Beispill** um Summerfest kruten d'Leit Broschetten zerwéiert **Synonym** Spiiss

Broscht [brɔʃt] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Brust* [Brustkorb] • FR *poitrine* [thorax] • EN *chest* [part of the body] • PT *peito* [tórax] **Beispiller** ech hunn Zënter e puer Deeg esou e gelungen Zéien an der Broscht; de Bandid huet dem Affer eng Pistoul op d'Broscht gesat; ech hunn d'Messer op d'Broscht gesat krit! [ëgs] [ech

gouf zu eppes forcéiert!; wat gehäit hien sech nees an d'Broscht! [égs] [wat mécht hien sech nees wichtig!; muer de Moien zéien ech mer deen onverschimmte Schüler op d'Broscht! [égs] [muer de Moie liesen ech deem onverschimmte Schüler d'Lewitten]; hien ass am Englesche schwaach op der Broscht [égs] [hien huet net vill Kenntneser am Engleschen]; deen alen Trakter ass schwaach op der Broscht [égs] [Ideen alen Trakter bréngt seng voll Leeschtung net méi] **2.** (kee Pluriel) **DE** *Busen, Brüste* • **FR** *poitrine* [seins de la femme] • **EN** *bosom, bust* • **PT** *peito, busto* [seios da mulher] **Beispill** d'Blus strämmt e bëssen iwwer d'Broscht **3.** (Pluriel Brësch) **DE** *Brust* [weibliche Brust] • **FR** *sein* [organe féminin] • **EN** *breast* [of a woman] • **PT** *seio, mama* [órgão feminino] **Beispiller** d'Patientin huet e Knuet an der rietser Broscht; d'Kand kritt nach d'Broscht [égs] [d'Kand gëtt nach geniert]

Broschtbeen [br'ɔftbe:n] Neutrum (Pluriel Broschtbeen) **DE** *Brustbein* • **FR** *sternum* [os] • **EN** *sternum, breastbone* • **PT** *esterno* **Beispill** dem Blesséierte säi Broschtbeen ass net gebrauch, mee nëmme gerass

Broschtdrüsenentzündung [br'ɔftdry:zənæntsɪndʊŋ] Femininum (Pluriel Broschtdrüsenentzündungen) **DE** *Brustdrüsenentzündung, Mastitis* • **FR** *mastite* • **EN** *inflammation of the mammary gland, mastitis* • **PT** *mastite* **Beispill** bei Fraen, déi nieren, kënt eng Broschtdrüsenentzündung zimmlech heefeg vir **Synonym** Mastitt

Broschkriibs [br'ɔftkri:ps] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Brustkrebs* • **FR** *cancer du sein* • **EN** *breast cancer* • **PT** *cancro da mama* **Beispiller** e bekannten Dokter hält den Owend eng Konferenz iwwer Broschkriibs; meng Mamm huet Broschkriibs a kritt am Ament eng Chimio

Broschtvergrëisserung [br'ɔftfegR3ISƏRʊŋ] Femininum (Pluriel Broschtvergrëisserungen) **DE** *Brustvergrößerung* • **FR** *augmentation mammaire* • **EN** *breast augmentation, breast enlargement* • **PT** *aumento mamário* **Beispill** ech hu Rendez-vous bei enger Chirurgin weinst eng Broschtvergrëisserung

Broschtverklengerung [br'ɔftfeklæŋƏRʊŋ] Femininum (Pluriel Broschtverklengerungen) **DE** *Brustverkleinerung* • **FR** *réduction mammaire* • **EN** *breast reduction* • **PT** *redução mamária* **Beispill** Problemer mam Réck sinn dacks e Grond, firwat Fraen sech eng Broschtverklengerung maache loosse

Broschtwaarz [br'ɔftva:rts] Femininum (Pluriel Broschtwaarzen) **DE** *Brustwarze* • **FR** *mamelon* [bout du sein] • **EN** *nipple* [on breast] • **PT** *mamilo* **Beispill** Fraen, déi nieren, hunn heefeg hir Broschtwaarzen entzünd

Broschtwierbel [br'ɔftvi:ɣbəl] Maskulinum (Pluriel Broschtwierbelen) - Variant vun ↗Broschtwirbel

Broschtwirbel [br'ɔftvɪrβəl] Maskulinum (Pluriel Broschtwirbelen) **DE** *Brustwirbel* • **FR** *vertèbre dorsale* • **EN** *thoracic vertebra* • **PT** *vértebra dorsal* **Beispill** no sengem Accident war de Mann vum néngte Broschtwirbel u geläämt

1 Variant: Broschtwierbel

Broschür [brɔf'y:ɶ] Femininum (Pluriel Broschüren) **DE** *Broschüre* • **FR** *brochure* [livret] • **EN** *booklet, brochure* • **PT** *brochura, folheto* **Beispiller** de Ministère huet eng Broschür iwwer de Recycling erausginn; ech sammelen all d'Broschüre vun eisen Duerfveräiner

Brosel Femininum (Pluriel Broselen) - Variant vun ↗Broselesch

broseleg [br'ɔzələɕ] Adjektiv [vereezelt] **DE** *fahrig, hastig, hektisch* • **FR** *agité, nerveux* [personnel], *précipité* [geste, mouvement] <Adverb avec précipitation> • **EN** *jittery, hasty* [person] <Adverb hastily> • **PT** *agitado, nervoso* [pessoa], *precipitado* [gesto, movimento] <Adverb com precipitação> **Beispiller** d'Serveuse war esou broseleg, datt se zwee Glieser gebrach huet; schreif net esou broseleg, et kann een näischt liesen! **Synonymmen** hektesch, rubbeleg

broselen [br'ɔ:zələŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebroselt) » **intransitiv** [vereezelt] **DE** *hudeln, hektisch sein, unordentlich arbeiten* • **FR** *agir avec précipitation, travailler sans soin* • **EN** *to work sloppily, to act hastily* • **PT** *agir com precipitação, trabalhar sem cuidado* **Beispill** brosel net esou, maach deng Aarbecht anstänneg! **Synonymmen** haselen, rubbelen

Broseler [br'ɔ:zələ] Maskulinum (Pluriel Broseler) [vereezelt] **DE** *fahrige Person, hektische Person* • **FR** *agité, personne nerveuse* • **EN** *bodger, bungler, cowboy* • **PT** *pessoa agitada, pessoa nervosa* **Beispill** wann s dee d'Aarbecht gär propper gemaach häss, däerfs de dee Broseler do net froen, fir der ze hëllefes **Synonym** Rubbeler

1 Weiblech Form: ↗Broselesch

Broselesch [br'ɔ:zələʃ] Femininum (Pluriel Broseleschen)

1 Variant: Brosel

1 Männlech Form: ↗Broseler

Brosiushaff [br'ɔ:zjʊshaf] Eegennumm **DE** *Brosiushaff* • **FR** *Brosiushaff* • **EN** *Brosiushaff* • **PT** *Brosiushaff* **Beispiller** ech wunnen um Brosiushaff; fiert dëse Bus op de Brosiushaff?

Bross [brɔs] Femininum (Pluriel Brossen) **DE** *Bürstenhaarschnitt* • **FR** *brosse* [coupe de cheveux] • **EN** *crew cut* • **PT** *corte à escovinha* **Beispiller** bei der Arméi kruten d'Zaldoten all eng Bross geschnidden; haut huet de Coiffer nëmme Brosse geschnidden

Brot [brɔ:t] Maskulinum (Pluriel Broten) **DE** *Braten* • **FR** *rôti* • **EN** *joint, roast* • **PT** *assado* [peça de carne assada] **Beispiller** et gouf Brot mat gebootschte Gromperen; fir esou vill Gäscht muss de mat zwee bis dräi Brote rechnen

Brotebaach [br'ɔ:təba:ɰ] Eegennumm - Variant vun ↗Bruechtebaach

Brouderbuer [br'əʊdebu:ɶ] Eegennumm **DE** *Broderbour* • **FR** *Broderbour* • **EN** *Broderbour* • **PT** *Broderbour* **Beispiller** ech wunnen um Brouderbuer; fiert dëse Bus op de Brouderbuer?

Brouillon Maskulinum (Pluriel Brouillonnen) **DE** *Entwurf, Skizze* • **FR** *brouillon* • **EN** *draft, rough copy* • **PT** *ras-*

cunho, esboço **Beispill** ech maachen de Rapport vun der Reunioun, ech hu schonn en éischte Brouillon

Brout [br̥əʊt] Neutrum 1. (kee Pluriel) **DE** *Bro* [Nahrungsmittel] • **FR** *pain* [aliment] • **EN** *bread* [food] • **PT** *pão* [alimento] **Beispiller** ech hunn dat schwaarzt Brout am léifsten; dat do ass mir esou wichteg ewéi dat deeglecht Brout! [égs] [dat do ass mir ganz wichteg]; de Brigang sätzt elo bei Waasser a Brout [égs] [de Brigang ass elo am Prisong]; hie steet do, ewéi wann d'Hénger em d'Brout geholl hätten [égs] [hie steet ganz aarmséig do]; mä fréiere Klassekomerod verdéngt säi Brout als Museker [égs] [mäi fréiere Klassekomerod verdéngt säi Liewensënnerhalt als Museker]; däi Brout ass gebak! [égs] [däi Liewensënnerhalt ass ofgesécher!]; deem enge säin Doud, deem anere säi Brout [égs] [wat enger Persoun schuet, notzt enger anerer] 2. (Pluriel Brout) **DE** *Bro* [Laib] • **FR** *pain* [pain à l'unité] • **EN** *loaf* [of bread] • **PT** *pão* [unidade de pão] **Beispill** mäi Brudder ass zwee Brout vum Pond bei de Bäcker siche gaan-gen

Broutdeeg [br̥'əʊtdeːç] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Brotteig* • **FR** *pâte à pain* • **EN** *bread dough* • **PT** *massa de pão* **Beispill** de Broutdeeg muss nach eng Kéier opgoen, ier en an den Uewe kénnt

Broutgrimmel [br̥'əʊtgriməl] Femininum (Pluriel Broutgrimmelen) **DE** *Brotkrümel* • **FR** *miette de pain* • **EN** *bread crumb* • **PT** *migalha de pão* **Beispill** ech verdroen net, wann ech Broutgrimmelen am Kaffi hunn

Broutmesser [br̥'əʊtmæse] Neutrum (Pluriel Broutmesseren) **DE** *Brotmesser* • **FR** *couteau à pain* • **EN** *bread knife* • **PT** *faca do pão* **Beispill** d'Broutmesser huet eng gezackte Schneid

Broutmiel Neutrum (kee Pluriel)

I Hei entstee en neien Artikel.

Broutschéiss [br̥əʊtʃ'ɛɪs] Femininum (Pluriel Broutschéissen) **DE** *Backschießer* [für Brot] • **FR** *rondeau* [pelle à enfourner le pain] • **EN** *baker's paddle, bread peel* • **PT** *pá* [para meter o pão no forno] **Beispiller** de Bäcker hëlt d'Brout mat der Broutschéiss aus dem Bakuewen; du hues eng mat der Broutschéiss! [égs] [du bass verréckt]

Browser [br̥'əʊzɐ] Maskulinum (Pluriel Browseren) **DE** *Browser* • **FR** *navigateur* • **EN** *browser* • **PT** *browser* **Beispill** wéi e Browser benotz du, fir am Internet ze surfen?

Browserfënster [br̥'əʊzɛfɛnstɛr] Femininum (Pluriel Browserfënstere) **DE** *Browserfenster* • **FR** *fenêtre de navigateur* • **EN** *browser window* • **PT** *janela de browser* **Beispill** de Formulaire gëtt automatesch an enger neier Browserfënster ugewisen

Bruch [br̥ʊχ] Eegennumm **DE** *Brouch* • **FR** *Brouch* • **EN** *Brouch* • **PT** *Brouch* **Beispiller** ech wunnen zu Bruch; fiert dese Bus op Bruch bei Biwer?

Bruch [br̥'ʊχ] Eegennumm **DE** *Brouch* • **FR** *Brouch* • **EN** *Brouch* • **PT** *Brouch* **Beispiller** ech wunnen zu Bruch; fiert dese Bus op Bruch bei Miersch?

Bruch [br̥'ʊχ] Eegennumm **DE** *Bruch* • **FR** *Bruch* • **EN** *Bruch* • **PT** *Bruch* **Beispiller** ech wunnen um Bruch; fiert

dese Bus op de Bruch?

Bruchbud [br̥'ʊχbuːt] Femininum (Pluriel Bruchbuden) [égs] **DE** *Bruchbude* • **FR** *taudis* • **EN** *hovel, shack* • **PT** *casebre, pardieiro* **Beispill** him fält seng Bruchbud nach eng Kéier iwwezem Kapp zesummen! **Synonym** Brak

I Variant: Brochbud

Brücherhaff [br̥'yçɛhaf] Eegennumm **DE** *Brücherhof* • **FR** *Brücherhof* • **EN** *Brücherhof* **Beispiller** ech wunnen um Brücherhaff; fiert dese Bus op de Brücherhaff bei Folkendeng?

Brücherheck [br̥'yçɛhæk] Eegennumm **DE** *Brücherheck* • **FR** *Brücherheck* • **EN** *Brücherheck* • **PT** *Brücherheck* **Beispiller** ech wunnen op der Brücherheck; fiert dese Bus op d'Brücherheck?

Bruck [br̥ʊk] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Laich* [von Fröschen, von Kröten] • **FR** *frai* [de batraciens] • **EN** *spawn* [of batrachians] • **PT** *ovos* [de batráquios] **Beispill** wéinst deene ville Fräschen ass eise Weier voller Bruck **Synonym** Lâich

brucken [br̥'ʊkən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gebruckt) » **intransitiv** 1. [vereezt] **DE** *brüten* [Vögel] • **FR** *couver* [oiseaux] • **EN** *to brood* [to incubate] • **PT** *chocar* [aves] **Beispiller** d'Kluck bruckt um Juck; d'Kuebe brucken ewéi all Joer bei der Kierch an de Käschtebeem **Synonym** bréien 2. [égs] brucken iwwe **DE** *hocken über, hocken bei* [sich lange aufhalten mit] • **FR** *rester penché sur* [s'occuper longuement de] • **EN** *to brood over* [to spend a long time with] • **PT** *estar debruçado sobre* [dedicar-se a] **Beispill** hie bruckt schonn de ganze Mëtteg iwwe deem Bréif 3. [égs] brucken un **DE** *grübeln über* • **FR** *ruminer* [retourner dans sa tête] • **EN** *to brood over, to mull over* • **PT** *cismar em, matutar em* **Beispill** hie schwätzt net mat mer, e sätzt do, un eppes ze brucken 4. [égs] brucken un **DE** *erste Anzeichen (einer Krankheit) spüren, erste Anzeichen (einer Krankheit) zeigen* • **FR** *couver* [une maladie] • **EN** *to be coming down with, to be sickening for* • **PT** *chocar* [uma doença] **Beispill** ech brucken un enger Gripp

Brudder [br̥'ʊdɐ] Maskulinum (Pluriel Bridder) 1. **DE** *Bruder* [Familienmitglied] • **FR** *frère* [parent] • **EN** *brother* [family member] • **PT** *irmão* [parente] **Beispiller** de Bouf passt op säi klenge Brudder op; ech hunn zwee Bridder; du bass ewéi e Brudder fir mech 2. **DE** *Bruder* [Mönch, Klosterbruder] • **FR** *frère* [membre d'un ordre religieux] • **EN** *brother, monk* • **PT** *irmão, frade* **Beispill** mir sinn am Klouschter vun engem frëndleche Brudder empfaange ginn **Synonym** Mënnch 3. [égs] **DE** *Bruder, Kerl* • **FR** *type* [homme] • **EN** *fellow, bloke* • **PT** *gajo, tipo* **Beispill** wat bass du e raue Brudder! **Synonymmen** Kârel, Gesell

Bruechtebaach [br̥'ʊɛçtəbaːχ] Eegennumm **DE** *Brachtenbach* • **FR** *Brachtenbach* • **EN** *Brachtenbach* • **PT** *Brachtenbach* **Beispiller** ech wunnen zu Bruechtebaach; fiert dese Bus op Bruechtebaach?

I Lokalvariant: Brotebaach

brueden [br̥'ʊədən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gebruet) » **intransitiv** 1. **DE** *murksen* • **FR** *appliquer la force* [pour extraire, pour ouvrir] • **EN** *to use force* [in order to pull out, in order to open] • **PT** *exercer força* [para extrair, para abrir] **Beispiller** den Zännokter

huet misse richtig **brueden**; hien huet um Tirang gerappt a **gebruet**, fir en opzekeréien **2. DE bohren** [fragen] • **FR insister** [questionner inlassablement] • **EN to question insistently, to probe** • **PT insistir** [pedir insistentemente] **Beispill** meng Mamm huet **gebruet**, bis ech d'Wouerecht gesot hunn **Synonym** bueren

i Verb, dat **brueden** als Basis huet: ↗opbrueden

Brulli [br'uli:] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Bulli

Brunch Maskulinum (Pluriel Brunchen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Brunei [br'u:nai] Eegennum, Maskulinum **DE Brunei** (Darussalam) • **FR Brunei** (Darussalam) • **EN Brunei** (Darussalam) • **PT Brunei, Estado do Brunei Darussalā** **Beispiller** ech war schonn dräimol am Brunei; ech fueren d'nächst Woch an de Brunei; ech kommen aus dem Brunei **Synonym** Brunei Darussalam

i männlech Persoun: ↗Bruneier weiblech Persoun: ↗Bruneierin Adjektiv: ↗bruneiesch Hauptstadt: ↗Bandar Seri Begawan

Brunei Darussalam Eegennum, Maskulinum **DE Brunei Darussalam** • **FR Brunei Darussalam** • **EN Brunei Darussalam** • **PT Estado do Brunei Darussalā** **Beispiller** ech war schonn dräimol am Brunei Darussalam; ech fueren d'nächst Woch an de Brunei Darussalam; ech kommen aus dem Brunei Darussalam

i männlech Persoun: ↗Bruneier weiblech Persoun: ↗Bruneierin Adjektiv: ↗bruneiesch

Bruneier [br'u:naiə] Maskulinum (Pluriel Bruneier) **DE Bruneier** • **FR Brunéien** • **EN Bruneian** • **PT bruneino** **Beispill** mäi beschte Frënd ass Bruneier

Bruneierin [br'u:naiərin] Femininum (Pluriel Bruneierinnen) **DE Bruneierin** • **FR Brunéienne** • **EN Bruneian** [female] • **PT bruneina** **Beispill** meng bescht Frëndin ass Bruneierin

bruneiesch [br'u:n'aiəʃ] Adjektiv **DE bruneiesch** • **FR brunéien** • **EN Bruneian** • **PT bruneino** **Beispill** op eiser Rees hu mir déi bruneiesch Kultur kenne geléiert

brüsk [brysk] Adjektiv **DE brüsk** • **FR brusque** [vif, rude] <Adverb brusquement> • **EN sudden, abrupt** <Adverb suddenly> • **PT brusco** [súbito, rude] <Adverb bruscamente> **Beispiller** du hues besser, d'Harespelen net mat enger brüsker Beweegung ze verjoen; de Chauffeur ass esou brüsk ugefuer, datt d'Leit am Bus d'Gläichgewicht verluer hunn

brüskéieren [brysk'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé brüskéiert) » **transitiv 1. DE brüskieren** • **FR brusquer** [bousculer, froisser] • **EN to upset, to offend** • **PT tratar com brusquidão** **Beispill** de Reporter brüskéiert d'Leit mat sengen intime Froen **2. DE überstürzen** • **FR brusquer, précipiter** • **EN to rush (into)** • **PT precipitar, apressar** **Beispill** brüskéier näischt, iwwerlee der déi Saach an aller Gemittsrou **Synonym** iwwerstieren

brusque [brysk] Adjektiv - Variant vun ↗brüsk

brutal [brut'a:l] Adjektiv **1. DE brutal** • **FR brutal** [violent, sans égards] <Adverb brutalement> • **EN brutal,**

ruthless • **PT brutal** [violento, rude] <Adverb brutalmente, à bruta> **Beispiller** den Opstand gouf op eng **brutal** Manéier ënnerdréckt; mat denge **brutale** Methode méchs de der keng Frënn; déi ganz Famill hat ënner deem **brutale** Papp ze leiden **2. [ëgs] DE heftig** [jäh] • **FR brutal** [fort, brusque] <Adverb brutalement> • **EN sudden, violent** • **PT brusco** [forte, súbito] <Adverb bruscamente> **Beispill** de **brutalen** Ëmschwingung vun den Temperaturen ass net gutt fir d'Gesondheet

Busnetz [b'usnæts] Neutrum (Pluriel Busnetzer) **DE** Busliniennetz • **FR** réseau d'autobus • **EN** bus network • **PT** rede de autocarros **Beispill** wann ee méi kleng Dierfer un d'Busnetz géif ubannen, wier manner Verkéier op eise Stroossen

Bussar [b'usa:r] Maskulinum (Pluriel Bussaren) **Buteo buteo** **DE** Mäusebussard • **FR** buse variable • **EN** common buzzard • **PT** águia-d'asa-redonda **Beispill** wéi laang bréien d'Bussaren?

Bussard Maskulinum (Pluriel Bussarden) **Buteo buteo** - Variant vun ↗Bussar

Busspuer [b'usʃpu:ɐ] Femininum (Pluriel Busspueren) **DE** Busspur • **FR** couloir de bus, voie de bus • **EN** bus lane • **PT** faixa de bus, corredor de bus, via reservada a autocarros **Beispill** därfer ee mam Vélo op der Busspuer fueren?

Bustarif [b'ustarif] Maskulinum (Pluriel Bustariffer) **DE** Bustarif, Buspreis • **FR** tarif de bus • **EN** bus fare • **PT** tarifa de autocarro **Beispill** ech bräicht e puer Renseignermenter iwwer déi nei Bustariffer

Busverbindung [b'usfebɪndʊŋ] Femininum (Pluriel Busverbindungen) **DE** Busverbindung • **FR** correspondance (de bus) • **EN** bus connection • **PT** ligação (de autocarro) **Beispill** ech géif mam öffentlechen Transport op d'Aarbecht fueren, wann ech eng besser Busverbindung hätt

But [byt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Ziel, Zweck • **FR** but, visée • **EN** goal, purpose • **PT** fim, finalidade, propósito **Beispill** wat ass de But vun där Initiativ? **Synonymmen**

Zil, Zweck

Buteur Maskulinum (Pluriel Buteursen) DE *Torschütze, Torjäger* • FR *buteur* • EN *scorer, striker* • PT *goleador, marcador (de gola)* **Beispill** eise beschte **Buteur** huet d'lescht Saison zwanzeg Goler geschoss

i Weiblech Form: ↗Buteuse

Buteuse Femininum (Pluriel Buteusen) DE *Torschützin, Torjägerin* • FR *buteuse* • EN *scorer, striker [female]* • PT *goleadora, marcadora (de gola)* **Beispill** nom Transfert vun eiser beschter **Buteuse** hu mer keen eenzege Gol méi geschoss

i Männlech Form: ↗Buteur

Butsch [butʃ] Femininum (Pluriel Butschen) **1.** [vereezlt] DE *Ziege [Tier]* • FR *chèvre [animal]* • EN *goat [animal]* • PT *cabra [animal]* **Beispill** ech weess net, wat eis Butsch huet, mee se gétt keng Mëllech méi **Synonym** Geess **2.** [ëgs] DE *Zicke [Schimpfwort]* • FR *bique [insulte]* • EN *silly goose, twit* • PT *cabra [insulto]* **Beispill** déi zwou Butsche si mer mat hirem blöde Beschass ferm op de Su gaangen! **Synonym** Bëtschel

Butschebuerg [b'utʃəbu:ʁɔ] Eegennumm DE *Budersberg* • FR *Budersberg* • EN *Budersberg* • PT *Budersberg* **Beispiller** ech wunnen zu **Butschebuerg**; fiert dese Bus op **Butschebuerg**?

Buttek [b'utek] Maskulinum **1.** (Pluriel Butteker) DE *Laden, Geschäft* • FR *magasin [commerce]* • EN *shop* • PT *loja [estabelecimento comercial]* **Beispiller** eise **Buttek** huet sondes vun aacht bis zwielef Auer op; wa Braderie ass, si vill Leit an de **Butteker** **Synonym** Geschäft **2.** (kee Pluriel) [ëgs] DE *Gerümpel* • FR *fatras, bazar* • EN *stuff, junk [belongings]* • PT *tralha, cangalhada* **Beispill** huet däi ganze **Buttek** a maach dech ewech! **Synonymmen** Kreemchen, Krëppeng **3.** (kee Pluriel) [ëgs] DE *Krach, Streit* • FR *dispute, querelle* • EN *row [quarrel]* • PT *disputa, zanga* **Beispill** mir hu scho jorelaang **Buttek** mat eisem Noper **Synonymmen** Kaméidi, Sträit, Zodi **4.** (kee Pluriel) [ëgs] [pejorativ] DE *Pack, Gesindel* • FR *racaille* • EN *riff-raff, trash* • PT *gentalha, ralé* **Beispill** hal dech net mat deem **Buttek** op! **Synonymmen** Krom, Kreemchen, Wouscht

Butteksfra [b'uteksfra:] Femininum (Pluriel Butteksfraen) DE *Krämerin* • FR *épicrière* • EN *grocer [female]* • PT *merceira* **Beispill** bei der **Butteksfra** an der Epicerie kruten d'Kanner ëmmer eng Zockerboun

Butteksmann Maskulinum (Pluriel Butteksmäner) - männlech Form vun ↗Butteksfra

Butteksmeedchen [b'uteksme:ʦən] Neutrum (Pluriel Butteksmeedercher) [vereezlt] DE *(junge) Verkäuferin [in einem Laden]* • FR *(jeune) vendeuse [dans un magasin]* • EN *shop assistant, saleswoman* • PT *assistente de loja [empregada]* **Beispill** meng Bomi war laang **Butteksmeedchen**, ier se bestuet gouf

Button Maskulinum (Pluriel Buttons) **1.** DE *Button [Schaltfläche]* • FR *bouton [informatique]* • PT *botão [comando virtual]* **Beispiller** fir d'Dokument ze printen, muss de op de **Button** uewe lénks klicken; an der App gétt et e **Button**, fir den Toun auszemaachen **2.** DE *Button [Anstecker]* • FR *badge [insigne à épingle]* • PT *cra-chá, pin* **Beispill** d'Partei huet **Buttons** mat hirem Wal-

slogan ausgedeeft

Butz [buts] Maskulinum (Pluriel Butzen) [ëgs] DE *kleines Kind* • FR *bambin(e)* • EN *small child, kid* • PT *pequerrucho, pequerrucha* **Beispill** eis Noperen hunn e léiwe **Butz**

butzeg [b'utsəɕ] Adjektiv DE *winzig, niedlich* • FR *minuscule [très petit, mignon]* • EN *tiny, cute* • PT *pequenino, giro* **Beispiller** ech hu mech net getraut, dee **butzege** Puppelchen op den Aarm ze huelen; si hunn e **butzege** Gaart hannerem Haus **Synonym** klínzeg

Butzege Käizchen [b'utsəzək'æ:itsjən] Maskulinum (Pluriel Butzeg Käizercher) **Glaucidium passerinum** DE *Sperlingskauz* • FR *chouette chevêchette* • EN *Eurasian pygmy-owl* • PT *mocho-pigmeu* **Beispill** wéi laang bréien d'**Butzeg** Käizercher?

Butzi Maskulinum (Pluriel Butzien)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Buurschent [b'u:ɕfənt] Eegennumm - Variant vun ↗Buerschent

Buurschter Millen [b'u:ɕtəm'ilən] Eegennumm - Variant vun ↗Buerschter Millen

Buurschter Plage [b'u:ɕtəpl'a:] Eegennumm - Variant vun ↗Buerschter Plage

Buurschter Schlass [b'u:ɕtəʃl'as] Eegennumm - Variant vun ↗Buerschter Schlass

Buuscht [bu:ʃt] Maskulinum **1.** (Pluriel Buuschten) DE *Haar [Einzelhaar]* • FR *poil, cheveu* • EN *hair [single hair]* • PT *pelo, cabelo* **Beispiller** hiren Hond verléiert vill **Buuschten**; mir wísst ëmmer e **Buuscht** op der Nues **2.** (kee Pluriel) [ëgs] DE *Haar [Gesamtheit der Kopfhaare]* • FR *chevelure* • EN *thatch, mop [head of hair]* • PT *crina, cabeleira* **Beispill** kämm der emol de **Buuscht**, ier s de ëner d'Leit gees! **3.** (Pluriel Buuschten) DE *Haarbüschel* • FR *mèche [de cheveux]* • EN *tuft of hair* • PT *tufo de cabelo* **Beispiller** de Bouf hat e **Buuscht** ewechstoen; ech kéint mer d'**Buuschten** ausrappen! [ëgs] [ech kéint mech zu Doud iergeren!]

Buuschtebënner Maskulinum (Pluriel Buuschtebënner) DE *Bürstenbinder* • FR *brossier* • EN *broom-maker* • PT *escoveiro [pessoa]* **Beispiller** fréier hunn d'Leit hir Biische beim **Buuschtebënner** kaaft; hien huet gëschter Owend erëm gesoff ewéi e **Buuschtebënner** [ëgs] [hien huet gëschter Owend erëm vill ze vill Alkohol gedronk]; d'Bouwen hu gestriden ewéi d'**Buuschtebënner** [ëgs] [d'Bouwen hu fatzeg gestriden]; hie flucht ewéi e **Buuschtebënner** [ëgs] [hie flucht vill an hefteg]

i Variant: Biischtebënner

Buuschtefiedermaus [b'u:ʃtəfliədɛmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Buuschtefiedermais) **Myotis nattereri** DE *Fransenfiedermaus* • FR *murin de Natterer* • EN *Natterer's bat* • PT *morcego-de-franja* **Beispill** d'**Buuschtefiedermaus** krut hiren Numm duerch déi no ënne gebéite **Buuschten** un de Ränner vun hirer Schwanzfluchhaut

buuschteg [b'u:ʃtəɕ] Adjektiv **1.** DE *haarig, behaart* • FR *poilu, velu* • EN *hairy [covered with hair]* • PT *peludo*,

cabeludo **Beispill** wat huet dee **buuschteg** Been! **Synonym** horeg **2.** [ëgs] **DE** reizbar, grob, kratzbürstig • **FR** irritable, grossier, désagréable • **EN** prickly, churlish, crude • **PT** irritável, grosseiro, desagradável **Beispiller** mäi Monni huet e **buuschtege** Charakter; hien ass an der Lescht richteg **buuschteg**

Buvette [b'yvæt] **Femininum** (Pluriel **Buvetten**) **DE** Getränkekiosk, Ausschank, Bar • **FR** buvette • **EN** refreshment kiosk, bar • **PT** balcão de bebidas, bar **Beispiller** de Fussballsveräin huet haut eng Versammlung an der **Buvette** vun der Sportshal; mir ginn eis Rendez-vous an der **Buvette** vun der Gare

buzzeren **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participle passé **gebuzzert**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

B-Woch [b'e:vox] **Femininum** (Pluriel **B-Wochen**) **DE** B-Woche [in den Schulen Luxemburgs] • **FR** semaine B [dans les écoles luxembourgeoises] • **EN** B-week [in Luxembourgish schools] • **PT** semana B [nas escolas lu-

xemburguesas] **Beispill** an der A-Woch gesinn ech d'Hallschent vu menge Klassekomeroden an der Schoul, an der **B-Woch** léieren ech doheem

i Während dem Deconfinement gëtt et an de Lëtzebuenger Schoulen e System mat alternativ A- a B-Woche fir d'Schoukllassen. D'B-Woch ass eng Übungswoch, an där d'Hallschent vun der Klass mat Hëllef vun engem Wocheplang eng festgeluechte Matière entweder vun doheem aus opschaft oder, fir d'Schüler aus der Grondschoul, hefir eng Betreuung an der Schoul notzt.

Bypass [b'aipas] **Maskulinum** (Pluriel **Bypassen**) **1.** **DE** Bypass [am Blutgefäß] • **FR** pontage (coronarien) • **EN** bypass [surgical] • **PT** bypass (coronário) **Beispill** duerch e **Bypass** kann d'Blutt nees normal an den Härezmuskel fléissen **2.** **DE** Bypass [Umgehung im Straßenverkehr] • **FR** by-pass [voie de déviation] • **EN** bypass [road] • **PT** variante, desvio [via rodoviária] **Beispill** fir datt kann un der Autobunn geschafft ginn, leeft den Trafick iwwer e **Bypass**

Byte **Maskulinum** (Pluriel **Byte**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

C

C Maskulinum (Pluriel C-en / C) DE C [Buchstabe] • FR C [lettre] **Beispill** d'Wuert „Coiffer“ fänkt mat engem C un

Cabaret [k'abaræ:] Maskulinum **1.** (Pluriel Cabareten) DE *Nachtlokal* • FR *cabaret* [boîte de nuit] • EN *cabaret* [nightclub] • PT *cabaré* **Beispill** si trëtt als Dänzerin an engem **Cabaret** op **Synonym** Etablissement **2.** (kee Pluriel) DE *Kabarett* [Kunstform] • FR *café-théâtre* [art satirique] • EN *cabaret* [entertainment] • PT *café-teatro* **Beispill** den Auteur schreift *Sketcher* fir de **Cabaret**

Cabillaud Maskulinum **1.** (Pluriel Cabillauden) DE *Kabeljau*, *Dorsch* [Tier] • FR *cabillaud*, *morue* [animal] • EN *cod* [animal] • PT *bacalhau* [animal] **Beispill** e **Cabillaud** ka bis zu 20 Joer al ginn **2.** (kee Pluriel) DE *Kabeljau* [Nahrungsmittel] • FR *cabillaud* [aliment] • EN *cod* [food] • PT *bacalhau fresco* [alimento] **Beispill** wéi preparéiers du de **Cabillaud**?

Cabine [kab'in] Femininum (Pluriel Cabinnen) - Variant vun ↗Kabinn

Cabinet [k'abine:] Maskulinum (Pluriel Cabineten) **1.** DE *Kanzlei*, *Praxis*, *Büro* • FR *cabinet* [d'un avocat, d'un médecin] • EN *office*, *surgery* • PT *escritório*, *gabinete* [de um advogado], *consultório* [de um médico] **Beispiller** d'Affekotin huet fënnef Leit an hirem **Cabinet** schaffen; den Dokter huet de **Cabinet** op en Oweiesen invitieert [den Dokter huet d'Mataarbechter aus dem **Cabinet** op en Oweiesen invitieert] **2.** DE *Toilette* [Raum, Kabinel] • FR *toilettes* [cabinets] • EN *toilet* [room] • PT *casa de banho*, *lavabo* **Beispiller** am **Cabinet** um éische Stack muss d'Chasse gefléckt ginn; ier mer fueren, muss ech nach séier op de **Cabinet** **Synonym** Toilette **3.** DE *Toilette* [Kloschüssel] • FR *cuvette* (des W.-C.) • EN *toilet* [bowl] • PT *sanita* **Beispill** de Brëll vum **Cabinet** ass lass **Synonym** Toilette

Cabinetspabeier [k'abine:spabaɪɐ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Toilettenpapier* • FR *papier hygiénique*, *papier-toilette* • EN *toilet paper* • PT *papel higiênico* **Beispill** d'Kanner hunn eng ganz Rull **Cabinetspabeier** verbëtz **Synonym** Toilettëpabeier

Cabrio [k'abri:] Maskulinum (Pluriel Cabrioen) - Kuerzform vun ↗Cabriolet

Cabriolet [k'abri:le:] Maskulinum (Pluriel Cabrioleten) DE *Cabrio*, *Cabriolet* • FR *cabriolet* [auto] • EN *cabriolet*, *convertible* • PT *cabriolé*, *descapotável* **Beispill** den Daach vu sengem neie **Cabriolet** geet elektresch op an zou

Kuerzform: Cabrio

Cacahouète [kakaw'æt] Femininum (Pluriel Cacahouëtten) - Variant vun ↗Kakuett

Cache-pot [kaʃp'o:] Maskulinum (Pluriel Cachepoten) DE *Übertopf* • FR *cache-pot* • EN *cachepot*, *flowerpot holder* • PT *vaso decorativo*, *cache-pot* **Beispill** hu mir kee passende **Cache-pot** fir dat grousst Blummendëppen?

Cachet [k'aʃe:] Maskulinum (Pluriel Cacheten) **1.** DE *Charakter* [Note] • FR *cachet*, *aspect* • EN *character* [fea-

tures] • PT *caráter*, *originalidade*, *cachê* **Beispill** eist Duerf huet säin eenzegeartege **Cachet** zënter dem Mëttelalter behal **Synonym** Charakter **2.** DE *Honorar* • FR *cachet* [indemnité] • EN *fee* • PT *cachê* [remuneração] **Beispill** d'Museker, déi um Concert fir e gudden Zweck opgetruede sinn, hunn op hire **Cachet** verzicht **3.** DE *Tablette* • FR *comprimé* • EN *pill*, *tablet* • PT *comprimido* **Beispill** ech hunn ëmmer e puer **Cachete** géint Kappwéi a menger Posch **Synonym** Pëll

Caddie [k'ædi:] Maskulinum (Pluriel Caddien) DE *Einkaufswagen*, *Caddie* • FR *caddie*, *chariot* • EN (shopping) *trolley* • PT *carrinho de compras* **Beispill** am Supermarché ass ee mer mat sengem **Caddie** an d'Feescht gerannt **Synonymmen** Akafsweenchen, Weenchen

Caddie-Flicht [k'ædi:flɪçt] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Caddieflucht

Caddieflucht [k'ædi:flɪçt] Femininum (kee Pluriel) DE *Einkaufswagenpflicht* [Eindämmungsmaßnahme] • FR *obligation de prendre un chariot* [mesure sanitaire] • EN *mandatory use of a shopping trolley* [containment measure] • PT *obrigação de levar carrinho de compras* [medida sanitária] **Beispill** wéinst dem Coronavirus gëtt et a verschiddene Butteker eng **Caddieflucht**

Variant: Caddiepflicht

Caddie-Pflicht [k'ædi:pflɪçt] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Caddiepflicht

Caddiepflicht [k'ædi:pflɪçt] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Caddieflucht

Cadeau [k'ado:] Maskulinum (Pluriel Cadeauen) - Variant vun ↗Kaddo

Cadeauspabeier Maskulinum (Pluriel Cadeauspabeieren) - Variant vun ↗Kaddospabeier

Cadet [k'ade:] Maskulinum (Pluriel Cadeten) **1.** DE *Spieler der B-Jugend* • FR *cadet* [sportif] • EN *under 17s player* • PT *juvenil* [desportista] **Beispill** als **Cadet** wollt ech ëmmer professionelle Spiller ginn **2.** (kee Singulier) DE *Mannschaft der B-Jugend* • FR *cadets* [équipe sportive] • EN *under 17s team* • PT *juvenis* [equipa desportiva] **Beispill** d'**Cadeten** trainéieren zweemol d'Woch zwou Stonnen

cadréieren [kadR'ziəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *cadréiert*) - Variant vun ↗kadréieren

Café [k'afe:] Maskulinum (Pluriel Caféen) DE *Gastwirtschaft*, *Kneipe* • FR *café* [débit de boissons] • EN *pub* • PT *café* [estabelecimento] **Beispiller** den ale Jonggesell geet all Dag an de **Café** säi Patt huelen; am Duerf sinn zënter Kuerzem zwee **Caféen**; bei eis maache vill **Café** schonn ëm Hallefnuecht zou **Synonymmen** Bistro, Wiertschaft

Café Halt [kaf'e:h'alt] Eegennumm DE *Eschweiler-Halte* • FR *Eschweiler-Halte* • EN *Eschweiler-Halte* • PT *Eschweiler-Halte* **Beispiller** ech wunnen um **Café Halt**; fiert dëse Bus op de **Café Halt**?

Cafeteria [kafet'e:rjə:] Femininum (Pluriel Cafeteriaen) DE *Cafeteria* • FR *cafétéria* • EN *cafeteria* • PT *cafeteria* **Beispill** no der Virstellung hu mir eng Klengegkeet

an der Cafeteria vum Theater giess

Cageot [k'ɑːʒo:] Maskulinum (Pluriel Cageoten) **1. DE** Kasten, Getränkekasten • **FR** *caisse* [à bouteilles] • **EN** *crate* [for bottles] • **PT** *grade* [para garrafas] **Beispill** ech hu beim Depositär zwee Cageote Béier bestallt **Synonymmen** Casier, Këscht **2. DE** *Obstkiste, Lattenkiste* • **FR** *cageot, clayette* • **EN** *crate* [box] • **PT** *caixote, engradado* **Beispill** bréng mer e Cageot Aprikose vum Maart mat!

Cagoule [kag'ul] Femininum (Pluriel Cagoullen) - Variant vun **↗**Kagull

Caillot [k'ɑjɔ:] Maskulinum (Pluriel Cailloten) **DE** *Blutgerinnsel* • **FR** *caillot* (de sang) • **EN** (blood) *clot* • **PT** *coágulo* (de sangue) **Beispill** wann d'Blutt ze lues an den Oderen zirkuléiert, kann e geféierterleche **Caillot** entstoen **Synonym** Blutgerinnsel

Caissier [k'e:sje:] Maskulinum (Pluriel Caissieren) - Variant vun **↗**Keessjee

Caissière [k'e:sje:R] Femininum (Pluriel Caissières) **1. DE** *Kassiererin* • **FR** *caissière* • **EN** *cashier* [female] • **PT** *caixa* [empregada de caixa] **2. DE** *Kassenwartin* • **FR** *trésorière* • **EN** *treasurer* [female] • **PT** *tesoureira* **Synonym** *Tre-sorière*

i Männlech Form: **↗**Keessjee

Calamar [kalam'a:R] Maskulinum (Pluriel Calamaren) - Variant vun **↗**Kalamar

Calcium [k'altsjum] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** *Calcium* [chemisches Element] • **FR** *calcium* [élément chimique] • **EN** *calcium* [chemical element] • **PT** *cálcio* [elemento químico] **Beispill** d'Element Calcium gehéiert zum Grupp vun den Äerdalkalimetaller

Calcul [kalk'yl] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Kalkül, Berechnung* • **FR** *calcul* [intérêt personnel] • **EN** *calculation, scheming* • **PT** *calculismo* **Beispill** hien handelt net aus Guttmiddegkeet, mee aus puerem **Calcul** **Synonym** Berechnung

calculéieren [kalkyl'zjəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé calculéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Cale [kal] Femininum (Pluriel Callen) **DE** *Keil* [zum Bremsen, zum Unterlegen] • **FR** *cale* [d'immobilisation, d'épaisseur] • **EN** *chock, wedge* • **PT** *calço, cunha* **Beispiller** lee eng **Cale** ënner d'Rad, soss bleift de Won net stoen!; d'**Cale** ënnerem Schaf ass gerëtscht

caléieren [kal'zjəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé caléiert) » **transitiv** **DE** *stützen, fixieren* [durch Unterlegen] • **FR** *caler* [immobiliser, mettre d'aplomb] • **EN** *to wedge, to steady* [furniture] • **PT** *calçar* [pôr calço em] **Beispill** de **Wiert** huet de **Bistrodsësch** mat engem **Béierdeckel** **caléiert**

caléiert [kal'zjət] Adjektiv **DE** *beschlagen* • **FR** *calé* [instruit, compétent] • **EN** *knowledgeable, learned* • **PT** *instruído, sábio* **Beispill** pass op, dat do ass e **caléierten** Typ!

i „caléiert“ kann och de **Participe passé** vum **Verb** **↗**caléieren sinn.

Calepin [k'alpɛ:] Maskulinum (Pluriel Calepinen) **1. DE** *Notizbuch* • **FR** *calepin, carnet* (de notes) • **EN** *diary, note-*

book • **PT** *caderno de apontamentos, caderno de notas* **Beispill** ech hunn ëmmer e **Calepin** an e **Bic** bei mer, fir mer wichteg Saachen direkt kënnen ze notéieren **Synonymmen** *Bichelchen, Carnet, Notizbuch* **2. DE** *Agenda, Terminkalender* • **FR** *agenda* [organiseur] • **PT** *agenda* [livro, dispositivo] **Beispill** ech schreiwen deen **Datum** direkt a mäi **Calepin** **Synonym** *Agenda*

calibréieren [kalibr'zjəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé calibréiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Californium [kalif'ɔRɲjum] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** *Californium* [chemisches Element] • **FR** *californium* [élément chimique] • **EN** *californium* [chemical element] • **PT** *califórnio* [elemento químico] **Beispill** d'Element **Californium** gehéiert zum Grupp vun den **Actinoiden**

calméieren [kalm'zjəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé calméiert) » **transitiv** **1. DE** *beruhigen* • **FR** *calmer* • **EN** *to calm down* • **PT** *acalmar* **Beispill** d'**Schouljoffer** hat all **Méi**, fir d'**Kanner** am **Haff** ze **calméieren** **Synonym** *berouegen* » **reflexiv** **2. DE** *sich beruhigen* • **FR** *se calmer* • **EN** *to calm down* • **PT** *acalmar-se* **Beispill** **calméiert** **Iech**, et geschitt **Iech** näischt! **Synonym** *sech berouegen*

Cambodge [kamb'otʃ] Eegennumm, Maskulinum **DE** *Kambodscha* • **FR** *Cambodge* • **EN** *Cambodia* • **PT** *Camboja* **Beispiller** ech war schonn dräimol am **Cambodge**; ech fueren d'nächst **Woch** an de **Cambodge**; ech kommen aus dem **Cambodge** **Synonym** *Kambodja*

i männlech Persoun: **↗**Kambodjaner weiblech Persoun: **↗**Kambodjanerin Adjektiv: **↗**kambodjanesch Haaptstad: **↗**Phnom Penh

Camelote [kaməl'ot] Maskulinum/Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **↗**Kamelott

Camembert Maskulinum (Pluriel Camemberten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Camion [k'amjõ:] Maskulinum (Pluriel Camionen) **DE** *Lkw, Lastwagen* • **FR** *camion* [poids lourd] • **EN** *lorry* • **PT** *camião* **Beispiller** d'**Entreprise** transportéiert hiert **Baumaterial** mat **schwéiere** **Camionen**; d'**Schlächspuer** ass fir **Camione** geduecht; ech hunn e **Camion** **Buedem** kritt [ech hunn d'**Quantitéit** **Buedem**, déi op e **Camion** geet, **geliwwert** kritt]; dat do ass e **Camion** voll! **égs** [dat do ass ganz vill]

Camionnette [kamjõn'æt] Femininum (Pluriel Camionnetten) **DE** *Lieferwagen* • **FR** *camionnette, fourgonnette* • **EN** (small) *van* • **PT** *camioneta, furgoneta* **Beispiller** e **Bäcker** féiert säi **Brout** mat enger **Camionnette** aus; d'**Post** huet zwou **fonkelnei** **Camionnetté** kritt **Synonym** *Liwwerwon*

Camionschauffer [k'amjõ:sfo:fe] Maskulinum (Pluriel Camionschaufferen) **DE** *Lastwagenfahrer, Fernfahrer, Lkw-Fahrer* • **FR** *chauffeur de camion, (chauffeur) routier, camionneur* • **EN** *lorry driver* • **PT** *condutor de camião, camionista* **Beispill** de **Camionschauffer** huet sech **missen** op d'**Noutspuer** retten, well d'**Bremse** **versot** haten

i Variant: **Camionschauffeur**

1 Weiblech Form: \nearrow Camionschauffesch

Camionschauffesch [k'amjõ:sfo:fəʃ] Femininum (Pluriel Camionschauffeschen) **DE** Lastwagenfaherin, Fernfaherin, Lkw-Faherin • **FR** chauffeuse de camion, chauffeuse routière, camionneuse • **EN** lorry driver [female] • **PT** condutora de câmião, camionista **Beispill** der Camionschauffesch war matzen op der Autobunn e Pneu geplatzt

1 Männlech Form: \nearrow Camionschauffer

Camionschauffeur [k'amjõ:sfo:fœ:r] Maskulinum (Pluriel Camionschauffeuren) - Variant vun \nearrow Camionschauffer

Camionsverkéier [k'amjõ:sfekʒiɛ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Lkw-Verkehr, Lastwagenverkehr • **FR** trafic de camions, trafic de poids lourds • **EN** lorry traffic, HGV traffic • **PT** trânsito de camiões, trânsito de veículos pesados **Beispill** op alle groussen Achsen huet de Camionsverkéier staark zougehooll

Camouflage [kamuf'l'a:ʃ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Tarnung [Vorgang] • **FR** camouflage [action de camoufler] • **EN** camouflage • **PT** camuflagem [ato de camuflar] **Beispill** d'Rekrutte kruten d'Technike vum Camouflage erkläert **Synonym** Tarnung

camoufléieren [kamuf'l'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé camoufléiert) » **transitiv** **DE** tarnen • **FR** camoufler • **EN** to camouflage • **PT** camuflar **Beispill** d'Zaldoten hunn sech fir déi geheim Operatioun misse camoufléieren; et ass versicht ginn, déi Affär ze camoufléieren [et ass versicht ginn, déi Affär ze verheemlechen] **Synonym** tarnen

Camp [kã:] Maskulinum (Pluriel Campen) **1. DE** Pfadfinderlager • **FR** camp scout • **EN** scout camp • **PT** acampamento escutista **Beispiller** d'Scoute sinn am Ausland op engem Camp; ech war schonn op villen internationale Campen **2. DE** Lager [Gruppierung] • **FR** camp [famille idéologique, lobby] • **EN** camp [party, faction] • **PT** campo [partido, fação] **Beispill** déi zwee Campe streide scho jorelaang **Synonym** Lager

Campagne [k'ã:mpaŋ] Femininum (Pluriel Campagnen) **DE** Kampagne [Aktion] • **FR** campagne [action de sensibilisation] • **EN** campaign • **PT** campanha [ação de sensibilização] **Beispill** d'Campagne fir méi e gesond Essen huet e grouse Succès

campéieren [kæmp'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé campéiert) » **intransitiv** **DE** campen • **FR** camper, faire du camping • **EN** to camp • **PT** acampar, fazer campismo **Beispiller** mir sinn an der Vakanz mat Frënn campéiere gaangen; mir hunn op enger Wiss campéiert; hie campéiert bei senger Frëndin [egs] [hien huet sech provisoersch bei senger Frëndin niddergelooss] **Synonym** campen

campen [k'æmpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gecamp) » **intransitiv** **DE** campen • **FR** camper, faire du camping • **EN** to camp • **PT** acampar, fazer campismo **Beispill** mir sinn an der Vakanz mat Frënn campe gaangen **Synonym** campéieren

Campeng Maskulinum (Pluriel Campengen / Campenger) - Variant vun \nearrow Camping

Campengcar Maskulinum (Pluriel Campengcaren) - Variant vun \nearrow Campingcar

Campengsleit Substantiv (kee Singulier) - Variant vun \nearrow Campingsleit

Camper [k'æmpe] Maskulinum (Pluriel Camper) **1. DE** Camper [Person] • **FR** campeur • **EN** camper [person] • **PT** campista **Beispill** an eisem Geschäft fënnt de Camper alles, wat e brauch **2. DE** Camper, Wohnmobil • **FR** camping-car • **EN** camper, camping-van • **PT** autocaravana **Beispill** fir d'Pensioun kafe mer eis e Camper a fueren duerch ganz Europa **Synonym** Campingcar

1 Weiblech Form: \nearrow Camperin

Camperin [k'æmperin] Femininum (Pluriel Camperinnen) **DE** Camperin • **FR** campeuse • **EN** camper [female] • **PT** campista [mulher] **Beispill** déi erfuere Camperin huet mer gewisen, wéi een en Zelt richteg opriicht

1 Männlech Form: \nearrow Camper

Camping [k'æmpɪŋ] Maskulinum (Pluriel Campingen / Campinger) **DE** Campingplatz • **FR** camping [terrain de camping] • **EN** campsite • **PT** parque de campismo **Beispiller** de Camping läit matzen am Bësch; mir ginn d'nächst Woch op de Camping [mir ginn d'nächst Woch campéieren]

1 Variant: Campeng

Campingcar [k'æmpɪŋka:r] Maskulinum (Pluriel Campingcaren) **DE** Wohnmobil • **FR** camping-car • **EN** camper, camper van • **PT** autocaravana **Beispill** mäi Campingcar ass eigentlech eng ëmgebaute Camionnette **Synonym** Camper

1 Variant: Campengcar

Campingsleit [k'æmpɪŋslɛ:t] Substantiv (kee Singulier) **DE** Camper [Personen] • **FR** campeurs • **EN** campers [people] • **PT** campistas **Beispill** weinst dem Héichwaasser hunn d'Campingsleit missen ëmquartéiert ginn **Synonym** Camper

1 Variant: Campingsleit

Campus [k'ampus] Maskulinum (Pluriel Campussen) **DE** Schulgelände, Campus • **FR** campus, enceinte scolaire • **EN** campus • **PT** campus, recinto escolar **Beispill** mannerjäreg Schüler brauchen eng Erlabnes, fir an der Schoulzäit de Campus ze verloossen

Canal carpien [kan'alkarpj'e:] Maskulinum (Pluriel Canal-carpien) **DE** Karpaltunnel • **FR** canal carpien • **EN** carpal tunnel • **PT** canal cárpico **Beispill** well ech dacks kee Gefill an der Hand hunn, muss ech mam Canal carpien operéiert ginn

Canapé [k'anapɛ:] Maskulinum (Pluriel Canapéen) - Variant vun \nearrow Kannapee

Canberra Eegennumm **DE** Canberra • **FR** Canberra • **EN** Canberra • **PT** Camberra **Beispill** Canberra ass d'Haaptstad vun Australien

cancelen [k'æntsələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gecancel) » **transitiv** **DE** canceln • **FR** annuler [un événement, une réservation] • **EN** to cancel [an event, a reservation] • **PT** cancelar [um evento, uma re-

serva] **Beispiller** d'Band muss de Concert vun den Owend cancelen, well hire Sänger krank ass; d'Fluchgesellschaft huet weinst engem Streik en etlech Flich gecancelt; well ech verhënnert war, hunn ech meng Reservatioun misse cancelen **Synonymmen** annuléieren, ofsoen

Canicule [kanik'y] Femininum (Pluriel Canicullen) **DE** *Hitzewelle [heißes Wetter]* • **FR** *canicule* • **EN** *heatwave* • **PT** *canícula [calor intenso]* **Beispill** während enger Canicule soll ee vill drénken a sech daagsiwwer kierperlech net ze vill ustrengen **Synonym** Hëtzwell

Cannabis [k'ana:bis] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** *Cannabis [Pflanze]* • **FR** *cannabis [plante]* • **EN** *cannabis [plant]* • **PT** *canábis [planta]* **Beispill** den Ubau vu Cannabis fir de private Gebrauch soll erlaabt ginn **2. DE** *Cannabis [Substanz]* • **FR** *cannabis [substance]* • **EN** *cannabis [substance]* • **PT** *canábis [substância]* **Beispiller** mäin Dokter huet mer Cannabis géint d'Péng verschriwwen; e puer Schüler goufe vum Portier erwëscht, wéi se hanner der Schoul Cannabis gefémmt hunn

Cannelloni [kanə'l'o:ni:] Femininum (Pluriel Cannellonien) **DE** *Cannelloni* • **FR** *cannelloni* • **EN** *cannelloni* • **PT** *canelone* **Beispiller** well meng Frëndin Vegetarierin ass, féllen ech d'Cannellonie mat Ricotta a Spinat; de Mëtteg gétt et Cannellonien an der Kantin

Cannellonisrull [kanə'l'o:ni:srull] Femininum (Pluriel Cannellonisrullen) **DE** *Cannelloniröhrchen* • **FR** *tube pour cannelloni* • **EN** *cannelloni tube* • **PT** *(massa de) canelone* **Beispill** hues de d'Cannellonisrulle scho mam Gehacktes geféllt?

Cantonnier [kant'onje:] Maskulinum (Pluriel Cantonnieren) **DE** *Straßenwärter* • **FR** *cantonnier* • **EN** *road mender* • **PT** *cantoneiro, trabalhador responsável pela preservação de estradas* **Beispill** an der Zäit waren d'Cantonnieren verantwortlech fir den Entretien vun de Stroossen

1 Weiblech Form: ↗Cantonièr

Cantonièr [kant'onje:R] Femininum (Pluriel Cantonièren) **DE** *Straßenwärterin* • **FR** *cantonièr [ouvrière]* • **EN** *road mender [female]* • **PT** *trabalhadora responsável pela preservação de estradas* **Beispill** no der Iwwerschwemmung huet bei eis eng Cantonièr den Zoustand vun der Strooss iwwerpréift

1 Männlech Form: ↗Cantonnier

Cap [ka:p] Eegennumm **DE** *Cap* • **FR** *Cap* • **EN** *Cap* • **PT** *Cap* **Beispiller** ech wunnen op der Cap; fiert dëse Bus op d'Cap?

capabel [kap'a:bəl] Adjektiv - Variant vun ↗kapabel

Capacitéit [kapasit'ɛit] Femininum (Pluriel Capacitéiten) **1. DE** *Kapazität [Fassungsvermögen]* • **FR** *capacité [quantité, volume]* • **EN** *capacity [size, magnitude]* • **PT** *capacidade [quantidade, volume]* **Beispill** den neie Parking huet eng Capacitéit vun 800 Plazen **2. DE** *Kapazität, Fähigkeit, Potenzial* • **FR** *capacité [aptitude, potentiel]* • **EN** *capacity, potential* • **PT** *capacidade [aptidão, potencial]* **Beispiller** fir déi Aarbecht ze maachen, feelt et him un der néideger Capacitéit; d'wirtschaftlech Capacitéit vun de Länner gétt statistesch erfaast **3.**

DE *Kapazität [Koryphäe]* • **FR** *autorité, référence [spécialiste reconnu]* • **EN** *expert, authority* • **PT** *capacidade, sumidade [especialista reconhecido]* **Beispill** deen Dokter ass eng Capacitéit um Gebitt vun der Häerzchirurgie

1 Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Capacitéit / Kapazität

Capellen [kap'ælan] Eegennumm **DE** *Capellen* • **FR** *Capellen* • **EN** *Capellen* • **PT** *Capellen* **Beispiller** ech wunnen zu Capellen; fiert dëse Bus op Capellen?

Capot [k'apo:] Maskulinum (Pluriel Capoten) **DE** *Motorhaube* • **FR** *capot [d'un véhicule]* • **EN** *bonnet [of a vehicle]* • **PT** *capot* **Beispill** de Mekanicien huet de Capot opgemaach, fir den Ueleg ze kontrolléieren

Caprice Maskulinum (Pluriel Capricen) **DE** *Laune, Unart* • **FR** *caprice [comportement]* • **EN** *whim, caprice* • **PT** *capricho, birra* **Beispill** dat Klengt ass immens verwirnt, seng Eltere loossen em all Caprice duerchgoen

captéieren [kapt'ɛiə:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé captéiert)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Capverdianer [kapvɛ:rdj'a:nɛ] Maskulinum (Pluriel Capverdianer) - Variant vun ↗Kapverdianer

Capverdianerin [kapvɛ:rdj'a:nə:rin] Femininum (Pluriel Capverdianerinnen) - Variant vun ↗Kapverdianerin

capverdianesch [kapvɛ:rdj'a:nəʃ] Adjektiv - Variant vun ↗kapverdianesch

Cap Vert [kapv'ɛ:R] Eegennumm, Maskulinum **DE** *Kapverden* • **FR** *Cap-Vert* • **EN** *Cape Verde* • **PT** *Cabo Verde* **Beispiller** ech war schonn dräimol um Cap Vert; ech fueren d'nächst Woch op de Cap Vert; ech komme vum Cap Vert; ech war schonn dräimol am Cap Vert; ech fueren d'nächst Woch an de Cap Vert; ech kommen aus dem Cap Vert **Synonym** Kapverden

1 männlech Persoun: ↗Capverdianer weiblech Persoun: ↗Capverdianerin Adjektiv: ↗capverdianesch

Caracas Eegennumm **DE** *Caracas* • **FR** *Caracas* • **EN** *Caracas* • **PT** *Caracas* **Beispill** Caracas ass d'Hauptstad vu Venezuela

Caravane [karav'an] Femininum (Pluriel Caravannen) - Variant vun ↗Karawann

Cardiff Eegennumm **DE** *Cardiff* • **FR** *Cardiff* • **EN** *Cardiff* • **PT** *Cardiff* **Beispill** Cardiff ass d'Hauptstad vu Wales

Carnet Maskulinum (Pluriel Carneten) **1. DE** *Notizbuch* • **FR** *carnet (de notes)* • **PT** *caderneta [livro de apontamentos]* **Beispill** ech hunn ëmmer e Carnet an e Bic bei mer, fir mer wichteg Saachen direkt kënnen ze notéieren **Synonymmen** Bichelchen, Calepin, Notizbuch **2. DE** *Fahrscheinblock, Briefmarkenheft* • **FR** *carnet [de tickets, de timbres]* • **PT** *caderneta [de bilhetes, de selos]* **Beispiller** fréier konnt ee sech säi Carnet Ticketen direkt beim Buschauffer kafen; weess du, wéi vill e Carnet Timbere kascht?

Carnivor Maskulinum (Pluriel Carnivoren)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

carnivor Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Carotin [kaʁot'in] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Karotin

carrement [k'a:Remã:] Adverb

I Hei entsteet en neien Artikel.

Carrière [kaʁiɛ:R] Femininum (Pluriel Carrièren) - Variant vun ↗Karriär

Carrosserie [kaʁosɛr'i:] Femininum (Pluriel Carrosserien) - Variant vun ↗Karosserie

Carrossier [kaʁ'osje:] Maskulinum (Pluriel Carrossieren) DE *Karosserieschlosser, Karosseriebauer* • FR *carrossier [tôlier]* • EN *panel beater* • PT *bate-chapa [operário]* Beispill de Carrossier huet mer d'Teitsch an der Autosdier erausgemaach

I Weiblech Form: ↗Carrossière

Carrossière [kaʁ'osjɛ:R] Femininum (Pluriel Carrossièren) DE *Karosserieschlosserin* • FR *carrossière, tôlière en voitures* • EN *panel beater [female]* • PT *bate-chapa [operária]*

I Männlech Form: ↗Carrossier

Carsharing Maskulinum (kee Pluriel) DE *Carsharing* • FR *autopartage, voitures en libre service* Beispill wann ech en Auto brauch, gräifen ech op de Carsharing zeréck

Carte blanche [kartbl'ã:f] Femininum (Pluriel Carte-blanchen) 1. DE *freie Hand [völlige Handlungsfreiheit]* • FR *carte blanche [liberté d'action]* • EN *carte blanche* • PT *carta-branca [liberdade de ação]* Beispill fir dee Projet ze realiséieren, brauche mer Carte blanche vun eiser Direktioun 2. DE *Kommentar [freie Stellungnahme in den Medien]* • FR *carte blanche [émission, article]* • EN *statement, op-ed* • PT *carta-branca [crónica de opinião]* Beispill ech hunn eng interessant Carte blanche vun engem fransésische Philosoph um Radio héieren

Carte d'identité [kartdidã:tit'e:] Femininum (Pluriel Carte-d'identitéen) DE *Personalausweis* • FR *carte d'identité* • EN *ID card* • PT *bilhete de identidade* Beispill ech hunn op der Gemeng eng nei Carte d'identité ugefrot **Synonym** Identitéitskaart

Carton Maskulinum (Pluriel Cartonnen) - Variant vun ↗Kartrong

cartons onverännerbaart Adjektiv - Variant vun ↗kartrongs

Cartonskëscht Femininum (Pluriel Cartonskëschten) - Variant vun ↗Kartrongskëscht

Cartouche [kart'uf] Femininum (Pluriel Cartouchen) - Variant vun ↗Kartusch

Cartron Maskulinum (Pluriel Cartronnen) - Variant vun ↗Kartrong

cartrons onverännerbaart Adjektiv - Variant vun ↗kartrongs

Cartronskëscht Femininum (Pluriel Cartronskëschten) - Variant vun ↗Kartrongskëscht

Cas Maskulinum (Pluriel Casen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Case [ka:s] Femininum (Pluriel Caseën) 1. DE *Fach [Ablagefach]* • FR *casier [pour courrier et affaires personnelles]* • EN *pigeonhole* • PT *cacifo [para o correio e objetos pessoais]* Beispiller an denger Case läit eng grouss Enveloppe; an der Schoul hunn d'Kanner Caseë fir hiert Material **Synonym** Fach 2. DE *Kästchen [Viereck]* • FR *case [imprimée]* • EN *box [printed square]* • PT *quadrícula, quadrado [imprimido]* Beispiller an der Case uewe Lénsen steet meng Adress; maach e Kräiz an déi richteg Caseën

caséieren [kas'ziɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé caséiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

cash Adverb DE *cash, bar* • FR *cash, en espèces* • EN *cash* • PT *em dinheiro, em espécie* Beispill ech hu meng Kreditkaart net bei mer, kann ech och cash bezuelen? **Synonym** boer

Cash Maskulinum (kee Pluriel) DE *Cash, Bargeld* • FR *cash, (argent) liquide* • EN *cash* • PT *dinheiro (vivo)* Beispill ech huelen niewent menger Kreditkaart och ëmmer e bësse Cash mat an d'Vakanz **Synonym** Boergeld

Cashew [k'æʃju:] Femininum (Pluriel Cashewen) - Kuerzform vun ↗Cashewnoss

Cashewnoss [k'æʃju:nos] Femininum (Pluriel Cashewnëss) DE *Cashewnuss* • FR *noix de cajou* • EN *cashew (nut)* • PT *(castanha-de-)caju* Beispill duerch d'Cashewnëss kritt de Plat eng exotesch Nott

I Kuerzform: Cashew

Casier [k'a:ziɛ:] Maskulinum 1. (kee Pluriel) DE *Strafregister* • FR *casier judiciaire* • EN *criminal record, police record* • PT *cadastro, registo criminal* Beispiller dee Mann huet e gutt gefëlltene Casier; mäi Casier ass nach vierge [a mengem Casier steet näischt] 2. (Pluriel Casieren) DE *Kasten, Getränkekasten* • FR *caisse [à bouteilles]* • EN *crate [for bottles]* • PT *grade [para garrafas]* Beispill mir kafen d'Spruddelewaasser am Casier **Synonymmen** Cageot, Këscht

Casino [kaz'ino:] Maskulinum (Pluriel Casinoen) 1. DE *Kasino [Spielkasino]* • FR *casino [de jeux]* • EN *casino [for gambling]* • PT *casino [de jogos]* Beispill ech hu gëschter vill Suen am Casino verspillt 2. DE *Kasino [Gesellschaftshaus]* • FR *local associatif* • EN *assembly rooms, meeting rooms* • PT *local associativo* Beispill fréier hat all grouss Firma hiren eegene Casino 3. DE *Kasino [Gebäude]* • FR *casino [bâtiment]* • EN *casino [building]* • PT *casino [edifício]* Beispill am Casino huet et hënt gebrannt

Cäsium [ts'ɛ:ziʊm] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** DE *Cäsium [chemisches Element]* • FR *césium [élément chimique]* • EN *caesium [chemical element]* • PT *césio [elemento químico]* Beispill d'Element Cäsium gehéiert zur Grupp vun den Alkalimetaller

Casque [k'ask] Maskulinum (Pluriel Casquen) - Variant vun ↗Kask

Cassatioun Femininum (Pluriel Cassatiounen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Cassis [k'asis] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *Schwarze Johannisbeeren* [Früchte] • FR *cassis* [fruits] • EN *blackcurrants* • PT (*bagas de*) *cássis, groselhas-negras* **Beispill** am *Cassis* ass vill Kalzium **Synonym** *Schwarz Kréischelen* **2.** DE *Cassis* • FR *cassis* [*liqueur*] • EN *blackcurrant liqueur* • PT *cássis* [*licor*] **Beispill** ech drénken de *Creman* am léifste mat engem Schotz *Cassis* dran

Cassissebeess [k'asisgèbe:s] Neutrum (Pluriel <seelen> *Cassissebeesser*) DE *schwarze Johannisbeermarmelade* • FR *confiture de cassis* • EN *blackcurrant jam* • PT *doce de groselha-negra* **Beispill** ech si kee *grousse Frënd* vu *Cassissebeess*

Cassijelli [kasisʒ'æli:] Maskulinum (Pluriel <seelen> *Cassijellien*) DE *schwarze Johannisbeergelee* • FR *gelée de cassis* • EN *blackcurrant jelly* • PT *geleia de groselha-negra* **Beispill** schmaach emol eng *Kéier* deen heite *Cassijelli*!

Cassoulet [k'asule:] Maskulinum (Pluriel *Cassouleten*) DE *Bohneneintopf*, *Cassoulet* • FR *cassoulet* • EN *cassoulet, bean stew* • PT *guisado de feijão branco, feijoada* **Beispill** ech hunn e *Pak Boune* kaaft, fir e *Cassoulet* ze kachen

Castingshow Femininum (Pluriel *Castingshows*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Castries Eegennumm DE *Castries* • FR *Castries* • EN *Castries* • PT *Castries* **Beispill** *Castries* ass d'*Haaptstad* vu *St. Lucia*

catchen [k'ætçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gecatcht*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Catering [k'ʒitərɪŋ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Catering* • FR *restauration* [*approvisionnement*], *restauration à bord* • EN *catering* • PT *catering, restauração a bordo* **Beispiller** wie *këmmert* sech op der *Receptioun* ëm de *Catering*?; bei där *Fluchlinn* ass de *Catering* excellent

Cauchemar [k'ɔfma:r] Maskulinum (Pluriel *Cauchemaren*) DE *Albtraum* • FR *cauchemar* • EN *nightmare, bad dream* • PT *pesadelo* **Beispiller** no mengem schroen *Accident* hat ech nuets dacks *Cauchemaren*; eis lescht *Vakanz* war en eenzege *Cauchemar* leis lescht *Vakanz* war eng eenzeg *Katastroph* **Synonymmen** *Albdram*, *ellenen Dram*, *schlechten Dram*

Causettchen [koz'ætçən] Femininum (Pluriel *Causettercher*) - Variant vun ↗*Kosettchen*

Cavalier [kav'alje:] Maskulinum (Pluriel *Cavalieren*) DE *Begleiter* [*einer Dame*], *Tanzpartner* • FR *cavalier* [*accompagneur de cérémonie, partenaire de danse*] • EN *escort, (dancing) partner* • PT *acompanhante* [*de uma senhora*], *cavalheiro* [*par de dança*] **Beispill** deng *Kusin* kritt mäi *Brudder* als *Cavalier*

Caveau [k'avo:] Maskulinum (Pluriel *Caveauen*) DE *Gruft* • FR *caveau* [*tombeau*] • EN *vault* [*grave*] • PT *jazigo* [*túmulo*] **Beispiller** de *Verstuerwene* gouf an engem *Caveau* bäigesat; d'*Gemeng* huet um *Kierfecht* nei *Caveau* gebaut

CD [tse:d'e:] Maskulinum/Femininum (Pluriel *CDen*) DE *CD* • FR *CD* • EN *CD* • PT *CD* **Beispiller** lee emol en aneren *CD* an, ech kann déi *Lidder* vun dësem net méi héieren!; kéints de mer vun dësen *Donnéeën* eng *CD* brennen, wannechgelift?

CD-Lafwierk [tse:d'e:l'a:fvi:gk] Neutrum (Pluriel *CD-Lafwierker*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

CD-Player [tse:d'e:plɔie] Maskulinum (Pluriel *CD-Playeren*) DE *CD-Player* • FR *lecteur CD* • EN *CD player* • PT *leitor de CD* **Beispill** ech hunn doheem keen *CD-Player* méi, ech lauschtere just nach de *Radio*

Ceinture [s'ɛ:ty:r] Femininum (Pluriel *Ceinturen*) **1.** DE *Gürtel* [*Kleidergürtel*] • FR *ceinture* [*accessoire vestimentaire*] • EN *belt* [*clothing accessory*] • PT *cinto* [*acesório de vestuário*] **Beispill** géff *Uecht*, du verléiers d'*Ceinture* vun dengem *Mantel*! **2.** DE *Gurt* [*Sicherheitsgurt*] • FR *ceinture* [*de sécurité*] • EN (*seat*) *belt* • PT *cinto* [*de segurança*] **Beispill** do deng *Ceinture* un, soss fueren ech net! **Synonymmen** *Gurt*, *Sécherheetsgurt* **3.** DE *Gürtel* [*im Kampfsport*] • FR *ceinture* [*insigne sportif*] • EN *belt* [*in martial arts*] • PT *cinturão* [*nas artes marciais*] **Beispill** ech hunn déi *schwarz Ceinture* am *Judo*

celebréieren Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *celebréiert*) - Variant vun ↗*zelebréieren*

celibataire [selibat'ɛ:r] Adjektiv **1.** DE *ledig, unverheiratet* • FR *célibataire* [*non marié*] • EN *single* [*unmarried*] • PT *solteiro* [*não casado*] **Beispill** wann s de *celibataire* bass, fäls de an eng aner *Steierklass* ewéi bestuete *Leit* **2.** DE *single, alleinstehend* • FR *célibataire* [*sans partenaire*] • EN *single* [*without partner*] • PT *solteiro* [*que não tem relacionamento amoroso*] **Beispill** meng *Schwéster* ass elo scho säit bal dräi *Joer* *celibataire* **Synonym** *single*

Cellist [tʃæl'ist] Maskulinum (Pluriel *Cellisten*) DE *Cellist*, *Violoncellist* • FR *violoncelliste* • EN *cellist* • PT *violoncelista* **Beispill** dëst *Stéck* ass fir *Cellisten* technesch immens *schwéier* **Synonym** *Violoncellist*

i Weiblech Form: ↗*Cellistin*

Cellistin [tʃæl'istin] Femininum (Pluriel *Cellistinnen*) DE *Cellistin*, *Violoncellistin* • FR *violoncelliste* [*musicienne*] • EN *cellist* [*female*] • PT *violoncelista* [*mulher, rapariga*] **Beispill** ech si *Cellistin* an engem *groussen Orchester* **Synonym** *Violoncellistin*

i Männlech Form: ↗*Cellist*

Cello [tʃ'ælo:] Maskulinum (Pluriel *Celloen*) DE *Cello* • FR *violoncelle* • EN *cello* • PT *violoncelo* [*instrumento*] **Beispill** mir *prouwen* den *Owend* en *Trio* fir *Klarinett*, *Cello* a *Piano*

Cellulite [sælul'it] Femininum (kee Pluriel) DE *Cellulite*, *Orangenhaut* • FR *cellulite* [*peau d'orange*] • EN *cellulite* • PT *celulite* **Beispill** können d'*Männer* och *Cellulite* kréien?

Celsius Substantiv (Grad) *Celsius* DE (*Grad*) *Celsius* • FR (*degré*) *Celsius* • EN (*degree*) *Celsius* • PT (*grau*) *Celsius* **Beispiller** null *Grad Celsius* entsprechen 32 *Grad Fahrenheit*; ass déi *Skala* do an *Celsius* oder a *Fahrenheit*?

Celsius gëtt mat **C** ofgekierzt.

Cembalo [tʃ'æmbalo:] Maskulinum (Pluriel Cembaloen) **DE** *Cembalo* • **FR** *clavecin* • **EN** *harpsichord, cembalo* • **PT** *cravo [instrumento]* **Beispill** op dësem Cembalo aus dem 18. Joerhonnert kann nach ëmmer gespillt ginn **Synonym** Clavecin

censéiert [sã:'sɛiɛt] Adjektiv censéiert sinn ze **DE** *gehalten sein zu* • **FR** *être censé [devoir]* • **EN** *to be obliged to, to be supposed to* • **PT** *ter a obrigação de, ter de* **Beispiller** eise Service ass censéiert, jidder Plainte, déi bei eis gemaach gëtt, nozegoen; als Staatsbeamte bass de censéiert, d'Reglementer an d'Gesetzer geene ze kennen **Synonym** supposéiert sinn ze

Cent [tsænt] Maskulinum **1.** (Pluriel Cent) **DE** *Cent [Währungseinheit]* • **FR** *cent [valeur monétaire]* • **EN** *cent [currency]* • **PT** *cêntimo [valor monetário]* **Beispill** bei der Bäckesch kascht e Croissant ewell zéng Cent méi **2.** (Pluriel Centen) **DE** *Cent [Münze]* • **FR** *cent [pièce de monnaie]* • **EN** *cent [coin]* • **PT** *cêntimo [moeda]* **Beispill** et ass mer en Cent op de Buedem gefall

Centenaire [sã:tən'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel Centenaires) **DE** *Hundertjahrfeier* • **FR** *centenaire [anniversaire]* • **EN** *centenary* • **PT** *centenário [comemoração]* **Beispill** fir de Centenaire vun der Onofhängegkeet goufe Feieren am ganze Land organiséiert

Centime [s'ã:tim] Maskulinum **1.** (Pluriel Centimen) **DE** *Centime [Münze]* • **FR** *centime [pièce de monnaie]* • **EN** *centime, cent [coin]* • **PT** *cêntimo [moeda]* **Beispiller** ech hu beim Raumen nach eng al Spuerbéchs voller Frangen a Centimê fonnt; an der Eurozon gëtt et an all Land en anert Motiv op de Centimen **2.** (Pluriel Centime) **DE** *Centime [Währungseinheit]* • **FR** *centime [valeur monétaire]* • **EN** *centime, cent [currency]* • **PT** *cêntimo [valor monetário]* **Beispiller** an der Zäit huet ee fir e Pak Knätschgum just e puer Centime bezuelt; et gëtt dru geduecht, d'Ménze vun engem Centime aus dem Verkéier ze huelen; deen zertéitschten Auto ass kee Centime méi wäert (deem zertéitschten Auto ass näischt méi wäert)

Variante: Zantim

Centre de soins avancés [s'ã:trədəs'w'ẽ:avã:s'e:] Maskulinum (Pluriel Centre-de-soins-avancésen) **DE** *medizinisches Versorgungszentrum [in Luxemburg]* • **FR** *centre de soins avancés [au Luxembourg]* • **EN** *Advanced Care Centre [in Luxembourg]* • **PT** *centro de atendimento avançado [no Luxembourg]* **Beispill** bei engem gesondheetleche Problem sollen d'Leit fir d'éischt an e Centre de soins avancés goen amplaz an d'Urgence

Kuerzform: CSA

Centre médical Maskulinum (Pluriel Centre-médicallen) **DE** *Gesundheitszentrum, Gemeinschaftspraxis* • **FR** *centre de santé (pluridisciplinaire), centre médical* • **EN** *medical centre* • **PT** *centro de saúde (multidisciplinar), centro médico* **Beispill** an deem neie Centre médical schaffen niewent zwee Generalisten och en Aendokter an eng Zänndoktesch

CEO Maskulinum (Pluriel CEOen) **DE** *CEO, Generaldirektor* • **FR** *directeur général* • **EN** *CEO, executive director* • **PT** *diretor-geral* **Beispill** de CEO huet dem Verwal-

tungsrot de Bilan vum leschte Joer virgestallt **Synonymmen** Directeur général, Generaldirekter

Weiblech Form: \nearrow CEO

CEO Femininum (Pluriel CEOen) **DE** *CEO, Generaldirektorin* • **FR** *directrice générale* • **EN** *CEO, executive director [female]* • **PT** *directora-geral* **Beispill** d'CEO huet dem Verwaltungsrat de Bilan vum leschte Joer virgestallt **Synonymmen** Directrice générale, Generaldirektesch

Männlech Form: \nearrow CEO

Cepage Maskulinum (Pluriel Cepagen)

Hei entsteet en neien Artikel.

Cer [tsɛ:r] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** *Chemisches Element* • **FR** *cérium [élément chimique]* • **EN** *cerium [chemical element]* • **PT** *cério [elemento químico]* **Beispill** d'Element Cer gehéiert zum Grupp vun de Lanthanoiden

cernéieren [sɛrn'ɛiərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé cernéiert)

Hei entsteet en neien Artikel.

Certificat [sɛrt'ifika:] Maskulinum (Pluriel Certificaten) **1.** **DE** *Bescheinigung* • **FR** *certificat [document]* • **EN** *certificate [document]* • **PT** *certificado, atestado [documento]* **Beispill** d'Gemeng huet dem Bierger deen néidege Certificat ausgestellt **Synonymmen** Attestatioun, Bescheinigung **2.** **DE** *Zertifikat, Diplom* • **FR** *certificat [diplôme]* • **EN** *certificate [diploma]* • **PT** *certificado de conclusão, diploma* **Beispiller** zum Schluss vun der Formation krut jiddereen e Certificat; d'Studente kruten hir Certificate vum Minister iwuerrecht **Synonym** Diplom

Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Certificat / Zertifikat

certifiéieren [sɛrtifi'ɛiərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé certifiéiert) \gg **transitiv** **DE** *bescheinigen* • **FR** *certifier, attester* • **EN** *to certify* • **PT** *certificar, atestar* **Beispill** den Aarbechtsdokter huet certifiéiert, datt ech erëm aarbechtsfäeg sinn **Synonymmen** attestéieren, bescheinigen

Varianten: zertifiéieren, zertifizéieren

Cesarienne [sɛ:zari'æn] Femininum (Pluriel Cesariennen) **DE** *Kaiserschnitt* • **FR** *césarienne* • **EN** *caesarean* • **PT** *cesariana* **Beispiller** hire Bouf ass mat Cesarienne op d'Welt komm; well et e Risiko fir de Puppelche gouf, huet den Dokter der Fra eng Cesarienne gemaach **Synonym** Keeserschnétt

cf. [konf'ɛ:r] Partikel - Kuerzform vun \nearrow confer

CGDIS [s'e:ge:dis] Eegennumm **DE** *Großherzogliche(s) Feuerwehr- und Rettungskorps [in Luxemburg]* • **FR** *Corps grand-ducal d'incendie et de secours [au Luxembourg]* • **EN** *Luxembourg Fire and Rescue Corps* • **PT** *Corpo Grão-Ducal de Incêndio e Socorros [no Luxemburgo]* **Beispill** ech maachen den Ament eng Formation als fräiwëllege Pompjee beim CGDIS

Chaîne [ʃ'ɛ:n] Femininum (Pluriel Chäinen) **1.** **DE** *Kette [Geschäftskette]* • **FR** *chaîne [de commerces]* • **EN** *chain [of businesses, business group]* • **PT** *cadeia [de estabelecimentos comerciais]* **Beispill** vill kleng Epicerië gi

vun de grouse **Chäin** iwwerholl **Synonym** Ketten **2**. **DE** *Sender [Fernsehsender]* • **FR** *chaîne [de télévision]* • **EN** *channel [television]* • **PT** *canal [de televisão]* **Beispill** op wéi enger **Chäine** leeft d'Sendung, vun där s de mer geschwat has? **Synonymmen** Programm, Sender, Fernseessender, Fernseesprogramm, Televisiounsprogramm

Chaise longue [ʃɛːzɪ'ʒ:k] Femininum (Pluriel Chaise-longuen) **1**. **DE** *Liegestuhl* • **FR** *chaise longue, transat* • **EN** *deckchair, lounger* • **PT** *espreguiçadeira [cadeira alongada]* **Beispill** am Summer halen ech gär eng Mëttesrascht a menger **Chaise longue** op der Terrass **Synonym** Ligestull **2**. **DE** *Chaiselongue* • **FR** *méridienne, récamière* • **EN** *chaise longue* • **PT** *chaise-longue* **Beispill** an hirem Sällchen huet meng Tatta eng **Chaise longue** aus dem 19. Joerhonnert stoen

Chalet [ʃ'ale:] Maskulinum (Pluriel Chaleten) **DE** *Chalet* • **FR** *chalet [maison de style alpin]* • **EN** *chalet* • **PT** *chalé* **Beispill** hien ass stolze Besëtzer vun engem **Chalet** an de Bierger

Challenge [tʃ'æləntʃ] Maskulinum (Pluriel Challenges) **1**. **DE** *Herausforderung [Aufgabe, Bewährungsprobe]* • **FR** *challenge [défi à relever]* • **EN** *challenge [test of ability]* • **PT** *desafio [tarefa, prova de fogo]* **Beispiller** dës Missioun ass e richtegen **Challenge** fir mech; eisen neie Mataarbechter huet nach net genuch Erfahrung, fir dësen **Challenge** eleng unzegoen **Synonymmen** Defi, Erausforderung **2**. **DE** *Pokalwettbewerb* • **FR** *challenge [compétition sportive]* • **EN** *cup, trophy, tournament* • **PT** *taça [competição desportiva]* **Beispill** eis Ekip huet en internationalen **Challenge** gewonnen

Chalumeau [ʃ'alymə:] Maskulinum (Pluriel Chalumeauen) - Variant vun ↗Schallimo **DE** *Schweißbrenner* • **FR** *chalumeau [appareil]* • **EN** *welding torch, blowtorch* • **PT** *maçarico de soldar* **Beispill** ech hunn d'Schrauwe misse mam **Chalumeau** waarm maachen, fir se lasszekréien

! Opgepasst! D'Wuert **Chalumeau** kann niewent deem, wat hei beschriwwen ass, och nach dat selwecht bedeiten ewéi d'Wuert ↗Schallimo.

Chamäleon Maskulinum/Neutrum (Pluriel Chamäleonen)

! Hei entsteet en neien Artikel.

Chamber [ʃ'ä:mbe] Femininum (kee Pluriel) **1**. **DE** *Abgeordneten-kammer [luxemburgische Volksvertretung]* • **FR** *Chambre des députés [assemblée législative luxembourgeoise]* • **EN** *Chamber of Deputies [legislative assembly in Luxembourg]* • **PT** *Câmara dos Deputados [assembleia legislativa luxemburguesa]* **Beispiller** d'Chamber huet d'Gesetz mat grousser Majoritéit uegholl; de Grand-Duc huet d'Chamber op eng Receptioun an de Palais agelueden [de Grand-Duc huet d'Membere vun der Chamber op eng Receptioun an de Palais agelueden] **Synonym** Parlament **2**. **DE** *Abgeordneten-kammer [Gebäude in Luxemburg]* • **FR** *(hôtel de la) Chambre des députés* • **EN** *Chamber of Deputies [building]* • **PT** *Câmara dos Deputados [edifício]* **Beispill** d'Touristen hu Fotoe vun der **Chamber** geholl **Synonym** Parlament

Chamberblietchen Neutrum (Pluriel Chamberbliedercher)

! Hei entsteet en neien Artikel.

! Variant: Chambersblietchen

Chamberkommissioun Femininum (Pluriel Chamberkommissiounen) **DE** *parlamentarischer Ausschuss* • **FR** *commission parlementaire* **Beispill** déi zoustänneg Chamberkommissioun gouf mam Gesetzestext befaasst

! Variant: Chamberskommissioun

Chamberpresident [ʃ'ä:mbepræzidənt] Maskulinum (Pluriel Chamberpresidenten) **DE** *Präsident der Abgeordneten-kammer, Parlamentspräsident [in Luxemburg]* • **FR** *président de la Chambre des députés, président du parlement [au Luxembourg]* • **PT** *presidente da Câmara dos Deputados, presidente do parlamento [no Luxemburgo]* **Beispill** d'Resultater vum Vott gi vum **Chamberpresident** proklaméiert

! Variant: Chamberspresident

Chamberpresidentin [ʃ'ä:mbepræzidəntin] Femininum (Pluriel Chamberpresidentinnen) - Variant vun ↗Chamberspresidentin

Chambersblietchen Neutrum (Pluriel Chambersbliedercher) - Variant vun ↗Chamberblietchen

Chambersëtzung [ʃ'ä:mbezətsuŋ] Femininum (Pluriel Chambersëtzungen) **DE** *Sitzung der Abgeordneten-kammer, Parlaments-sitzung [in Luxemburg]* • **FR** *séance de la Chambre des députés, séance parlementaire [au Luxembourg]* • **PT** *sessão da Câmara dos Deputados, sessão parlamentar [no Luxemburgo]* **Beispill** an der nächster **Chambersëtzung** gëtt iwver dat neit Awanderungsgesetz ofgestëmmt

! Variant: Chambersëtzung

Chamberskommissioun Femininum (Pluriel Chamberskommissiounen) - Variant vun ↗Chamberkommissioun

Chamberspresident [ʃ'ä:mbepræzidənt] Maskulinum (Pluriel Chamberspresidenten) - Variant vun ↗Chamberpresident

! Weiblech Form: ↗Chamberspresidentin

Chamberspresidentin [ʃ'ä:mbepræzidəntin] Femininum (Pluriel Chamberspresidentinnen)

! Variant: Chamberpresidentin

! Männlech Form: ↗Chamberspresident

Chambersëtzung [ʃ'ä:mbezətsuŋ] Femininum (Pluriel Chambersëtzungen) - Variant vun ↗Chambersëtzung

Chamberwal [ʃ'ä:mbeva:l] Femininum (Pluriel Chamberwalen) (meeschens Pluriel) **DE** *Wahl zur Abgeordneten-kammer, Parlamentswahl [in Luxemburg]* • **FR** *élections législatives [au Luxembourg]* • **EN** *general election(s) [in Luxembourg]* • **PT** *eleições legislativas [no Luxemburgo]* **Beispiller** bei de **Chamberwale** vum Oktober ass nëmme méi een Deputéierten aus eiser Partei erëmgewielt ginn; bei de leschten zwou Cham-

berwale krut hien allkéiers déi meeschte Stëmmen
Synonym Parlamentswal

chambréieren [ʃã:mbr'zɪərən] Verb (Hëllefverb
hunn, Participe passé chambréiert) » **transitiv** DE *cham-*
brieren, temperieren [Wein] • FR *chambrier* [un vin] • EN *to*
bring to room temperature • PT *pôr à temperatura am-*
biante [vinho] **Beispill** dëse Roude Wäi soll chambréiert
ginn, ier een en dréinkt

Champignon [ʃ'ã:mpjɔ̃:] Maskulinum (Pluriel
Champignons) DE *Pilz, Speisepilz* • FR *champignon* [co-
mestible] • EN *mushroom* [fungus] • PT *cogumelo* [co-
mestível] **Beispiller** de Grousspapp ass mat sengen
Enkelen an de Bësch Champignone plécken; de Kach
hat vergiess, d'Champignonen an d'Zooss ze schnei-
den; an deem neie Quartier schéissen d'Haiser wéi
Champignonen aus dem Buedem [eggs] [an deem neie
Quartier gétt vill gebaut] **Synonym** Pilz

Champion [ʃ'ã:mpjɔ̃:] Maskulinum (Pluriel Champi-
on) DE *Champion, Meister* • FR *champion* [sportif,
équipe] • EN *champion* [sporting] • PT *campeão* [despor-
tista, equipa] **Beispiller** de Champion krut seng Medail
vum Grand-Duc iwwerrecht; eis Fussballsekip war
véiermol hannerenee Champion; hien ass e Champi-
on am Iwwerdreiwien [ironesch] [hien iwwerdreift vill a
stänneg]

i Weiblech Form: ♀Championne

Championnat [ʃã:mpjɔ̃'n'a:t] Maskulinum/Neutrum
(Pluriel Championnater) DE *Meisterschaft* [Wettkampf,
Wettbewerb] • FR *championnat* • EN *championship* • PT
campeonato **Beispill** den nächste Weekend fänkt de
Championnat am Badminton un **Synonym** Meeschter-
schaft

Championne [ʃ'ã:mpjɔ̃] Femininum (Pluriel Cham-
pionnen) DE *Champion, Meisterin* • FR *championne* [ath-
lète] • EN (female) *champion* [sporting] • PT *campeã* [des-
portista] **Beispill** an deem Joer war meng Mamm
Championne am Tennis

i Männlech Form: ♂Champion

Chance [ʃ'ã:s] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Glück*
[günstiger Umstand, glücklicher Zufall] • FR *chance* [ha-
sard heureux] • EN *luck* [good fortune] • PT *sorte* [acaso
feliz] **Beispiller** elo hate mer alt erëm eng Kéier
Chance!; mat e bësse Chance ginn ech den Éischten
Synonym Gléck **2.** (Pluriel Chancen) DE *Chance, Gele-*
genheit • FR *chance* [occasion, opportunité] • EN *chance*
[opportunity] • PT *oportunidade, chance* **Beispiller**
kommt, mer ginn deem Kandidat eng Chance!; haut
ass déi lescht Chance, d'Ausstellung nach ze gesinn
3. (Pluriel Chancen, kee Singulier) DE *Chancen* [Erfolgs-
aussichten] • FR *chances* [perspectives de réussite] • EN
chances [prospects, hopes] • PT *perspetivas, hipóteses*
Beispiller d'Juristin huet gutt Chancen, Directrice vun
der Firma ze ginn; d'Partei rechent sech Chancen aus;
bei där Fra hues du keng Chancen!

Chancgläichheet [ʃ'ã:səglæ:ɪche:t] Femininum
(kee Pluriel) DE *Chancengleichheit* • FR *égalité des*
chances • EN *equal opportunities* • PT *igualdade de opor-*
tunidades **Beispill** Chancgläichheet a Fräiheet sinn
zwee wichteg Wäerter an eiser Gesellschaft

Chancelleriestimber [ʃã:sælər'i:stɛ:mbe] Maskulinum (Pluriel
Chancelleriestimber) DE *Steu-*
ermarke • FR *timbre de chancellerie, timbre fiscal* • EN
fiscal stamp, revenue stamp • PT *selo fiscal* **Beispill**
vergiess net, de Chancelleriestimber vu 50 Euro op
de Formulaire ze pechen, soss kanns de deng De-
mande net areechen!

Change [ʃã:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Wechsel-*
kurs • FR *taux de change* • EN *exchange rate* • PT *taxa de*
câmbio **Beispill** wéi steet de Change vum Euro?

changéieren [ʃã:z'zɪərən] Verb (Hëllefverb
hunn, Participe passé changéiert) » **transitiv 1.** DE *wechsell*
ersetzen, austauschen • FR *changer* [remplacer, échan-
ger] • EN *to change* [to replace] • PT *mudar* [substituir,
trocar] **Beispill** an dësem Hotel ginn d'Bueddicher all
Dag changéiert **Synonym** wiesselen **2.** DE *ändern* [ver-
ändern] • FR *changer* [modifier] • EN *to change* [to vary, to
alter, to replace] • PT *mudar* [modificar] **Beispill** eise Chef
changéiert stänneg seng Meenung **Synonym** änneren
» **intransitiv 3.** DE *sich ändern* • FR *changer* [devenir dif-
férent] • EN *to change* [to become different] • PT *mudar*
[modificar-se] **Beispiller** d'Wieder huet an de leschten
Deeg changéiert; d'äi Mann ass changéiert **Synonym**
sech änneren

Changement [ʃã:zəm'ænt] Neutrum (Pluriel
Changementer) DE *Veränderung, Änderung, Wechsel,*
Wandel • FR *changement* [transformation, évolution] • EN
change [alteration] • PT *modificação, alteração, mudan-*
ça **Beispiller** et gëtt e **Changement** an der Zesumme-
setzung vum Komitee; beim Wieder ass kee
Changement an Aussicht **Synonym** Ännerung

Changement [ʃ'ã:zəmã:] Maskulinum (Pluriel
Changementen) DE *Gangschaltung* [am Fahrrad] • FR
dérailleur • EN *derailleur* [gear change] • PT *carreto* [da
bicicleta] **Beispill** säi Vëlo huet e **Changement** mat 27
Iwwersetzungen

Channel Maskulinum (Pluriel Channelen)

i Hei entstee en neien Artikel.

Chantage [ʃ'ã:ta:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Er-*
pressung • FR *chantage* • EN *blackmail* • PT *chantagem*
Beispill hie gouf weinst Chantage verklot **Synonym** Er-
pressung

Chantier [ʃ'ã:tje:] Maskulinum (Pluriel Chantieren) DE
Baustelle • FR *chantier* • EN *building site* • PT *obra* [de
construção] **Beispiller** de Leeëndecker schafft den
Ament op zwee verschidde Chantieren; déi dräi
Chantiere kréie mer net virun Enn des Joers fäerdeg
[déi dräi Projete kréie mer net virun Enn des Joers
fäerdeg] **Synonym** Baustell

i Variant: Schantjen

Chaos [k'a:os] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Chaos* • FR
chaos • EN *chaos* • PT *caos* **Beispill** d'Äerdbiewen huet e
grousse Chaos hannerlooss

Chaot [ka'o:t] Maskulinum (Pluriel Chaoten) DE *Chaot*
• FR *personne désordonnée* • EN *chaotic person* • PT *pes-*
soa desorganizada **Beispill** hien ass e Chaot, deen sech
nëmmen am Duerchernee wuel fillt

i Weiblech Form: ♀Chaotin

chaotesch [ka'o:təʃ] Adjektiv **DE** *chaotisch* • **FR** *chaotique* [désordonné] • **EN** *chaotic* • **PT** *caótico* [desordenado] **Beispill** an där Verwaltung si chaotesch Zoustänn

Chaotin [ka'o:tin] Femininum (Pluriel Chaotinnen) **DE** *Chaotin* • **FR** *femme désordonnée* • **EN** *chaotic person* [female] • **PT** *mulher desorganizada* **Beispill** déi Chaotin fillt sech wuel am Duercherneen

Männlech Form: ↗ **Chaot**

Chape [ʃap] Femininum (Pluriel Chappen) **DE** *Estrich* • **FR** *chape* [revêtement de sol] • **EN** (floor) *screed, cement floor* • **PT** *betonilha* **Beispill** op d'Dall këntt elo nach eng Chape

chapeau Interjektion **DE** *alle Achtung, Hut ab* • **FR** *chapeau (bas)* • **PT** *formidável, parabéns* [para exprimir grande admiração] **Beispiller** chapeau, dat do hätt ech net fäerdegbruecht!; an deem Alter nach e Marathon ze lafen, chapeau! **Synonym** all Respekt

Charakter [kɑr'akte] Maskulinum 1. (Pluriel Charakteren) **DE** *Charakter* [Persönlichkeit] • **FR** *caractère* [personnalité] • **EN** *character* [personality] • **PT** *caráter* [personalidade] **Beispiller** dat Kand huet e gudden Charakter; eise Jéngsten huet de Charakter vu sengem Papp geierft; d'Schwësteren hunn zwee grondverschidde Charakteren **Synonym** Gemitt 2. (kee Pluriel) **DE** *Charakter* [Charakterstärke] • **FR** *caractère* [fermeté de caractère] • **EN** *character* [backbone, strength of character] • **PT** *caráter* [firmeza de caráter] **Beispiller** dee Schüler huet schonn dacks demonstréiert, datt e Charakter huet; mä Mataarbechter huet an der Reunioun Charakter bewisen

Charaktereegenschaft [kɑr'aktərə:zən] Femininum (Pluriel Charaktereegenschaften) **DE** *Charaktereigenschaft* • **FR** *trait de caractère* • **EN** *character, character trait* • **PT** *traço de caráter* **Beispill** d'Gedold ass eng Charaktereegenschaft, déi ech vu mengem Papp geierft hunn **Synonymen** Charakterzuch, Dugend

charakteriséieren [kɑrakteriz'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé charakteriséiert) » **transitiv** 1. **DE** *charakterisieren* [kennzeichnen] • **FR** *caractériser* [être caractéristique de] • **EN** *to characterize* • **PT** *caracterizar* [ser característico de] **Beispiller** kräfteg Faarwen a grouss Elementer charakteriséieren deem Kënschtler säi Stil; wéi eng Eegenschaft charakteriséieren denger Meenung no e gudden Therapeut? **Synonymen** ausmaachen, auszeechnen » **reflexiv** 2. **DE** *sich kennzeichnen* • **FR** *se caractériser* • **EN** *to be characterized* • **PT** *caracterizar-se, distinguir-se* **Beispill** déi Schrëftstellerin charakteriséiert sech duerch hire bëssegen Humor

charakteristes [kɑraktər'istəʃ] Adjektiv **DE** *charakteristisch* • **FR** *caractéristique* • **EN** *characteristic* • **PT** *característico* **Beispill** am Hafen hu mer dat charakteristescht Tute vun de Schëffer héieren **Synonym** type-sch

Charakteristik [kɑraktər'istik] Femininum (Pluriel Charakteristiken) **DE** *Charakteristikum* • **FR** *caractéristique* • **EN** *characteristic* • **PT** *característica* **Beispill** kanns de mer d'Charakteristike vun der gotescher Architektur opzielen? **Synonym** Eegenart

Charakterzuch Maskulinum (Pluriel Charakterzich) **DE** *Charakterzug* [einer Person] • **FR** *trait de caractère* • **EN** *character, character trait* • **PT** *traço de caráter* **Beispill** d'Gedold ass e Charakterzuch, deen ech bei mengem Frënd immens schätzen **Synonymen** Charaktereegenschaft, Dugend

Charcuterie [ʃɑrkytər'i:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Wurstwaren, Aufschnitt* • **FR** *charcuterie* [aliment] • **EN** *cold cooked meats, charcuterie* • **PT** *charcutaria, carnes frias* **Beispill** bréng mer wannechgelift e Pond **Charcuterie** vum Metzler mat

Chardonnay [ʃ'ɑrdonɛ:] Maskulinum 1. (kee Pluriel) **DE** *Chardonnay* [Rebsorte] • **FR** *chardonnay* [cépage] • **EN** *Chardonnay* [type of grape] • **PT** *Chardonnay* [casta de uva] **Beispill** haut hu mer de ganzen Dag Chardonnay gelies 2. (Pluriel Chardonnayen) **DE** *Chardonnay* [Wein] • **FR** *chardonnay* [vin] • **EN** *Chardonnay* [wine] • **PT** *Chardonnay* [vinho] **Beispiller** vun all de Wäiner hunn ech de Chardonnay am léifsten; de Wënzer huet zwee Chardonnayen a sengem Sortiment 3. (Pluriel Chardonnay / Chardonnayen) **DE** *Chardonnay* [Glas Wein] • **FR** (verre de) *chardonnay* • **EN** (glass of) *Chardonnay* • **PT** *copo de vinho Chardonnay* **Beispill** Garçon, zwee Chardonnay, wannechgelift!

Chargé [ʃ'ɑrʒɛ:] Maskulinum (Pluriel Chargéen) - Kuerzform vun ↗ **Chargé de cours**

Charge [ʃɑʒ] Femininum (Pluriel Chargen) 1. **DE** *Ladung* [Fracht] • **FR** *charge* [cargaison] • **EN** *load* [weight] • **PT** *carga* [carregamento] **Beispill** de Camion ass fir eng maximal **Charge** vu véierzeg Tonnen zougelooss 2. **DE** *Ladung, Sprengsatz* • **FR** *charge* [d'explosifs] • **EN** *explosive charge* • **PT** *carga* [de explosivos] **Beispiller** esou eng schwéier **Charge** kann e ganzt Haus an d'Luucht joen; fir den Tunnel ze sprengen, waren en ettlech **Chargen** néideg 3. **DE** (elektrische) *Ladung* • **FR** *charge* [d'électricité] • **EN** *electrical charge* • **PT** *carga* [de electricidade] **Beispill** d'Elektronen hunn eng negativ **Charge** 4. **DE** *Amt, Aufgabe* • **FR** *charge, responsabilité* • **EN** *charge* [responsibility, duty] • **PT** *cargo, responsabilidade* **Beispiller** ech hunn d'**Charge** vum President vun der Associatioun ugeholl; am Komitee sinn d'**Chargé** verdeelt 5. (meeschtens Pluriel) **DE** *Nebenkosten* [einer Mietwohnung] • **FR** *charges* [d'un logement loué] • **EN** *extra charges, additional costs* [for tenants in rented property] • **PT** *encargos* [do inquilino] **Beispill** d'Appartement gëtt fir 700 Euro ouni **Chargé** verlount

Chargé de cours [ʃɑʒ'e:dək'u:r] Maskulinum (Pluriel Chargé-de-coursen) **DE** *Lehrbeauftragter* • **FR** *chargé de cours* • **EN** *contract teacher, temporary lecturer* • **PT** *professor contratado* **Beispill** ech schaffen als **Chargé de cours** an der Erwuessenebildung

Kuerzform: Chargé

Weiblech Form: ↗ **Chargée de cours**

Chargée [ʃ'ɑrʒɛ:] Femininum (Pluriel Chargéeën) - Kuerzform vun ↗ **Chargée de cours**

Chargée de cours [ʃ'ɑrʒɛ:dək'u:r] Femininum (Pluriel Chargée-de-coursen) **DE** *Lehrbeauftragte* • **FR** *chargée de cours* • **EN** *contract teacher, temporary lecturer* [female] • **PT** *professora contratada* **Beispill** meng **Mamm** ass **Chargée de cours** an der Erwuessenebil-

dung

Kuerzform: Chargée

Männlech Form: ♂Chargé de cours

chargéieren [ʃARʒ'ʒIƏRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé chargéiert) » **transitiv** chargéieren (mat) **DE** beauftragen (mit) • **FR** charger (de) [d'une mission, d'un travail] • **EN** to charge (with), to task (with) • **PT** encarregar (de) [de uma missão, de um trabalho] **Beispiller** d'Gemeng huet en Ingenieursbüro chargéiert, fir d'Pläng vun der Kläranlag auszeschaffen; meng Cheffin huet mech mat enger Missioun chargéiert, déi mer guer net läit **Synonym** beoptragen (mat)

chargéiert [ʃARʒ'ʒIET] Adjektiv **DE** gut gefüllt [Programm, Terminplan] • **FR** chargé [programme, emploi du temps] • **EN** busy [schedule] • **PT** carregado [programa, agenda] **Beispiller** mir hunn den Owend nach e chargéierte Programm; d'Ministesch huet dës Woch eng chargéiert Agenda

„chargéiert“ kann och de Participe passé vum Verb ♂chargéieren sinn.

Chargeur [ʃ'ARʒœ:R] Maskulinum (Pluriel Chargeuren) **1. DE** Ladegerät [für Akkus] • **FR** chargeur [de batteries] • **EN** charger [for batteries] • **PT** carregador [de baterias] **Beispill** ech fannen de Chargeur vu mengem Handy net méi **Synonym** Ladegerät **2. DE** Magazin [einer Schusswaffe] • **FR** chargeur [d'une arme à feu] • **EN** magazine [of a gun] • **PT** carregador [de uma arma de fogo] **Beispill** beim Raumen um Späicher hu mir dräi Chargeure fir eng Pistoul aus dem Zweete Weltkrich fonnt **Synonym** Magaséng

Charisma [kAR'isma:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Charisma [Ausstrahlung] • **FR** charisme [ce qu'une personne dégage] • **EN** charisma • **PT** carisma **Beispill** den neie President huet vill Charisma **Synonym** Ausstrahlung

charismatesch [kARisma:'a:təʃ] Adjektiv **DE** charismatisch [anziehend, beeindruckend] • **FR** charismatique [doté d'ascendant] • **EN** charismatic • **PT** carismático [que tem carisma] **Beispill** hien ass eng charismatesch Perséinlechkeet

Charlotte [ʃ'arlot] Femininum (Pluriel Charlotten) **DE** OP-Haube • **FR** charlotte [coiffure de protection] • **EN** surgical cap, scrub cap • **PT** touca (descartável) **Beispill** während enger Operatioun hunn d'Chirurgin an all d'Leit aus hirer Ekipp eng Charlotte um Kapp

Charly [ʃ'a:Rli:] Eegennumm **DE** Charly [ehemalige Luxemburger Schmalspurbahn] • **FR** Charly [ancien chemin de fer à voie étroite au Luxembourg] • **EN** Charly [former narrow railway train in Luxembourg] • **PT** Charly [antigo caminho de ferro de via estreita no Luxemburgo] **Beispiller** de Charly huet sengerzäit d'Verbindung tëschent den Dierfer am Osten an der Stad enorm verbessert; mat senge 25 Stonnekilometer war de Charly sécher net grad dee Séiersten

De Charly war e landeswäit bekannten Zuch, dee vun 1904-1954 tëschent der Stad an Iechternach hin- an hiergefuert ass. D'Streck war 45 Kilometer laang. Ofgeleet war säin Numm vum Charles Rischar, dem deemools zoustännegen Direkter fir öffentlech Aarbechten. Déi Plaz, wou den Zuch an der Uewerstad

gehalen huet, heescht haut nach Charlysgare.

Charlysgare [ʃa:Rliʃ'a:R] Eegennumm **DE** Charlysgare [Ort in Luxemburg-Stadt] • **FR** Charlysgare [lieu à Luxembourg-ville] • **EN** Charly's Gare [place in Luxembourg City] • **PT** Charlysgare [lugar na cidade de Luxembourg] **Beispill** mir treffen eis all op der Charlysgare a ginn dann zesummen op d'Fouer

D'Charlysgare war e wichtege Halt um Charly sengem Wee op entweder d'Stater Gare oder op Iechternach. Déi zentral geleee Plaz huet haut nach offiziell deen Numm an ass net nëmmen alle Leit, déi mam Bus fueren, e Begrëff.

charmant [ʃARm'ant] Adjektiv **DE** charmant • **FR** charmant [aimable, ravissant] • **EN** charming • **PT** encantador, amável, cativante **Beispill** si huet eng charmant Manéier, fir mat de Leit émzegen

Charme [ʃARm] Maskulinum (Pluriel <seelen> Charmen) **DE** Charme, Reiz • **FR** charme [attrait, agrément] • **EN** charm [appeal] • **PT** charme, encanto **Beispiller** sengem Charme ka kee widderstoen; dee klenge Restaurant huet e gewëssene Charme; hatt huet all seng Charmé spille gelooss

charméieren [ʃARm'ʒIƏRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé charméiert) » **transitiv** **DE** bezaubern • **FR** charmer • **EN** to charm, to enchant • **PT** encantar, cativar **Beispill** d'Sängerin huet d'Leit charméiert

Charta [ʃ'arta:] Femininum (Pluriel <seelen> Chartaen) - Variant vun ♂Charte

Charte Femininum (Pluriel Charten) **1. DE** Charta [Urkunde] • **FR** charte [acte] • **PT** carta [auto] **Beispill** den Historiker huet fir seng Dokteraarbecht eng ganz Rei mittelalterlech Charten analyséiert **Synonymmen** Akt, Urkund **2. DE** Charta [Verfassungsurkunde] • **FR** charte [règlement fondamental] • **PT** carta [lei fundamental] **Beispill** d'Grondrechter vun de Bierger an der Europäescher Unioun goufen an enger Charte festgehalten **3. DE** Leitfaden, Verhaltenskodex • **FR** charte, code de bonne conduite • **PT** código de (boa) conduta **Beispiller** d'Handwierkerkammer huet eng Charte ausgeschafft, déi eenheetlech Standarde fir de ganze Secteur festleet; an eisem Betrib gëtt et eng Charte fir de korrekten Ëmgang mat de Clienten

Variant: Charta

charteren [tʃ'ARtərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gechartert)

Hei entsteet en neien Artikel.

Charterfluch Maskulinum (Pluriel Charterfluch) **DE** Charterflug • **FR** vol charter • **EN** charter flight • **PT** voo charter **Beispill** eise Reesbüro bitt den Ament gënschteg Charterfluch op verschidde spuenesch Inseln un **Synonym** Chartervol

Chartervol [tʃ'a:tevol] Maskulinum (Pluriel Chartervollen) **DE** Charterflug • **FR** vol charter • **EN** charter flight • **PT** voo charter **Beispill** eise Reesbüro bitt den Ament gënschteg Chartervollen op verschidde spuenesch Inseln un **Synonym** Charterfluch

Chasse [ʃas] Femininum (Pluriel Chassen) **DE** Wasserspülung, Spülung • **FR** chasse d'eau • **EN** (toilet) flush • **PT** autoclismo **Beispill** an der Toilette um eischte Stack

muss d'Chasse gefléckt ginn

Chassis [ʃ'asi:] Maskulinum (Pluriel Chassisen) **DE** Fahrgestell [Chassis] • **FR** châssis [d'un véhicule] • **EN** chassis [of a vehicle] • **PT** chassis [de um veiculo] **Beispill** de Chassis vun dengem Won ass op zwou Plaze gerascht

Chassisnummer [ʃ'asi:snume] Femininum (Pluriel Chassisnummern) **DE** Fahrgestellnummer, Fahrzeug-Identifizierungsnummer • **FR** numéro de châssis • **EN** chassis number • **PT** número do chassis **Beispill** d'Chassisnummer vum Gefier steet op der Groer Kaart

Chat [tʃæt] Maskulinum (Pluriel Chatten / Chats) **DE** Chat • **FR** chat, dialogue en ligne • **EN** chat [online dialogue] • **PT** chat **Beispiller** eis war gëschter Owend dräi Stonnen am Chat; iwuer den Chat sinn ech all Dag a Kontakt mat menger Famill, déi am Ausland lieft

Chatbot Maskulinum (Pluriel Chatbotten / Chatbots) **DE** Chatbot • **FR** chatbot • **EN** chatbot • **PT** chatbot **Beispiller** eis Informatikerin huet en Chatbot entwéckelt, deen a véier Sproochen op d'Froe vun den Utilisateuren äntwert; d'Chatbotte ginn ëmmer méi performant a gi méttlerweil a ville Beräicher agesat

chatten [tʃ'ætən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gechatt) » **intransitiv** **DE** chatten • **FR** tchatter, chatter • **EN** to chat [on the Internet] • **PT** conversar num chat **Beispiller** Kanner sollen net eleng am Internet chatten; ech hu keng Zäit, fir de ganzen Dag ze chatten

Chaudière [ʃ'o:djɛ:R] Femininum (Pluriel Chaudiären) **DE** Heizkessel • **FR** chaudière [installation de chauffage] • **EN** boiler [for central heating] • **PT** caldeira de aquecimento **Beispill** eis nei Chaudière war séier installéiert **Synonym** Heizkessel

Chauffe-plat [ʃ'o:fp'l'a:] Maskulinum (Pluriel Chauffe-platen) **DE** Warmhalteplatte • **FR** chauffe-plat • **EN** dish-warmer • **PT** aquecedor de pratos **Beispiller** hues de nach Käerze fir de Chauffe-plat?; stell d'Schossel mat der Zooss op de Chauffe-plat, fir datt se waarm bleift

Chauffeur [ʃ'o:fe] Maskulinum (Pluriel Chaufferen) **1. DE** Autofahrer • **FR** chauffeur, automobiliste • **EN** driver, car driver • **PT** condutor, automobilista **Beispill** de Chauffeur krut e Protokoll, well en ze séier duerch d'Uertschaft gefuer ass **Synonym** Automobilist **2. DE** Fahrer, Chauffeur • **FR** chauffeur [professionnel] • **EN** driver [professional] • **PT** motorista [profissional] **Beispill** hie schafft als Chauffeur beim Parlament

i Variant: Chauffeur

i Weiblech Form: **Chauffesch**

Chauffesch [ʃ'o:fəʃ] Femininum (Pluriel Chauffeschen) **1. DE** Autofahrerin • **FR** chauffeuse, automobiliste • **EN** driver, car driver [female] • **PT** condutora, automobilista **Synonym** Automobilistin **2. DE** Fahrerin, Chauffeurin • **FR** chauffeuse [professionnelle] • **EN** (female) driver [professional] • **PT** motorista [condutora profissional]

i Männlech Form: **Chauffeur**

Chauffeur [ʃ'o:fœ:R] Maskulinum (Pluriel Chauffeuren) - Variant vun **Chauffeur**

Chèche [ʃɛ:ɕ] Maskulinum (Pluriel Chèchen) **DE** Schesch • **FR** chèche • **EN** chèche, tagelmust [Tuareg cotton veil and turban] • **PT** (lenço) cheich **Beispill** wann ee säi Chèche ëm den Hals, ëm d'Nues an ëm de Mond wéckelt, funktionéiert en als Mundschutz

checken [tʃ'ækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gecheckt) » **transitiv 1. DE** checken [kontrollieren] • **FR** contrôler, vérifier • **EN** to check [to verify] • **PT** controlar, verificar **Beispill** mer mussen nach checken, ob mer näischt vun eiser Lëscht vergiess hunn **Synonym** kontrolléieren **2. [égs] DE** checken, kapiieren, raffen • **FR** piger [comprendre] • **EN** to get, to twig [to understand] • **PT** topar, captar [entender] **Beispill** hues de d'Saach endlech gecheckt oder hues de nach ëmmer näischt bekäppt? **Synonymen** bekäppen, kapéieren, schnallen

i Verben, déi **checken** als Basis hunn: **anchecken**, **auschecken** an **durchchecken**

Check-in Maskulinum (Pluriel Check-innen) - Variant vun **Checkin**

Checkin Maskulinum (Pluriel Checkinnen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Check-out Maskulinum (Pluriel Check-outen) - Variant vun **Checkout**

Checkout Maskulinum (Pluriel Checkouts)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Checkup [tʃæg'ap] Maskulinum (Pluriel Checkups) **DE** Check-up, Vorsorgeuntersuchung • **FR** check-up, bilan de santé • **EN** (medical) check-up • **PT** check-up [exame médico] **Beispill** mat 50 Joer hunn ech mir e kompletten Checkup beim Hausdokter gefrot

cheemesch [ʃ'e:məʃ] Adjektiv **DE** chemisch • **FR** chimique <Adverb chimiquement> • **EN** chemical <Adverb chemically> • **PT** químico <Adverb quimicamente> **Beispiller** duerch eng cheemesch Reaktioun huet sech Gas am Behälter entwéckelt; an de Séissegkeete si vill cheemesch Zousätz [an de Séissegkeete si vill onatierlech Zousätz]

Cheemiker [ʃ'e:mikə] Maskulinum (Pluriel Cheemiker) **DE** Chemiker • **FR** chimiste • **EN** chemist [scientist] • **PT** químico [cientista] **Beispill** hie schafft als Cheemiker an engem Laboratoire **Synonym** Chimist

i Weiblech Form: **Cheemikerin**

Cheemikerin [ʃ'e:mikərin] Femininum (Pluriel Cheemikerinnen) **DE** Chemikerin • **FR** chimiste [femme] • **EN** (female) chemist [scientist] • **PT** química [mulher cientista] **Synonym** Chimistin

i Männlech Form: **Cheemiker**

Cheerleader [tʃ'i:gli:de] Maskulinum (Pluriel Cheerleader / Cheerleadern) **DE** Cheerleader • **FR** cheerleader • **EN** cheerleader • **PT** cheerleader **Beispill** d'Cheerleader hu virum Match hir Ekippe ugefeiert

i Weiblech Form: **Cheerleaderin**

Cheerleaderin Femininum (Pluriel Cheerleaderinnen) DE *Cheerleaderin* • FR *cheerleader, pom-pom girl* • EN *cheerleader* [female] • PT *cheerleader* [mulher, rapariga] **Beispill** während hirem Austausch an Amerika war meng Schwëster Cheerleaderin bei der Basketsekkipp aus hirer Schoull

♂ Männlech Form: ↗Cheerleader

Chef [ʃæf] Maskulinum (Pluriel Cheffen) 1. DE *Chef* [Vorgesetzte(r)] • FR *chef* [patron, supérieur hiérarchique] • EN *boss* • PT *chefe* [patrão, superior hierárquico] **Beispiller** de Vendeur gouf bei de Chef geruff, well en ëmmer ze spéit op d'Aarbecht kënnt; du bass de Chef! [ëgs] [du bass deen, deen decidéiert!] **Synonym** Virgesetzten 2. DE *Gruppenleiter* [bei den Pfadfindern] • FR *chef* [scout] • EN *Scout leader* • PT *chefe escutista* **Beispiller** de Chef huet de Scoute verschidden nët-zlech Kniert bäibruecht; mä Brüdder ass Chef bei de Wëllefcher **Synonym** Scoutschef

♀ Weiblech Form: ↗Cheffin

Chef de gare [ʃæfdəg'a:R] Maskulinum (Pluriel Chef-de-garen) DE *Bahnhofsvorsteher* • FR *chef de gare* • EN *station master* • PT *chefe de estação* (ferroviária) **Beispill** den Zuch ass eréischt fortgefuehr, wéi de Chef de gare gepaff huet

Chef de gare [ʃæfdəg'a:R] Femininum (Pluriel Chef-de-garen)

♂ Hei entsteet en neien Artikel.

Chef-d'oeuvre [ʃɛ:d'œ:vrə] Maskulinum (Pluriel Chef-d'oeuvren) DE *Meisterwerk* [Kunstwerk] • FR *chef-d'oeuvre* [œuvre artistique] • EN *masterpiece* • PT *obra-prima* [obra de arte] **Beispiller** an dësem Musée kanns de en ettlech Chef-d'oeuvren aus der Renaissance bewonneren; dee Roman ass e Chef-d'oeuvre; déi Bréck ass e Chef-d'oeuvre vun der Technik **Synonym** Meeschterwierk

Cheffin [ʃæfin] Femininum (Pluriel Cheffinnen) DE *Chefin* [Vorgesetzte] • FR *chefe* [patronne, supérieure hiérarchique] • EN (female) *superior* [chief, supervisor] • PT *chefe* [patroa, superior hierárquico] **Synonym** Virgesetzten

♂ Männlech Form: ↗Chef

Chefkach [ʃæfkax] Maskulinum (Pluriel Chefkäch) DE *Chefkoch* • FR *chef cuisinier* • EN *chief cook, chef* • PT *chefe* [cozinheiro principal] **Beispill** eise Restaurant sicht e Chefkach mat vill Erfahrung

♀ Weiblech Form: ↗Chefkächen

Chefkächen [ʃæfkæçən] Femininum (Pluriel Chefkächen) DE *Chefköchin* • FR *chef cuisinière* • EN *chief cook, chef* [female] • PT *chefe* [cozinheira principal] **Beispill** dës Chefkächen ass bekannt fir hir extravagant gastronomesch Kreatiounen

♂ Männlech Form: ↗Chefkach

Chefredactrice [ʃæfredaktris] Femininum (Pluriel Chefredactricen) DE *Chefredakteurin* • FR *rédactrice en chef* • EN (female) *editor* [editor in chief] • PT *redatora-chefe* **Beispill** meng Fra ass Chefredactrice bei enger renommiierter Zeitung

♂ Männlech Form: ↗Chefredakter

Chefredakter [ʃæfredakte] Maskulinum (Pluriel Chefredakteren) DE *Chefredakteur* • FR *rédacteur en chef* • EN *editor* [editor in chief] • PT *redator-chefe* **Beispill** zënter mir en neie Chefredakter hunn, verkeeft eis Zeitung sech vill besser

♀ Weiblech Form: ↗Chefredactrice

♀ Weiblech Form: ↗Chefredaktesch

Chefredaktesch Femininum (Pluriel Chefredakteschen) DE *Chefredakteurin* • FR *rédactrice en chef* • EN (female) *editor* [editor in chief] • PT *redatora-chefe*

♂ Männlech Form: ↗Chefredakter

Cheftaine [ʃæfte:n] Femininum (Pluriel Cheftainen) DE *Gruppenleiterin* [bei den Pfadfindern] • FR *cheftaine* • EN *leader* [for Guides and Scouts] • PT *chefe escutista* [escuteira] **Beispill** meng Schwëster ass Cheftaine bei de Wëllefcher

chemesch [ʃ'e:məʃ] Adjektiv - Variant vun ↗cheemesch

Chemikalie [ʃemika:lɪ'ə] Femininum (Pluriel Chemikalien) (meeschstens Pluriel) DE *Chemikalie* • FR *produit chimique* • EN *chemical* • PT *produto químico* **Beispiller** déi Händschen un, wann s de mat Chemikalien hantéiers; an de Flëss féinnt een nach vill Chemikalien, déi an de Kläranlagen net kënnen ofgebaut ginn

Chemiker [ʃ'e:mikə] Maskulinum (Pluriel Chemiker) - Variant vun ↗Cheemiker

Chemikerin [ʃ'e:mikərin] Femininum (Pluriel Chemikerinnen) - Variant vun ↗Cheemikerin

Chemise [ʃəm'i:s] Femininum (Pluriel Chemisen) - Variant vun ↗Schmis

Chemisier [ʃəm'izje:] Maskulinum (Pluriel Chemisieren) DE *Hemdbluse* • FR *chemisier* [vêtement féminin] • EN *blouse, (woman's) shirt* • PT *camiseiro* [peça de vestuário feminino] **Beispill** si huet sech an de Sol-den e schéine Chemisier kauft

Chèque-service accueil Maskulinum (Pluriel Chèque-service-accueilen)

♂ Hei entsteet en neien Artikel.

Chercheur [ʃɛʃœ:r] Maskulinum (Pluriel Chercheuren) DE *Forscher* • FR *chercheur* • EN *researcher* • PT *investigador, pesquisador* **Beispill** e Grupp vu Chercheuren huet en neien Impfstoff géint d'Gripp fonnt **Synonym** Fuerscher

♀ Weiblech Form: ↗Chercheuse

Chercheuse [ʃɛʃø:s] Femininum (Pluriel Chercheusen) DE *Forscherin* • FR *chercheuse* • EN *researcher* [female] • PT *investigadora, pesquisadora* **Beispill** dës Chercheuse war un der Entwécklung vun enger wichtiger Impfung bedeelegt **Synonym** Fuerscherin

♂ Männlech Form: ↗Chercheur

chic [ʃik] Adjektiv - Variant vun ↗schick

Chichi [ʃiˈʃi:] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** ëgs DE *Chichi*, *Brimborium* • FR *chichi* [élément superflu] **Beispill** mir wollte bewusst eng Feier ouni Chichi **Synonym** Jirrimirri **2.** ëgs DE *Fisimatenten* • FR *chichi*, *manières* • EN *fuss*, *to-do* • PT *cerimónias*, *coisas* [complicações] **Beispill** hie mécht ëmmer Chichi, wann et drëm geet, am Restaurant d'Rechnung ze deelen **Synonymmen** Fisematenten, Jirrimirri

Chicon [ʃiˈkɔ̃:] Maskulinum (Pluriel Chiconen) DE *Chicorée* • FR *endive*, *chicon* • EN *chicory*, *endive* • PT *endívia*, *chicória-de-bruxelas* **Beispill** schneit de Stronk aus de Chiconen eraus, da schmaachen se net esou batter!

Chienne [ʃjæ̃n] Femininum (Pluriel Chiennen) DE *Pony* [Frisur] • FR *frange* [de cheveux] • EN *fringe* [of hair] • PT *franja* [penteado] **Beispill** meng Frëndin huet sech eng Chienne schneide gelooss

Chiers [ʃjɛ̃ːR] Eegennumm - Variant vun ↗Kor

Chiffer [ʃiˈfɛ] Maskulinum (Pluriel Chifferen) DE *Betrag* • FR *chiffre* [montant, somme] • EN *amount*, *sum* [money] • PT *montante*, *soma* **Beispill** d'Publicitéit eleng mécht schonn en décke Chiffer am Budget aus

chiffriieren [ʃiˈfʀi:ɪə:Rən] Verb (Hëllesverb hunn, Participle passé chiffriiert) » **transitiv 1.** DE *beziifern* [ab-schätzen] • FR *chiffre* [estimer] • EN *to put a figure on*, *to estimate* • PT *estimar*, *avaliar* **Beispill** d'Onkäschte si schwéier ze chiffriieren » **reflexiv 2.** sech chiffriieren op DE *sich beziifern auf*, *sich belaufen auf* • FR *se chiffre à* • EN *to run to*, *to amount to* • PT *montar a*, *cifrar-se em* **Beispill** de Verloscht chiffriiert sech op méi ewéi dräi Milliarden Euro **Synonym** sech belafen op

Chignon [ʃiˈɲɔ̃:] Maskulinum (Pluriel Chignonen) DE *Dutt*, *Haarknoten*, *Chignon* • FR *chignon* • EN *chignon* • PT *carrapito*, *puxo* **Beispill** fir d'Hochzäit huet de Coiffer der Braut en elegante Chignon gemaach **Synonym** Tuppi

Chile [ʃiˈiːle:] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum DE *Chile* • FR *Chili* • EN *Chile* • PT *Chile* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Chile; ech fueren d'nächst Woch an de Chile; ech kommen aus dem Chile; ech war schonn dräimol a Chile; ech fueren d'nächst Woch a Chile; ech kommen aus Chile

i männlech Persoun: ↗Chileen weiblech Persoun: ↗Chileenin
Adjektiv: ↗chileneesch Haaptstad: ↗Santiago de Chile

Chileen [ʃiˈiːle:n] Maskulinum (Pluriel Chileenen) DE *Chilene* • FR *Chilien* • EN *Chilean* • PT *chileno* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Chileen

chileneesch [ʃiˈiːle:nəʃ] Adjektiv DE *chilenisch* • FR *chilien* • EN *Chilean* • PT *chileno* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi chileneesch Kultur kenne geléiert

Chileenin [ʃiˈiːle:nin] Femininum (Pluriel Chileeninnen) DE *Chilenin* • FR *Chilienne* • EN *Chilean* [female] • PT *chilena* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Chileenin

chillen [tʃiˈlən] Verb (Hëllesverb hunn, Participle passé gechillt) » **intransitiv** ëgs DE *chillen* • FR *buller*, *se la couler douce* • EN *to chill out* • PT *preguiçar*, *relaxar*, *descontrair* **Beispiller** ech hu mer virgeholl, iwwer d'Feierdeeg weider näischt ze maachen ewéi ze chillen; no där ustrengender Rees hu mer owes op

der Terrass gechillt **Synonym** relaxen

Chimie [ʃiˈimi:] Femininum (kee Pluriel) DE *Chemie* • FR *chimie* [science] • EN *chemistry* [science] • PT *química* [ci-ência] **Beispiller** hie studéiert Chimie op enger renoméierter Universiteit; op dëser Sektioen hues de méi Chimie [op dëser Sektioen hues de méi Schoulstonnen, an deene Chimie enseignéiert gëtt]; vill Leit wënschen sech eng Landwirtschaft mat manner Chimie [vill Leit wënschen sech méi eng natierlech Landwirtschaft]; d'Chimie stëmmt net tëschen hinnen ëgs [si ginn net eens mateneen]

Chimiescours [ʃiˈimi:sku:g] Maskulinum (Pluriel Chimiescoursen) DE *Chemiestunde* • FR *cours de chimie* [leçon] • EN *chemistry class*, *chemistry course* • PT *aula de química* **Beispill** am Chimiescours hu mir iwwer d'Eegenschafte vum Waasser geschwat

Chimiesprofessor [ʃiˈimi:sprofæse] Maskulinum (Pluriel Chimiesprofesseren) DE *Chemielehrer* • FR *professeur de chimie* • EN *chemistry teacher* • PT *professor de química* **Beispill** eise Chimiesprofessor huet d'Theorie mat engem Experiment demonstréiert

i Kuerzform: Chimiesproff

i Weiblech Form: ↗Chimiesprofessesch

Chimiesprofessesch [ʃiˈimi:sprofæsəʃ] Femininum (Pluriel Chimiesprofesseschen)

i Variant: Chimiesprofessorin

i Kuerzform: Chimiesproff

i Männlech Form: ↗Chimiesprofessor

Chimiesprofessorin [ʃiˈimi:sprofæso:rin] Femininum (Pluriel Chimiesprofessorinnen) - Variant vun ↗Chimiesprofessesch

Chimiesproff [ʃiˈimi:sprof] Maskulinum (Pluriel Chimiesproffen) ëgs - Kuerzform vun ↗Chimiesprofessor

Chimiesproff [ʃiˈimi:sprof] Femininum (Pluriel Chimiesproffen) ëgs - Kuerzform vun ↗Chimiesprofessesch

Chimio [ʃiˈimjo:] Femininum (Pluriel Chimioen) - Kuerzform vun ↗Chimiotherapie

Chimiotherapie [ʃiˈimjo:terap:i:] Femininum (Pluriel Chimiotherapien) DE *Chemotherapie* • FR *chimiothérapie* • EN *chemotherapy* • PT *quimioterapia* **Beispill** déi meescht Patiente leiden ënner den Nowierkunge vun der Chimiotherapie

i Kuerzform: Chimio

Chimist [ʃiˈmɪst] Maskulinum (Pluriel Chimisten) DE *Chemiker* • FR *chimiste* • EN *chemist* [scientist] • PT *químico* [cientista] **Beispill** hie schafft als Chimist an engem Laboratoire **Synonym** Cheemiker

i Weiblech Form: ↗Chimistin

Chimistin [ʃiˈmɪstin] Femininum (Pluriel Chimistinnen) DE *Chemikerin* • FR *chimiste* [femme] • EN (female) *chemist* [scientist] • PT *química* [mulher cientista] **Beispill** meng Bekannte schafft als Chimistin an engem Laboratoire **Synonym** Cheemikerin

Männlech Form: ↗Chimist

China [ʃ'ina:] Eegennumm, Neutrum **DE** *China* • **FR** *Chine* • **EN** *China* • **PT** *China* **Beispiller** ech war schonn dräimol a China; ech fueren d'nächst Woch a China; ech kommen aus China

männlech Persoun: ↗Chinees **weiblech Persoun:** ↗Chineesin **Adjektiv:** ↗chineesesch **Haaptstad:** ↗Peking

Chinakohl Maskulinum (Pluriel Chinakohlen) - Variant vun ↗Chinakol

Chinakol Maskulinum (Pluriel Chinakolen) **DE** *Chinakohl* • **FR** *chou chinois, chou de Pékin* • **EN** *pak choi* • **PT** *couve-chinesa* **Beispill** de Chinakol kann een dämpfen oder réi als Zalot iessen **Synonym** Chou de Chine

Chinees [ʃin'e:s] Maskulinum (Pluriel Chineesen) **DE** *Chinese* • **FR** *Chinois* • **EN** *Chinese* • **PT** *chinês* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Chinees

chineesesch [ʃin'e:zəʃ] Adjektiv **DE** *chinesisch* • **FR** *chinois* • **EN** *Chinese* • **PT** *chinês* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi chineesesch Kultur kenne geléiert

Chineesin [ʃin'e:zin] Femininum (Pluriel Chineesinnen) **DE** *Chinesin* • **FR** *Chinoise* • **EN** *Chinese [female]* • **PT** *chinesa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Chineesin

chinéiert [ʃin'zi:t] Adjektiv **DE** *meliert, verschiedenfarbig* • **FR** *chiné* • **EN** *mottled* • **PT** *matizado* **Beispill** ech bräicht chinéiert Woll, fir mer e Pullover ze strécken

Chip [tʃip] Maskulinum (Pluriel Chippen) **DE** *Chip [Microchip]* • **FR** *puce, chip* • **EN** *chip [microchip]* • **PT** *circuito integrado, chip* **Beispill** d'Kreditkaarte funktionéiere mat enger Magnéitsträif a mat engem Chip

chippen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gechippt) » **transitiv** **DE** *chippen [ein Tier]* • **FR** *puceur [un animal]* • **EN** *to chip [an animal]* • **PT** *pôr um chip a [um animal]* **Beispill** mir hunn eise Kueder beim Veterinär chippe gelooss

Chips [ʃips] Femininum (Pluriel Chipsen / Chips) **DE** *Chip [Kartoffelchip]* • **FR** *chips* • **EN** *crisp* • **PT** *batata frita [de pacote]* **Beispill** mir hu gëschter bal eng ganz Tut Chipse virun der Télee giess

Chirurg [çir'urç] Maskulinum (Pluriel Chirurgen) **DE** *Chirurg* • **FR** *chirurgien* • **EN** *surgeon* • **PT** *cirurgião* **Beispill** de Chirurg huet d'Patientin mat engem Broch opéiert

Weiblech Form: ↗Chirurgin

Chirurgie [çirurz'i:] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Chirurgie [Fachgebiet]* • **FR** *chirurgie [spécialité médicale]* • **EN** *surgery [branch of medicine]* • **PT** *cirurgia [especialidade médica]* **Beispill** ech hunn op enger bekannter Uni am Ausland Chirurgie studéiert **2.** (Pluriel Chirurgien) **DE** *Chirurgie [Abteilung]* • **FR** *service de chirurgie* • **EN** *(general) surgery [hospital department]* • **PT** *serviço de cirurgia* **Beispill** d'Patientin gouf an d'Chirurgie vum Universitétsspídel iwewisen

Chirurgin [çir'urzin] Femininum (Pluriel Chirurginnen) **DE** *Chirurgin* • **FR** *chirurgienne* • **EN** *surgeon [female]* • **PT** *cirurgiã* **Beispill** d'Chirurgin huet mer erkläert, wat bei der Operatioun alles géif gemaach ginn

Männlech Form: ↗Chirurg

Chlamydien [klam'idiən] Femininum (kee Singulier) **DE** *Chlamydien* • **FR** *chlamydias, chlamydiae* • **EN** *chlamydia* • **PT** *clamídias* **Beispill** Chlamydien iwewerdroen sech bei ongeschütztem Geschlechtsverkeer

Chlamydien-Infektioun [klam'idiəninfæksjəʊn] Femininum (Pluriel Chlamydien-Infektiounen) **DE** *Chlamydieninfektion* • **FR** *infection à chlamydia* • **EN** *chlamydia infection* • **PT** *infecção por clamídia* **Beispill** beim Mann ka sech eng Chlamydien-Infektioun duerch Bass, Brenne beim Waasserloossen oder eeteregen Ausfluss weisen

Chlor [klo:r] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** *Chlor [chemisches Element]* • **FR** *chlore [élément chimique]* • **EN** *chlorine [chemical element]* • **PT** *cloro [elemento químico]* **Beispill** d'Element Chlor gehéiert zum Grupp vun den Halogenen

chlören [kl'ɔ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gechlort)

Hei entsteet en neien Artikel.

Chloroform [kloro'fɔrm] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Chloroform* • **FR** *chloroforme* • **EN** *chloroform* • **PT** *cloroformio* **Beispill** fréier ass Chloroform als Narkosmëttel benotzt ginn

chloroforméieren [kloro'fɔrm'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé chloroforméiert)

Hei entsteet en neien Artikel.

Choix [ʃwa] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Auswahl, Angebot* • **FR** *choix, offre, éventail* • **EN** *choice, selection [range]* • **PT** *oferta, sortimento, sortido* **Beispill** dëse Bicherbuttek huet e grouse Choix **Synonym** Auswiel **2.** (Pluriel Choixen) **DE** *Auswahl, Wahl* • **FR** *choix [sélection]* • **EN** *choice, selection [choosing]* • **PT** *escolha [selecção]* **Beispiller** ech loosse mech beim Choix vu menge Kleeder gär beroden; ech loossen Iech de Choix! [Dir kënnt selwer wielen] **Synonym** Wiel **3.** (kee Pluriel) **DE** *Auswahl, Auslese [Zusammenstellung]* • **FR** *choix, anthologie* • **EN** *anthology* • **PT** *escolha, antologia* **Beispill** den Auteur huet e Choix vu senger schéinste Gedichter publizéiert **Synonymmen** Auswiel, Selektioun **4.** (Pluriel Choixen) **DE** *Wahl [Güteklasse]* • **FR** *choix [qualité]* • **EN** *class, quality* • **PT** *escolha, qualidade* **Beispill** d'Plättercher an eisem Keller sinn zweete Choix

choleeresch [kol'e:rəʃ] Adjektiv **DE** *cholérisc* • **FR** *coléreux, colérique* • **EN** *choleric* • **PT** *colérico [irascível]* **Beispill** eisen Dirigent huet e choleeresche Charakter

Choleeriker [kol'e:rike] Maskulinum (Pluriel Choleeriker) **DE** *Choleeriker* • **FR** *homme coléreux* • **EN** *choleric person* • **PT** *colérico [pessoa irascível]* **Beispill** et ass net einfach, mat engem Choleeriker zesummeschaffen

Weiblech Form: ↗Choleerikerin

Choleerikerin [kol'e:rikərin] Femininum (Pluriel Choleerikerinnen) **DE** *Choleerikerin* • **FR** *femme coléreuse* • **EN** *choleric woman* • **PT** *colérica [mulher irascível]*

Männlech Form: ↗Choleeriker

Cholera [k'oləɾa:] Femininum (kee Pluriel) DE *Cholera* • FR *choléra* • EN *cholera* • PT *cólera* [doença] **Beispiller** a Krisegebieter, an deenen et grave Hygiènesmängel gëtt, brécht gär d'Cholera aus; d'Cholera ass eng héichustiechend Daarminfektion, un där ee bannent Stonne ka stierwen

choleresch [kol'e:rəʃ] Adjektiv - Variant vun ↗choleeresch

Choleriker [kol'e:ri:kə] Maskulinum (Pluriel Choleriker) - Variant vun ↗Choleeriker

Cholerikerin [kol'e:rikərin] Femininum (Pluriel Cholerikerinnen) - Variant vun ↗Choleerikerin

Cholesterol [kolæstə'ol] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Cholesterin* • FR *cholestérol* • EN *cholesterol* • PT *colestrol* **Beispiller** am Alter kréie vill Leit Problemer mam Cholesterol; et gëtt Liewensmëttel, déi hëllefen, de Cholesterol am Gläichgewiicht ze halen

Chômage [ʃ'o:ma:ʃ] Maskulinum (kee Pluriel) 1. DE *Arbeitslosigkeit* • FR *chômage* [*manque d'offres d'emploi*] • EN *unemployment* • PT *desemprego* **Beispill** den (Taux vum) Chômage ass an deene leschte Jore staark erofgaangen **Synonym** Aarbechtslosegkeet 2. am Chômage sinn DE *arbeitslos sein* • FR *être au chômage*, *être chômeur* • EN *to be unemployed* • PT *estar no desemprego* **Beispill** ech sinn zënter engem Mount am Chômage 3. DE *Arbeitslosengeld* • FR *chômage* [*allocation de chômage*] • EN *unemployment benefit*, *jobseeker's allowance* • PT *subsídio de desemprego* **Beispill** den Aarbechtslosen huet Chômage ugefrot

Chômage partiel [ʃ'o:m'a:ʃpaʁs'jæ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Teilarbeitslosigkeit*, *Kurzarbeit* • FR *chômage partiel* • EN *partial unemployment* • PT *desemprego parcial* **Beispill** well a ville Betriber wéinst dem Confinement net normal ka geschafft ginn, si vill Employéen am Chômage partiel

Chômeur [ʃ'o:mœ:ʀ] Maskulinum (Pluriel Chômeuren) DE *Arbeitsloser* • FR *chômeur* • EN *unemployed person* • PT *desempregado* **Beispill** no menger Entloossung hunn ech mech als Chômeur beim Aarbechtsamt gemellt

1 Weiblech Form: ↗Chômeuse

Chômeuse [ʃ'o:mø:s] Femininum (Pluriel Chômeusen) DE *Arbeitslose* • FR *chômeuse* • EN *unemployed person* [*female*] • PT *desempregada* **Beispill** no menger Entloossung hunn ech mech als Chômeuse beim Aarbechtsamt gemellt

1 Männlech Form: ↗Chômeur

Chorale [kor'al] Femininum (Pluriel Chorallen) DE *Gesangverein* • FR *chorale* [*groupe de chant*] • EN *choir* [*group of singers*] • PT *grupo coral*, *orfeão* **Beispiller** d'Chorale huet en neien Dirigent kritt; déi zwou Choralle ginn zesammen e Concert

Choreograf [kɔʀeogr'a:f] Maskulinum (Pluriel Choreografen)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

1 Weiblech Form: ↗Choreografin

choreograféieren [kɔʀeogr'a:fizjəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé choreograféiert)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

choreografesch [kɔʀeogr'a:fəʃ] Adjektiv

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Choreografie [kɔʀeogr'a:fi:] Femininum (Pluriel Choreografien)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Choreografin [kɔʀeogr'a:fin] Femininum (Pluriel Choreografinnen)

1 Männlech Form: ↗Choreograf

Choreograph [kɔʀeogr'a:f] Maskulinum (Pluriel Choreographen)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

cotéiert Adjektiv DE *bewertet, geschätzt [Kunstgegenstand]* • FR *coté [objet d'art]* • EN *valued, listed [piece of art]* • PT *cotado [objeto de arte]* **Beispill** deem Moler seng Biller sinn ëmmer nach héich cotéiert

i „cotéiert“ kann och de Participe passé vum Verb ↗cotéieren sinn.

Cotisatioun [kɔtizasj'əʊn] Femininum (Pluriel Cotisatiounen) DE *Beitrag, Mitgliedsbeitrag* • FR *cotisation* • EN *subscription, membership fee, contribution* • PT *quota, contribuição* **Beispiller** hien huet seng Cotisatioun nach net bezuelt; d'Cotisatiounen vun de Krankekeese ginn d'nächst Joer gehéicht **Synonym** Bäitrag

cotiséieren [kɔtiz'ʒiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé cotiséiert) » **intransitiv** DE *(Beiträge) einzahlen* • FR *cotiser* • EN *to contribute, to pay contributions* • PT *contribuir, pagar contribuições* **Beispiller** d'Schüler brauchen net an d'Krankekeese ze cotiséieren; si huet 35 Joer an d'Pensiounskeess cotiséiert **Synonym** abezuelen

Couche [kuʃ] Femininum (Pluriel Couchen) - Variant vun ↗Kusch

Couette [kwæʔ] Femininum (Pluriel Couetten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Coulis [k'uli:] Maskulinum (Pluriel Coulisen) DE *Coulis [Soße]* • FR *coulis [sauce]* • EN *coulis [sauce]* • PT *coulis [molho]* **Beispill** als Dessert gëtt et Glace mat engem Coulis aus exotesche Friichten

Couloir [k'ulwa:R] Maskulinum (Pluriel Couloiren) **1.** DE *Flur, Gang* • FR *couloir [corridor]* • EN *corridor [passage]* • PT *corredor [passagem interior]* **Beispiller** ech haassen Hotelle mat laange Couloiren, well ech mäin Zëmmer ni ermëffannen; an der Klinick souzen d'Leit um Couloir ze waarden, fir un d'Rei ze kommen **Synonym** Gank **2.** DE *Bahn [bei Sportanlagen]* • FR *couloir [dans des infrastructures sportives]* • EN *lane [strip of track]* • PT *corredor [nas infraestruturas desportivas]* **Beispiller** de Weltmeeschter leeft am Couloir fënnef; während der Kompetitioun huet all Schwëmmer säi Couloir **Synonym** Bunn

Countdown [k'ɔʊntdaʊn] Maskulinum (Pluriel Countdownen / Countdowns)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Coup [ku:] Maskulinum 1. (Pluriel Ki) **DE** Schlag [Hieb, Stoß] • **FR** coup [choc, heurt] • **EN** blow [hit] • **PT** golpe, pancada **Beispiller** de Kläpper krut ferm Ki an d'Rèpper; ech hu mer e **Coup** ginn, wéi ech an der Trap gefall sinn (ech hu mer wéigedoen, wéi ech an der Trap gefall sinn); dat do huet mer e **Coup** ginn! [égs] [dat do huet mer vill ausgemaach]; déi Nouvelle huet deem ale Mann dee leschte **Coup** ginn [égs] (un där Nouvelle ass deen ale Mann zugronn gaangen); géff der e **Coup** a stéi op! [égs] [iwierwann dech a stéi op!] **Synonym** Schlag 2. (kee Pluriel) **DE** Coup, Handstreich • **FR** coup [Brusque action préméditée] • **EN** coup [unexpected and successful act] • **PT** golpe [ato repentino e premeditado] **Beispiller** soll déi Band net amgaang sinn, en nächste **Coup** ze plangen?; waars du am **Coup**? [égs] [woussst du Bescheid?]; den Erzéier war mat am **Coup** [égs] [den Erzéier war mat an déi Af-fär verwékelt]; et ass mer op den éischte **Coup** gelongen [égs] [et ass mer beim éischte Versuch gelongen] 3. (kee Pluriel) **DE** Schock [Schreck] • **FR** coup [choc émotionnel] • **EN** shock [emotional] • **PT** choque [emocional] **Beispill** den Doud vun deem jonke Schüler war e **Coup** fir seng ganz Klass **Synonym** Schock 4. op ee **Coup** **DE** auf einmal, plötzlich • **FR** tout à coup, soudain • **EN** all at once, suddenly • **PT** de repente, subitamente **Beispill** op ee **Coup** war alles däischter am Haus **Synonymmen** op ee Schlag, stënterlech, op een Zoch, op een Zock 5. mat engem **Coup** **DE** mit einem Schlag [zugleich] • **FR** d'un seul coup, en une fois • **EN** at a stroke, at a single blow • **PT** de uma só vez **Beispill** mat engem **Coup** sinn Dausende Liter Mazout an d'Mier gefloss

Coup d'État [ku:det'a:] Maskulinum (Pluriel Coup-d'Étaten) **DE** Staatsstreich • **FR** coup d'État • **EN** coup d'état • **PT** golpe de Estado **Beispill** nom **Coup d'État** huet d'Arméi de Pouvoir u sech gerappt

Coup du lapin [ku:dylap'ɛ:] Maskulinum (Pluriel Coup-du-lapinen) **DE** Schleudertrauma • **FR** coup du lapin • **EN** whiplash (injury) • **PT** traumatismo cervical **Beispill** no mengem Accident war e **Coup du lapin** d'Erklärung fir mäi Wéi am Genéck **Synonym** Schleudertrauma

Coupe [kup] Femininum (Pluriel Couppen) 1. **DE** Schale, Trinkschale • **FR** coupe [verre] • **EN** glass [of champagne] • **PT** taça [copo] **Beispill** komm, mir drénken eng **Coupe** Cremant! 2. **DE** Schale [offenes Gefäß] • **FR** coupe [recipient ouvert] • **EN** bowl [open dish] • **PT** vaso [recipiente aberto] **Beispill** fir Allerhellege gi vill **Coupe** mat Blummen op d'Griewer gesat 3. **DE** Pokal [Trophäe] • **FR** coupe [récompense] • **EN** cup [trophy] • **PT** taça [troféu] **Beispill** d'Gewénner hunn als Belounung eng **Coupe** iwwerrecht kritt 4. **DE** Pokal [Wettbewerb] • **FR** coupe [compétition sportive] • **EN** cup [competition] • **PT** taça [competição] **Beispill** d'Lokalekipp ass an der **Coupe** en Tour weiderkomm

Coupé [k'upe:] Maskulinum (Pluriel Coupéen) 1. **DE** Coupé • **FR** coupé [auto] • **EN** coupé [car] • **PT** carro desportivo [descapotável, coupé] **Beispill** mir hunn eis um Autosfestival e **Coupé** kaaft 2. **DE** Abteil, Zugabteil • **FR** coupé, compartiment [dans un train] • **EN** compartment [in a train] • **PT** compartimento [num comboio] **Beispill** mir hu keng Plaz am **Coupé** kritt

Coupe [kup] Femininum (Pluriel Couppen) 1. **DE** Haarschnitt • **FR** coupe de cheveux • **EN** haircut, hairstyle • **PT** corte de cabelo **Beispill** de Coiffer huet mer eng flott nei **Coupe** geschnidden 2. **DE** Schnitt, Zuschnitt [von Kleidungsstücken] • **FR** coupe [en couture] • **EN** cut, style [tailoring] • **PT** corte [em costura] **Beispill** déi **Coupe** do geet der net! 3. **DE** Holzeinschlag • **FR** coupe [abattage forestier] • **EN** logging • **PT** corte [abate de árvores] **Beispill** am Bësch sinn d'Aarbechter mat der **Coupe** amgaang

Coupefinal [k'upfinal] Femininum (Pluriel Coupefinalen) **DE** Pokalfinale • **FR** finale de la coupe • **EN** cup final • **PT** final da taça **Beispill** gouf d'**Coupefinal** vun den Hären eigentlech schonn eng Kéier vun enger **FR** gepaff?

Couperose [kupr'o:z] Femininum (kee Pluriel) **DE** erweiterte Äderchen [im Gesicht], Couperose • **FR** couperose • **EN** couperose, rosacea • **PT** couperose **Beispill** **Couperose** ass keng gefeierlech, mee opfälleg Erweiderung vun de rengen Oderen, virun allem am Gesicht

Coupon [k'upõ:] Maskulinum (Pluriel Couponen) 1. **DE** Stoffrest • **FR** coupon [reste d'un rouleau d'étoffe] • **EN** cutting, remnant, sample [of fabric] • **PT** retalho [resto de tecido] **Beispiller** d'Néiesch gehäit kee **Coupon** ewech; dee Stoff do hunn ech bëlleg kritt, well et e **Coupon** war 2. **DE** Zinsschein, Coupon • **FR** coupon [d'obligation] • **EN** coupon • **PT** cupão **Beispill** ech muss endlech meng **Couponen** op d'Bank aléise goen

Cour [ku:ɔ] Femininum (Pluriel Couren) 1. **DE** Gerichtshof [Instanz] • **FR** cour [de justice] [institution] • **EN** court [of law] [institution] • **PT** tribunal [de justiça] [instituição] **Beispill** wéini soll d'Urteil vun der **Cour** gesprach ginn? **Synonym** Gerichtshaff 2. **DE** Gerichtshof [Gebäude] • **FR** cour [de justice] [bâtiment] • **EN** court [of law] [building] • **PT** tribunal [de justiça] [edifício] **Beispill** am Virfeld vum Prozess hunn e puer Leit um Parvis virun der **Cour** manifestéiert **Synonym** Gerichtshaff

Courage [kur'a:ʃ] Maskulinum (kee Pluriel) 1. **DE** Mut [Tapferkeit] • **FR** courage [bravoure] • **EN** courage, bravery • **PT** coragem [bravura] **Beispiller** d'Kand hat de **Courage**, den Elteren d'Wouerecht ze soen; verléier net de **Courage**, et kommen nees besser Zäiten!; de Schüler huet säi ganze **Courage** zesummegeholl an ass vum Sprangbriet gesprongen [de Schüler huet seng Ängschten iwwerwonnen an ass vum Sprangbriet gesprongen]; mäi Mataarbechter huet kee **Courage** an der Box [égs] [et feelt mengem Mataarbechter u **Courage**] 2. **DE** Mut [Lebensmut] • **FR** courage [goût à la vie, énergie] • **EN** courage, optimism • **PT** coragem, ânimo **Beispill** der Doktesch hir Erklärungen hu mer erëm **Courage** gemaach **Synonym** Mut

courageiert [kuraʒ'ɛiɛt] Adjektiv **DE** mutig • **FR** courageux <Adverb courageusement> • **EN** brave, courageous <Adverb bravely> • **PT** corajoso <Adverb corajosamente> **Beispiller** deng Schwëster ass e **courageiert** Framënsch!; de Bouf ass ganz **courageiert** bei den Zännokter getrëppelt

Courbe [kurp] Femininum (Pluriel Courben) **DE** Kurve, Graph • **FR** courbe [d'un graphique, d'un diagramme] • **EN** curve, graph • **PT** curva [de um gráfico, de um diagrama] **Beispill** um Verlaf vun der **Courbe** gesäit een, wéi

de Pëtrolspräis an de leschte Méint variéiert huet **Synonym** Kurv

Cour de cassation Femininum (Pluriel Cour-de-cassation)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Coureur [k'URœ:R] Maskulinum (Pluriel Coureuren) **DE** Radrennfahrer • **FR** coureur (cycliste) • **EN** (racing) cyclist • **PT** corredor (de bicicleta) [atleta] **Beispill** de Coureur ass mat engem Virsprong vun dräi Sekonnen iwwer d'Arrivée gefue

Courgette [k'URzæt] Femininum (Pluriel Courgetten) **DE** Zucchini • **FR** courgette • **EN** courgette • **PT** curgete **Beispiller** eis Courgettë sinn dëst Joer formidabel gewuess; wann s de d'accord bass, da maachen ech eis den Owend gefëllte Courgetten **Synonym** Zucchini

I Variant: Gurjett

Courrier [k'URjē:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Post [Briefsendungen] • **FR** courrier [correspondance] • **EN** mail, post • **PT** correio [correspondência] **Beispill** ech hunn de Courrier vun der leschter Woch emol nach net opgemaach **Synonym** Post

Cours [ku:ɔ] Maskulinum (Pluriel Coursen) **1. DE** Seminar, Lehrgang, Kurs • **FR** cours [enseignement, formation] • **EN** course [lectures, classes] • **PT** curso [ensinamento, formação] **Beispill** dee Professor hält en interessante Cours **2. DE** Unterricht, Unterrichtsstunde • **FR** cours [leçon d'enseignement] • **EN** lesson, class • **PT** aula [lição] **Beispill** mir hunn haut am Cours iwwer d'Seejomesse geschwat; kanns du mer däi Cours ginn? [kanns du mer d'Notize ginn, déi s du am Cours geholl hues?] **3. DE** Kurs [von Börsenprodukten] • **FR** cours [des produits boursiers] • **EN** exchange rate • **PT** cotação [da Bolsa] **Beispill** ech hunn eng App um Handy, déi mer d'Coursé vu mengen Aktie weist

Cours d'appui Maskulinum (Pluriel Cours-d'appuien)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Course [kURS] Femininum (Pluriel Coursen) **DE** Rennen, Wettbewerb • **FR** course [épreuve sportive] • **EN** race [competition] • **PT** corrida [prova desportiva] **Beispill** ech si bei der Course als Drëtten iwwer d'Arrivée gefue; de Leefer huet dëst Joer un iwwer zéng Coursen deelgeholl; d'Kanner maachen eng Course, wien de Kakao fir d'éischt gedronk huet; hien ass an der Course, fir President ze ginn [hien ass Kandidat, fir President ze ginn]

Coursemaschinn [k'URsməʃɪn] Femininum (Pluriel Coursemaschinnen) **[egs]** **DE** Flitzer • **FR** bolide, voiture de sport • **EN** sports car • **PT** bólido, automóvel desportivo **Beispill** mäi Bopi huet sech am héijen Alter nach eng Coursemaschinn kaaft **Synonymen** Rennmaschinn, Sportsmaschinn

Coursier [k'URSjē:] Maskulinum (Pluriel Coursieren) **DE** Kurier • **FR** coursier [commissionnaire] • **EN** courier [messenger] • **PT** mensageiro, estafeta **Beispill** de Mueren huet e Coursier dës Enveloppe fir dech bruecht

I Weiblech Form: ↗Coursière

Coursière [k'URSjē:R] Femininum (Pluriel Coursières) **DE** Kurierin • **FR** coursière [commissionnaire] • **EN** (female) courier [messenger] • **PT** mensageira, estafeta **Beispill** de Mueren huet eng Coursière dës Enveloppe fir dech bruecht

I Männlech Form: ↗Coursier

Couscous Maskulinum (Pluriel Couscoussen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Cousin [k'uzē:] Maskulinum (Pluriel Cousinen) **1.** (rechten) Cousin **DE** Cousin, Vetter • **FR** cousin (germain) • **EN** (first) cousin • **PT** primo (direito) **Beispill** meng Frëndin gëtt mat mengem (rechten) Cousin bestuet **2.** klenge Cousin **DE** entfernter Cousin, entfernter Vetter • **FR** petit-cousin, cousin éloigné • **EN** (distant) cousin • **PT** primo afastado **Beispill** op engem Familjefest hunn ech e puer kleng Cousinë kenne geléiert, déi ech nach ni gesinn hat

I Variant: Koseng

I Weiblech Form: ↗Kusin

Cousine [k'uzɪn] Femininum (Pluriel Cousineën) - Variant vun ↗Kusin

Coussin [k'usē:] Maskulinum (Pluriel Coussinen) **DE** Kissen, Sitzkissen, Sofakissen • **FR** coussin • **EN** cushion • **PT** almofada [de assento, de encosto] **Beispill** géff mer wannechgelift e Coussin, fir de Réck ze stäipen! **Synonym** Këssen

Coût [ku:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Kosten • **FR** coût • **EN** cost • **PT** custo **Beispill** de Coût vum Projet geet iwwer d'Mëttele vun eiser Gemeng eraus

Couvert [k'UVε:R] Maskulinum (Pluriel Couverten) **1.** (meeschtens Pluriel) **DE** Besteck [Essbesteck] • **FR** couvert [fourchette, couteau, cuillère] • **EN** set of cutlery • **PT** talher [garfo, faca, colher] **Beispill** an der Zäit kruten d'Kanner dacks e sëlwer Couvert fir d'Kommioun **Synonymen** Besteck, Löffelsgeschier **2. DE** Gedeck • **FR** couvert [ustensiles de table] • **EN** cutlery [utensils] • **PT** talher, couvert [utensílios de mesa] **Beispiller** an der Hotelschoul léiert een, wéi een d'Couverte richtig leet; am Casino gëtt all Dag fir 200 Couverte gekacht [am Casino gëtt all Dag fir 200 Leit gekacht]

Couvert [k'UVε:R] Maskulinum (Pluriel Couverten) **[gehuewen]** **DE** Kuvert, Briefumschlag • **FR** enveloppe [pli à courrier] • **EN** envelope • **PT** envelope, sobrescrito **Beispill** am Couvert war eng Invitatioun fir eng Receptioun am Palais **Synonym** Enveloppe

Couvre-feu Maskulinum (Pluriel Couvre-feuen) **DE** (nächtliche) Ausgangssperre • **FR** couvre-feu [interdiction de sortir (le soir)] • **EN** curfew, confinement • **PT** recolher obrigatório (à noite) **Beispiller** d'Regierung huet an der Kriseregion e Couvre-feu verhaangen; während der Coronakris gouf et a ville Länner zäitweis e Couvre-feu **Synonym** Ausgangsspär

couvréieren [kuvr'zɔərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé couvréiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

CovidCheck Egennumm (kee Pluriel) - Kuerzform vun ↗CovidCheck-Regimm **DE** CovidCheck-Kontrolle,

Impfnachweiskontrolle [2G-, 3G-Kontrolle] • **FR** *contrôle CovidCheck, contrôle du pass sanitaire* • **EN** *CovidCheck, Covid pass control* • **PT** *controlo CovidCheck, controlo do passe sanitário* **Beispiller** de CovidCheck gëtt an der Entrée vum Restaurant gemaach; wéi mer bis duerch de CovidCheck waren, krute mer e Bändchen ëm d'Handgelenk

CovidCheck-Certificat Maskulinum (Pluriel CovidCheck-Certificaten) **DE** *CovidCheck-Nachweis* • **FR** *certificat CovidCheck* • **EN** *CovidCheck certificate* • **PT** *certificado CovidCheck* **Beispill** hues du däi CovidCheck-Certificat op Pabeier oder um Handy?

i Variant: CovidCheck-Zertifikat

CovidCheck-Regime Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗CovidCheck-Regimm

CovidCheck-Regimm Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *CovidCheck-Regelung* • **FR** *régime CovidCheck* • **EN** *CovidCheck regime* • **PT** *regime CovidCheck* **Beispiller** zënter dem 1. Dezember 2021 géllt a munche Betriber de CovidCheck-Regimm; musse mer eise Concert ënner dem CovidCheck-Regimm lafe loossen?

i Kuerzform: CovidCheck

CovidCheck-Zertifikat Maskulinum/Neutrum (Pluriel CovidCheck-Zertifikater) - Variant vun ↗CovidCheck-Certificat

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: CovidCheck-Zertifikat / CovidCheck-Certifikat

Covidiot [kovidj'ɔ:t] Maskulinum (Pluriel Covidioten) **[ëgs]** **[pejorativ]** **DE** *Covidiot* • **FR** *covidiot* • **EN** *covidiot* • **PT** *covidiota* **Beispill** elo wollt dee Covidiot tatsächlech matzen am Confinement eng Party organiséieren!

i Weiblech Form: ↗Covidiotin

Covidiotin [kovidj'ɔ:tin] Femininum (Pluriel Covidiotinnen) **[ëgs]** **[pejorativ]** **DE** *Covidiotin* • **FR** *covidiotite* • **EN** *covidiot [female]* • **PT** *covidiota [mulher]* **Beispill** elo wollt déi Covidiotin tatsächlech matzen am Confinement eng Party organiséieren!

i Männlech Form: ↗Covidiot

Covidkris [k'ɔ:vɪtkri:s] Femininum (Pluriel <seelen> Covidkrisen) - Kuerzform vun ↗Covid-19-Kris

Covidmesure [k'ɔ:vɪtməzy:R] Femininum (Pluriel Covidmesuren) **DE** *Covid-Maßnahme* • **FR** *mesure contre le COVID-19* • **EN** *COVID-19 measure* • **PT** *medida contra a COVID-19* **Beispill** d'Virologe soen, ze vill moderat Covidmesurë géifen ze villen Doudesfäll féieren, déi kéinten evitéiert ginn

i Variant: Covid-19-Mesure

COVID-19 [k'ɔ:vɪn'ontseŋ] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Covid-19

Covid-19 [k'ɔ:vɪn'ontseŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *COVID-19* • **FR** *COVID-19* • **EN** *COVID-19* • **PT** *COVID-19* **Beispill** et si weltwäit vill Leit duerch de Covid-19 gestuerwen

Covid-19-Emprunt [k'ɔ:vɪn'ontseŋ]ä:mpRĕ:] Maskulinum (Pluriel Covid-19-Emprunten) **DE** *COVID-19-Kredit* • **FR** *emprunt COVID-19* • **EN** *COVID-19*

loan • **PT** *empréstimo COVID-19* **Beispill** mat engem Covid-19-Emprunt missten déi wirtschaftlech Konsequenze vun der Coronakris besser an de Grëff ze kréie sinn

COVID-19-Emprunt [k'ɔ:vɪn'ontseŋ]ä:mpRĕ:] Maskulinum (Pluriel COVID-19-Emprunten) - Variant vun ↗Covid-19-Emprunt

Covid-19-Kris [k'ɔ:vɪn'ontseŋkri:s] Femininum (Pluriel <seelen> Covid-19-Krisen) **DE** *Covid-19-Krise* • **FR** *crise du COVID-19* • **EN** *COVID-19 crisis* • **PT** *crise da COVID-19* **Beispill** den Impakt vun der Covid-19-Kris op d'Relatioun tëschent Noperen ass schwéier anzuschätzen

i Kuerzform: Covidkris

COVID-19-Kris [k'ɔ:vɪn'ontseŋkri:s] Femininum (Pluriel <seelen> COVID-19-Krisen) - Variant vun ↗Covid-19-Kris

Covid-19-Mesure [k'ɔ:vɪn'ontseŋməz'y:R] Femininum (Pluriel Covid-19-Mesuren) - Variant vun ↗Covidmesure

COVID-19-Mesure [k'ɔ:vɪn'ontseŋməz'y:R] Femininum (Pluriel COVID-19-Mesuren) - Variant vun ↗COVID-19-Mesure

Covoiturage Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Fahrge-meinschaft(en)* • **FR** *covoiturage* • **EN** *carshare, carsharing* • **PT** *partilha de veiculo(s) privado(s), carpooling* **Beispill** d'Regierung wëllt an Zukunft de Covoiturage systematesch féerden

CPAP-Maschinn [se:pe:a:p'e:məʃɪn] Femininum (Pluriel CPAP-Maschinnen) **DE** *CPAP-Beatmungsgerät* • **FR** *ventilateur CPAP* • **EN** *CPAP machine* • **PT** *ventilador CPAP* **Beispill** wann de Patient nach selwer amstand ass ze ootmen, kann eng CPAP-Maschinn em dobäi hëllefen

crawlen [kʷa:lən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gecrawlt) ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gecrawlt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Crayon [kr'ɛjõ:] Maskulinum (Pluriel Crayonen) - Variant vun ↗Crayong

Crayong [kr'ɛjɔŋ] Maskulinum (Pluriel Crayongen) **DE** *Bleistift* • **FR** *crayon* • **EN** *pencil* • **PT** *lápis* **Beispill** et soll een ni mam Crayong ënnerschreiwen **Synonym** Bläistëft

i Variant: Crayon

Createur [kreat'œ:R] Maskulinum (Pluriel Createuren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Creatrice [kreatR'is] Femininum (Pluriel Creatricen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Crèche [krɛ:ç] Femininum (Pluriel Crèchen) **DE** *Krippe, Kindertagesstätte, Kita* • **FR** *garderie (d'enfants)* • **EN** *crèche, nursery* • **PT** *creche, infantário* **Beispill** eis Kanner ginn daagsiwwer an enger Crèche versuergt

Crèchèplaz [kr'ɛ:ʃəpla:ts] Femininum (Pluriel Crèchèplazen) **DE** Kitaplatz • **FR** place en crèche • **EN** place at a crèche • **PT** lugar na creche **Beispill** fir den Hierscht siche mir eng Crèchèplaz fir eise Jéngsten

credibel Adjektiv **DE** glaubwürdig • **FR** crédible • **EN** credible • **PT** credível **Beispill** dem Ugeklote seng Aussoe waren net credibel **Synonym** glafwierdeg

Cremant [kr'e:mã:] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Crémant [Getränk] • **FR** crémant [boisson] • **EN** crémant [drink] • **PT** espumante "crémant" **Beispill** ech schmaache keen Ènnerscheid tëschent Champes a Cremant **2.** (Pluriel Cremant / Cremanten) **DE** (Glas) Crémant • **FR** (verre de) crémant • **EN** (glass of) crémant • **PT** copo de "crémant" **Beispill** soll ech eis nach zwee Cremante bestellen?

Cremantsfläsch [kr'e:mã:sflæʃ] Femininum (Pluriel Cremantsfläschchen) **DE** Sektflasche • **FR** bouteille de crémant [contenant] • **EN** crémant bottle • **PT** garrafa de espumante "crémant" **Beispill** mir hunn déi eidel Cremantsfläschchen an de Recyclingszenter gefouert

Crematoire Maskulinum (Pluriel Crematoiren)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Crème [krɛ:m] Femininum (Pluriel Crèmen) **1.** **DE** Creme [kosmetisch, medizínisch] • **FR** crème [cosmétique, médicale] • **EN** moisturizer, cream [cosmetic, medical] • **PT** creme, pomada [cosmético, medicamento] **Beispiller** wann et kal dobaussen ass, reiwen ech mer d'Hänn mat enger Crème an; meng Mamm keeft hir Crémë gewéinlech an der Apdikt; ech soll keng Crème op d'Wonn maachen, just eng Plooschter; géint den Ekzeema verschreiwen ech Iech eng Crème mat Kortison **2.** **DE** Creme [Süßspeise] • **FR** crème [dessert] • **EN** cream, crème [dessert] • **PT** creme [doce] **Beispill** als Dessert krute mer eng gutt Crème zerweiert **3.** **DE** Crème (de la Crème) **DE** Crème de la Crème • **FR** gratin [de la société] • **EN** cream [of society], crème de la crème • **PT** nata [da sociedade] **Beispill** eis Direktesch hält sech nëmme mat der Crème (de la Crème) op

Crémëflütt [krɛ:məfl'yt] Femininum (Pluriel Crémëflütten) **DE** Schillerlocke [Gebäck] • **FR** cornet à la crème • **EN** cream horn • **PT** caramujo [pastel] **Beispill** als Dessert gouf et Crémëflütten

crémeg Adjektiv **DE** cremig [sahnig] • **FR** crémeux [onctueux] • **EN** creamy [smooth] • **PT** cremoso [macio] **Beispiller** ech hunn dee crémeg Jugurt léiwer ewéi dee festen; du muss d'Eeër mam Zocker klappen, bis dat Ganzt schéi crémeg ass

Cresson [kr'æsõ:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Gartenkresse • **FR** cresson • **EN** cress, garden cress • **PT** agrião-de-jardim, mastruço **Beispill** Cresson kanns de och op der Fënster zillen

Crevette [kr'əvæt] Femininum (Pluriel Crevetten) **DE** Garnele • **FR** crevette • **EN** prawn, shrimp • **PT** camarão [crustáceo] **Beispill** ech hu mer e Risotto mat Mullen a Crevettë bestallt

Cric [krik] Maskulinum (Pluriel Cricken) - Variant vun ↗Krick

cringe Adjektiv **DE** cringe • **FR** cringe, malaisant • **EN** cringe, cringe-worthy • **PT** cringe, vergonhoso **Beispiller** deng Jackett ass voll cringe, esou ginn ech net mat der eraus!; ech kann déi Serie net kucken, d'Dialoge si mer ze cringe!

crispéieren [krisp'ɛiəɐ̃n] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé crispéiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Critère [kr'itɛ:r] Maskulinum (Pluriel Critèren) - Variant vun ↗Krittär

Crochet [kr'oʃɛ:] Maskulinum (Pluriel Crocheten) **1.** **DE** Häkelnadel • **FR** crochet [aiguille à crochet] • **EN** crochet hook • **PT** agulha de croché **Beispill** meng Mamm huet sech nei Crochete kaaft **2.** **DE** (kleiner) Umweg • **FR** crochet [petit détour] • **EN** (little) detour • **PT** (pequeno) desvio [trajeto] **Beispill** mir hu kee Brout méi, kanns de um Heemwee e klenge Crochet maachen, fir es kafen ze goen? **Synonym** Èmwee **3.** **DE** Haken [im Ballsport] • **FR** crochet [action sportive] • **EN** sidestep [sports move] • **PT** dribble curto, corte **Beispill** d'Spillerin huet hir Géignerin mat engem Crochet stoe gelooss **4.** **DE** Haken [Boxhieb] • **FR** crochet [coup de poing] • **EN** hook [in boxing] • **PT** gancho [soco] **Beispill** no engem rietse Crochet vu sengem Géigner huet de Boxer d'Gläichgewicht verluer

Croisière [krw'aziɛ:r] Femininum (Pluriel Croisièren) **DE** Kreuzfahrt • **FR** croisière • **EN** cruise • **PT** cruzeiro [viagem] **Beispill** mir maachen am Fréjoer eng Croisière um Rhäin

Croisièresschëff [krw'aziɛ:rsʃɛf] Neutrum (Pluriel Croisièresschëffer) **DE** Kreuzfahrtschiff • **FR** bateau de croisière, navire de croisière • **EN** cruise ship • **PT** navio de cruzeiro **Beispill** vu Klengem u wollt hie Kapitän op engem Croisièresschëff ginn

Croissant [krw'asã:] Maskulinum (Pluriel Croissanten) **DE** Hörnchen, Croissant • **FR** croissant [viennoiserie] • **EN** croissant • **PT** croissant **Beispill** ech gi fir d'Kaffispaus bei de Bäcker Croissante sichen

Croquant [kr'okã:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Krokant • **FR** nougatine • **EN** brittle, cracknel • **PT** crocante, nogado **Beispill** mir hättë gar eng Kroun aus Croquant uewen op eisem Bamkuch

crossen [kr'osɛn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gecross) » **intransitiv** **DE** rennen [düsen] • **FR** courir [foncer] • **EN** to run, to race • **PT** correr [deslocar-se rapidamente] **Beispill** d'Kanner crossen duerch de Bësch **Synonymmen** ditzen, jauwen, rennen

Croûton Maskulinum (Pluriel Croûtonen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Cru [kry:] Maskulinum (Pluriel Cruen) **1.** **DE** Cru [Wein] • **FR** cru [vin] • **EN** vintage, cru • **PT** "cru" [designação de vinho] **Beispill** eise Wäinhändler verkeeft haauptsächlech grouss franséisch Cruen **2.** **DE** Jahrgang [beim Wein] • **FR** millésime [en viticulture] • **EN** year, vintage [of wine] • **PT** ano (de colheita) [em viticultura] **Beispiller** d'lescht Joer war fir de Riesling e grouse Cru; d'Braderie war dëst Joer e gudde Cru [fir d'Geschäftsleit war d'Braderie dëst Joer e grouse Succès] **Synonym** Joer-

gang

Crustacé [kr'ystase:] Maskulinum/Femininum (Pluriel Crustacéen) (meeschtens Pluriel) DE *Krustentier* • FR *crustacé* • EN *crustacean* • PT *crustáceo* **Beispill** de Kriibs an den Homard gehéieren zu de Crustacéen

CSA [se:æz'a:] Maskulinum (Pluriel CSAen) - Kuerzform vun ↗Centre de soins avancés

Cube [ky:p] Maskulinum (Pluriel Cuben) - Variant vun ↗Küb

Cuisse [kɥis] Femininum (Pluriel Cuissen) DE *Schenkel* [Oberschenkel] • FR *cuisse* [partie de la jambe] • EN *thigh* [human] • PT *coxa* [parte da perna] **Beispill** beim Wäit-sprong hunn ech mer eng Seen an der lénkses *Cuisse* gezerrt

Culot [k'ylo:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Unverfrorenheit*, *Chuzpe*, *Dreistigkeit* • FR *effronterie*, *culot* • EN *cheek*, *insolence*, *audacity* • PT *descaramento*, *atrevido* **Beispill** hien hat de *Culot*, fir dem President an d'Ried ze falen **Synonym** Toupet

culottéiert [kylo:t'zɪət] Adjektiv DE *unverfroren*, *dreist* • FR *culotté*, *effronté* • EN *brazen*, *shameless* <Adverb *brazenly*, *shamelessly*> • PT *descarado*, *atrevido* **Beispill** et ass zimmlech *culottéiert*, fir esou eng schlecht Aarbecht esou e Präis ze froen; ech hunn et *culottéiert* vun him fonnt, sech einfach emol déi beschte Sätz-plaz ze krogen **Synonym** affrontéiert

culpabiliséieren [ky'pabiliz'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *culpabiliséiert*)

Hei entsteeft en neien Artikel.

Cumin Maskulinum (kee Pluriel)

Hei entsteeft en neien Artikel.

Cumul Maskulinum (Pluriel Cumullen) DE *Kumulation*, *Kumulierung* [Anhäufung] • FR *cumul* **Beispill** eis Partei ass géint de *Cumul* vu politesche Mandater; de Bauhär ka vum *Cumul* vu verschidde staatléche Primme profitéieren

cumuléieren [ky'myl'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *cumuléiert*)

Hei entsteeft en neien Artikel.

Curetage [k'yʁta:ʃ] Maskulinum (Pluriel Curetagen) DE *Kürettage*, *Ausschabung* • FR *curetage* [de l'utérus] • EN (*womb*) *scrape*, *curetage* • PT *raspagem uterina* **Beispill** heefeg kréie Fraen no enger Fausse couche e *Curetage* gemaach **Synonym** Ausschabung

Curiositéit [kyr'ʒozit'zɪt] Femininum (Pluriel Curiositéiten) - Variant vun ↗Curiositéit

Curium [k'u:rɪum] Maskulinum (kee Pluriel) Chimie DE *Curium* [chemisches Element] • FR *curium* [élément chimique] • EN *curium* [chemical element] • PT *cúrio* [elemento químico] **Beispill** d'Element *Curium* gehéiert zum Grupp vun den Actinoiden

Curriculum Maskulinum (Pluriel Curriculumen)

Hei entsteeft en neien Artikel.

Curriculum vitae [kur'ikulumv'i:tɛ:] Maskulinum (Pluriel Curriculum-vitæen) DE *Lebenslauf*, *Curriculum vitae* • FR *curriculum (vitæ)*, C. V. • EN *curriculum vitae* • PT *curriculum vitae*, *currículo* **Beispill** vergiess net, en aktualiséierte *Curriculum vitae* zesumme mat denger Demande eranzeschécken **Synonym** Liewenslaf

Kuerzform: CV

Cursor Maskulinum (Pluriel Cursorsen)

Hei entsteeft en neien Artikel.

Cutter [k'atɛ] Maskulinum (Pluriel Cutteren) DE *Cutter*, *Teppichmesser* • FR *cutter* • EN *Stanley knife*, *carpet knife* • PT *x-ato* **Beispill** raum dee *Cutter* ewech, net datt nach eent vun de Kanner sech schneit!

CV [se:v'e:] Maskulinum (Pluriel CVen) - Kuerzform vun ↗Curriculum vitae

Cyberkriminalitéit [s'aɪbekriminalitɛt] Femininum (kee Pluriel) DE *Cyberkriminalität*, *Internetkriminalität* • FR *cybercriminalité* • EN *cybercrime* • PT *cibercriminalidade* **Beispill** well den Internet vun ëmmer méi Leit genotzt gëtt, hëlt d'*Cyberkriminalitéit* zou; d'Police huet neierdénge e Service, dee sech exklusiv ëm d'*Cyberkriminalitéit* këmmert

Cyberkriminell [s'aɪbekriminæl] Femininum (Pluriel Cyberkrimineller) DE *Cyberkriminelle*, *Internetkriminelle* • FR *cybercriminelle* • EN *cybercriminal* [female] • PT *cibercriminosa* **Beispill** déi *Cyberkriminell*, déi meng Konte gehackt hat, konnt vun der Police festgeholl ginn

Männlech Form: ↗Cyberkriminellen

Cyberkriminellen [s'aɪbekriminælən] Maskulinum (Pluriel Cyberkrimineller) DE *Cyberkrimineller*, *Internetkrimineller* • FR *cybercriminel* • EN *cybercriminal* • PT *cibercriminoso* **Beispill** eisen Internetsite gouf vu *Cyberkrimineller* gehackt

Weiblech Form: ↗Cyberkriminell

Cyclissem [sikl'isəm] Maskulinum (kee Pluriel) DE *RadSPORT* • FR *cyclisme* • EN *cycling* [sport] • PT *ciclismo* **Beispill** wéi de professionelle Coureur mam *Cyclissem* opgehal huet, huet en e Vëlosbuttek opgemaach **Synonym** Vëlosport

Cyclist [sikl'ist] Maskulinum (Pluriel Cyclisten) DE *Radfahrer* • FR *cycliste* • EN *cyclist* • PT *ciclista* **Beispill** wa schéint Wieder ass, si vill *Cyclisten* op der Strooss **Synonym** Vëlosfuierer

Weiblech Form: ↗Cyclistin

Cyclistin [sikl'istin] Femininum (Pluriel Cyclistinnen) DE *Radfahrerin* • FR *cycliste* [femme, fille] • EN *cyclist* [female] • PT *ciclista* [mulher, rapariga] **Beispill** mat hirem neie Vëlo ass d'*Cyclistin* nach méi séier ewéi virdrun **Synonym** Vëlosfuierer

Männlech Form: ↗Cyclist

Cystite [sist'it] Femininum (Pluriel Cystitten) DE *Blasenentzündung* • FR *cystite* • EN *cystitis* • PT *cistite* **Beispill** ech si wéinst enger chronescher *Cystite* bei mengem Urolog a Behandlung **Synonym** Blasenentzündung

D

d' [d̥] bestëmmten Artikel » Singulier / weiblech / Nominativ **1.** DE *die* • FR *la* • EN *the* • PT *a* **Beispill** d'Doktesch huet déi uerg Wonn gebitzt » Singulier / weiblech / Akkusativ **2.** DE *die* • FR *la* • EN *the* • PT *a* **Beispill** maach d'Fenster zou! » Singulier / sächlech / Nominativ **3.** DE *das* • FR *le, la* • EN *the* • PT *o, a* **Beispill** d'Wieder ass nees ëmgeschloen » Singulier / sächlech / Akkusativ **4.** DE *das* • FR *le, la* • EN *the* • PT *o, a* **Beispill** ech hunn d'Haus kaaft » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Nominativ **5.** DE *die* • FR *les* • EN *the* • PT *os, as* **Beispiller** d'Leit hu vu Begeeschterung geklappt; d'Blumme bléien am Gaart » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Akkusativ **6.** DE *die* • FR *les* • EN *the* • PT *os, as* **Beispill** ech kommen net un d'Saachen uewen am Schaf

D Maskulinum (Pluriel D-en / D) DE *D* [Buchstabe] • FR *d* [lettre] **Beispill** nenn mer e Virnumm, dee mat engem D ufänkt!

Da [da:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Tau* [Feuchtigkeit] • FR *rosée* • EN *dew* • PT *orvalho, rocío* **Beispill** mueres fréi louch **Da** op de Wisen

Daach [da:χ] Maskulinum (Pluriel Diech / Diecher) **1.** DE *Dach* [eines Gebäudes] • FR *toit* [toiture] • EN *roof* [of a building] • PT *telhado, teto* **Beispiller** et reent duerch den **Daach** eran!; ech wunnen nach mat mengen Elteren ënner engem **Daach**; haut de Moie louch Schnéi op den **Diech**; als Student hunn ech ënnerem **Daach** gewunnt [ëgs] [als Student hunn ech an engem Mansarde gewunnt]; mäi Brudder hat laang keen **Daach** iwwerem Kapp [ëgs] [mäi Brudder hat laang keng Wunneng]; deem fällt den **Daach** iwwerem Kapp zesummen [ëgs] [deem säin Haus ass an engem miserablen Zoustand]; si hunn him den **Daach** iwwerem Kapp versteet [ëgs] [si hu säin Haus versteet, obwuel hien nach dra gewunnt huet]; ech hunn d'Leeëndecker um **Daach** [ëgs] [ech hunn de Kapp wéi] **2.** DE *Dach* [eines Wagens] • FR *toit* [d'un véhicule] • EN *roof* [of a vehicle] • PT *tejadilho* **Beispiller** ee vun den accidentéierten Autoe louch um **Daach**; maach den **Daach** zou, et reent!

Daachdecker [d'a:χdæke] Maskulinum (Pluriel Daachdecker) DE *Dachdecker* • FR *couvreur* • EN *roofer* • PT *telhador* **Beispill** den **Daachdecker** kënnt d'nächst Woch e puer Leeën ersetzen **Synonym** Leeëndecker

W Weiblech Form: ↗Daachdeckerin

Daachdeckerin [d'a:χdækærin] Femininum (Pluriel Daachdeckerinnen) DE *Dachdeckerin* • FR *couvreuse* • EN *roofer* [female] • PT *telhadora* **Beispill** nom Schued duerch de Stuerm huet d'**Daachdeckerin** iwwerpräift, ob den **Daach** vun eisem Haus net misst ganz nei gemaach ginn **Synonym** Leeëndeckerin

M Männlech Form: ↗Daachdecker

daachen [d'a:χæn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedaacht) » transitiv eppes daachen DE *etwas taugen* • FR *valoir quelque chose, être bon à quelque chose* • EN *to be worth something, to be good for some-*

thing • PT *valer alguma coisa, prestar para alguma coisa* **Beispiller** soll dat do alt eppes daachen?; menger Schwëster hiren neie Frënd daacht näischt; däin neie Laptop daacht keng fënnel Su **Synonym** eppes entdaachen

Daachlicht [d'a:χli:çt] Femininum (Pluriel Daachlichten) DE *Dachluke* • FR *lucarne, tabatière* • EN *skylight* • PT *lucarna* [pequena janela] **Beispill** et schneit zu enger **Daachlicht** eran **Synonymmen** Liicht, Späicherlicht

Daachverband [d'a:χfebant] Maskulinum (Pluriel Daachverbänn) DE *Dachverband* • FR *confédération* [d'associations, de fédérations] • EN *umbrella association, parent organization* • PT *confederação* [de associações, de federações] **Beispill** den internationalen **Daachverband** vun de Fussballfederatiounen huet dëst Joer säi Kongress hei am Land **Synonym** Confederatioun

Daachzill Femininum (Pluriel Daachzillen) DE *Dachziegel* • FR *tuile* [d'un toit] • EN *roof tile* • PT *telha* **Beispill** nom Stuerm haten sech eenzel **Daachzille** geléist an et huet een d'Gespar gesinn

daagsiwwer [d'a:βsivɛ] Adverb DE *tagsüber* • FR *pendant la journée* • EN *by day, during the day* • PT *de dia, durante o dia* **Beispill** eis Kaz schléift daagsiwwer an ass nuets ënnerwee

Daarm [da:m] Maskulinum (Pluriel Däerm) DE *Darm* • FR *intestin, boyau* • EN *bowel, intestine* • PT *intestino, tripa* **Beispiller** ech muss oppasse mam Iessen, well ech viru Kuerzem mam **Daarm** operéiert gi sinn; fir Zoossiss ze maachen, gëtt dat gemuelent Fleesch an **Däerm** geféllt

Daarmflora [d'a:mflora:] Femininum (kee Pluriel) DE *Darmflora* • FR *flore intestinale* • EN *intestinal* (*micro*)flora • PT *flora intestinal* **Beispill** iwwer eng gestéiert **Daarmflora** fanne vill Krankheete lichten Zougrëff op de Kierper

Daarmgripp [da:mgr'ip] Femininum (Pluriel Daarmgrippen) DE *Darm-Katarrh, Gastroenteritis* • FR *gastroentérite* • EN *gastroenteritis, stomach bug* • PT *gastroenterite* **Beispill** an eiser Schoul breet sech grad eng **Daarmgripp** aus

Daarmkriibs [d'a:mkr'i:ps] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Darmkrebs* • FR *cancer de l'intestin* • EN *bowel cancer, colon cancer* • PT *cancro do intestino* **Beispill** d'Koloskopie hëlleft, **Daarmkriibs** fréi ze erkennen

Daarmspiegelung [d'a:mʃpiʒəlʊŋ] Femininum (Pluriel Daarmspiegelungen) DE *Darmspiegelung* • FR *coloscopie* • EN *endoscopy, colonoscopy* • PT *colonoscopia* **Beispill** bei der **Daarmspiegelung** huet den Dokter e puer Polyppe fonnt **Synonym** Koloskopie

Daarmverschluss [d'a:mfeʃlʊs] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Darmverschluss, Ileus* • FR *occlusion intestinale* • EN *intestinal obstruction, intestinal blockage, ileus* • PT *oclusão intestinal* **Beispill** bei engem kompletten **Daarmverschluss** staut sech de Stullgang am **Daarm** an de Patient brauch dréngend medezinesch Hëllef

dabberen [d'abərən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gedabbert) » **intransitiv** **DE** trippeln • **FR** trot-tiner [marcher] • **EN** to trot along, to toddle • **PT** corricar [andar] **Beispill** kuck, wat dee Klenge schonn dabbere kann!

Däbbes [d'æbəs] Maskulinum (Pluriel Däbbessen) **[ëgs]** **DE** Knirps • **FR** mioche • **EN** little fellow, scamp • **PT** catraio, petiz **Beispiller** mat esou engem aartlechen Däbbes kann een net laang béis sinn!; kuerz nodeem et geschellt hat, sinn d'Däbbessen aus der Spillschoul gelaf komm

Dabo [d'a:bo:] Maskulinum (Pluriel Daboen) **[ëgs]** **[pe-jorativ]** **DE** Schwachkopf • **FR** imbécile, idiot • **EN** idiot, fool, blockhead • **PT** imbecil, idiota **Beispiller** du Dabo do!; elo huet deen Dabo d'Luucht am Keller scho fir d'zweet brenne gelooss! **Synonymmen** Blani, Blödian, Dräibiz, Eefalt, Hammel, Hännnes, Klautjen, Topert

dabozeg [d'a:bo:tsəç] Adjektiv **[ëgs]** **DE** albern • **FR** sot <Adverb stupidement> • **EN** daft, foolish <Adverb daftly, foolishly> • **PT** parvo, estúpido <Adverb estupidamente> **Beispiller** sief net esou dabozeg!; ech verdroen einfach net, wann hien sech esou dabozeg behëlt **Synonym** eefälleg

d'accord Adjektiv

[i] Hei entsteet en neien Artikel.

dach [dax] Partikel **DE** doch [ja] • **FR** si [oui] • **EN** yes [dis-agreeing with a negative statement] • **PT** sim lem resposta a uma afirmação negativa **Beispiller** dach, dat stëmmt!; ma dach, ech sot der et jo!

dach [dax] Partikel **DE** doch • **FR** [sert à nuancer l'expressivité d'un énoncé] • **EN** [used to nuance the expressiveness of a statement] • **PT** [serve para matizar a expressividade de um enunciado] **Beispiller** esou däerf et dach net weidergoen!; dat do ass dach net schlëmm!; mir kennen déi Leit dach vun anzwousch!

Dachs [daks] Maskulinum (Pluriel Dachsen) Meles meles **DE** Dachs, Europäischer Dachs • **FR** blaireau, blaireau européen • **EN** badger • **PT** texugo, texugo-europeu **Beispill** den Dachs ass de gréisste Vertrieeder vun der Marderfamill zu Lëtzebuerg a steet säit 1986 ënner Aarteschutz

[i] Variant: Duess

Dachskäppchen [d'akskæpçən] Maskulinum (Pluriel Dachskäppercher) **Acrocephalus paludicola** **DE** Seggenrohrsänger • **FR** phragmite aquatique • **EN** aquatic warbler • **PT** felosa-aquática **Beispill** wéi laang bréien d'Dachskäppercher?

dack [dak] Adverb - Variant vun ↗dacks

Dackel [d'akəl] Maskulinum (Pluriel Dackelen) **DE** Dackel [Hund] • **FR** teckel • **EN** dachshund • **PT** baixote [cão] **Beispill** ech packen déi grouss Hënn net méi, ech hu mer en Dackel ugeschafft

dackelen [d'akələn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gedackelt)

[i] Hei entsteet en neien Artikel.

[i] Verb, dat **dackelen** als Basis huet: ↗undackelen

dackelen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedackelt)

[i] Hei entsteet en neien Artikel.

[i] Verb, dat **dackelen** als Basis huet: ↗undackelen

dacks [daks] Adverb **1. DE** oft [häufig] • **FR** souvent [fréquemment] • **EN** often, frequently • **PT** frequentemente, muitas vezes, com (muita) frequência **Beispiller** mäin Auto huet mech schonn dacks am Stach gelooss; wéi dacks muss de bäilafen, ier s de bäiléiers? **Synonymmen** heefeg, oft **2. DE** oft [in vielen Fällen] • **FR** souvent [habituellement, dans de nombreux cas] • **EN** often [in many cases] • **PT** muitas vezes, de costume **Beispill** d'Locatairé sinn dacks net gutt iwwer hir Rechter a Flichten informéiert **Synonym** oft **3. zu dacks** sinn **DE** viele sein, zahlreich sein [Personen] • **FR** être nombreux [personnes] • **PT** ser muitos [haver muitas pessoas] **Beispiller** bei eisem Konveniat ware mer nawell zu dacks!; si waren (doheem) zu dacks [si hate vill Kanner] **Synonym** zu vill sinn

[i] Variant: dack

Dadda [d'ada:] Maskulinum (Pluriel Daddaen) **DE** Liebhaberei, Steckenpferd • **FR** dada [idée fixe] • **EN** hobby horse, passion • **PT** passatempo preferido, paixão **Beispiller** vu Klengem u war säin Dadda alles, wat mat Dinosaurier ze dinn huet; eng Zäitche waren Horoskop menger Tatta hiren absolutten Dadda

Dadder [d'ade] Maskulinum (kee Pluriel) **1. [ëgs]** **DE** Muffensausen • **FR** trouille, tremblote [due à la peur] • **EN** willies, shakes • **PT** medo, tremuras [devido ao medo] **Beispiller** ech weess keen, deen a menger Plaz an där Situatioun den Dadder net gehat hätt; hie krut den Dadder an d'Knéien, wéi e vu sengem strenge Schoulmeeschter un d'Tafel geruff gouf **2. [ëgs]** den Dadder hunn **DE** völlig geschafft sein, völlig erledigt sein • **FR** avoir la tremblote [d'épuisement] • **EN** to have the shakes [from exhaustion] • **PT** tremer de cansaço **Beispill** räiss du emol de ganzen Dag Holz, dann hues du owes och den Dadder!

daddereg [d'adərəç] Adjektiv **1. [ëgs]** **DE** tatterig [vor Angst] • **FR** tremblotant [de peur] • **EN** trembling, shivering [from fear] • **PT** trémulo [de medo] **Beispill** wéi ech fir d'éischt mat der Achterban gefuer sinn, war et mer ganz daddereg **2. [ëgs]** **DE** tatterig [vor Erschöpfung] • **FR** tremblotant [d'épuisement] • **EN** trembling [from exhaustion] • **PT** trémulo [de exaustão] **Beispill** hien hat daddereg Knéie vum ville Lafen

daddreg [d'adərəç] Adjektiv - Variant vun ↗daddereg

däerfen [d'ɛ:çfən] Modalverb (Hëllefverb hunn, Participe passé däerfen) **1. DE** dürfen [das Recht haben zu] • **FR** pouvoir, avoir le droit de • **EN** can [to have the right to] • **PT** poder, ter o direito de **Beispill** an enger Demokratie däerf all Bierger seng Meinung soen **2. DE** dürfen [die Erlaubnis haben zu] • **FR** pouvoir, avoir la permission de • **EN** can [to be allowed to] • **PT** poder, ter permissão para **Beispiller** d'Kanner däerfen haut ausnamsweis méi laang opbleiwen; ech hunn net däerfe mat an de Kino goen; däerft ech Iech eppes froen? **3. net däerfen** **DE** nicht dürfen [nicht sollen] • **FR** ne pas devoir [ne pas avoir intérêt à] • **EN** must not [should not, to

have an obligation not to) • **PT** não dever [ter de evitar] **Beispiller** du däerfs d'Seel net lassloossen, soss fällt den Eemer erof; mir däerfen näischt iwwerstierzen; ech hätt dat nimools däerfe maachen; et däerf een net esou séier opginn; esou vertraulich Dokumenter däerfen net a friem Hänn geroden **4.** ëmmer am **Conditionnel** **DE** dürfen [werden wohl] • **FR** devoir [selon une estimation, selon une projection] • **EN** should, ought to [to be probable] • **PT** dever [segundo uma estimativa] **Beispill** de Chantier däerft em déi dräi Joer daueren

i Varianten: dierfen, duerfen

i Amplaz vun engem Participe passé fénnst ee bei dësem Verb en Ersatzinfinitiv (huet däerfe froen). Donieft existéiert och eng hybrid Form (däerften), déi sech strukturell um Imparfait resp. um Conditionnel orientéiert.

däerfen [d'ɛːɐ̯fən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé geduerft)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Varianten: dierfen, duerfen

däers [dɛːɐ̯s] Demonstrativpronomen » Singulier / männlech / Genitiv **1.** **DE** dessen, jenes • **FR** ce ...-là, celui-là, celui • **EN** that, that one • **PT** esse, aquele **Beispiller** dëses Kaffi sinn ech sat an däers och; all d'Leit sinn däers Kaméidi midd » Singulier / sächlech / Genitiv **2.** **DE** dessen, jenes • **FR** ce ...-là, cette ...-là, cela, ce • **EN** that, that one • **PT** esse, aquele, essa, aquela, isso, aquilo **Beispiller** meng Eltere sinn sech däers bewosst; ech sinn däers Gedeessesems einfach midd

Daf [daːf] Femininum (Pluriel **Dafen**) **DE** Taufe • **FR** baptême • **EN** baptism, christening • **PT** batizado, batismo **Beispill** dee leschte Sonndeg war eisem Klenge seng **Daf** **Synonym** Kanddaf

daf [daːf] Adjektiv **DE** taub, gehörlos • **FR** sourd [qui n'entend pas] • **EN** deaf • **PT** surdo [que não ouve] **Beispiller** d'Kand ass **daf** op d'Welt komm; eisen Hond ass op engem Ouer **daf**; op deem Ouer ass hien **daf** [ɛ̃s] [dovu wëllt hien näischt wëssen]; eisen Hieselter hat dëst Joer vill **daf** Nëss [eisen Hieselter hat dëst Joer vill Nëss ouni Kär] **Synonym** ouni Gehéier

Daf Bekassinn [daːfbekas'ɪn] Femininum (Pluriel **Daf Bekassinnen**) **Lymnocyptes minimus** **DE** Zwergschnepfe • **FR** bécassine sourde • **EN** jack snipe • **PT** narceja-galega **Beispill** wéi laang bréien d'Daf Bekassinnen? **Synonym** Zwergschnepf

Dafpäter [d'aːfɛtɛr] Maskulinum (Pluriel **Dafpäteren**) **DE** Taufpate • **FR** parrain [d'un baptême] • **EN** godfather • **PT** padrinho [de batismo] **Beispill** ech krut vu mengem **Dafpäter** fir d'Kommioun eng gëllen Auer geschenkt

Dafschäin [d'aːfʃæːɪn] Maskulinum (Pluriel **Dafschäiner**) **DE** Taufschein • **FR** extrait de baptême • **EN** baptism certificate • **PT** certidão de batismo **Beispiller** op mengem **Dafschäin** steet, wéini a wou ech gedeeft gouf; dee Kärel huet säin **Dafschäin** verluer [ɛ̃s] [dee Kärel verleeget de soziale Milieu, aus deem e kënnst]

dafstomm [d'aːfʃtom] Adjektiv [vereezelt] [pejorativ] **DE** taubstumm • **FR** sourd-muet • **EN** deaf and dumb • **PT** surdo-mudo **Beispill** hien ass vu Geuert en **dafstomm**

Dag [daːχ] Maskulinum **1.** (Pluriel **Deeg**) **DE** Tag [Zeitraum von 24 Stunden] • **FR** jour [espace de temps de 24 heures] • **EN** day [24-hour period] • **PT** dia [período de 24 horas] **Beispiller** ech fueren all **Dag** an d'Stad schaffen; ech hu véier **Deeg** laang op däi Bréif gewaart; et soll ee sech dräimol den **Dag** d'Zänn wäschen; vun deem **Dag** u hu mir net méi matenee geschwat; bis soss e reenegem **Dag!** [ɛ̃s] [bis soss eng Kéier!]; wat fir en **Dag** ass haut? [wat fir e Wochendag ass haut?]; de Festival dauert aacht **Deeg** [de Festival dauert eng Woch]; de Festival dauert **14 Deeg** [de Festival dauert zwou Wochen]; d'Cheffin huet haut e gudden **Dag** [ɛ̃s] [d'Cheffin ass haut gutt gelaunt]; haut (an) aacht **Deeg** gi mir bestuet [an enger Woch gi mir bestuet]; haut ass net mäin **Dag** [ɛ̃s] [haut klappt näischt esou, wéi ech et gären hätt!]; maacht iech e puer schéiner **Deeg!** [ɛ̃s] [loosst iech et e puer **Deeg** gutt goen!]; hie seet vill, wann den **Dag** laang ass [ɛ̃s] [et soll ee säi Geschwätz net ze vill eescht huelen]; eist Geschäft ass siwen **Deeg** op siwen op [eist Geschäft ass all **Dag** vun der Woch op]; **Dag** fir **Dag** zielt hien déi selwecht Geschichten! [all **Dag** zielt hien déi selwecht Geschichten!]; mir hunn eis vum eischen **Dag** u gutt verstanen [mir hunn eis vum Ufank u gutt verstanen]; enges (gudden) **Daags** wäert ech mech rächen! [ɛ̃s] [liergendwann eng Kéier wäert ech mech rächen!]; seng **Deeg** si gezielt [ɛ̃s] [hien huet net méi laang ze liewen; hie wäert seng Funktioun net méi laang behalen]; et sinn haut op den **Dag** dräi Joer, datt ech den Accident hat [et sinn haut genee dräi Joer, datt ech den Accident hat!]; vun engem **Dag** op deen aneren huet hien sech net méi hei gewisen [hien huet sech op eemol ganz onerwaart net méi hei gewisen]; hie verbréngt säin alen **Dag** am Norden [ɛ̃s] [hie verbréngt déi lescht Jore vu sengem Liewen am Norden]; muer ass nach en **Dag!** [ɛ̃s] [⇒ seet een, wann ee sech net brauch ze fläissen] **2.** dëser **Deeg** (een) / där **Deeg** (een) **DE** bald, dieser Tage, demnächst • **FR** bientôt, sous peu • **EN** one of these days, sometime soon • **PT** (dentro) em breve, um dia destes **Beispill** ech hu wëlles, dëser **Deeg** (een) bei dir laanschtzekommen **Synonym** geschwënn **3.** dëser **Deeg** (een) / där **Deeg** (een) **DE** neulich, letzthin • **FR** récemment, dernièrement • **EN** the other day, recently • **PT** recentemente, há pouco, no outro dia **Beispill** ech sinn dengem Kollege där **Deeg** (een) an der Stad begéint **Synonym** deslescht **4.** (Pluriel **Deeg**) **DE** Tag [Zeitraum vom Sonnenaufgang bis zum Sonnenuntergang] • **FR** journée [espace entre lever et coucher du soleil] • **EN** day [daytime] • **PT** dia [período entre o nascer e o pôr do sol] **Beispiller** ech kommen am Laf vum **Dag** laanscht; am Hierscht ginn d'**Deeg** méi kuerz; et gëtt **Dag** [d'Sonn geet op] **5.** (kee Pluriel) **DE** Geburtstag, Namenstag • **FR** (jour) anniversaire [d'une personne], fête [saint patron] • **EN** birthday, saint's day • **PT** (dia de) aniversário [de uma pessoa], dia onomástico **Beispill** haut ass mäin **Dag** **6.** (Pluriel **Deeg**, kee Singulier) [ɛ̃s] **DE** Tage [Menstruation] • **FR** règles [menstruation] • **EN** period [menstruation] • **PT** período [menstruação] **Beispill** ech ginn net mat schwammen, well ech meng **Deeg** hunn **Synonymen** Period, Reegel

dagan [daːɪ'an] Adverb dagaus, dagan **DE** tagaus, tagein • **FR** des journées entières, continuellement • **EN** day in, day out • **PT** diariamente, continuamente **Beispill** mir sinn dagaus, **daga** mat deene Problemer

beschäftegt

dagaus [da:ʁ'æ:ʊs] Adverb dagaus, dagan **DE** *tag-aus, tagein* • **FR** *des journées entières, continuellement* • **EN** *day in, day out* • **PT** *diariamente, continuamente* **Beispill** mir sinn dagaus, daga mat deene Problemer beschäftigt

dagdeeglech [da:χd'e:zlɔç] Adjektiv **DE** *tagtäglich* • **FR** *quotidien [de tous les jours]* <Adverb quotidiennement> • **EN** *daily* • **PT** *quotidiano, diário* <Adverb quotidianamente, diariamente> **Beispiller** deng dagdeeglech Leier iwwer dat schlecht Wieder geet mer op d'Strémp!; dagdeeglech gi mer mat Biller vu der Gewalt konfrontéiert

Dageselteren [d'a:ʁəsɛltərən] Substantiv (kee Singulier) **DE** *Tageseltern* • **FR** *assistants parentaux, gardiens d'enfants [agrés, conventionnés]* • **EN** *childminders* • **PT** *assistentes parentais [autorizados a exercer]* **Beispill** eis Crèche mécht zou, kenns du eng Agence, déi Dageseltere vermëttelt?

Dagesform Femininum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Dageslicht Neutrum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Dagesmamm [d'a:ʁəsmam] Femininum (Pluriel Dagesmammen) **DE** *Tagesmutter* • **FR** *assistante parentale, nourrice, gardienne d'enfants [agrée, conventionnée]* • **EN** *childminder [female]* • **PT** *assistente parental, ama [autorizada a exercer]* **Beispill** eis Kanner ginn daagsiwwer vun enger Dagesmamm versuergt

i Männlech Form: ↗Dagespapp

Dagesoflaf [d'a:ʁəso:fla:f] Maskulinum (Pluriel Dagesofleef) **DE** *Tagesablauf* • **FR** *(dér)oulement de la journée, emploi du temps* • **EN** *daily routine* • **PT** *atividades diárias, rotina diária* **Beispill** den Dagesoflaf vun der Prisonéier ass ganz genee gereegelt

Dagespapp [d'a:ʁəspap] Maskulinum (Pluriel Dagespappen) **DE** *Tagesvater* • **FR** *assistant parental [agrée, conventionné]* • **EN** *childminder [male]* • **PT** *assistente parental [autorizado a exercer]* **Beispill** wiertes ginn eis Kanner vun engem Dagespapp versuergt

i Weiblech Form: ↗Dagesmamm

Dagesuerdnung [d'a:ʁəsu:ɛdnun] Femininum (Pluriel Dagesuerdnungen) **DE** *Tagesordnung* • **FR** *ordre du jour* • **EN** *agenda* • **PT** *ordem do dia* **Beispill** op der Dagesuerdnung vum Sommet stoung och d'Bekämpfung vun der Aarmut **Synonym** Ordre du jour

Dageszäit [d'a:ʁəstæ:it] Femininum (Pluriel Dageszäiten) **DE** *Tageszeit* • **FR** *moment de la journée, heure (du jour)* • **EN** *time of the day* • **PT** *momento do dia, hora (do dia)* **Beispiller** d'ëst Medikament kann een zu all Dageszäit huelen; zu bestëmmten Dageszäiten ass am ganze Quartier keng Parkplaz ze kréien

Dageszeitung [d'a:ʁəstsa:itun] Femininum (Pluriel Dageszeitungen) **1. DE** *Tageszeitung [Ausgabe]* • **FR** *quotidien [imprimé, en ligne]* • **EN** *daily, daily newspaper [edition]* • **PT** *(jornal) diário [impresso, em linha]* **Beispill** meng Eltere sinn op zwou Dageszeitungen abonéiert **2. DE** *Tageszeitung [Redaktion, Unternehmen]* • **FR** *quotidien*

[rédaction, entreprise] • **EN** *daily, daily newspaper [editorial department, business]* • **PT** *(jornal) diário [redação, empresa]* **Beispill** ech maachen e Stage bei enger grousser Dageszeitung

Däich [dæ:ɪç] Maskulinum (Pluriel Däicher) **1. DE** *Deich* • **FR** *digue* • **EN** *embankment, dyke* • **PT** *dique* **Beispill** d'Däicher laansch de Floss musse méi héich gemaach ginn **2. DE** *Mühlenteich, Mühlenkanal* • **FR** *bief [d'un moulin]* • **EN** *millpond, mill race* • **PT** *represa, levada [de moínhol]* **Beispill** den Däich huet net genuch Waasser, fir d'Millerad ze dreiwien

Däichelchen [d'æ:ɪçəlçən] Maskulinum (Pluriel Däichelcher) **Tachybaptus ruficollis** **DE** *Zwergtaucher* • **FR** *grèbe castagneux* • **EN** *little grebe* • **PT** *mergulhão-pequeno* **Beispill** wéi laang bréien d'Däichelcher?

daierlech [d'aɪəlɛç] Adjektiv **1. DE** *schwach, kränklich* • **FR** *faible, sans force, chétif* • **EN** *weak, sickly* • **PT** *fraco, sem forças, débil* **Beispiller** wat hues du haut eng daierlech Stëmm!; ech fille mech esou daierlech, ech gi mech emol aleeën; mä Grousspapp war als klenge Kand esou daierlech, datt se gefaart hunn, e géif net iwwerliewen; d'Kaz huet ganz daierlech gejeimert, wéi se net méi vum Bam koum **Synonymmen** schappeg, schwaach **2. DE** *dürftig, karg [Einkommen]* • **FR** *miserable, pitoyable [revenu]* • **EN** *meagre, paltry* • **PT** *miserável, misero [rendimento]* **Beispill** mat esou enger daierlecher Rent mécht ee keng gross Spréng **Synonymmen** aarmséileg, schappeg

Daierechkeet [d'aɪəlɛçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Schwäche [Entkräftung]* • **FR** *faiblesse [physique]* • **EN** *frailty, weakness [physical]* • **PT** *fraqueza [física]* **Beispill** de Kranken hält vun elauter Daierechkeet net méi op de Been

Daifchen [d'aɪfçən] Femininum (Pluriel Daiwercher) - Diminutivform vun ↗Dauf

Daim [dɛ:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Wildleder* • **FR** *daïm [cuir]* • **EN** *suede, buckskin* • **PT** *camurça [pele]* **Beispill** ech hu léiwer Lieder ewéi Daim

Daimchen [d'aɪmçən] Maskulinum (Pluriel Daimercher) - Diminutivform vun ↗Daum [ɛgs] d'Daimercher dréien **DE** *Däumchen drehen* • **FR** *se tourner les pouces* • **EN** *to twiddle one's thumbs* • **PT** *cruzar os braços, fazer cera* **Beispill** schaff emol eppes, am plaz do ze sëtzen, d'Daimercher ze dréien!

däin [dæ:ɪn] Possessivpronomen » 2. Persoun Singulier / Nominativ • Singulier / männlech **1. DE** *dein, deiner, der deine* • **FR** *ton, le tien* • **EN** *your, yours* • **PT** *tu teu* **Beispiller** däi Brudder ässt onmanéierlech; mä Papp wier domat net averstanen, an däin? » 2. Persoun Singulier / Akkusativ • Singulier / männlech **2. DE** *deinen, den deinen* • **FR** *ton, le tien* • **EN** *your, yours* • **PT** *tu teu* **Beispiller** ech hunn däi Papp scho ganz laang net méi gesinn; fuer nach e Stéck zeréck, da kann ech mäin Auto virun däi stellen!; d'Universitéit huet mäin Diplom unerkannt an däin net » 2. Persoun Singulier / Nominativ • Singulier / sächlech **3. DE** *dein* • **FR** *ton, ta* • **EN** *your* • **PT** *tu, tua* **Beispill** däin Hiem ass an der Wäsch agaangen » 2. Persoun Singulier / Akkusativ • Singulier / sächlech **4. DE** *dein* • **FR** *ton, ta* • **EN** *your* • **PT** *tu, tua* **Beispill** du muss däi Passwuert aginn, fir dech anzul-

oggen

däint [dæ:ɪnt] Possessivpronomen » 2. Persoun Singulier / Nominativ • Singulier / sächlech 1. **DE** *dein(els)*, *das deine* • **FR** *le tien, la tienne* • **EN** *yours* • **PT** *teu, tua* **Beispill** ass dat mäi Buch oder ass et däint? » 2. Persoun Singulier / Akkusativ • Singulier / sächlech 2. **DE** *dein(els)*, *das deine* • **FR** *le tien, la tienne* • **EN** *yours* • **PT** *teu, tua* **Beispill** ech ginn dir mäi Passwuert net, wann s du mir däint net verréits

däischer [d'æ:ɪʃtɛ] Adjektiv 1. **DE** *dunkel, düster, finster* • **FR** *sombre, obscur, noir* • **EN** *dark [of sombre colour], dark [without light]* • **PT** *escuro, obscuro, sombrio* **Beispiller** fir d'Begriefnes hat mäin Neveu en däischer Paltong un; et war schonn däischer Nuecht, wéi mer am Hotel ukoumen; am Wanter gëtt et fréi däischer; ech hu mech am Däischeren ugedoen; firwat kucks de esou däischer dran? [ëgs] [firwat kucks de esou rosen dran?] 2. **DE** *tief [Stimme, Ton]* • **FR** *grave [voix, son]* • **EN** *low [note], deep [voice]* • **PT** *baixo, grave [voz, tom]* **Beispiller** wat hues du eng däischer Stëmm!; déi däischer Téin vun dengem Piano si verstëmmt **Synonymmen** déif, donkel

däischerblo [dæ:ɪʃtebl'o:] Adjektiv **DE** *dunkelblau* • **FR** *bleu foncé* • **EN** *dark blue* • **PT** *azul-escuro* **Beispill** ass deng Jackett schwaarz oder däischerblo? **Synonym** donkelblo

däischergro [dæ:ɪʃtegr'o:] Adjektiv **DE** *dunkelgrau* • **FR** *gris foncé* • **EN** *dark grey* • **PT** *cinzento-escuro* **Beispill** ech hu mer an de Solden en däischergro Kostüm kaf **Synonym** donkelgro

Däischtert [d'æ:ɪʃtet] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Dunkelheit, Finsternis* • **FR** *obscurité [absence de lumière]* • **EN** *darkness [without light]* • **PT** *escuridão, obscuridade* **Beispiller** der Eil hir Ae lichten an der Däischtert; d'Ae brauchen eng Zäit, fir sech un d'Däischtert ze gewinnen

däitlech [d'æ:ɪtlɛç] Adjektiv 1. **DE** *deutlich [artikuliert]* • **FR** *distinct [précis] <Adverb distinctement>* • **EN** *clear, distinct [easy to understand] <Adverb clearly>* • **PT** *distinto, claro [perceptível] <Adverb distintamente, com clareza>* **Beispiller** eise Schoulmeescher huet eng däitlech Aussprooch, dofir versteet een en och esou gutt; schwätzt kloer an däitlech! 2. **DE** *deutlich [erkennbar]* • **FR** *clair [sans équivoque] <Adverb clairement>* • **EN** *clear, distinct [with no room for doubt] <Adverb clearly>* • **PT** *claro [inequívoco] <Adverb claramente>* **Beispiller** fir mech ass dat do kloer an däitlech; de Guide huet senger Reesgrupp däitlech gesot, datt de Bus net waart; ech hu gär, wann een eng däitlech Sprooch schwätzt [ech hu gär, wann een op eng direkt Manéier seet, wat een denkt] 3. **DE** *deutlich [offensichtlich]* • **FR** *manifeste <Adverb manifestement>* • **EN** *clear [manifest] <Adverb clearly>* • **PT** *claro, manifesto <Adverb claramente>* **Beispiller** d'Doktesch huet beim Patient eng däitlech Verbesserung vun de Liewerwäerter festgestallt; dëst Joer gouf et däitlech manner Uebst ewéi déi Jore virdrun

Däitlechkeet [d'æ:ɪtlɛçke:t] Femininum (kee Pluriel) an aller Däitlechkeet **DE** *in aller Deutlichkeit* • **FR** *très clairement [sans ambiguïté]* • **EN** *in all clarity <Adverb distinctly>* • **PT** *muito claramente [sem ambiguidade]*

Beispill ech hunn him an aller Däitlechkeet gesot, wat ech vun em halen

däitsch [dæ:ɪtʃ] Adjektiv **DE** *deutsch* • **FR** *allemand* • **EN** *German* • **PT** *alemão* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi däitsch Kultur kenne geléiert

Däitsch [dæ:ɪtʃ] Femininum (Pluriel Däitsch / Däitscher) **DE** *Deutsche* • **FR** *Allemande* • **EN** *German [female]* • **PT** *alemã* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Däitsch

Däitsch [dæ:ɪtʃ] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Deutsch [Sprache]* • **FR** *allemand [langue]* • **EN** *German [language]* • **PT** *alemão [lingua]* **Beispiller** mäi fransésche Cousin huet am Lycée Däitsch geléiert; d'Ënnertitele vum englesche Film sinn op Däitsch an op Franséisch; am Däitsche gëtt et véier grammatesch Fäll; fir hire Site sicht d'Administratioun nach en Iwwersetzer fir d'Däitsch

Däitschen [d'æ:ɪtʃən] Maskulinum (Pluriel Däitsch / Däitscher) **DE** *Deutscher* • **FR** *Allemand* • **EN** *German* • **PT** *alemão* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Däitschen

Däitschland [d'æ:ɪtʃlant] Eegennumm, Neutrum **DE** *Deutschland* • **FR** *Allemagne* • **EN** *Germany* • **PT** *Alemanha* **Beispiller** ech war schonn dräimol an Däitschland; ech fieren d'nächst Woch an Däitschland; ech kommen aus Däitschland

i männlech Persoun: ↗Däitschen weiblech Persoun: ↗Däitsch
Adjektiv: ↗däitsch Haaptstad: ↗Berlin

Däitsch-Oth [d'æ:ɪtʃ'o:t] Eegennumm **DE** *Deutsch-Oth* • **FR** *Audun-le-Tiche* • **EN** *Audun-le-Tiche* • **PT** *Audun-le-Tiche* **Beispiller** ech wunnen zu Däitsch-Oth; fiert dëse Bus op Däitsch-Oth?

Däiwel [d'æ:ɪvəl] Maskulinum (Pluriel Däiwelen) 1. **DE** *Teufel* • **FR** *diable* • **EN** *devil* • **PT** *Diabo* **Beispiller** wien sech net schéckt, kéint bei den Däiwel an d'Häll!; dat ass en aarmen Däiwel [ëgs] [dat ass eng bedauernswäert Persoun]; dee Kärel huet der Däiwel an der Panz [graf] [Idee Kärel ass duerchdrüwen]; an der Klass war der Däiwel lass! [ëgs] [an der Klass war eng grouss Oproul]; mäi Bopi ass all Dag um Dill, ier der Däiwel Schong an Huesen unhuet [ëgs] [mäi Bopi ass all Dag mueres scho ganz fréi aktiv]; dem Noper säi Klengt ass der Däiwel an Zivil [ëgs] [dem Noper säi Klengt ass duerchdrüwen]; déi zwee Nopere waren zäitliwens een deem aneren säin Däiwel [ëgs] [déi zwee Nopere hunn zäitliwens stänneg probéiert, een deem aneren ze schueden]; der Däiwel ass net esou schwaarz, wéi e gemoolt gëtt! [ëgs] [et stellt een sech d'Saachen dacks méi schlëmm vir, wéi se et a Wierklechkeet sinn]; dee Klengen ass des Däiwels, fir op all Knäppchen ze drécken [ëgs] [Idee Klengen ass benzeg, fir op all Knäppchen ze drécken]; d'Schüler waren haut all des Däiwels [ëgs] [d'Schüler waren haut all immens opgedréit] **Synonym** Jomer 2. [ëgs] bei der Däiwel **DE** *zum Teufel, den Bach runter, hinüber* • **FR** *à vau-l'eau, pété, fichu* • **EN** *down the drain, bust* • **PT** *por água abaixo, feito ao bife, lixado* **Beispiller** wann d'Mënschheet esou weidermécht, geet alles bei der Däiwel!; schalt emol e Gank erop, soss fiert de Motor bei der Däiwel!; géi bei der Däiwel! [⇒ seet een an der Roserei zu engem, deen ee wëllt lassginn] 3. ewéi der Däiwel **DE** *so was von, wie sonst was* • **FR** *plus ... que tout,*

fichtremet • **EN** *like anything, extremely* • **PT** *como o ca-neco, como o caraças* **Beispiller** dee Krappert ass frech ewéi der Däiwel!; et ass kal ewéi der Däiwel **Synonym** ewéi all näischt Gutt

Däiwelchen [d'æ:ɪvəlçən] Maskulinum (Pluriel Däiwelcher) - Diminutivform vun ↗Däiwel

Däiwelskrees [d'æ:ɪvəlskre:s] Maskulinum (Pluriel Däiwelskreesser)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Däiwlerei [dæ:ɪvlər'ɑɪ] Femininum (Pluriel Däiwlereien) ^[égs] **DE** *Teufelei, Hinterhältigkeit, böser Streich* • **FR** *diablerie, malice, espièglerie* • **EN** *devilry, mischief, wickedness* • **PT** *diabrura, travessura* **Beispill** wat fir eng Däiwlerei stécht do derhanner?

dajee [daj'e:] Interjektion **1.** **DE** *zack, zack, hop, hop, los, mach schon, komm(t) (schon)* • **FR** *allez (hop), ouste* • **EN** *come on [encouraging or correcting]* • **PT** *anda, vá (lá), vamos (lá), rápido* **Beispiller** *dajee*, da maacht elo virun!; maach d'Dier zou, *dajee!*; *dajee*, eraus mat iech bei deem gudde Wieder! **Synonym** *allez* **2.** **DE** *Schluss jetzt, jetzt reicht's* • **FR** *assez, stop, ça suffit, c'est marre* • **EN** *enough, that's it* • **PT** *chega, basta, pronto* **Beispill** *dajee*, gëss de dech da bal! **3.** *dajee alt* **DE** *na gut, also gut, von mir aus* • **FR** *bon (d'accord), j'veux bien [pour souligner une concession]* • **EN** *all right then, very well* • **PT** *bom (de acordo), está bem, vá lá [para exprimir uma concessão]* **Beispiller** *dajee alt*, da maache mer et, wéi s du sees; wann s de mengs, du häss Recht, *dajee alt!*

Dakar Eegennumm **DE** *Dakar* • **FR** *Dakar* • **PT** *Dacar* **Beispill** Dakar ass d'Haaptstad vum Senegal

Daler [d'a:le] Maskulinum (Pluriel Daleren) **DE** *Taler* • **FR** *thaler* • **EN** *thaler* • **PT** *táler* **Beispiller** ech hunn en Daler aus dem 16. Joerhonnert a menger Mënzsammlung; de Kach schneit d'Muerten an Daleren ^[égs] [de Kach schneit d'Muerten a Rondelen]

Dall [dal] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Däll / Däller) **DE** *Tal* • **FR** *vallée* • **EN** *valley* • **PT** *vale [depressão, planície]* **Beispiller** meng Grousseltere wunnen donidden am Dal; am Fréijoer riskéieren d'Däller iwverschwemmt ze ginn; d'Sonn schéngt iwver Bierg an Dal [et ass e schéinen, sonnegen Dag]

Dall [dal] Femininum (Pluriel Dallen) **DE** *Bodenplatte, Betonplatte* • **FR** *dalle [plancher]* • **EN** *concrete (foundation) slab, concrete subfloor (slab)* • **PT** *laje [leamento de construção]* **Beispiller** d'Dall gëtt muer gegoss; op d'Dall kënnt elo nach eng Chape

Dällchen [d'æ:lçən] Maskulinum (Pluriel Dällercher) - Diminutivform vun ↗Dall

dalli Adverb

I Hei entsteet en neien Artikel.

Damantel Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *(Gemeiner) Frauenmantel, (Spitzklappiger) Frauenmantel* • **FR** *al-chémille (commune)* • **EN** *lady's mantle* • **PT** *alquemila* **Beispill** den Damantel gëtt scho laang als Heelplanz agesat **Synonym** Broochkraut

Damaskus Eegennumm **DE** *Damaskus* • **FR** *Damas* • **EN** *Damascus* • **PT** *Damasco* **Beispill** Damaskus ass

d'Haaptstad vu Syrien

Damast Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Damast* • **FR** *damas [étouffe]* • **PT** *damasco [tecido]* **Beispill** leider ass dee schéinen alen Damast vun de Riddoe komplett verschlass

Dame [dam] Femininum (Pluriel Dammen) - Variant vun ↗Damm

damen [d'a:mən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedaamt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

dämlech [d'ɛ:mləç] Adjektiv ^[égs] **DE** *dämlich* • **FR** *bête, stupide* *<Adverb bètement>* • **PT** *estúpido, parvo* *<Adverb estupidamente>* **Beispiller** looss deng *dämlech* Bemerkunge wannechgelift op der Sätt!; hal op, esou *dämlech* ze grinsen! **Synonymen** blöd, domm, eefälleg, topeg

Damm [dam] Maskulinum (Pluriel Dämm) **DE** *Damm [Schutzwall]* • **FR** *digue* • **EN** *dyke, dam* • **PT** *dique* **Beispill** nei Dämm sollen déi ganz Géigend bei Iwwerschwemmunge méi sécher maachen

Damm [dam] Femininum **1.** (Pluriel Dammen) **DE** *Dame [Frau]* • **FR** *dame [femme]* • **EN** *lady [woman]* • **PT** *senhora [mulher]* **Beispiller** et ass eng Damm un der Dier, déi mat dir wëllt schwätzen; Dir Dammen an Dir Hären [⇒ seet een, fir en Auditoire unzerieden] **Synonym** Madamm **2.** (Pluriel Dammen) **DE** *Dame [Spielkarte]* • **FR** *dame [carte à jouer]* • **EN** *queen [playing card]* • **PT** *dama [carta de jogar]* **Beispiller** ech hu misse deng Damm ausspillen; an dengem Kaartespill sinn nëmmen dräi Dammen! **3.** (Pluriel Dammen) **DE** *Dame [Schachfigur]* • **FR** *dame [pièce d'échecs]* • **EN** *queen [chess piece]* • **PT** *dama [peça de xadrez]* **Beispill** deen ee vun de Schachspiller huet seng Damm direkt verluer **4.** (Pluriel Dammen) **DE** *Dame [Kegel]* • **FR** *dame [quille]* • **EN** *skittle, pin [bowling]* • **PT** ^[Definitiv] *no jogo de bowling de nove pinos, nome que designa os pinos da segunda ou penúltima linha* **Beispill** d'Klatz huet déi hënnescht lénks Damm nach esou just ze pake kritt **5.** (kee Pluriel) **DE** *Dame [Brettspiel]* • **FR** *dames [jeu de plateau]* • **EN** *draughts [game]* • **PT** *damas [jogo de tabuleiro]* **Beispill** meng Bridder spille grad (eng Partie) Damm **6.** (Pluriel Dammen, kee Singulier) **DE** *Damenmannschaft* • **FR** *équipe féminine [équipe sportive]* • **EN** *women's team* • **PT** *equipa feminina [equipa desportiva]* **Beispill** eis Damm hunn dës Saison den Titel gewonnen **Synonym** Dammenekip

Damm [dam] Maskulinum (Pluriel Dämm) **DE** *Damm [zwischen After und Geschlechtsorgan]* • **FR** *périnée* • **EN** *perineum* • **PT** *períneo* **Beispiller** den Damm läit tëschent dem Anus an de baussenzege Geschlechtsorganer; bei enger Gebuert besteet d'Gefor, datt der Fra hiren Damm rässt

Dämmchen [d'æmçən] Femininum (Pluriel Dämmcher) - Diminutivform vun ↗Damm

dämmen [d'æmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedämmt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

I Verb, dat **dämmen** als Basis huet: ↗andämmen

Dammenekip [d'amənekɪp] Femininum (Pluriel Dammenekippen) **DE** *Damenmannschaft* • **FR** *équipe féminine l'équipe sportive* • **EN** *ladies team* • **PT** *equipa feminina [equipa desportiva]* **Beispill** eis Dammenekip huet dës Saison den Titel gewonnen

Dammenequipe [d'amənekɪp] Femininum (Pluriel Dammenequippen) - Variant vun ↗Dammenekip

Damentoilette [d'aməntwalæt] Femininum (Pluriel Damentoiletten) **DE** *Damentoilette* • **FR** *toilettes pour femmes [W.-C.]* • **EN** *ladies [women's toilet]* • **PT** *casa de banho das senhoras* **Beispill** op der Damentoilette ass keng Seef méi

Dammesport [d'aməʃpɔrt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Frauensport* • **FR** *sport féminin* • **EN** *women's sport* • **PT** *desporto feminino* **Beispill** den Dammesport huet hei am Land eng bemierkenswäert Entwécklung matgemaach

Dammevestiaire [d'aməvɛstjɛ:r] Maskulinum (Pluriel Dammevestiaires) - Variant vun ↗Dammevestiär

Dammevestiär [d'aməvɛstjɛ:r] Maskulinum (Pluriel Dammevestiären) **DE** *Damenumkleide, Umkleideraum für Damen* • **FR** *vestiaire pour dames* • **EN** *female locker room, female changing room* • **PT** *vestiário feminino* **Beispill** d'Toilette si lénks niewent dem Dammevestiär

Dammhirsch [d'amhɪrʃ] Maskulinum (Pluriel Dammhirschen) **Dama** *dama* **DE** *Dammhirsch* • **FR** *daim européen* • **EN** *fallow deer* • **PT** *gamo* **Beispill** d'Dammhirsche sinn invasiv Déieren, déi zum Deel wëll virkommen, well se illegal ausgesat goufen

Dammrass [d'amrɔs] Maskulinum (Pluriel Dammrëss) **DE** *Dammriss* • **FR** *déchirure périméale* • **EN** *perineal tear* • **PT** *ruptura perineal* **Beispill** vill Frae kréie beim Accouchement en Dammschnatt gemaach, fir en Dammrass ze verhënneren

i Variant: Dammrëss

Dammrëss [d'amrɔs] Maskulinum (Pluriel Dammrëss) - Variant vun ↗Dammrass

Dammschnatt [d'amʃnɔt] Maskulinum (Pluriel Dammschnëtt) **DE** *Dammschnitt* • **FR** *épisiotomie* • **EN** *episiotomy* • **PT** *episiotomia* **Beispill** vill Frae kréie beim Accouchement en Dammschnatt gemaach, fir en Dammrass ze verhënneren **Synonym** Episiotomie

i Variant: Dammschnëtt

Dammschnëtt [d'amʃnɔt] Maskulinum (Pluriel Dammschnëtt) - Variant vun ↗Dammschnatt

Damp [damp] Maskulinum (Pluriel Dämp) **1.** **DE** *Rauch* • **FR** *fumée* • **EN** *smoke, fumes* • **PT** *fumo [gases]* **Beispiller** et kënnt décke schwaarzen Damp aus dem Schaarschtech eraus; wou Damp ass, (do) ass och Feier [égs] [et stécht ëmmer eng Pouz Wouerecht hanner enger Rumeur] **2.** **DE** *Dampf* • **FR** *vapeur [comme force]* • **EN** *steam [for power]* • **PT** *vapor [como força]* **Beispiller** fréier sinn d'Zich mat Damp gefuer; maach e wéineg Damp hanner déi Saach! [égs] [dreif déi Saach e wéineg un!]; den Damp ass mer ausgaangen [égs] [ech hu keen Otem méi; ech hu keng Energie méi]

dämpfen [d'æmpən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gedämpt*) » **intransitiv** - och **onperséinlech** **1.** **DE** *rauchen [qualmen]* • **FR** *fumer [dégager de la fumée]* • **EN** *to smoke [to give off fumes]* • **PT** *fumegar [deitar fumo]* **Beispiller** d'Kamäiner vun der Fabrick dämpfen Dag an Nuecht; kuck, dohannen dämpt et!; wou et dämpt, (do) ass och Feier [égs] [et stécht ëmmer eng Pouz Wouerecht hanner enger Rumeur] **2.** **DE** *dampfen, dunsten* • **FR** *fumer [dégager de la vapeur]* • **EN** *to steam, to give off steam* • **PT** *fumegar [exalar vapores]* **Beispiller** nom Reen *hunn* d'Stroosse gedämpt; d'Mëscht huet nach laang gedämpt a gestonk » **transitiv** **3.** [égs] **DE** *rauchen* • **FR** *fumer [du tabac, de la drogue]* • **EN** *to smoke [tobacco, drugs]* • **PT** *fumar [tabaco, droga]* **Beispill** d'Kanner *hunn* heemlech eng am Schapp gedämpt **Synonym** fëmmen **4.** [égs] **DE** *scheuchen, treiben* • **FR** *chasser [faire avancer]* • **EN** *to chase, to drive, to hurry* • **PT** *enxotar [fazer andar]* **Beispill** d'Joffer huet d'Kanner an den Haß gedämpt

i Verb, dat **dämpfen** als Basis huet: ↗erausdämpfen

dämpfen Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gedämpft*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Dampmaschinn [d'ampmaʃɪn] Femininum (Pluriel Dampmaschinnen) **DE** *Dampfmaschine* • **FR** *machine à vapeur* • **EN** *steam engine* • **PT** *máquina a vapor* **Beispill** am neie Musée sinn zwou restauréiert Dampmaschinnen aus dem 19. Joerhonert ausgestallt

Dampmelder [d'ampmældɛ] Maskulinum (Pluriel Dampmelder / Dampmelderen) **DE** *Rauchmelder* • **FR** *détecteur de fumée* • **EN** *smoke alarm* • **PT** *detetor de fumo* **Beispill** de Proprietär vum Haus huet op all Stack en Dampmelder installéiere gelooss **Synonym** Rauchmelder

Dampvergiftung [d'ampfegəftuŋ] Femininum (Pluriel Dampvergiftungen) **DE** *Rauchvergiftung* • **FR** *intoxication à la fumée* • **EN** *smoke poisoning* • **PT** *intoxicação pelo fumo* **Beispill** nom Groussasaz koum ee Pomjee mat enger Dampvergiftung an d'Spidol

Dampwalz [d'ampvalts] Femininum (Pluriel Dampwalzen) **DE** *Dampfwalze, Straßenwalze* • **FR** *rouleau compresseur (à vapeur)* • **EN** *steamroller, roadroller* • **PT** *cilindro das estradas (a vapor)* **Beispiller** am Musée *hunn* se niewent den ale Lokomotiven och eng Dampwalz stoen; fir de Belag op der Autobunn schéi glat ze kréien, sinn dräi Dampwalzen niewenteneege-fuer

Dän [dɛ:n] Maskulinum (Pluriel Dänen) **DE** *Däne* • **FR** *Danois* • **EN** *Dane* • **PT** *dinamarquês* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Dän

Dänemark [d'ɛ:nəmark] Eegennumm, Neutrum **DE** *Dänemark* • **FR** *Danemark* • **EN** *Denmark* • **PT** *Dinamarca* **Beispiller** ech war schonn dräimol an Dänemark; ech fueren d'nächst Woch an Dänemark; ech kommen aus Dänemark

i männlech Persoun: ↗Dän weiblech Persoun: ↗Dänin Adjektiv: ↗dänesch Haaptstad: ↗Kopenhagen

dänesch [d'ɛ:nəʃ] Adjektiv **DE** *dänisch* • **FR** *danois* • **EN** *Danish* • **PT** *dinamarquês* **Beispill** op eiser Rees hu mir

déi dänesch Kultur kenne geléiert

Dänin [d'ɛ:nin] Femininum (Pluriel Däninnen) **DE** *Dänin* • **FR** *Danoise* • **EN** *Dane* [female] • **PT** *dinamarquesa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Dänin

dank [danʃk] Prepositioun » **mam Genitiv 1.** **DE** *dank* • **FR** *grâce à* • **EN** *thanks to* • **PT** *graças a* **Beispiller** dank denger Ennerstëtzung si mer éischer mat der Aarbecht fäerdeg ginn; **dank** senger krut ech dës Plaz » **mam Dativ 2.** **DE** *dank* • **FR** *grâce à* • **EN** *thanks to* • **PT** *graças a* **Beispill** dank dengem Asaz si mer éischer mat der Aarbecht fäerdeg ginn

Dank Maskulinum (kee Pluriel) ^[vereezelt] **DE** *Dank, Dankeschön* • **FR** *remerciement* [témoignage de reconnaissance] • **PT** *agradecimento* [testemunho de reconhecimento] **Beispiller** vun deem do braucht de der keen Dank ze erwaarden; no där viller Aarbecht krut ech als Dank eng Hellewull Frechheete gemaach **Synonym** Merci

dankbar [d'ɑŋkba:R] Adjektiv **1.** **DE** *dankbar* [dankbarfühl] • **FR** *reconnaissant* • **EN** *grateful* • **PT** *reconhecido, agradecido, grato* **Beispill** d'Leit, deene mir gehollef hunn, waren eis dankbar **2.** **DE** *dankbar* [lohnend] • **FR** *facile, aisé, agréable, gratifiant* • **EN** *rewarding* • **PT** *fácil, agradável, gratificante* **Beispill** sech ëm d'Reklamatioun këmmeren, ass keng dankbar Missioun

Dankbarkeet [d'ɑŋkba:ke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Dankbarkeit* • **FR** *gratitude, reconnaissance* • **EN** *gratitude* • **PT** *gratidão, reconhecimento* **Beispill** vun elauter Dankbarkeet hunn si eis en décke Bouquet Blumme geschenkt

danken [d'ɑŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedankt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Verb, dat **danken** als Basis huet: [∧]ofdanken

Dänn [dæn] Femininum (Pluriel Dännen) **1.** **DE** *Tanne* • **FR** *sapin* [arbre] • **EN** *fir* (tree) • **PT** *abeto* [árvore] **Beispill** op den Dänn wuessen d'Zapen d'Luucht aus **2.** ^[égs] **DE** *Fichte* • **FR** *épicéa* • **EN** *spruce* • **PT** *espruce, picea* **Beispiller** beim leschte Stuerm si vill Dännen ëmgefall; dee Kärel huet eng mat der Dänn! Idee Kärel ass e bësse verréckt! **Synonym** Fiicht

dann [dan] Adverb **1.** **DE** *dann* [zu diesem Zeitpunkt] • **FR** *à ce moment-là* • **EN** *then* [at that point] • **PT** *então* [nesse momento] **Beispill** wann dir (bis) **dann** nach net hei sidd, fuere mer ouni iech fort **2.** **DE** *dann* [danach] • **FR** *puis, ensuite* • **EN** *then* [after] • **PT** *depois, em seguida, a seguir* **Beispiller** fir d'éischt kënns du un d'Rei, **dann** hien; mir ginn iessen an da gi mer an de Kino **3.** **DE** *dann* [unter diesen Umständen] • **FR** *alors* [dans ce cas] • **EN** *then* [in that case] • **PT** *então* [nesse caso] **Beispiller** **dann** ass jo alles an der Rei!; wa mer dee leschte Bus verpassen, **da** musse mer en Taxi huelen

i D'Adverb „dann“ gëtt gebraucht, fir op e spezifesche Moment hinzewiesen, dee schonn eriwuer ass, oder op seng zäitlech Suite: Dat sinn ech **dunn** eréischt gewuer ginn. Ech sinn de Moie fréi opgestanen an **dunn** direkt op d'Aarbecht gefuer. D'Adverb „dann“ gëtt gebraucht, fir op e spezifesche Moment hinzewiesen, deen eréischt kënnt, oder op seng zäitlech Suite: Dat wäert ech **dann** eréischt gewuer ginn. Ech sti muer fréi op a fuere **dann** direkt op d'Aarbecht.

Dännebam Maskulinum (Pluriel Dännebeem)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Dännebeemchen Maskulinum (Pluriel Dännebeemercher) - Diminutivform vun [∧]Dännebam

Dännebësch Maskulinum (Pluriel Dännebëscher)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Dännemees [d'ænəme:s] Femininum (Pluriel Dännemeesen) **Parus ater** **DE** *Tannenmeise* • **FR** *mésange noire* • **EN** *coal tit* • **PT** *chapim-preto* **Beispill** wéi laang bréien d'Dännemeesen?

Dännenzap Maskulinum/Femininum (Pluriel Dännenzapen) - Variant vun [∧]Dännenzapp

i Kuerzform: Zap

Dännenzapf Maskulinum/Femininum (Pluriel Dännenzapfen) - Variant vun [∧]Dännenzapp

i Kuerzform: Zapf

Dännenzapp Maskulinum/Femininum (Pluriel Dännenzappen) **DE** *Zapfen* [eines Nadelbaumes] • **FR** *pomme* (de pin), *cône de sapin* • **EN** *cone* [of a conifer] • **PT** *cone* [de conífero] **Beispill** d'Kanner haten e ganze Kuerf Dännenzappe gefaf

i Varianten: Dännenzap, Dännenzapf

i Kuerzform: Zapp

Danz [dants] Maskulinum (Pluriel Dänz) **1.** **DE** *Tanz* [Abfolge von Bewegungen] • **FR** *danse* [enchaînement de mouvements] • **EN** *dance* [series of steps] • **PT** *dança* [sequência de movimentos] **Beispill** mir hunn an der Danzschoul sechs nei Dänz astudéiert **2.** **DE** *Tanz* [Musikstück] • **FR** *danse* [pièce de musique] • **EN** *dance* [music for dancing] • **PT** *dança* [peça musical] **Beispill** den Orchester huet e puer traditionell Dänz gespillt

Danzcours [d'antsku:ɔ] Maskulinum (Pluriel Danzcoursen) **DE** *Tanzkurs* • **FR** *cours de danse* • **EN** *dance class* • **PT** *curso de dança* **Beispill** mir hunn eis an engem Danzcours fir Ufänger ageschriwwen

danzen [d'antsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedanzt) » **transitiv 1.** **DE** *tanzen* • **FR** *danser* • **EN** *to dance* • **PT** *dançar* **Beispill** d'Broutpuer huet eng Walz gedanzt » **intransitiv 2.** **DE** *tanzen* • **FR** *danser* • **EN** *to dance* • **PT** *dançar* **Beispiller** meng Cheffin huet um Bal bis mueres fréi mat hirer Frëndin gedanzt; ech sinn es midd, no denger Päif ze danzen! ^[égs] [ech sinn es midd ze maachen, wat ech vun dir gesot kréien!]; et muss ee mat deene Meedercher danzen, déi do sinn! ^[égs] [et muss ee mat deem zefridde sinn, wat een huet]; wann et dem Iesel ze wuel ass, da geet en op d'Äis danzen ^[égs] [wann et engem ze gutt geet, da gëtt ee muttwëlleg]

i Verb, dat **danzen** als Basis huet: [∧]virdanzen

Dänzer [d'æntse] Maskulinum (Pluriel Dänzer) **DE** *Tänzer* • **FR** *danseur* • **EN** *dancer* • **PT** *bailarino, dançarino* **Beispiller** hien ass Dänzer am Ensembl vun der Oper; fir säin Alter ass mäi Bop nach ëmmer e gudden Dänzer

i Weiblech Form: [∧]Dänzerin

Dänzerin [d'æntsəˈrɪn] Femininum (Pluriel Dänzerinnen) DE Tänzerin • FR danseuse • EN dancer [female] • PT bailarina, dançarina **Beispill** déi professionell Dänzerin ass schonn op ville Bühnen opgetrueden

Männlech Form: ↗Dänzer

Danzmusek [d'antsmuzek] Femininum (kee Pluriel) DE Tanzmusik • FR musique de danse • EN dance music • PT música de dança **Beispill** fir eis Hochzäit hu mir en Orchester engagéiert, fir Danzmusek ze spillen

Danzsall [d'antszal] Maskulinum (Pluriel Danzsäll) DE Tanzsaal • FR salle de danse • EN dance hall • PT salão de baile **Beispill** fir de Fuesbal war den Danzsall opwändig dekoréiert

Danzschoul [d'antsʃəʊl] Femininum (Pluriel Danzschoulen) 1. DE Tanzschule [Einrichtung] • FR école de danse [institution] • EN dancing school, dance school [institution] • PT escola de dança [estabelecimento] **Beispill** mir hunn an der Danzschoul sechs nei Dänz astudéiert 2. DE Tanzschule [Gebäude] • FR école de danse [bâtiment] • EN dancing school, dance school [building] • PT escola de dança [edifício] **Beispill** ech krut eng Parkplaz direkt virun der Danzschoul

Danztheater [d'antstea:tə] Maskulinum (kee Pluriel)

Hei entsteet en neien Artikel.

daper [d'a:pe] Adjektiv DE tapfer • FR courageux <Adverb courageusement> • EN brave, courageous <Adverb bravely> • PT corajoso, valente <Adverb corajosamente, valentemente> **Beispill** déi daper Fra huet sech ni decouragéiere gelooss; eis Ekip huet sech daper geschloen

Dapp [dap] Maskulinum (Pluriel Däpp) DE Kreisel [Spielzeug] • FR toupie [jouet] • EN (spinning) top • PT pião [brinquedo] **Beispill** de Bouf huet säin Dapp iwwer de Buedem jauwe gelooss; deen alen Dapp ass ëmmer granzeg [eggs] [Ideen ale Mann ass ëmmer granzeg] **Synonym** Dillendapp

Däppchen [d'æpçən] Maskulinum (Pluriel Däppercher) - Diminutivform vun ↗Dapp DE Spielfigur, Spielstein • FR pion [de jeu] • EN piece, draught [in a board game] • PT peça [de jogo] **Beispill** stell dän Däppchen op d'Briet, fir datt mer kënnen ufänke mat spillen!; bei ville Gesellschaftsspiller gëtt et Däppercher a véier Faarwen

Dar [da:r] Maskulinum (Pluriel Dären) DE Dorn [Stachel] • FR épine [d'une plante] • EN thorn [of a plant] • PT espinho [de uma planta] **Beispill** ech hu mech un engem Dar vum Kaktus gepickt; dëse Rousestack huet bal keng Dären; ech sinn eiser Sekretärin en Dar am A [eggs] [eis Sekretärin ka mech absolut net ausstoen]

där [dɛ:ɔ] bestëmmten Artikel » Singulier / weiblech / Dativ / staark DE der • FR la • EN the • PT a **Beispill** ech probéiere mat där weinéger Stëmm, déi ech nach hunn, e puer Wuert ze soen

där [dɛ:ɔ] Demonstrativpronomen » Singulier / weiblech / Dativ 1. DE der, jener • FR celle-là, cette ...-là • EN that, that one • PT essa, aquela **Beispill** géi duuss mat där Vas ëm, se huet e Verméige kascht!; mat där

ass net gutt streiden! » Singulier / weiblech / Genitiv 2. DE deren, jener, der • FR celle-là, cette ...-là • EN that, that one • PT essa, aquela **Beispill** kee vun eis ass där Meening; ech hu meng al Füllfeder ewechgehäit, ech war där midd » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Genitiv 3. DE deren, derer, jener • FR ceux-là, celles-là, ces ...-là • EN those • PT esses, aqueles, essas, aquelas **Beispill** ech hu véier där Wirschtercher giess; ech kréien där ni genuch; ech kommen där Deeg bis laansch

Variant: därer

där [dɛ:ɔ] Relativpronomen » Singulier / weiblech / Dativ DE der • FR qui, laquelle • EN that, which • PT que, a qual **Beispill** dee Ménsch huet eng Ausstrahlung, där kee ka widerstoen

därbaants Adverb

Hei entsteet en neien Artikel.

däreg [d'ɛ:RƏɔ] Adjektiv 1. DE dornig • FR épineux [hérisssé d'épines] • EN thorny [having many thorns] • PT espinhoso [que tem espinhos] **Beispill** et huet een sech séier um däreg Still vun enger Rous gepickt; d'Kand war beim Spillen an eng däreg Heck gefall **Synonym** pickeg 2. DE heikel, schwierig, dornig • FR épineux [délicat, difficile] • EN thorny [difficult, problematic] • PT espinhoso [delicado, difícil] **Beispill** am Komitee gouf haut iwwer däreg Froen diskutéiert **Synonymen** delikat, kniwweleg, kriddeleg, quokeleg, sensibel, schwiereg 3. [eggs] DE mürrisch, miesepetrig • FR teigneux, hargneux • EN spiteful, cantankerous • PT venenoso, quezilento **Beispill** firwat bass du esou däreg? **Synonymen** géfteg, pickeg

Däreldeier [d'ɛ:Rəldɪɐ] Neutrum (Pluriel Däreldeieren) DE Igel • FR hérisson • EN hedgehog • PT ouriço-cacheiro **Beispill** bei eis am Gaart wunnt en Däreldeier; sinn d'Däreldeieren nach am Winterschlouf? **Synonymen** Igel, Kéiseker

därer [d'ɛ:Rɐ] Demonstrativpronomen - Variant vun ↗där

därjéineger [dɛ:ɔ'ʒɪnəɔ] Demonstrativpronomen » Singulier / weiblech / Dativ DE jener, derjenigen • FR celle, cette • EN that, the one • PT aquela **Beispill** mir hunn därjéineger (Fra), déi dat behaupt, de Géigendeel bewisen

därmoossen [dɛ:ɔm'o:sən] Adverb DE dermaßen, sehr • FR tellement là tel point, beaucoup • EN so [to such a degree] • PT tão, tanto [a tal ponto, muito] **Beispill** ech war därmoossen erféiert, datt ech nach laang dono geziddert hunn; mir waren därmoossen am Leed, well der net erbäikomm sidd

Darmstadium [da:Rmʃt'atɪjəm] Maskulinum (kee Pluriel) [Chimie] DE Darmstadium [chemisches Element] • FR darmstadium [élément chimique] • EN darmstadium [chemical element] • PT darmstácio [elemento químico] **Beispill** d'Element Darmstadium gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller

därzäit [d'ɛ:ɔtsæ:tɪt] Adverb DE derzeit, momentan • FR actuellement [pour le moment] • EN at present, at the moment • PT atualmente [de momento] **Beispill** därzäit ass den Hotel komplett ausgebucht **Synonymen** ak-

tuell, momentan, zurzeit

dass [das] Konjunktioun - Variant vun **datt**

dat [da:t] Demonstrativpronomen » Singulier / sächlech / Nominativ **1. DE** *das, jenes* • **FR** *ce ...-là, cette ...-là, cela, ce* • **EN** *that, that one* • **PT** *esse, aquele, essa, aquela, isso, aquilo* **Beispiller** **dat** ass en aalt Kachrezept; et ass alles schéin, mee **dat** ass besonnesch schéin! » Singulier / sächlech / Akkusativ **2. DE** *das, jenes* • **FR** *ce ...-là, cette ...-là, cela, ce* • **EN** *that, that one* • **PT** *esse, aquele, essa, aquela, isso, aquilo* **Beispiller** **dat** Fest därfer mir op kee Fall verpassen!; **dat** huet meng Frëndin mir aus der Vakanz matbruecht

dat [da:t] Relativpronomen » Singulier / sächlech / Nominativ **1. DE** *das* • **FR** *qui, lequel, laquelle* • **EN** *that, who* • **PT** *que, o qual, a qual* **Beispill** de Schoulmeeschter bestrooft all Kand, **dat** säin Heft vergiess huet » Singulier / sächlech / Akkusativ **2. DE** *das* • **FR** *que, lequel, laquelle* • **EN** *that, who* • **PT** *que, o qual, a qual* **Beispill** **dat** ass genee **dat** Haus, **dat** ech gär hätt!

dat [da:t] bestëmmten Artikel » Singulier / sächlech / Nominativ / staark **1. DE** *das* • **FR** *le, la* • **EN** *the* • **PT** *o, a* **Beispill** **dat** neit Schëff huet am Akaf 70 Milliounen kascht » Singulier / sächlech / Akkusativ / staark **2. DE** *das* • **FR** *le, la* • **EN** *the* • **PT** *o, a* **Beispill** fir d'Zukunft wënsche mir dir nëmmen **dat** Allerbescht!

Date Maskulinum (Pluriel Daten / Dates)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Datebank [d'a:təbɑŋk] Femininum (Pluriel Datebanken) **DE** *Datenbank* • **FR** *banque de données* • **EN** *database* • **PT** *base de dados* **Beispill** d'Bibliothék huet d'Titele vun all hire Bicher an enger Datebank gespäichert

Datei [dat'ɑi] Femininum (Pluriel Dateien) **1. DE** *(digitale) Datei* • **FR** *fichier [Inumérique]* • **EN** *file [digital]* • **PT** *ficheiro [digital]* **Beispill** ech hunn aus Versinn all meng Dateien um Computer geläscht **Synonym** Fichier **2. DE** *Kartei* • **FR** *fichier [collection de fiches]* • **EN** *card index* • **PT** *ficheiro [conjunto de fichas]* **Beispill** an där Datei ginn d'Fichen dem Alphabet no klasséiert **Synonymen** Fichier, Kartei

datéieren [dat'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé datéiert) » transitiv **1. DE** *datieren [mit einem Datum versehen]* • **FR** *dater [mettre une date sur]* • **EN** *to date [to mark with a date]* • **PT** *datar [pôr a data em]* **Beispill** de Brëif muss nach **datéiert** ginn **2. DE** *datieren [die Entstehungszeit bestimmen]* • **FR** *dater [déterminer la date d'origine de]* • **EN** *to date [to establish the date of origin of]* • **PT** *datar [determinar a data de origem de]* **Beispill** d'Archeologen hunn d'Keramik op d'éischt Joerhonnert **datéiert** » intransitiv **3. DE** *datieren [aus einer bestimmten Zeit stammen]* • **FR** *dater [remonter à]* • **EN** *to date from* • **PT** *datar [remontar a]* **Beispill** de Gobelin **datéiert** aus dem 18. Joerhonnert

i Verben, déi **datéieren** als Basis hunn: **vir**datéieren an **zeréck**datéieren

Datéierung Femininum (Pluriel Datéierungen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Datéierungsmethod

Femininum

(Pluriel

Datéierungsmethoden)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Daten [d'a:tən] Substantiv (kee Singulier) **1. DE** *Daten [Angaben, Informationen]* • **FR** *données [éléments d'information]* • **EN** *data [collected facts, values, statistics]* • **PT** *dados [elementos de informação]* **Beispill** de Fuerscher huet déi gesammelt **Daten** ausgewäert **Synonym** Donnéeën **2. DE** *(digitale) Daten* • **FR** *données [numériques]* • **EN** *data [digital]* • **PT** *dados [digitais]* **Beispill** wéi mäi Computer futtigaangen ass, ware meng **Daten** all fort **Synonym** Donnéeën

daten Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gedate**) » transitiv **DE** *daten* • **FR** *sortir avec, sortir ensemble [fréquenter]* • **EN** *to date [to go on a date with, to go out with]* • **PT** *andar com, sair juntos [namorar]* **Beispiller** ech **daten** zënter Kuerzem mäin neien Noper; nodeem déi zwee (sech) e puermol **gedate** **haten**, woussten se, **datt** se net firenee **gemaach** wieren

Datesaz Maskulinum (Pluriel Datesätz)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Dateschutz Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Datenschutz* • **FR** *protection des données* • **EN** *data protection* • **PT** *proteção de dados* **Beispill** bass de sécher, **datt** op dësem Site den **Dateschutz** garantéiert ass?

Dativ [d'a:ti:f] Maskulinum (Pluriel <seelen> Dativen) **DE** *Dativ* • **FR** *datif* • **EN** *dativ* • **PT** *dativo* **Beispill** hanner verschiddene Prepositiounen kann esouwuel den **Dativ** ewéi den Akkusativ stoen

datjéinegt [d'a:tʒɪnɛŋt] Demonstrativpronomen » Singulier / sächlech / Nominativ **1. DE** *jenes, dasjenige* • **FR** *celui, celle, ce, cette* • **EN** *that, the one* • **PT** *aquele, aquela* **Beispill** **datjéinegt** (Kand), **dat** sech esou schlecht beholl huet, huet hei näischt méi verluer » Singulier / sächlech / Akkusativ **2. DE** *jenes, dasjenige* • **FR** *celui, celle, ce, cette* • **EN** *that, the one* • **PT** *aquele, aquela* **Beispill** keen huet **datjéinegt** (Meedchen), **dat** niewent eis gewunnt huet, jeemools erëmgesinn

dätsch [dæʃ] Adjektiv **[égs]** **DE** *fix und fertig, geschafft* • **FR** *épuisé, exténué, à bout* • **EN** *drained, shattered, knackered* • **PT** *partido, extenuado, exausto* **Beispill** nodeem d'Kanner de ganzen Dag am Park gespillt **haten**, waren se **dätsch** **Synonymen** doudmidd, futti, kapott, erleedegt, vreckt

datt [dat] Konjunktioun **1. DE** *dass* • **FR** *que* • **EN** *that* • **PT** *que* **Beispiller** ech si frou, **datt** dir esou séier konnt kommen; ech gesinn an, **datt** ech mech an deem Punkt geiert hat; **datt** ech iech net méi beim Klauen erwëschen! **2. fir** **datt** **DE** *damit* • **FR** *afin que, pour que* • **EN** *to [so that]* • **PT** *para que, a fim de que* **Beispiller** d'Plakat muss gutt gepaapt ginn, fir **datt** et peche bleift; de Kach dëmpt d'Geméis, fir **datt** et seng Vitamine behält **3. net** **datt** **DE** *nicht dass, damit ... nicht* • **FR** *pour que ... ne pas [pour éviter que]* • **EN** *not that, so that ... not* • **PT** *para que não ... [para evitar que]* **Beispiller** ech zielen der elo alles, net **datt** s de mengers, ech wéilt der eppes verheemlechen; hei muss e Gelänner hikommen, net **datt** nach een an d'Lach fällt!

i Variant: **dass**

Dattel [d'atəl] Femininum (Pluriel Dattelen) **DE** Dattel • **FR** datte • **EN** date [fruit] • **PT** tâmara [fruta] **Beispill** ech iese keng Dattelen, se si mer ze séiss

Dattelpalm [d'atəlpalm] Femininum (Pluriel Dattelpalmen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Datum [d'a:tum] Maskulinum (Pluriel Datumen / Datumer) **DE** Datum • **FR** date • **EN** date [day of the month or year] • **PT** data **Beispiller** kommt, mir verleeën d'Veersammlung op e spéideren Datum!; fir eis Feier zécke mer téschent zwee Datumen

Datz [dats] Femininum (Pluriel Datzen) **égs** **DE** ungenügende Note • **FR** note insuffisante • **EN** insufficient mark, fail • **PT** negativa [nota insuficiente] **Beispiller** ech hat eng Datz a menger leschter Geschichtsprüfung; fir déi do Ried häss de eng Datz verdéngt! [du hues eng schlecht Ried gehalen] **Synonym** Ongenügend

dauchen [d'æ:ʊχən] ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gedaucht) - Variant vun ↗tauchen ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedaucht) - Variant vun ↗tauchen

i Verben, déi **dauchen** als Basis hunn: ↗andauchen, ↗ännerdauchen an ↗opdauchen

Dauer [d'ʌʊə] Femininum (kee Pluriel) **DE** Dauer • **FR** durée • **EN** duration • **PT** duração **Beispiller** d'Dauer vu sengem Kontrakt ass op dräi Joer festgeluecht; dem Leefer säi Rekord war net vu laanger Dauer; op laang Dauer gétt dat mer ze vill [mat der Zäit gétt dat mer ze vill]

dauern [d'ʌʊərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedauert) » **intransitiv** **DE** dauern [andauern] • **FR** durer [s'étendre dans le temps] • **EN** to last [to go on for] • **PT** durar [estender-se no tempo] **Beispiller** der Buergermeeschtesch hir Rieden daueren eng Éiwegkeet; de Film dauert annerhallef Stonn

dauerhaft [d'ʌʊəhaft] Adjektiv **DE** dauerhaft • **FR** durable • **EN** lasting, durable • **PT** duradouro, durável **Beispill** d'Leit wënschen sech en dauerhafte Fridden op der Welt

dauernd [d'ʌʊənt] Adjektiv **DE** dauernd, ständig • **FR** incessant [continuuel] <Adverb continuellement, sans cesse, en permanence> • **EN** constant <Adverb constantly> • **PT** constante, incessante <Adverb constantemente, sempre> **Beispiller** vun deem dauernde Stress op der Aarbecht gouf hie krank; fal mer net dauernd an d'Ried! **Synonymen** permanent, stänneg

Dauf [daʊf] Femininum (Pluriel Dauwen) **DE** Taube [Vogel] • **FR** pigeon [oiseau] • **EN** pigeon • **PT** pombo **Beispiller** a ville Stied ass et verbueden, d'Dauwen ze fidderen; d'gebrodene Dauwe fléien engem net an de Mond **égs** [wann een sech net beméit, da kann een och näischt erwaarden]

Daum [daʊm] Maskulinum (Pluriel Daumen) **DE** Daumen • **FR** pouce [doigt] • **EN** thumb • **PT** polegar **Beispiller** ech konnt laang net richtig gräifen, well ech mer de rietsen Daum gebrach hat; de Bëbee hëlt den Daum [de Bëbee lutscht u sengem Daum]; iwwe den Daum gepéilt sinn dat do honnert Meter **égs** [graff geschat

sinn dat do honnert Meter]; mir hunn der fir däin Examen d'Daume gehalen **égs** [mir hu fir däin Examen un dech geduecht]

i Variant: Domm

dauschen [d'æ:ʊʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedaucht) » **intransitiv** **DE** rauschen [Wind, Wasser] • **FR** murmurer, bruire, mugir [vent, eau] • **EN** to murmur, to whisper, to roar [sound of wind, moving water] • **PT** murmurar, sussurrar, rumorejar [vento, água] **Beispiller** héier, wéi de Wand dobaussen dauscht!; no deem staarke Reen huet d'Baach elle gedaucht

dauschen ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedosch) » **transitiv 1.** **égs** engem eng dauschen **DE** jemandem eine scheuern • **FR** donner une claque à quelqu'un, gifler quelqu'un • **EN** to slap somebody [in the face] • **PT** dar uma estalada a alguém, dar uma bofetada a alguém **Beispill** wann s de dech elo net gëss, dann dauschen ech der eng! **Synonymen** engem eng jauwen, engem eng klaken, engem eng praffen, engem eng tachtelen ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gedosch) » **intransitiv 2.** **DE** rauschen, brausen, sausen • **FR** foncer, aller en trombe, se précipiter • **PT** passar (a toda a velocidade), correr, precipitar-se **Beispiller** em des Zäit dauscht all fennef Minutten en Zuch laansch eist Haus; kaum war de Glacémännchen do, koumen d'Kanner em den Eck gedosch

dausend [d'ʌʊzənt] Kardinalzuel **DE** tausend • **FR** mille • **EN** thousand • **PT** mil **Beispiller** ech sinn amgaang, e Puzzle vun dausend Stécker ze maachen; owes um Camping hate mer op eemol dausend Mustiken am Zelt **égs** [owes um Camping hate mer op eemol ganz vill Mustiken am Zelt] **mat Zifferen** 1000

Dausenden [d'ʌʊzəndən] Substantiv (kee Singulier) **DE** Tausende • **FR** milliers • **EN** thousands • **PT** milhares **Beispiller** weinst engem Bommenalarm goufen Dausende vu Leit aus dem Stadion evakuéiert; d'Pilger koume mat den Dausenden, fir geseent ze ginn; weinst der Epidemie hunn d'Schwäi missen zu Dausenden dout gemaach ginn

Dausender [d'ʌʊzənde] Maskulinum (Pluriel Dausender) **DE** Tausender [Tausendfrankenschein] • **FR** billet de mille francs • **EN** thousand (franc) banknote • **PT** nota de mil francos **Beispiller** ech hunn doheem nach e puer al Dausender am Tirang leien; zënter mer den Euro hunn, gétt et keng Dausender méi

dausenderlee [daʊzəndel'e:] Indefinitpronomen **DE** tausenderlei • **FR** des milliers de • **EN** thousands of • **PT** milhares de **Beispiller** eisen neie Fournisseur huet dausenderlee Schrauwe vun alle Gréissten a Längten a sengem Sortiment; ech hunn haut nach dausenderlee Saachen ze erleedegen, ier Feierowend ass

dausendmol [d'ʌʊzəntmo:] Adverb **DE** tausendmal • **FR** mille fois • **EN** a thousand times • **PT** mil vezes **Beispiller** eisen neie Computer ka bis zu dausendmol an der Minutt op eng Requête reagéieren; ech hunn der dat schonn dausendmol erkläert! **égs** [ech hunn der dat scho ganz dacks erkläert]; ech verzeien der net, a wann s de dech dausendmol bei mer entschëllegst! **égs** [ech verzeien der net, egal, wéi dacks de dech bei mir entschëllegst] **mat Zifferen** 1000-mol

dausendst [d'ʊzəntst] Ordinalzuel **DE** *tausendste* • **FR** *millième* • **EN** *thousandth* • **PT** *milésimo* **Beispiller** den **dausendste** Client vun eisem Geschäft gewénnt eng Spullmaschinn; an eiser Diskussioun goung et vum Honnertst an d'**Dausendst** [égs] [am Laf vun eiser Diskussioun koumen allméiglech verschidden Theemaen op] **mat Zifferen** 1000.

Dauweschlag Femininum (Pluriel Dauweschléi)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

de [də] Personalpronomen » 2. Persoun Singulier / Nominativ **DE** *du* • **FR** *tu* • **EN** *you* • **PT** *tu* **Beispill** wann s de wélls matspillen, da muss de dech un d'Reegelen halen

Deformatioun [defɔrmasi'əʊn] Femininum (Pluriel Deformatiounen) **1.** DE *Deformation*, *Missbildung* • FR *déformation* [*d'une partie du corps*] • EN *deformation* • PT *deformação* [*de uma parte do corpo*] **Beispill** wéinst enger Deformatioun vun der Wirbelsail huet hie stänneg de Réck wéi **2.** DE *Entstellung*, *Verfälschung* • FR *déformation* [*falsification, altération*] • EN *distortion*, *misrepresentation* • PT *deformação*, *deturpação* **Beispill** dësen Artikel ass eng Deformatioun vun der Wouerecht **Synonym** Verfälschung

deforméieren [defɔrm'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé deforméiert) » **transitiv** **1.** DE *verformen* • FR *déformer* [*changer la forme de*] • EN *to deform* • PT *deformar* [*alterar a forma de*] **Beispill** de Reen huet mäin Hutt ganz deforméiert **Synonym** verformen **2.** DE *verdrehen* [*verfälschen*] • FR *déformer* [*altérer, dénaturer*] • EN *to twist*, *to distort* • PT *deformar*, *deturpar* **Beispill** dësen Artikel deforméiert d'Wouerecht **Synonymmen** verdreien, verzerrén » **reflexiv** **3.** DE *sich verformen* • FR *se déformer* • EN *to deform* • PT *deformar-se* **Beispill** an der Sonn huet de Plastikseemer sech ganz deforméiert **Synonym** sech verformen

defouléieren [deful'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé defouléiert) » **reflexiv** DE *sich austoben* • FR *se défouler* • EN *to let off steam* • PT *descarregar energias*, *libertar tensões* **Beispill** si haten sech um Bal gutt defouléiert

Dëftchen [d'æftçən] Maskulinum (Pluriel Dëftercher) - Diminutivform vun [↗]Doft

defteg [d'æftəç] Adjektiv **1. DE** *deftig* [nahrhaft] • **FR** *nourissant, appétissant* • **EN** *nourishing, substantial* • **PT** *nutritivo, apetitoso* **Beispill** haut de Mëtteg hunn ech en deftegen Ierzebulli giess **2. DE** *deftig, derb, markig* • **FR** *truculent, grivois* • **EN** *coarse, bawdy* • **PT** *brejeiro, picante* **Beispiller** hie rappt gären defteg Witzen; hien huet eng defteg Sprooch

degagéieren Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé degagéiert) » **transitiv 1. DE** *klären* [den Ball] • **FR** *dégager* [le ballon] • **EN** *to clear* [the ball] • **PT** *aliviar* [a bola] **Beispiller** d'Visiteure kréien de Ball net aus dem Strofraum degagéiert; den Defenseur huet (de Ball) an der leschter Sekonn virum eidele Gol degagéiert **Synonym** klären **2. DE** *räumen, frei machen* • **FR** *dégager* [desobstruer] • **EN** *to clear* [to free] • **PT** *desimpedir* [desobstruir] **Beispill** no engem schwéieren Accident dauert et ëmmer eng Zäit, bis d'Strooss degagéiert gëtt **Synonym** raumen **3. DE** *bereitstellen, zur Verfügung stellen* [finanzielle Mittel] • **FR** *dégager* [des moyens financiers] • **EN** *to make available, to release* [funds] • **PT** *disponibilizar* [meios financeiros] **Beispiller** d'Sue fir déi nei Schoul gi progressiv degagéiert; elo, wou d'Suen degagéiert sinn, kënnen déi éischt Rechnung bezuelt ginn

Degagement [de:ga:zəm'ænt] Neutrum (Pluriel Degagementer) **DE** *Abstoß, Befreiungsschlag* • **FR** *dégagement* [dans un sport de ballon] • **EN** *clearance* [in a ball game] • **PT** *afastamento da bola* [num jogo de bola] **Beispiller** eis nei Golkipperin huet gëschter am Training eng Stonn laang Degagementer geübt; de Verteideger huet mat sengem Degagement e séchere Gol verhënnert

deglass Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

i **deglass** gëtt och dacks **[degul'as]** ausgeschwat, also mat engem [ul] an der Métt.

degeneréieren [deʒener'ziəɾən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé degeneréiert) » **intransitiv 1. DE** *entarten* • **FR** *dégénérer* [génétiquement] • **EN** *to degenerate* [species] • **PT** *degenerar* [geneticamente] **Beispill** verschidden Déiererasse riskéiere wéinst Inzucht ze degeneréieren **2. degeneréieren** (an) **DE** *ausarten* (in) • **FR** *dégénérer* (en) [se dégrader] • **EN** *to degenerate* (into) • **PT** *degenerar* (em) [piorar] **Beispiller** d'Manifestatioun ass an eng Massekläpperei degeneréiert; si mussen oppassen, datt d'Situatioun net degeneréiert **Synonym** ausarten (an)

Degoût [deg'u:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Ekel* [Abneigung] • **FR** *dégoût* [répugnance] • **EN** *disgust, aversion* • **PT** *nojo* [repugnância] **Beispill** zënter senger Liewensmëttelvergiftung huet hatt den Degoût an d'Fleesch **Synonym** Eekel

degoûtant [degut'ant] Adjektiv - Variant vun [↗]degut-
utant

degoûtéieren [degut'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé degoûtéiert) » **transitiv 1. DE** *aneekeln* [Nahrungsmittel] • **FR** *dégoûter* [aliments] • **EN** *to*

disgust [food] • **PT** *enojar* [alimentos] **Beispill** ech ka keng Schleecken essen, déi degoûtéiere mech **Synonymen** eekelen, uneekelen **2. DE** *aneekeln, anwidern* • **FR** *dégoûter* [inspirer de l'aversion à] • **EN** *to disgust* [to revolt] • **PT** *meter nojo a* [causar aversão a] **Beispill** géi denger Wee, du degoûtéiers mech!

degradéieren [degrad'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé degradéiert) » **transitiv DE** *degradieren* [im Dienstgrad herabsetzen] • **FR** *dégrader* [destituer de son grade] • **PT** *degradar* [destituir do seu grau] **Beispiller** well den Offizéier sech net un d'Uerdere gehalen huet, gouf en degradéiert; hie fillt sech degradéiert, wann e muss eng banal Aarbecht maachen [hie fënnst sech ze schued, fir eng banal Aarbecht ze maachen]

degueulasse Adjektiv - Variant vun [↗]deglass

Degustatioun [degystasj'øŋ] Femininum (Pluriel Degustatiounen) **DE** *Verkostung* • **FR** *(séance de) dégustation* • **EN** *tasting* (session) • **PT** *(sessão de) prova, (sessão de) degustação* **Beispill** den Traiteur organiséiert eng Degustatioun vu verschiddene Kéise mat de passende Wäiner derbäi

degustéieren [degyst'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé degustéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

degutant [de:gut'ant] Adjektiv **DE** *ekelhaft* [widerlich, unappetitlich] • **FR** *dégoûtant, répugnant* • **EN** *disgusting* [revolting] • **PT** *nojento, repugnante* **Beispiller** wouhier kënnt deen degutante Geroch am Trapenhaus?, Mël-leche, déi ëm ass, schmaacht degutant! **Synonymen** ekeleg, infek

déi [dɛi] Demonstrativpronomen » **Singulier / weiblech / Nominativ 1. DE** *die, jene* • **FR** *celle-là, cette ...-là, celle* • **EN** *that, that one* • **PT** *essa, aquela* **Beispiller** déi huet awer Culot!; déi Fra huet scho villes am Liewe geleescht » **Singulier / weiblech / Akkusativ 2. DE** *die, jene* • **FR** *celle-là, cette ...-là, celle* • **EN** *that, that one* • **PT** *essa, aquela* **Beispiller** dat ass eng schéi Melodie, déi hunn ech nach net héieren; op déi Leeder klammern ech léiwer net » **Pluriel / männlech / weiblech / sächlech / Nominativ 3. DE** *die, jene* • **FR** *ceux-là, celles-là, ces ...-là, ceux, celles* • **EN** *those* • **PT** *esses, aqueles, essas, aquelas* **Beispiller** déi hunn eis näischt ze soen!; déi Pneu passen net op eisen Auto » **Pluriel / männlech / weiblech / sächlech / Akkusativ 4. DE** *die, jene* • **FR** *ceux-là, celles-là, ces ...-là, ceux, celles* • **EN** *those* • **PT** *esses, aqueles, essas, aquelas* **Beispiller** mir kennen déi dach vun anzwousch!; d'Kanner hunn déi Kamelle schrecklech gär

déi [dɛi] Relativpronomen » **Singulier / weiblech / Nominativ 1. DE** *die* • **FR** *qui, laquelle* • **EN** *that, which* • **PT** *que, a qual* **Beispill** hien huet eng Stëmm, déi wäit dréit » **Singulier / weiblech / Akkusativ 2. DE** *die* • **FR** *que, laquelle* • **EN** *that, which* • **PT** *que, a qual* **Beispill** du gleefs awer och all Eefällgeheet, déi een der verzielt » **Pluriel / männlech / weiblech / sächlech / Nominativ 3. DE** *die* • **FR** *qui, lesquels, lesquelles* • **EN** *that, which* • **PT** *que, os quais, as quais* **Beispill** an der Allee sti Beem, déi méi wéi honnert Joer hunn » **Pluriel / männlech / weiblech / sächlech / Akkusativ 4. DE** *die* • **FR** *que, les-*

quels, lesquelles • EN *that, which* • PT *que, os quais, as quais* **Beispill** d'Fotoen, déi ech ageschéckt hat, kruten e Präis vum Jury

déi [dʒɪ] **bestëmmten Artikel** » Singulier / weiblech / Nominativ / staark **1. DE** *die* • FR *la* • EN *the* • PT *a* **Beispill** wéi ass déi richteg Uried fir en Affekot? » Singulier / weiblech / Akkusativ / staark **2. DE** *die* • FR *la* • EN *the* • PT *a* **Beispill** ech hu vum Chef déi strikt Uweisung kritt, keen hei eranzeloossen » Pluriel / männlech / weiblech / sächlech / Nominativ / staark **3. DE** *die* • FR *les* • EN *the* • PT *os, as* **Beispill** Silvester hunn déi vill Uriff den Telefonsreseau iwverlaascht » Pluriel / männlech / weiblech / sächlech / Akkusativ / staark **4. DE** *die* • FR *les* • EN *the* • PT *os, as* **Beispill** d'Douane huet déi importéiert Wuere confiscuéiert

deichselen [d'aɪksələn] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gedéichelt**) » **transitiv DE** *deichseln* • FR *arranger, gérer* • EN *to arrange, to wangle* • PT *arranjar, gerir* **Beispill** zerbruech der de Kapp net, hien **deichselt** dat schonn!

déiden [d'ɛɪdɪən] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gedéit**) » **transitiv DE** *betäuben [ein Körperteil]* • FR *anesthésier [localement]* • EN *to anaesthetize [locally]* • PT *anestesiá [localmente]* **Beispill** den Zännokter muss den Nerv **déiden**, ier en ufänkt mat bueren

déidlech [d'ɛɪdlɛç] **Adjektiv DE** *tödlich* • FR *mortel [qui entraîne la mort] <Adverb mortellement>* • EN *fatal [causing death] <Adverb fatally>* • PT *mortal [que causa a morte] <Adverb mortalmente>* **Beispiller** meng Aarbechtsskolleegin huet eng **déidlech** Krankheet; gëschter Owend hat e jonke Chauffer en **déidlecht** Accident op der Autobunn; déi Ried do war **déidlech!** [ɛɡs] [déi Ried do war ganz langweileg]

Déier [d'ɛɪə] **Neutrum** (Pluriel **Déieren**) **DE** *Tier* • FR *animal, bête, bestiole* • EN *animal, creature* • PT *animal, bicho* **Beispiller** den Iesel ass en nätzlecht **Déier**; du hues en **Déier** um Paltong sätzen!; dat ass en **déckt Déier** [ɛɡs] [dat ass eng Persoun, déi an der Gesellschaft eng héijer Positioun huet]; äert Klengt ass en aartlecht **Déier** [ɛɡs] [äert Klengt ass e Léift, lëschtegt Meedchen]

deier [d'aɪə] **Adjektiv DE** *teuer [kostspielig]* • FR *cher [coûteux]* • EN *expensive, dear* • PT *caro [dispendioso]* **Beispiller** ech hu mer en **deiere** Bijou geleeescht; eis Vakanz ass vill méi **deier** ginn, wéi mer geplangt haten; dat gëtt en **deiere** Spaass! [ɛɡs] [dat wäert vill Sue kaschten!]; dat do gëtt dech eng **deier!** [ɛɡs] [dat do wäert dech vill Sue kaschten!]; déi Wuer ass geschenkt nach ze **deier** [ɛɡs] [déi Wuer ass näischt wäert!]; dee Petzi vun der Schéissbud ass mech eng **deier** ginn! [ɛɡs] [dee Petzi vun der Schéissbud huet mech vill Sue kascht!]; ech hunn **dése** Mantel an engem **deiere** Geschäft kauft [ech hunn **dése** Mantel an engem Geschäft kauft, wou d'Saachen **deier** sinn]

Déierbech [d'ɛɪɛbɛç] **Eegennumm DE** *Derenbach* • FR *Derenbach* • EN *Derenbach* • PT *Derenbach* **Beispiller** ech wunnen zu **Déierbech**; fiert **dése** Bus op **Déierbech**?

Lokalvariant: Déierbich

Déierbich [d'ɛɪɛbɪç] **Eegennumm** - Variant vun **▷Déierbech**

Déierchen [d'ɛɪɛçən] **Neutrum** (Pluriel **Déiercher**) - Diminutivform vun **▷Déier DE** *Plüschtier, Kuschteltier* • FR *peluche [jouet]* • EN *soft toy, cuddly toy* • PT *peluche [boneco]* **Beispill** d'Kand huet gekrasch, well et seng **Déiercher** net all konnt mat an d'Vakanz huelen **Synonym** Petzi

Deierecht [d'aɪəɾɛçt] **Femininum** (Pluriel **<seelen> Deierechten**) **DE** *Teuerung, Preisanstieg* • FR *hausse des prix, hausse des valeurs* • EN *price increase* • PT *encarecimento [aumento dos preços]* **Beispill** et koum zu enger **Deierecht** bei de Pétrolspräisser

Déierefrënd [d'ɛɪəɾfɾɛnt] **Maskulinum** (Pluriel **Déierefrënn**) **DE** *Tierfreund* • FR *ami des animaux, ami des bêtes* • EN *animal lover* • PT *amigo dos animais* **Beispill** **Déierefrënn** wiere sech géint grausam Experimenten u liewegen **Déieren**

Déieremiel [d'ɛɪəɾəmiəl] **Neutrum** (kee Pluriel) **DE** *Tiermehl* • FR *farine animale* • EN *meat and bone meal* • PT *farinha animal* **Beispill** **Déieremiel** däerf net als Fudermëttel fir d'Vei geholl ginn

Déieremotiv [d'ɛɪəɾəmoti:f] **Neutrum** (Pluriel **Déieremotiven / Déieremotiver**) **DE** *Tiermotiv* • FR *motif d'animaux* • EN *animal design, animal picture* • PT *motivo animal* **Beispill** mäi klengen Neveu sammelt **Timbere** mat **Déieremotiver**

Déierenasyl [d'ɛɪəɾənəzɪl] **Maskulinum/Neutrum** (Pluriel **Déierenasyler**) **1. DE** *Tierheim [Einrichtung]* • FR *refuge pour animaux [institution]* • EN *animal shelter [institution]* • PT *asiló de animais [estabelecimento]* **Beispiller** am **Déierenasyl** gëtt all Kaz ënnersicht a geimpft; hien huet dem **Déierenasyl** säi ganzt Verméige vermaach **2. DE** *Tierheim [Gebäude]* • FR *refuge pour animaux [édifice]* • EN *animal shelter [building]* • PT *asiló de animais [edifício]* **Beispill** dat aalt **Déierenasyl** gouf ofgerappt an ass duerch méi e modernt Gebai ersat ginn

Déierendokter [d'ɛɪəɾəndoktɛ] **Maskulinum** (Pluriel **Déierendokteren**) **DE** *Tierarzt [für Kleintiere]* • FR *vétérinaire [pour animaux d'agrément et de compagnie]* • EN *vet, veterinary surgeon* • PT *veterinário [para animais de estimação e de companhia]* **Beispill** den **Déierendokter** huet eis krank Kaz missen aschleiferen **Synonym** Veterinär

W Weiblech Form: **▷Déierendoktesch**

Déierendoktesch [d'ɛɪəɾəndoktɛʃ] **Femininum** (Pluriel **Déierendokteschen**) **DE** *Tierärztin [für Kleintiere]* • FR *(femme) vétérinaire [pour animaux d'agrément et de compagnie]* • EN *vet, veterinary surgeon [female]* • PT *veterinária [especialista para animais de estimação e de companhia]* **Synonym** Veterinärin

M Männlech Form: **▷Déierendokter**

Déiereprotein [d'ɛɪəɾəpɾoteɪn] **Maskulinum/Femininum** (Pluriel **Déiereproteinen**) **DE** *tierische(s) Protein* • FR *protéine animale* • EN *animal protein* • PT *proteína animal* **Beispill** am Fleesch an och an der Mëllech fënn e **Déiereproteinen**

Déiererass [d'ɛɪəɾəɾas] **Femininum** (Pluriel **Déiererassen**) **DE** *Tierrasse* • FR *race animale* • EN *animal breed* • PT *raça de animal* **Beispill** verschidden **Déiererassen**

riskéieren, wéinst Inzucht ze degeneréieren

Déiereschutz [d'ɔ̃ɛrəʃʏts] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Tierschutz* • **FR** *protection des animaux* • **EN** *protection of animals* • **PT** *proteção de animais* **Beispiller** d'Prinzipie vum Déiereschutz sinn an enger Charta festgehalen; eis Associatioun setzt sech fir den Déiereschutz an

Déif [dɔ̃ɪf] Maskulinum (Pluriel Déif) **DE** *Dieb* • **FR** *voleur* [*malfaiteur*] • **EN** *thief* • **PT** *ladrão* [*gatuno*] **Beispiller** den Déif hat d'Schlass vun der Dier opgebrach; d'Police huet d'Déif erwëscht **Synonym** Brigang

déif [dɔ̃ɪf] Adjektiv **1. DE** *tief* [*nach unten reichend*] • **FR** *profond* (*de*) [*dans le sens vertical*] **Adverb** *profondément*, *en profondeur* • **EN** *deep* [*vertically*] **Adverb** *deep* • **PT** *fundo*, *profundo* [*no sentido vertical*] **Adverb** *profundamente* **Beispiller** fal net an dat déift Lach!; déi déif Wonn heelt einfach net; deen déiwe Baseng ass nëmme fir déi, déi kënnen schwammen; d'Kanner gruewen sech déif an de Sand an; eisen Dirigent huet ze déif an d'Glas gekuckt [égs] leisen Dirigent huet ze vill Alkohol gedronk; däi Monni ass déif gefall [égs] [däi Monni ass verkomm]; datt ech dee Schüler eng Kéier e Ligener genannt hunn, dat sätzt déif bei him [égs] [datt ech dee Schüler eng Kéier e Ligener genannt hunn, dat kann en net vergiessen]; ouni Erklärung kann een den déiwe Sënn vun dësem Gedicht net verstoen [ouni Erklärung kann een den eigentleche Sënn vun dësem Gedicht net verstoen] **2. DE** *tief* [*nach hinten reichend*] • **FR** *profond* (*de*) [*dans le sens horizontal*] • **EN** *deep* [*horizontally*] • **PT** (*de*) *profundo* [*no sentido horizontal*] **Beispiller** den Tirang ass 30 cm déif; de Schaf ass net déif genuch, fir Kleeder dran ze hänken; déi zwee Verléifter hu sech déif an d'Ae gekuckt [égs] [däi zwee Verléifter hu sech géigesäiteg intensiv an d'Ae gekuckt] **3. DE** *tief* [*in*] • **FR** *profond* [*en*] *plein cœur* (*de*) • **EN** *deep* [*far into*] • **PT** *profundo* [*em pleno coração* (*de*)] **Beispiller** d'Hex wunnt am déiwe Bësch; verschidde Champignone féinnt een nëmme déif am Bësch; am déifste Wanter hunn d'Clocharde missen ouni Daach iwwerem Kapp dobaussen iwwerliewen **4. DE** *tief* [*intensiv*] • **FR** *profond* [*intense*] **Adverb** *profondément* • **EN** *deep* [*sympathy, sleep*] **Adverb** *deeply* • **PT** *profundo* [*intenso*] **Adverb** *profundamente* **Beispiller** mir drécken der Famill vum Verstuerwenen eist déift Matgefill aus; de Puppelche schléift déif a fest; otemt déif an an aus! [otemt kräfteg an an aus!] **5. DE** *tief*, *niedrig* [*in geringer Höhe*] • **FR** *bas* [*à faible hauteur*] • **EN** *low* [*altitude*] • **PT** *baixo* [*a pouca altura*] **Beispill** déi déif Wolleke verspieche Reen **Synonym** niddereg **6. DE** *tief*, *niedrig* [*gering*] • **FR** *bas* [*peu élevé*] • **EN** *low* [*temperature*] • **PT** *baixo* [*pouco elevado*] **Beispill** mir mussen fir déi zwou nächst Woche mat déiwen Temperature rechnen **Synonym** niddereg **7. DE** *tief* [*Stimme, Ton*] • **FR** *grave* [*voix, son*] • **EN** *low* [*note*], *deep* [*voice*] • **PT** *baixo*, *grave* [*voz, tom*] **Beispill** déi déif Téin vun dengem Piano si verstëmmt **Synonym** däischer

Déif Neutrum (Pluriel Déif) - Kuerzform vun **Deif**rockgebit

Déifrock [d'ɔ̃ɪfdrɔk] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Tiefdruck* [*niedriger Luftdruck*] • **FR** *basse pression* [*atmosphérique*] • **EN** *low pressure* • **PT** *baixa pressão* [*atmosférica*] **Beispill** d'Wieder ass onbestänneg, well

sech Héichdruck an Déifrock ofwiesselen

Déifrockgebit [d'ɔ̃ɪfdrɔkɡəbit] Neutrum (Pluriel Déifrockgebidder / Déifrockgebitter) **DE** *Tiefdruckgebiet*, *Tief* • **FR** *dépression*, *zone de basse pression* (*atmosphérique*) • **EN** *low pressure area*, *depression* • **PT** *depressão*, *zona de baixa pressão* (*atmosférica*) **Beispill** am Weste forméiert sech en Déifrockgebit

K Kuerzform: Déif

Déifferdang [d'ɔ̃ɪfɛdɑŋ] Eegennumm - Variant vun **Deifferdang**

Déifferdang [d'ɔ̃ɪfɛdɑŋ] Eegennumm **DE** *Differdingen* • **FR** *Differdange* • **EN** *Differdange* • **PT** *Differdange* **Beispiller** ech wunnen zu Déifferdang; fiert dëse Bus op Déifferdang?

L Lokalvariant: Déifferdang

déifgräifend Adjektiv **DE** *tiefgreifend* • **FR** *profond* [*d'une incidence considérable*] **Adverb** *profondément*, *en profondeur* **Beispiller** d'Gewerkschaft huet op hirer Manifestatioun déifgräifend Reformen am Aarbechtsrecht gefuerdert; eis Gesellschaft huet sech an de leschte Joren déifgräifend geännert

Déifschlag [d'ɔ̃ɪʃʏlaːχ] Maskulinum (Pluriel Déifschléi)

H Hei entsteet en neien Artikel.

Déifstall [d'ɔ̃ɪʃʏtɑl] Maskulinum (Pluriel Déifstáll) **DE** *Diebstahl* • **FR** *vol* [*cambrilage*] • **EN** *theft* • **PT** *roubo*, *furto* **Beispill** den Déifstall konnt nach net opgekläert ginn

Déift [dɔ̃ɪʃʏt] Femininum (Pluriel Déiften) **1. DE** *Tiefe* [*senkrechte Ausdehnung*] • **FR** *profondeur* [*étendue verticale*] • **EN** *depth* [*vertical extension*] • **PT** *profundidade*, *fundura* **Beispiller** de Pëtz huet eng Déift vu siwe Meter; déi Frëndin ass mat mir duerch d'Héichten an d'Déifte vum Liewe gaangen [égs] [däi Frëndin ass mat mir duerch déi gutt an déi schlecht Momenter vum Liewe gaangen] **2. DE** *Tiefe* [*waagerechte Ausdehnung*] • **FR** *profondeur* [*étendue horizontale*] • **EN** *depth* [*horizontal extension*] • **PT** *profundidade* [*extensão horizontal*] **Beispiller** mir hu Schief vu verschiddenen Déiften; den Tirang huet 30 cm an der Déift

déijéineg [dɔ̃ɪʒɛɪnɛç] Demonstrativpronomen » Singulier / weiblech / Nominativ **1. DE** *jene*, *diejenige* • **FR** *celle*, *cette* • **EN** *that*, *the one* • **PT** *aquela* **Beispill** ass si déijéineg (Persoun), déi schold ass um Accident? » Singulier / weiblech / Akkusativ **2. DE** *jene*, *diejenige* • **FR** *celle*, *cette* • **EN** *that*, *the one* • **PT** *aquela* **Beispill** eis Nopere wëllen déijéineg (Persoun), déi dat behaupt huet, op d'Gericht huelen » Pluriel / männlech / weiblech / sächlech / Nominativ **3. DE** *jene*, *diejenigen* • **FR** *ceux*, *celles*, *ces* • **EN** *those*, *the ones* • **PT** *aqueles*, *aquelas* **Beispill** déijéineg (vun Iech), déi un där Rees wëllen deeluelen, mussen sech bis de 15. März ugemellt hunn » Pluriel / männlech / weiblech / sächlech / Akkusativ **4. DE** *jene*, *diejenigen* • **FR** *ceux*, *celles*, *ces* • **EN** *those*, *the ones* • **PT** *aqueles*, *aquelas* **Beispill** dësen Tarif gëllt nëmme fir déijéineg (Memberen), déi hir Cotisatioun bezuelt hunn

Déiljen [d'ɔ̃ɪljən] Eegennumm **DE** *Dillingen* • **FR** *Dillingen* • **EN** *Dillingen* • **PT** *Dillingen* **Beispiller** ech wunnen zu

Déiljen; fiert dëse Bus op Déiljen?

deinstalléieren [deinstal'ʒiərən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participle passé deinstalléiert) - Variant vun ↗desinstalléieren

déi Säit [d'ʒi:zæ:ɪt] Prepositioun » **mam Dativ** **DE** *jen-seits* • **FR** *de l'autre côté de* • **EN** *on the other side* • **PT** *do outro lado de* **Beispill** mir ginn dacks déi Säit der Grenz akafen

déi Säit [d'ʒi:zæ:ɪt] Adverb déi Säit (vun) **DE** *auf der anderen Seite (von), jenseits (von), drüben* • **FR** *de l'autre côté (de)* • **EN** *on the other side (of)* • **PT** *do outro lado (de)* **Beispiller** d'Päerd sinn déi Säit vum Feldwee an de Bësch gelaf; dës Säit vum Zonk sti Karblummen, déi Säit sti keng

Déischen [d'ʒi:ʃjən] Femininum (Pluriel Déischercher) - Diminutivform vun ↗Dous

Deisermillen [daizem'ilən] Eegennumm **DE** *Deysermühle* • **FR** *Deysermühle* • **EN** *Deysermühle* • **PT** *Deysermühle* **Beispiller** ech wunnen op der Deisermillen; fiert dëse Bus op d'Deisermillen?

deiten [d'aitən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participle passé gedeit) » **transitiv DE** *deuten* • **FR** *interpréter [expliquer]* • **EN** *to explain, to interpret* • **PT** *interpretar [explicar]* **Beispiller** d'Psychotherapeutin probéiert, den Dram vun hirer Patientin ze deiten; ech kann net deiten, wat ech do gesinn hunn **Synonym** ausleeën

I Verb, dat **deiten** als Basis huet: ↗undeiten

dekadent [dekad'ænt] Adjektiv **DE** *dekadent* • **FR** *décadent* • **EN** *decadent* • **PT** *decadente* **Beispill** hir dekadent Liewensweis gétt vu ville Leit net akzeptéiert

Dekadenz [dekad'ænts] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Dekadenz* • **FR** *décadence* • **EN** *decadence* • **PT** *decadência* **Beispiller** a senger Dokteraarbecht beschäftegt den Historiker sech ënner anerem mat der Dekadenz vum anticke Keeserräich; dat Hochzäitsesse war vun enger Dekadenz sonnergläichen!

Dekanat [dekan'a:t] Maskulinum (Pluriel Dekanater) **DE** *Dechanat* • **FR** *décanat* • **EN** *deanery [parishes]* • **PT** *decanato* **Beispill** an eisem Dekanat goufen e puer Poren zesummegegheien

deklaméieren [deklam'ʒiərən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participle passé deklaméiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Deklaratioun [deklarasi'jəʊn] Femininum (Pluriel Deklaratiounen) **1. DE** *offizielle Erklärung* • **FR** *déclaration [proclamation]* • **EN** *statement, announcement* • **PT** *declaração [proclamação]* **Beispill** de Premier mécht den Owend eng Deklaratioun op der Tëlee **Synonym** Erklärung **2. DE** *Erklärung [Mitteilung]* • **FR** *déclaration [dires]* • **EN** *statement [testimony]* • **PT** *declaração [depoimento]* **Beispill** dem Zeie sengen Deklaratiounen no kann den Ugekloten net schëlleg sinn **Synonym** Angab

deklarativ [deklarati'v] Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

deklaréieren [deklar'ʒiərən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participle passé deklaréiert) » **transitiv 1. DE** *erklären [mitteilen]* • **FR** *déclarer [proclamer]* • **EN** *to declare [to announce officially]* • **PT** *declarar [proclamar]* **Beispill** d'Hëlleforganisatioun huet deklaréiert, datt d'Epidemie am Ament ënner Kontroll ass **2. DE** *deklarieren [zum Verzollen oder Versteuern]* • **FR** *déclarer [de la marchandise, un revenu]* • **EN** *to declare [goods, income]* • **PT** *declarar [mercadorias, rendimentos]* **Beispiller** den Douanier huet eis gefrot, ob mer eppes ze deklaréieren hätten; ech hat vergiess, mäin Niewenakommes op der Steiererklärung ze deklaréieren

deklasséieren [deklas'ʒiərən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participle passé deklasséiert) » **transitiv DE** *deklassieren [niedriger einstufen]* • **FR** *déclasser [faire passer dans une catégorie inférieure]* • **EN** *to relegate [la sports team]* • **PT** *desclassificar [fazer passar para categoria inferior]* **Beispill** d'Fussballsekkipp gouf deklasséiert, well se déi lescht an der Tabell war

Deklinatioun Femininum (Pluriel Deklinatiounen) **DE** *Deklination [Flexion]* • **FR** *déclinaison [flexion]* • **PT** *declinação [flexão]* **Beispill** an der Schoul léieren d'Kanner d'Deklinatioun vun den Adjektiven

deklinéierbar Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

deklinéieren [deklin'ʒiərən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participle passé deklinéiert) » **transitiv DE** *deklinieren* • **FR** *décliner [grammaticalement]* • **EN** *to decline [grammatically]* • **PT** *declinar [gramaticalmente]* **Beispill** weini gétt en Adjektiv schwaach deklinéiert?

Dekont [dek'ont] Maskulinum (Pluriel Dekonten) **1. DE** *Abrechnung [Schlussrechnung]* • **FR** *décompte [final] [calcul du solde]* • **EN** *statement of account [calculation]* • **PT** *contas [cálculo]* **Beispiller** beim Dekont ass eisem Comptabel e Feeler ënnerlaf; ech bezuele fir eis all an dono maache mer den Dekont **Synonym** Ofrechnung **2. DE** *Abrechnung [Dokument]* • **FR** *décompte [final] [document]* • **EN** *statement of account [invoice]* • **PT** *conta [documento]* **Beispill** haut hat ech den Dekont vum Gas an der Bréifkëscht **Synonym** Ofrechnung

I Variant: Decompte

Dekor [dek'ɔ:r] Maskulinum (Pluriel Dekoren) **DE** *Bühnenbild* • **FR** *décor [de théâtre]* • **EN** *scenery, (stage) set* • **PT** *cenário, décor* **Beispill** den Dekor gouf am Laf vum Stéck dräimol gewiesselt

Dekorateur [dekorat'œ:r] Maskulinum (Pluriel Dekorateuren) - Variant vun ↗Decorateur

Dekoratioun [dekorasi'jəʊn] Femininum (Pluriel Dekoratiounen) **1. DE** *Dekoration [Aus schmückung]* • **FR** *décoration [ornementation]* • **EN** *(seasonal) decorations* • **PT** *decoração [ornamentação]* **Beispill** d'Kleedergeschäft krut fir Chrëschttag eng nei Dekoratioun **2. DE** *Orden [Ehrenzeichen]* • **FR** *décoration [distinction, insigne honorifique]* • **EN** *decoration [medal, award]* • **PT** *condecoração [distinção, insígnia honorífica]* **Beispill** déi fräiwëlleg Mataarbechter krute fir hiren Asaz eng Dekoratioun **Synonymen** Gielchen, Medal, Uerden

dekorativ [dekorati'v] Adjektiv **DE** *dekorativ* • **FR** *décoratif [ornemental]* • **EN** *decorative [ornamental]* • **PT** *de-*

corativo [ornamental] **Beispill** déi metallen Etagère ass zwar net ganz dekorativ, dofir awer praktesch

dekoréieren [dekor'ziə:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **dekoréiert**) » **transitiv** **1.** **DE** dekorieren, schmücken • **FR** décorer [ornen] • **EN** to decorate [to add ornaments] • **PT** decorar, enfeitar **Beispill** d'Elteren hunn de Chrëschtbeemche mat Girlanden a Käerzen **dekoréiert** **Synonym** rëschten **2.** **DE** dekorieren [auszeichnen] • **FR** décorer [attribuer une distinction, un insigne à] • **EN** to decorate [to give a medal to] • **PT** condecorar **Beispill** den Offizéier ass vum Grand-Duc **dekoréiert** ginn

Dekret [dæk'r'e:t] Maskulinum (Pluriel Dekreeter) **DE** Dekret [Beschluss, Verordnung] • **FR** décret [règlement] • **PT** decreto [regulamento] **Beispill** huet den **Dekret** iwwer d'Kierchefabriken haut nach eng juristesch Valeur?

dekretéieren [dekret'ziə:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **dekretéiert**)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

delabréiert [delabr'zi:t] Adjektiv **DE** verfallen, baufällig • **FR** délabré [en mauvais état] • **EN** dilapidated • **PT** arruinado, em ruínas, em mau estado **Beispill** d'Haus ass esou **delabréiert**, datt kee méi kann dra wunnen

Delai [del'ɛ:] Maskulinum (Pluriel Delaien) **1.** **DE** Termin, Frist • **FR** délai, échéance • **EN** deadline, time limit • **PT** prazo [data-limite] **Beispiller** dee leschten **Delai** fir d'Aschreiwungen ass haut; d'**Delaie** mussen agehale ginn **Synonym** Termin **2.** **DE** Frist [Zeitspanne] • **FR** délai [période] • **EN** time limit [period of time] • **PT** prazo [período] **Beispiller** du hues en **Delai** vun zwou Wochen, fir d'äi Pak op der Post ofzehuelen; mat eisem Projet leie mer nach gutt an den **Delaien** [eise Projet gétt matzäit fäerdig, mir hunn nach genuch Zäit]

Delegatioun [delegaʃi'øʊn] Femininum (Pluriel Delegatioune) **DE** Delegation [Abordnung] • **FR** délégation [personnes désignées] • **EN** delegation, deputation • **PT** delegação [pessoas designadas] **Beispiller** eng **Delegatioun** vun der Chamber huet Kontakt mat den däitschen Autoritéiten opgeholl; mir hunn eng **Delegatioun** an d'Verhandlung geschéckt

delegéieren [deleg'ziə:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **delegéiert**) » **transitiv** **1.** **DE** delegieren [übertragen] • **FR** déléguer [transmettre, confier] • **EN** to delegate [to entrust with] • **PT** delegar [transmitir, confiar] **Beispill** d'Cheffin huet d'Aarbecht un den neie Mataarbechter **delegéiert** **2.** **DE** delegieren [abordnen] • **FR** déléguer [envoyer comme représentant] • **EN** to delegate [to send as representative] • **PT** delegar [enviar como representante] **Beispill** den Direkter huet säin Adjoint op d'Aktionärsversammlung **delegéiert**

Delegéiert [deleg'zi:t] Femininum (Pluriel Delegéiert / Delegéierter) **DE** Delegierte, Vertreterin, Sprecherin • **FR** déléguée [représentante] • **EN** delegate, rep [female] • **PT** delegada [representante] **Beispill** eise Komitee huet eng energiesch Fra als nei **Delegéiert** gewielt

I Männlech Form: ↗Delegéierten

Delegéierten [deleg'zi:tən] Maskulinum (Pluriel Delegéiert / Delegéierter) **DE** Delegierter, Vertreter, Sprecher • **FR** délégué [représentant] • **EN** delegate, rep • **PT** delegado [representante] **Beispill** muer ginn am Beibtrib déi nei **Delegéiert** gewielt

I Weiblech Form: ↗Delegéiert

Delfin [dælf'i:n] Maskulinum (Pluriel Delfinen) **DE** Delfin [Tier] • **FR** dauphin [animal] • **EN** dolphin • **PT** golfinho **Beispill** op eiser Croisière krute mer Walen an **Delfinen** ze gesinn

Deliberatioun [deliberaʃi'øʊn] Femininum (Pluriel Deliberatioune) **1.** **DE** Beratung [Besprechung] • **FR** délibération [débat, discussion] • **EN** deliberation [debate, discussion] • **PT** deliberação [debate, discussão] **Beispill** nu laangen **Deliberatioune** waren d'Membere vum Jury sech endlech eens **2.** **DE** Beschluss [Entscheidung] • **FR** délibération [décision] • **EN** resolution [decision] • **PT** deliberação [decisão] **Beispill** de Gemengerot huet d'**Deliberatioun** geholl, fir d'Vente vum Terrain ze accordeieren **3.** **DE** Beschluss [Dokument] • **FR** délibération [document] • **EN** resolution [document] • **PT** deliberação [documento] **Beispill** de Gemengesekretär huet der Nottär déi énnerschrifwven **Deliberatioun** weiderginn

deliberéieren [deliber'ziə:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **deliberéiert**) » **intransitiv** **DE** beraten [sich besprechen] • **FR** délibérer • **EN** to deliberate • **PT** deliberar **Beispill** de Jury huet stonnelaang **deliberéiert**, ouni zu engem Resultat ze kommen

delikat [delik'a:t] Adjektiv **1.** **DE** delikat, köstlich • **FR** délicat [fin, délicieux] • **EN** delicate [subtle, delicious] • **PT** delicado [fino, delicioso] **Beispill** d'Spargele goufe mat enger **delikater** Zooss zerwéiert **2.** **DE** empfindlich, fein, zerbrechlich • **FR** délicat [sensible, fin] • **EN** delicate [sensitive, fragile] • **PT** delicado [sensível, frágil] **Beispiller** mat denger **delikater** Haut heesch et, an der Sonn opzepassen; déi Vas ass **delikat**, pass op, datt s de se net bréchs! **3.** **DE** rücksichtsvoll, behutsam • **FR** délicat [qui a du tact, une grande sensibilité] <Adverb avec tact> • **EN** delicate [gentle] <Adverb delicately> • **PT** delicado [tencioso] <Adverb delicadamente> **Beispill** du kéints e bësse méi **delikat** mat mer ëmgoen! **4.** **DE** delikat, heikel • **FR** délicat [difficile, complexe] • **EN** delicate [tricky] • **PT** delicado [difícil, complexo] **Beispill** mir wëllen net weider op déi **delikat** Affär agoen **Synonymmen** däreg, kniwweleg, kriddeleg, quokeleg, sensibel

Delikatess [del'ikata:əs] Femininum **1.** (Pluriel Delikatessen) **DE** Delikatess [Leckerbissen] • **FR** délice [régal] • **EN** delicacy [food] • **PT** delicia [iguarial] **Beispill** denger Mamm hire Brot ass eng **Delikatess** **2.** (kee Pluriel) **DE** Delikatesse [Feingefühl] • **FR** délicatesse [sensibilité, finesse] • **EN** delicacy [discretion, tact] • **PT** delicadeza [sensibilidade, finura] **Beispill** d'Verwaltung ass mat grousser **Delikatess** un dësen Dossier erugaangen

Délit de grande vitesse [del'i:dəgrɑ:vdivit'æ:s] Maskulinum (Pluriel Délit-de-grande-vitesse) **DE** schwerwiegende Geschwindigkeitsübertretung • **FR** délit de grande vitesse • **EN** speeding offence • **PT** infração grave de excesso de velocidade **Beispill** wéinst engem **Délit de grande vitesse** krut d'Automobilistin de Füreerschäin ofgeholl

Déll [dəl] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Dill • **FR** aneth • **EN** dill [herb] • **PT** aneto, endro **Beispill** d'Kächen huet Déll an d'Zooss gemaach **Synonym** Kornschongskraut

i Variant: Dill

Dellen [d'ælən] Eegennumm **DE** Dellen • **FR** Dellen • **EN** Dellen • **PT** Dellen **Beispiller** ech wunnen zu Dellen; fiert dese Bus op Dellen?

Dellhéicht [dælh'ziçt] Eegennumm **DE** Dellhéicht • **FR** Dellhéicht • **EN** Dellhéicht • **PT** Dellhéicht **Beispiller** ech wunnen op der Dellhéicht; fiert dese Bus op d'Dellhéicht?

Dëlpes [d'əlpəs] Maskulinum (Pluriel Dëlpessen) **égs** **pejorativ** **DE** Töpel, Trottel • **FR** abruti • **EN** idiot, fool • **PT** idiota, cretino **Beispill** d'Kiche steet ënner Waasser, well deen Dëlpes vergiess hat, de Krunn zouzedréien! **Synonymmen** Blani, Blödiän, Topert

Delta Maskulinum (kee Pluriel) - Kuerzform vun **Δ**Delta-Variant

Delta-Variant Femininum (Pluriel Delta-Varianten) **Biologie** **DE** Delta-Variante [Coronavirus] • **FR** variant Delta [coronavirus] • **PT** variante Delta [coronavirus] **Beispill** wou gouf d'Delta-Variant (vum Coronavirus) fir d'éischt entdeckt?

i Variant: Delta-Variant

i Kuerzform: Delta

Delta-Variant Maskulinum (Pluriel Delta-Varianten) - Variant vun **Δ**Delta-Variant

dem [dəm] bestëmmten Artikel » Singulier / männlech / Dativ **1.** **DE** dem • **FR** le • **EN** the • **PT** o **Beispiller** de Jury huet dem Kandidat dräi Froe gestallt; ech hunn dem Bus missen nolafen » Singulier / sächlech / Dativ **2.** **DE** dem • **FR** le, la • **EN** the • **PT** o, a **Beispiller** d'Nimm sinn dem Alphabet no klasséiert; de Bop huet sech nodenklech hanner dem Ouer gekraazt

Demande [d'əmə:t] Femininum **1.** (Pluriel Demanden) **DE** Antrag, Anfrage, Bewerbung • **FR** demande [requête] • **EN** application [request] • **PT** requerimento, pedido, candidatura [petição] **Beispill** fir e Subsid ze kréien, muss de eng **Demande** maachen **Synonym** Ufro **2.** (Pluriel Demanden) **DE** Antragsschreiben, Bewerbungsschreiben • **FR** demande [document] • **EN** (written) application • **PT** requerimento, pedido, candidatura [documento] **Beispiller** du muss deng **Demande** nach ënnerschreiwen; mir hu vill **Demande** krit, mee et gi maximum fënnf Leit agestallt **3.** (kee Pluriel) **DE** Nachfrage [in der (Markt-)Wirtschaft] • **FR** demande [en économie] • **EN** demand [in the market economy] • **PT** procura (de mercado) **Beispiller** d'Offer an d'**Demande** reegelen de Maart; weinst där staarker **Demande** ginn d'Präisser an d'Luucht **Synonym** Nofro

Demandeur Maskulinum (Pluriel Demandeuren) **DE** Antragsteller • **FR** demandeur [solliciteur] • **EN** applicant • **PT** requerente **Beispill** all **Demandeur** krit eng Nummer, mat där e säin Dossier online ka verfollegen

Demandeur d'asile [d'əmə:də:rdəz'il] Maskulinum (Pluriel Demandeur-d'asillen) **DE** Asylbewerber • **FR** demandeur d'asile, demandeur de protection internationale • **EN** asylum seeker • **PT** requerente

de asilo, requerente de proteção internacional **Beispill** weess du, aus wéi engem Krichsgebitt dese **Demandeur d'asile** kënnt? **Synonym** Asylant

i Weiblech Form: **Δ**Demandeuse d'asile

Demandeuse d'asile [dəmə:d'ø:sdəz'il] Femininum (Pluriel Demandeuse-d'asillen) **DE** Asylbewerberin • **FR** demandeuse d'asile, demandeuse de protection internationale • **EN** asylum seeker [female] • **PT** (mulher) requerente de asilo, (mulher) requerente de proteção internacional **Beispill** d'**Demandeuse d'asile** huet op hirer Flucht aus dem Krichsgebitt schrecklech Saachen erlieft **Synonym** Asylantin

i Männlech Form: **Δ**Demandeur d'asile

Demarche [dem'ɑʁʃ] Femininum (Pluriel Demarchen) **DE** Vorgehensweise, Maßnahme, Schritt • **FR** démarche [demande, requête] • **EN** (administrative) step, procedure • **PT** diligéncia [medida] **Beispiller** wat ass déi richteg **Demarche**, fir eng Baugeneemegung ze kréien?; all eis **Demarche** waren émsoss

demarréieren [dəmə:R'ziəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé demarréiert) » **transitiv 1.** **DE** starten, anlassen • **FR** démarrer [un moteur] • **EN** to start [an engine] • **PT** pôr a trabalhar, ligar [um motor] **Beispill** wéi ech den Auto wollt demarréieren, huet d'Batterie gestreikt » **intransitiv 2.** **DE** anspringen, starten [Motor] • **FR** démarrer [moteur] • **EN** to start [engine] • **PT** pegar, arrancar [motor] **Beispill** bei fichtem a kalem Wieder demarréiert mäin Oldtimer net ëmmer direkt **Synonymmen** ugoen, usprangen **3.** **DE** anlaufen, beginnen • **FR** commencer [débuter] • **EN** to start, to begin • **PT** arrancar, começar [ter início] **Beispiller** haut demarréieren d'Negociatiounen téschent dem Patronat an de Gewerkschaften; weinst deem gudder Wieder huet d'Touristesaison méi fréi demarréiert ewéi déi lescht Joren **Synonymmen** ufänken, ugoen, ulafen

Demarreur [dem'ɑRœ:R] Maskulinum (Pluriel Demarreuren) **DE** Anlasser, Starter • **FR** démarreur • **PT** motor de arranque **Beispill** mäin Auto spréngt net méi un, den Demarreur ass futti

demaskéieren [dəmask'ziəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé demaskéiert) » **transitiv DE** demaskieren [entlarven] • **FR** démasquer [dévoiler, confondre] • **EN** to unmask • **PT** desmascarar [revelar] **Beispill** de Spioun gouf demaskéiert a verhaft

dement [dem'ænt] Adjektiv **DE** dement • **FR** atteint de démence (senile) • **EN** senile [suffering from dementia] • **PT** demente, senil [que sofre de demência (senil)] **Beispill** ech si vum Geriicht Tuteur iwwee meng Mamm genannt ginn, well se dement ass

dementéieren [dəmænt'ziəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dementéiert) » **transitiv DE** dementieren • **FR** démentir [nier] • **EN** to deny, to refute • **PT** desmentir [negar] **Beispill** d'Ministesche huet d'Gerücht vun hirem geplante Récktrétt offiziell dementéiert

Dementi [dem'ænti:] Maskulinum (Pluriel Dementien) **DE** Dementi • **FR** démenti • **EN** denial [refusal] • **PT** desmentido **Beispill** d'Ambassade huet en offiziellen **Dementi** publizéiert

Demenz [dem'ænts] Femininum (Pluriel Demenzen)
 DE *Demenz* • FR *démence* • EN *dementia* • PT *demência*
(senil) **Beispill** Vergässerlechkeet kann en eischt
 Zeeche vun Demenz sinn

dem Honn hannen [demh'onh'anən] Adverb ^{égs}
 DE *(irgendwo) in der Pampa, am Arsch der Welt* • FR *en
 pleine cambrousse* • EN *in the middle of nowhere* • PT *em
 cascos de rolha* **Beispill** ech wunnen dem Honn han-
 nen, ech brauch bal zwou Stonne fir op d'Aarbecht

Deminage [demin'a:f] Maskulinum (Pluriel Demina-
 gen) **1.** DE *Entnimmung, Entschärfung* • FR *déminage,
 désamorçage* • EN *demining, defusing* • PT *desminagem,
 desativação* [de engenhos explosivos] **Beispiller** fir den
 Deminage vum Terrain benotzen d'Zaldote speziellt
 Material; den Deminage vun der Fliagerbomm war eng
 geféierlech Operatioun **2.** DE *Sprengkommando* • FR
(service de) déminage • EN *bomb disposal team* • PT
serviço de desminagem **Beispiller** den Deminage gouf
 geruff, fir d'Bomm ze entschäerfen; déi eenzel Demina-
 gen hu sech fir eng gemeinsam Übung getraff

demissionéieren [demişj'on'ziəɾən] Verb
 (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *demissionéiert*) »
 intransitiv DE *zurücktreten, demissionieren* • FR *démis-
 sionner* [*donner sa démission*] • EN *to resign* • PT *demitir-
 se* [*apresentar a sua demissão*] **Beispill** wéinst Differen-
 zen an de Konten huet de Keessjee missen demis-
 sionéieren **Synonym** zerécktrieden

Demissioun [demişj'əʊn] Femininum (Pluriel De-
 missiounen) DE *Rücktritt* [*von einem Amt*] • FR *démission*
[d'une fonction] • EN *resignation* [*from a position*] • PT *de-
 missão* [*de uma função*] **Beispill** de Minister huet seng
 Demissioun ginn, well e krank ass

Demi-tour Maskulinum (Pluriel Demi-touren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Demo [d'e:mo:] Femininum (Pluriel Demoen) ^{égs} -
 Kuerzform vun [↗]Demonstratioun

Demograf [demogr'a:f] Maskulinum (Pluriel De-
 mografen) DE *Demograf* • FR *démographe* • EN *demogra-
 pher* • PT *demógrafo* **Beispill** den Demograf huet seng
 Etüd iwver de soziale Wandel presentéiert

i Weiblech Form: [↗]Demografin

demografesch [demogra:fəʃ] Adjektiv DE *demo-
 grafisch* • FR *démographique* • EN *demographic, demo-
 graphical* • PT *demográfico* **Beispill** dës Statistik gëtt en
 Hiweis op d'demografesch Entwécklung vun der Stad

Demografie [demograf'i:] Femininum (Pluriel De-
 mografien) **1.** DE *Demografie* [*Bevölkerungswissen-
 schaft*] • FR *démographie* [*science*] • EN *demography*
[study] • PT *demografia* [*ciência*] **Beispill** hien ass Pro-
 fessor fir Demografie **2.** DE *Demografie* [*Bevölkerungs-
 statistik*] • FR *démographie* [*statistique*] • EN *demography*
[statistics] • PT *demografia* [*estatística*] **Beispill** de Ge-
 ograf huet eng Recherche iwver d'Demografie vun
 eiem Land gemaach

Demografin [demogr'a:fin] Femininum (Pluriel De-
 mografinnen)

i Männlech Form: [↗]Demograf

Demograph [demogr'a:f] Maskulinum (Pluriel De-
 mografen) - Variant vun [↗]Demograf

demografesch [demogr'a:fəʃ] Adjektiv - Variant
 vun [↗]demografesch

Demographie [demograf'i:] Femininum (Pluriel
 Demographien) - Variant vun [↗]Demografie

Demografin [demogr'a:fin] Femininum (Pluriel
 Demografinnen) - Variant vun [↗]Demografin

demokratesch [demokr'a:təʃ] Adjektiv DE *demokra-
 tisch* • FR *démocratique* <Adverb *démocratiquement*> • EN
democratic <Adverb *democratically*> • PT *democrático*
 <Adverb *democraticamente*> **Beispiller** aus där
 laangjäreger Diktatur gouf endlech en
 demokratesche Staat; iwver d'Héicht vun der Coti-
 satioun gouf an der Generalversammlung
 demokratesch ofgestëmmt

Demokratesch Republik Kongo

[demokr'a:təʃrepublik'kɔŋgo:] Eegennumm, Fem-
 ininum DE *Demokratische Republik Kongo* • FR *Répu-
 blique démocratique du Congo* • EN *Democratic Repu-
 blic of the Congo* • PT *República Democrática do Congo*
Beispiller ech war schonn dräimol an der
 Demokratescher Republik Kongo; ech fueren
 d'nächst Woch an d'Demokratesch Republik Kongo;
 ech kommen aus der Demokratescher Republik Kon-
 go; d'Republik Kongo an d'Demokratesch Republik
 Kongo sinn zwee verschidde Staaten

i männlech Persoun: [↗]Kongolees weiblech Persoun: [↗]Kon-
 goleesin Adjektiv: [↗]kongoleesch Haaptstad: [↗]Kinshasa

Demokratie [demokras'i:] Femininum **1.** (kee
 Pluriel) DE *Demokratie* [*politisches Prinzip*] • FR *démocra-
 tie* [*doctrine politique*] • EN *democracy* [*political concept*]
 • PT *democracia* [*sistema político*] **Beispill** d'Demokratie
 garantéiert alle Bierger déi selwecht Grondrechter **2.**
 (Pluriel *Demokratien*) DE *Demokratie* [*demokratischer
 Staat*] • FR *démocratie* [*État démocratique*] • EN *democ-
 racy* [*democratic state*] • PT *democracia* [*país demo-
 crático*] **Beispill** ech loosse mech net gäre vu Kamer-
 aen iwverwaachen, mir liewe schliisslech an enger
 Demokratie!

demoléieren [demol'ziəɾən] Verb (Hëllefverb
hunn, Participe passé *demoléiert*) » **transitiv** DE *zer-
 trümmern* • FR *démolir, endommager* • EN *to smash, to
 demolish* • PT *demolir, danificar* **Beispill** hënt ass bei der
 Post eng Telefonskabinn demoléiert ginn **Synonym**
 futti schloen

Demonstrant [demonstr'ant] Maskulinum (Pluriel
 Demonstranten) DE *Demonstrant* • FR *manifestant* • EN
demonstrator [*protester*] • PT *manifestante* **Beispill**
 d'Demonstranten hu fir besser Aarbechtskonditiounen
 manifestéiert **Synonym** Manifestant

i Weiblech Form: [↗]Demonstrantin

Demonstrantin [demonstr'antin] Femininum
 (Pluriel Demonstrantinnen) DE *Demonstrantin* • FR *mani-
 festante* • EN *(female) demonstrator* [*protester*] • PT *mani-
 festante* [*mulher, rapariga*] **Beispill** d'Police huet bei der
 Manifestatioun eng Demonstrantin festgeholl **Syn-**
onym Manifestantin

I Männlech Form: ↗Demonstrant

Demonstratioun [demonstrɑsɥ'əʊn] Femininum (Pluriel Demonstratioune) **1.** **DE** *Demonstration* [Kundgebung] • **FR** *manifestation* [de protestation, de revendication] • **EN** *demonstration* [protest] • **PT** *manifestação* [de protesto, de reivindicação] **Beispill** muer de Mëtteg ass an der Stad eng **Demonstratioun** géint de Krich **Synonym** Manifestatioun **2.** **DE** *Demonstration, Vorführung* • **FR** *démonstration* [présentation] • **EN** *show, presentation* • **PT** *demonstração* [apresentação] **Beispill** géff eng kleng **Demonstratioun** vun denge Konschtstécker! **3.** **DE** *Beweisführung* • **FR** *démonstration* [explication argumentée] • **EN** *demonstration* [proof] • **PT** *demonstração* [prova por meio de raciocínio] **Beispill** d'**Demonstratioun** vum Theorem ass ganz einfach

I Kuerzform: Demo

demonstrativ [demonstrat'iv:f] Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Demonstrativpronomen [demonstr'ati:fprono:mən] Maskulinum (Pluriel Demonstrativpronomen) **DE** *Demonstrativpronomen* • **FR** *pronom démonstratif, adjectif démonstratif* • **EN** *demonstrative pronoun* • **PT** *pronome demonstrativo* **Beispill** am Exercice mussen d'Schüler déi richteg **Demonstrativpronomen** asetzen

demonstréieren [demonstr'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé demonstréiert) » **transitiv 1.** **DE** *demonstrieren* [durch Vorführen beweisen] • **FR** *démontrer* [prouver en montrant] • **EN** *to demonstrate* [to prove by showing] • **PT** *demonstrar* [provar mostrando] **Beispill** eise Chimiesprofesser huet d'Theorie mat engem Experiment **demonstréiert** » **intransitiv 2.** **DE** *demonstrieren* • **FR** *manifestar* [participer à une manifestation] • **EN** *to demonstrate* [to protest] • **PT** *manifestar-se* [participar numa manifestação] **Beispill** d'Aarbechter **demonstréiere** géint déi nei Bestëmmungen **Synonym** manifestéieren

Demontage [demɔ̃:t'a:f] Maskulinum (Pluriel Demontagen) **DE** *Demontage, Zerlegung* • **FR** *démontage* • **EN** *dismantling* • **PT** *desmontagem* **Beispill** d'Aarbechter si grad mam **Demontage** vum Kran amgang

demontéieren [demont'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé demontéiert) » **transitiv 1.** **DE** *demontieren, zerlegen* • **FR** *démonter* [désassembler] • **EN** *to dismantle* • **PT** *desmontar* [desarmar] **Beispiller** déi ganz Fabrick **gëtt demontéiert** an op enger anerer Plaz erëm opgebaut; eng gewësse Press probéiert, déi Politikerin systematesch ze **demontéieren** [egs] [eng gewësse Press probéiert, déi Politikerin systematesch ze diskreditéieren] **Synonymen** zerleeën, ofmontéieren **2.** **DE** *ausmontieren* • **FR** *démonter* [extraire] • **EN** *to remove, to uninstall* • **PT** *desmontar* [extrair] **Beispill** deen ale Frigo **gëtt demontéiert** an op den Tipp gefouert **Synonym** ausbauen

demoraliséieren [demoraliz'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé demoraliséiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

demotivéieren [demotiv'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé demotivéiert) » **transitiv DE** de-

motivieren • **FR** *démotiver* • **EN** *to demotivate* • **PT** *desmotivar* [desinteressar] **Beispill** déi stänneg Kritik huet de Schüler ëmmer méi demotivéiert

dëmpeg Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Dëmpel [d'əmpəl] Maskulinum (Pluriel Dëmpelen) **DE** *Tümpel* • **FR** *mare* • **EN** *pond* • **PT** *charco* **Beispill** am **Dëmpel** héiert een de Summer iwwe d'Fräsche quaken

dëmpen [d'əmpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedëmpt) » **transitiv DE** *dünsten* • **FR** *cuire à la vapeur* • **EN** *to steam* [food] • **PT** *cozer a vapor* **Beispill** de Kach **dëmpt** d'Geméis, fir datt et seng Vitaminne behält

dobannen [dob'anən] Adverb **DE** drinnen • **FR** à l'intérieur • **EN** inside, indoors • **PT** lá dentro, no interior **Beispiller** de Papp ass dobannen; dobannen an der Stuff steet en neie Schaf; ech behalen näischt dobannen ^[ëgs] [esoubal ech eppes essen, muss ech mech iwwegginn]

dobaussen [dob'æ:ʊsən] Adverb **DE** draußen • **FR** à l'extérieur, dehors • **EN** outside, outdoors • **PT** lá fora, no exterior **Beispiller** do dech waarm un, et ass äiskal dobaussen!

dobehalen [d'o:bəha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dobehale / dobehal) - Variant vun ↗dohalen

dobleiwen [d'o:blaivən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé dobliwwen) » **intransitiv** **DE** dableiben • **FR** rester (là), rester sur place • **EN** to stay (there) • **PT** ficar (ai) [permanecer num lugar] **Beispiller** si si bis zum Schluss dobliwwen; wann s de net wëlls matgoen, muss de dobleiwen

Doctrine [doktrin] Femininum (Pluriel Doctrinnen) - Variant vun ↗Doktrinn

Documentaire [dokymã:t'ɛ:R] Maskulinum (Pluriel Documentairen) **DE** Dokumentarfilm • **FR** documentaire [film] • **EN** documentary [film] • **PT** documentário [filme] **Beispill** gëschter hunn ech en interessanten Documentaire gekuckt

Dodoma Eegennumm **DE** Dodoma • **FR** Dodoma • **EN** Dodoma • **PT** Dodoma **Beispill** Dodoma ass d'Haaptstad vun Tansania

dodran staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗doran

dodraner [do:dr'anɛ] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗doran

dodrëmmer staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dorëm

dodrënner staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dorënner

dodriwwer staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗doriwwer

dodrobber staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dorop

dodrop staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dorop

dodrun [do:dr'un] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dorun

dodrunner staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dorun

doduerch [do:d'u:çç] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗duerch

i Variant: doduerjer

doduerjer [do:d'u:çç] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗doduerch

doen [d'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedoen) » **transitiv** **1. DE** tun [machen, erledigen] • **FR** faire [effectuer, accomplir] • **EN** to do [to accomplish] • **PT** fazer [efetuar, realizar] **Beispiller** mir hunn nach genuch ze doen; um Büro hate mer haut erëm vill ze doen; mat enger Entschëllegung ass et net gedoen [eng Entschëllegung geet net duer]; ech hu keng Schrauf, mee en Nol deet et och lech hu keng Schrauf, mee en Nol leescht dee selwechten Déngscht]; d'Geschäftsfra wëllt op d'mannst eng Millioun ^[ëgs] [d'Geschäftsfra wëllt op d'mannst eng Millioun kréien]; du déits gutt drun, net méi ze spéit ze kommen [an denger Plaz géif ech net méi ze spéit kommen] **2. DE** setzen, stecken, legen [irgendwohin tun, irgendwohin geben] • **FR** mettre [placer quelque part, ajouter] • **EN** to put on [clothing], to send to [an institution] • **PT** pôr [colocar em algum lado, acrescentar] **Beispiller** do eng Mutz op de Kapp!; si hunn hire Bouf an en Internat gedoen; ech muss nach Salz an d'Zopp doen **3. DE** bringen zu, veranlassen zu • **FR** faire [pousser à, inciter à] • **EN** to make [to cause, to oblige] • **PT** fazer, pôr [levar a, incitar a] **Beispiller** de Clown huet d'Kanner laache gedoen; si wollten dech fäerten doen; d'Turnprofessesch deet d'Schüler Handball spillen **4. DE** tun, antun [zufügen] • **FR** faire [infliger, prodiguer] • **EN** to hurt, to do to, to treat • **PT** fazer [infligir, propiciar] **Beispiller** huet een dir eppes gedoen?; den Hond deet der näischt; seng Elteren hunn him nëmme Guddes gedoen; dat deet näischt! [dat ass net schlëmm; dat huet keng schlëmm Konsequenzen] **5. et ze doen** hu mat **DE** es zu tun haben mit • **FR** avoir affaire à • **EN** to deal with, to have to deal with [to confront] • **PT** ter de lidar com, ter de se haver com **Beispiller** d'Gericht huet et hei mat engem spezielle Fall ze doen; wann s de mengem Brudder eppes dees, da kriss de et mat mir ze doen! **6. eppes ze doen** hu mat **DE** etwas zu tun haben mit [zusammenhängen mit] • **FR** avoir quelque chose à voir avec, être en rapport avec • **EN** to have to do with [to be connected with] • **PT** ter alguma coisa a ver com [estar relacionado com] **Beispill** meng Kritik huet

näischt mat menge perséinleche Gefiller ze **doen** » **intransitiv 7.** ze doen hu mat **DE** *zu tun haben mit [befasst sein mit]* • **FR** *devoir faire face à* • **EN** *to have to deal with [to be concerned with]* • **PT** *ter de fazer face a, ter de tratar com* **Beispill** mir hu stänneg mat esou Froen ze **doen** » **reflexiv 8.** **DE** *sich tun [geschehen]* • **FR** *se passer, se produire* • **EN** *to happen [to ensue]* • **PT** *acontecer [dar-se, suceder]* **Beispill** mir waarde scho laang op eng Äntwert vun der Gemeng, mee do **deet** sech näischt

i Verben, déi **doen** als Basis hunn: ↗ausdoen, ↗déckdoen, ↗ëm-doen, ↗ervirdoen, ↗fortdoen, ↗guttudoen, ↗hindoen, ↗leeddoen, ↗ofdoen, ↗opdoen, ↗schlaudoen, ↗schwéierdoen, ↗undoen, ↗weidoen, ↗zesummdoen an ↗zoudoen

i Variant: dinn

d'office Adverb **1.** **DE** *von Amts wegen, automatisch* • **FR** *d'office [automatiquement]* **Beispiller** wann s de bannent sechs Méint keng Äntwert kriss, ass deng Demande **d'office** akzeptéiert; den Éischtgewielte bei de Gemengewale ass net **d'office** Buergermeeschter **2.** **DE** *grundsätzlich, prinzipiell* • **FR** *par principe* **Beispill** ech huelen **d'office** keng Aarbecht un, déi ech net packen **Synonymmen** grondsätzlech, prinzipiell

dofir [do:'f:i:ɐ̯] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗fir

i Variant: duerfir

dofir [do:'f:i:ɐ̯] Adverb **DE** *darum, deshalb, aus diesem Grund, deswegen* • **FR** *c'est pourquoi, pour cette raison* • **EN** *that's why, therefore* • **PT** *eis porque, por essa razão, por isso* **Beispill** ech hat eng ustrengend Woch, **dofir** muss ech de Weekend e wéineg Schlof nohuelen **Synonym** dowéinst

Doft [doft] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Duft* • **FR** *parfum [odeur agréable, senteur]* • **EN** *fragrance, smell* • **PT** *perfume [cheiro agradável, aroma]* **Beispiller** deen **Doft** do erënnert mech un eppes; déi Rousen hunn e wonnerbaren **Doft** **Synonym** Parfum

dofteg Adjektiv **1.** **DE** *duftig, nebelig* • **FR** *vaporeux, brumeux* • **EN** *misty, foggy* • **PT** *enevado, brumoso* **Beispill** déi dech gutt waarm un, et ass **dofteg**, kal a reeneg dobaussen!! **2.** **DE** *duftend, wohlriechend* • **FR** *odorant, odoriférant* • **EN** *fragrant* • **PT** *odorante, fragrante* **Beispill** rich emol un där **dofteger** Rousebléi!

i D'Wuert **dofteg** ass virun allem bekannt duerch de véierte Vers vun der **Heemecht** (Michel Lentz, 1864), der Lëtzebuurger Nationalhymn: „Wou d'Rief laanscht d'Musel **dofteg** bléit“. An deem Vers huet d'Wuert eendeiteg mam Geruch ze dinn. Den Edmond de la Fontaine (genannt Dicks) huet dem Lentz awer a sengem Text „De Volleksdichter. U Lentze Misch“ dee falschen „deitsche“ Gebrauch vum Wuert virgeworf: „De Blummendoft, dat kléngt net iwwel; mee Doft bedeit bei ons en Niwwel, a senger Liewen net Geruch, an dofteg ass dat selwecht och.“

dogéint [do:g'ʒɪnt] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗géint

dogéint [do:g'ʒɪnt] Adverb **DE** *dagegen* **lim Vergleich, jedoch** • **FR** *par contre, au contraire, en revanche* • **EN** *on the other hand, however* • **PT** *no entanto, porém* **Beispill** d'Fra ass ganz léif, hire Mann **dogéint** ass en Eefalt

Dogg [dok] Femininum (Pluriel Doggen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Doha Eegennumm **DE** *Doha* • **FR** *Doha* • **EN** *Doha* • **PT** *Doa* **Beispill** Doha ass d'Haaptstad vum Katar

dohalen [d'o:ha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé dogehalen / dogehal) » **transitiv DE** *dabehalten* • **FR** *garder, retenir [empêcher de partir]* • **EN** *to keep, to hold [somebody in a place]* • **PT** *guardar, reter [não deixar ir embora]* **Beispiller** mäi Papp koum stënterlech an d'Klinick an den Dokter wëllt en e puer Deeg **dohalen**; d'Police hält de Vollert **do**, bis datt en erëm enichter ass

i Variant: dobehalen

dohannen [do:h'anən] Adverb **1.** **DE** *dort, dahinten* • **FR** *là-bas [à une certaine distance]* • **EN** *over there* • **PT** *ali, acolá, além* **Beispill** dohanne wibbelt eppes an der Heck **2.** **DE** *dort [an jenem Ort, in jenem Land]* • **FR** *là-bas [en un lieu éloigné, à l'étranger]* • **EN** *there, over there* • **PT** *lá [naquele lugar, naquele país]* **Beispill** wat schaffs de, wann s de dohanne bass?

dohanner [do:h'anə] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗hanner

i Variant: dohannert

dohannert [do:h'anət] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dohanner

Doheem [do:h'e:m] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Zuhause* • **FR** *domicile* • **EN** *home* • **PT** *domicílio, lar* **Beispill** deen aarme Kärel huet keen **Doheem** méi, e sëtzt op der Strooss **Synonym** Heem

doheem [do:h'e:m] Adverb **DE** *zu Hause* • **FR** *à la maison* • **EN** *(at) home* • **PT** *em casa* **Beispiller** ech wäert haut net virun aacht Auer **doheem** sinn; ech waarden **doheem** op dech; an där Problematik sinn ech net **doheem** [ə̯s] [vun där Problematik verstinn ech net vill]

doheembleiwen [do:h'e:mblaiwən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé doheembliwwen) » **intransitiv DE** *zu Hause bleiben* • **FR** *rester à la maison* • **EN** *to stay at home* • **PT** *ficar em casa* **Beispill** d'Consignen an de Message vun der Regierung si ganz kloer: **Bleift doheem!**

dohier Adverb **1.** **DE** *daher [von dort]* • **FR** *de là, d'où* • **EN** *from there* • **PT** *daí [desse lugar]* **Beispiller** mir zweek sinn an deen nämmlechte Lycée gaangen, **dohier** kenne mir eis esou gutt; a sou, **dohier** bléist de Wand! [elo hunn ech spatzkritt, wat hanner där Saach stécht] **2.** (vun) **dohier** **DE** *von daher [aus diesem Grund, deshalb]* • **FR** *c'est pourquoi, pour cette raison* • **EN** *that's why* • **PT** *daí, por isso, por essa razão* **Beispiller** hien ass ëmmer fei mat mir, (vun) **dohier** kann ech näischt géint e soen; mir kennen net all d'Elementer vun der Affär, (vun) **dohier** ass et schwéier, fir en Urteel ofzeginn

dohigoen [do:h'igo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé dohigaangen / dohigaang) » **intransitiv DE** *hingehen [an einen bestimmten Ort]* • **FR** *y aller [se rendre quelque part]* • **EN** *to go [to a specific place]* • **PT** *ir [lá] [deslocar-se a algum lugar]* **Beispiller** d'Fest ass geschwënn eriwwer, elo rentéiert et sech net méi, nach **dohinzegeen**; de Concert seet mer näischt, **géi** eleng **dohin!**

dohileeën [doh'ile:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé dohigeluecht)

i Hei entsteet en neien Artikel.

dohin [do:h'in] Adverb **1.** DE *dahin, dorthin* • FR *y, là, là-bas* • EN *there* • PT *(para) lá, (para) ali* **Beispiller** dohi ginn ech ni méi, déi Vendeure waren net fei mat mir!; mam Auto brauch een ongeféier zwou Stonne bis dohin **Synonym** duer **2.** bis dohin DE *bis dahin* [bis zu diesem Zeitpunkt] • FR *d'ici là* • EN *until then* • PT *daqui até lá* [até esse momento] **Beispiller** de Film geet eréischt ëm néng Auer un, bis dohi musst Der Iech nach gedéllegen; d'Koppel gëtt d'Fréijoer bestuet, bis dohin ass et nach laang

i Variant: **dohinner**

dohinhalen [do:h'inha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dohigehalen / dohigehal) » **transitiv** DE *hinhalten* [reichen] • FR *tendre* [présenter, montrer] • EN *to hold out* [to extend, to present] • PT *estender* [apresentar, mostrar] **Beispill** hal däi Glas wannechgelift dohin, soss kann de Garçon der net erausschëdden!

dohinner [do:h'ine] Adverb - Variant vun **dohin**

dohistellen [doh'iftælən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dohigestallt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Dokes [d'o:kəs] Maskulinum (Pluriel Dokessen) ^[Kannersprooch] DE *Popo* • FR *popotin, cucul* • EN *bottom, bum* • PT *rabo, traseiro* **Beispiller** dee klenge Butz kräischt, well en op den Dokes gefall ass; setz dech net op déi kal Mauer, du erkaals der den Dokes! [setz dech net op déi kal Mauer, du kriss eng Blosentzündung!] **Synonymmen** Kickes, Pupes, Tut

Dokter [d'okte] Maskulinum (Pluriel Dokteren) DE *Arzt* • FR *médecin* • EN *doctor* • PT *médico* **Beispiller** an esou Fäll soll een direkt den Dokter ruffen; mäi Papp wëllt einfach net bei den Dokter goen!; ech hunn d'nächst Woch e Rendez-vous beim Dokter

i Weiblech Form: **doktesch**

Dokteraarbecht [d'oktea:bəçt] Femininum (Pluriel Dokteraarbechten) DE *Doktorarbeit, Promotionsarbeit* • FR *thèse de doctorat* • EN *doctoral thesis* • PT *tese de doutoramento* **Beispill** eis Mataarbechterin huet eng interessant Dokteraarbecht iwver d'Aspekter vun der lëtzebuergescher Syntax geschriwwen **Synonym** Thees

dokteren [d'oktəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedoktert) » **intransitiv** **1.** ^[ëgs] DE *doktern, herumdoktern* • FR *jouer les toubibs, soigner tant bien que mal* • EN *to try to cure, to try to treat* • PT *tentar curar* [de qualquer maneira, sem sucesso] **Beispill** dokter net laang un denger Entzündung, géi bei e Spezialist! **2.** ^[ëgs] DE *von einem Arzt zum anderen gehen* • FR *passer d'un médecin à l'autre* • EN *to go from doctor to doctor* • PT *andar de médico em médico* **Beispill** ech hu jorelaang gedoktert, bis ech endlech e Spezialist fonn hunn, dee mer konnt hëllef. **3.** ^[ëgs] dokteren un DE *herumdoktern an* [herumbasteln an] • FR *bidouiller, bricoler* • EN *to tinker with, to tweak* • PT *andar a mexer em* [tentar arranjar, tentar compor] **Beispill** de Paschtouer huet laang u senger Ried gedoktert

i Verb, dat **dokteren** als Basis huet: **erëmdokteren**

Doktesch [d'oktəʃ] Femininum (Pluriel Dokteschen) DE *Ärztin* • FR *(femme) médecin* • EN *doctor* [female] • PT *médica* **Beispill** wéinst dem Verdacht op e Moschier huet d'Doktesch mech an d'Echografie geschéckt

i Männlech Form: **dokter**

Dokteschfraisen [d'oktəʃfɾɛ:ən] Substantiv (kee Singulier)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Dokteschrechnung [d'oktəʃɾæçnɔŋ] Femininum (Pluriel Dokteschrechnungen) DE *Arztrechnung* • FR *mémoire d'honoraires (médicaux)* • EN *doctor's bill* • PT *conta médica, fatura médica* **Beispill** hues de d'Dokteschrechnunge schonn op d'Krankekeess geschéckt?

Doktorand [dokto:'ant] Maskulinum (Pluriel Doktoranden) DE *Doktorand* • FR *doctorant, chercheur en formation doctorale* • EN *PhD student, doctoral student* • PT *doutorando* **Beispiller** d'Professorin huet de Virtrag zesumme mat hirem Doktorand ghalen; an deem Departement op der Uni gëtt et méi Professeren ewéi Doktoranden

i Weiblech Form: **doktorandin**

Doktorandin [dokto:'andin] Femininum (Pluriel Doktorandinnen) DE *Doktorandin* • FR *doctorante, chercheuse en formation doctorale* • EN *PhD student, doctoral student* [female] • PT *doutoranda* **Beispill** déi jonk Doktorandin hält Coursen op der Uni

i Männlech Form: **doktorand**

Doktorat [dokto:'ɾa:t] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Doktorater / Doktoraten) DE *Doktorat, Doktorgrad, Doktorprüfung* • FR *doctorat* • EN *doctorate* • PT *doutoramento* **Beispill** meng Schwëster mécht en Doktorat an der Physik

Doktrinn [doktɾ'in] Femininum (Pluriel Doktrinnen) DE *Doktrin, Lehre* • FR *doctrine* [théorie, idéologie, principes] • EN *doctrine* • PT *doutrina* [teoria, ideologia, princípios] **Beispill** eis Partei huet hir Doktrinn iwwerduecht

Dokument [dokum:'ænt] Neutrum (Pluriel Dokumenter) **1.** DE *Dokument* [amtliches Schriftstück] • FR *document* [document officiel] • EN *document* [official papers] • PT *documento* [documento oficial] **Beispill** de Chauffer huet dem Douanier déi gefroten Dokumenter gewisen **2.** DE *Dokument* [Zeugnis, Beweis] • FR *document* [témoignage, preuve] • EN *document* [record, evidence] • PT *documento* [testemunho, prova] **Beispiller** an eiser Vittrinn leien Dokumenter aus dem 17. Joerhonnert; am Laf vun der Enquête goufe wichteg Dokumenter séchergestallt **3.** DE *(digitales) Dokument* • FR *document* [numérique] • EN *document* [digital] • PT *documento* [ficheiro digital] **Beispill** ech kréien d'Dokument, dat s de mer gemailt hues, net op **Synonymmen** Datei, Fichier

Dokumentatioun [dokumənta:ʃ'əʊn] Femininum (Pluriel Dokumentatioune) DE *Dokumentation* [Informationsmaterial] • FR *documentation* [ensemble de documents] • EN *documents, information, data* • PT *documentação* [conjunto de documentos] **Beispill** d'Naturfrënn hunn eng Dokumentatioun iwver

d'Biotopen hei am Land zesummegeallt

dokumentéieren [dokumənt'ʒiərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dokumentéiert) » **transitiv** **1.** *DE dokumentieren [belegen] • FR documenter [étayer] • EN to document [to record] • PT documentar [comprovar]* **Beispill** vill Fotoe vun 1944 dokumentéieren d'Freed vun de Leit bei der Liberatioun **Synonym** beleeeën **2.** *DE dokumentieren, (dokumentarisch) darstellen • FR documenter [montrer sous forme de documentaire] • EN to document [as a documentary] • PT mostrar [em forma de documentário]* **Beispill** vill Reportagen dokumentéieren de Verlaf vun de Studenterevolten Enn vun de Sechzegejoren

Dol [do:l] Eegennumm *DE Dahl • FR Dahl • EN Dahl • PT Dahl* **Beispiller** ech wunnen zu Dol; fiert dese Bus op Dol?

dolaanscht [do:l'a:nft] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗laanscht

Dolch [dolç] Maskulinum (Pluriel Dolchen / Dolcher) *DE Dolch • FR poignard • EN dagger • PT punhal* **Beispill** bräichts de fir deen Dolch do kee Waffeschäin?

Doleance [dole'ã:s] Femininum (Pluriel Doleancen) *DE Anliegen, Beschwerde • FR doléance • EN concern, issue, complaint • PT queixa, reclamação* **Beispiller** mir probéieren, fir all Doleance déi passend Léisung ze fannen; d'Gewerkschaft huet d'Doleancë vun den Aarbechter un d'Direktioun weidergerecht

Doléiner [d'o:lɛinɛ] Maskulinum (Pluriel Doléiner) *DE Tagelöhner • FR journalier [ouvrier] • EN day labourer • PT jornaleiro [trabalhador à jorna]* **Beispill** fréier hu vill Doléiner beim Bauer geschafft

! Weiblech Form: ↗Doléinesch

Doléinesch [d'o:lɛinɛʃ] Femininum (Pluriel Doléineschen) *DE Tagelöhnerin • FR journalière [ouvrière] • EN day labourer [female] • PT jornaleira [trabalhadora à jorna]* **Beispill** fréier huet meng Bom als Doléinesch beim Bauer geschafft

! Männlech Form: ↗Doléiner

Dollar Maskulinum (Pluriel Dollar / Dollaren) *DE Dollar • FR dollar • EN dollar • PT dólar* **Beispiller** ënner anerem gëtt an Amerika, an Australien an a Kanada mat Dollar bezuelt; mat wéi vill Dollar muss ee fir eng Nuecht am Hotel rechnen?; hues de nach e puer Dollaren am Portmonni?

! Zu Lëtzebuerg ass mam Wuert **Dollar** meeschtens den ↗US-Dollar gemeengt.

! **Dollar** gëtt mat \$ ofgekierzt.

dolmetschen [d'olmætʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedolmetscht)

! Hei entsteet en neien Artikel.

Dolmetscher [d'olmætʃɛ] Maskulinum (Pluriel Dolmetscher / Dolmetscheren) *DE Dolmetscher • FR interprète [qui traduit oralement] • EN interpreter • PT intérprete [de línguas]* **Beispill** hie schafft als Dolmetscher beim Europäesche Parlament

! Weiblech Form: ↗Dolmetscherin

Dolmetscherin [d'olmætʃərin] Femininum (Pluriel Dolmetscherinnen) *DE Dolmetscherin • FR (femme) interprète [en langue(s)] • EN interpreter [female] • PT intérprete [tradutora simultânea de línguas]*

! Männlech Form: ↗Dolmetscher

domadden [do:m'adən] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗domat

domadder [do:m'ade] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗domat

Domaine [dom'ɛ:n] Maskulinum (Pluriel Domainen / Domainer) - Variant vun ↗Domän

Domaine Hueseknäppchen [dom'ɛ:n-h'uzəknapçən] Eegennumm *DE Domaine Hueseknäppchen • FR Domaine Hueseknäppchen • EN Domaine Hueseknäppchen • PT Domaine Hueseknäppchen* **Beispiller** ech wunnen am Domaine Hueseknäppchen; fiert dese Bus an den Domaine Hueseknäppchen?

Domän [dom'ɛ:n] Maskulinum (Pluriel Domänen / Domäner) **1.** *DE Bereich [Fachgebiet] • FR domaine [spécialité, branche] • EN field [subject] • PT dominio, área* **Beispill** d'Iwwersetzung ass säin Domän **Synonymen** Branche, Beräich, Gebitt **2.** *DE Landgut • FR domaine [propriété] • EN estate, property • PT dominio, propriedade* **Beispill** hien huet e groussen Domän vu sengem Grousspapp geierft **Synonymen** Gutt, Lännereien

domat [d'o:mət] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗mat

! Varianten: domadden, domadder

Domicile [domis'il] Maskulinum (Pluriel Domicillen)

! Hei entsteet en neien Artikel.

domiciliéieren [domisilj'ʒiərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé domiciliéiert)

! Hei entsteet en neien Artikel.

dominant [domin'ant] Adjektiv *DE dominant, vorherrschend • FR dominant [dominateur, déterminant] • EN domineering, assertive, predominant • PT dominante, predominante* **Beispiller** dee Kärel huet nawell eng dominant Perséintlechkeet; hien huet an där Affär eng dominant Roll gespilt

dominéieren [domin'ʒiərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dominéiert) » **transitiv** **1.** *DE dominieren, überragen [hinausragen über] • FR dominer [surplomber] • EN to dominate [to tower over] • PT dominar [estar sobranceiro al]* **Beispill** de Kierchtuerm dominéiert d'Silhouette vum Duerf **2.** *DE dominieren [beherrschen] • FR dominer [commander, soumettre] • EN to dominate [to control] • PT dominar [comandar, submeter]* **Beispill** looss dech net vun deem dominéieren! » **intransitiv** **3.** *DE dominieren, überwiegen • FR dominer [prédominer] • EN to predominate • PT dominar [preponderar]* **Beispill** déi waarm Faarwen dominéieren a senge Biller

Dominica [dom'inika:] Eegennumm, Neutrum *DE Dominica • FR Dominique • EN Dominica • PT Dominica* **Beispiller** ech war schonn dräimol op Dominica; ech fueren d'nächst Woch op Dominica; ech komme vun Dominica

i männlech Persoun: ↗Dominicaner weiblech Persoun: ↗Dominicanerin Adjektiv: ↗dominicanesch Haaptstad: ↗Roseau

Dominicaner [dominik'a:nə] Maskulinum (Pluriel Dominicaner) DE *Dominicaner* • FR *Dominiquais* • EN *Dominican* [person from the island of Dominica] • PT *dominiquense* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Dominicaner

Dominicanerin [dominik'a:nərin] Femininum (Pluriel Dominicanerinnen) DE *Dominicanerin* • FR *Dominiquaise* • EN *Dominican* [female person from the island of Dominica] • PT *dominiquense* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Dominicanerin

dominicanesch [dominik'a:nəʃ] Adjektiv DE *dominicanisch* • FR *dominiquais* • EN *Dominican* [of the island of Dominica] • PT *dominiquense* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi dominicanesch Kultur kenne geléiert

Dominikaner [dominik'a:nə] Maskulinum (Pluriel Dominikaner) DE *Dominikaner* • FR *Dominicain* • EN *Dominican* [person from the Dominican Republic] • PT *dominicano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Dominikaner

Dominikanerin [dominik'a:nərin] Femininum (Pluriel Dominikanerinnen) DE *Dominikanerin* • FR *Dominicaine* • EN *Dominican* [female person from the Dominican Republic] • PT *dominicana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Dominikanerin

dominikanesch [dominik'a:nəʃ] Adjektiv DE *dominikanisch* • FR *dominicain* • EN *Dominican* [of the Dominican Republic] • PT *dominicano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi dominikanesch Kultur kenne geléiert

Dominikanesch Republik [dominik'a:nəʃrepub-lik] Eegennumm, Femininum DE *Dominikanische Republik* • FR *République dominicaine* • EN *Dominican Republic* • PT *República Dominicana* **Beispiller** ech war schonn dräimol an der Dominikanescher Republik; ech fueren d'nächst Woch an d'Dominikanesch Republik; ech kommen aus der Dominikanescher Republik

i männlech Persoun: ↗Dominikaner weiblech Persoun: ↗Dominikanerin Adjektiv: ↗dominikanesch Haaptstad: ↗Santo Domingo

Domino [d'o:mino:] Maskulinum 1. (kee Pluriel) DE *Domino* [Spiel] • FR *domino(s)* [jeu] • EN *dominoes* [game] • PT *dominó* [jogo] **Beispill** a menger Kandheet hunn ech dacks Domino gespillt 2. (Pluriel Dominoen) DE *Dominostein* • FR *domino* [pièce de jeu] • EN *domino* [piece] • PT *peça de dominó* **Beispill** d'Dominoe sinn een nom aneren ëmgefall

domm [dom] Adjektiv 1. DE *dumm* [beschränkt] • FR *stupide, bête* [inintelligent] • EN *stupid* [limited, slow-witted] • PT *estúpido, burro* [ininteligente] **Beispill** wien hätt scho gär domm Kanner? **Synonymmen** idiotesch, topeg 2. DE *dumm* [töricht, unklug] • FR *stupide, bête* [insensé] <Adverb stupidement, bêtement> • EN *stupid* [foolish, ill-advised] <Adverb stupidly> • PT *estúpido* [insensato] <Adverb estupidamente> **Beispiller** a senger Ried huet de President e puer domm Bemierkunge gemaach; haalt op, esou domm ze laachen!; dat ass keng Domm! [égs] [dat ass keng schlecht Iddi] **Synonymmen** blöd, topeg 3. DE *dumm* [ärgerlich, peinlich, unangenehm] • FR *malencontreux, désagréable, fâcheux* <Adverb malencontreusement> • EN *unfortunate* <Adverb unfortunately> • PT

infeliz, desagradável, aborrecido <Adverb de modo infeliz> **Beispiller** mäi Monni gouf deslescht an eng domm Geschicht verwéckelt; elo sinn ech domm drun! [égs] [elo sinn ech an enger iergerlecher Situatioun]; (dat ass) domm gaangen! [égs]; (dat ass) domm gelaf! [égs] [⇒ seet een, wann eppes schifgaangen ass]; et ass him ze domm, fir Merci ze soen! [égs] [hien ass ze vill arrogant, fir Merci ze soen] **Synonym** blöd

Dom [dom] Maskulinum (Pluriel Dommen) - Vari-ant vun ↗Daum

Dommendéck [d'oməndek] Maskulinum (Pluriel Dommendéck) *Regulus regulus* DE *Wintergoldhähnchen* • FR *roitelet huppé* • EN *goldcrest* • PT *estrelinha-de-poupa* **Beispill** wéi laang bréien d'Dommendéck?

Dommheet [d'omhe:t] Femininum 1. (kee Pluriel) DE *Dummheit* [Beschränktheit] • FR *bêtise* [défaut d'intelligence] • EN *stupidity* [lack of intelligence] • PT *estupidez* [falta de inteligência] **Beispiller** d'Frechheet ass dacks e Beweis vun Dommheet; wann d'Dommheet géif wéi-doen, da géif deng Kolleegin de ganzen Dag jätzen! [égs] [deng Kolleegin ass e ganz domme Mënsch]; géint d'Dommheet ass kee Kraut gewuess [égs] [wien domm ass, deem ass net ze hëllefen]; d'Guttheet ass e Stéck vun der Dommheet [égs] [gut Mënsche mierke meeschtens net, wann se ausgenotzt ginn] 2. (Pluriel Dommheeten) DE *Dummheit* [Äußerung] • FR *bêtise* [parole sotté, maladroite] • EN *inanity, stupid remarks* • PT *estupidez, disparate* [lato insensato] **Beispill** ech kann dengen Dommheeten einfach net méi nolaaschten! **Synonym** Topegkeet 3. (Pluriel Dommheeten) DE *Dummheit* [Handlung] • FR *bêtise* [action imprudente, irréfléchie] • EN *stupid action, blunder* • PT *estupidez, disparate* [lato imprudente, irrefletido] **Beispill** wie mécht net emol eng Dommheet? **Synonym** Topegkeet 4. (Pluriel Dommheeten) DE *Unsinn, Unfug* • FR *bêtise* [gaminerie] • EN *silliness, silly tricks, mischief* • PT *asneira, criançice* **Beispill** d'Kanner hunn an der Paus elauter Dommheete gemaach **Synonym** Topegkeet 5. (Pluriel Dommheeten) DE *Kleinigkeit* [Sache] • FR *bêtise* [objet sans valeur] • EN *trifle, knick-knack* • PT *bugiganga* [objeto sem valor] **Beispill** ech hunn op der Braderie nëmmen e puer Dommheete kauft **Synonymmen** Klenggekeet, Topegkeet 6. (Pluriel Dommheeten) DE *Kleinigkeit* [Angelegenheit] • FR *bêtise* [bagatelle, broutil] • EN *trifle, triviality* • PT *ninharia* [coisa sem importância] **Beispill** ech kann net fir all Dommheet bei d'Direktesch lafen **Synonymmen** Klenggekeet, Topegkeet

Dommheetsfeeler Maskulinum (Pluriel Dommheetsfeeler)

i Hei entsteet en neien Artikel.

dompeg [d'ompəç] Adjektiv DE *schwül* [feuchtwarm] • FR *lourd* [étouffant, orageux] • EN *close, thundery* • PT *pesado, carregado, abafado* **Beispill** et ass esou dompeg, et gëtt bestëmmt nach e Wieder! **Synonym** schmeier

Dompteur [dõ:t'œ:r] Maskulinum (Pluriel Dompteuren) DE *Dompteur* • FR *dompteur* • EN *animal tamer* • PT *domador* [de animais] **Beispill** d'Leit am Public hu Kreesch gedoen, wéi den Dompteur säi Kapp an dem Léiw seng Maul gestach huet

i Weiblech Form: ↗Dompteuse

Dompteuse [dɔ̃:t'ø:s] Femininum (Pluriel Dompteusen) DE *Dompteurin* • FR *dompteuse* • EN *animal tamer* [*female*] • PT *domadora* [*de animais*] **Beispill** d'Dompteuse huet e puer Léiwen duerch Reefer sprange gelooss

i Männlech Form: ↗Dompteur

Don [dɔ̃:] Maskulinum (Pluriel Donen) **1.** DE *Spende, Geldgeschenk* • FR *don* [*contribution financière*] • EN *donation* [*of money*] • PT *donativo* [*em dinheiro*] **Beispiller** zwou Hëlleforganisatioune krute vun eisem Veräin en Don vu 500 Euro; wann Dir eis wëllt e Kaddo maachen, da maacht en Don op dëse Kont! **2.** DE *Talent, Begabung* • FR *don* [*talent*] • EN *gift, talent* • PT *dom* [*talento*] **Beispill** meng Schwëster huet en Don fir Mathematik **Synonym** Talent

Donateur [d'onatœ:r] Maskulinum (Pluriel Donateuren) DE *Spender* [*Person*] • FR *donateur* • EN *sponsor, donor* • PT *doador* [*que faz doação*] **Beispill** d'Associatioun huet all Donateur mat engem Brëif perséinlech Merci gesot

i Weiblech Form: ↗Donatrice

Donatrice [donatr'is] Femininum (Pluriel Donatricsen) DE *Spenderin* • FR *donatrice* • EN *sponsor, donor* [*female*] • PT *doadora* [*que faz doação*] **Beispill** d'Associatioun huet der Donatrice mat engem Brëif merci gesot

i Männlech Form: ↗Donateur

Dondel [d'ondəl] Eegennumm DE *Dondelingen* • FR *Dondelange* • EN *Dondelange* • PT *Dondelange* **Beispiller** ech wunnen zu Dondel; fiert dëse Bus op Dondel?

donidden [don'idən] Adverb DE *unten, da unten, dort unten* [*an einem tiefer gelegenen Ort*] • FR *en bas, là-bas* [*en un endroit moins élevé*] • EN *downstairs, down, down there* • PT *em baixo, lá em baixo* **Beispiller** géi ruff de Papp, e sëtzt donidden an der Stuff!; donidden am Dall gesäit een d'Baach glënneren; si loossen sech et donidde gutt goen [egs] [si loossen sech et am Süde gutt goen] **Synonym** do ënnen

donieft [don'ieft] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗doniewent

doniewent [don'ievənt] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗niewent

i Variant: donieft

donkel [d'onkəl] Adjektiv DE *dunkel* [*von tiefer Färbung*] • FR *foncé, sombre* • EN *dark* [*of sombre colour*] • PT *escuro* [*de cor tirante a negro*] **Beispiller** fir d'Feierlechkeeten hat ech en donkele Paltong un; firwat dees de dech ëmmer donkel un? **Synonym** däischter

donkelblo [donkəlblo'o:] Adjektiv DE *dunkelblau* • FR *bleu foncé* • EN *dark blue* • PT *azul-escuro* **Beispill** dobausse steet eng donkelblo Camionnette mat gielier Schrëft **Synonym** däischterblo

donkelbrong Adjektiv DE *dunkelbraun* • FR *brun foncé* • EN *dark brown, deep brown* • PT *castanho-escuro* **Beispill** meng donkelbrong Schong mussen emol nees eng Kéier gewichst ginn

Donkele Bliedervillchen [d'onkələbl'iədəfɪlçən] Maskulinum (Pluriel Donkel Bliedervillercher) Phylloscopus fuscatus DE *Dunkellaubsänger* • FR *pouillot brun* • EN *dusky warbler* • PT *felosa-sombria* **Beispill** wéi laang bréien d'Donkel Bliedervillercher?

Donkele Jäizert [d'onkələz'æ:itset] Maskulinum (Pluriel Donkel Jäizerten) Acrocephalus melanopogon DE *Mariskenhörhänger* • FR *lusciniolle à moustaches* • EN *moustached warbler* • PT *felosa-real* **Beispill** wéi laang bréien d'Donkel Jäizerten?

Donkele Waasserleefer [d'onkələw'a:sələ:fə] Maskulinum (Pluriel Donkel Waasserleefer) Tringa erythropus DE *Dunkler Wasserrläufer* • FR *chevalier arlequin* • EN *spotted redshank* • PT *perna-vermelha-escuro* **Beispill** wéi laang bréien d'Donkel Waasserleefer?

donkelgréng Adjektiv DE *dunkelgrün* • FR *vert foncé* • EN *dark green* • PT *verde-escuro* **Beispill** däin donkelgréngt Kleed geet der ganz gutt

i Variant: donkelgring

donkelgring Adjektiv - Variant vun ↗donkelgréng

donkelgro [donkəlgro'o:] Adjektiv DE *dunkelgrau* • FR *gris foncé* • EN *dark grey* • PT *cinzento-escuro* **Beispill** ech hu mer an de Solden en donkelgroe Kostüm kaaft **Synonym** däischtergro

Donkelheet Femininum (kee Pluriel) **Neologismus** DE *Dunkelheit, Finsternis* • FR *obscurité* [*absence de lumière*] • PT *escuridão, obscuridade* **Beispill** d'Ae brauchen eng Zäit, fir sech un d'Donkelheet ze gewinnen **Synonym** Däischtert

i Kuckt och den etablierten Term ↗Däischtert.

donkelrout Adjektiv DE *dunkelrot* • FR *rouge foncé* • EN *dark red, deep red* • PT *vermelho-escuro* **Beispill** däin donkelroude Pullover däärf de net mat deem wäisse wäschen

Donkels [d'onkəls] Eegennumm DE *Donkols* • FR *Doncols* • EN *Doncols* • PT *Doncols* **Beispiller** ech wunnen zu Donkels; fiert dëse Bus op Donkels?

Donnée [d'one:] Femininum (Pluriel Donnéeën) **1.** (meeschtens Pluriel) DE *Daten, Angabe(n), Information(en)* • FR *donnée* [*élément d'information*] • EN *data, fact(s), value(s)* • PT *dado* [*elemento de informação*] **Beispiller** déi nei Donnéeë mussen nach ausgewäert an diskutéiert ginn; ech krut den Exercice net geléist, well mer eng Donnée gefeelt huet **2.** (kee Singulier) DE (*digitale*) *Daten* • FR *données* [*numériques*] • EN *data* [*digital*] • PT *dados* [*digitais*] **Beispill** wéi mäi Computer futtigaangen ass, ware meng Donnéeën all fort **Synonym** Daten

Donner [d'onə] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Donner* • FR *tonnerre* • EN *thunder* • PT *trovão* **Beispill** ech hat als Kand Angscht virum Blëtz a virum Donner **Synonym** Dimmer

donneren [d'onəɾən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedonnert) » **intransitiv** - **onperséinlech** **1.** DE *donnern* • FR *tonner* [*tonnerre*] • EN *to thunder* [*thunder*] • PT *trovejar* [*trovão*] **Beispiller** et donnert an et blëtz dobaussen; wéi de Jong mat där schlechter Zensur heemkomm ass, huet et gedonnert [egs] [wéi

de Jong mat där schlechter Zensur heemkomm ass, ass en zerguttst vernannt ginn! **Synonym** dimmeren ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gedonnert) » **intransitiv 2.** [égs] **DE** *brettern* • **FR** *passer en trombe* • **EN** *to thunder [to move noisily]* • **PT** *passar como uma flecha* **Beispill** de Camion ass duerch d'Duerf gedonnert **Synonymmen** brätschen, briederen

Donnerschlag [d'ɔnɛʃlaːχ] Maskulinum (Pluriel Donnerschläi) **DE** *Donnerschlag* • **FR** *coup de tonnerre* • **EN** *thunderclap* • **PT** *trovão* **Beispiller** eisen Hond huet d'Wiederer net gär, well e bei all Donnerschlag erfëiert; hie mécht aus all Fuerz en Donnerschlag [égs] l'hen dramatiséiert all Klenggeeket

Donnerwieder [donev'iaɛɐ] Neutrum (Pluriel Donnerwiederer / Donnerwieder) **DE** *Gewitter* • **FR** *orage* • **EN** *thunderstorm* • **PT** *trovoada* **Beispiller** hënt war e schweiert Donnerwieder, et huet en engem Stéck gedonnert a geblëtzt; wéi de Bouf mam futtisse Vëlo heemkoom, du gouf et e richtegt Donnerwieder [égs] [wéi de Bouf mam futtisse Vëlo heemkoom, du gouf en zerguttst vernannt] **Synonymmen** Dimmer, Wieder

Donneschdeg [d'ɔnəʃdɛç] Maskulinum (Pluriel Donneschdeger) **1.** **DE** *Donnerstag* • **FR** *jeudi* • **EN** *Thursday* • **PT** *quinta-feira* **Beispiller** d'Strooss ass bis nächsten Donneschdeg gespaart; ech hunn déi nächsten dräi Donneschdeger Rendez-vous beim Zännokter; mir gesinn eis en Donneschdeg [mir gesinn eis nächsten Donneschdeg]; mir hunn eis en Donneschdeg gesinn [mir hunn eis leschten Donneschdeg gesinn] **2.** Fetten Donneschdeg **DE** *Donnerstag vor Aschermittwoch* • **FR** *jeudi précédant le Mercredi des Cendres* • **EN** *Fat Thursday [Thursday before Lent]* • **PT** *quinta-feira de Compadres* **Beispill** meng Bomi huet all Joer op Fetten Donneschdeg mat eis Fuesent gebak **3.** Gréngen Donneschdeg **DE** *Gründonnerstag* • **FR** *Jeudi saint* • **EN** *Maundy Thursday* • **PT** *Quinta-Feira Santa* **Beispiller** de Gréngen Donneschdeg läit an der Karwoch virum Karfreideg; 2021 ass Gréngen Donneschdeg op den 1. Abrëll gefall

i Variant: Donneschden

Donneschdegowend Maskulinum (Pluriel Donneschdegowenter / Donneschdegowender) **DE** *Donnerstagabend* • **FR** *jeudi soir* • **EN** *Thursday evening* • **PT** *quinta-feira ao final da tarde, quinta-feira à noite* **Beispill** eis Clique trëfft sech all Donneschdegowend no der Aarbecht, fir e Patt ze drénken

i Variant: Donneschdenowend

Donneschden [d'ɔnəʃdɛn] Maskulinum (Pluriel Donneschdeger) - Variant vun ↗Donneschdeg

Donneschdenowend Maskulinum (Pluriel Donneschdenowenter / Donneschdenowender) - Variant vun ↗Donneschdegowend

donneschdes [d'ɔnəʃdɛs] Adverb **1.** **DE** *donnerstags* • **FR** *le jeudi [tous les jeudis]* • **EN** *(on) Thursday(s) [each Thursday]* • **PT** *à(s) quinta(s)-feira(s) [todas as quintas-feiras]* **Beispill** donneschdes mëttes ass keng Schoul **2.** **DE** *am Donnerstag [an einem bestimmten Donnerstag]* • **FR** *(le) jeudi [un jeudi précis]* • **EN** *on Thursday [a specific Thursday]* • **PT** *(na) quinta-feira [numa certa quinta-feira]* **Beispiller** mëttwochs owes war eise Bopi nach gesond

a monter, an donneschdes mueres war en dout!; ech hunn donneschdes, de 17. Abrëll, Rendez-vous beim Zännokter

dono [don'o:] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗no

i Variant: duerno

dono [don'o:] Adverb - Variant vun ↗derno

Donscht Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Donst

donschteg Adjektiv - Variant vun ↗donsteg

Donst [donst] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Dunst [Dampf]* • **FR** *buée, vapeur* • **EN** *steam* • **PT** *vapor (de água)* **Beispill** nom Duschen huet hien d'Fënster opgemaach, fir den Donst erauszeloossen

i Variant: Donscht

donsteg [d'onstɛç] Adjektiv **DE** *dunstig [dampfig]* • **FR** *embué* • **EN** *steamy [misty, misted up]* • **PT** *cheio de vapor, embaciado* **Beispill** am Buedzëmmer ass et donsteg

i Variant: donschteg

Donut [d'o:nat] Maskulinum (Pluriel Donutten / Donuts)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Donwen [d'onvən] Eegennumm - Variant vun ↗Nidderdonwen

Doosber Bréck [d'o:sbebr'ɛk] Eegennumm **DE** *Dasbourg-Pont* • **FR** *Dasbourg-Pont* • **EN** *Dasbourg-Pont* • **PT** *Dasbourg-Pont* **Beispiller** ech wunnen op der Doosber Bréck; fiert dëse Bus op d'Doosber Bréck?

Doosbuerg [d'o:sbu:çç] Eegennumm **DE** *Dasburg* • **FR** *Dasburg* • **EN** *Dasburg* • **PT** *Dasburg* **Beispiller** ech wunnen zu Doosbuerg; fiert dëse Bus op Doosbuerg?

Doppeldecker Maskulinum (Pluriel Doppeldecker / Doppeldeckeren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Doppelpass Maskulinum/Femininum (Pluriel Doppelpassen / Doppelpäss) **DE** *Doppelpass* • **FR** *une-deux* • **EN** *one-two* • **PT** *duplo passe [entre dois jogadores]* **Beispill** no engem flotten Doppelpass mat hirer Matpillerin huet d'Stiermerin e Gol geschoss **Synonym** Une-deux

i Variant: Duebelpass

Doppelpunkt [d'ɔpɛlpʊŋt] Maskulinum (Pluriel Doppelpunkten) **DE** *Doppelpunkt [Satzzeichen]* • **FR** *deux-points* • **EN** *colon [punctuation mark]* • **PT** *dois pontos [sinal de pontuação]* **Beispill** virun enger Opzielung steet dacks en Doppelpunkt

doppen [d'ɔpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedoppt) » **reflexiv 1.** **DE** *sich dopen* • **FR** *se doper* • **EN** *to take dope, to take drugs* • **PT** *dopar-se* **Beispiller** d'Blutanalys huet gewisen, datt de Sportler sech gedoppt hat; no der Course ass erauskomm, datt ee vun de Coureure gedoppt war » **intransitiv 2.** **DE** *dopen* • **FR** *se doper* • **EN** *to take dope, to take drugs* • **PT** *dopar-se* **Beispill** d'Blutanalys huet gewisen, datt de Sportler gedoppt hat

Dopping [d'ɔpiŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Doping* • **FR** *dopage* • **EN** *doping* [*illegal drug use*] • **PT** *doping* **Beispill** de Leefer gouf weinst Dopping vun der Kompetitioun ausgeschloss

Dorad Femininum (Pluriel Doraden) **Sparus aurata** 1. **DE** *Goldbrasse, Dorade* [*Tier*] • **FR** *dorade* [*animal*] • **EN** *gilt-head bream* [*animal*] • **PT** *dourada* [*animal*] **Beispill** d'Dorade liewen am Mëttelmier an am Atlantik no un der Küst 2. **DE** *Goldbrasse, Dorade* [*Nahrungsmittel*] • **FR** *dorade* [*aliment*] • **EN** *gilt-head bream* [*food*] • **PT** *dourada* [*aliment*] **Beispill** ech hu mer eng gegrillten Dorad bestallt

doran [do:r'an] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗an

Varianten: dodran, dodraner, doranner

doranner [do:r'anɛ] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗doran

doraus [do:r'æ:ʊs] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗aus

Varianten: dorausser, dorausser

dorausser [do:r'æ:ʊzɛ] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗doraus

dorausser [do:r'æ:ʊzɛ] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗doraus

dorëm [d'o:rəm] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗ëm

Varianten: dodrëmmer, dorëmmer, dorëms

dorëmmer [do:r'əmɛ] Adverb 1. **DE** *hierhin und dorthin, hier und da* • **FR** *un peu partout, par-ci par-là* • **EN** *around, here and there* • **PT** *por todo o lado, aqui e além* **Beispiller** ech géif dech bieden, déi Saach elo net dorëmmer verzielen ze goen; d'Kanner hunn am Gaart d'Eeër gesicht, déi den Ouschterhues dorëmmer verstoppt hat **Synonym** doruechter 2. **égs** **DE** *irgendwo in der Nähe (von)* • **FR** *quelque part* [*dans les environs, dans les parages*] • **EN** *somewhere* [*in the area (of)*] • **PT** *por aí, algures, em algum lado* **Beispiller** meng Schwëster wunnt elo iergendwou bei Miersch dorëmmer; de Restaurant ass iergendwou hanner der Kierch dorëmmer; schell nach eng Kéier, e muss dorëmmer sinn 3. **égs** (ëm) ... dorëmmer **DE** *um* (*die*) (*herum*) [*ungefähr*] • **FR** *à peu près, approximativement, autour des* • **EN** *around, about* [*approximately*] • **PT** *por aí, pouco mais ou menos* **Beispiller** seng Famill ass ëm 1950 dorëmmer op Lëtzebuerg komm; esou eng Bott Stréi wäert 12 Kilo weien oder esou dorëmmer

dorëmmer [do:r'əmɛ] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dorëm

dorëms [do:r'əms] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dorëm

dorënner [do:r'ənɛ] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗ënner

Variant: dodrënner

doriwwer [do:r'ivɛ] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗iwwer

Variant: dodriwwer

dorobber [do:r'ɔbɛ] Adverb **DE** *hinauf, hoch...* • **FR** *là-haut* [*direction*] • **EN** *up* (*there*) • **PT** *lá para cima* [*direção*] **Beispiller** mir ginn de Mëtteg dorobber bei d'Buerg picknicken; wann s de kuerz waarts, kënnen mer zesammen dorobber an d'Duerf fueren; et féiert kee Wee dorobber

dorop [d'o:ɔp] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗op

Varianten: dodrobber, dodrop, doropper, dorops, duerop

doropper [d'o:ɔpɛ] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dorop

dorops [d'o:ɔps] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dorop

doropshin [do:ɔpsh'in] Adverb **DE** *daraufhin* [*linfolyedessen*] • **FR** *à la suite de cela, sur ce* • **EN** *consequently* • **PT** *por isso, por conseguinte* **Beispill** mäi Mataarbechter gouf batter enttäuscht, doropshin huet e gekënnegt

dorower [do:r'o:vɛ] Adverb **DE** *hinunter, runter...* • **FR** *là-bas* [*direction*] • **EN** *down* (*there*) • **PT** *lá para baixo* [*direção*] **Beispiller** ech ginn nom Iessen dorower an d'Duerf, soll ech der eppes aus der Epicerie matbréngen?; géi alt scho mat de Kanner vir, esoubal ech fäerdeg geraumt hunn, kommen ech och dorower op d'Spillplaz!

Dortoir [d'ɔrtwa:r] Maskulinum (Pluriel Dortoiren) **DE** *Schlafsaal* • **FR** *dortoir* • **EN** *dormitory* • **PT** *dormitório* **Beispill** an eisem gréissten Dortoir ass Plaz fir fofzeg Leit

doruechter [do:r'uɛçtɛ] Adverb 1. **DE** *durcheinander* [*ungeordnet*] • **FR** *en pagaille, en désordre* • **EN** *in a mess, in a muddle* • **PT** *em desordem* **Beispill** firwat ass hei alles doruechter? **Synonym** duercherneen 2. **DE** *durcheinander, konfus* • **FR** *confus* [*d'esprit*], *distrain* <Adverb *confusément, distraitement*> • **EN** *confused, bewildered* <Adverb *confusedly*> • **PT** *confuso, distraído* <Adverb *confusamente, distraidamente*> **Beispiller** mat Amenter ass mäi Grousspapp doruechter; duerch dee ville Stress op der Aarbecht sinn ech heiansdo ganz doruechter; de Blesséierten huet ganz doruechter geschwat **Synonym** duercherneen 3. **DE** *hierhin und dorthin, hier und da* • **FR** *un peu partout, par-ci par-là* • **EN** *around, here and there* • **PT** *por todo o lado, aqui e além* **Beispill** et gétt doruechter verzielt, datt déi zwee Kolleegen eppes mateneen hunn **Synonym** dorëmmer

dorun [d'o:run] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗un

Varianten: dodrun, dodrunner, dorunner

dorunner [do:r'unɛ] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dorun

Dos [do:s] Femininum (Pluriel Dosen) - Variant vun ↗Dosis

Dosage [d'o:za:f] Maskulinum (Pluriel Dosagen) - Variant vun ↗Doséierung

doséieren [do:z'ɔɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé doséiert) > **transitiv** **DE** *dosieren* • **FR** *doser* • **EN** *to measure out, to mix* [*medicine, a dose*] • **PT** *dosar* **Beispill** den Apdikter huet mir dat Medikament ex-

tra doséiert

Doséierung [do:z'ɛ̃ʁʉŋ] Femininum (Pluriel Doséierungen) **DE** *Dosierung* • **FR** *dosage* • **EN** *dosage, dose* • **PT** *dosagem, doseamento* **Beispill** d'Doséierung muss stëmmen, fir datt d'Sprëtzmittel wierkt

i Variant: Dosage

Dosen [d'ozən] Femininum (Pluriel Dosen / Dosenden) **DE** *Dutzend* • **FR** *douzaine* • **EN** *dozen* • **PT** *dúzia* **Beispiller** ech hält gär eng hallef Dose Mëtschen; de Bouf war fir seng Mamm eng Dosen Eeër kafen; Dosende vu Leit si stoe bliwwen, fir dem Stroossekëschtlër nozekucken; dee Banquier huet d'Autoen an der Dosen ^[egs] Idee Banquier huet vill Autoen]

dösen [d'ø:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedööst)

i Hei entsteet en neien Artikel.

dosenteweis [d'ozəntəvais] Adverb **DE** *dutzendfach* • **FR** *par douzaines [en grand nombre]* • **EN** *in dozens* • **PT** *às dúzias* **Beispill** eis Kaze fänken d'Mais dosenteweis

Dosis [d'o:zi:s] Femininum (Pluriel Dosisen / Dosen) **DE** *Dosis* • **FR** *dose [posologie]* • **EN** *dose [of medicine]* • **PT** *dose [posologia]* **Beispill** d'Doktesch huet d'Dosis vum Medikament missen eropsetzen

i Variant: Dos

Dossard Maskulinum (Pluriel Dossarden)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Dossier [d'osjɛ:] Maskulinum (Pluriel Dossieren) **1. DE** *Aktenordner, Ordner* • **FR** *dossier [classeur]* • **EN** *file, folder* • **PT** *dossier, pasta [de arquivo]* **Beispill** ech hu mer e puer schéin Dossierer kaaft **2. DE** *Akte* • **FR** *dossier [collection de documents]* • **EN** *dossier* • **PT** *dossier [conjunto de documentos]* **Beispill** eise President geet a keng Sëtzung, ouni seng Dossieren ze kennen **3. DE** *Angelegenheit, Sache, Fall* • **FR** *dossier, affaire* • **EN** *matter, case* • **PT** *dossier, caso* **Beispiller** dat doten ass en därengen Dossier; am Dossier iwwer den Zigaretteschmuggel kouw et zu engem neie Moment **Synonym** Affär **4. DE** *Dossier [Schülerarbeit]* • **FR** *dossier [travail scolaire]* • **EN** *dossier, project [student assignment, school work]* • **PT** *portefólio [trabalho escolar]* **Beispill** fir den Noexame muss de Schüler en Dossier maachen **5. DE** *(digitaler) Ordner* • **FR** *dossier [répertoire informatique]* • **EN** *(digital) folder* • **PT** *pasta (digital)* **Beispiller** weess du, a wéi een Dossier de Computer déi eenzel Downloaden ofspäichert?; am beschte méchs de en neien Dossier fir all déi Fichieren, déi elo bäikomm sinn

Dot [do:t] Femininum (Pluriel Doten) **DE** *Tat* • **FR** *acte, action* • **EN** *deed, act* • **PT** *ato, ação* **Beispiller** meng Frënn hu mer mat Rot an Dot bäigestanen; de Verbricheer ass fir seng Dote verurteelt ginn; den Abriecher gouf op frëscher Dot erwëscht [den Abriecher gouf beim Abriechen erwëscht]

dotéieren [dot'ɛ̃ʁəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dotéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

doten [d'o:tən] **1.** dat doten **DE** *das* • **FR** *cela* • **EN** *that* • **PT** *isso* **Beispill** dat doten ass eng ongeheierlech Frecheet! **2. DE** *da* [verstärkt *das* Demonstrativpronomen] • **FR** *-là* [renforce le pronom démonstratif] • **EN** *that ... there* [reinforces a demonstrative pronoun] • **PT** [reforça o pronome demonstrativo] **Beispill** déi doten Affär fällt enner d'Zoustännegkeet vum Friddensgeriicht

doter [d'o:te] **DE** *da* [verstärkt ein Demonstrativpronomen] • **FR** *-là* [renforce le pronom démonstratif] • **EN** *that ... there* [reinforces a demonstrative pronoun] • **PT** [reforça o pronome demonstrativo] **Beispill** mat där doter Ausso sinn ech net averstanen

dotëschent [do:t'ɛ̃ʃənt] staarkt Pronominaladverb **↗do-** + **↗tëschent**

i Variant: dotëscht

dotëscht Pronominaladverb - Variant vun **↗dotëschent**

Dott [dot] Femininum (Pluriel Dotten) **DE** *Mitgift* • **FR** *dot* • **EN** *dowry* • **PT** *dote* **Beispill** d'Braut huet e puer Hektar Akerland als Dott mat an d'Bestietnes bruecht

Douane [dwan] Femininum **1.** (Pluriel <seelen> Douannen) **DE** *Zoll, Zollbehörde* • **FR** *douane [administration douanière]* • **EN** *customs [department]* • **PT** *alfândega [administração alfandegária]* **Beispiller** d'Douane schafft a villen Affäre mat der Police zesummen; ech si vun der Douane ueghele ginn [ech si vu Beamte vun der Douane ueghele ginn] **2.** (Pluriel <seelen> Douannen) **DE** *Zoll, Zollstelle* • **FR** *douane [poste douanier]* • **EN** *customs [post]* • **PT** *alfândega [posto alfandegário]* **Beispill** de Camion ass op der Douane kontrolléiert ginn **3.** (kee Pluriel) **DE** *Zoll, Zollgebühren* • **FR** *douane [droits de douane]* • **EN** *customs [duties]* • **PT** *direitos aduaneiros* **Beispill** op wat fir enge Produkter muss Douane bezuelt ginn? **Synonym** Zoll

Douanier [dw'anjɛ:] Maskulinum (Pluriel Douanieren) **DE** *Zollbeamter* • **FR** *douanier* • **EN** *customs officer* • **PT** *funcionário da alfândega* **Beispill** d'Douanieren hunn eis Bagagë kontrolléiert

i Weiblech Form: **↗Douanière**

Douanière [dw'anjɛ:R] Femininum (Pluriel Douaniären) **DE** *Zollbeamtin* • **FR** *douanière* • **EN** *customs officer [female]* • **PT** *funcionária da alfândega* **Beispill** d'Douanière huet d'Pabeiere vum Gefier kontrolléiert

i Männlech Form: **↗Douanier**

Double Maskulinum (Pluriel Doubléen) **DE** *Double [im Sport]* • **FR** *doublé [double réussite sportive]* • **EN** *double [victories in sport]* • **PT** *dobradinha [num desporto]* **Beispiller** d'Dammenekip huet mat hire Reussiten an der Meeschterschaft an an der Coupe dës Saison den Double geholl; och dëst Joer huet d'Ekipp aus dem Norden erëm dominéiert an den zweeten Double hannerenee realiséiert

doubléieren [dubl'ɛ̃ʁəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé doubléiert) - Variant vun **↗dubléieren**

douce [du:s] Adjektiv - Variant vun **↗duuss**

douce [du:s] Adverb - Variant vun **↗duuss**

Doud [dəʊt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Tod* • **FR** *mort* • **EN** *death* • **PT** *morte* **Beispiller** d'Grousstatta huet kuerz virem Doud hiert Testament geännert; ech hunn déi trauereg Flicht, Iech den Doud vun eiser Kolleegin matzedeele; émsoss ass der Doud, mee dee kascht d'Liewen! [égs] [et kritt een näischt geschenkt]; meng Mamm kann sech zu Doud iwwer meng Onuerdnung opreegen [égs] [meng Mamm kann sech ganz vill iwwer meng Onuerdnung opreegen]; ech hu mech zu Doud bei deem Film gelangweilt [égs] [lech hu mech ganz vill bei deem Film gelangweilt]; deem enge säin Doud, deem anere säi Brout! [égs] [wat enger Persoun schuet, notzt enger anerer]; dat wier mäin Doud! [égs] [dat wier ganz schlëmm fir mech!]; mir hunn eis gëschter (bal) der Doud opgeraf! [égs] [mir hunn eis gëschter zolidd erkaalt]; dee rosene Client huet mir mat Doud an der Däiwel gedreet [égs] [dee rosene Client huet mir mat allerhand Konsequenze gedreet]; ech hu vun der Doud an der Däiwel näischt verstanen [égs] [lech hunn absolut näischt verstanen]; dat kann ech op der Doud net ausstoen! [égs] [dat kann ech absolut net ausstoen]; hie gesäit aus ewéi der Doud säi Reesender [égs] [hie gesäit schwéier krank aus]

Doudangscht [d'əʊdɑŋʃt] Femininum (Pluriel Doudängschten) **DE** *Todesangst* [große Angst] • **FR** *peur panique, peur bleue* • **EN** *mortal fear* • **PT** *grande medo, pavor* **Beispiller** mir haten eng Doudangscht, wéi mer iwwerfall gi sinn; ech hunn Doudängschten ausgestanen

doudeesch [dəʊd'e:ʃt] Adjektiv [égs] **DE** *todernst* • **FR** *très sérieux, grave* <Adverb *très sérieusement, avec gravité*> • **EN** *dead serious* <Adverb *in deadly earnest, in all seriousness*> • **PT** *muito sério, grave* <Adverb *muito seriamente, com gravidade*> **Beispiller** de Clown huet en doudeesch Gesiicht gemaach; mäi Kolleeg huet doudeesch behaupt, ech wier him nach Sue schëlleg; hien huet dat net am Spaass gesot, et war him doudeesch!

doudeg [d'əʊdɛç] Adjektiv **1. DE** *tot* [gestorben] • **FR** *mort* [qui a cessé de vivre] • **EN** *dead* • **PT** *morto* [que deixou de ter vida] **Beispiller** mir hunn en doudegt Schof am Weier fonnt; bei enger Explosioun an enger Fabrick gouf et 15 Doudeger **2. DE** *tot* [ausgestorben] • **FR** *mort* [sans vie, peu fréquenté] • **EN** *dead* [deserted, lifeless, boring] • **PT** *morto* [sem vida, pouco frequentado] **Beispiller** dat ass en doudegt Duerf; d'Gréngs mécht sech um Gleis, op deem keng Zich méi fueren, breet; mir wunnen un engem doudegen Aarm vum Floss [mir wunnen un engem Aarm vum Floss, an deem d'Waasser steet] **3. Doudege Wénkel** **DE** *tote(r) Winkel* • **FR** *angle mort* • **EN** *blind spot* • **PT** *ângulo morto* **Beispill** ech hu mer e Säitespiegel kaaft, deen och den Doudege Wénkel ofdeckt

Doudegriewer [d'əʊdɛgriəvɐ] Maskulinum (Pluriel Doudegriewer) **DE** *Totengräber* [Beruf] • **FR** *fossoyeur* • **EN** *gravedigger* • **PT** *coveiro* **Beispill** d'Doudegriewer hunn d'Graf no der Zeremonie zougeschöppt

1 Weiblech Form: ↗Doudegriewerin

Doudegriewerin [d'əʊdɛgriəvəriŋ] Femininum (Pluriel Doudegriewerinnen) **DE** *Totengräberin* [Beruf] •

FR *fossoyeuse* • **EN** *gravedigger* [female] • **PT** *coveira* **Beispill** kéints du der virstellen, als Doudegriewerin ze schaffen?

1 Männlech Form: ↗Doudegriewer

Doudekapp [d'əʊdɛkɑp] Maskulinum (Pluriel Doudekäpp) **1. DE** *Totenkopf* • **FR** *tête de mort* • **EN** *skull and crossbones* • **PT** *caveira* **Beispill** op de Piraten hirem Fändel ass dacks en Doudekapp **2. DE** *Knochenschlüssel* • **FR** *clé à dix trous* • **EN** *bone wrench* • **PT** *chave 10 bocas* [chave de bicicleta em forma de osso] **Beispill** et huet ee mer den Doudekapp aus mengem Vëlosgeschier geklaut!

doudellen [d'əʊdɛləŋ] Adjektiv [égs] **DE** *potthässlich* • **FR** *très moche* [très laid] • **EN** *ugly as sin, hideous* • **PT** *feíssimo* **Beispill** déi zwee Tabloen an hirem Salon sinn doudellen

Doudelued [d'əʊdɛluɛt] Femininum (Pluriel Doudelueden) **DE** *Sarg* • **FR** *cercueil* • **EN** *coffin* • **PT** *caixão, ataúde* **Beispill** d'Doudelued gouf an d'Graf erofgelooss **Synonym** Sarg

Doudemass [d'əʊdɛmas] Femininum (Pluriel Doudemassen) **DE** *Totenmesse, Totenamt* • **FR** *messe des morts* • **EN** *funeral mass, requiem mass* • **PT** *missa de requiem, missa de defuntos* **Beispiller** d'Chorale huet an der Doudemass e Requiem gesongen; no der Doudemass gouf de Kierfecht geseent

Doudesaffer [d'əʊdɛzafɛ] Neutrum (Pluriel Doudesaffer) **DE** *Todesopfer* • **FR** *mort, victime* • **EN** *fatal casualty* • **PT** *vítima mortal, morte* **Beispill** d'Zuel vun den Doudesaffer bei den Autosaccidenter ass lücht zeréckgaan-gen

Doudesannonce [d'əʊdɛzɑnʃ:s] Femininum (Pluriel Doudesannoncen) **DE** *Todesanzeige* • **FR** *avis de décès* • **EN** *obituary* • **PT** *anúncio de falecimento* **Beispill** moies liesen ech an der Zeitung fir d'éischt d'Doudesannoncen

Doudeschäin [d'əʊdɛʃæ:ɪŋ] Maskulinum (Pluriel Doudeschäiner) **DE** *Totenschein* • **FR** *acte de décès* • **EN** *death certificate* • **PT** *certidão de óbito* **Beispill** d'Doktesch huet den Doudeschäin ausgestallt

Doudesdag [d'əʊdɛsda:χ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Todestag* • **FR** *jour anniversaire de la mort* • **EN** *anniversary of somebody's death* • **PT** *aniversário da morte* **Beispill** fir den 100. Doudesdag vun der Komponistin ass e speziellen Timber erauskomm

Doudesfall [d'əʊdɛsfa] Maskulinum (Pluriel Doudesfäll) **DE** *Todesfall* • **FR** *(cas de) décès* • **EN** *(case of) death* • **PT** *(caso de) morte, (caso de) óbito* **Beispill** bei deem Doudesfall geet d'Police vun engem Suicide aus

Doudesstrof [d'əʊdɛsʃtʁo:f] Femininum (Pluriel Doudesstrofen) **DE** *Todesstrafe* • **FR** *peine de mort* • **EN** *death penalty* • **PT** *pena de morte* **Beispill** a verschidene Länner steet op Drogenhandel d'Doudesstrof

Doudesursaach [d'əʊdɛzʊ:ɛza:χ] Femininum (Pluriel Doudesursaachen) **DE** *Todesursache* • **FR** *cause de la mort* • **EN** *cause of death* • **PT** *causa da morte* **Beispill** fir déi genee Doudesursaach feststellen,

huet e Patholog d'Läich obduziéiert

Doudesurteel [d'əʊdəʊ:ɣtɛ:l] Neutrum (Pluriel Doudesurteeler) DE *Todesurteil* • FR *condamnation à mort* • EN *death sentence* • PT *condenação à morte* **Beispill** an der ganzer Europäescher Union gëtt keen Doudesurteel méi gesprach

Doudewon [d'əʊdəʊ:n] Maskulinum (Pluriel Doudeween) DE *Leichenwagen* • FR *corbillard* • EN *hearse* • PT *carro fúnebre* **Beispill** de Verstuerwene gouf mam Doudewon op de Kierfecht gefouert

doudgefäierlech [dəʊtɣə'fɛiələç] Adjektiv [ëgs] DE *sehr gefährlich* • FR *très dangereux* • EN *highly dangerous* • PT *muito perigoso* **Beispill** niewent enger Bensinnsompel däerfs de net fëmmen, dat ass doudgefäierlech!

doudkrank [dəʊtkr'ɑŋk] Adjektiv DE *todkrank* • FR *gravement malade* • EN *terminally ill* • PT *gravemente doente* **Beispill** d'Doktesch huet alles gemaach, fir dem doudkranke Patient ze hëllef

doudlangweileg [dəʊt'lɑŋvɛiləç] Adjektiv [ëgs] DE *todlangweilig* • FR *ennuyéux à mourir* • EN *deadly boring* • PT *mortalmente aborrecido* **Beispill** d'Leit sinn iwwee där doudlangweileger Ried ageschlof

doudmidd [dəʊtm'it] Adjektiv DE *todmüde* • FR *mort de fatigue, crevé* • EN *deadbeat, worn out* • PT *morto de cansaço, exausto* **Beispiller** d'Kanner waren nom Trëppeltour doudmidd; no deem ustrengenden Dag si mir doudmidd an d'Bett gefall

doudonglécklech [dəʊd'ɔŋglɛkləç] Adjektiv DE *todunglücklich* • FR *très malheureux* • EN *heartbroken* • PT *muito infeliz, tristíssimo* **Beispill** hie war doudonglécklech, wéi hien héieren huet, datt mir géife plënnere

doudschiel [dəʊtʃ'ɪəl] Adjektiv [ëgs] DE *bescheuert, saublöd* • FR *totalement débile, totalement idiot* • EN *dead stupid* • PT *totalmente estúpido* **Beispiller** ech fanne dat doudschiel, wann s de dech esou domm behëls; hie war doudschiel [hie war doudvoll]

doudschlecht [dəʊtʃ'ɪæçt] Adjektiv 1. [ëgs] DE *böse, schlecht* • FR *très mauvais [méchant, malveillant]* • EN *evil* • PT *muito mau [ruim, maldoso]* **Beispill** dat do ass en doudschlechte Mënsch 2. [ëgs] DE *speiübel* • FR *très mal [malade]* • EN *very bad [terribly sick]* • PT *muito maldisposto, muito enjoado* **Beispill** et ass mir doudschlecht, ech hu bestëmmt eppes Verduerwenes gëss 3. [ëgs] DE *grottenschlecht* • FR *trop nul [de très mauvaise qualité]* • EN *abysmal, godawful* • PT *terrível, péssimo [de má qualidade]* **Beispill** géi dee Film net kucken, ech hunn e wierklech doudschlecht fonnt!

Doudschwess [dəʊtʃ'w'e:s] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Angstschweiß* • FR *sueur froide* • EN *cold sweat* • PT *suor frio* **Beispill** den Doudschwess ass mer ausgaangen, wéi de Camion op meng Stroossenäit gerëtscht koum

doudsécher [dəʊtʃ'eçɛ] Adjektiv [ëgs] DE *todsicher* • FR *totalément fiable, sans faille* <Adverb à coup sûr> • EN *sure-fire* <Adverb certainly> • PT *absolutamente seguro, infalível* <Adverb de certeza> **Beispiller** de Banquier huet sengem Client en doudséchere Tipp ginn; hien huet eise Rendez-vous vun de Mueren doudsécher

vergiess **Synonym** garantéiert

Doudsënd [dəʊtʃ'ənt] Femininum (Pluriel Doudsënnen) - Variant vun ↗Doudsënn

Doudsënn [dəʊtʃ'ən] Femininum (Pluriel Doudsënnen) DE *Todsünde* • FR *péché mortel* • EN *mortal sin* • PT *pecado mortal* **Beispill** den Houfert ass eng vun de siwe Doudsënnen

i Variant: Doudsënd

doudvoll [d'əʊtʃ'ɔl] Adjektiv [ëgs] DE *stockbetrunken* • FR *ivre mort* • EN *dead drunk, blind drunk* • PT *bêbedo como um cacho* **Beispill** nodeem hien eng halfe Fläsch Brantwäi gedronk hat, war en doudvoll

douéiert [du'ɔiɛt] Adjektiv DE *begabt* • FR *doué* • EN *talented, gifted* • PT *dotado, talentoso* **Beispill** dee jonken Trompettist ass nawell douéiert **Synonymen** begabt, talentéiert

Doum [dəʊm] Maskulinum (Pluriel Doumen) DE *Dom, Kathedrale, Münster* • FR *cathédrale* • EN *cathedral* • PT *catedral, sé* **Beispill** den Doum ass nom Krich nees restauréiert ginn

Dous [dəʊs] Femininum (Pluriel Dousen) DE *Dose, Blechdose, Büchse* • FR *boîte (de conserve), boîte (en fer blanc)* • EN *tin, can* • PT *lata (de conserva), caixa (de lata)* **Beispiller** mir hu kee frëscht Geméis méi, soll ech eng Dous Ierbessen opmaachen?; ech versuergen de Kaffi an enger spezieller Dous **Synonym** Béchs

Dousterterhaff [dəʊstɛtɛ'h'af] Eegennumm DE *Dosterthaff, Dousterterhaff* • FR *Dosterthaff, Dousterterhaff* • EN *Dosterthaff, Dousterterhaff* • PT *Dosterthaff, Dousterterhaff* **Beispiller** ech wunnen um Dousterterhaff; fiert dese Bus op den Dousterterhaff?

dout [dəʊt] Adjektiv *dout* sinn DE *tot sein* [gestorben sein] • FR *être mort [avoir cessé de vivre]* • EN *to be dead [to have died]* • PT *estar morto [ter morrido]* **Beispiller** de Bäifuerer am accidentéierten Auto war *dout* op der Plaz; déi Affär ass scho laang *dout* a begruween! [ëgs] [déi Affär ass scho laang vergiess]; déi Zäite sinn *dout*! [ëgs] [déi Zäite sinn eriwuer]; am Summer si vill Dierfer an de Schigebidder ewéi *dout* [ëgs] [am Summer ass a villen Dierfer an de Schigebidder näischt lass]

dout- Verbpartikel DE *abtrennbares Erstglied eines Verbs* • FR *[particule séparable d'un verbe]* • EN *[separable verb particle]* • PT *[partícula separável de um verbo]* **Beispiller** hie schafft sech bal *dout*, fir matzäit fäerdeg ze ginn; mir hunn eis *doutgelaacht*, wéi mir déi Geschicht héieren hunn

i Verben, déi **dout-** als Partikel hunn: ↗doutkräischen, ↗doutlaachen, ↗dout maachen, ↗doutsaufen, ↗doutschaffen, ↗dout schloen, ↗doutschloen, ↗dout trëppelen

i Dës Verbpartikel steet och am Zesammenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗dout Adjektiv

Doute [dut] Maskulinum (Pluriel Doutten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

doutkräischen [dəʊtkr'æ:ɪʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *doutgekrasch*) » **reflexiv** [ëgs] DE *sich totweinen* • FR *pleurer toutes les larmes de son corps* • EN *to cry one's heart out* • PT *chorar baba e ranho* **Beispill** wéi hire Mann gestuerwen ass, huet d'Fra sech

(bal) doutgekrasch

doutlaachen [d'əʊtla:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé doutgelaacht) » **reflexiv** [ëgs] **DE** *sich totlachen* • **FR** *être mort de rire* • **EN** *to kill oneself laughing* • **PT** *fartar-se de rir, morrer de rir* **Beispill** mir hunn eis doutgelaacht, wéi mir déi Geschicht héieren hunn **Synonymmen** sech futtillaachen, sech kapottlaachen, sech kranklaachen, sech krommlaachen, sech vrecktlaachen

dout maachen [d'əʊtma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dout gemaach / dout gemaacht) » **transitiv** **DE** *töten* • **FR** *tuer [faire mourir]* • **EN** *to kill [to cause the death of]* • **PT** *matar [tirar a vida a]* **Beispill** hien ass esou en duusse Kärel, e kann net emol eng Méck dout maachen

doutsaufen [d'əʊtʃæ:ʃəfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé doutgesoff) » **reflexiv** [ëgs] **DE** *sich tottrinken, sich toutsaufen* • **FR** *boire comme un trou* • **EN** *to drink oneself to death* • **PT** *beber como uma esponja* **Beispill** hal op, dech doutsaufen!

doutschaffen [d'əʊtʃafən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé doutgeschafft) » **reflexiv** **DE** *sich totarbeiten* • **FR** *se tuer à la tâche* • **EN** *to work oneself to death* • **PT** *matar-se a trabalhar* **Beispill** hie schafft sech bal dout, fir matzäit fäerdeg ze ginn **Synonym** sech futtschaffen

Doutschlag [d'əʊtʃla:χ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Totschlag* • **FR** *homicide* • **EN** *homicide, manslaughter* • **PT** *homicídio* **Beispill** den Ugeklote steet wéinst Doutschlag viru Geriicht

dout schloen [d'əʊtʃlo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dout geschloen) » **transitiv** **DE** *totschlagen* • **FR** *battre à mort* • **EN** *to beat to death* • **PT** *matar à pancada* **Beispill** si sétzt am Prisonsong, well se hire Mann am Affekt dout geschloen huet **Synonym** erschloen

doutschloen [d'əʊtʃlo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé doutgeschloen) » **transitiv** [ëgs] **d'Zäit** doutschloen **DE** *die Zeit totschiagen* • **FR** *tuer le temps* • **EN** *to kill time* • **PT** *matar o tempo* **Beispill** fir d'Zäit doutschloen, si mer nach een huele gaangen

dout trëppelen [d'əʊttrəpələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dout getrëppelt) » **transitiv** **DE** *tottreten, tottrampeln* • **FR** *écraser [tuer en marchant sur]* • **EN** *to trample to death* • **PT** *esmagar [matar pisando]* **Beispill** wéi am Stadion Panik ausgebrach ass, goufen drai Leit dout getrëppelt

Douzième [d'u:zjæm] Femininum (Pluriel Douzièmen) **DE** [Definitiou] *zwölfte Klasse im Luxemburger Schulsystem [technischer Sekundarunterricht bis 2017-2018]* • **FR** [Definitiou] *douzième année d'études dans l'enseignement luxembourgeois [enseignement secondaire technique jusqu'en 2017-2018]* • **EN** [Definitiou] *year twelve of the school system in Luxembourg* • **PT** [Definitiou] *décimo segundo ano de escolaridade no sistema de ensino luxemburguês [ensino secundário técnico até o ano letivo de 2017/2018]* **Beispiller** op Douzième hat ech e ganz engagéierten Däitschproff; bei eis am Lycée gouf et sechs Douzièmen

dovun [dof'un] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗vun

i Variant: dovunner

dovunner [dof'une] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dovun

dowéinst [do:v'ɪnst] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗wéinst

i Varianten: dowéinster, dowéint, dowéinter

dowéinst [do:v'ɪnst] Adverb **DE** *darum, deshalb, aus diesem Grund, deswegen* • **FR** *c'est pourquoi, pour cette raison* • **EN** *that's why, therefore* • **PT** *eis porque, por essa razão, por isso* **Beispill** ech hat eng ustrengend Woch, dowéinst muss ech de Weekend e wéineg Schlof nohuelen **Synonym** dofir

i Variant: dowéint

dowéinster [d'o:v'ɪnstɛ] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dowéinst

dowéint staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dowéinst

dowéint Adverb - Variant vun ↗dowéinst

dowéinter staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗dowéinst

dowidder [do:v'ɪdɛ] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗widder

Download [d'əʊnləʊt] Maskulinum (Pluriel Downloads / Downloaden) **1. DE** *Download [Datentransfer]* • **FR** *téléchargement [transfert de données]* • **EN** *download [data transfer]* • **PT** *descarregamento, download* **Beispill** den Download vum neisten Update ka bis zu zwou Stonnen daueren **2. DE** *Download [Datei]* • **FR** *téléchargement [fichier]* • **EN** *download [file]* • **PT** *ficheiro descarregado* **Beispill** weess du, wou mäi Computer d'Downloaden ofspäichert?

downloaden [d'əʊnləʊdɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedownload / downgeload) » **transitiv** **DE** *downloaden, herunterladen* • **FR** *télécharger* • **EN** *to download* • **PT** *descarregar, fazer o download de* **Beispiller** ech muss nach dee leschten Update vum Programm downloaden; hues de der de Formulaire fir d'Umeldung gedownload? **Synonym** eroflueden

downsizen [d'əʊnsəɪzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedownsizet / downgesizet / gedownsized / downgesized)

i Hei entsteet en neien Artikel

Down-Syndrom [d'əʊnsɪndrɔ:m] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Downsyndrom, Trisomie 21* • **FR** *syndrome de Down, trisomie 21* • **EN** *Down's syndrome, trisomy 21* • **PT** *síndrome de Down, trissomia 21* **Beispill** Mënsche mam Down-Syndrom wäichen an hirer kierperlecher a kognitiver Entwécklung ënnerschiddlech staark of vun der Norm **Synonym** Trisomie

dozou [d'o:tsəʊ] staarkt Pronominaladverb ↗do- + ↗zu

Draach [dra:χ] Maskulinum (Pluriel Draachen) **1. DE** *Drache [Fabeltier]* • **FR** *dragon [animal fabuleux]* • **EN**

dragon [mythical monster] • **PT** *dragão* [animal fabuloso] **Beispiller** an der Mythologie ass den **Draach** eng Hauptfigur; wat ass dat do en (dommen) **Draach!** [égs] [wat ass dat do en eefällege Mënsch]; eis Proprietärin ass e richtegen **Draach!** [égs] [eis Proprietärin ass eng béis Fra] **2. DE** *Drachen* [Flugdrachen] • **FR** *cerf-volant* [objekt volant] • **EN** *kite* [toy] • **PT** *papagaio* [brinquedo] **Beispill** de Papp ass mat de Kanner op d'Wiss mam **Draach** fléien

drafachen [dr'afaxən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dragefacht) » **intransitiv 1.** [égs] **DE** *zuschlagen* [gewalttätig werden] • **FR** *distribuer des coups, devenir violent* [physiquement] • **EN** *to lash out* • **PT** *dar pancada, tornar-se violento* [físicamente] **Beispill** esoubal hien e bësse gedronk huet, **facht** en dran **Synonym** draschloen **2.** [égs] **DE** *zulangen* [beim Essen] • **FR** *se goinfrer, s'empiffrer, avoir un bon coup de fourchette* • **EN** *to stuff oneself* • **PT** *alambazar-se, empanturrar-se* **Beispill** d'Invitéen hu beim kale Buffet uerdentlech dragefacht **3.** [égs] **DE** *übertreiben* [maßlos sein] • **FR** *abuser* [dépasser la mesure] • **EN** *to go over the top* [to exaggerate] • **PT** *abusar* [passar das marcas] **Beispill** si hunn awer mat de Präisser uerdentlech dragefacht

Dragée [dr'azɛ:] Femininum (Pluriel Dragéeën) **DE** *Dragee* [Süßigkeit] • **FR** *dragée* [confiserie] • **EN** *dragée* [sweet] • **PT** *amêndoa* [coberta], *confeito* **Beispill** de Pätter an d'Giedel hunn no der Daf d'Dragéeën ausgedelt

dragéieren [drag'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dragéiert) » **transitiv** [égs] **DE** *anbaggern, annachen* • **FR** *draguer* [laborer, séduire] • **EN** *to chat up, to come on to, to hit on* • **PT** *atirar-se a, engatar* [seduzir] **Beispill** an der Disko huet e flotten Typ mech dragéiert **Synonym** ubaggeren

dräi [dræ:ɪ] Kardinalzuel **DE** *drei* • **FR** *trois* • **EN** *three* • **PT** *três* **Beispiller** dee Schlauch kascht dräi Euro de Meter; eent, zwee, dräi, lass!; fënnef minus zwee ass dräi als Ziffer 3

Dräi [dræ:ɪ] Femininum (Pluriel Dräien) **DE** *Drei* [Ziffer] • **FR** *trois* [chiffre] • **EN** *three* • **PT** *três* [algarismo] **Beispiller** nennt mer iergendeng Zuel, déi mat enger Dräi ufänkt!; ech hunn elo scho véiermol hannereneen eng Dräi gewierfelt; an der Zuel 33 stinn zwou Dräien hannereneen; ech krut eng Dräi an der Prüfung [ech krut tëschent 30 an 39 Punkte vu 60 an der Prüfung] als Ziffer 3

dräiafzfeg [dræ:ɪaf'oftsɛç] Kardinalzuel **DE** *dreißig* • **FR** *cinquante-trois* • **EN** *fifty-three* • **PT** *cinquenta e três* **Beispill** an der Urgence goufen haut dräiafzfeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 53

dräiafzfegst [dræ:ɪaf'oftsɛçst] Ordinalzuel **DE** *dreißigste* • **FR** *cinquante-troisième* • **EN** *fifty-third* • **PT** *quinquagésimo terceiro* **Beispill** eréischt beim dräiafzfegst Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 53.

dräianachtzeg [dræ:ɪan'axtsɛç] Kardinalzuel **DE** *dreiundachtzig* • **FR** *quatre-vingt-trois* • **EN** *eighty-three* • **PT** *oitenta e três* **Beispill** an der Urgence goufen haut dräianachtzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 83

i Variant: dräianuechtzeg

dräianachtzegst [dræ:ɪan'axtsɛçst] Ordinalzuel **DE** *dreiundachtzigste* • **FR** *quatre-vingt-troisième* • **EN** *eighty-third* • **PT** *octogésimo terceiro* **Beispill** eréischt beim dräianachtzegst Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 83.

i Variant: dräianuechtzegst

dräiandrësseg [dræ:ɪandr'əsɛç] Kardinalzuel **DE** *dreiunddreißig* • **FR** *trente-trois* • **EN** *thirty-three* • **PT** *trinta e três* **Beispill** an der Urgence goufen haut dräiandrësseg Patiente behandelt **mat Zifferen** 33

dräiandrëssegst [dræ:ɪandr'əsɛçst] Ordinalzuel **DE** *dreiunddreißigste* • **FR** *trente-troisième* • **EN** *thirty-third* • **PT** *trigésimo terceiro* **Beispill** eréischt beim dräiandrëssegst Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 33.

dräiannonzeg [dræ:ɪan'ontsɛç] Kardinalzuel **DE** *dreiundneunzig* • **FR** *quatre-vingt-treize* • **EN** *ninety-three* • **PT** *noventa e três* **Beispill** an der Urgence goufen haut dräiannonzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 93

dräiannonzegst [dræ:ɪan'ontsɛçst] Ordinalzuel **DE** *dreiundneunzigste* • **FR** *quatre-vingt-treizième* • **EN** *ninety-third* • **PT** *nonagésimo terceiro* **Beispill** eréischt beim dräiannonzegst Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 93.

dräianuechtzeg [dræ:ɪan'uɛçtsɛç] Kardinalzuel - Variant vun **dräianachtzeg**

dräianuechtzegst [dræ:ɪan'uɛçtsɛçst] Ordinalzuel - Variant vun **dräianachtzegst**

dräianzwanzeg [dræ:ɪantsw'antsɛç] Kardinalzuel **DE** *dreiundzwanzig* • **FR** *vingt-trois* • **EN** *twenty-three* • **PT** *vinte e três* **Beispill** an der Urgence goufen haut dräianzwanzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 23

dräianzwanzegst [dræ:ɪantsw'antsɛçst] Ordinalzuel **DE** *dreiundzwanzigste* • **FR** *vingt-troisième* • **EN** *twenty-third* • **PT** *vigésimo terceiro* **Beispill** eréischt beim dräianzwanzegst Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 23.

dräiasechzeg [dræ:ɪaz'æçtsɛç] Kardinalzuel **DE** *dreiundsechzig* • **FR** *soixante-trois* • **EN** *sixty-three* • **PT** *sessenta e três* **Beispill** an der Urgence goufen haut dräiasechzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 63

i Variant: dräiasiechzeg

dräiasiechzegst [dræ:ɪaz'æçtsɛçst] Ordinalzuel **DE** *dreiundsechzigste* • **FR** *soixante-troisième* • **EN** *sixty-third* • **PT** *sexagésimo terceiro* **Beispill** eréischt beim dräiasiechzegst Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 63.

i Variant: dräiasiechzegst

dräiasiechzeg [dræ:ɪaz'ieçtsɛç] Kardinalzuel - Variant vun **dräiasiechzeg**

dräiasiechzegst [dræ:ɪaz'ieçtsɛçst] Ordinalzuel - Variant vun **dräiasiechzegst**

dräiasiwwenzeg [dræ:ɪaz'ivəntsɛç] Kardinalzuel **DE** *dreiundsiebzig* • **FR** *soixante-treize* • **EN** *seventy-three* • **PT** *setenta e três* **Beispill** an der Urgence goufen haut dräiasiwwenzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 73

dräiasiwwenzegst [dʁ'æ:ɪɑzɪvəntsəçst] Ordinalzuel DE *dreiundsiebzigste* • FR *soixante-treizième* • EN *seventy-third* • PT *septuagésimo terceiro* **Beispill** eréischt beim dräiasiwwenzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 73.

dräiavéierzeg [dʁ'æ:ɪɑf'ʒɪɛtsəç] Kardinalzuel DE *dreiundvierzig* • FR *quarante-trois* • EN *forty-three* • PT *quarenta e três* **Beispill** an der Urgence goufen haut dräiavéierzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 43

dräiavéierzegst [dʁ'æ:ɪɑf'ʒɪɛtsəçst] Ordinalzuel DE *dreiundvierzigste* • FR *quarante-troisième* • EN *forty-third* • PT *quadragésimo terceiro* **Beispill** eréischt beim dräiavéierzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 43.

Dräibiz [dʁ'æ:ɪbi:ts] Maskulinum (Pluriel Dräibizen / Dräibizer) [ɛɡs] DE *Dummkopf* • FR *imbécile* • EN *fool*, *blockhead* • PT *imbecil* **Beispill** esou Saache kënnen nëmmen engem Dräibiz ewéi him passéieren! **Synonymmen** Blani, Blödian, Dabo, Eefalt, Hännes, Klautjen, Topert

Dräibuer [dʁ'æ:ɪbu:ɐ] Eegennumm DE *Dreiborn* • FR *Dreiborn* • EN *Dreiborn* • PT *Dreiborn* **Beispill** ech wunnen zu Dräibuer; fiert dese Bus op Dräibuer?

i Lokalvariant: Dräibuer

i Fir Joerzëngte stoung **Dräibuer** mat senger Erzéiungsanstalt fir déi Plaz, wou virun allem mannerjäreg Jongen ënnerbruecht goufen, déi aus schwierige Verhältnisser koumen oder riskéiert hunn, kriminell ze ginn. Haut sinn d'Strukturen zu Dräibuer anerer wéi fréier, mee Sätz ewéi: „Dee souz zu Dräibuer!“ maachen nach ëmmer daitlech, datt een a senger Jugend scho mam Gesetz a Konflikt gerode war. Esou Ausdréck sinn dacks pejorativ konotéiert.

Dräibur [dʁ'æ:ɪbu:ɐ] Eegennumm - Variant vun ↗Dräibuer

3D-Drécker [dʁæ:ɪd'e:dr'ekɛ] Maskulinum (Pluriel 3D-Drécker) - Variant vun ↗3D-Drucker

3-D-Drécker [dʁæ:ɪd'e:dr'ekɛ] Maskulinum (Pluriel 3-D-Drécker) - Variant vun ↗3D-Drucker

3D-Drucker Maskulinum (Pluriel 3D-Drécker) DE *3-D-Drucker* • FR *imprimante 3D* • EN *3D printer* • PT *impressora 3D* **Beispill** ech hu mer mat mengem 3D-Drucker dëst Gehais selwer gemaach; d'Leit, déi en 3D-Drucker doheem hunn, kënnen hëllef, fir Visiëren ze produzéieren **Synonymmen** 3D-Imprimante, 3D-Printer

i Varianten: 3D-Drécker, 3-D-Drécker

3-D-Drucker Maskulinum (Pluriel 3-D-Drucker) - Variant vun ↗3D-Drucker

dräidimensional [dʁ'æ:ɪdimænzjona:l] Adjektiv DE *dreidimensional* • FR *tridimensionnel*, *en trois dimensions* • EN *three-dimensional* • PT *tridimensional*, *a três dimensões* **Beispill** op der Pressekonferenz gouf och en dräidimensionale Modell vum neien Theater presentéiert; fir de Film dräidimensional ze gesinn, brauchts de en extrae Brëll

3D-Imprimante [dʁæ:ɪd'e:ɛ:mprim'ã:t] Femininum (Pluriel 3D-Imprimanten) DE *3-D-Drucker* • FR *imprimante 3D* • EN *3D printer* • PT *impressora 3D* **Beispill** ech hu mer mat menger 3D-Imprimante dëst Gehais selwer gemaach; d'Leit, déi eng 3D-Imprimante do-

heem hunn, kënnen hëllef, fir Visiëren ze produzéieren **Synonymmen** 3D-Drucker, 3D-Printer

3-D-Imprimante [dʁæ:ɪd'e:ɛ:mprim'ã:t] Femininum (Pluriel 3-D-Imprimanten) - Variant vun ↗3D-Imprimante

3D-Printer [dʁæ:ɪd'e:ɛ:pr'inte] Maskulinum (Pluriel 3D-Printeren) DE *3-D-Drucker* • FR *imprimante 3D* • EN *3D printer* • PT *impressora 3D* **Beispill** ech hu mer mat mengem 3D-Printer dëst Gehais selwer gemaach; d'Leit, déi en 3D-Printer doheem hunn, kënnen hëllef, fir Visiëren ze produzéieren **Synonymmen** 3D-Drucker, 3D-Imprimante

3-D-Printer [dʁæ:ɪd'e:ɛ:pr'inte] Maskulinum (Pluriel 3-D-Printeren) - Variant vun ↗3D-Printer

Dräieck [dʁ'æ:ɪæk] Maskulinum (Pluriel Dräiecken / Dräiecker) **1.** DE *Dreieck* [geometrische Figur] • FR *triangle* [figure géométrique] • EN *triangle* [geometrical figure] • PT *triângulo* [figura geométrica] **Beispill** bei engem Dräieck ass d'Zomm vun de Wénkelen ëmmer 180 Grad **2.** DE *Verkehrsschild* [in Form eines Dreiecks], *Dreieck* • FR *panneau de signalisation* [en forme de triangle], *triangle* • EN *warning triangle* [warning sign, give-way sign] • PT *sinal de trânsito* [em forma de triângulo], *triângulo* **Beispill** den ëmgedreiten Dräieck seet engem, datt ee keng Virfaart huet **Synonym** Dräiecksschëld **3.** DE *Dreieck* [Warndreieck] • FR *triangle* [de présignalisation] • EN *hazard warning triangle* • PT *triângulo* [de présinalização] **Beispill** wann een eng Pann op der Strooss huet, muss een en Dräieck opstellen **Synonym** Warn-dreieck

Dräiecksschëld [dʁ'æ:ɪæksʃəlt] Neutrum (Pluriel Dräiecksschëlter / Dräiecksschëlter) DE *Gefahrenverkehrsschild* [in Form eines Dreiecks] • FR *panneau de signalisation* [de danger] [en forme de triangle], *triangle* • EN *warning triangle* [warning sign, give-way sign] • PT *sinal de trânsito* [de perigo] [em forma de triângulo], *triângulo* **Beispill** wat steet op deem Dräiecksschëld dohannen?; dat ëmgedreit Dräiecksschëld seet engem, datt ee keng Virfaart huet **Synonym** Dräieck

dräierlee [dʁ'æ:ɪɛle:] Indefinitpronomen DE *dreierlei* • FR *trois sortes de*, *trois choses* • EN *three kinds*, *three things* • PT *três tipos de*, *três coisas* **Beispill** um Buffet kann een tëschent dräierlee Zalote wielen; bei deem Problem do geet et ëm dräierlee

dräifach [dʁ'æ:ɪfɑχ] Adjektiv DE *dreifach* • FR *triple* • EN *threefold* • PT *tríplo* **Beispill** mat enger dräifacher Verglasung kéinten d'Heizkäschtche bedeitend reduzéiert ginn; eis Dier ass dräifach geséichert **mat Ziffer** 3-fach

Dräifaltegkeet [dʁæ:ɪf'altəçke:t] Femininum (kee Pluriel) [Relioun] DE *Dreifaltigkeit* • FR *Trinité* • EN *Trinity* • PT *Trindade* **Beispill** d'helleg Dräifaltegkeet gëtt den eischte Sonndeg no Päschtche gefeiert

Draifchen [dʁ'ɑɪfçən] Femininum (Pluriel Draiwërcher) - Diminutivform vun ↗Drauf

Dräikinneksdag [dʁæ:ɪk'ineksda:χ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Dreikönigsfest* • FR *Épiphanie* • EN *Epiphany* • PT *Epifania* **Beispill** de 6. Januar ass Dräikinneksdag

Dräikinnekskuch Maskulinum (Pluriel Dräikinnekskuchen) **DE** Dreikönigskuchen • **FR** galette des Rois • **EN** Three Kings cake • **PT** bolo-rei **Beispill** wien d'Boun a sengem Stéck Dräikinnekskuch fénnt, daerf sech d'pabeiers Kroun opsetzen

dräimol [dR'æ:ɪmo:l] Adverb **DE** dreimal • **FR** trois fois • **EN** three times • **PT** três vezes **Beispill** et soll een sech dräimol den Dag d'Zänn wäschen **mat** Ziffer 3-mol

Drain [dRɛ:] Maskulinum (Pluriel Drainen) **DE** Drain [Röhrchen] • **FR** drain [médical] • **EN** (surgical) drain • **PT** drenar [medicina] **Beispill** no menger Operatioun hat ech nach e puer Deeg en Drain an der Wonn **Synonym** Redon

drainéieren [dRɛ:n'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé drainéiert)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Dräirad [dR'æ:ɪRa:t] Neutrum (Pluriel Dräirieder) **DE** Dreirad [Kinderfahrzeug] • **FR** tricycle • **EN** tricycle • **PT** triciclo [de criança] **Beispill** meng kleng Niess wollt mam Dräirad bis an d'Nopeschduerf fueren

Dräisproochegheet [dR'æ:ɪʃpRɔ:χəçke:t] Femininum (kee Pluriel)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Dräizéiweméiw [dRæ:ɪts'zɪvəmɛɪf] Femininum (Pluriel Dräizéiweméiwen) **Rissa** tridactyla **DE** Dreizehenmöwe • **FR** mouette tridactyle • **EN** black-legged kittiwake • **PT** gaivota-tridáctila **Beispill** wéi laang bréien d'Dräizéiweméiwen?

dräizéng [dR'æ:ɪtsɛŋ] Kardinalzuel **DE** dreizehn • **FR** treize • **EN** thirteen • **PT** treze **Beispiller** aus Awerglawen hu vill Leit net gär, wann en Dësch fir dräizéng Leit gedeckt ass; zwielf plus eent gëtt dräizéng **mat** Zifferen 13

i Variant: dräizing

dräizéng honnert [dR'æ:ɪtsɛŋhonet] Kardinalzuel **DE** dreizehnhundert, tausenddreihundert • **FR** treize cents, mille trois cents • **EN** thirteen hundred, one thousand three hundred • **PT** mil e trezentos **Beispill** eisen neien Dësch huet dräizéng honnert Euro kascht **mat** Zifferen 1300

i Variant: dräizinghonnert

dräizéngt [dR'æ:ɪtsɛŋt] Ordinalzuel **DE** dreizehnte • **FR** treizième • **EN** thirteenth • **PT** décimo terceiro **Beispill** mäi Büro ass um dräizéngte Stack **mat** Zifferen 13.

i Variant: dräizingt

dräizing Kardinalzuel - Variant vun ↗dräizéng

dräizinghonnert Kardinalzuel - Variant vun ↗dräizéng honnert

dräizingt Ordinalzuel - Variant vun ↗dräizéngt

drakucken [dR'akukən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dragekuckt) » **intransitiv** **DE** dreinblicken • **FR** avoir l'air, avoir le regard [paraître] • **EN** to look [to appear] • **PT** estar com um olhar [parecer] **Beispiller** fro hie léiwer näischt, e kuckt haut zimmlech granzeg dran; d'Studenten hunn nom Examen net ganz glécklech

dragekuckt **Synonym** kucken

Drall [dRəl] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** Drall [Rotation] • **FR** effet [de rotation] • **EN** spin, side, swing [on a ball] • **PT** efeito [de rotação] **Beispill** mat deem richtigen Drall wier deng Klätz net am Kullang gelant **Synonym** Effet **2. DE** Verdrillung [von Fasern, von Drähten] • **FR** torsion [de fibres, de câbles] • **EN** twist, twisting, torsion [of fibres, of cables] • **PT** torção [de fibras, de cabos] **Beispill** ech kréien d'Verlängerung net richtig opgewéckelt, well ze vill Drall dran ass

Dram [dRa:m] Maskulinum (Pluriel Dreem) **1. DE** Traum [im Schlaf] • **FR** rêve [pendant le sommeil] • **EN** dream [during sleep] • **PT** sonho [durante o sono] **Beispiller** ech ka mech ëmmer u meng Dreem erënnere; dat géif mir am Dram net afalen! [égs] [dat géif ech ni maachen!]; dat ass en Dram vun engem Haus! [égs] [dat ass e ganz schéint Haus] **2. ellenen** Dram / schlechten Dram **DE** Albtraum [im Schlaf] • **FR** cauchemar [pendant le sommeil] • **EN** bad dream, nightmare • **PT** pesadelo [durante o sono] **Beispill** schlouf roueg weider, dat war just en ellenen Dram! **Synonymmen** Alb-dram, Cauchemar **3. DE** Traum [Wunsch] • **FR** rêve [désir, souhait, ambition] • **EN** dream [wish, ambition] • **PT** sonho [desejo, aspiração] **Beispill** et ass mäin Dram, eng Kéier eng Weltrees ze maachen!

Drama [dR'a:ma:] Maskulinum/Neutrum **1.** (Pluriel Dramaen) **DE** Drama [Katastrophe] • **FR** drame [catastrophe] • **EN** drama, catastrophe, tragedy • **PT** drama [catastrofe] **Beispiller** d'Affer hu Méint gebraucht, ier se den Drama verschafft haten; dat ass keen Drama [égs] [dat ass net schlëmm]; maach keen Drama draus! [égs] [maach et net méi schlëmm, wéi et ass] **2.** (Pluriel Dramaen) **DE** Drama [Theaterstück] • **FR** drame, œuvre dramatique • **EN** drama [play for the theatre] • **PT** drama, obra dramática **Beispill** dëst klassescht Drama spillt am anticke Gricheland **3.** (kee Pluriel) **DE** Drama [Gattung] • **FR** drame [genre littéraire] • **EN** drama [genre] • **PT** drama [género literário] **Beispill** dëse Literaturwëssenschaftler ass en Expert vum klasseschen Drama **Synonym** Dramatik

dramatesch [dRam'a:təʃ] Adjektiv **1. DE** dramatisch, tragisch [erschütternd] • **FR** dramatique, tragique <Adverb tragiquement> • **EN** dramatic, striking <Adverb dramatically, strikingly> • **PT** dramático, trágico <Adverb dramaticamente> **Beispiller** dat ass net dramatesch; de Chômage huet dramatesch zougeholl [de Chômage huet ganz staark zougeholl] **Synonym** tragesch **2. DE** dramatisch [das Drama betreffend] • **FR** dramatique [relatif à un oeuvre dramatique] • **EN** dramatic, theatrical [work of literature] • **PT** dramático [que é do género do drama] **Beispill** an der Schoul behandelte mer grad e klassescht dramatescht Wierk

Dramatik [dRam'a:tik] Femininum (kee Pluriel) **DE** Dramatik [literarische Gattung] • **FR** drame [genre littéraire] • **EN** drama [literary genre] • **PT** drama [género literário] **Beispill** d'Dramatik ass nieft der Lyrik an der Epik eng vun den dräi grouse literaresche Gattungen

dramatiséieren [dRamatiz'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dramatiséiert) » **transitiv** **DE** dramatisieren [aufbauschen] • **FR** dramatiser, exagérer, faire tout un cas de • **EN** to dramatize [to exag-

gerate] • **PT** dramatizar, exagerar **Beispill** d'Journalistin wollt den Tëschefall net dramatiséieren

Dramaturgie Femininum (Pluriel Dramaturgien) **1. DE** Dramaturgie [Komposition von Dramen] • **FR** dramaturgie [composition théâtrale] • **EN** dramaturgy [writing of dramatic pieces] • **PT** composição dramática **Beispill** dëse Film huet d'Dramaturgie vun engem pompösen Theaterstéck aus dem Barock **2. DE** Dramaturgie [Theorie der Komposition von Dramen] • **FR** dramaturgie [théorie de la composition théâtrale] • **EN** dramaturgy [theory] • **PT** dramaturgia [arte dramática] **Beispill** den Auteur huet sech schonn a senger Schoulzäit fir d'Dramaturgie interesséiert

dramaulen [dʁ'amaulən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé dragemault) » **intransitiv** graf **DE** dawischenfunken, übers Maul fahren • **FR** couper la parole • **EN** to butt in, to interrupt • **PT** cortar a palavra **Beispiller** hei gött net dragemault!; maul mir net stänneg dran!

Dramberuff [dʁ'a:mberuf] Maskulinum (Pluriel Dramberuffer) **DE** Traumberuf • **FR** métier de rêve • **EN** dream job • **PT** profissão de sonho **Beispill** ville Kanner hiren Dramberuff ass Astronaut

dran [dʁan] schwaacht Pronominaladverb ↗der- + ↗an

dran [dʁan] Adverb égs **DE** drin [möglich] • **FR** possible [envisageable, faisable] • **EN** possible [doable, feasible] • **PT** possível [concebível, factível] **Beispiller** et ass nach alles dran; ass dat do nach dran! [⇒ seet een, wann ee ganz verwonnert ass; ⇒ seet een, wann een sech igeret]

Drang [dʁaŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Drang [Trieb, Bedürfnis] • **FR** besoin urgent, impulsion • **EN** urge, impulse • **PT** desejo, necessidade, impulso **Beispiller** de jugendlechen Drang, d'Welt ze verbesseren, vergeet dacks mat de Joren; d'Hënn vun dëser Rass hunn e staarken Drang, sech ze beweegen

drängelen [dʁ'æŋələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedrängelt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

drängen [dʁ'æŋəŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedrängt) » **transitiv 1.** drängen (zu) **DE** drängen (zu) [zwingen (zu)] • **FR** pousser à, brusquer • **EN** to push (to) • **PT** pressionar a, apertar com **Beispiller** ech loosse mech vu kengem (derzou) drängen, eppes ze ënnerschreiwien, mat deem ech net d'accord sinn; dräng mech net esou, ech kann dat net ausstoen! » **intransitiv 2.** drängen op **DE** drängen auf [bestehen auf] • **FR** insister pour • **EN** to press for, to insist on • **PT** insistir para (que), insistir por **Beispiller** mir hunn drop gedrängt, datt all d'Parteien sech un een Dësch setzen an zesummen no enger Léisung sichen; no deene sëllege Reuniounen drängt d'Cheffin elo op e séiert Resultat **Synonym** insistéieren

i Verben, déi **drängen** als Basis hunn: ↗opdrängen an ↗virdrängen

drangsaléieren [dʁaŋza'l'ziərəŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé drangsaléiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Dränk [dʁæŋk] Femininum (Pluriel Dränken) **DE** Selbsttränke • **FR** abreuvoir • **EN** (drinking) trough • **PT** bedouro **Beispill** d'Kéi hu kee Waasser méi, d'Dränk am Stall ass futti

dränken [dʁ'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedrängt) » **transitiv 1.** **DE** tränken [ein Tier] • **FR** abreuver [un animal] • **EN** to water [an animal] • **PT** abeberar [um animal] **Beispill** d'Bauerefra huet d'Kaalwer mam Eemer gedrängt **2. DE** tränken, imprägnieren • **FR** imprégner, tremper • **EN** to soak, to impregnate • **PT** embeber, impregnar, molhar **Beispiller** dee Kuch kanns de mat enger Drépp dränken; de Schrainer drängt d'Holz mat engem Mëttel géint den Holzwuerm

drapéieren [dʁap'ziərəŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé drapéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

drarieden [dʁ'ariədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé drageriet) » **intransitiv DE** hineinreden [sich einmischen] • **FR** se mêler des affaires de • **EN** to butt in, to interfere • **PT** meter-se nos assuntos de **Beispill** ech kann näischt ënnerhuelen, ouni datt hie mir drariet! **Synonym** draschwätzen

draschloen [dʁ'ɑʃlo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé drageschloen) » **intransitiv 1.** **DE** zuschlagen [gewalttätig werden] • **FR** distribuer des coups, devenir violent [physiquement] • **EN** to lash out [physically] • **PT** dar pancada, tornar-se violento [físicamente] **Beispill** wann hie richtig rose gött, schléit en dran ewéi e Mëllen **2.** égs **DE** reinhauen [essen] • **FR** s'empiffrer • **EN** to tuck in [to eat] • **PT** empanturrar-se **Beispill** ech duecht, ech hätt ze vill gekacht, mee eis Gäscht hu gutt drageschloen

draschwätzen [dʁ'ɑʃwætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé drageschwat) » **intransitiv DE** hineinreden [sich einmischen] • **FR** se mêler des affaires de • **EN** to interfere, to butt in • **PT** meter-se nos assuntos de **Beispill** firwat muss de engem ëmmer draschwätzen? **Synonym** drarieden

drastesch [dʁ'astəʃ] Adjektiv **DE** drastisch [einschneidend] • **FR** drastique, radical <Adverb de façon drastique, radicalement> • **EN** drastic <Adverb drastically> • **PT** drástico, radical <Adverb drasticamente, radicalmente> **Beispiller** well d'Demonstranten net noginn hunn, huet d'Police zu méi drastesche Methode gegriff; eis Budget ass d'lëscht Joer drastesch gekierzt ginn

Drauf [dʁaʊf] Femininum (Pluriel Drauwen) **1. DE** Traube [gesamte Frucht] • **FR** raisin [grappe, fruit] • **EN** grape [bunch of fruit] • **PT** uva [cacho, fruto] **Beispiller** pak mer nach e puer Drauwen an!; dëst Joer sinn d'Drauwe séiss **2. DE** Traube [einzelne Beere] • **FR** raisin [grain] • **EN** grape [berry] • **PT** uva [bago] **Beispill** de Gebuertsdagskuch war mat e puer Kiischen an Drauwen dekoréiert **Synonym** Gron **3. DE** Traubensorte • **FR** raisin, cépage • **EN** grape variety • **PT** casta de uvas **Beispill** de Chardonnay ass eng Drauf, déi sech gutt eegent, fir Cremant ze maachen **Synonym** Drauwenzort

Draufelt [dʁ'æ:ʊfəlt] Eegennumm **DE** Drauffelt • **FR** Drauffelt • **EN** Drauffelt • **PT** Drauffelt **Beispiller** ech wunnen zu Draufelt; fiert dëse Bus op Draufelt?

draus [dʁæ:ʊs] schwaacht Pronominaladverb ↗der- + ↗aus

Drauwegebeess [dʁ'ʌʋvəgəbe:s] Neutrum (Pluriel <seelen> Drauwegebesser) **DE** Traubenmarmelade • **FR** confiture de raisins • **EN** grape jam • **PT** doce de uva **Beispill** hues du schonn eng Kéier Drauwegebess geschmaacht?

Drauwejelli [dʁʌʋvəʒ'æli:] Maskulinum (Pluriel <seelen> Drauwejellien) **DE** Traubengelee • **FR** gelée de raisins • **EN** grape jelly • **PT** geleia de uva **Beispill** kanns de e Glas Drauwejelli aus der Spënnche matbréngen?

Drauvelies [dʁ'ʌʋvəliəs] Femininum (Pluriel Drauveliesen) **DE** Traubenlese • **FR** vendange(s) • **EN** grape harvest • **PT** vindima **Beispill** gëschter hunn d'Wënzer d'Enn vun der Drauvelies gefeiert **Synonym** Lies

Drauwezort [dʁ'ʌʋvəntsɔʁt] Femininum (Pluriel Drauwezorten) **DE** Traubensorte • **FR** cépage • **EN** grape variety • **PT** casta de uvas **Beispill** d'Grone vun dëser Drauwezort hu bal keng Kären

dréchen [dʁ'ɛçən] Adjektiv **1.** **DE** trocken [frei von Nässe, getrocknet] • **FR** sec [non mouillé, non humide] • **EN** dry [free from moisture or liquid] • **PT** seco, enxuto [não molhado, não húmido] **Beispiller** esoubal de Fëscher doheem war, huet en dréchen Gezei ugedoen; pass op, d'Faarf ass nach net dréchen!; mir sinn nach dréchen doheem ukomm [éggs] [mir waren doheem, ier et ugefaangen huet ze reenen] **2.** **DE** trocken [Haut] • **FR** sec [déshydraté] • **EN** dry [dehydrated] • **PT** seco [desidratado] **Beispiller** ech bräich eng Crème fir eng dréchen Haut; meng Mamm huet am Wanter ëmmer dréche Lépsen; ech hunn de Mëtteg just eng dréche Schmier giess [éggs] [ech hunn de Mëtteg just en einfacht Stéck Brout, ouni eppes drop, giess] **3.** **DE** trocken [Niederschlagsarm] • **FR** sec, aride [sans pluie] • **EN** dry [arid] • **PT** seco, árido [sem chuva] **Beispiller** Nordafrika huet en dréchen Klima; dëst Joer hate mer en dréchene Summer **4.** **DE** trocken [nüchtern, langweilig] • **FR** sec, ennuyeux, monotone • **EN** dry [boring] • **PT** aborrecido, monótono **Beispill** Mathematik ass fir vill Schüler en dréchen Fach **5.** **DE** trocken [nüchtern witzig] • **FR** sec, pince-sans-rire • **EN** dry [subtle, matter-of-fact] • **PT** seco [que não demonstra emoção] **Beispiller** eisen Hausdokter huet en dréchenen Humor; ech kéint mech futti-laachen iwwer deng dréche Bemierkungen! **6.** **DE** trocken [nach Alkoholsucht abstinient] • **FR** abstinent [renonçant à l'alcool] • **EN** dry [abstinent] • **PT** em abstinência total [de álcool] **Beispiller** ech sinn en dréchenen Alkoholiker; mäi beschte Frënd ass elo schonn iwwer zéng Joer dréchen

Dréchen [dʁ'ɛçənt] Femininum (Pluriel Dréchen-ten) **DE** Trockenheit, Dürreperiode • **FR** sécheresse [période sèche] • **EN** drought • **PT** seca, segura **Beispill** wéinst der Dréchen gëtt et dëst Joer net vill Drauwen

dréchnen [dʁ'ɛçnən] ♦ Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gedréchent) » **transitiv 1.** **DE** trocknen • **FR** sécher [rendre sec] • **EN** to dry [to make dry] • **PT** secar [tornar seco] **Beispiller** de Papp dréchen de Kanner de Kapp mam Fön; mäi Metzler huet gutt gedréchent Ham ♦ Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé gedréchent) » **intransitiv 2.** **DE** trocknen • **FR** sécher [de-

venir sec] • **EN** to dry [to become dry] • **PT** secar [ficar seco] **Beispiller** wann dompegt Wieder ass, dréchent d'Wäsch net; d'Faarf ass séier gedréchent

i Verben, déi **dréchnen** als Basis hunn: ↗andréchnen, ↗ausdréchnen, ↗ofdréchnen an ↗undréchnen

drechseln Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gedrechset)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Dreck [dʁæk] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Dreck [Schmutz] • **FR** saleté, crasse • **EN** dirt [filth] • **PT** imundície, porcaria, sujidade **Beispiller** d'Schwäi wenzelen sech am Dreck; däin Hiem steet jo vun Dreck!; déi Schülerin ass frech ewéi Dreck! [éggs] [déi Schülerin ass ganz frech]; zéi dach net all Mënsch duerch den Dreck! [éggs] [schwätz dach net schlecht vun all Mënsch!]; op senger Schaff gëtt hie behandelt ewéi de leschten Dreck [éggs] [op senger Schaff gëtt hie ganz schlecht behandelt]; meng net, datt ech fir dech d'Kar aus dem Dreck zéien! [éggs] [meng net, ech géif däi Problem an denger Plaz léisen!]; elo stécht d'Kar am Dreck! [éggs] [elo hu mer e Problem!]; këmmer dech ëm däin eegenen Dreck! [éggs]; dat geet dech en alen Dreck un! [éggs] [dat geet dech näischt un!]; en alen Dreck! [éggs] [⇒ seet een, wann eppes fir een net a Fro kënt!]; Dreck schauert de Mo [éggs] [⇒ seet een zu engem, deem eppes beim Essen net propper genuch ass] **Synonym** Knascht **2.** (kee Pluriel) [éggs] **DE** Dreck [Schund, wertloses Zeug] • **FR** saleté(s), saloperie(s) [objet(s) sans valeur] • **EN** rubbish, junk • **PT** chungaria(s), porcaria(s) [objeto(s) sem valor] **Beispiller** hal däin Dreck!; dat do ass nëmme bëllegen Dreck! **Synonym** Wouscht **3.** (kee Pluriel) [éggs] **DE** Dreck [Kleinigkeit] • **FR** bêtise, bagatelle, brouille • **EN** trifle [bagatelle] • **PT** ninharia, bagatela, insignificância **Beispiller** du kanns mir dach net fir all Dreck urufen!; ech muss mech wierklech ëm all klengen Dreck selwer këmmen! **Synonymmen** Dommheet, Klengegkeet **4.** (kee Pluriel) **DE** Müll, Abfall • **FR** ordures, déchets • **EN** rubbish, refuse [waste] • **PT** lixo [desperdícios] **Beispill** ech muss den Dreck nach erofbréngen **Synonym** Offall **5.** (Pluriel Drecker) **DE** Kothaufen • **FR** crotte [létron] • **EN** faeces, excrement • **PT** porcaria, dejetto, excremento **Beispill** de Marder erkennt een u senger Drecker

dreckeg [dʁ'ækɛç] Adjektiv **1.** **DE** dreckig, schmutzig [beschmutzt] • **FR** sale [souillé, crasseux] • **EN** dirty [unclean] • **PT** sujo [limundo, porco] **Beispiller** gehei deng dreckeg Wäsch an d'Maandel!; hir Fënstere sinn esou dreckeg, et gesäit ee bal net méi derduerch **Synonymmen** knaschteg, schmotzeg **2.** **DE** dreckig [gemein] • **FR** sale [mauvais, méchant] <Adverb méchantement> • **EN** nasty, dirty, mean <Adverb nastily, meanly> • **PT** sujo, mau, maldoso <Adverb maldosamente> **Beispiller** den Ugekloten hat schonn ëmmer en dreckege Charakter; laach net esou dreckeg! **Synonym** knaschteg **3.** **DE** übel [unangenehm, unerfreulich] • **FR** sale [désagréable, fâcheux] • **EN** dirty [dishonest, unethical] • **PT** sujo, desagradável **Beispiller** eis Clique gouf an eng dreckeg Affär eragezunn; mir geet et am Ament zimmlech dreckeg! [éggs] [mir geet et am Ament guer net gutt] **4.** **DE** dreckig, schmutzig [unanständig] • **FR** sale, grivois, obscène • **EN** dirty [obscene, lewd] • **PT** sujo, licencioso, obsceno **Beispill** de Wiert aus deem Café zielt gären dreckeg Witzen **Synonym** knaschteg

Dronk [dRɔŋk] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *Trunk* [Getränk] • FR *brevage, potion* • EN *potion* • PT *beberagem, poção* **Beispill** d'Hex huet en **Dronk** zesummegebraut, fir d'Prinzessin ze vergëften **2.** **vereelzt** DE *(leichter) Rausch, Trunkenheit* • FR *(état d')ivresse* • EN *(state) of intoxication* • PT *(estado de) embriaguez* **Beispiller** verschidde Leit schwätzen am **Dronk** mat sech selwer; hien huet den **Dronk** scho gespiert, wéi en op d'Iesse koum [ëgs] |hie war scho lichts alkoholiséiert, wéi en op d'Iesse koum!; pass op, dee Kärel do huet e rosenen **Dronk!** [ëgs] |pass op, dee Kärel do gëtt aggressiv, wann en ze vill Alkohol gedronk huet!]

dronkeg [dR'ɔŋkəç] Adjektiv - Variant vun ↗dronken

dronken [dR'ɔŋkən] Adjektiv DE *schwindlig* • FR *pris de vertiges* • EN *dizzy* • PT *tonto, com vertigens* **Beispiller** vum villen Danze sinn ech ganz **dronken**; wann ech

an d'Déift kucken, gëtt et mer **dronken** **Synonym** schwindeleg

i Variant: dronkeg

Dronkenellen [dʁɔŋkən'æləŋ] Substantiv (kee Singulier) **1.** d'Dronkenelle ginn ... aus **DE** *schwindlig werden* • **FR** *avoir le tournis [avoir un étourdissement]* • **PT** *ter torturas* **Beispill** ech hu mer de Kapp esou fest um Dësch gestouss, datt d'Dronkenelle mer ausgaange sinn **2.** d'Dronkenelle ginn ... aus **DE** *es mit der Angst zu tun bekommen, schwindeln* • **FR** *avoir le tournis, avoir la tête qui tourne [être effrayé]* • **PT** *ficar tonto, ficar aturdido [ficar espantado]* **Beispill** wéi de Garçon eis d'Rechnung bruecht huet, sinn d'Dronkenelle mer ausgaangen; wann een d'Präisser vun den Immobilie kuckt, ginn engem d'Dronkenellen aus **3.** d'Dronkenelle ginn ... aus **DE** *angst und bange werden* • **FR** *avoir une peur bleue* • **PT** *ficar cheio de medo, ficar aterrado* **Beispill** d'Boot huet esou geschaukelt, datt de Passagéier d'Dronkenellen ausgaange sinn

drop [dʁɔp] schwaacht Pronominaladverb ↗der- + ↗op

drop [dʁɔp] Adverb **1.** **[égs]** gutt drop sinn **DE** *gut drauf sein* • **FR** *avoir la pêche* • **EN** *to feel good, to be in a good mood* • **PT** *estar bem-disposto* **Beispill** ech hunn net gutt geschlof a sinn dofir haut net wierklech gutt drop **2.** ... drop **DE** ... *später, ... danach* • **FR** ... *plus tard, ... (d')après* • **EN** ... *after, ... later* • **PT** ... *a seguir, ... mais tarde, ... depois* **Beispiller** d'Operatioun ass gutt verlaf, d'Patientin konnt den Dag drop schonn heemgoen; se hunn sech am Mee kenne geléiert, dräi Méint drop waren se scho bestuet; mer hate just vom Monni rieds, kuerz drop stoung en an der Dier **Synonym** ... derno **3.** **[égs]** drop an drun **DE** *drauf und dran* • **FR** *sur le point (de)* • **EN** *to be about to* • **PT** *estar a ponto (de), estar prestes (a)* **Beispiller** géff dech elo, well ech sinn drop an drun, d'Nerven ze verléieren!; et ass drop an drun, datt eis Duechter accouchéiert **4.** **[égs]** drop an derwidder **DE** *andauernd, ständig* • **FR** *constamment, sans cesse, sans relâche, sans répit* • **EN** *constantly, all the time* • **PT** *constantemente, sem parar, sem tréguas* **Beispill** hien huet drop an derwidder geschafft **Synonymmen** stänneg, an engem Stéck

Dropgänger [dʁ'ɔpgæŋɐ] Maskulinum (Pluriel Dropgänger) **DE** *Draufgänger* • **FR** *fonceur, casse-cou* • **EN** *daredevil* • **PT** *atrevido, valentão* **Beispill** an senger Jugend war hien e richtigen Dropgänger

i Weiblech Form: ↗Dropgängerin

Dropgängerin [dʁ'ɔpgæŋɐrɪn] Femininum (Pluriel Dropgängerinnen)

i Variant: Dropgängesch

i Männlech Form: ↗Dropgänger

Dropgängesch [dʁ'ɔpgæŋɐʃ] Femininum (Pluriel Dropgängeschen) - Variant vun ↗Dropgängerin

dropgoen [dʁ'ɔpgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé dropgaangen / dropgaang) » **intransitiv 1.** **[égs]** **DE** *draufgehen [sterben]* • **FR** *périr, être sacrifié* • **EN** *to perish, to fall* • **PT** *perecer, ser sacrificado* **Beispiller** wéi vill Onschëlleger sinn an deem Krich dropgaangen?; op senger leschter Schaff ass seng Gesondheet drop-

gaangen [seng lescht Schaff huet seng Gesondheet ruiniert] **Synonymmen** ëmkommen, stierwen **2.** **[égs]** **DE** *draufgehen [verbraucht werden, vergeudet werden]* • **FR** *être gaspillé [argent], être (inutilement) perdu [temps]* • **EN** *to go on, to be blown on [to be spent on]* • **PT** *gastar-se [dinheiro], perder-se [tempo]* **Beispiller** seng ganz Pai ass fir eng Stereosanlag dropgaangen; wéi vill Zäit geet nees fir déi Dommheeten drop?

drophunn [dʁ'ɔphun] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé dropgehath)

i Hei entsteet en neien Artikel

dropmaachen [dʁ'ɔpma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé dropgemaach / dropgemaacht) » **transitiv 1.** **DE** *verschwenden [Geld], ruinieren [seine Gesundheit]* • **FR** *gaspiller, dépenser [de l'argent], ruiner [sa santé]* • **EN** *to waste [money], to ruin [one's health]* • **PT** *desperdiçar, gastar [dinheiro], arruinar [a saúde]* **Beispiller** hatt huet an der Vakanz seng ganz Pai dropgemaach; hie mécht seng Gesondheet drop, wann en net geschwéi lues mécht » **reflexiv 2.** **DE** *sich zu Tode schuften, sich aufreiben* • **FR** *se tuer à la tâche, s'éreinter* • **EN** *to work oneself to death, to kill oneself [from overexertion]* • **PT** *matar-se a trabalhar, desgastar-se* **Beispill** fréier hunn d'Biergaarbechter sech an de Grouwen dropgemaach **Synonymmen** sech krepéieren, sech vrecktschaffen

Dropmécher [dʁ'ɔpmeçɛ] Maskulinum (Pluriel Dropmécher) **DE** *Verschwender* • **FR** *dissipateur, grand dépensier* • **EN** *waster, spendthrift* • **PT** *esbanjador, gastador* **Beispill** meng net, deen Dropmécher hätt e Su op der Sait!

i Weiblech Form: ↗Dropméchesch

Dropméchesch [dʁ'ɔpmeçɛʃ] Femininum (Pluriel Dropmécheschen) **DE** *Verschwenderin* • **FR** *gaspilleuse, grande dépensière* • **EN** *waster, spendthrift [female]* • **PT** *esbanjadora, gastadora* **Beispill** dès Dropméchesch huet um Enn vom Mount ni e Su Rescht

i Männlech Form: ↗Dropmécher

dropwixsen Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé dropgewixst)

i Hei entsteet en neien Artikel

drosselen [dʁ'ɔsələŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gedrosselt) » **transitiv DE** *drosseln [verringern]* • **FR** *baisser, réduire* • **EN** *to reduce* • **PT** *reduzir, limitar* **Beispiller** virun der Descente huet de Chauffeur d'Vitess gedrosselt; dese Moto ass op eng Leeschtung vu 35 Päerd gedrosselt

Drot [dʁo:t] Maskulinum (Pluriel Dréit) **1.** **DE** *Draht [Metalldraht]* • **FR** *fil (en métal), fil de fer* • **EN** *wire [metal thread]* • **PT** *fio (metálico), arame* **Beispiller** komm net widder den elektreschen Drot!; de Bauer huet d'Schëld mat engem Stéck Drot um Potto festgemaach; ech hunn e gudden Drot zu mengem Professorer **[égs]** lech hu gudde Kontakt mat mengem Professorer **2.** **DE** *Drahtzaun, Maschenzaun* • **FR** *grillage [clôture]* • **EN** *wire netting, wire fencing* • **PT** *rede de arame* **Beispill** mir hunn en neien Drot ëm de Gaart gezunn

droteg [dʁ'o:təç] Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Drotiesel Maskulinum (Pluriel Drotieselen) **[ëgs]** **DE** Drahtesel • **FR** *bécane [vélo]* • **PT** *burra [bicicleta]* **Beispill** ech hu mer en neie Vëlo bestallt, mäin alen Drotiesel fält scho bal ausernee **Synonym** Vëlo

Droung [dr'ou:ŋ] Femininum (Pluriel Droungen) **DE** Drohung • **FR** *menace [acte, parole d'intimidation]* • **EN** *threat [threatening remark, act]* • **PT** *ameaça [ato, palavra de intimidação]* **Beispiller** ech hätt net gemengt, datt hie seng **Droung** géif eescht mengen; mat denge Drounge kënn's de bei mir net wäit! **Synonym** Menace

Drucker Maskulinum (Pluriel Drucker) **DE** Drucker [Gerät] • **FR** *imprimante* • **EN** *printer [machine]* • **PT** *impressora [periférico informático]* **Beispill** mäin neien Drucker ass net kompatibel mat mengem Computer **Synonymmen** Imprimante, Printer

I Variant: Drécker

Druddel [dr'udəl] Femininum (Pluriel Druddelen) **[ëgs]** **DE** *Knäuel [Verknötung]* • **FR** *nœud [enchevêtrement]* • **EN** *tangle, knot* • **PT** *nó [emaranhamento]* **Beispiller** et ass eng **Druddel** an der Woll; an de Computerkabelen ass eng grouss **Druddel** **Synonym** Knujel

druddelen [dr'udələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedruddelt) » **transitiv** **1.** **DE** *zerknittern, zerknautschen* • **FR** *froisser, chiffonner* • **EN** *to crumple [to crease]* • **PT** *amarrotar, amarfancar, enrodilhar* **Beispill** druddel dat Gezei net esou, et ass frësch gestreckt! **Synonymmen** zerknauteren, zerknautschen, zerknüwelen, zerknujelen **2.** druddelen an **DE** *stopfen in* • **FR** *fourrer dans [faire entrer sans soin dans]* • **EN** *to stuff into* • **PT** *enfiar em [pôr sem cuidado dentro de]* **Beispill** de Bouf huet säin Hiem einfach an d'Box gedruddelt **Synonym** knujelen an **3.** **DE** *knuddeln [drücken und küssen]* • **FR** *cajoler, câliner* • **EN** *to cuddle* • **PT** *acarinhar, mimar* **Beispill** eise Klenge gött esou gäre vun der Bomi gedruddelt

I Verb, dat **druddelen** als Basis huet: » **zusammendruddelen**

druginn [dr'ugin] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé druginn) » **reflexiv** **1.** **DE** *sich anstrengen, sich bemühen* • **FR** *s'appliquer, faire des efforts* • **EN** *to make an effort* • **PT** *aplicar-se, empenhar-se, esforçar-se* **Beispill** wann d'Schülerin sech net **drugëtt**, da packt se d'Joer net **Synonymmen** sech beméien, sech ustrengen **2.** **DE** *sich beeilen* • **FR** *se dépêcher* • **EN** *to hurry up* • **PT** *despachar-se, apressar-se* **Beispill** géff dech **drun**, soss kënn's de ze spéit! **Synonymmen** sech begannen, sech fläissen, sech presséieren, sech tormellen, virumaachen

drukomen [dr'ukomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé drukomm) » **intransitiv** **DE** *an die Reihe kommen [vorgelassen werden, bedient werden]* • **FR** *passer [après avoir attendu son tour]* • **EN** *to be one's turn, to be seen* • **PT** *ser atendido, ser servido [depois de um momento de espera]* **Beispiller** ech hunn eng Stonn gewaart, ier ech beim Dokter **drukoum**; mir si praktesch direkt **drukomm** **Synonym** bäikommen

druuloossen [dr'ulo:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé drugelooss) » **transitiv** **1.** **DE** *dranlassen [hängen lassen, befestigt lassen]* • **FR** *laisser [attaché],*

ne pas enlever • **EN** *to leave on [to not remove]* • **PT** *deixar [não retirar]* **Beispill** wann Dir de Pullover wéilt ëm-tauschen, musst Der d'Etikett druuloossen **2.** **DE** *dranlassen [benutzen lassen, anfassen lassen]* • **FR** *laisser manipuler, laisser toucher [un objet]* • **EN** *to let use, to let touch* • **PT** *deixar manipular, deixar tocar em [num objeto]* **Beispill** déi Maschinn ass geféierlech, do kanns de dach keng Kanner druuloossen! **3.** **[graf]** **DE** *ranlassen [sich zum Geschlechtsverkehr bereit erklären mit]* • **FR** *(accepter de) coucher avec, (accepter de) fricoter avec* • **EN** *to consent to have sex with* • **PT** *(consentir em) ter relações sexuais com* **Beispill** ech hu mäi Frënd eréischt no engem hallwe Joer drugelooss

drummen [dr'umən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gedrummt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Drummer Maskulinum (Pluriel Drummer / Drummeren) **DE** Schlagzeuger, Drummer • **FR** *batteur [percussionniste]* • **EN** *drummer* • **PT** *baterista* **Beispill** mir sichen en neien Drummer fir eis Rockband **Synonym** Batteur

I Weiblech Form: » Drummerin

Drummerin Femininum (Pluriel Drummerinnen) **DE** Schlagzeugerin, Drummerin • **FR** *batteuse [percussionniste]* • **EN** *drummer [female]* • **PT** *baterista [mulher, rapariga]* **Beispill** meng Frëndin ass Drummerin an enger bekannter Band **Synonym** Batteuse

I Männlech Form: » Drummer

drun [drun] schwaacht Pronominaladverb » **der-** + **un**

drun [drun] Adverb **1.** **dru** sinn **DE** *an der Reihe sein* • **FR** *être le tour de* • **EN** *to be next, to be one's turn* • **PT** *ser a vez de* **Beispill** wien ass elo **drun**? **Synonym** un der Rei sinn **2.** schlecht **dru** sinn **DE** *schlecht dran sein* • **FR** *être mal en point* • **EN** *to have a hard time, to be in a bad position* • **PT** *estar em má situação, estar em dificuldades* **Beispill** zënter ech meng Aarbecht verluer hunn, sinn ech finanziell schlecht **drun** **3.** **[ëgs]** **dru** sinn **DE** *(dran) sein [sich befinden]* • **FR** *être [se situer, se trouver]* • **EN** *to be [to be situated]* • **PT** *estar [situar-se, encontrar-se]* **Beispill** ech si schonn ukomm, wou bass du **drun**? **4.** **[ëgs]** **dru** sinn **DE** *dran sein [in einer Tätigkeit, in einer Entwicklung]* • **FR** *en être (à) [dans une activité, dans une évolution]* • **EN** *to be (at) [with an activity, in an evolution]* • **PT** *estar, ter chegado [numa atividade, numa evolução]* **Beispiller** d'Cheffin wëllt wëssen, wou mer mat eiser Aarbecht **dru** sinn; weess du, wou eisen ale Schoulmeeschter **drun** ass? [weess du, wat eisen ale Schoulmeeschter elo am Liewe mécht?]; ech weess net, wou ech mat menge Schwéierleit **dru** sinn [ech weess meng Relatioun mat menge Schwéierleit net richteg anzeschätzen] **5.** **[ëgs]** **dru** sinn **DE** *dran sein, am Ende sein* • **FR** *être cuit [être dans une situation critique]* • **EN** *to be at the end of one's tether, to be at the end of the line* • **PT** *estar arrumado, estar feito ao bife* **Beispill** elo si mer **drun**, ech gesi wierklech keen Auswee méi! **6.** **[ëgs]** **drop** an **drun** **DE** *drauf und dran* • **FR** *sur le point (de)* • **EN** *to be about to* • **PT** *estar a ponto (de), estar prestes (a)* **Beispiller** géff dech elo, well ech sinn **drop** an **drun**, d'Nerven ze verléieren!; et ass **drop** an **drun**, datt eis Duechter accouchéiert

drunhalen [dʁ'unha:lən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *drugehalen / drugehal*) » **reflexiv** *DE nicht lockerlassen* • **FR** *insister* [s'obstiner] • **EN** *to keep at something, to persist* • **PT** *insistir, teimar* **Beispiller** dat soueregt Kand *huet* sech esou laang *drugehalen*, bis et säint erreecht hat; *deen hält* sech *drun ewéi* de Geck un de Bengel! [égs] [dee gött sech net]

Drüs [dʁy:s] Femininum (Pluriel *Drüsen*) *DE* *Drüse* • *FR* *glande* • **EN** *gland* • **PT** *glândula* **Beispill** wéinst senger Gripp *huet* d'Kand d'Drüse geschwollen

drusetzen [dʁ'uzætsən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *drugesat*) » **transitiv** *DE dransetzen* • **FR** *mettre en œuvre* • **EN** *to make every effort to* • **PT** *envidar* [todos os esforços] **Beispill** si *hunn* alles *drugesat*, fir hiert Zil ze erreechen

dschibutesch [dʒib'utəʃ] Adjektiv *DE* *dschibutisch* • *FR* *djiboutien* • **EN** *Djiboutian* • **PT** *jibutiano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi *dschibutesch* Kultur kenne geléiert

Dschibuti [dʒib'uti:] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum *DE* *Dschibuti* • *FR* *Djibouti* • **EN** *Djibouti* • **PT** *Jibuti* **Beispiller** ech war schonn dräimol am *Dschibuti*; ech fueren d'nächst Woch an den *Dschibuti*; ech kommen aus dem *Dschibuti*; ech war schonn dräimol an *Dschibuti*; ech fueren d'nächst Woch an *Dschibuti*; ech kommen aus *Dschibuti*

i männlech Persoun: ↗*Dschibutier* weiblech Persoun: ↗*Dschibutierin* Adjektiv: ↗*dschibutesch* Haaptstad: ↗*Djibouti* Haaptstad: ↗*Dschibuti*

Dschibuti Eegennumm *DE* *Dschibuti* [Stadt] • *FR* *Djibouti* [ville] • **EN** *Djibouti* [city] • **PT** *Jibuti* [cidade] **Beispill** *Dschibuti* ass d'Haaptstad vun der Republik *Dschibuti*

Dschibutier [dʒib'uti:ɐ] Maskulinum (Pluriel *Dschibutier*) *DE* *Dschibutier* • *FR* *Djiboutien* • **EN** *Djiboutian* • **PT** *jibutiano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass *Dschibutier*

Dschibutierin [dʒib'utiəri:n] Femininum (Pluriel *Dschibutierinnen*) *DE* *Dschibutierin* • *FR* *Djiboutienne* • **EN** *Djiboutian* [female] • **PT** *jibutiana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass *Dschibutierin*

Dschuba Eegennumm *DE* *Dschuba* • *FR* *Djouba* • **EN** *Juba* • **PT** *Juba* **Beispill** *Dschuba* ass d'Haaptstad vum Südsudan

Dschungel [dʒʊŋəl] Maskulinum (Pluriel *Dschungelen*) *DE* *Dschungel* [Urwald] • **FR** *jungle* [forêt] • **EN** *jungle* • **PT** *selva* [floresta] **Beispiller** gëschter koum en interessanten Documentaire iwwer d'Fauna am brasilianeschen *Dschungel* op der Tëlee; et ass schwéier, fir sech an deem *Dschungel* vu Reglementer erëmzefannen [égs] [et ass schwéier, fir sech an deem Duerchernee vu Reglementer erëmzefannen] **Synonym** *Urwald*

du [du:] Adverb - Variant vun ↗*dunn*

du [du:] Personalpronomen » 2. Persoun Singulier / Nominativ **1.** *DE* *du* • *FR* *tu* • **EN** *you* • **PT** *tu* **Beispill** *du* hues e Fleck um Hiem » 2. Persoun Singulier / Nominativ **2.** *DE* *du* • **FR** *toi* • **EN** *you* • **PT** *tu* **Beispill** dir musst all matgoen, *du* och!

Dubbel [d'ubəl] Maskulinum (Pluriel *Dubbelen*) *DE* *Doppel* [im Sport] • **FR** *double* [en sports de raquette] •

EN *doubles* [in sport] • **PT** *pares* [em desportos de raquete] **Beispiller** eis Tennisekipp *huet* am *Dubbel* Sëlwer gewonnen; ech *spillen* heiansdo mat mengem Trainer am *Dubbel*

Dübbel [d'ybəl] Maskulinum (Pluriel *Dübbelen*) *DE* *Dübel* [Hülse] • **FR** *cheville* [dent-de-loup] • **EN** *wall-plug*, *Rawlplug* • **PT** *bucha* [de fixação] **Beispill** de Krop hält nëmme mat engem *Dübbel*

dubberen [d'ubəɾən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gedubbert*) » **intransitiv** - och **onperséinlech** *DE* *rumpeln* • *FR* *faire du vacarme* • **EN** *to rumble* • **PT** *ribombar* **Beispiller** héier, ewéi d'Klatzen *dubberen*; et gött e *Wieder*, et *dubbert* schonn [égs] [et gött e *Wieder*, et héiert een et schonn *donneren*]; wann de Papp heemkënn, dann *dubbert* et [égs] [wann de Papp heemkënn, da *vernennt* en d'Kanner]

dubiéis [dubj'ɛis] Adjektiv *DE* *dubios* • *FR* *douteux*, *louche*, *ambigu* • **EN** *dubious* [suspect, questionable] • **PT** *duvidoso*, *suspeito*, *ambiguo* **Beispiller** de Besëtzer vum Lokal *huet* anscheinend eng *dubiéis* Vergaangenheet; ech *fannen*, dee *Betrieb* schafft mat *dubiéis* Methoden **Synonymen** *lusch*, *zweifelhaft*

dubléieren [dubl'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *dubléiert*) » **transitiv** *DE* *wiederholen* [eine Klasse] • **FR** *redoubler* [une classe] • **EN** *to repeat* [a class] • **PT** *repetir* [um ano (escolar)] **Beispill** mäi Brudder *huet* *missen* (d'Première) *dubléieren*

Dublin Eegennumm *DE* *Dublin* • *FR* *Dublin* • **EN** *Dublin* • **PT** *Dublím* **Beispill** *Dublin* ass d'Haaptstad vun Irland

Dubnium [d'u:bnjʊm] Maskulinum (kee Pluriel) [Chimie] *DE* *Dubnium* [chemisches Element] • **FR** *dubnium* [élément chimique] • **EN** *dubnium* [chemical element] • **PT** *dúbnio* [elemento químico] **Beispill** d'Element *Dubnium* gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller

Duch [duχ] Neutrum **1.** (Pluriel *Dicher*) *DE* *Tuch* [Handtuch, Küchentuch] • **FR** *serviette*, *essuie-mains*, *torchon* • **EN** *towel* • **PT** *toalha*, *pano da louça* **Beispiller** an eisem Hotel *goufen* all Dag d'*Dicher* an de *Buedzëmmer* gewiesselt; fir datt d'*Mécken* net un de *Kuch* ginn, leet meng *Mamm* en *Duch* driwwer; dat *krankt* Kand ass wäiss ewéi en *Duch* [égs] [dat *krankt* Kand ass ganz *bleech*]; mäin *éischte* Frënd war e *rout* *Duch* fir meng *Mamm* [égs] [meng *Mamm* *konnt* mäin *éischte* Frënd net ausstoen]; d'*Geschäftsfra* ass a schlechten *Dicher* [égs] [d'*Geschäftsfra* *huet* *Schwieregkeeten*] **2.** (kee Pluriel) [vereezlt] *DE* *Tuch* [Leinenstoff] • **FR** *lin* [tissu] • **EN** *cloth* [fabric] • **PT** *linho* [tecido] **Beispill** de *Schneider* *huet* dräi *Rullen* *Duch* *kritt* **Synonym** *Léngent*

duchen [d'uχən] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

duckelen [d'ukələn] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *geduckelt*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

ducken [d'ukən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *geduckt*) » **reflexiv** **1.** *DE* *sich ducken* [sich bücken, sich kauern] • **FR** *se baisser*, *se tapir* • **EN** *to duck* [to stoop], *to duck down* • **PT** *baixar-se*, *agachar-se* **Beispiller** *duck* *dech*, *soss tucks* de *dech*!; d'Kanner

hunn sech hanner d'Heck geduckt **2.** **DE** *sich ducken* [*sich fügen*] • **FR** *s'incliner* [*plier l'échine*] • **EN** *to keep one's head down* [*to cower*] • **PT** *encolher-se, acanhar-se* **Beispiller** mir hunn eis all geduckt a kee Wuert méi gesot; hien ass gewinnt, (sech) ze ducken

Duddelsak [d'udəlsa:k] Maskulinum (Pluriel Duddelsäck) **DE** *Dudelsack* • **FR** *cornemuse* • **EN** *bagpipe(s)* • **PT** *gaita de foles* **Beispill** bei de Feierlechkeeten hunn e puer Schotten op hiren Duddelsäck gespillt

dudderen [d'udəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé geduddert) » **intransitiv** [ëgs] **DE** *wetten, schimpfen* • **FR** *pester, râler* • **EN** *to rant* • **PT** *vociferar, esbravejar* **Beispill** de Papp duddert, well d'Bouwe mam Ball eng Fënster agehäit hunn

Dudderhaff [dudə'h'af] Eegennumm **DE** *Duderhof* • **FR** *Duderhof* • **EN** *Duderhof* • **PT** *Duderhof* **Beispiller** ech wunnen um Dudderhaff; fiert dëse Bus op den Dudderhaff?

duebel [d'uəbəl] Adjektiv **DE** *doppelt* • **FR** *double* • **EN** *double* • **PT** *duplo* **Beispiller** mäi Brudder huet sech am Restaurant eng duebel Portioun Nuddele bestallt; ech hunn no der Feier alles duebel gesinn [ëgs] [ech hat op der Feier ze vill Alkohol gedronk]

Duebel Bekassinn [d'uəbəlbekas'in] Femininum (Pluriel Duebel Bekassinnen) **Gallinago media** **DE** *Doppelschnepfe* • **FR** *bécassine double* • **EN** *great snipe* • **PT** *narceja-real* **Beispill** wéi laang bréien d'Duebel Bekassinnen?

Duebellaut [d'uəbəlæ:ʊt] Maskulinum (Pluriel Duebellauter)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Duebelpass Maskulinum/Femininum (Pluriel Duebelpassen / Duebelpäss) - Variant vun **▷Doppelpass**

Duechter [d'uəçtɛ] Femininum (Pluriel Diechter / Duechteren) **DE** *Tochter* • **FR** *fille* [*descendante directe*] • **EN** *daughter* • **PT** *filha* [*descendente direta*] **Beispill** eis Duechter studéiert Medezin **Synonym** Meedchen

Dueder [d'uədɛ] Maskulinum (Pluriel Duederen) **DE** *Dotter* • **FR** *jaune d'œuf* • **EN** *yolk* • **PT** *gema* [*do ovo*] **Beispill** dës Eeër hunn e schéinen Dueder

Duelem [d'uələm] Eegennumm **DE** *Dahlem* • **FR** *Dahlem* • **EN** *Dahlem* • **PT** *Dahlem* **Beispiller** ech wunnen zu Duelem; fiert dëse Bus op Duelem bei Garnech?

Duelem [d'uələm] Eegennumm **DE** *Dalheim* • **FR** *Dalheim* • **EN** *Dalheim* • **PT** *Dalheim* **Beispiller** ech wunnen zu Duelem; fiert dëse Bus op Duelem bei Réimech?

Duell [du:æ] Maskulinum (Pluriel Duellen / Dueller) **1.** **DE** *Duell* [*Zweikampf*] • **FR** *duel* [*combat*] • **EN** *duel* [*fight*] • **PT** *duelo* [*combate*] **Beispill** um Schluss vum Film hunn déi zwee Cowboyen sech an engem Duell géigesäiteg erschoss **2.** **DE** *Duell* [*Wettkampf*] • **FR** *duel* [*sportif*] • **EN** *duel* [*sports competition*] • **PT** *duelo* [*desportivo*] **Beispill** den Duell tëschent deenen zwou Tennisspillerinne gouf eréischt no dräi Stonnen entscheet **3.** **DE** *Duell, Rededuell, Wortgefecht* • **FR** *duel oratoire* • **EN** *debate, war of words* • **PT** *duelo oratório* **Beispill** den Duell tëschent deenen zwee Spätzekandidate gëtt mat Spannung erwaart

duelléieren [duæ'l'zɪəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé duelléiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

duer [du:ɐ] Adverb **DE** *dort, dorthin* • **FR** *là* [*à cet endroit-là*] • **EN** *over there* • **PT** (*para*) *aí, (para) ali* **Beispiller** stell d'Këscht duer an den Eck, wannechgelift!; géi bis duer op d'Kräizung; deem Kärel trauen ech net vun hei bis duer [ëgs] [deem Kärel trauen ech guer net]; hatt denkt net vun hei bis duer [ëgs] [hatt iwwerleet guer net, ier et handelt] **Synonym** dohin

duer- Verbpartikel **DE** *abtrennbares Erstglied eines Verbs* • **FR** [*particule séparable d'un verbe*] • **EN** [*separable verb particle*] • **PT** [*partícula separável de um verbo*] **Beispiller** fuert duer, ier d'Isses kal gëtt!; de Boxer huet bis zum Schluss duergehalen

I Verben, déi **duer-** als Partikel hunn: **▷duerfueren**, **▷duergeheien**, **▷duergoen**, **▷duerhalen**, **▷duerkommen**, **▷duerlafen**, **▷duerleeën**, **▷duermaachen**, **▷duerplättelen**, **▷duerstellen**

duerch [du:ɛç] Adverb **1.** **DE** *durch* [*durchgebraten, gar*] • **FR** *bien cuit, à point, cuit à cœur* • **EN** *well done* [*steak*], (*cooked*) *through* • **PT** *bem passado, (bem) cozido, (bem) assado* **Beispiller** obwuel ech mäi Bifdeck gutt duerch bestallt hat, war en nach bluddeg; de Poulet ass nach net ganz duerch **2.** **DE** *durch* [*durchgedrungen, durchgekommen*] • **FR** (*pénétré*) *à travers* • **EN** (*pierced*) *through* [*all the way*] • **PT** (*passado*) *através de* **Beispill** wéi mer endlech duerch waren, hu mer gemierkt, datt mer d'Lach op der falscher Plaz gebuert haten **3.** [ëgs] **duerch** an **duerch** **DE** *durch und durch* • **FR** *complètement, entièrement, à cent pour cent* • **EN** *through and through* • **PT** *completamente, até aos ossos, de alma e coração* **Beispiller** mir waren duerch an duerch naass, wéi mer doheem ukoumen; e gudde Frënd vun eis ass Kënschtler duerch an duerch

duerch [du:ɛç] Prepositioun » **mam Akkusativ 1.** **DE** *durch* [*hindurch*] • **FR** *à travers, par* • **EN** *through* [*an opening, a location*] • **PT** *através de, por* **Beispiller** de Léiw ass duerch de Reef gesprongen; d'Sonn huet duerch d'Fënsteren eragedréckt; de Schaf geet net duerch d'Dier **2.** **DE** *von, durch* [*mittels*] • **FR** *par* [*par l'intermédiaire de*] • **EN** *by, through* • **PT** *por* [*por intermédio de*] **Beispiller** hien ass duerch seng Affekotin vertrueuden; déi Betraffe goufen duerch eng SMS informéiert **3.** **DE** *durch* [*aufgrund*] • **FR** *grâce à, à cause de* • **EN** *through* [*owing to*], *through* [*as a result of*] • **PT** *graças a, por causa de* **Beispiller** duerch hire reegelméisseg Training huet d'Sportlerin en excellenten Niveau erreecht; duerch eng nei Steier konnt de Staat siwe Milliounen Euro anzéien; duerch déi laang Dréchent leit d'Géigend un akutem Waassermanktem

duerch- Verbpartikel **DE** *abtrennbares Erstglied eines Verbs* • **FR** [*particule séparable d'un verbe*] • **EN** [*separable verb particle*] • **PT** [*partícula separável de um verbo*] **Beispiller** den Zuch fiert bis an d'Stad duerch; de Kandidat ass am theoreetesche Füreerschäinsexamen zweemol duerchgefall

I Verben, déi **duerch-** als Partikel hunn: **▷duerchbäissen**, **▷duerchblücken**, **▷duerchblüedern**, **▷duerchboxen**, **▷duerchbriechen**, **▷duerchchecken**, **▷duerchdrécken**, **▷duerchdréien**, **▷duerchdréinen**, **▷duerchfalen**, **▷duerchfeieren**, **▷duerchfeieren**, **▷duerchfueren**, **▷duerchgeheien**, **▷duerchginn**, **▷duerchgoen**, **▷duerchgräifen**, **▷duerchhalen**, **▷duerchhuelen**, **▷duerkommen**,

↗duerchkucken, ↗duerchliesen, ↗duerchloossen, ↗duerchmaachen, ↗duerchhootmen, ↗duerchpétzen, ↗duerchschaffen, ↗duerchschloen, ↗duerchschlofen, ↗duerchschneiden, ↗duerchseeën, ↗duerchsetzen, ↗duerchsickeeren, ↗duerchstellen, ↗duerchstoen, ↗duerchsträichen, ↗duerchwullen, ↗duerchzéien

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗duerch Adverb

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗duerch Prepositioun

duerchaus [du:ɔ̃z'æ:ʊs] Adverb **DE** *durchaus* [völlig] • **FR** *tout à fait, parfaitement* • **EN** *quite* [completely] • **PT** *absolutamente, perfectamente* **Beispill** et ass **duerchaus** méiglech, datt mer eis geiert hunn

duerchbäissen [d'u:ɔ̃ɔ̃bæ:ɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgebass**) » **transitiv DE** *durchbeißen* • **FR** *couper avec les dents* • **EN** *to bite through* • **PT** *trincar, cortar com os dentes* **Beispill** den Hond huet seng Léngt **duerchgebass**

Duerchbléck [d'u:ɔ̃ɔ̃blek] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Durchblick* [Verständnis] • **FR** *vue d'ensemble* [compréhension, connaissance de ce dont il retourne] • **EN** *overall view, view of the whole* • **PT** *visão abrangente, ideia* [compreensão, conhecimento] **Beispill** mir feelt et um néidegen **Duerchbléck**, fir kënne matzeschwätzen

duerchblécken [d'u:ɔ̃ɔ̃blekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgebléckt**) » **intransitiv 1.** [égs] **DE** *durchblicken* [verstehen] • **FR** *piger* [comprendre] • **EN** *to make head or tail of* • **PT** *perceber, entender* **Beispill** erklär mir dat nach eng Keier, ech **blécken** nach ëmmer net ganz **duerch**! **2.** **duerchblécke** loossen **DE** *durchblicken lassen* • **FR** *laisser entendre, faire entrevoir* • **EN** *to hint at* • **PT** *dar a entender, deixar entrever* **Beispill** d'Direktesch huet **duerchblécke** gelooss, datt si geschwënn an d'Pensioun geet **Synonym** undeiten

duerchbliederer [d'u:ɔ̃ɔ̃bliədərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgebliedert**) » **transitiv DE** *durchblättern* • **FR** *feuilleter* [un livre, un journal] • **EN** *to leaf through, to flick through* • **PT** *folhear* [um livro, um jornal] **Beispill** ech hunn d'Zeitung **duerchgebliedert**, wéi ech op dech gewaart hunn

duerchbludden [du:ɔ̃ɔ̃b'udən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchblutt**) » **transitiv** **duerchblutt** ginn **DE** *durchblutet werden* • **FR** *être irrigué* [par les vaisseaux sanguins] • **EN** *to be supplied with blood* • **PT** *ser irrigado* [pelos vasos sanguíneos] **Beispiller** d'Hänn an d'Féiss si waarm, wa se gutt **duerchblutt** ginn; de Patient ass gestuerwen, well säi Gehier net méi genuch **duerchblutt** gouf

Duerchbluddung Femininum (kee Pluriel) **DE** *Durchblutung* • **FR** *circulation sanguine* • **EN** *blood circulation* • **PT** *circulação sanguínea* **Beispill** bei enger schlechter **Duerchbluddung** kënnen engem d'Äerm an d'Been entschlofen

duerchboxen [d'u:ɔ̃ɔ̃boksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgeboxt**) » **transitiv 1.** [égs] **DE** *durchboxen* • **FR** *imposer* [faire accepter] • **EN** *to push through* [to impose] • **PT** *impor* [fazer aprovar] **Beispill** de Gesetzesprojet gouf a leschter Minutt **duerchgeboxt** » **reflexiv 2.** [égs] **DE** *sich durchboxen, sich durchsetzen*

FR *se battre, s'imposer* [pour arriver à ses fins] • **EN** *to fight one's way through* • **PT** *lutar, impor-se* [para atingir os seus fins] **Beispill** hien huet sech **duerchgeboxt** an ass elo Gerant

duerchbriechen [d'u:ɔ̃ɔ̃briɛçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgebrach**) » **transitiv DE** *durchbrechen* [entzweibrecken] • **FR** *casser en deux* • **EN** *to break in half* • **PT** *partir em dois* **Beispill** briech mer dat Stéck Zocker **duerch**!

duerchbriechen [du:ɔ̃ɔ̃br'ɪɛçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchbrach**) » **transitiv DE** *durchbrechen* [durchdringen] • **FR** *franchir* [un obstacle] • **EN** *to break through* [an obstacle] • **PT** *transpor* [um obstáculo] **Beispiller** d'Kéi hunn den Zonk **duerchbrach** a sinn elo op der Strooss; iwwer eis huet e Flieger d'Schallmauer **duerchbrach**

Duerchbroch [d'u:ɔ̃ɔ̃broχ] Maskulinum **1.** (Pluriel **Duerchbréch**) **DE** *Durchbruch* [Öffnung] • **FR** *ouverture, brèche* • **EN** *opening, hole* • **PT** *abertura, brecha* **Beispill** mir maachen en **Duerchbroch** tëschent der Stuff an der Kichen **2.** (kee Pluriel) **DE** *Durchbruch* [Erfolg] • **FR** *percée* [réussite] • **EN** *breakthrough* [success] • **PT** *salto para o sucesso* **Beispill** mat sengem leschte Film ass dem Regisseur den **Duerchbroch** gelongen

duerchchecken [d'u:ɔ̃ɔ̃tʃækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgecheckt**) » **transitiv DE** *durchchecken, untersuchen* • **FR** *examiner, inspecter* • **EN** *to do a check-up, to check thoroughly* • **PT** *examinar, inspecionar* **Beispiller** ier mer an d'Vakanz fueren, loosse mer eisen Auto komplett **duerchchecken**; 50 Joer ass en Alter, an deem vill Leit sech beim Dokter vu Kapp bis Fouss **duerchchecke** loossen

duerchdenken [du:ɔ̃ɔ̃d'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchduecht**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

duerchdrécken [d'u:ɔ̃ɔ̃drəkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgedréckt**) » **transitiv 1.** **DE** *zerkleinern* [Nahrung] • **FR** *écraser, réduire en petits morceaux* [des aliments] • **EN** *to mash* [food] • **PT** *esmagar, triturar* [alimentos] **Beispill** d'Mamm huet dem Kand d'Grompere mat der Forschett **duerchgedréckt 2.** **DE** *durchsetzen* [durchpeitschen] • **FR** *faire adopter de force, faire passer de force* • **EN** *to push through* [to impose] • **PT** *fazer adotar à força, fazer passar à força* **Beispill** de Gesetzesprojet gouf a leschter Minutt **duerchgedréckt**

duerchdréinen [d'u:ɔ̃ɔ̃dʀɛɪən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgedréit**) » **intransitiv 1.** **DE** *durchdrehen* [Reifen, Rad] • **FR** *perdre l'adhérence* [pneu, roue] • **EN** *to spin* [to lose traction] • **PT** *patinar* [pneu, roda] **Beispill** d'Rieder hunn am Schnéi **duerchgedréit** ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **duerchgedréit**) » **intransitiv 2.** [égs] **DE** *durchdrehen, ausflippen* • **FR** *craquer* [perdre la tête] • **EN** *to crack up* • **PT** *passar-se* [perder a cabeça] **Beispill** hien ass **duerchgedréit** an huet alles kuerz a kleng geschloen **Synonym** ausflippen

i Varianten: **duerchdréinen, duerchdréinen**

duerchdréinen [d'u:ɔ̃ɔ̃dʀɛɪən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgedréint**) -

Variant vun \nearrow duerchdréien \blacklozenge Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé duerchgedréint) - Variant vun \nearrow duerchdréien

duerchdriwwen [du:ɛçdr'ivən] Adjektiv **DE** durchtrieben • **FR** coquin, polisson • **EN** mischievous • **PT** maroto, travesso, ladino **Beispill** deen duerchdriwwene Kärel huet nëmmen Dommheeten am Kapp **Synonymmen** schalleksegg, schellemzeg

duerchduecht [du:ɛçd'uəçt] Adjektiv **DE** durchdacht • **FR** réfléchi, mûri • **EN** thought-through • **PT** refletido [bem pensado] **Beispill** déi doten Aktioun war guer net duerchduecht!

i „duerchduecht“ kann och de Participe passé vum Verb \nearrow duerchdenken sinn.

Duercherneran [du:ɛçen'a:nə] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun \nearrow Duercherneen

duercherneran [du:ɛçen'a:nə] Adverb - Variant vun \nearrow duercherneen

duercherneemaachen [du:ɛçen'e:ma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé duercherneemaach / duercherneegemaacht) » **transitiv 1. DE** durcheinanderbringen, in Unordnung bringen • **FR** mettre en désordre • **EN** to mess up, to muddle up • **PT** desfazer, pôr em desordem **Beispill** maach mer net erëm alles duercherneen, ech hu grad geraumt! **2. DE** durcheinanderbringen [verwirren] • **FR** embrouiller, rendre confus • **EN** to confuse, to bewilder • **PT** confundir, atrapalhar **Beispill** hal op, mer stänneg an d'Wuert ze falen, dat mécht mech ganz duercherneen!

Duercherneen [du:ɛçen'e:n] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Durcheinander [Unordnung] • **FR** désordre [défaut de rangement] • **EN** mess [disorder] • **PT** desordem, barafunda, confusão **Beispill** an dengem Duerchernee fënnt een näischt erëm! **Synonymmen** Gewull, Onuerdnung, Wull

i Variant: Duercherneran

duercherneen [du:ɛçen'e:n] Adverb **1. DE** durcheinander [ungeordnet] • **FR** en pagaille, en désordre • **EN** in a mess • **PT** em desordem **Beispiller** weinst deem ville Wand si meng Hoer ganz duercherneen; nom Abroch war am Haus alles komplett duercherneen **Synonym** doruechter **2. DE** durcheinander [verwirrt, konfus] • **FR** confus [d'esprit], distrait <Adverb confusément, distraite-ment> • **EN** confused [bewildered] • **PT** confuso, distraído <Adverb confusamente, distraidamente> **Beispiller** mat Amenter ass mäi Grousspapp duercherneen; duerch dee ville Stress op der Aarbecht sinn ech heiansdo ganz duercherneen; de Blesséierten huet ganz duerchernee geschwat **Synonym** doruechter

i Variant: duercherneran

duercherneendrénken [du:ɛçen'e:ndrɛŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé duercherneegedronk) » **transitiv DE** durcheinandertrinken [alkoholische Getränke] • **FR** mélanger, consommer à tort et à travers [des boissons alcoolisées] • **EN** to mix (one's drinks) • **PT** misturar [bebidas alcoólicas] **Beispiller** ech hunn en décke Kapp, well ech gëschter Owend Béier a Wäin duercherneegedronk hunn; dréink net duercherneen, soss gött et der schlecht!

duerchfalen [d'u:ɛçfa:lən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé duerchgefall) » **intransitiv DE** durchfallen [in einer Prüfung, in einer Kontrolle] • **FR** échouer, être recalé [à un test, à un examen], ne pas passer [un contrôle] • **EN** to fail [la test] • **PT** ficar reprovado [em teste, em exame], não passar [em controle] **Beispiller** de Kandidat ass am theoreetesche Fùrerscháinsexamen zweemol duerchgefall; gëschter sinn ech gewuer ginn, datt ech duerchgefall sinn

Duerchfall [d'u:ɛçfal] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Durchfall [Diarrhö] • **FR** diarrhée • **EN** diarrhoea • **PT** diarreia **Beispill** fir d'éischt hat ech den Duerchfall, an dunn hunn ech mech och nach iwwegginn

duerchfeieren [d'u:ɛçfa:ɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé duerchgefeiert) » **intransitiv DE** durchfeiern [die ganze Nacht] • **FR** faire la fête [sans s'arrêter, jusqu'au petit matin] • **EN** to celebrate non-stop, to party through the night • **PT** fazer uma direta [a divertirse] **Beispill** op eiser Hochzäit ass bis mueres fréi duerchgefeiert ginn

duerchféieren [d'u:ɛçfɛ:ɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé duerchgefëiert / duerchgefouert) » **transitiv DE** durchführen [ausführen] • **FR** effectuer [exécuter, organiser] • **EN** to carry out [to execute] • **PT** realizar, efetuar, levar a cabo **Beispill** d'Missiou ass vum Geheimdéngscht duerchgefëiert ginn

duerchfuere [d'u:ɛçfu:ɛrən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé duerchgefuer) » **intransitiv 1. DE** durchfahren [auf der Durchfahrt sein] • **FR** passer [conducateur, véhicule] • **EN** to drive through, to pass • **PT** passar por [conductor, veículo] **Beispill** hei si mer dach schonn duerchgefuer! **2. DE** durchfahren [ohne Unterbrechung fahren] • **FR** circuler sans arrêt, rouler sans s'arrêter • **EN** to drive through [to drive without a break] • **PT** circular sem parar, andar sem parar **Beispiller** den Zuch fiert bis an d'Stad duerch; de Bus ass déi ganz Nuecht duerchgefuer **3. DE** reißen [entzweigen] • **FR** se déchirer [en deux] • **EN** to snap, to break • **PT** romper [em lem dois bocados] **Beispill** d'Seel ass duerchgefuer **Synonym** futtifueren

Duerchgang [d'u:ɛçgɑŋ] Maskulinum (Pluriel Duerchgäng) **1. DE** Durchgang [Öffnung, Weg] • **FR** passage [ouverture, voie] • **EN** passage, opening, way through • **PT** passagem [abertura, via] **Beispill** dese schmuelen Duerchgang feiert an d'Alstad **Synonym** Passage **2. DE** Durchgang, Anlauf • **FR** essai, manche, tour [d'une compétition, d'une élection] • **EN** attempt, go [at a competition] • **PT** ensaio, volta [de uma competição, de uma eleição] **Beispill** beim zweeten Duerchgang huet den Athlet säin eegene Rekord gebrach

i Variant: Duerchgank

Duerchgank [d'u:ɛçgɑŋk] Maskulinum (Pluriel Duerchgäng) - Variant vun \nearrow Duerchgang

duerchgeheien [d'u:ɛçgəha:ɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé duerchgeheit / duerchgehait) » **transitiv [egs] DE** durchfallen lassen, nicht versetzen • **FR** recalé, faire redoubler • **EN** to fail [a student] • **PT** chumbar, reprovar [um aluno] **Beispill** d'Professorin war ni frou, wann se e Schüler huet missen duerchgeheien

duerchginn [d'ʊ:ɔ̯çgin] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchginn**) » **transitiv DE** *durchgeben* [übermitteln] • **FR** *passer* [communiquer] • **EN** *to pass on* [information, news] • **PT** *passar* [comunicar] **Beispill** d'Medien hunn déi lescht Informatiounen **duerchginn**

duerchgoen [d'ʊ:ɔ̯çgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **duerchgaangen** / **duerchgaang**) » **transitiv 1. DE** *durchgehen* [durchsehen] • **FR** *réviser* [vérifier] • **EN** *to go through, to go over* [to check] • **PT** *rever* [verificar] **Beispill** mir sinn eis Steiererklärungen nach eng Kéier **duerchgaangen**, ier mer se fortgeschéckt hunn **Synonym** iwverkucken **2. DE** *durchgehen* [besprechen] • **FR** *réviser* [passer en revue] • **EN** *to go through, to go over* [to discuss] • **PT** *rever* [examinar] **Beispill** den Architect ass mam Ingenieur de Plang vun de Leitungen **duerchgaangen** » **intransitiv 3. DE** *durchgehen* [passieren] • **FR** *passer* [franchir] • **EN** *to go through, to pass* • **PT** *passar* [transport] **Beispiller** géi einfach **duerch**, du brauchst net ze bezuelen!; wann Dir näischt ze deklaréieren hutt, kënnt Der einfach **duerchgoen** **4. DE** *durchgehen* [durchdringen] • **FR** *passer à travers* [un obstacle] • **EN** *to go through* [to penetrate] • **PT** *passar através* [de um obstáculo] **Beispill** kuck op där anerer Säit, ob d'Schrauf net **duerchgaangen** ass **5. DE** *durchgehen* [bewilligt werden] • **FR** *passer* [être accepté, être voté] • **EN** *to go through, to pass* [to be approved] • **PT** *passar* [ser aceite, ser aprovado] **Beispill** d'Ministerin ass zouversichtlech, datt deen Amendement **duerchgeet** **6. duerchgoe** loossen **DE** *durchgehen lassen* • **FR** *laisser passer* [tolérer] • **EN** *to tolerate, to let get away with* • **PT** *deixar passar* [tolerar] **Beispiller** esou e Behuele loossen ech net méi **duerchgoen**, verlooss dech drop!; ech loossen him dat net **duerchgoen**

duerchgräifen [d'ʊ:ɔ̯çgræ:ɪfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgegraff**) » **intransitiv DE** *durchgreifen* [einschreiten] • **FR** *intervenir* [énergiquement] • **EN** *to crack down on* [to take firm measures against] • **PT** *intervir* [tomar medidas enérgicas] **Beispill** d'Police huet **duerchgegraff** an déi ganz Band festgeholl

duerchhalen [d'ʊ:ɔ̯çha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgehalen** / **duerchgehal**) » **transitiv 1. DE** *durchhalten, durchstehen* • **FR** *persévérer dans, aller jusqu'au bout* • **EN** *to persevere, to bear* [to endure] • **PT** *aguentar, perseverar em, levar até ao fim* **Beispill** ech hu Respekt virun deene Leit, déi esou e strenge Regimm bis zum Enn **duerchhalen** » **intransitiv 2. DE** *durchhalten* • **FR** *résister, tenir bon, ne pas céder* • **EN** *to keep going, to hold out* • **PT** *resistir, aguentar, não ceder* **Beispill** de Boxer huet bis zum Schluss **duerchgehalen** **Synonym** duerhalen

duerchhuelen [d'ʊ:ɔ̯çhuələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgeholl**) » **transitiv DE** *durchnehmen, behandeln* • **FR** *traiter* [laborer, étudier] • **EN** *to treat, to cover, to study* • **PT** *abordar, tratar, estudar* **Beispill** am nächste Cours huele mer d'Kapitel iwver d'Adjektiver **duerch**

duerchkommen [d'ʊ:ɔ̯çkomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **duerchkomm**) » **intransitiv 1. DE** *durchkommen* [sich einen Weg bahnen] • **FR** *pouvoir passer* [se frayer un chemin] • **EN** *to get through* [to find a way through] • **PT** *poder passar* [abrir caminho] **Beispiller**

et war vill Verkéier, et ass een néierens **duerchkomm**; mat dengen Excusé kënnst de bei mir net **duerch**! [mat dengen Excusen hues de bei mir keen Erfolleg] **2. DE** *durchkommen* [telefonisch] • **FR** *réussir à joindre son correspondant* [au téléphone], *réussir à établir une communication* [téléphonique] • **EN** *to get through* [on the telephone] • **PT** *conseguir estabelecer ligação* [telefónica] **Beispill** d'Linne sinn iwverlaascht, ech kommen net **duerch** **3. DE** *durchkommen* [in einer Prüfung], *bestehen* • **FR** *réussir, être reçu* [à un test, à un examen] • **EN** *to get through, to pass* [a test, an exam] • **PT** *passar, ter aprovação* [num teste, num exame] **Beispiller** ech dese schwache Schüler ass am Examen **duerchkomm**; ech si riicht **duerchkomm** [ech hu mäi Schouljoer oui Noexame gepackt]

duerchkucken [d'ʊ:ɔ̯çkukən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgekuckt**) » **transitiv DE** *durchsehen* [einen Text] • **FR** *parcourir* [lire] • **EN** *to look over* [a text] • **PT** *percorrer* [ler] **Beispill** ech muss dat Manuskript nach **duerchkucken**

duerchkucken [du:ɔ̯çk'ukən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchkuckt**) » **transitiv DE** *durchschauen* • **FR** *voir clair dans, percer à jour* • **EN** *to see through* [to detect the true nature] • **PT** *topar, descobrir* [o jogo de] **Beispiller** ech hat säi Spillche séier **duerchkuckt**; hien ass liicht ze **duerchkucken**

duerchliesen [d'ʊ:ɔ̯çliəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgelies**) » **transitiv DE** *durchlesen* • **FR** *parcourir* [lire] • **EN** *to read through* • **PT** *percorrer* [ler] **Beispiller** virun der Versammlung wullt ech de Rapport vun der leschter Sätzung nach **duerchliesen**; ech hunn d'Manuskrift e puermol **duerchgelies**, mee nach ëmmer näischt dervu verstanen

duerchlichten [du:ɔ̯çl'i:çtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchlicht**) » **transitiv DE** *durchleuchten, röntgen* • **FR** *radiographier* • **EN** *to X-ray* • **PT** *radiografar* **Beispiller** ech gouf am Spidol **duerchlicht**; d'Handgepäck gétt um Flughafen **duerchlicht**, ier een an de Flieger klëmmt

duerchloossen [d'ʊ:ɔ̯çlo:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgelooos**) » **transitiv 1. DE** *durchlassen* [passieren lassen] • **FR** *laisser passer* [permettre le passage de] • **EN** *to allow through* • **PT** *deixar passar* [permitir a passagem de] **Beispiller** d'Police huet keeng Auto **duerchgelooos**; eis nei Riddoe loosse guer keeng Luucht **duerch**; dese Stoff léisst kee Waasser **duerch** **2. DE** *durchgehen lassen* [dulden] • **FR** *passer à* [tolérer de la part de] • **EN** *to tolerate* • **PT** *deixar passar, tolerar* **Beispill** mir kënnen de Kanner hir schlecht Manéieren net **duerchloossen**

duerchmaachen [d'ʊ:ɔ̯çma:çən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duerchgemaaht** / **duerchgemaaht**) » **transitiv 1. DE** *durchmachen* [durchleben] • **FR** *traverser, vivre* [une épreuve, une période difficile] • **EN** *to go through, to get through* [a bad time] • **PT** *passar por, viver* [uma provação, um período difícil] **Beispill** mir hunn eng schlëmm Zäit **duerchgemaaht** **2. d'Nuecht** **duerchmaachen** **DE** *die Nacht durchmachen* [die Nacht durcharbeiten, durchfeiern] • **FR** *travailler toute la nuit, faire la fête toute la nuit* • **EN** *to work through the night, to party non-stop* • **PT** *fazer uma noitada* [a trabalhar, a di-

vertir-se **Beispiller** ech hunn d'Nuecht missen **duerchmaachen**, fir mat menger Aarbecht fäerdeg ze ginn; si hunn d'Nuecht **duerchgemaach** an sech gutt ameséiert

Duerchmiesser [d'u:ɕçmiəsɐ] Maskulinum (Pluriel Duerchmiesser) **DE** *Durchmesser* • **FR** *diamètre* • **EN** *diameter* • **PT** *diâmetro* **Beispill** de Behälter huet en **Duerchmiesser** vu 85 cm

duerchootmen Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **duerchgeotemt**) » **intransitiv** **DE** *durchatmen* • **FR** *respirer (profondément)* • **PT** *respirar (fundo)* **Beispiller** fir sech ze berouegen, **huet** hatt e puermol déif **duerchgeotemt**; no deem ville Stress an de leschte Woche konnt ech de Weekend endlech nees **duerchootmen** (no deem ville Stress an de leschte Woche konnt ech de Weekend endlech nees entspanen)

duerchpëtzen [d'u:ɕçpətɕən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **duerchgepëtzt**) » **transitiv** **DE** (mit einer Zange) *durchtrennen* • **FR** *dectonner (avec une pince)* • **EN** *to sever (with pincers)* • **PT** *cortar (com um alicate)* **Beispill** no laangem Iwwerleeën **huet** mäi Papp um Enn awer dee falsche Kabel **duerchgepëtzt**

duerchschaffen [d'u:ɕçʃafən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **duerchgeschafft**) » **transitiv** **1. DE** *durcharbeiten (studieren)* • **FR** *étudier à fond* • **EN** *to work through (to study in detail)* • **PT** *estudar a fundo* **Beispill** bis d'nächst Woch mussen mer dat Buch **duerchschaffen** » **intransitiv** **2. DE** *durcharbeiten* • **FR** *travailler sans interruption* • **EN** *to work through (to work without a break)* • **PT** *trabalhar sem interrupção* **Beispill** ech schaffen dës Nuecht **duerch**, da kréien ech en Dag fräi

duerchschloen [d'u:ɕçʃlo:ən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **duerchgeschloen**) » **transitiv** **1. DE** *durchschlagen (spalten)* • **FR** *fendre (par un coup)* • **EN** *to split, to break (by hitting)* • **PT** *rachar, fender (com um golpe)* **Beispill** fir dee Steen **duerchzeschloen**, braucht de en décken Hummer » **intransitiv** **2. DE** *durchschlagen (beim Drucken)* • **FR** *transparaître (à travers du papier trop fin)* • **EN** *to show through (to appear)* • **PT** *transparecer (através de papel demasiado fino)* **Beispill** bei deem dënne Pabeier **schléit** den Drock **duerch** » **reflexiv** **3. DE** *sich durchschlagen (sich durchbringen)* • **FR** *se débrouiller comme on peut, réussir à s'en sortir* • **EN** *to struggle through, to get by* • **PT** *safar-se, conseguir governar-se* **Beispill** d'Wittfra **schléit** sech mat hire fënnef Kanner **duerch** **4.** sech **duerchschloen** bis **DE** *sich durchschlagen bis (mühsam erreichen)* • **FR** *réussir à rejoindre (un lieu)* • **EN** *to manage to reach (with difficulty)* • **PT** *conseguir abrir caminho até, conseguir alcançar (um lugar)* **Beispill** de Krichsgefangene konnt toflafen a sech bis a säin Heemechtsland **duerchschloen**

duerchschlofen Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **duerchgeschlof**) » **intransitiv** **DE** *durchschlafen* • **FR** *faire ses nuits, dormir d'une (seule) traite* • **EN** *to sleep through the night* • **PT** *dormir a noite toda, dormir sem interrupções* **Beispiller** eist Klengt **schléift** neierdengs **duerch**; de Patient **huet** dës Nuecht fir d'éischte Kéier erëm **duerchgeschlof**

duerchschneiden [d'u:ɕçʃnaidən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **duerchgeschnid-den**) » **transitiv** **DE** *durchschneiden (durchtrennen)* • **FR**

couper (sectionner) • **EN** *to cut (through)* • **PT** *cortar (sectionar)* **Beispiller** d'Hiewan **huet** d'Nuebelschnouer **duerchgeschnidde**; bei der Aweigung **huet** d'Minisch **duerchgeschnidde**

Duerchschnëtt [d'u:ɕçʃnət] Maskulinum am Duerchschnëtt **DE** *im Durchschnitt* • **FR** *en moyenne* • **EN** *on average* • **PT** *em média* **Beispill** mäin Auto brauch am **Duerchschnëtt** fënnef Liter **Synonymmen** an der Moyenne, am Schnëtt

duerchschnëttlech [d'u:ɕçʃnətɕ] Adjektiv **DE** *durchschnittlich* • **FR** *moyen (correct, passable)* • **EN** *average* • **PT** *médio, medíocre* **Beispill** seng Leeschtungen an der Schoul sinn **duerchschnëttlech**

duerchseeën [d'u:ɕçsɛ:ən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **duerchgeseet**) » **transitiv** **DE** *durchsägen* • **FR** *scier (en deux)* • **EN** *to saw through* • **PT** *serrar (em dois pedaços)* **Beispill** de Bamstamm **gouf** **duerchge-seet** an direkt mam Kran op de Camion gelueden

duerchsetzen [d'u:ɕçzɛtsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **duerchgesat**) » **transitiv** **1. DE** *durchsetzen (verwirklichen)* • **FR** *imposer (réussir à faire accepter)* • **EN** *to impose (one's will, to have (one's way)* • **PT** *impor (fazer prevalecer)* **Beispiller** meng kleng Schwëster **huet** doheem ëmmer hire Wëllen **duerchgesat**; däi Mann wëllt iwverall säi Kapp **duerchsetzen!** [ɛgs] [däi Mann ass stuer] » **reflexiv** **2. DE** *sich durchsetzen* • **FR** *arriver à ses fins, s'imposer* • **EN** *to get one's way, to prevail* • **PT** *afirmar-se, impor-se* **Beispiller** den Architekt konnt sech **duerchsetzen** an d'Clienté vun senger Meenung iwverzeegen; d'Iddi **huet** sech bei de Leit net **duerchgesat**

duerchsichen [du:ɕçz'ɪçən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **duerchsicht**) » **transitiv** **DE** *durchsuchen* • **FR** *fouiller (contrôler, examiner, explorer)* • **EN** *to search (through)* • **PT** *revistar, rebuscar* **Beispiller** d'Police **huet** d'Wunneng **duerchsicht** an näischt fonnt; ech **hunn** alles **duerchsicht**, fir mäi Portmonni ze fannen

duerchsichtig [d'u:ɕçziçtɛç] Adjektiv - Variant vun **duerchsiichtig**

duerchsickeren [d'u:ɕçzikɛrən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **duerchgesickert**) » **intransitiv** **1. DE** *durchsickern (Flüssigkeit)* • **FR** *s'infiltrer (liquide)* • **EN** *to seep through* • **PT** *infiltrar-se (líquido)* **Beispill** d'Waasser ass **duerchgesickert** an d'Mauere sinn ëmmer méi ficht ginn **2. DE** *durchsickern (Nachricht)* • **FR** *filtrer (lêtre divulgué)* • **EN** *to leak out (information)* • **PT** *transpirar (ser divulgado)* **Beispill** d'Noriicht ass **duerchgesickert**, well ee säi Mond net gehalten **huet**

duerchsiichtig [d'u:ɕçziçtɛç] Adjektiv **DE** *durchsichtig* • **FR** *transparent* • **EN** *transparent, see-through* • **PT** *transparente* **Beispiller** d'Joffer hat eng **duerchsiichtig** Blus un; Är Absichte si méi ewéi **duerchsiichtig!** [ɛgs] [Dir sidd **duerchkuckt!**]

i Variant: **duerchsiichtig**

duerchstellen Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **duerchgestallt**) » **transitiv** **DE** *durchstellen* • **FR** *passer, mettre en communication (par téléphone)* • **EN** *to put through, to connect* • **PT** *passar, transferir a chamada (telefónica)* **Beispiller** d'Sekretariat **huet** mech direkt

bei de Responsabele vum Service **duerchgestallt**; ech kann Iech den Ament net **duerchstellen**, d'Leitung ass besat **Synonym** verbannen

duerchstoen [d'u:ɕɔfto:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **duerchgestanen** / **duerchgestan**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

duerchsträchen [d'u:ɕɔʃtræ:ɪçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **duerchgestrach**) » **transitiv** **DE** *durchstreichen* [*ausstreichen*] • **FR** *rayer, barer, biffer* • **EN** *to cross out* • **PT** *riscar, rasurar* **Beispill** sträich dee Saz **duerch** a schreif en nei! **Synonym** aussträchen

duerchwuessen [du:ɕɔv'uəsən] Adjektiv **1.** **DE** *durchwachsen* [*Fleisch, Speck*] • **FR** *maigre* [*viande, lard*] • **EN** *streaky* [*bacon*] • **PT** *entremado* [*toucinho*] **Beispill** de Kach huet beim Metzler zwee Kilo **duerchwuessene** Speck bestallt **2.** **DE** *durchwachsen* [*mittelmäbig*] • **FR** *médiocre, mitigé* • **EN** *mediocre, mixed* • **PT** *mediocre, assim-assim* **Beispill** op der Betriebsfeier war eng **duerchwuesse** Stëmmung

duerchwullen [d'u:ɕɔvulən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **duerchgewullt**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

duerchwullen [du:ɕɔv'ulən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **duerchwuullt**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

duerchzéien [d'u:ɕɔtsɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **duerchgezunn**) » **transitiv** **DE** *durchziehen*, (*gegen Widerstände*) *verwirklichen* • **FR** *mener à bien, aller au bout de* • **EN** *to see through* [*to the end*] • **PT** *levar a cabo, levar até ao fim* **Beispill** du brauchs vill Courage, fir dee Projet eleng **duerchzezéien**

Duerchzoch [d'u:ɕɔtsoɕ] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun **ᶚDuerchzuch**

Duerchzuch [d'u:ɕɔtsuɕ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Durchzug* [*Luftzug*] • **FR** *courant d'air* • **EN** *draught* [*of air*] • **PT** *corrente de ar* **Beispill** ech hu mech erkaalt, well an der Hal **Duerchzuch** war

i Variant: Duerchzoch

Duerf [du:ɕf] Neutrum (Pluriel **Dierfer**) **DE** *Dorf* [*Ortschaft*] • **FR** *village* [*agglomération rurale*] • **EN** *village* [*locality*] • **PT** *aldeia* [*localidade*] **Beispiller** ech sinn an en anert **Duerf** geplënnert; an eiser Géigend gëtt et vill schéin **Dierfer**; meng Mamm kënnt vum **Duerf** [égs] [meng Mamm ass um Land opgewuess]; ech war bis an d'**Duerf** [ech war bis an den Zentrum vum **Duerf**]; dat ganz **Duerf** war um Begriefnes lall d'**Awunner** aus dem **Duerf** waren um Begriefnes]

Duerfcafé [d'u:ɕkafə:] Maskulinum (Pluriel **Duerfcaféen**) **DE** *Dorfkneipe* • **FR** *café de village* • **EN** *village pub* • **PT** *café de aldeia* **Beispill** am **Duerfcafé** stinn elo zwee Billarden

duerfen [d'u:ɕfən] Modalverb (Hëllefverb hunn, Participle passé **duerfen**) - Variant vun **ᶚdäerfen**

i Amplaz vun engem Participle passé fënnt ee bei dësem Verb en Ersatzinfinitiv (huet **duerfe** froen). Donieft existéiert och eng hybrid Form (**duerften**), déi sech strukturell um Imparfait resp. um

Conditionnel orientéiert.

duerfen [d'u:ɕfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **geduerft**) - Variant vun **ᶚdäerfen**

Duerffest Neutrum (Pluriel **Duerffester**) **DE** *Dorffest* • **FR** *fête de village, fête villageoise* • **EN** *village fete, village fair* • **PT** *feira da aldeia* **Beispill** an der Zäit hu mer mat eisem Orchester op villen **Duerffester** Danzmusek gespillt

duerfir [du:ɕf'i:ɕ] staarkt Pronominaladverb - Variant vun **ᶚdofir**

Duerfkär [d'u:ɕfkæ:ɕ] Maskulinum (Pluriel **Duerfkären**) **DE** *Dorfkern, Ortskern* • **FR** *centre du village* • **EN** *village centre* • **PT** *centro da aldeia, centro da povoação* **Beispiller** d'**Haiser** am **Duerfkär** gi systematesch renovéiert; **Butteker** beliewen den **Duerfkär**

Duerfkierch [d'u:ɕfki:ɕɕ] Femininum (Pluriel **Duerfkierchen**) **DE** *Dorfkirche* [*Gebäude*] • **FR** *église de village* [*bâtiment*] • **EN** *village church* [*building*] • **PT** *igreja de aldeia* [*edifício*] **Beispiller** am Restaurant niewent der **Duerfkierch** kann ee gutt iessen; verschidden **Duerfkierche** sinn an de Besëtzt vun der Gemeng iwweggaangen

Duerfleit [d'u:ɕflait] Substantiv (kee Singulier)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Duerfliewen [d'u:ɕfliəvən] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Dorfleben* • **FR** *vie de village* • **EN** *village life* • **PT** *vida de aldeia* **Beispiller** déi auslännesch Famill huet sech gutt an d'**Duerfliewen** integréiert; d'**Ausstellung** weist en Ausschnëtt aus dem **Duerfliewen** am 17. Joerhonnert

Duerfmusek [d'u:ɕfmuzek] Femininum (Pluriel **Duerfmuseken**) **DE** *Dorfmusikkapelle* • **FR** *fanfare de village* • **EN** *village brass band* • **PT** *fanfarra de aldeia* **Beispiller** ech spille schonn iwver 25 Joer Klarinett an eiser **Duerfmusek**; d'**Duerfmusek** huet de Komitee ofgewielt [d'**Membere** vun der **Duerfmusek** hunn de Komitee ofgewielt]

duerfueren [d'u:ɕfu:ɕrən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé **duergefuer**) » **intransitiv** **1.** **duerfueren** op **DE** *zufahren auf* • **FR** *se diriger vers* [*conducteur, véhicule*] • **EN** *to drive towards* • **PT** *dirigir-se para* [*condutor, veículo*] **Beispill** hien ass lues op de **Potto** **duergefuer** an huet just virdrun ëmgedreit **2.** [égs] **DE** *loslegen* [*lanfangen*] • **FR** *s'y mettre, y aller* [*commencer sérieusement*] • **EN** *to start, to get started* [*energetically*] • **PT** *atacar, começar* **Beispiller** hien ass op senger neier Plaz direkt gutt **duergefuer**; **fuert** **duer**, ier d'**Zopp** kal gëtt! **3.** [égs] **DE** (*bei der Arbeit*) *zupacken* • **FR** *trimer, travailler d'arrache-pied* • **EN** *to graft away* • **PT** *labutar, trabalhar a mata-cavalos* **Beispill** d'**Aarbechter** sinn déi lescht Woche schéin **duergefuer**, fir de **Chantier** matzäit fäerdegzekeréien **Synonym** **duermaachen** **4.** [égs] **DE** *tüchtig zulangen* [*beim Essen*] • **FR** *manger de bon appétit* • **EN** *to tuck in(to)* [*food*] • **PT** *comer à vontade* **Beispill** d'**Boma** huet de **Kanner** eng **Schossel** **Fueskichelcher** op den **Dësch** gestallt a sot, se sollten **duerfueren** **Synonym** **duermaachen**

Duerfveräin [d'u:ɕfæræ:ɪn] Maskulinum (Pluriel **Duerfveräiner**) **DE** *Dorfverein* • **FR** *club de village, association de village* • **EN** *village club, village association* •

PT *clube de aldeia, associação de aldeia* **Beispiller** ech sammelen all d'Broschüre vun eisen **Duerfveräiner**; den **Duerfveräin** huet de Komitee ofgewielt [d'Membere vun **Duerfveräin** hunn de Komitee ofgewielt]

duergeheien [d'u:ɛgəhaɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duergeheit** / **duergehät**) » **transitiv** **DE** *vorwerfen [anlasten]* • **FR** *reprocher* • **EN** *to blame, to reproach* • **PT** *cenurar, acusar de* **Beispill** hie **gehät** mir ëmmer nees **duer**, hien hätt **duerch** mech d'Plaz net kritt **Synonymmen** *reprochéieren, virgeheien, virw-erfen*

duergoen [d'u:ɛgə:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **duergaangen** / **duergaang**) » **intransitiv** - och **onperséinlech** **1. DE** *reichen [genügen]* • **FR** *suffire* • **EN** *to be enough* • **PT** *chegar, bastar* **Beispiller** eis Sue **ginn** net **duer**, fir en Taxi ze huelen; eng Bier vu 40 Watt **geet** hei am Raum net **duer**; et ass net **duergaange** mat der Plaz, fir am Musée déi ganz Kollektioun ze weisen; elo **geet** et **duer**! **2. duergoen** op **DE** *zugehen auf* • **FR** *se diriger vers, s'avancer vers* • **EN** *to walk up to, to walk towards* • **PT** *dirigir-se para, encaminhar-se para* **Beispill** si sinn openeen **duergaangen** an hunn sech d'Hand **ginn** **Synonym** *zougoen* op **3. [égs]** **duergoen** op **DE** *losgehen auf* • **FR** *s'élançer sur, se ruer sur [avec une intention belliqueuse]* • **EN** *to attack, to lay into* • **PT** *atirar-se a, lançar-se a [com intenção de agredir fisicamente]* **Beispill** de Wiert huet missen **agraifen**, wéi déi zwee Männer openeen **duergaange** sinn

duerhalen [d'u:ɛgha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duergehalen** / **duergehal**) » **intransitiv** **1. DE** *durchhalten* • **FR** *résister, tenir bon, ne pas céder* • **EN** *to keep going, to hold out* • **PT** *resistir, aguentar, não ceder* **Beispill** de Boxer **huet** bis zum Schluss **duergehalen** **Synonym** *duerchhalten* **2. DE** *standhalten [Material]* • **FR** *résister [matériel]* • **EN** *to bear the strain [material]* • **PT** *resistir [material]* **Beispill** den Alpinist ass **veronglückt**, well säi Seel net **duergehalen** huet

duerkommen [d'u:ɛgkəmən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **duerkomm**) » **intransitiv** **1. duerkommen** op **DE** *zukommen auf [sich nähern]* • **FR** *s'avancer vers, s'approcher de* • **EN** *to head towards, to approach* • **PT** *aproximar-se de, vir ao encontro de* **Beispiller** de Mann ass mat engem Messer op mech **duerkomm** an huet mir d'Posch ewechgerappt; den Tourist **ass** op mech **duerkomm**, fir nom Wee ze froen **2. duerkommen** op **DE** *zukommen auf [sich versöhnen mit]* • **FR** *se réconcilier avec* • **EN** *to make up with, to become reconciled with* • **PT** *reconciliar-se com, fazer as pazes com* **Beispill** nom Sträit huet et laang gedauert, bis mäi Brudder erëm op mech **duerkomm** **ass** **Synonym** *zoukommen* op **3. duerkommen** op **DE** *zukommen auf [bevorstehen]* • **FR** *concerner, tomber dessus* • **EN** *to be in store for* • **PT** *esperar, cair sobre [vir a acontecer, estar para vir]* **Beispiller** ech froe mech, wat nach alles op eis **duerkönt!**; et wäerten nach gréisser Schwierigkeiten op eis **duerkommen** **Synonym** *zoukommen* op **4. DE** *auskommen [mit begrenzten Mitteln]* • **FR** *se débrouiller [avec les moyens disponibles]* • **EN** *to manage [to have enough]* • **PT** *governar-se [com os meios disponíveis]* **Beispill** mat eise Reserve misste mer nach bis Enn des Mounts **duerkommen**

duerlafen [d'u:ɛgla:fən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **duergelaf**) » **intransitiv** **duerlafen** op **DE** *zulaufen auf [sich bewegen in Richtung auf]* • **FR** *courir vers, courir en direction de* • **EN** *to run towards* • **PT** *correr para, correr em direção a* **Beispill** d'Kanner si voller Freed op de Kleeschen **duergelaf** **Synonym** *zoulafen* op

duerleeën [d'u:ɛgle:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duergeluecht**) » **transitiv** **DE** *darlegen* • **FR** *exposer [décrire en détail]* • **EN** *to explain, to expound* • **PT** *expor [descrever em pormenor]* **Beispill** de Riedner huet d'Problematik mat kloer Wierder **duergeluecht** **Synonym** *exposéieren*

duermaachen [d'u:ɛgma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duergemaach** / **duergemaacht**) » **intransitiv** **1. [égs]** **DE** *(bei der Arbeit) zapacken* • **FR** *trimer, travailler d'arrache-pied* • **EN** *to graft away* • **PT** *labutar, trabalhar a mata-cavalos* **Beispill** d'Aarbechter **hunn** déi lescht Woche schéin **duergemaach**, fir de Chantier matzäit **fäerdegzekeréien** **Synonym** *duerfueren* **2. [égs]** **DE** *tüchtig zulangen [beim Essen]* • **FR** *manger de bon appétit* • **EN** *to tuck in(to) food* • **PT** *comer à vontade* **Beispill** d'Boma huet de Kanner eng Schoskel Fueskichelcher op den Dësch gestallt a sot, se sollten **duermaachen** **Synonym** *duerfueren*

duerno [d'u:ɛgno:] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗**dono**

duerop [d'u:ɛgrop] staarkt Pronominaladverb - Variant vun ↗**dorop**

duerplättelen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duergeplättelt**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Duerscht [du:ɛft] Eegennumm **DE** *Dorscheid* • **FR** *Dorscheid* • **EN** *Dorscheid* • **PT** *Dorscheid* **Beispiller** ech wunnen zu **Duerscht**; fiert dëse Bus op **Duerscht**?

Duerschter Haischen [d'u:ɛftə'haisjən] Eegennumm **DE** *Dorscheiderhaischen* • **FR** *Dorscheiderhaischen* • **EN** *Dorscheiderhaischen* • **PT** *Dorscheiderhaischen* **Beispiller** ech wunnen um **Duerschter Haischen**; fiert dëse Bus op d'**Duerschter Haischen**?

duerstellen [d'u:ɛftælən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **duergestallt**) » **transitiv** **1. DE** *darstellen, beschreiben* • **FR** *présenter, décrire* • **EN** *to describe, to present* • **PT** *expor, descrever* **Beispill** d'Buergermeeschtesch **huet** d'Situatioun kloer **duergestallt** **2. DE** *darstellen [wiedergeben]* • **FR** *représenter [faire voir, signifier]* • **EN** *to represent, to depict* • **PT** *representar, figurar* **Beispiller** op enger Landkaart **ginn** d'Flëss meeschtens blo **duergestallt**; de Kënschtler wëllt mat där Skulptur d'Leift **duerstellen**; déi Affekotin **stellt** eppes **duer!** [déi Affekotin ass eng impressionnant Persoun]

duerstellend [d'u:ɛftælənt] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Duerstellung [d'u:ɛftæləŋ] Femininum (Pluriel **Duerstellungen**) **DE** *Darstellung* • **FR** *représentation [description]* • **EN** *portrayal, representation* • **PT** *representação [descrição]* **Beispiller** dee Film ass eng nostalgesch **Duerstellung** vun där gudder aler Zäit; dëst ass eng

schematesch **Duerstellung** vum Problem **Synonym** Representatioun

Duerteldauf [d'u:ɛtəldaʊf] **Femininum** (Pluriel **Duerteldauwen**) **Streptopelia turtur** **DE** *Turteltaube* • **FR** *tourterelle des bois* • **EN** *European turtle dove* • **PT** *rola-brava* **Beispill** wéi laang bréien d'**Duerteldauwen**?

Duess [dʊəs] **Maskulinum** (Pluriel **Duessen**) **Meles meles** - Variant vun ↗**Dachs**

Dugend [d'ʊənt] **Femininum** (Pluriel **Dugenden**) **DE** *Charaktereigenschaft* • **FR** *trait de caractère* • **EN** *qualities, character traits* • **PT** *traço de caráter* **Beispill** hien huet vill gutt **Dugenden** **Synonym** *Charaktereigenschaft*

dulden [d'uldən] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participle passé **gedult**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Dummeldeng [d'uməldɛŋ] **Eegennumm** **DE** *Dommeldingen* • **FR** *Dommeldange* • **EN** *Dommeldange* • **PT** *Dommeldange* **Beispiller** ech wunnen zu **Dummeldeng**; fiert dëse Bus op **Dummeldeng**?

Dumongshaff [d'yɔŋʃaf] **Eegennumm** **DE** *Dumontshaff, Dumongshaff* • **FR** *Dumontshaff, Dumongshaff* • **EN** *Dumontshaff, Dumongshaff* • **PT** *Dumontshaff, Dumongshaff* **Beispiller** ech wunnen um **Dumongshaff**; fiert dëse Bus op den **Dumongshaff**?

Dün **Femininum** (Pluriel **Dünen**) **DE** *Düne* • **FR** *dune* • **EN** *dune* • **PT** *duna* **Beispill** de Wand huet schéi Wellen an d'**Düne** gezechent

düngen [d'yŋɔŋ] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participle passé **gedüngt**) » **transitiv** **DE** *düngen* • **FR** *fertiliser* [*la terre*], *donner de l'engrais à, nourrir* [*lune plante*] • **EN** *to fertilize* [*soil*], *to feed* [*la plant*] • **PT** *fertilizar, adubar* [*o solo*], *nutrir* [*uma planta*] **Beispiller** eisen Noper düngt säi Gaart nëmme mat Päerdsmescht; hues de d'Blumme scho gedüngt?

Dünger [d'yŋɔ] **Maskulinum** (Pluriel **Dünger**) **DE** *Dünger* • **FR** *engrais* • **EN** *fertilizer* • **PT** *adubo* **Beispill** den Asaz vu cheemeschem **Dünger** soll reduzéiert ginn

Dunk [dɔŋk] **Maskulinum** (Pluriel **Dunken**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

dunken [d'ɔŋkən] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participle passé **gedunkt**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Dunn [dʊn] **Femininum** (Pluriel **Dunnen**) **1. DE** *Balken* [*Bauholz*] • **FR** *poutre* • **EN** *beam* [*of timber, of metal*] • **PT** *trave, viga* **Beispill** den Daach gëtt vun décknen **Dunne** gedroen **2. DE** *Melone* [*Hut*] • **FR** *chapeau melon* • **EN** *bowler* [*hat*] • **PT** *chapéu de coco* **Beispiller** fréier haten déi besser Hären e Schnëppel an eng **Dunn**; de **Stagiaire** huet eng gutt op d'**Dunn** kritt **[égs]** [*de Stagiaire* ass zerguttst vernannt ginn] **Synonym** *Meloun*

dunn [dʊn] **Adverb** **DE** *dann* [*danach*] • **FR** *ensuite* [*puis*] • **EN** *then* [*after that*] • **PT** *depois* [*em seguida*] **Beispill** meng Schwëster huet dräi Joer hei geschaff a gouf **dunn** an d'**Ausland** versat

I D'Adverb „dunn“ gëtt gebraucht, fir op e spezifesche Moment hinzewisen, dee schonn eriwuer ass, oder op seng zäitlech Suite: Dat sinn ech **dunn** eréischt gewuer ginn. Ech sinn de Moie fréi opgestanen an **dunn** direkt op d'**Aarbecht** gefuer. D'Adverb „dann“ gëtt gebraucht, fir op e spezifesche Moment hinzewisen, deen eréischt kéint, oder op seng zäitlech Suite: Dat wäert ech **dann** eréischt gewuer ginn. Ech sti muer fréi op a fueren **dann** direkt op d'**Aarbecht**.

I Variant: **du**

Dünndarm [d'yndarm] **Maskulinum** (Pluriel **Dünndarmen**) **DE** *Dünndarm* • **FR** *intestin grêle* • **EN** *small bowel, small intestine* • **PT** *intestino delgado* **Beispill** den **Dickdarm** läit ewéi eng **Rumm** ëm den **Dünndarm**

I Variant: **Dënndaarm**

dunnen [d'unən] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participle passé **gedunnt**) » **transitiv** **[égs]** engem eng **dunnen** **DE** *jemandem eine runterhauen* • **FR** *en coller une à quelqu'un* [*lune gifle*] • **EN** *to slap somebody, to clip somebody round the ear* • **PT** *dar uma chapada a alguém* **Beispill** de Papp huet dem Bouf eng fatzeg **gedunnt** **Synonym** engem eng **tachtelen**

Duo [d'u:ɔ] **Maskulinum** (Pluriel **Duo**) **1. DE** *Duo* [*Musikstück*] • **FR** *duo* [*pièce musicale*] • **EN** *duet, duo* [*musical composition*] • **PT** *dueto* [*composição musical*] **Beispill** d'**Solisten** interpretéieren en **Duo** fir **Gei a Piano** **Synonym** **Duett** **2. DE** *Duo* [*Ensemble von zwei Musikern*] • **FR** *duo* [*ensemble musical*] • **EN** *duo* [*pair of musicians*] • **PT** *dueto* [*conjunto musical*] **Beispiller** dee bekannten **Duo** ass amgaang, säin zweeten Album am **Studio** opzehuelen; virun engem **Joer** hunn déi zwee **Sänger** decidéiert, en **Duo** ze grënnen **3. DE** *Duo* [*zwei Freunde*] • **FR** *duo, tandem* [*de compères*] • **EN** *duo* [*pair of people*] • **PT** *duo* [*duas pessoas*] **Beispill** et ass ëmmer eng lass, wann dee lëschtegen **Duo** ënnerwee ass

Duplex [d'uplæks] **Maskulinum** (Pluriel **Duplexen**) **DE** *Maisonette* • **FR** *duplex* [*appartement*] • **EN** *duplex* [*flat*] • **PT** *duplex* **Beispill** an eisem **Duplex** sinn d'**Kichen** an d'**Stuff** um ënneschte **Stack** an d'**Kummere** mam **Buedzëmmer** um ieweschten

Duplikat [duplik'a:t] **Neutrum** (Pluriel **Duplikater**) **DE** *Duplikat* • **FR** *duplicata, double* • **EN** *duplicate* • **PT** *duplicado, cópia* **Beispill** mir schécken Iech en **Duplikat** vum **Kontrakt**

durabel **Adjektiv**

I Hei entsteet en neien Artikel.

Dusch [dʊʃ] **Femininum** (Pluriel **Duschen**) **1. DE** *Dusche* [*Vorrichtung*] • **FR** *douche* [*installation*] • **EN** *shower* [*fitting*] • **PT** *chuveiro, duche* [*instalação*] **Beispill** mir kréien eng nei **Dusch** an d'**Buedzëmmer** installéiert **2. DE** *Dusche* [*Duschbad*] • **FR** *douche* [*jet d'eau*] • **EN** *shower* [*jet of water*] • **PT** *duche* [*jato de água*] **Beispiller** ech ginn all Moien an d'**Dusch**; dee **Bréif** war fir mech eng kal **Dusch!** **[égs]** [*Idee* **Bréif** huet all meng **Illusiounen** zerstiéert]

Duschanbe **Eegennumm** **DE** *Duschanbe* • **FR** *Douchanbé* • **EN** *Dushanbe* • **PT** *Duxambé* **Beispill** **Duschanbe** ass d'**Hauptstad** vum **Tadjikistan**

Duschcabine [d'ʊʃkabin] **Femininum** (Pluriel **Duschcabinnen**) - Variant vun ↗**Duschkabin**

duischen [d'ʊʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geduscht) » **transitiv 1.** DE *duischen* • FR *doucher* [pour laver, pour rafraîchir] • EN *to shower, to give a shower* [to wash] • PT *dar banho de chuveiro* a **Beispill** d'Mamm **duischt** d'Kanner all Owend » **intransitiv 2.** DE *duischen, sich duschen* • FR *se doucher, prendre une douche* [pour se laver] • EN *to shower, to take a shower* [to wash] • PT *tomar um duche* **Beispill** ech **duischen** all Mueren **Synonym** sech duschen » **reflexiv 3.** DE *sich duschen, duschen* • FR *se doucher, prendre une douche* [pour se laver] • EN *to shower, to take a shower* [to wash] • PT *tomar um duche* **Beispill** ech **duische** mech all Mueren **Synonym** duschen

i Verb, dat **duischen** als Basis huet: **duischen**

Duschgel [d'ʊʃzæl] Maskulinum (Pluriel Duschgellen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Duschkabinn [d'ʊʃkabin] Femininum (Pluriel Duschkabinen) DE *Duschkabine* • FR *cabine de douche* • EN *shower cubicle* • PT *cabine de duche* **Beispill** mat enger Raclette kritt een d'Duschkabinn schéi propper

Dusel [d'ʊzəl] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **égs** am Dusel sinn DE *im Dusel sein* [benommen sein] • FR *être dans les vapes* • EN *to be in a daze* • PT *estar estonteado, estar atordoado* **Beispiller** ech hat zwou Nuechte bal guer net geschlof a war dono komplett am Dusel; ech brauch nëmmen eng Fläsch Béier ze drénken, da sinn ech schoonn am Dusel **2.** **égs** DE *Dusel, Glück* • FR *veine, bol* [chance] • EN *luck* [good fortune] • PT *sorte* [acaso feliz] **Beispill** hien hat déi Kéier schéinen Dusel

duseleg [d'ʊzələç] Adjektiv **égs** DE *benommen, benebelt, duseleg* • FR *dans les vapes* • EN *woozy, dazed* • PT *estonteado, aturdido, zonzo* **Beispiller** no der Operatioun war et mer nach e puer Stonnen **duseleg**; wann ech näischt giess hunn, gëtt et mer scho vun enger Kippchen **duseleg**

düsen [d'y:zən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gedüüst)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Düsenjäger [d'y:zənjɛ:gə] Maskulinum (Pluriel Düsenjägeren / Düsenjäger)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Duuscht [du:ʃt] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Durst* [Durstgefühl] • FR *soif* [sensation de soif] • EN *thirst* [sensation] • PT *sede* [sensação de sede] **Beispiller** ech hunn Duuscht, ech muss eppes drénken; al Leit riskéiere bei grousser Hëtzt gär ze deshydratéieren, well se keen Duuscht méi spieren; um Fest ass fir den Hunger an den Duuscht gesuergt **égs** [um Fest kritt een z'iessen an ze drénken]; um Wäifest hate vill Leit een iwwer den Duuscht gedronk **égs** [um Wäifest hate vill Leit ze vill Alkohol gedronk]

duuschten [d'ʊ:ʃtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geduuscht) » **transitiv égs** een duuschten DE *einen trinken* • FR *boire un coup* • EN *to have a drink* • PT *beber um copo* **Beispill** mir ginn all Weekend zesummen een **duuschten** **Synonym** een huelen

duuschtereg [d'ʊ:ʃtərəç] Adjektiv DE *durstig* • FR *ayant soif, assoiffé* • EN *thirsty* [feeling thirst] • PT *sedento, sequioso, com sede* **Beispiller** de Garçon huet deenen **duuschterege** Kanner eng Limonad zerwéiert; vill Patiente sinn immens **duuschtereg**, wann se aus der Narkos erwächen; et ass **duuschtereg** Wieder **égs** [et ass waarm a schmeier]

duuschtreg [d'ʊ:ʃtrəç] Adjektiv - Variant vun **duuschtereg**

duuss [du:s] Adjektiv **1.** DE *weich, zart* • FR *doux* [au toucher] • EN *soft* [to the touch] • PT *macio* [ao tato] **Beispiller** ech hu mer e Pullover aus ganz **duusser** Woll kaaft; eise Puppelchen huet esou eng **duuss** Haut! **2.** DE *sanft, zart* [dezent] • FR *doux* [discret] • EN *soft* [voice, colour] • PT *suave* [delicado, discreto] **Beispiller** mäin Therapeut huet eng schéin **duuss** Stëmm; dee Moler benotzt nëmmen **duuss** Téin an sengen Tabloen **3.** DE *sanft, zart* [liebepoll, sensibel] • FR *doux* [gentil, sensible] • EN *gentle, sensitive* • PT *doce* [meigo, sensível] **Beispiller** däi Brudder ass e ganz **duusse** Ménsch; wéi konnts de dat **duusst** Meedchen nëmmen esou blesséieren?

duuss [du:s] Adverb DE *sanft, behutsam, vorsichtig* • FR *doucement, délicatement* • EN *gently, carefully* • PT *suavemente, delicadamente* **Beispiller** géi **duuss** mat där Vas ëm, se huet e Verméige kascht!; pak d'Pijen **duuss** un, net datt se Téitsche kréien!

Duxall [d'uksal] Maskulinum (Pluriel Duxäll) DE *Empore* • FR *tribune d'orgue* [d'une église] • EN *organ loft, choir loft, gallery* [in a church] • PT *tribuna do órgão, coro alto* [numa igreja] **Beispill** d'Chorale huet d'Mass vum Duxall aus gesongen

duzen [d'ʊ:tsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geduuzt) » **transitiv** DE *duzen* • FR *tutoyer* • EN *to address informally* [to use the form 'du'] • PT *tratar por tu, tutear* **Beispiller** deen neie Chef hätt gär, datt seng Mataarbechter hien **duzen**; mir hunn eis vun Ufank u **geduuzt**

DVD [de:ve:d'e:] Maskulinum/Femininum (Pluriel DVDen) DE *DVD* • FR *DVD* • EN *DVD* • PT *DVD* **Beispiller** hie brennt seng Fotoen op en DVD; komm den Owend laanscht, da kucke mer eng DVD!

dynamesch [din'a:məʃ] Adjektiv DE *dynamisch* [lebhaf, regel] • FR *dynamique, entreprenant* <Adverb avec dynamisme> • EN *dynamic* <Adverb dynamically> • PT *dinâmico, empreendedor* <Adverb com dinamismo> **Beispiller** eis Firma sicht eng motivéiert an **dynamesch** Persoun fir an den Accueil; an eiser Géigend gëtt et eng **dynamesch** kulturell Zeeen; de Journalist huet den Debat ganz **dynamesch** geleet

Dynamik [din'a:mik] Femininum (kee Pluriel) **1.** DE *Dynamik* [Triebkraft] • FR *dynamisme* [d'une personne], *dynamique* [force, élan] • EN *dynamism* [of a person] • PT *dinamismo* [de uma pessoa], *dinâmica* [força, impulso] **Beispiller** den Acteuren hir **Dynamik** huet mech beandrockt; de Mëttelstand huet an der Vergaangenheet eng grouss **Dynamik** entwéckelt **2.** DE *Dynamik* [Wissenschaft] • FR *dynamique* [science] • EN *dynamics* [science] • PT *dinâmica* [ciência] **Beispill** d'Dynamik ass en Deel vun der Mechanik

dynamiséieren [dinamiz'zɪəɾən] Verb (Hëllesverb hunn, Participle passé dynamiséiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Dynamit [dinam'it] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Dynamit* • **FR** *dynamite* • **EN** *dynamite* • **PT** *dinamite* **Beispill** d'Sprengmeeschtesch huet de Stock vum Dynamit kontrolléiert

Dynamitsstaang Femininum (Pluriel *Dynamitsstaangen*) - Variant vun *▷Dynamitstaang*

Dynamitstaang Femininum (Pluriel *Dynamitstaangen*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: *Dynamitsstaang*

Dynastie [dinast'i:] Femininum (Pluriel *Dynastien*) **DE** *Dynastie* [*Herrscherhaus*] • **FR** *dynastie* [*famille régnante*] • **EN** *dynasty* • **PT** *dinastia* [*família reinante*] **Beispill** vill Dynastië si scho laang ausgestuerwen **Synonym** *Herrscherhaus*

Dysfonctionnement [disfõ:ŋksjõnəm'ænt] Maskulinum (Pluriel *Dysfonctionement*) - Variant vun *▷Dysfonctionnement*

Dysfonctionnement [disfõ:ksjõn'əmænt] Maskulinum (Pluriel *Dysfonctionement*) **DE** *Dysfunktionalität* • **FR** *dysfonctionnement* • **EN** *dysfunction* • **PT** *disfuncionamento* **Beispiller** en *Dysfonctionnement* an der Famill an den Drock an der Schoul sinn dacks Ursaachen, déi schlecht Zensure kënnen erklären; mir kënnen *Dysfonctionnement* an eise Betrib net ignoréieren

dysfunktional [disfunktjõn'a:l] Adjektiv **DE** *dysfunktional* • **FR** *dysfonctionnel* • **EN** *dysfunctional* • **PT** *disfuncional* **Beispiller** et ass schwéier, enger *dysfunktionaler* Famill bei der Léisung vun hire Problemer ze hëllef; mir hunn an der Struktur vum *Projet* e puer *dysfunktionaler* Elementer festgestallt

Dysfunktioen [d'isfunktjõn] Femininum (Pluriel *Dysfunktioenen*) **DE** *Dysfunktion*, *Fehlfunktion* • **FR** *dys-*

fonctionnement, *défectuosité* • **EN** *malfunction* • **PT** *disfunção*, *falha* **Beispill** eng eenzeg *Dysfunktioen* an der *Elektronik* geet duer, fir datt de *Motor* net méi ugeet

Dyskalkulie [diskalkul'i:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Dyskalkulie* • **FR** *dyscalculie* • **EN** *dyscalculia* • **PT** *discalculia* **Beispill** bei menger *Schwëster* ass an der *Schoul* ganz fréi *Dyskalkulie* festgestallt ginn

Dyslexie [dislæks'i] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Dyslexie* • **FR** *dyslexie* • **EN** *dyslexia* • **PT** *dislexia* **Beispill** *Dyslexie* ass haut an eiser *Gesellschaft* keen *Tabu* méi

Dyslexiker [disl'æksikə] Maskulinum (Pluriel *Dyslexiker*) **DE** *Dyslexiker* • **FR** (*personne*) *dyslexique* • **EN** *dyslexic* • **PT** *dislético* **Beispill** en *Dyslexiker* huet *Problemer*, fir *Wieder* richteg ze liesen an ze schreiwen

i Weiblech Form: *▷Dyslexikerin*

Dyslexikerin [disl'æksikərin] Femininum (Pluriel *Dyslexikerinnen*) **DE** *Dyslexikerin* • **FR** (*femme*) *dyslexique*, (*filles*) *dyslexique* • **EN** *dyslexic* [*female*] • **PT** *dislética* **Beispill** als *Dyslexikerin* huet meng *Schwëster* *Schwieregkeete* beim *Liesen* a *Schreiwen*

i Männlech Form: *▷Dyslexiker*

Dysprosium [dispr'o:zjũm] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** *Dysprosium* [*chemisches Element*] • **FR** *dysprosium* [*élément chimique*] • **EN** *dysprosium* [*chemical element*] • **PT** *disprósio* [*elemento químico*] **Beispill** d'*Element* *Dysprosium* gehéiert zum *Grupp* vun de *Lanthanoiden*

dystopesch [dist'o:pəʃ] Adjektiv **DE** *dystopisch* • **FR** *dystopique* • **EN** *dystopian* • **PT** *distópico* **Beispill** virun der *Coronakris* huet een d'*Pandemien* haaptsächlech aus *dystopesche* *Romane* kann

Dystopie [distop'i:] Femininum (Pluriel *Dystopien*) **DE** *Dystopie* [*Schilderung*] • **FR** *dystopie* • **EN** *dystopia* • **PT** *distopia* [*descrição*] **Beispill** an der *Coronakris* fillt een sech mat *Momenter* an d'*Dystopië* versat, déi een an de *Filmer* gewise kritt

E

ë Interjektioun

i Hei entsteet en neien Artikel.

E Maskulinum (Pluriel E-en / E) **DE** *E* [Buchstabe] • **FR** *e* [lettre] **Beispill** den E kann am Lëtzebuergeschen op verschidde Manéieren ausgeschwat ginn

Eau de Javel Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Eau de toilette [o:dətwal'æ:t] Maskulinum/Femininum (Pluriel Eau-de-toiletten) **DE** *Eau de Toilette* • **FR** *eau de toilette* • **PT** *eau de toilette* **Beispill** du richs gutt, wéi en Eau de toilette ass dat?

Eau-de-vie [o:dəv'i:] Femininum (Pluriel Eau-de-vien)

i Hei entsteet en neien Artikel.

E-Banking Maskulinum (Pluriel E-Bankingen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Ebbe ['æbə] Femininum (Pluriel Ebben)

i Hei entsteet en neien Artikel.

eben ['e:bən] Adverb - Variant vun **æeben**

eben ['e:bən] Partikel - Variant vun **æeben**

E-Bike Maskulinum (Pluriel E-Biken / E-Bikes) **DE** *E-Bike, Elektrofahrzeug* • **FR** *vélo électrique* • **PT** *bicicleta elétrica* **Beispiller** mat mengem neien E-Bike kommen ech gutt de Bierg erop; bezilt är Gemeng eng Pirm, wann ee sech en E-Bike keeft? **Synonymmen** elek-tresche Vélo, Elektrovélo

Ebola ['e:bo:la:] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Ebola* • **FR** *fièvre hémorragique d'Ebola* • **EN** *Ebola (fever)* • **PT** *febre hemorrágica do Ébola* **Beispill** déi epideemesch Infek-tionskrankheet Ebola kann déidlech verlafen **Syn-onym** Ebolaféiwer

Ebolaféiwer ['e:bo:la:fɛivɛ] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Ebola(fieber)* • **FR** *fièvre hémorragique d'Ebola* • **EN** *Ebola (haemorrhagic) fever, Ebola virus disease* • **PT** *febre hemorrágica do Ébola* **Beispill** d'Ebolaféiwer ass eng schweier Infektiounskrankheet, un där de Patient dacks stierft **Synonym** Ebola

Ecart [ek'a:r] Maskulinum (Pluriel Ecarten) **DE** *Abstand, Kluft* • **FR** *écart [distance, différence]* • **EN** *distance, gap* • **PT** *discrepância, diferença* **Beispiller** den Ecart téschent deenen zwee eisichte Lefeer huet sech an der leschter Ronn staark reduzéiert; den Ecart téschent Aarm a Räich gëtt ëmmer méi grouss

ecartéieren [ekart'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ecartéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

ech [ɛç] Personalpronomen » 1. Persoun Singulier / Nominativ 1. **DE** *ich* • **FR** *je* • **EN** *I* • **PT** *eu* **Beispill** ech sinn hongereg » 1. Persoun Singulier / Nominativ 2. **DE** *ich* • **FR** *moi* • **EN** *I, me* • **PT** *eu* **Beispill** si sinn all midd, mee ech

net

Echange [eʃ'ɑ:ʃ] Maskulinum (Pluriel Echanges) 1. **DE** *Austausch* • **FR** *échange [de renseignements, de documents]* • **EN** *exchange [of ideas, of information]* • **PT** *troca [de informações, de documentos]* **Beispill** nei Ac-corde sollen den Echange vun Informatiounen vereinfachen **Synonym** Austausch 2. **DE** *Austausch, Austausch-programm [zwischen Bildungsanstalten]* • **FR** *programme d'échange [entre institutions d'enseignement]* • **EN** *exchange programme* • **PT** *programa de intercâmbio [entre instituições de ensino]* **Beispill** d'Studenten hu bei engem internationalen Echange matgemaach **Syn-onym** Austausch

echangéieren [eʃɑ:ʒ'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé echangéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Echangeur [eʃɑ:ʒ'œ:r] Maskulinum (Pluriel Echangeuren) **DE** *Anschlussstelle [im Straßenverkehr]* • **FR** *échangeur [routier]* **Beispiller** déi zwee grouss Echangeure ronderëm d'Stad si grad komplett iwwerlaascht; gëschter gouf et um Echangeur Sen-nengerbiere e schrot Accident

Echantillon [eʃ'ɑ:tjɔ̃:] Maskulinum (Pluriel Echantil-lonen) 1. **DE** *Warenprobe, Pröbchen* • **FR** *échantillon [d'un produit]* • **EN** *sample [of a product]* • **PT** *amostra [de um produto]* **Beispill** an der Parfümerie krut ech en Echan-tillon vun enger neier Crème 2. **DE** *Sample [repräsentative Stichprobe]* • **FR** *échantillon [quantité représentative]* • **EN** *sample [representative quantity]* • **PT** *amostra [quantidade representativa]* **Beispiller** d'Ëmfro ass mat engem Echantillon vun 200 Leit gemaach ginn; eng Etüd brauch e statistesch representativen Echantillon aus der Bevëlkerung, fir zouverlässeg Resultater zur Verbreedung vum Coronavirus ze kréien

Echappée Femininum (Pluriel Echappéeën)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Echeance [eʃ'e:ɑ:s] Femininum (Pluriel Echeancen) **DE** *Fälligkeitstermin, Stichtag* • **FR** *échéance [terme]* • **EN** *deadline* • **PT** *vencimento, data(-limite)* **Beispiller** ech kann déi Echeance net anhalen; déi lescht Echeance, fir seng Kandidatur ze stellen, ass den 10. Dezember ëm 12 Auer **Synonym** Stéchedag

Echec [eʃ'æk] Maskulinum (Pluriel Echecken) **DE** *Misserfolg* • **FR** *échec [insuccès]* • **EN** *failure* • **PT** *fracasso, fiasco, malogro* **Beispill** eis Entreprise war en Echec op der ganzer Linn **Synonymmen** Feelschlag, Mësserfolleg

Echo ['e:ko:] Maskulinum (Pluriel Echoen) 1. **DE** *Echo [Widerhall]* • **FR** *écho [réflexion du son]* • **EN** *echo [sound]* • **PT** *eco [reflexão do som]* **Beispiller** an dëser Hal ass den Echo zimmlech staark; op dëser Plaz héiert een den Echo dräimol 2. **DE** *Echo [Reaktion]* • **FR** *écho [réaction]* • **EN** *reaction [response]* • **PT** *eco [reação]* **Beispiller** an der Press waren d'Echoen op de Concert ganz positiv; mir hunn nach keen Echo vun him kritt

Echografie [eko:ɡraf'i:] Femininum (Pluriel Echografien) 1. **DE** *Ultraschalluntersuchung, Echografie* • **FR** *échographie [examen médical]* • **EN** *ultrasound scan*

[*medical examination*] • **PT** *ecografia* [*exame médico*] **Beispill** wéinst dem Verdacht op e Moschwiwer huet d'Doktesch mech an d'Echografie geschéckt **Synonym** Ultraschall **2. DE** *Ultraschallbild, Echografie* • **FR** *échographie* [*image*] • **EN** *ultrasound scan* [*image*] • **PT** *ecografia* [*imagem*] **Beispill** op der Echografie huet een den Embryo scho gutt gesinn **Synonym** Ultraschall

Echographie [eko:ɡraf'i:] Femininum (Pluriel Echographien) - Variant vun ↗Echografie

echt [æçt] Adjektiv **1. DE** *echt* [*unverfälscht, original*] • **FR** *vrai, véritable, authentique, original* • **EN** *genuine, original* • **PT** *verdadero, autêntico, original* **Beispill** ech hu fir Chrëschttag eng echt Pärelskette geschenkt krut **Synonym** richtig **2. DE** *erstaunlich* • **FR** *insolite, étonnant* • **EN** *surprising, unusual* • **PT** *insólito, espantoso* **Beispill** déi do ass echt! **3. DE** *drollig, ulkig, unterhaltsam* • **FR** *drôle, amusant, distayant* • **EN** *amusing, entertaining, funny* • **PT** *engraçado, divertido, distrativo* **Beispiller** ziel eis där echter Geschichten nach eng!; Äert klengt Meedchen ass en Echt!; ech hunn eng Echt ze erzielen

Echtzäit [ˈæçtsæ:ɪt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Echtzeit* • **FR** *temps réel* • **EN** *real time* • **PT** *tempo real* **Beispill** um Internetsite kann een d'Resultat vun de Walen an Echtzäit consultéieren

Eck [æk] Maskulinum (Pluriel Ecken / Ecker) **1. DE** *Ecke* [*leines Gegenstands, eines Raums, einer Straße*] • **FR** *coin* [*d'un objet, d'une pièce, d'une rue*] • **EN** *corner* [*of an object, of a room, of a street*] • **PT** *canto* [*de um objeto, de um compartimento, de uma rua*] **Beispiller** d'Kand huet sech de Kapp um Eck vum Dësch gestouss; d'Doktesch huet hir nei Praxis um Eck vun der Avenue; d'Metzlerei ass gläich ëm den Eck; dee Mann do kuckt ëm den Eck [ëgs] [Idee Mann do baluckt]; du hues en Eck ewech! [ëgs] [du bass geckeg!]; mir sinn ëm siwen Ecke Famill mateneen [ëgs] [mir si wäitleefeg Famill mateneen]; an där Famill feelen d'Suen un allen Ecken an Ennen [ëgs] [Idéi Famill huet ganz weíneg Suen]; hie sëtzt an, well en een ëm den Eck bruecht huet [ëgs] [hie sëtzt an, well en een ëmbruecht huet] **2. DE** *Ecke* [*Gegend*] • **FR** *coin* [*région, quartier, site*] • **EN** *corner* [*region, area*] • **PT** *canto* [*região, bairro, sítio*] **Beispiller** hei am Ländche gëtt et vill schéin Ecken; eis Frënn wunnen an engem verlueren Eck; an deem doten Eck kennen ech mech guer net aus

eckeg [ˈæçkəç] Adjektiv **DE** *eckig, kantig* • **FR** *anguleux* • **EN** *angular* • **PT** *anguloso, esquinado* **Beispiller** op dësem Tablo hunn d'Leit all eckeg Gesichter; dee Klenge kënnt de Mëtteg op Besuch, huel alles ewech, wat eckeg ass!

Eckelchen [ˈæçkəlçən] Maskulinum (Pluriel Eckelcher) - Diminutivform vun ↗Eck

Eckhaus Neutrum (Pluriel Eckhaiser) **DE** *Eckhaus* • **FR** *maison d'angle* • **PT** *casa de esquina* **Beispill** mir wunnen um Enn vun der Strooss, am Eckhaus op der rietser Säit

Eckzant [ˈæçtsant] Maskulinum (Pluriel Eckzänn) **DE** *Eckzahn* • **FR** *canine* • **EN** *eye tooth, canine* (*tooth*) • **PT** *dente canino* **Beispiller** mir ass en Eckzant ofgebrach; wat hues du spatz Eckzänn!

Eclair [ˈækle:ʀ] Femininum (Pluriel Eclairen) **DE** *Eclair* • **FR** *éclair* [*pâtisserie*] • **EN** *eclair* • **PT** *éclair* **Beispill** de Pâtissier an eiser Strooss mécht déi bescht Eclair wäit a breet

Eclat [ekl'a:] Maskulinum (Pluriel Eclaten) **DE** *Eklat* • **FR** *éclat* [*scandale*] • **EN** *altercation, sensation, scandal* • **PT** *escândalo, incidente* (*escandaloso*) **Beispiller** dësen Eclat wäert an d'Geschicht agoen; well keng vun deenen zwou Parteien noginn huet, koum et zum Eclat

Ecoute [e:k'ut] Femininum (Pluriel Ecoutten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Ecran [ˈe:krã:] Maskulinum (Pluriel Ecranen) **1. DE** *Leinwand* [*Projektionswand*] • **FR** *écran* [*de projection*] • **EN** *screen* [*for projection*] • **PT** *ecrá* [*de projeção*] **Beispill** dee Film kucken ech léiwer am Kino um groussen Ecran **Synonym** Leinwand **2. DE** *Bildschirm* • **FR** *écran* [*appareil d'affichage*] • **EN** *screen, monitor* • **PT** *ecrá, monitor* **Beispill** mäi Brudder keeft sech gäre méi e groussen Ecran fir bei säi Computer **Synonymmen** Bildschirm, Schiirm

Ecstasy Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Ecuador [ˈe:kwado:ʀ] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum **DE** *Ecuador* • **FR** *Équateur* • **EN** *Ecuador* • **PT** *Equador* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Ecuador; ech fueren d'nächst Woch an den Ecuador; ech kommen aus dem Ecuador; ech war schonn dräimol an Ecuador; ech fueren d'nächst Woch an Ecuador; ech kommen aus Ecuador

i männlech Persoun: ↗Ecuadorianer weiblech Persoun: ↗Ecuadorianerin Adjektiv: ↗ecuadorianesch Haaptstad: ↗Quito

Ecuadorianer [e:kwado:ʀiˈa:nə] Maskulinum (Pluriel Ecuadorianer) **DE** *Ecuadorianer* • **FR** *Équatorien* • **EN** *Ecuadorian* • **PT** *equatoriano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Ecuadorianer

Ecuadorianerin [e:kwado:ʀiˈa:nəri:n] Femininum (Pluriel Ecuadorianerinnen) **DE** *Ecuadorianerin* • **FR** *Équatorienne* • **EN** *Ecuadorian* [*female*] • **PT** *equatoriana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Ecuadorianerin

ecuadorianesch [e:kwado:ʀiˈa:nəʃ] Adjektiv **DE** *ecuadorianisch* • **FR** *équatorien* • **EN** *Ecuadorian* • **PT** *equatoriano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi ecuadorianesch Kultur kenne geléiert

edel [ˈe:dəl] Adjektiv - Variant vun ↗eedel

Edelgas [ˈe:dəlɡa:s] Maskulinum (Pluriel Edelgasen / Edelgaser) - Variant vun ↗Edelgas

Edelsteen Maskulinum (Pluriel Edelsteng) - Variant vun ↗Edelsteen

Edinburgh Eegennumm **DE** *Edinburgh* • **FR** *Édimbourg* • **EN** *Edinburgh* • **PT** *Edimburgo* **Beispill** Edinburgh ass d'Haaptstad vu Schottland

editéieren [editˈziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé editéiert) » **transitiv** **1. DE** *herausgeben* [*veröffentlichen*] • **FR** *éditer* [*publier, faire paraître*] • **EN** *to publish* • **PT** *editar* [*publicar, fazer a edição de*] **Beispill** den Institut huet en neit Buch editéiert **Synonymmen**

erausbréngen, erausginn, publizéieren, verëf-fentlechen **2. DE** editieren [digitale Daten] • **FR** éditer [des données numériques] • **EN** to edit [digital data] • **PT** editar [dados digitais] **Beispill** d'Dateien, déi s de de Moien editéiert hues, goufe leider net richtig ofgespäichert

Editeur [edit'œ:r] Maskulinum (Pluriel Editeuren) **DE** Verleger, Herausgeber • **FR** éditeur [maison d'édition, directeur de publication] • **EN** publisher • **PT** editor [casa editora, diretor de edição] **Beispiller** de Schrëftsteller fënnt keen Editeur, dee säi Roman wëllt publizéieren; op der Bicherfoire sinn all déi grouss Editeure vertrauden

Editoum [edisj'əʊn] Femininum (Pluriel Editiounen) **1. DE** Auflage [Ausgabe] • **FR** édition [publication, tirage] • **EN** edition [publication] • **PT** edição [publicação, tiragem] **Beispiller** déi drétt Editoum vum Dictionnaire kënt geschwënn eraus; de Roman hat esou vill Erfolge, datt schonn déi fënneft Editoum am Drock ass **Synonymmen** Oplo, Ausgab **2. DE** Auflage [einer Veranstaltung] • **FR** édition [d'une manifestation] • **EN** edition [of an event] • **PT** edição [de um evento] **Beispill** d'nächst Woch geet déi zéngten Editoum vum Theaterfestival op en **ENN** **Synonym** Oplo

Editorial Maskulinum (Pluriel Editorialen) **DE** Leitartikel • **FR** éditorial [article de presse] • **EN** leader, editorial • **PT** editorial, artigo de fundo **Beispill** am Editorial vun haut befaasst de Chefredakter sech mam Chömage **Synonym** Leitartikel

Editrice Femininum (Pluriel Editricen) - weiblech Form vun **Editeur**

Educateur ['e:dykatœ:r] Maskulinum (Pluriel Educateuren) **DE** Erzieher [Berufsbezeichnung] • **FR** éducateur [professionnel, qualifié] • **EN** youth worker, child care worker • **PT** educador [profissional] **Beispill** mäi Schwoer schafft als Educateur an engem Kannerheem **Synonym** Erzéier

W Weiblech Form: **Edutricice**

Educateur diplômé Maskulinum (Pluriel Educateur-diplôméen) **DE** Erzieher [mit berufsspezifischem Sekundarabschluss] • **FR** éducateur [détenteur d'un baccalauréat spécialisé] • **PT** educador [titular de um diploma do ensino secundário profissionalizante] **Beispill** ech schaffen als Educateur diplômé an engem Crèche

Educateur gradué [e:dykat'œ:rgrad'ye:] Maskulinum (Pluriel Educateur-graduéen) **DE** Erzieher [mit Bachelorabschluss] • **FR** éducateur [diplômé Bac +3] • **PT** educador [com grau académico de 3 anos] **Beispill** ech schaffen als Educateur gradué an engem Crèche

Educatioun [edykasi'əʊn] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** Bildung [schulische Ausbildung] • **FR** éducation [scolaire] • **EN** education [at school] • **PT** educação [instrução escolar] **Beispill** zu engem gudder Educatioun gehéiert eng zolidd Allgemengbildung **2. DE** Erziehung [Sozialisation] • **FR** éducation [socialisation] • **EN** education [socialisation] • **PT** educação [socialização] **Beispill** d'Eltere si responsabel fir d'Educatioun vun hire Kanner **Synonym** Erziehung **3. DE** Bildungswesen • **FR** éducation [secteur d'activité] • **PT** educação [setor de atividade] **Beispill** meng Bridder schaffen alle béid an der Educatioun, deen een als Educateur an deen aneren als

effektiv [æfæktˈi:f] Adjektiv **DE** *effektiv, tatsächlich* • **FR** *effectif, réel* <Adverb effectivement> • **EN** *actual, real* <Adverb actually, in fact> • **PT** *efetivo, real* <Adverb efetivamente, realmente> **Beispiller** déi *effektiv* Käschte si vill méi héich ewéi geplangt; *effektiv*, dat ka stëmmen!

ëffentlech [ˈɛfɛntlɛç] Adjektiv **1.** **DE** *öffentlich* [allen zugänglich] • **FR** *public* [à l'usage de tous, librement accessible] • **EN** *public* [available to everybody] • **PT** *público* [para todos, de acesso livre] **Beispiller** den *ëffentlechen* Transport ass net méi ewechzedenken; an deene meeschte Garë gëtt et *ëffentlech* Toiletten; meng Kanner ginn an en *ëffentleche* Lycée **2.** **DE** *öffentlich* [nicht geheim] • **FR** *public* [ouvert à tous] <Adverb publiquement, au vu et au su de tous> • **EN** *public* [in open view] <Adverb publicly> • **PT** *público* [aberto a todos] <Adverb publicamente> **Beispiller** dee Problem soll an enger *ëffentlecher* Diskussioun zur Sprooch kommen; et gouf *ëffentlech* doriwwer ofgestëmmt

Ëffentlechkeet [ˈɛfɛntlɛçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Öffentlichkeit* [Allgemeinheit] • **FR** *public, grand public* • **EN** *public, general public* • **PT** *público, grande público* **Beispiller** d'*Ëffentlechkeet* ass ni eppes iwuer déi lusch Affär gewuer ginn; ech behaupten dat an aller *Ëffentlechkeet* lech soen dat virun alle Leit; mir hu wëlles, mat där Informatioun an d'*Ëffentlechkeet* ze goen lmir hu wëlles, déi Informatioun public ze maachen!

Effet [æfˈɛ:] Maskulinum (Pluriel Effeten) **1.** **DE** *Effekt* [Auswirkung] • **FR** *effet* [répercussion, impact] • **EN** *effect* [result] • **PT** *efeito* [incidência, impacto] **Beispill** nach e Verkéiersschëld op dëser Plaz hätt guer keen *Effet* **2.** **DE** *Eindruck* [im Bewusstsein] • **FR** *effet* [impression] • **EN** *effect* [impression] • **PT** *efeito* [sensação, impressão] **Beispill** wat fir en *Effet* mécht dat op dech? **3.** **DE** *Effet* [Drall] • **FR** *effet* [de rotation] • **EN** *spin, side, swing* [on a ball] • **PT** *efeito* [de rotação] **Beispill** mat deem richtegen *Effet* wier deng Klatz net am Kullang gelant **Synonym** Drall

i Variant: Effekt

efficace [æfikˈas] Adjektiv - Variant vun *effikass*

Efficaciteit [æfikasit'ɛɪt] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun \nearrow Effikassiteit

effikass [æfik'as] Adjektiv **1.** DE *wirksam* • FR *efficace* [*bon, puissant*] <Adverb *efficacement*> • EN *effective, efficient* • PT *eficaz* [*eficiente, bom*] <Adverb *eficazmente*> **Beispill** mir mussen eng effikass Method fannen, fir dee Problem ze léisen **2.** DE *kompetent* [*fähig*] • FR *efficace* [*compétent*] <Adverb *efficacement*> • EN *efficient* [*competent*] <Adverb *efficiently*> • PT *eficaz* [*capaz, competente*] <Adverb *eficazmente*> **Beispiller** eis nei Mataar-bechterin ass ganz effikass!; d'Aarbechter hu séier an effikass geschafft

Effikassiteit [æfikasit'ɛɪt] Femininum (kee Pluriel) DE *Wirksamkeit* [*Wirkungskraft*] • FR *efficacité* • EN *effectiveness* • PT *eficácia, eficiência* **Beispill** d'Effikassiteit vum Medikament ass net bewisen

effizient [æfɪtsɪ'ænt] Adjektiv DE *effizient* • FR *efficient, efficace* <Adverb *efficacement*> • EN *efficient* <Adverb *efficiently*> • PT *eficiente, eficaz* <Adverb *eficientemente*> **Beispill** eisen Informatiker huet eng effizient Method ausgeschafft, fir d'Donnéen ze traitéieren

Effizienz [æfɪtsɪ'ænts] Femininum (kee Pluriel) DE *Effizienz* • FR *efficience* • EN *efficiency* • PT *eficiência* [*rendimento*] **Beispill** d'Effizienz vum Betrib huet sech duerch déi nei Investitioun verbessert

Ëffnung [ˈɛfnʊŋ] Femininum **1.** (Pluriel *Ëffnungen*) DE *Öffnung* [*Loch, Lücke*] • FR *ouverture* [*trou, orifice*] • EN *opening* [*hole, gap*] • PT *abertura* [*buraco, orificio*] **Beispill** stell näischt virun d'Ëffnung vun der Entlüftung! **2.** (kee Pluriel) DE *Öffnung* [*Durchgangsrecht*] • FR *ouverture* [*droit de passage*] • EN *opening* [*right of passage*] • PT *abertura* [*direito de passagem*] **Beispill** d'Demonstrante setze sech fir d'Ëffnung vun de Grenze fir d'Flüchtlingen an **3.** (Pluriel *Ëffnungen*) DE *Öffnung* [*des Muttermundes*] • FR *dilatation* [*du col de l'utérus*] • EN *dilation* [*of the cervix*] • PT *dilatação* [*do colo do útero*] **Beispill** déi schwanger Fra ass nees heemgeschéckt ginn, well d'Ëffnung nach net grouss genuch war

Ëffnungsdag Maskulinum (Pluriel *Ëffnungsdeeg*)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Ëffnungszäiten [ˈɛfnʊŋstsæ:ɪtən] Femininum (kee Singulier) DE *Öffnungszeiten* • FR *heures d'ouverture* • EN *opening times, hours of business* • PT *horário de abertura, horário de funcionamento* **Beispill** d'Ëffnungszäite vum Service si vun aacht bis zwielef a vun dräizéng bis siwwenzéng Auer **Synonym** *Ouvertureszäiten*

Effort [æfˈɔ:ɹ] Maskulinum (Pluriel *Efforten*) DE *Anstrengung* • FR *effort* • EN *effort* • PT *esforço* **Beispiller** no hirem Effort hunn d'Wanderer op enger Terrass gerascht; d'Realisatioun vun der Ausstellung ass mat villen Efforte verbonnen; d'Gemeng kéint hei e klengen Effort maachen [eg] [d'Gemeng kéint hei e weínege Sue báileen]

ëfters [ˈɛftəs] Adverb DE *öfters* • FR *assez souvent, à plus d'une reprise* • EN *often, frequently, many times* • PT *várias vezes, bastantes vezes* **Beispiller** d'Journalistin huet ëfters an hiren Artikelen op Mësstänn am Prisong higewisen; mir hu schonn ëfters an dësem Restaurant gies an et war all Kéier excellent

egal [eg'a:l] Adjektiv *egal* sinn DE *egal sein* [*gleichgültig sein*] • FR *être indifférent* (*à*), *être égal* (*à*) • EN *to be all the same* [*of no consequence, of little account*] • PT *ser indiferente* (*a*), *não interessar* (*a*) **Beispiller** et ass mir komplett egal, weíni s du an d'Bett gaange bass!; du bass mir egal!

egaliséieren [e:galiz'ɛɪəɹən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *egaliséiert*) » **transitiv 1.** DE *ebnen* • FR *égaler* [*aplanir*] • EN *to level, to make level* • PT *alisar* [*aplanar*] **Beispill** d'Chape muss nach egaliséiert ginn » **intransitiv 2.** DE *ausgleichen, den Ausgleich erzielen* [*im sportlichen Wettkampf*] • FR *égaler* [*dans une compétition sportive*] • EN *to equalize* [*in a sports competition*] • PT *empatar* [*numa competição desportiva*] **Beispill** an der zweeter Hallschent huet eis Ekipp egaliséiert **Synonym** *ausgläichen*

egalitär [e:galit'ɛ:ɹ] Adjektiv DE *egalitär* • FR *égalitaire* • EN *egalitarian* • PT *igualitário* **Beispill** d'Politikerin trëtt fir eng méi egalitär Gesellschaft an

Egalitéit [egalit'ɛɪt] Femininum (kee Pluriel) DE *Gleichberechtigung, Gleichheit* • FR *égalité* [*des droits*] • EN *equality, equal rights* • PT *igualdade* [*dos direitos*] **Beispill** d'Egalitéit vu Mann a Fra muss an alle Beräicher garantéiert ginn

Ego [ˈe:go:] Maskulinum (Pluriel *Egoen*)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Egoismus [ego'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Egoismus* • FR *égoïsme* • EN *egoism, selfishness* • PT *egoísmo* **Beispill** mat sengem Egoismus mécht en sech net beléift

Egoist [ego'ist] Maskulinum (Pluriel *Egoisten*) DE *Egoist* • FR *égoïste* • EN *egoist* • PT *egoísta* **Beispill** en Egoist denkt ëmmer nëmmen un sech

egoistesch [ego'istəʃ] Adjektiv DE *egoistisch* • FR *égoïste* <Adverb *de façon égoïste*> • EN *selfish* <Adverb *selfishly*> • PT *egoísta* <Adverb *de modo egoísta*> **Beispiller** si ass eng egoistesche Persoun; denk net esou egoistesch!

egozentresch [egots'æntɹəʃ] Adjektiv DE *egozentrisch* • FR *égocentrique* • EN *egocentric* • PT *egocêntrico* **Beispill** hien ass en egozentresche Mënsch, mir sinn em alleguer egal

Egozentriker [egots'æntɹikɛ] Maskulinum (Pluriel *Egozentriker*) DE *Egozentriker* • FR *égocentriste, égocentrique* • EN *egocentric* • PT *egocentrista* **Beispill** hien ass en Egozentriker, déi aner interesséieren hie guer net

I Weiblech Form: \nearrow Egozentrikerin

Egozentrikerin [egots'æntɹikɛrɪn] Femininum (Pluriel *Egozentrikerinnen*) DE *Egozentrikerin* • FR (*femme*) *égocentriste, (femme) égocentrique* • EN *egocentric* [*female*] • PT *egocentrista* [*mulher*] **Beispill** als Egozentrikerin interesséiert meng Kolleegin sech just fir sech selwer

I Männlech Form: \nearrow Egozentriker

Egostrismus [ego:tsæntɹ'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Egostrismus, Egozentrik* • FR *égocentrisme* • EN *egocentricity* • PT *egocentrismo* **Beispill**

duerch säin Egozentrismus huet en net vill Frënn

ei Interjektioun **1.** **DE** *mmh* [als Ausdruck einer angenehmen Empfindung] • **FR** *mmm* [pour exprimer une sensation agréable] • **EN** *mm* [used to express contentment] • **PT** *nham, ai* [para exprimir uma sensação agradável] **Beispiller** déi Glace ass awer lecker, **ei**!; **ei**, déi Blumm richt awer gutt!; **ei**, déi muusseg Decke fillt sech awer gutt un!; **ei**, un dat schéint Wieder kéint een sech nawell gewinnen! **Synonym** *mmm* **2.** **DE** *oha* [als Ausdruck des Staunens] • **FR** *houla, oh là là* [pour exprimer l'étonnement] • **EN** *oh dear* [used to express surprise, disbelief] • **PT** *ena, ui* [para exprimir espanto] **Beispill** **ei**, wat dat dobausse schétt! **Synonym** *vreck* **3.** **DE** *auwei(a), oje* • **FR** *aie, ouille* [pour exprimer une contrariété, un ennui] • **EN** *oh dear* [used to express concern] • **PT** *ai, ui* [para exprimir uma contrariedade, um aborrecimento] **Beispiller** **ei**, dat do gëtt Sträit!; **ei**, déi Téitsch do gëtt dech eng deier! **Synonym** *eieiei* **4.** **DE** *autsch, aua* • **FR** *aie, ouille* [pour exprimer la douleur] • **EN** *ouch* [used to express pain] • **PT** *ai, ui* [para exprimir dor] **Beispill** **ei**, dat do huet wéigedoen! **Synonym** *aua*

Éi Femininum (Pluriel Éien) **DE** *Ähre* • **FR** *épi* [tige] • **EN** *ear* [plant part] • **PT** *espiga* [haste] **Beispill** fréier konnten déi aarm Leit nom Karschnatz d'Éien, déi op de Felder leie bloufen, rafe goen

i Variant: Éich

Éich Femininum (Pluriel Éichen) - Variant vun **Éi**

eichen ['aɪçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **geeicht**) » **transitiv DE** *eichen* • **FR** *jauger* [un récipient], étalonner [une mesure, un instrument] • **EN** *to calibrate* [to verify a measure] • **PT** *aferir* [verificar] **Beispiller** de Wénzer huet seng Fässer **eiche** gelooss; déi elektronesch Woe brauchen net méi **geeicht** ze **ginn**; dee Kárel ass gutt **geeicht** [eggs] [dee Kárel verdréit vill Alkohol]

Eichenprozessionsspinner Maskulinum (Pluriel Eichenprozessionsspinner)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: Eechepressessionsraup

Eidechs ['aɪdæks] Femininum (Pluriel Eidechsen) **DE** *Eidechse* • **FR** *lézard* • **EN** *lizard* • **PT** *lagarto, sardanisca* **Beispill** d'Eidechs ass an enger Spléck vun der Mauer verschwonnen

eidel ['aɪdəl] Adjektiv **1.** **DE** *leer* [ohne Inhalt] • **FR** *vide* [dépourvu de contenu] • **EN** *empty* [containing nothing] • **PT** *vazio* [desprovido de conteúdo] **Beispiller** ech hunn déi **eidel** Këschten am Gaart verbrannt; mat engem eidele Mo schafft et sech net gutt; mir sinn net mat eidelen Hänn komm [mir hunn eppes matbruecht]; den Akku vu mengem Fotoapparat ass **eidel** [et ass keng Energie méi am Akku vu mengem Fotoapparat] **2.** **DE** *leer* [menschenleer] • **FR** *vide* [inoccupé, désert] • **EN** *empty* [deserted] • **PT** *vazio* [desocupado, despovoado] **Beispill** op Neijoerschdag waren d'Stroosse richteg **eidel** **3.** **DE** *leer* [ohne Substanz] • **FR** *en l'air* [sans fondement] • **EN** *empty* [meaningless] • **PT** *vão* [sem fundamento] **Beispill** ech sinn denger **eideler** Versprieche midd!

eidel drénken ['aɪdɛldrɛŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **eidel gedronk**) » **transitiv DE** *leer*

trinken • **FR** *vider, finir* [boire en entier] • **EN** *to empty* [a bottle], *to finish* [one's drink] • **PT** *acabar* [de beber] [lesvaziar, beber tudo] **Beispill** dir gitt net heem, dees mer hunn d'Fläsch **eidel gedronk**! **Synonym** *eidel maachen*

eidel iessen ['aɪdəl'iəsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **eidel giess**) » **transitiv DE** *leer essen* • **FR** *finir* [manger en entier] • **EN** *to finish* [one's plate] • **PT** *acabar* [de comer] [lesvaziar, comer tudo] **Beispill** wann s de däin Teller net **eidel èss**, kriss de herno keng Glace!

eidel maachen ['aɪdɛlm'a:xən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **eidel gemaach** / **eidel gemaacht**) » **transitiv DE** *leeren* • **FR** *vider* [retirer le contenu de] • **EN** *to empty* • **PT** *despejar, esvaziar* **Beispiller** meng Fra huet gëschter mat enger Frëndin zesummen eng ganz Fläsch Porto **eidel gemaach**; d'Männer, déi d'Drecks-këschten **eidel maachen**, kréie fir Neijoerschdag en Dréngeld; ech halen drop, datt bei eis doheem Tüben an Dëppercher ganz **eidel gemaach ginn**

eidel stoen ['aɪdɛl't'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **eidel gestanen** / **eidel gestan**) » **intransitiv DE** *leer stehen* [Räumlichkeiten] • **FR** *être inoccupé, être vide* [local, logement] • **EN** *to be empty* [premises] • **PT** *estar inocupado, estar vazio* [local, habitação] **Beispiller** d'Hallschent vun de Büroen am Gebai stinn **eidel**; zënter eis fréier Locatairë geplënnert sinn, steet eise Quartier **eidel**

Eiderint ['aɪdeɪnt] Femininum (Pluriel Eiderinten) **So-materia mollissima DE** *Eiderente* • **FR** *eider à duvet* • **EN** *common eider* • **PT** *eider-edredão* **Beispill** wéi laang bréien d'Eiderinten?

eieiei Interjektioun **DE** *auwei(a), oje* • **FR** *aie aie aie* [pour exprimer une contrariété, un ennui] • **PT** *ai-ai-ai* [para exprimir uma contrariedade, um aborrecimento] **Beispiller** eieiei, dat do gëtt e Koup Aarbecht!; eieiei, déi Téitsch do gëtt dech eng deier! **Synonym** *ei*

Éier ['ʒiɛ] Femininum (Pluriel Éieren) **1.** **DE** *Ehre* [Wertschätzung] • **FR** *honneur* [considération] • **EN** *honour* [esteem] • **PT** *honra* [consideração, apreço] **Beispiller** fréier ass vill op d'Éier vun der Famill gehale ginn; ech hale meng Ierfstécker an **Éieren** [ech versuerge meng Ierfstécker gutt]; wem zu **Éieren** hues du dech esou erausgefiizt? [eggs] [wéinst wem hues du dech esou erausgefiizt?]; d'Duerf huet senger Buergermeeschtesch déi lescht **Éier** erwisen [d'Duerf huet en senger Buergermeeschtesch hirem Begriefnes deelgeholl] **2.** **DE** *Ehre* [Stolz, Ehrgefühl] • **FR** *(sens de l')honneur, fierté* • **EN** *honour* [self-esteem] • **PT** *orgulho* [amor-próprio, dignidade] **Beispiller** well ech mengem Kolleeg meng Meenung gesot hunn, fillt en sech elo an senger **Éier** getraff; firwat léiss de der déi Frechheete gefalen, hues de keng **Éier** (am Leif)? **Synonym** *Stolz*

eier ['ʒiɛ] Konjunktioun - Variant vun **ier**

i Varianten: éiert, iert

eierbar ['ʒiɛba:r] Adjektiv **1.** **DE** *ehrbar, rechtschaffen* • **FR** *honorable* [estimable, respectable] • **EN** *honourable* [upright] • **PT** *honorable, probo* **Beispill** hire fréiere Buergermeeschter war en **eierbare** Mann **2.** **DE** *menschenwürdig* • **FR** *convenable, décent* • **EN** *decent, adequate* • **PT** *conveniente, decente, digno* **Beispill** all Mën-

sch huet Recht op eng **éierbar** Wunneng **Synonym** anstänneg **3.** [ëgs] **DE** *anständig, ordentlich, richtig* • **FR** *correct, bon [convenable, satisfaisant]* • **EN** *decent [of reasonable quality]* • **PT** *bom, como deve ser* **Beispiller** ech hu mir gëschter emol eng **éierbar** Schéier kaaft; hie brauch eng **éierbar** Aarbecht **Synonym** anstänneg

Éierchen ['ʒiɛʁçən] Neutrum (Pluriel **Éiercher**) - Diminutivform vun **ŉOuer** (meeschtens Pluriel) [Gas-tronomie] **DE** *Niere, Nierchen [Nahrungsmittel]* • **FR** *rognon* • **EN** *kidneys* • **PT** *rim [alimento]* **Beispill** an dësem Restaurant kritt een excellent **Éiercher** z'iessen **Synonym** Rognon

i Variant: Néierchen

Éieregaascht ['ʒiɛrəɡa:ʃt] Maskulinum (Pluriel **Éieregäscht**) **DE** *Ehrengast* • **FR** *invité d'honneur* • **EN** *guest of honour* • **PT** *convidado de honra* **Beispiller** den **Éieregaascht** gëtt selbstverständlech fir d'éischt zerwéiert; déi bescht Zëmmer si fir d'**Éieregäscht** reservéiert

Éieremember ['ʒiɛrəmɛ:mɛ] Maskulinum (Pluriel **Éierememberen**) **DE** *Ehrenmitglied* • **FR** *membre honoraire* • **EN** *honorary member* • **PT** *sócio honorário* **Beispill** de Schrëftsteller gouf **Éieremember** vun der Akademie

éieren ['ʒiɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geéiert) » **transitiv 1.** **DE** *ehren [respektieren]* • **FR** *honorer [respecter]* • **EN** *to honour [to respect]* • **PT** *honrar [respeitar]* **Beispill** den Alter soll een **éieren 2.** **DE** *ehren [würdig]* • **FR** *honorer [rendre hommage à]* • **EN** *to honour [to pay tribute to]* • **PT** *honrar [dignificar]* **Beispiller** hie gouf wéinst sengem Asaz fir de Fridden an Europa geéiert; Merci fir Äert Kompliment, dat éiert mech!

éieren ['ʒiɛrən] Partikel **DE** *etwa, vielleicht, eventuell* • **FR** *[sert à nuancer l'expressivité d'un énoncé]* • **EN** *used to nuance the expressiveness of a statement* • **PT** *[serve para matizar a expressividade de um enunciado]* **Beispiller** et richt no verbrannt, hues de **éieren** e Stéck Brout am Toaster vergiess?; hätt Dir **éieren** en Nuesschnappech fir mech?; wann ech **éieren** net matzäit do wier, da fänkt alt emol schon ouni mech un!

i Variant: ieren

éierenamtlech ['ʒiɛrənamtləç] Adjektiv **DE** *ehrenamtlich* • **FR** *bénévole* <Adverb *bénévolement*> • **EN** *honorary, voluntary* <Adverb *voluntarily*> • **PT** *voluntário* <Adverb *voluntariamente*> **Beispiller** hien ass en **éierenamtliche** Mataarbechter vum Grupp; si bedeelegen sech **éierenamtlech** um Projet **Synonym** benevole

Éierepromotioun ['ʒiɛrəpɾomɔsjøʊn] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Ehrenpromotion [zweithöchste Spielklasse im luxemburgischen Fußball]* • **FR** *Promotion d'honneur [deuxième division du championnat de football au Luxembourg]* • **EN** *Division of Honour [second-level football league in Luxembourg]* • **PT** *Promoção de Honra [segunda divisão do campeonato de futebol no Luxemburgo]* **Beispill** wann eis Fussballsekipp e Sondag gewënnt, da spillt se déi nächst Saison an der **Éierepromotioun**

Éierewäin ['ʒiɛrəvæ:ɪn] Maskulinum (Pluriel **Éierewäiner**) **DE** *Empfang [Festlichkeit]* • **FR** *vin d'honneur*

• **EN** *reception [with drinks], cocktails* • **PT** *recepção [beberete de honra]* **Beispill** mir sinn op den **Éierewäin** agelueden

Éiergäiz ['ʒiɛgæ:ɪts] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Ehrgeiz* • **FR** *ambition [désir de réussite]* • **EN** *ambition* • **PT** *ambição [desejo de sucesso]* **Beispiller** dee Schüler misst e bésse méi **Éiergäiz** hunn; mat iwwerdriwwen-em **Éiergäiz** mécht een sech keng Frënn

éiergäizeg ['ʒiɛgæ:ɪtsəç] Adjektiv **DE** *ehrgeizig* • **FR** *ambitieux* • **EN** *ambitious* • **PT** *ambicioso* **Beispill** fir et am Liewen zu eppes ze bréngen, muss een **éiergäizeg** sinn **Synonym** ambitiéis

Éiergefill ['ʒiɛgəfɪl] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Ehrgefühl* • **FR** *sens de l'honneur* • **EN** *sense of honour* • **PT** *sentimento de honra* **Beispill** firwat léiss du dir déi Frecheete gefalen, hues du keen **Éiergefill**? **Synonymmen** Éier, Stolz

éierlech ['ʒiɛləç] Adjektiv **1.** **DE** *ehrlich [aufrichtig]* • **FR** *sincère, franc* <Adverb *sincèrement, franchement*> • **EN** *honest [sincere, frank]* <Adverb *honestly*> • **PT** *sincero, franco* <Adverb *sinceramente, francamente*> **Beispiller** d'Kand huet op all Fro eng **éierlech** Äntwert ginn; seng Propos, dech heemzeféieren, war mengem Brudder **éierlech** gemengt; **éierlech**, Dir hutt mech enttäuscht! **2.** **DE** *ehrlich [lehrenhaft]* • **FR** *honnête [honorable, intègre]* <Adverb *honnêtement*> • **EN** *honest [honorable]* <Adverb *honestly*> • **PT** *honesto [honrado, íntegro]* <Adverb *honestamente*> **Beispiller** en **éierleche** Mënsch huet Äre Portmonni bei der Police ofginn; mäi Pätter ass **éierlech** bis an d'déck Zéif!; ech hu mäi Liewen-sënnerhalt nach ëmmer **éierlech** verdéngt!

Éierlechkeet ['ʒiɛləçkɛ:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Ehrlichkeit* • **FR** *honnêteté* • **EN** *honesty* • **PT** *honestidade* **Beispiller** hien ass net grad fir seng **Éierlechkeet** bekannt; ech zweiwelen net un denger **Éierlechkeet**

éiert Konjunktioun - Variant vun **ŉéier**

Éierung ['ʒiɛrʊŋ] Femininum (Pluriel **Éierungen**) **1.** **DE** *Ehrung [Zeremonie]* • **FR** *hommage [témoignage de respect]* • **EN** *presentation, ceremony, tribute* • **PT** *homenagem [manifestação de respeito]* **Beispiller** de Gemengerot huet eng **Éierung** fir déi bescht Sportler vum Joer organiséiert; hues de nach keng Fotoe vun der **Éierung**? **2.** **DE** *Ehrung [Auszeichnung]* • **FR** *distinction [honorifique]* • **EN** *distinction, honour, decoration* • **PT** *distinção [honorífica]* **Beispill** déi fréier Staatscheffin huet an hirer Amtszäit en ettlech **Éierungen** entgéintgehall

Éig Femininum (Pluriel **Éigen**) **DE** *Egge* • **FR** *herse* • **PT** *grade [lafaia agrícola]* **Beispill** de Bauer fiert mat der **Éig** iwwer dat geploutent Stéck

eigentlech ['aɪzəntləç] Adjektiv **DE** *eigentlich* • **FR** *véritable [réel, primordial]* • **EN** *actual [real]* • **PT** *verdadeiro [real, primordial]* **Beispill** d'Schüler hunn am Cours versicht, dat **eigentlecht** Theema ze ëmgoen

eigentlech ['aɪzəntləç] Adverb **DE** *eigentlich* • **FR** *à vrai dire, en principe, en fait* • **EN** *actually, as a matter of fact* • **PT** *na verdade, propriamente, de facto* **Beispiller** ech hunn **eigentlech** kee Grond, fir mech ze beklöen; dat Buch misst **eigentlech** scho laang eraus sinn **Synonymmen** am Fong, u(n) sech

eigentlech [ˈaɪzəntləç] Partikel **DE** *eigentlich* • **FR** [*sert à nuancer l'expressivité d'un énoncé*] • **EN** [*used to nuance the expressiveness of a statement*] • **PT** [*serve para matizar a expressividade de um enunciado*] **Beispiller** fir wat huet de Kinnek **eigentlech** en Zepfer?; wat war **eigentlech** geschter mat dir lass?

Eil [aɪl] Femininum (Pluriel **Eilen**) **DE** *Eule* • **FR** *chouette* • **EN** *owl* • **PT** *coruja* **Beispill** mir haten deslescht eng **Eil** um Spächer

Éil [ʒɪl] Maskulinum (Pluriel **Éilen**) **Anguilla anguilla** 1. **DE** *Aal* [*Tier*] • **FR** *anguille* [*animal*] • **EN** *eel* [*animal*] • **PT** *enguia* [*animal*] **Beispiller** ech hunn en **Éil** an der Baach gesinn; dee Politiker ass glat ewéi en **Éil** (Idee Politiker leet sech ni fest an huet ëmmer fir alles eng Ausried) **Synonym** Laangfësch 2. **DE** *Aal* [*Nahrungsmittel*] • **FR** *anguille* [*aliment*] • **EN** *eel* [*food*] • **PT** *enguia* [*aliment*] **Beispill** un der Nordsee hunn ech fir d'éischte **Kéier** gerezten **Éil** geschmaacht

Eileiterentzündung [ˈaɪlaɪtəræntsʏndʊŋ] Femininum (Pluriel **Eileiterentzündungen**) **DE** *Eileiterentzündung* • **FR** *salpingite* • **EN** *salpingitis, inflammation in the fallopian tube* • **PT** *salpingite* **Beispill** bei Fraen ënner 25 Joer, déi ganz fréi hiren éischte Geschlechtsverkéier haten, ass de Risiko fir eng **Eileiterentzündung** méi grouss

Eileiterschwangerschaft [ˈaɪlaɪtəʃwɑŋgəʃaft] Femininum (Pluriel **Eileiterschwangerschaften**) **DE** *Eileiterschwangerschaft* • **FR** *grossesse extra-utérine* • **EN** *ectopic pregnancy, tubal pregnancy* • **PT** *gravidez ectópica* **Beispill** wann eng **Eileiterschwangerschaft** net fréi erkannt gëtt, kann se liewensgefäerlech fir d'Fra ginn

Éileng [ˈʒɪlɛŋ] Eegennumm **DE** *Ehlingen* • **FR** *Ehlinge* • **EN** *Ehlinge* • **PT** *Ehlinge* **Beispiller** ech wunnen zu **Éileng**; fiert dëse Bus op **Éileng**?

Éilereng [ˈʒɪlɛrɛŋ] Eegennumm **DE** *Ehleringen* • **FR** *Ehlerange* • **EN** *Ehlerange* • **PT** *Ehlerange* **Beispiller** ech wunnen zu **Éilereng**; fiert dëse Bus op **Éilereng**?

Eileesech [ˈaɪləzɛːç] Femininum (Pluriel **Eileesechen**) [ɛɡs] **DE** *Muckefuck, Blümchenkaffee* • **FR** *jus de chaussettes* • **EN** *dishwater* [*unpleasant coffee*] • **PT** *água de castanhas, cafedório* **Beispill** déi **Eileesech** ass net ze drénken! **Synonymmen** Muckefuck, Schlutchen, Spullwaasser

Éim Maskulinum (Pluriel **Éimen**) 1. [vereezlt] **DE** *Oheim* • **FR** *oncle* • **EN** *uncle* • **PT** *tio* **Beispill** mäin **Éim** huet éiweg bei mengen Elteren um Haif gewunnt an am **Betrieb** matgeschafft **Synonymmen** Monni, Monnonk 2. [vereezlt] [ɛɡs] **DE** *Opa* [*alter Herr*] • **FR** *papi* [*homme âgé*] • **EN** *grandad* [*old man*] • **PT** *velho, velhote* **Beispill** fro emol den **Éim** dohannen op der Bänk, wou d'Paschtoueschhaus ass! **Synonym** Pätter

Éimaischen [ˈʒɪmaɪʃjən] Eegennumm - Variant vun ↗**Eemaischen**

Éimchen Maskulinum (Pluriel **Éimercher**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

éimeg Adjektiv [vereezlt] **DE** *wund* • **FR** *irrité, écorché* [*peau*] • **EN** *sore* [*skin*] • **PT** *irritado, em ferida* [*pele*] **Beispiller** no där laanger **Wanderung** ware meng

Feeschte ganz **éimeg**; ech hu mer d'Zong **éimeg** geschwat lech hu mech midd geschwat fir ze iwwerzeegen! **Synonym** wond

Éimereng [ˈʒɪmɛrɛŋ] Eegennumm **DE** *Emeringen* • **FR** *Emerange* • **EN** *Emerange* • **PT** *Emerange* **Beispiller** ech wunnen zu **Éimereng**; fiert dëse Bus op **Éimereng**?

Éimeschbaach [ˈʒɪmɛʃbaːç] Eegennumm **DE** *Emeschbach* • **FR** *Emeschbach* • **EN** *Emeschbach* • **PT** *Emeschbach* **Beispiller** ech wunnen an der **Éimeschbaach**; fiert dëse Bus an d'**Éimeschbaach**?

i Lokalvariant: **Éimischbaach**

Éimischbaach [ˈʒɪmɪʃbaːç] Eegennumm - Variant vun ↗**Éimeschbaach**

Einban [ˈaɪnbɑːn] Femininum (Pluriel **Einbanen**) **DE** *Einbahnstraße* • **FR** (*rue à sens unique*) • **EN** *one-way street* • **PT** (*rua de sentido único*) **Beispill** an enger **Einban** dærf een d'**Kéier** net maachen

Éinen [ˈʒɪnɛn] Eegennumm **DE** *Ehnen* • **FR** *Ehnen* • **EN** *Ehnen* • **PT** *Ehnen* **Beispiller** ech wunnen zu **Éinen**; fiert dëse Bus op **Éinen**?

éinescht [ˈʒɪnɛʃt] Adverb (d')éinescht / (elo) éinescht **DE** *vorhin* • **FR** *tout à l'heure* [*récemment*] • **EN** *just (now), earlier* • **PT** *há pouco* **Beispiller** hei kënnt den Här, vun deem ech der d'**éinescht** geschwat hunn; wéi ech (elo) **éinescht** bei der laanschkoum, waars de net doheem **Synonym** virdrun

einfach [ˈaɪnfɑːç] Adjektiv 1. **DE** *einfach* [*leicht*] • **FR** *simple, facile* <Adverb *facilement*> • **EN** *simple, easy* • **PT** *simples, fácil* [*sem dificuldade*] <Adverb *facilmente*> **Beispiller** esouguer op déi **einfachst** Froe wusst den oppereegte Student keng Äntwert; de leschten Exame war zimmlech **einfach**; dat ass méi **einfach** gesot ewéi gemaach! [ɛɡs] [dat léisst sech net **einfach** maachen]; firwat (sech) et **einfach** maachen, wann et och komplizéiert geet? [ironesch] [et soll een (sech) d'Saachen net onnëtz komplizéiert maachen] **Synonym** liicht 2. **DE** *einfach* [*schlicht, bescheiden*] • **FR** *simple* [*modeste, sans recherche*] <Adverb *de façon modeste, simplement*> • **EN** *simple, modest* <Adverb *simply*> • **PT** *simples* [*modesto, recatado*] <Adverb *modestamente, simplesmente*> **Beispiller** meng Eltere waren **einfach** Leit; trotz sengen héije Funktiounen ass den **Ambassadeur** en **einfache** Mënsch bliwwen; mir hunn eis an de **Solden** en **einfachen** Iesszerwiss kaaft; meng **Nopesch** huet et eraus, fir sech **einfach** an trotzdem elegant ze kleeden 3. **DE** *einfach* [*nicht doppelt*] • **FR** *simple* [*qui n'est pas multiple*] • **EN** *simple, single* • **PT** *simples* [*que não é múltiplo*] **Beispill** de Léierbouf huet de **Pak** mat engem **einfache** **Knuet** zougestréckt

einfach [ˈaɪnfɑːç] Partikel **DE** *einfach* • **FR** [*sert à nuancer l'expressivité d'un énoncé*] • **EN** [*used to nuance the expressiveness of a statement*] • **PT** [*serve para matizar a expressividade de um enunciado*] **Beispiller** deen **Déckkapp** léisst sech **einfach** näischt soen!; ech verhalen **einfach** keng **Nimm!**; deen **Typ** ass mir **einfach** handendrop gefuer

einheimesch [ˈaɪnhaimɛʃ] Adjektiv **DE** *einheimisch, inländisch, heimisch* • **FR** *autochtone, indigène, endémique, local* • **EN** *native, indigenous, local* • **PT** *autóctone,*

indígena, endémico, local **Beispiller** d'Touristen, déi op dës Insel kommen, hu praktesch kee Kontakt mat der einheimischer Populatioun; dëse Botaniker huet en interessante Guide iwwer einheimesch Beem a Straich publizéiert; eise Kach verschafft nëmmen einheimesch Produiten a senge Platen

i Variant: eenheemesch

Einhorn Neutrum (Pluriel Einhörner) **DE** *Einhorn* • **FR** *licorne* • **EN** *unicorn* • **PT** *unicórnio, licorne* **Beispill** hunn d'Einhörner eigentlech schonn en Har um Kapp, wann se op d'Welt kommen?

i Variant: Eenhar

Einlag [ˈaɪnlaːχ] Femininum (Pluriel Einlagen) **1. DE** *Einlage (im Schuh)* • **FR** *semelle orthopédique* • **EN** *insole* • **PT** *palmita ortopédica* **Beispill** a mengen neie Schong brauch ech keng **Einlage** méi **2. DE** *Einlage (Zwischenspiel)* • **FR** *intermède (interlude, intermezzo)* • **EN** *interlude, intermezzo* • **PT** *intermédio (interlúdio, intermezzo)* **Beispill** téschent den zwee Akte gouf et eng musikalesch **Einlag**

Eins Femininum (Pluriel Einssen) **vereelt** **DE** *Eins (Schulnote)* • **FR** *très bien (note scolaire)* • **PT** *muito bom (nota escolar)* **Beispill** an der Primärschoul hat ech meeschten eng **Eins** am Fläiss an am Betragen **Synonym** Eent

einsam [ˈaɪnzaːm] Adjektiv **1. DE** *einsam (allein, verlassen)* • **FR** *solitaire, seul* • **EN** *lonely, solitary* • **PT** *solitário, só* **Beispill** ech si ganz gär eleng ouni mech **einsam** ze fillen **2. DE** *einsam (abgelegen)* • **FR** *isolé, solitaire* • **EN** *remote, desert* • **PT** *solitário, isolado, ermo* **Beispill** de Robinson Crusoe huet laang op enger **einsamer** Insel iwverliefert

Einsamkeet [ˈaɪnzaːmkeːt] Femininum (kee Pluriel)

i Hei entstee en neien Artikel.

Einsiidler Maskulinum (Pluriel Einsiidler) **DE** *Einsiedler* • **FR** *ermite* • **EN** *hermit* • **PT** *eremita* **Beispill** mäi Monni huet säi Liewe laang ewéi en **Einsiidler** gelieft **Synonym** Eremit

i Weiblech Form: ↗Einsiidlerin

Einsiidlerin Femininum (Pluriel Einsiidlerinnen) **DE** *Einsiedlerin* • **FR** *(femme) ermite* • **EN** *hermit (female)* • **PT** *eremita (mulher)* **Synonym** Eremitin

i Männlech Form: ↗Einsiidler

Einsteinium [aɪnftˈaɪnʃum] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** *Einsteinium (chemisches Element)* • **FR** *einsteinium (élément chimique)* • **EN** *einsteinium (chemical element)* • **PT** *eistéinio (elemento químico)* **Beispill** d'Element **Einsteinium** gehéiert zum Grupp vun den Actinoiden

Eintopf Maskulinum (Pluriel Eintopfen)

i Hei entstee en neien Artikel.

Einzahl [ˈaɪntsɑːl] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Einzal

Einzal [ˈaɪntsɑːl] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Einzahl, Singular* • **FR** *singulier* • **EN** *singular (in grammar)* • **PT** *singular* **Beispill** verschidde Substantive gëtt et nëmmen

an der **Einzal** **Synonym** Singulier

eis [aɪs] **Personalpronomen** » **1. Persoun Pluriel / Dativ** **1. DE** *uns* • **FR** *nous, à nous* • **EN** *us* • **PT** *nos, nós, a nós* **Beispill** mir mussen ofwaarden, et bleift **eis** näischt anescht iwweg; et ass nach keen **eis** eis Wäschmaschinn flécke komm; hatt huet hinne Kichelcher matbruecht, mee **eis** net » **1. Persoun Pluriel / Akkusativ** **2. DE** *uns* • **FR** *nous* • **EN** *us* • **PT** *nos* **Beispill** dir hat **eis** net gesinn

i Varianten: äis, ons

eis [aɪs] **Reflexivpronomen** » **1. Persoun Pluriel / Dativ** **1. DE** *uns* • **FR** *nous* • **EN** *ourselves* • **PT** *nos* **Beispill** mir haten **eis** ze vill virgeholl » **1. Persoun Pluriel / Akkusativ** **2. DE** *uns* • **FR** *nous* • **EN** *ourselves* • **PT** *nos* **Beispill** mir mussen **eis** elle fläissen

i Varianten: äis, ons

eis [aɪs] **Possessivpronomen** » **1. Persoun Pluriel / Nominativ + Singulier / weiblech** **1. DE** *unsere, die unsere* • **FR** *notre, la nôtre* • **EN** *our, ours* • **PT** *nossa* **Beispiller** all **eis** Méi war èmsoss; elo ass är Vakanz op en Enn, **eis** awer nach net! » **1. Persoun Pluriel / Akkusativ + Singulier / weiblech** **2. DE** *unsere, die unsere* • **FR** *notre, la nôtre* • **EN** *our, ours* • **PT** *nossa* **Beispiller** fir **eis** Feier zécke mer téschent zwee Datumen; ech muss **eis** Viischt Dier nei usträichen; ech fannen deng Propos besser ewéi **eis** » **1. Persoun Pluriel / Nominativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech** **3. DE** *unsere, die unsere* • **FR** *nos, les nôtres* • **EN** *our, ours* • **PT** *nossos, nossas* **Beispiller** **eis** Congeé fale glécklecherweis zesammen!; är Virschléi sinn ugeholl ginn, **eis** leider net » **1. Persoun Pluriel / Akkusativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech** **4. DE** *unsere, die unsere* • **FR** *nos, les nôtres* • **EN** *our, ours* • **PT** *nossos, nossas* **Beispiller** d'Wieder huet **eis** Pläng op d'Kopp gehäit; laanscht **eis** Haiser hu mer Hecke geplanz; dir hutt är Bagagen an d'Mall gelueden a mir **eis** op den Daach

i Variant: ons

éischt [ʒɪft] **Ordinalzuel** **1. DE** *erste* • **FR** *premier* • **EN** *first* • **PT** *primeiro (numa série, numa ordem)* **Beispiller** mir hunn den **éischten** Dënschdeg am Mount Versammlung; ech gi just bis op den **éischte** Stack, wéinst menger braucht Der de Lift net ze ruffen; et ass net schlëmm, wann s de an der Schoul fir eng Kéier net deen **Éischte** bass!; ech fueren dëst Joer fir d'**éischt** ouni meng Elteren an d'Vakanz (ech fueren dëst Joer fir d'**éischt**(e) Kéier ouni meng Elteren an d'Vakanz) als **Ziffer** **1. 2.** fir d'**éischt** **DE** *zuerst (anfangs, an erster Stelle)* • **FR** *(tout) d'abord* • **EN** *first (first of all)* • **PT** *primeiro, antes de mais, para já* **Beispiller** den Hielenner gëtt fir d'**éischt** rout an da schwaarz; lee d'Fleesch nach net op de Grill, d'Kuele musse fir d'**éischt** glousen!; fir d'**éischt** wëll ech menger Famill a menge Frënn villmools Merci soen!

Éischt [ʒɪft] **Eegennumm** **DE** *Escheid* • **FR** *Eschette* • **EN** *Eschette* • **PT** *Eschette* **Beispiller** ech wunnen zu **Éischt**; fiert dëse Bus op **Éischt**?

éischtens [ˈɛʃtəns] **Adverb** **DE** *erstens* • **FR** *premièrement* • **EN** *firstly* • **PT** *primeiro, em primeiro lugar, primeiramente* **Beispill** ech ginn net op dee Concert, well e mech **éischtens** net interesséiert an ech zweetens

keng Zäit hunn

éischter [ˈɛɪʃtʃe] Adverb **1.** DE *eher, früher* • FR *plus tôt, avant* • EN *sooner, earlier* • PT *mais cedo, antes* **Beispiller** ech hätt mech **éischter** gemellt, wann ech net stänneg opgehale gi wier; ech ka fir siwen Auer do sinn, net **éischter**!; wat **éischter**, wat besser! **2.** DE *eher [ziemlich]* • FR *plutôt [assez, dans une certaine mesure]* • EN *rather, quite* • PT *bastante [um tanto, em certa medida]* **Beispiller** datt et Enn Juli nach räift, ass **éischter** rar; de Kandidat huet beim Virstellungsgespréich en **éischter** gudden Androck gemaach **3.** DE *eher [lieber]* • FR *plutôt [de préférence]* • EN *rather [preferably]* • PT *antes [de preferencial]* **Beispill** ech maaचे meng Vakanz **éischter** an de Bierger wéi um Mier **Synonym** léiwer

Éischt-Hëllef-Cours [ɛɪʃtʰəˈlɛfkuːʁ] Maskulinum (Pluriel **Éischt-Hëllef-Coursen**) DE *Erste-Hilfe-Kurs* • FR *cours de premiers secours* • EN *first aid course* • PT *curso de primeiros socorros* **Beispill** wéinst där grousser Nofro organiséiert eis Gemeng elo e weideren **Éischt-Hëllef-Cours**

i Variant: **Éischt-Hëllef-Cours**

Éischt-Hëllef-Cours Maskulinum (Pluriel **Éischt-Hëllef-Coursen**) - Variant vun ↗**Éischt-Hëllef-Cours**

éischtclasség [ˈɛɪʃtklasɛç] Adjektiv DE *erstklassig [hervorragend]* • FR *excellent [très bon, remarquable]* <Adverb *très bien*> • EN *first class, excellent* <Adverb *excellently*> • PT *excelente, ótimo* <Adverb *muito bem*> **Beispiller** ech kafe meng Wurscht bei engem **éischtclassége** Metzler; dat do ass **éischtclasség** Wuer!; mir goufen **éischtclasség** zerwéiert

Eisebunn [ˈaɪzɛbun] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Eisenbahn [Verkehrsmittel]* • FR *chemin de fer, train, rail [moyen de transport]* • EN *railway [means of transport]* • PT *caminho de ferro [meio de transporte]* **Beispill** ier d'Eisebunn erfonnt gouf, sinn d'Leit mat der Kutsch gefuer **2.** (Pluriel **Eisebunnen**) DE *Eisenbahn [Eisenbahngesellschaft]* • FR *société des chemins de fer* • EN *railway [company]* • PT *caminhos de ferro [empresa]* **Beispiller** d'Eisebunn huet zéng nei Lokomotive bestallt; déi zwou **Eisebunnen** hunn sech am Giddertransport zesummegeedoen; mäi Brudder ass op der **Eisebunn** **Synonym** Bunn

Eisebunner [ˈaɪzɛbunɛ] Maskulinum (Pluriel **Eisebunner**) DE *Eisenbahner* • FR *cheminot* • EN *railwayman* • PT *ferroviário* **Beispill** als **Eisebunner** kann ee fir näischt mam Zuch fueren

Eisebunnerin Femininum (Pluriel **Eisebunnerinnen**) - weiblech Form vun ↗**Eisebunner**

Eisebunnsbréck [ˈaɪzɛbunnsbrɛk] Femininum (Pluriel **Eisebunnsbrécken**) DE *Eisenbahnbrücke* • FR *pont de chemin de fer, pont ferroviaire* • EN *railway bridge* • PT *ponte de caminho de ferro, ponte ferroviária* **Beispill** déi nei **Eisebunnsbréck** ass ganz aus Bëton

Eisebunns-gesellschaft [ˈaɪzɛbunnsɡɛzɛˌlʃaft] Femininum (Pluriel **Eisebunns-gesellschaften**) DE *Eisenbahngesellschaft* • FR *compagnie des chemins de fer, compagnie ferroviaire* • EN *railway company* • PT *companhia de caminhos de ferro, companhia ferroviária* **Beispill** d'Eisebunns-gesellschaft baut hire Reseau

aus, fir de Passagéier nei Strecken unzebidden **Synonymmen** Bunn, Eisebunn

Eisebunnslinn [ˈaɪzɛbunnsliːn] Femininum (Pluriel **Eisebunnslinnen**) DE *Bahnlinie* • FR *ligne de chemin de fer* • EN *railway line [route]* • PT *linha de caminho de ferro* **Beispill** um Enn vum 19. Joerhonnert sinn zu Lëtzebuerg déi **éischt Eisebunnslinnen** entstanen **Synonym** Zuchlinn

Eisebunns-schinn [ˈaɪzɛbunnsʃɪn] Femininum (Pluriel **Eisebunns-schinnen**)

i Hei entsteeet en neien Artikel

Eisebunns-schwell [aɪzɛbunnsʃwˈæɫ] Femininum (Pluriel **Eisebunns-schwellen**) DE *Eisenbahnschwelle* • FR *traverse (de chemin de fer)* • EN *sleeper [railway]* • PT *travessa (de caminho de ferro)* **Beispill** fréier waren d'Eisebunns-schwellen all aus Holz **Synonym** Schwell

Eisebunns-streck [ˈaɪzɛbunnsʃtræk] Femininum (Pluriel **Eisebunns-strecken**) DE *Eisenbahnstrecke* • FR *ligne de chemin de fer, ligne ferroviaire* • EN *railway line* • PT *linha de caminho de ferro, linha ferroviária* **Beispill** d'Eisebunns-strecke goufen no an no all elektrifizéiert **Synonym** Zuchstreck

Eisebunns-waggon [ˈaɪzɛbunnsvɑːɡɔːn] Maskulinum (Pluriel **Eisebunns-waggonen**) DE *Eisenbahnwagon* • FR *wagon (de chemin de fer)* • EN *railway carriage, railway goods wagon* • PT *vagão (ferroviário), carruagem (de caminho de ferro)* **Beispill** den **Eisebunns-waggon** ass fir eng maximal Charge vu véierzeg Tonnen zougelooos

Eise-gelänner [ˈaɪzɛɡələːnɛ] Neutrum (Pluriel **Eise-gelänneren**) DE *Eisengeländer* • FR *rampe, balustrade [en fer]* • EN *iron handrail, iron banister* • PT *corrimão, balaustrada [de ferro]* **Beispill** **Eise-gelännere** gi galvaniséiert, fir datt se net raschten

Eise-ketten [ˈaɪzɛkætən] Femininum (Pluriel **Eise-ketten**) DE *Eisenkette* • FR *chaîne en acier* • EN *iron chain* • PT *corrente de ferro, cadeia de ferro* **Beispill** den Anker vum Schëff hântk un enger laanger **Eise-ketten**

Eise-kraut Neutrum (kee Pluriel) DE *Eisenkraut, Verbene* • FR *verveine (officinale) [plante]* • EN *verbena* • PT *verbena [planta]* **Beispill** meng Groussmamm dréinkt gäre Kraidertéi, an deem **Eise-kraut** mat dran ass **Synonym** Werbeen

Eise-kuch [ˈaɪzɛkuːç] Maskulinum (Pluriel **Eise-kuchen**) DE *Waffel* • FR *gaufre [pâtisserie]* • EN *waffle [cake]* • PT *gofre* **Beispill** op der Kiermes leeschten ech mer émmen en **Eise-kuch** an Schlagsan an Äerd Bier

eisem [ˈaɪzəm] Possessivpronomen » **1.** Persoun Pluriel / Dativ + Singulier / männlech **1.** DE *unserem, dem unseren* • FR *notre, le nôtre* • EN *our, ours* • PT *nosso* **Beispiller** mir hunn en Äppelbam an **eisem** Gaart stoen; ech hunn **eisem** Kueder e Mëttel géint d'Lais ginn; fuere mer mat ärem Auto oder mat **eisem**? » **1.** Persoun Pluriel / Dativ + Singulier / sächlech **2.** DE *unserem, dem unseren* • FR *notre, le nôtre, la nôtre* • EN *our, ours* • PT *nosso, nossa* **Beispiller** hie krut näischt mat vun **eisem** Gespréich; ech lauschteren ärem Guide léiwer no ewéi **eisem**; ech géif léiwer an ärem Appartement wunnen ewéi an **eisem**

i Variant: onsem

Eisemangel [ˈaizəmɑŋəl] Maskulinum (kee Pluriel) DE Eisenmangel • FR carence en fer • EN iron deficiency • PT carência de ferro **Beispill** de Grond fir meng stänneg Middegkeet war en akuten Eisemangel

Eisen [ˈaizən] Neutrum (kee Pluriel) **1.** Chimie DE Eisen [chemisches Element] • FR fer [élément chimique] • EN iron [chemical element] • PT ferro [elemento químico] **Beispill** d'Eise gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller **2.** Chimie DE Eisen [Spurenelement] • FR fer [oligoélément] • EN iron [trace element] • PT ferro [oligoelemento] **Beispill** meng Doktesch seet, ech hätt net genuch Eisen am Blut **3.** DE Eisen [Metall] • FR fer [métal] • EN iron [metal] • PT ferro [metal] **Beispiller** e Gelänner aus Eise muss all puer Joer frësch ugestrach ginn; ech hunn d'Gefill, zum alen Eisen ze gehéieren Égs lech hunn d'Gefill, net méi gebraucht ze ginn, well ech ze al sinn!

eisen [ˈaizən] Possessivpronomen » **1.** Persoun Pluriel / Nominativ + Singulier / männlech **1.** DE unser, unserer, der unsere • FR notre, le nôtre • EN our, ours • PT nosso **Beispiller** eisen Terrain geet hannenaus bis bei d'Heck; äre Plang ass manner duerchduecht ewéi eisen » **1.** Persoun Pluriel / Akkusativ + Singulier / männlech **2.** DE unserer, den unseren • FR notre, le nôtre • EN our, ours • PT nosso **Beispiller** mir mussen eisen Téi séier ausdrénken, soss gëtt e kal; tässel d'Brennholz ënner eise Schapp!; dir hutt op äre Bus gewaart, mir op eisen » **1.** Persoun Pluriel / Dativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech **3.** DE unserer, den unseren • FR nos, les nôtres • EN our, ours • PT nossos, nossas **Beispiller** mir spillen dacks mat eise Kanner Kaart; du muss eise Blummestäck genuch Waasser ginn!; handelt dir no äre Méiglechkeeten, mir no eisen!

i Variant: onsen

eisen [ˈaizən] Adjektiv **1.** DE eisern [aus Eisen] • FR en fer • EN iron [made of iron] • PT férreo [feito de ferro] **Beispill** et gëtt eng eise Plack op dat Lach geluecht **2.** DE eisern [unerschütterlich] • FR de fer [inébranlable] • EN iron [firm, resolute] • PT de ferro [inabalável] **Beispill** nëmmen duerch säin eisene Wëllen huet mäi Papp et zu eppes bruecht

Eisendier [ˈaizəndiːə] Femininum (Pluriel Eisendieren) DE Eisentür • FR porte de fer, porte en fer • EN iron door • PT porta de ferro **Beispill** d'Abriecher hunn d'Eisendier mam Briechaise forcéiert

eisenhalteg [ˈaizənhaltəç] Adjektiv DE eisenhaltig • FR riche en fer, ferreux • EN rich in iron, ferruginous • PT ferruginoso, rico em ferro **Beispiller** d'Bounen, d'Ierzen an d'Lëse gehéieren zu den eisenhaltege Liewensmëttelen; am Verglach mat anere Mineralien ass de Lëtzebuurger Minett net staark eisenhalteg

eiser [ˈaizə] Personalpronomen » **1.** Persoun Pluriel / Genitiv DE unser • FR de nous • EN of us • PT de nós **Beispiller** du wierks, wéi wann s de eiser sat wiers; mir waren zu eiser sechs [mir waren e Grupp vu sechs Leit]

i Varianten: äiser, onser

eiser [ˈaizə] Possessivpronomen » **1.** Persoun Pluriel / Dativ + Singulier / weiblech DE unserer, der unseren • FR notre, la nôtre • EN our, ours • PT nossa **Beispiller** an eiser Strooss ginn dräi Haiser gebaut; an ärer Gemeng gëtt et besser Busverbindungen ewéi an eiser; e bësse méi Disziplin géif ärer Ekip net schueden, an eiser och net!

i Variant: onser

eisereen Indefinitpronomen DE unsereins • FR nous autres • EN the likes of us • PT cá nós, a gente, pessoas como nós **Beispiller** eiseree ka sech keen esou en deécken Auto leeschten!; wéi kann een eisereengem esou eppes undinn!

eisersäits [ˈaizəzæ:its] Adverb DE unerserseits • FR de notre côté, pour notre part • EN on our part • PT por nosso lado, pela nossa parte **Beispill** si zécken nach, mee eisersäits ass kee Problem **Synonymmen** fir eisen Deel, vun eis aus, fir eis, vun eiser Säit aus

i Variant: onersäits

Éislek [ˈzislək] Eegennumm DE Ösling [Region Luxemburgs] • FR Oesling [région luxembourgeoise] • EN Oesling, Ösling • PT Oesling [região luxemburguesa] **Beispiller** mir hunn eis am Éislek en ale Bauerenhaff kauft; mäi Papp ass aus dem Éislek

Éisleker Poufank [ˈzisləkəp'əʊfɑŋk] Maskulinum (Pluriel Éisleker Poufanken) Fringilla montifringilla DE Bergfink • FR pinson du Nord • EN brambling • PT tentilhão-montês **Beispill** wéi laang bréien d'Éisleker Poufanken? **Synonym** Nordesche Poufank

Éisser [ˈzise] Maskulinum (Pluriel Éisser) DE Esser • FR mangeur • EN eater • PT comedor **Beispill** säi Brudder ass e gudden Éisser

i Weiblech Form: ↗Éisserin

Éisserin [ˈzisərin] Femininum (Pluriel Éisserinnen) DE Esserin • FR mangeuse • EN eater [female] • PT comedora **Beispill** fir esou eng gutt Éisserin wéi dech ze kachen, dat mécht Freed!

i Männlech Form: ↗Éisser

eist [aist] Possessivpronomen » **1.** Persoun Pluriel / Nominativ + Singulier / sächlech **1.** DE unser, unserer, das unsere • FR notre, le nôtre, la nôtre • EN our, ours • PT nosso, nossa **Beispiller** eist Duerf läit matzen an de Wéngerten; äert Haus krut eng nei Fassad, eist nach net; op dëser Plaz gëtt net äert Zelt opgericht, mee eist! » **1.** Persoun Pluriel / Akkusativ + Singulier / sächlech **2.** DE unser, unserer, das unsere • FR notre, le nôtre, la nôtre • EN our, ours • PT nosso, nossa **Beispiller** mir drécken der Famill am Trauer eist Bäileed aus; déi jonk Koppel plënnert an eist Appartement; dir hutt äert Haus scho verkaaft, mir eist nach net

i Variant: onst

Éisträich [ˈzistræ:ɪç] Eegennumm, Neutrum DE Österreich • FR Autriche • EN Austria • PT Áustria **Beispiller** ech war schonn dräimol an Éisträich; ech fueren d'nächst Woch an Éisträich; ech kommen aus Éisträich

i männlech Persoun: ↗Éisträicher weiblech Persoun: ↗Éisträicherin
Adjektiv: ↗éisträiches Haaptstad: ↗Wien

Eisträicher [ˈɛɪstræ:ɪçə] Maskulinum (Pluriel Eisträicher) **DE** *Österreich* • **FR** *Autrichien* • **EN** *Austrian* • **PT** *austríaco* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Eisträicher

Eisträicherin [ˈɛɪstræ:ɪçəriːn] Femininum (Pluriel Eisträicherinnen) **DE** *Österreichin* • **FR** *Autrichienne* • **EN** *Austrian [female]* • **PT** *austríaca* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Eisträicherin

eisträichesch [ˈɛɪstræ:ɪçəʃ] Adjektiv **DE** *österreichisch* • **FR** *autrichien* • **EN** *Austrian* • **PT** *austríaco* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi eisträichesch Kultur kenne geléiert

Éiter [ˈɛɪtɐ] Eegennumm **DE** *Oetringen* • **FR** *Oetränge* • **EN** *Oetränge* • **PT** *Oetränge* **Beispiller** ech wunnen zu Éiter; fiert dese Bus op Éiter?

Éitermillen [ɛɪtɐmˈilən] Eegennumm **DE** *Oetränge-Moulin* • **FR** *Oetränge-Moulin* • **EN** *Oetränge-Moulin* • **PT** *Oetränge-Moulin* **Beispiller** ech wunnen op der Éitermillen; fiert dese Bus op d'Éitermillen?

éiweg [ˈɛɪvɛç] Adjektiv **1. DE** *ewig* [immer während] • **FR** *éternel* [*durable, sans fin*] *«Adverb éternellement, pour l'éternité, pour toujours»* • **EN** *eternal, everlasting* *«Adverb eternally»* • **PT** *eterno* [*duradouro, sem fim*] *«Adverb eternamente, para sempre»* **Beispiller** de Bräitchemann huet der Braut éiweg Trei versprochen; d'Koppel huet sech geschwuer, éiweg zesammenzebleiwen; mir wäerten dir éiweg dankbar sinn!; et huet éiweg an dräi Deeg gedauert [égs] [et huet ganz laang gedauert]; ech hunn däi Brudder schonn éiweg net méi gesinn [égs] [ech hunn däi Brudder scho ganz laang net méi gesinn] **2. [égs] DE** *ewig* [*andauernd*] • **FR** *éternel* [*incessant, interminable*] *«Adverb éternellement, tout le temps»* • **EN** *endless, constant* *«Adverb constantly»* • **PT** *eterno* [*incessante, interminável*] *«Adverb sempre, todo o tempo»* **Beispiller** ech kann däin éiwegt Geknouters net méi héieren!; meng Aarbechskolleegin kénnt éiweg ze spéit an d'Reunioune; hien ass en éiwege Student [hie studéiert scho ganz laang, ouni en Ofschloss kritt ze hunn]

Éiwegkeet [ˈɛɪvɛçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Ewigkeit* [*ewige Dauer*] • **FR** *éternité* [*durée éternelle*] • **EN** *eternity* [*infinite time*] • **PT** *eternidade* [*duração eterna*] **Beispiller** dës Bréck gouf fir d'Éiwegkeet gebaut; duerch seng Entdeckung ass de Physiker an all Éiwegkeet bekannt; d'Gäscht hunn eng Éiwegkeet op d'Tesse gewaart [égs] [d'Gäscht hu ganz laang op d'Tesse gewaart]

eizi [ˈaɪtsi:] Interjektioun

i Hei entsteet en neien Artikel.

Ejakulatioun [e:zakulasɪˈəʊn] Femininum (Pluriel Ejakulatioune) **DE** *Ejakulation* • **FR** *éjaculation* • **EN** *ejaculation* • **PT** *ejaculação* **Beispill** am Normalfall huet de Mann beim Orgasmus eng Ejakulatioun

ejakuléieren [ɛzakulˈɛɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ejakuléiert) » **intransitiv DE** *ejakulieren* • **FR** *éjaculer* • **EN** *to ejaculate* • **PT** *ejacular* **Beispill** den Hengscht hätt fir d'Vrecken net ejakuléiert

ëmfuieren [əmf'u:ə:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ëmfuer) » **transitiv** DE *umfahren* [ausweichen] • FR *contourner* (un obstacle) [conducteur, véhicule] • EN *to drive round* [to avoid] • PT *contornar* (um obstáculo) [condutor, veículo] **Beispiller** mir mussen dee Stau ëmfuieren; wat fir e Wee hëls du, fir de Chantier ze ëmfuieren?

ëmfunktionéieren [ˈəmfaŋksjɔnziə:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ëmfunktionéiert) » **transitiv** ëmfunktionéieren (an) / ëmfunktionéieren (zu) DE *umfunktionieren* (in), *umfunktionieren* (zu) • FR *transformer* (en) [modifier la fonction de] • EN *to convert* (into) [to change the function of] • PT *transformar* (em) [modificar a função de] **Beispill** hien huet seng Camionnette an eng Frittebud ëmfunktionéiert

i Variant: ëmfonctionéieren

ëmgaachelen [əmg'a:χələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ëmgaachelt) » **transitiv** [vereezelt] DE *umgarnen* • FR *embobiner* • EN *to beguile* • PT *aliciar* **Beispill** hien huet d'Fra esou laang ëmgaachelt, bis datt se jo gesot huet

Ëmgang [ˈəmgɑŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *Umgang* [Gesellschaft] • FR *fréquentation* [relation] • EN *company* [acquaintance] • PT *companhia* [convivência, trato] **Beispill** déi dote Kollegee si kee gudden Ëmgang fir eise Bouf **2.** DE *Umgang* [Verhältnis] • FR *contact* [rapport] • EN *rapport, relationship* • PT *relacionamento, contacto* **Beispill** du hues nawell e gudden Ëmgang mat Kanner! **3.** DE *Umgang* [Handhabung] • FR *manipulation, utilisation* • EN *operation* [handling] • PT *manipulação, utilização* **Beispill** eise Sekretär muss den Ëmgang mam neie Computer nach léieren

i Variant: Ëmgank

ëmgänglech [ˈəmgæŋlɛç] Adjektiv DE *umgänglich* • FR *sociable* [agréable, aimable] • EN *sociable, friendly* • PT *sociável* [afável, amável] **Beispill** eis nei Nopere si ganz ëmgänglech Leit **Synonym** manibel

Ëmgangsform [ˈəmgɑŋsfɔ:rm] Femininum (Pluriel Ëmgangsformen) (meeschens Pluriel) DE *Umgangsform* • FR *(bonnes) manières, savoir-vivre* • PT *trato, maneiras* **Beispiller** ziviliséiert Ëmgangsformen, Héiflechkeet a Manéiere si wichteg; d'Ëmgangsformen an de soziale Medie sinn heiansdo ënner aller Klarinett

Ëmgangssprooch Femininum (Pluriel <seelen> Ëmgangssproochen) DE *Umgangssprache* • FR *langage courant, langage familial* • EN *informal language, colloquial language* • PT *linguagem corrente, linguagem coloquial* **Beispiller** an enger wëssenschaftlecher Aarbecht soll ee keng Ëmgangssprooch benotzen; „aknuppen“ a „Fric“ sinn zwee Wieder aus der Ëmgangssprooch

ëmgangssproochlech [ˈɛmɡaŋsʃpɔːχləç] Adjektiv **DE** *umgangssprachlich* • **FR** *familier* [langage] • **EN** *colloquial, informal* • **PT** *coloquial* [linguagem] **Beispiller** „Flic“ ass en ëmgangssproochlecht Wuert fir Polizist; benotz keng ëmgangssproochlech Ausdréck an engem offizielle Bréif!

Ëmgank [ˈɛmɡaŋk] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Ëmgang

Ëmganksform [ˈɛmɡaŋksfɔrm] Femininum (Pluriel Ëmganksformen) - Variant vun ↗Ëmgangsform

Ëmgeungsstrooss Femininum (Pluriel Ëmgeungsstroossen) **DE** *Umgehungsstraße, Umgehung* • **FR** *route de contournement* • **PT** *(estrada de) circunvalação, circular* **Beispill** déi nei Ëmgeungsstrooss soll den Trafick aus dem Duerfkär eraushalen **Synonym** Contournement

i Variant: Umgeungsstrooss

ëmgeheien [ˈɛmɡəhaɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ëmgeheit / ëmgehait*) » **transitiv DE** *umwerfen* [zu Fall bringen] • **FR** *renverser* [faire tomber] • **EN** *to knock over* • **PT** *derrubar* [fazer cair] **Beispiller** an der Nuecht huet een dee groussen Dreckskiwwel dobaussen *ëmgehait*; déi Noricht huet mech *ëmgehait* [ɛgs] [déi Noricht huet mech déif getraff]

Ëmgeigend [ɛmɡˈʒɪzənt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Umgebung* [Gebiet] • **FR** *environs, alentours* • **EN** *neighbourhood, vicinity* • **PT** *arredores* [cercanias] **Beispill** all d'Kanner aus der Ëmgeigend waren op mäi Gebuertsdag invitéiert

ëmgekéiert [ˈɛmɡəkɛɪət] Adjektiv **DE** *umgekehrt* • **FR** *inverse, opposé* <Adverb *inversement*> • **EN** *reverse, other, contrary* [way] <Adverb *the other way round*> • **PT** *inverso* [oposto, contrário] <Adverb *inversamente*> **Beispiller** am-plaz op d'Gare ze fueren, ass den Taxi an déi *ëmgekéiert* Richtung gerannt; de Vendeur soll sech nom Client senge Wënsch riichten an net *ëmgekéiert*; et ass net esou, wéi s du denks, et ass just *ëmgekéiert*!

Ëmgeréits [ˈɛmɡɛrɛɪts] Neutrum (kee Pluriel) **1.** [ɛgs] **DE** *Drumherum* • **FR** *à-côtés* [éléments, aspects accessoires] • **EN** *trappings, extras, trimmings* • **PT** *pormenores* [elementos, aspetos secundários] **Beispill** dat ganz Ëmgeréits bei der Präiswvreeechung huet mer net gefall **2.** [ɛgs] **DE** *Beilagen* [eines Gerichts] • **FR** *garniture* [d'un plat] • **EN** *garnish* • **PT** *acompanhamentos* [de um prato] **Beispill** hie fëschst sech nëmmen d'Ham vum Platto, d'Ëmgeréits léisst e leien

ëmgestalten [ˈɛmɡəʔaltən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ëmgestalt*)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

ëmgoen [ɛmɡoːən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ëmgaangen / ëmgaang*) » **transitiv DE** *umgehen* [vermeiden, nicht einhalten] • **FR** *éviter, éluder, contourner* • **EN** *to avoid, to sidestep* • **PT** *evitar, iludir, contornar* **Beispiller** mir versichen, all Konfrontatioun mat eisen Noperen ze *ëmgoen*; mir hunn den Haaptproblem mat vill Geschéck *ëmgaangen*; dee Betrieb *ëmgeet* systematesch all Ëmweltvirschrëften

ëmgoen [ˈɛmɡoːən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *ëmgaangen / ëmgaang*) » **intransitiv 1.** *ëmgoe* mat **DE** *umgehen mit* [behandeln] • **FR** *se comporter envers, s'y prendre avec* • **EN** *to treat, to handle* • **PT** *tratar, lidar com* [comportar-se para com] **Beispiller** et ass net an der Rei, wéi s du mat mir *ëmgees*!; ech weess, wéi ee mat Hënn *ëmgeet*! **2.** *ëmgoe* mat **DE** *umgehen mit* [handhaben] • **FR** *manier, manipuler* • **EN** *to handle* [to deal with] • **PT** *manejar, manipular* **Beispill** et muss ee ganz virsiichteg mat dëser Matière *ëmgoen*

ëmgoen [ˈɛmɡoːən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *ëmgaangen / ëmgaang*) » **intransitiv 1.** **DE** *sauer werden* [Nahrungsmittel] • **FR** *tourner* [cailler, se décomposer] • **EN** *to turn, to go sour* • **PT** *azedar* [coalhar, esragar-se] **Beispill** stell d'Mëllech hannescht an de Frigidaire, soss *geet* se *ëm*! **2.** **DE** *vergehen* [Zeit] • **FR** *passer* [temps] • **EN** *to pass* [time] • **PT** *passar* [tempo] **Beispill** d'Zäit *geet* haut einfach net *ëm* **Synonym** *erëmgoen*

ëm Gottes wëllen Interjektion *ëm Gottes* (biddes) wëllen **DE** *um Gottes willen* • **FR** *mon Dieu, pour l'amour de Dieu* **Beispiller** *ëm Gottes wëllen*, wat ass dir da geschitt?; *ëm Gottes* (biddes) wëllen, du wäerts dach net deen alen Auto do kafen!; looss eis *ëm Gottes wëllen* net am Stach, mir zielen op dech!

ëmgruewen [ˈɛmɡruəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ëmgegruewen*) » **transitiv DE** *umgraben* • **FR** *bêcher* [labouret] • **EN** *to dig* [with a spade] • **PT** *cavar* [lavar] **Beispill** ech muss virum Fréijoer dësen Eck nach *ëmgruewen*

ëmhaen [ˈɛmhaːən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ëmgehaen*) » **transitiv DE** *fällen* [einen Baum] • **FR** *abattre* [un arbre] • **EN** *to fell, to cut down* [a tree] • **PT** *abater* [uma árvore] **Beispiller** déi grouss Dänn am Park *gëtt* muer *ëmgehaen*; dat *hat* hie richteg *ëmgehaen* [ɛgs] [dat *hat* him d'Sprooch verschloen] **Synonymmen** *ëmleeën, haen*

ëmhängen [ˈɛmhæŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ëmgehaangen / ëmgehaang*) » **transitiv 1.** **DE** *umhängen* [umlegen] • **FR** *passer autour du cou, mettre en bandoulière* • **EN** *to hang around the neck* • **PT** *pendurar ao pescoço, pôr a tiracolo* **Beispiller** hien huet der Geess eng Klack *ëmgehaangen*; *häng* deng Posch léiwer *ëm*, soss kéints de se geklaut kréien! **2.** **DE** *umhängen* [anders aufhängen] • **FR** *déplacer* [ac-rocher en d'autres endroits] • **EN** *to rehang* [to move] • **PT** *mudar* [pendurar em outros sitios] **Beispill** d'Billen *goufen* all *ëmgehaangen*

ëmhéieren [ˈɛmhɛɪəɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ëmgehéiert*) » **reflexiv DE** *sich umhören* • **FR** *se renseigner* [à droite et à gauche] • **EN** *to keep one's ears open, to ask around* • **PT** *informar-se* [por todo o lado] **Beispill** ech wäert mech emol *ëmhéieren*, fir méi doriwwer gewuer ze ginn

ëmhunn [ˈɛmhun] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ëmgehat*) » **intransitiv DE** *umhaben, umgelegt haben* • **FR** *porter* [autour du cou, autour des épaules] • **EN** *to have on, to wear* [over the shoulders, round the neck] • **PT** *usar* [à volta do pescoço, sobre os ombros] **Beispill** et ass eng Marott vun him, fir *ëmmer* e Schal *ëmze-hunn*

Emigrant [emigr'ant] Maskulinum (Pluriel Emigranten) **DE** *Emigrant* • **FR** *émigrant* • **EN** *emigrant* • **PT** *emigrante* **Beispill** vill Emigranten entscheeden sech fir Amerika **Synonym** Auswanderer

1 Weiblech Form: ↗Emigrantin

Emigrantin [emigr'antin] Femininum (Pluriel Emigrantinnen) **DE** *Emigrantin* • **FR** *émigrante* • **EN** *emigrant [female]* • **PT** *emigrante [mulher]* **Beispill** d'Emigrantin huet sech derfir entscheet, a Kanada auszewanderen **Synonym** Auswanderin

1 Männlech Form: ↗Emigrant

Emigratioun [emigrasj'əʊ̃] Femininum (Pluriel Emigratiounen) **DE** *Emigration* • **FR** *émigration* • **EN** *emigration* • **PT** *emigração* **Beispill** eng massiv Emigratioun wierkt sech op d'Demografie aus **Synonym** Auswanderung

Emigratiounsland Neutrum (Pluriel Emigratiounslänner) **DE** *Auswanderungsland [Land, das von vielen Auswanderern verlassen wird]* • **FR** *pays d'émigration* • **PT** *país de emigração* **Beispill** am 19. Joerhonnert war Lëtzebuerg en Emigratiounsland **Synonym** Auswanderungsland

emigréieren [emigr'ziəɐ̃] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé emigréiert) » **intransitiv DE** *emigrieren* • **FR** *émigrer* • **EN** *to emigrate* • **PT** *emigrar* **Beispill** am 19. Joerhonnert si vill Lëtzeburger an Amerika emigréiert **Synonym** auswandern

eminent Adverb **DE** *eminent* • **FR** *éminemment, très* • **EN** *eminently, extremely* • **PT** *eminente, muito* **Beispiller** an enger Pandemie ass et eminent wichteg, déi Infizéiert ze isoléieren; et ass eminent gefeierlech, op enger Tankstell ze fëmmen **Synonym** äusserst

Emirater [emir'a:tə] Maskulinum (Pluriel Emirater) **DE** *Emirati, Emirater* • **FR** *Émirati, Émirien* • **EN** *Emirati* • **PT** *emiradense* **Beispill** mä beschte Frënd ass Emirater

Emiraterin [emir'a:tərin] Femininum (Pluriel Emiraterinnen) **DE** *Emirati, Emiraterin* • **FR** *Émiratie, Émirienne* • **EN** *Emirati [female]* • **PT** *emiradense* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Emiraterin

emiratesch [emir'a:tə] Adjektiv **DE** *emiratisch* • **FR** *émirati, émirien* • **EN** *Emirati* • **PT** *emiradense* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi emiratesch Kultur kenne geléiert

Emissioun [emisj'əʊ̃] Femininum (Pluriel Emissiounen) **1. DE** *Sendung [Radiosendung, Fernsehsendung]* • **FR** *émission [radiophonique ou télévisée]* • **EN** *programme [TV, radio]* • **PT** *programa [radiofónico ou televisivo]* **Beispill** muer den Owend kéinnt op der Tëleeng interessant Emissioun **Synonym** Sendung **2. DE** *Emission [Schadstoffemission]* • **FR** *émission [de gaz toxiques]* • **EN** *emission* • **PT** *emissão [de gases tóxicos]* **Beispill** wéinst den Emissiounen vu schiedleche Gasen huet d'Fabrick missen zoumaachen

ëmkippen ['æmkipən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgekipp) » **transitiv 1. DE** *umkippen* • **FR** *renverser [faire basculer]* • **EN** *to overturn, to tip over* • **PT** *virar, deitar ao chão, derrubar* **Beispill** et huet iergendeen d'Dreckskeschten aus der ganzer Strooss

ëmgekipp ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ëmgekipp) » **intransitiv 2. DE** *umkippen, umfallen [fallen]* • **FR** *se renverser [tomber]* • **EN** *to fall over* • **PT** *virar-se, cair* **Beispiller** pass op, datt de Chrëschtbeemchen net ëmkippt!; de Jong ass mam Stull ëmgekipp; wéi dee Blut gesinn huet, ass en ëmgekipp [egs] [wéi dee Blut gesinn huet, ass e schwaachgefall]

ëmklameren [æmk'l'a:məɐ̃] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmklamert)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

ëmklammen ['æmklamən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ëmgeklommen / ëmgeklomm) » **intransitiv DE** *umsteigen [zwischen öffentlichen Verkehrsmitteln]* • **FR** *changer [de ligne, de moyen de transport], prendre une correspondance* • **EN** *to change [between means of public transport]* • **PT** *mudar [de linha, de meio de transporte], fazer transbordo* **Beispill** wann ech mam Bus op d'Aarbecht fueren, muss ech zweemol ëmklammen **Synonym** ëmsteigen

ëmklappen ['æmklapən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgeklappt) » **transitiv DE** *umklappen* • **FR** *rabattre [replier]* • **EN** *to fold down, to fold flat* • **PT** *rebaatar, rebaixar [reclinar]* **Beispill** ech hunn déi hënnescht Sëtzer vum Auto ëmgeklappt

ëmknécken ['æmknekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgeknéckt) » **transitiv DE** *umknicken* • **FR** *casser, abimer [en pliant]* • **EN** *to snap, to break [by bending]* • **PT** *quebrar, danificar [vergando]* **Beispill** d'Kanner hunn am Park eng Rei Tulpen ëmgeknéckt

ëmknécksen ['æmkneksən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ëmgeknéckst) » **intransitiv DE** *umknicken [mit dem Fuß]* • **FR** *se tordre le pied* • **EN** *to twist one's ankle* • **PT** *torcer um pé* **Beispill** meng Bomi ass (mam Fouss) um Trottoir ëmgeknéckst

ëmkommen ['æmkomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ëmkomm) » **intransitiv DE** *umkommen [sterben]* • **FR** *périr [mourir]* • **EN** *to die, to be killed* • **PT** *morror [falecer]* **Beispiller** am Krich si vill Leit ëmkomm; mä Monni ass bei engem Autosaccident ëmkomm **Synonym** leibleiwen

ëmkrämpelen ['æmkræmpələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgekrämpelt)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Ëmkrees ['æmkre:s] Maskulinum am Ëmkrees vun **DE** *im Umkreis von* • **FR** *dans un rayon de* • **EN** *within, within a radius of* • **PT** *num raio de* **Beispill** dés ass déi eenzeg Tankstell am Ëmkrees vun 20 km **Synonym** Rayon

ëmckucken ['æmkukən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgekuckt) » **intransitiv 1. DE** *sich umsehen [sich umdrehen]* • **FR** *tourner la tête, se retourner [regarder derrière soi]* • **EN** *to look back, to turn round* • **PT** *virar a cabeça, voltar-se [olhar para trás]* **Beispiller** d'Meedchen ass ouni ëmzekucken an den Zuch geklommen; ouni ëmzekucken huet eis Schwéiesch d'Familljebijoue verkaaft [ouni Rücksicht op déi aner ze huelen, huet eis Schwéiesch d'Familljebijoue verkaaft] » **reflexiv 2. DE** *sich umsehen [in Augenschein nehmen]* • **FR** *regarder, inspecter, jeter un coup d'œil [pour se faire une idée]* • **EN** *to look around [to inspect]*

• **PT** *ver, inspecionar, dar uma vista de olhos [para formar uma opinião]* **Beispiller** d'Police **huet** sech am Verdächtege senger Wunneng **ëmgekuckt**; mir wëllen näischt kafen, mir wëllen eis just **ëm kucken** **Synonym** **ëmsinn** **3**, sech **ëm kucken** no **DE** *sich umsehen nach [suchen nach]* • **FR** *chercher [être à la recherche de]* • **EN** *to look for* • **PT** *procurar [buscar]* **Beispill** fir d'nächst Joer muss eise Veräin sech no engem neien Trainer **ëm kucken** **Synonym** **ëmsinn**

Ĕmlaf ['əmla:f] Maskulinum (kee Pluriel) **1**. **DE** *Umlauf [Zirkulation]* • **FR** *circulation [diffusion, propagation]* • **EN** *circulation [of money, of information]* • **PT** *circulação [difusão, propagação]* **Beispiller** et si falsch Geldschäiner am **Ĕmlaf**; viru Kuerzem sinn nei Euromënzen an (den) **Ĕmlaf** bruecht ginn; et si Gerüchter am **Ĕmlaf** **2**. **DE** *Umlauf, Nagelbettentzündung* • **FR** *tournoie* • **EN** *digital ulcer* • **PT** *unheiro* **Beispill** den Apdikter **huet** mir eng Sallaf ginn, fir den **Ĕmlaf** ze behandelen

Ĕmlaut ['əmlæ:ʊt] Maskulinum (Pluriel **Ĕmlauter** / **Ĕmlauten**) **DE** *Umlaut* • **FR** *voyelle infléchie* • **EN** *umlaut [diaeresis, vowel mutation]* • **PT** *vogal com trema, vogal com "umlaut"* **Beispill** den **Ĕmlaut** „ë“ ass typesch fir d'Lëtzebuurger Sprouch

Ĕmleeden ['əmlɛ:dən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ëmgeleet**) » **transitiv** **DE** *umleiten* • **FR** *détourner, dévier* • **EN** *to divert [to reroute]* • **PT** *desviar [mudar o curso, a direção de]* **Beispiller** wéinst engem Accident **gouf** de Verkéier **ëmgeleet**; d'Baach **gëtt** **ëmgeleet**, fir déi nei Cité ze bauen **Synonym** **ëmdirigéieren**

Ĕmleedung ['əmlɛ:duŋ] Femininum (Pluriel **Ĕmleedungen**) **DE** *Umleitung [des Verkehrs]* • **FR** *déviation [de la circulation]* • **EN** *diversion [of traffic]* • **PT** *desvio [do trânsito]* **Beispiller** mir **hunn** eis verfuer, well eng **Ĕmleedung** schlecht gezeechent war; wéinst deene villen **Ĕmleedunge** si mir vill ze spéit komm **Synonym** **Deviatioun**

Ĕmleeën ['əmlɛ:ən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ëmgeleecht**) » **transitiv** **1**. **DE** *umlegen [leinen Schalthebel]* • **FR** *actionner, changer de position [un levier, une manette]* • **EN** *to push, to pull [a lever, a switch]* • **PT** *acionar, mudar de posição [uma alavanca]* **Beispill** ech **hunn** den Hiewel **ëmgeleecht**, mee et ass näischt geschitt **2**. **DE** *umlegen [auf die Seite legen]* • **FR** *faire basculer, renverser [sur le côté]* • **EN** *to turn on its side* • **PT** *deitar de lado, deitar ao chão* **Beispill** mir **mussen** d'Maschinn **ëmleeën**, soss kréie mer se net uerdentlech gebotzt **3**. **DE** *umlegen, fällen [einen Baum]* • **FR** *abattre [un arbre]* • **EN** *to fell [a tree]* • **PT** *abater [uma árvore]* **Beispill** d'Bëschaarbechter **hunn** déi déck Eech **ëmgeleecht** **Synonymmen** **ëmhaen**, haen **4**. [ɛɡs] **DE** *umlegen [ermorden]* • **FR** *descendre [tuer]* • **EN** *to do in [to kill]* • **PT** *despachar [matar]* **Beispill** den Dealer **gouf** an enger däischerer Gaass **ëmgeleecht**

Ĕmleien ['əmlɛiən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ëmgeleeën**) » **intransitiv** **DE** *am Boden liegen [umgefallen sein]* • **FR** *être par terre [après être tombé]* • **EN** *to be down [after falling]* • **PT** *estar no chão [depois de ter caído]* **Beispill** nom Stuern **hunn** Honnert vu Beem **ëmgeleeën**

Ĕmlueden ['əmluədən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ëmgelueden**) » **transitiv** **1**. **DE** *umladen [leine Ladung]* • **FR** *transborder* • **EN** *to transfer [goods]* • **PT** *baldear [uma carga]* **Beispill** d'Wuere si vum Zuch op Camionen **ëmgeluede** ginn **2**. **DE** *umladen [einen Wagen, einen Behälter]* • **FR** *recharger [changer le chargement de]* • **EN** *to reload [a vehicle, a container]* • **PT** *mudar a carga de* **Beispill** esoubal de Camion ukénnt, **gëtt** den Unhänger **ëmgelueden**

Ĕmm Interjektion

i Hei entsteeet en neien Artikel.

Ĕmmellen ['əmələŋ] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ëmgemellt**) » **transitiv** **DE** *ummelden* • **FR** *changer l'immatriculation de, signaler le changement d'adresse de* • **EN** *to change the registration of, to notify a change of address* • **PT** *mudar a matrícula de, comunicar a mudança de residência de* **Beispiller** wéi ech an d'Ausland geplënnert sinn, **hunn** ech den Auto misen **ëmellen**; ech **hu** mech op der Gemeng **ëmgemellt**

Emmentaler ['əmənta:le] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Emmentaler [Käse]* • **FR** *emmental [fromage]* • **EN** *Emmental [cheese]* • **PT** *(queijo) emental* **Beispill** kanns de fir den Owend e Stéck **Emmentaler** matbréngen? **Synonym** **Schwäizer Kéis**

Ĕmmer ['əmə] Adverb **1**. **DE** *immer* • **FR** *toujours [constamment, sans arrêt, chaque fois]* • **EN** *always [every time]* • **PT** *sempre [constantemente, todas as vezes]* **Beispiller** du ziels **ëmmer** (an éiweg) dat selwecht!; et kann een **ëmmer** op dech zielen!; mäi Papp ass **ëmmer** frou, wa mir e besiche ginn; vill Leit maachen **ëmmer** erëm déi nämmlecht Dommheeten; mäi Pätter **huet** eis fir **ëmmer** verlooss [mäi Pätter ass gestuerwen] **2**. **schonn** **ëmmer** / **ëmmer** **schonn** **DE** *schon immer, immer schon* • **FR** *(depuis) toujours* **Beispiller** ech **hunn** der dat jo **schonn** **ëmmer** gesot, mee du **hues** ni op mech gelauschtert; de Bopi **huet** **ëmmer** scho **gär** Timbere gesammelt an **huet** dofir och eng ganz grouss Kollektioun **3**. **ëmmer** (méi) **DE** *immer (mehr)* • **FR** *toujours (plus), de plus en plus (de)* • **EN** *more and more* • **PT** *cada vez (mais)* **Beispiller** d'Rëss an der Mauer ginn **ëmmer** méi grouss; **ëmmer** méi Leit kafe biologesch Produkter **4**. **DE** *mindestens, immerhin* • **FR** *au moins [au minimum]* • **EN** *at least* • **PT** *pelo menos [no mínimo]* **Beispill** et waren **ëmmer** 300 Leit um Patt **Synonymmen** **mindestens**, op d'mannst, wéinstens

emmerdéieren [ä:mɛrd'ziəɐən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **emmerdéiert**) » **transitiv** **1**. [ɛɡs] **DE** *belästigen, nerven* • **FR** *emmerder [agacer]* • **EN** *to annoy, to bother* • **PT** *chatear* **Beispill** hal op, eis stänneg ze **emmerdéieren**! » **reflexiv** **2**. [ɛɡs] **DE** *sich mopsen, sich langweilen* • **FR** *s'emmerder [s'ennuyer]* • **EN** *to be bored* • **PT** *chatear-se* **Beispill** op der Soirée **hunn** ech mech fatzeg **emmerdéiert** **Synonym** **sech langweilen**

Emmerdeur [ä:mɛrd'œ:r] Maskulinum (Pluriel **Emmerdeuren**) [ɛɡs] **DE** *Nervensäge* • **FR** *emmerdeur* • **EN** *pain in the neck, nag* • **PT** *chato [pessoa]* **Beispiller** elo **huet** deen **Emmerdeur** eis **schonn** erëm eng E-Mail geschéckt!; wa mer e gutt Drockméttel hätten, wiere mer deem **Emmerdeur** séier lass

1 Weiblech Form: \nearrow Emmerdeuse

Emmerdeuse [ä:mɛrd'ø:s] Femininum (Pluriel Emmerdeusen) **[ëgs]** DE Nervensäge • FR *emmerdeuse* • EN *pain in the neck, nag [female]* • PT *chata [pessoa]* **Beispill** déi Emmerdeuse léisst een awer och ni mat Rou!

1 Männlech Form: \nearrow Emmerdeur

ëmmerhin [əmeh'in] Adverb DE *immerhin* • FR *tout de même [après tout]* • EN *after all, all the same* • PT *ainda assim, mesmo assim, em todo o caso* **Beispiller** behuel dech net ewéi e Kand, du hues ëmmerhi schonn drësseg Joer!; et kann ee vun him soen, wat ee wëllt, en ass ëmmerhin Direkter ginn!

ëmmodelen ['əmo:dələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgemodelt) » **transitiv** DE *ummodeln* • FR *modifier [remanier, retoucher]* • EN *to alter, to change, to revise* • PT *modificar [alterar, retocar]* **Beispill** déi Ried muss nach e bëssen ëmgemodelt ginn

Emoji Maskulinum (Pluriel Emojien / Emojis)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

emol [əm'o:l] Partikel DE *(ein)mal* • FR *l'insert à nuancer l'expressivité d'un énoncé* • EN *[used to nuance the expressiveness of a statement]* • PT *[serve para matizar a expressividade de um enunciado]* **Beispiller** looss mech dach emol zu Wuert kommen!; all Mënsch ka sech emol ieren; d'Sekretärin huet emol net opgekuckt, wéi ech erakomm sinn

1 Variant: mol

emol Adverb emol (eng Kéier) DE *einmal, mal [irgendwann]* • FR *un (beau) jour, un de ces jours* • EN *once, sometime, some day* • PT *um dia destes, qualquer dia* **Beispiller** ech war emol (eng Kéier) op der Fouer, du ass de Stroum ewechgefuer!; kommt dach emol (eng Kéier) bis laanscht!; solle mer net emol (eng Kéier) mam Büro Keele spille goen?; et war emol ...; et wor emol ... [= traditionellen Ufank vun engem Märchen]

ëmorganisieren ['əmo:rgani:ziə:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmorganiséiert)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

emotional [emotsj'on'a:l] Adjektiv DE *emotional* • FR *émotionnel* • EN *emotional* • PT *emocional, emotivo* **Beispill** seng Reaktioun ass ze vill emotional

Emotioun [emosj'əʊn] Femininum (Pluriel Emotiounen) DE *Emotion* • FR *émotion* • EN *emotion* • PT *emoção [reação afetiva]* **Beispill** dës Erënnerung ass bei mir nach ëmmer vu staarken Emotiounen belaascht

ëmpaken ['əmpa:kən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgepaakt / ëmgepak) » **transitiv 1.** DE *umpacken [Gegenstände]* • FR *transférer [d'un emballage, d'un bagage à un autre]* • EN *to repack [to transfer]* • PT *mudar [de uma embalagem, de uma mala para outra]* **Beispill** well eis Wallis futti war, hu mir d'Gezei an Tuten ëmgepaakt **2.** DE *umpacken [ein Behältnis]* • FR *refaire, réarranger le contenu de [d'un emballage, d'un bagage]* • EN *to repack [to reorganize]* • PT *refazer, redistribuir o conteúdo de [de uma embalagem, de uma mala]* **Beispill** mir müssen eis Wallissen ëmpaken, se sinn ze schwéier fir mat an de Fliger

empathesch Adjektiv DE *empathisch* • FR *empathique* • EN *empathetic* • PT *empático* **Beispill** en empathesche Chef ka sech gutt a seng Mataarbechter eraffillen

Empathie Femininum (kee Pluriel) DE *Empathie* • FR *empathie* • EN *empathy* • PT *empatia* **Beispill** d'Flüchtlingen aus dem Krichsgebitt erliewe grad eng Well vun Empathie a Solidaritéit

empêchéieren [ä:mpɛ:ʃ'ziə:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé empêchéiert)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

ëmpeg ['əmpɛç] Adjektiv **[vereez]** DE *schlank, zierlich* • FR *svelte, gracile* • EN *dainty, petite* • PT *fino, elegante, gracioso* **Beispill** wéi kann esou eng ëmpeg Fra esou e schwéiere Puppelche kréien!

Empfang [æmpf'ɑŋ] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE *Empfang [Aufnahme, Begrüßung]* • FR *accueil [prise en charge]* • EN *reception [welcome]* • PT *acolhimento, recepção [modo de receber alguém]* **Beispill** zënter d'Direktioun vum Hotel gewieselt huet, ass den Empfang vun de Gäscht besser ginn **Synonym** Accueil **2.** (Pluriel Empfäng) DE *Empfang [gesellschaftliche Veranstaltung]* • FR *réception [manifestation festive]* • EN *reception [party]* • PT *recepção [reunião festiva]* **Beispill** um Empfang gouf Schampes zerweiert **Synonym** Reception **3.** (kee Pluriel) DE *Empfang [von Funksendungen]* • FR *réception [d'ondes]* • EN *reception [of broadcast signals]* • PT *recepção [de ondas]* **Beispill** duerch eng nei Antenn konnt den Empfang verbessert ginn

1 Variant: Empfang

Empfänger [æmpf'æŋɐ] Maskulinum (Pluriel Empfänger) DE *Empfänger [von Post- und Warensendungen]* • FR *destinataire* • EN *recipient, addressee [of mail, of a delivery]* • PT *destinatário [de um envio]* **Beispill** de Porto gëtt seele vum Empfänger bezuelt

1 Weiblech Form: \nearrow Empfängerin

Empfängerin [æmpf'æŋɐrɪn] Femininum (Pluriel Empfängerinnen) DE *Empfängerin [von Post- und Warensendungen]* • FR *destinataire [femme]* • EN *(female) recipient, addressee [of mail, of a delivery]* • PT *destinatária [de um envio]* **Beispill** bei dëser Liwwerung muss ech als Empfängerin de Porto iwwerhuelen

1 Männlech Form: \nearrow Empfänger

Empfangsbestätigung [æmpf'ɑŋsbəʃtə:təʒuŋ] Femininum (Pluriel Empfangsbestätigungen)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

1 Variant: Empfangsbestätigung

Empfang [æmpf'ɑŋk] Maskulinum (Pluriel Empfäng) - Variant vun \nearrow Empfang

empfänken [æmpf'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé empfaangen / empfaang) » **transitiv 1.** DE *empfangen [begrüßen]* • FR *accueillir [saluer à l'arrivée]* • EN *to welcome [guests]* • PT *acolher [saudar quem chega]* **Beispill** d'Gäuscht goufe mat oppenen Äerm empfaangen **2.** DE *empfangen [Funksendungen]* • FR *capter [des ondes]* • EN *to receive, to pick up [broadcast signals]* • PT *captar [apanhar]* **Beispill** ouni Antenn kanns de dee Sender net empfänken

Empfanksbestätegung [æmpf'ɑŋksbə'te:təʒuŋ] Femininum (Pluriel Empfanksbestätegungen) - Variant vun ↗Empfangsbestätegung

empfangen [æmpf'anən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé empfonnt) » **transitiv 1.** eppes empfanne fir **DE** etwas empfinden für • **FR** avoir des sentiments pour • **EN** to have feelings for, to be fond of • **PT** ter sentimentos por **Beispill** du empfénn's dach eppes fir déi Fra! **2.** empfangen als **DE** empfinden als • **FR** ressentir comme, considérer comme • **EN** to consider as, to regard as • **PT** ter por, considerar como **Beispill** ech empfangen dat do net als Kompliment!

empfeelen [æmpf'e:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé empfuel) - Variant vun ↗empfielen

Empfeelung [æmpf'e:lun] Femininum (Pluriel Empfeelungen) - Variant vun ↗Empfeelung

empfielen [æmpf'i:ələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé empfuel) » **transitiv DE** empfehlen [anraten] • **FR** recommander [conseiller] • **EN** to recommend • **PT** recomendar [aconselhar] **Beispill** ech kann Iech deen Hotel nëmmen empfielen! **Synonym** recommandéieren

i Variant: empfeelen

Empfehlung [æmpf'i:əlun] Femininum (Pluriel Empfeelungen) **1.** **DE** Empfehlung [Rat] • **FR** recommandation [proposition] • **EN** recommendation [suggestion] • **PT** recomendação [proposta] **Beispill** op Empfeelung vun der Buergermeeschtesch gouf dee jonke Schoulmeeschter gläich ugestallt **Synonym** Recommendation **2.** **DE** Empfehlungsschreiben • **FR** lettre de recommandation • **EN** letter of recommendation • **PT** carta de recomendação **Beispill** mäi fréiere Patron huet mer eng Empfeelung fir meng nei Plaz geschriwwen

i Variant: Empfeelung

empfindlech [æmpf'indlɛç] Adjektiv **1.** **DE** empfindlich [reizempfindlich] • **FR** sensible [physiquement irritable] • **EN** sensitive, delicate [easily damaged] • **PT** sensível [físicamente irritável] **Beispill** eng hell Haut ass méi empfindlech ewéi eng donkel **Synonym** sensibel **2.** **DE** empfindlich [leicht zu kränken] • **FR** sensible [émotif] • **EN** sensitive, touchy [easily upset] • **PT** sensível [emotivo] **Beispill** pass op, wat s de zu him sees, hien ass ganz empfindlech!; domat hues de hien empfindlech getraff [domat hues de hie brüskéiert] **Synonym** sensibel **3.** **DE** empfindlich, mesempfindlich • **FR** sensible [appareil de mesure] • **EN** sensitive, responsive [measuring device] <Adverb sensitively> • **PT** sensível [aparelho de medição] **Beispill** eisen Apparat reagéiert net empfindlech genuch, fir esou prezis Miessungen ze maachen **Synonym** sensibel **4.** **DE** empfindlich, lichtempfindlich • **FR** sensible, photosensible • **EN** photosensitive, fast [(photographic) film] • **PT** sensível, fotossensível **Beispill** fir bei schlechter Luucht ze fotograféieren, brauchs de en empfindleche Film **Synonym** sensibel

Empfindlecheet [æmpf'indlɛçke:t] Femininum (kee Pluriel) **1.** **DE** Empfindlichkeit [Feinfühligkeit] • **FR** susceptibilité • **EN** sensitivities • **PT** suscetibilidade **Beispill** mir kënnen op deem seng Empfindlecheet keng Rücksicht huelen **2.** **DE** Empfindlichkeit, Mesempfindlichkeit • **FR** sensibilité [d'un appareil de mesure] • **EN**

sensitivity, responsiveness [of a measuring device] • **PT** sensibilidade [de um aparelho de medição] **Beispill** d'Empfindlecheet vum Moossapparat ass net grouss genuch, fir esou prezis ze moossen **Synonym** Sensibilitéit **3.** **DE** Empfindlichkeit, Lichtempfindlichkeit • **FR** sensibilité, photosensibilité • **EN** (light) sensitivity, speed [of (photographic) film] • **PT** sensibilidade, fotossensibilidade **Beispill** fir bei schlechter Luucht ze fotograféieren, brauchs de e Film mat enger héijer Empfindlecheet **Synonym** Sensibilitéit

émpflanzen [ˈɛmplantsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé émgeplantz) » **transitiv DE** umpflanzen [verpflanzen] • **FR** transplanter [un végétal] • **EN** to replant, to transplant • **PT** transplantar [um vegetal] **Beispill** et sinn e puer Beem émgeplantz ginn

émplouen [ˈɛmpl'əʊən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé émgeplout) » **transitiv DE** umpflügen • **FR** labourer [retourner la terre de] • **EN** to plough up • **PT** lavrar [a terra] **Beispill** hien huet de Gaart émgeplout a Gras geséit

Employé [ã:mpɫw'ajɛ:] Maskulinum (Pluriel Employéen) **DE** Angestellter • **FR** employé • **EN** employee, clerk • **PT** empregado **Beispill** mäi Cousin schafft als Employé op enger Bank; vum nächste Mount u kréien d'Employéé méi an der Pai

i Weiblech Form: ↗Employée

Employée [ã:mpɫw'ajɛ:] Femininum (Pluriel Employéeën) **DE** Angestellte • **FR** employée • **EN** employee, clerk [female] • **PT** empregada **Beispill** meng Schwëster ass schonn éiweg Employée bei där Firma

i Männlech Form: ↗Employé

Employeur [ã:mpɫw'ajɛ:R] Maskulinum (Pluriel Employeuren) **DE** Arbeitgeber • **FR** employeur • **EN** employer • **PT** empregador **Beispill** mäin Employeur iwwerhëlt sämtlech Käschte vu menger Formatioun

émpolen [ˈɛmpo:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé émgepoolt) » **transitiv DE** umpolen • **FR** inverser les pôles de • **EN** to reverse the polarity of • **PT** inverter a polaridade de **Beispill** du muss d'Kabelen émpolen, soss dréit de Motor de falsche Wee

emprisonéieren [ã:mpɾizon'ziɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé emprisonéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

émprogramméieren [ˈɛmpɾogram'ziɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé émprogramméiert) » **transitiv 1.** **DE** umstellen, umprogrammieren • **FR** reprogrammer, changer le réglage de • **EN** to reprogramme • **PT** reprogramar, mudar a regulação de **Beispill** fir de Wanter programméiere mer eis Heizung em; zën-ter d'Luuchten op der Kräizung émprogramméiert goufen, ass manner Stau op der Haaptstrooss » **intransitiv 2.** **DE** umdisponieren • **FR** changer la programmation, réorganiser le programme • **EN** to reschedule • **PT** mudar a programação, alterar o programa **Beispill** wann déi Band fir de Concert ofspréngt, da musse mer émprogramméieren

Emprunt Maskulinum (Pluriel Emprunten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

ëmpuchen [ˈɛmpuχən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgerpucht) » **transitiv** [ɛgs] **DE** *umschmeißen* [zu Fall bringen] • **FR** *renverser* [faire tomber] • **EN** *to knock over* • **PT** *derrubar* [fazer cair] **Beispill** pass op, datt s de de Bidon net ëmpuchs!

ëmquartéieren [ˈɛmkwɑrtʒiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmquartéiert) » **transitiv** **DE** *umquartieren* • **FR** *évacuer, reloger* • **EN** *to relocate, to rehouse* • **PT** *realojar, reacomodar* **Beispill** wéinst dem Héichwasser hunn d'Leit um Camping missen ëmquartéiert ginn

ëmräissen [ˈɛmræ:ɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgerass) » **transitiv** **DE** *niederreißen* [zu Boden reißen] • **FR** *renverser, faire tomber* • **EN** *to knock down* [to pull down] • **PT** *derrubar* [deitar ao chão] **Beispiller** no der Revolutioun gouf dat Monument ëmgerass; du hues haut nach net vill ëmgerass! [ɛgs] [du hues haut nach net vill geschafft!] **Synonym** ëmrappen

ëmräissen [ɛmræ:ɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmress) » **transitiv** **DE** *umreißen, skizzieren* • **FR** *esquisser* [décrire sans détails] • **EN** *to outline* [to give a summary of] • **PT** *esboçar* [descrever em traços gerais] **Beispill** soll ech Iech kuerz ëmräissen, wéi ech dat mengen? **Synonym** skizzéieren

ëmrappen [ˈɛmrapən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgerappt) » **transitiv** **DE** *umschmeißen, niederreißen* • **FR** *renverser, faire tomber* • **EN** *to knock down, to knock over* • **PT** *derrubar, atropelar* [fazer cair] **Beispiller** de Stüerm huet d'Beem ëmgerappt; elo has de mech bal ëmgerappt!; d'Arbechter hunn d'Mauer mam Bagger ëmgerappt; ech hunn haut net vill ëmgerappt! [ɛgs] [ech hunn haut net vill geschafft!]; wat hat dee mech ëmgerappt! [ɛgs] [wat hat dee mech verannt!] **Synonym** ëmräissen

ëmraumen [ˈɛmɾaumən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgeraumt) » **transitiv** **DE** *umräumen* [ein Zimmer] • **FR** *changer la disposition de* [d'une pièce] • **EN** *to rearrange* [a room] • **PT** *mudar a disposição de* [de um quarto] **Beispill** hien huet eis gehollef, d'Zëmmeren ëmzeraumen

ëmrechnen [ˈɛmræçnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgerechent) » **transitiv** ëmrechnen (an) **DE** *umrechnen* (in) • **FR** *convertir* (en) [des grandeurs, des unités] • **EN** *to convert* (into) [a currency, a unit] • **PT** *converter* (em) [quantidades, unidades] **Beispill** fir d'Präisser am Ausland kënnen ze vergläichen, muss ech se an Euro ëmrechnen

ëmrennen [ˈɛmrænən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgerannt) » **transitiv** **DE** *umrennen* • **FR** *renverser* [en courant] • **EN** *to knock over* [while running] • **PT** *atropelar* [a correr] **Beispill** elo has de mech bal ëmgerannt!

Ëmrëss [ˈɛmrəs] Maskulinum (Pluriel Ëmrëss / Ëmrësser) **DE** *Umriss* • **FR** *contour* [silhouette, forme] • **EN** *outline, silhouette* • **PT** *contorno* [silhueta, forma] **Beispiller** wéinst der greller Luucht huet ee just den Ëmrëss vun der Persoun gesinn; en huet säi Projet a grafen Ëmrësser presentéiert [en huet säi Projet presentéiert, ouni an d'Detailer ze goen] **Synonymmen** Kontur,

Silhouette

Ëmsaz [ˈɛmzɑ:ts] Maskulinum (Pluriel Ëmsätz) **DE** *Umsatz* • **FR** *chiffre d'affaires* • **EN** *turnover* [amount of money] • **PT** *volume de negócios* **Beispill** d'Entreprise huet d'lescht Joer en Ëmsaz vu ronn dräi Milliounen Euro gemaach

ëmschaffen [ˈɛmfafən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgeschafft) » **transitiv** **DE** *umarbeiten* • **FR** *remanier* [corriger] • **EN** *to rework, to revise* • **PT** *remodelar* [corrigir] **Beispill** dee Projet muss nach ëmgeschafft ginn

ëmschalten [ˈɛmfaltən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgeschalt) » **transitiv** **1. DE** *umschalten* • **FR** *changer le réglage de* [d'un appareil] • **EN** *to reset, to change the settings of* • **PT** *comutar* [as funções de um aparelho] **Beispill** wa mer verreesen, schalte mer eisen Telefon ëm » **intransitiv** **2. DE** *umschalten* [den Sender wechseln] • **FR** *changer de chaîne* [zapper] • **EN** *to change* [channels], *to zap* • **PT** *mudar de emissora, mudar de canal* **Beispill** mir gefält dee Programm net, wëlls de net ëmschalten? **3. [ɛgs] DE** *das Thema wechseln* • **FR** *changer de sujet* [de discussion] • **EN** *to change the subject* • **PT** *mudar de conversa* **Beispill** si hu wuel vun eis geschwat, well wéi mer erakomm sinn, hunn se direkt ëmgeschalt

ëmschëdden [ˈɛmfədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgeschött) » **transitiv** **1. DE** *umschütten, umfüllen* • **FR** *transvaser* • **EN** *to decant, to transfer* • **PT** *transvasar, trasfegar* **Beispill** et ass schwéier, eng Flëssegkeet ouni Trichter an eng Fläsch ëmzeschëdden **2. DE** *umschütten* [verschütten] • **FR** *renverser* [un liquide] • **EN** *to knock over, to spill* • **PT** *virar, entornar* **Beispill** elo hunn ech mäi Kaffi ëmgeschött!

Ëmschlag [ˈɛmfʌ:χ] Maskulinum (Pluriel Ëmschläi) **1. DE** *Umschlag* [Schutzhülle] • **FR** *jaquette* [de protection] • **EN** *jacket, dust cover* • **PT** *sobrecapa* [de um livro] **Beispill** däi Buch huet e schéinen Ëmschlag **2. DE** *Umschlag* [Kompressel] • **FR** *compresse* [humide] • **EN** *compress* [pad] • **PT** *compressa* [úmida] **Beispill** d'Elteren hunn deem kranke Kand kal Ëmschläi gemaach **Synonym** Opschlag

ëmschloen [ˈɛmfʌ:ən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgeschloen) » **transitiv** **1. DE** *umschlagen* [umlegen, umhängen] • **FR** *s'envelopper dans* [un vêtement] • **EN** *to put on, to wrap around* • **PT** *envolver-se em, embrulhar-se em* [numa peça de roupa] **Beispill** well et em kal ginn ass, huet et (sech) e Schal ëmgeschloen **2. DE** *umschlagen* [umklappen] • **FR** *rabattre* [replier] • **EN** *to turn down* [to fold over] • **PT** *puxar para baixo* [dobrando] **Beispill** schlo däi Kolli ëm! » **intransitiv** **3. DE** *umschlagen* [sich ändern] • **FR** *changer* [brusquement] • **EN** *to turn, to change suddenly* • **PT** *mudar* [subitamente] **Beispiller** no de Walen huet d'Stëmmung ëmgeschloen; d'Wieder huet nees ëmgeschloen ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ëmgeschloen) » **intransitiv** **4. DE** *umschlagen, umkippen* • **FR** *se renverser, tomber* [brusquement] • **EN** *to fall over, to overturn* • **PT** *virar-se, cair* [subitamente] **Beispiller** de Stull ass ëmgeschloen, wéi si opgesprongen ass; hien ass mam Fouss ëmgeschloen [hien ass mam Fouss ëmgeknéckst] **5. DE** *umschlagen* [sich än-

dern) • **FR** *changer (brusquement)* • **EN** *to turn, to change suddenly* • **PT** *mudar (subitamente)* **Beispiller** d'Wieder ass iwwer Nuecht ëmgeschloen; hir Laun ass vun engem Abléck op deen aneren ëmgeschloen

ëmschmäissen ['ɛmfʃmæ:ɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgeschmass) » **transitiv DE** *umwerfen, umschmeißen* • **FR** *renverser [faire tomber]* • **EN** *to knock over* • **PT** *derrubar [fazer cair]* **Beispiller** de Bouf huet am Gank déi grouss Vas ëmgeschmass; hien huet all seng Pläng ëmgeschmass [ëgs] [hien huet all seng Pläng opginn]

ëmschoulen ['ɛmfʃəʊlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgeschoult) » **transitiv DE** *umschulen [für einen anderen Beruf ausbilden]* • **FR** *reconvertir [donner une nouvelle formation à]* • **EN** *to retrain* • **PT** *reconverter [dar uma nova formação a]* **Beispill** no der Faillite vum Betrib gouf en Deel vum Personal ëmgeschoult

ëmschreiven [ɛmfʃr'ɑivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmschriwwen) » **transitiv DE** *umschreiben [anders ausdrücken]* • **FR** *exprimer par une périphrase* • **EN** *to paraphrase* • **PT** *exprimir por uma perífrase* **Beispill** dee franséischen Ausdrock muss de am Lëtzebuergeschen ëmschreiven

ëmschreiven ['ɛmfʃrɑivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgeschriwwen) » **transitiv DE** *umschreiben [umarbeiten]* • **FR** *réécrire [un texte, une œuvre]* • **EN** *to rewrite [a text, music]* • **PT** *reescrever [um texto], transcrever [uma obra]* **Beispiller** wann d'Theema ännert, da muss d'Ried ëmgeschriwwen ginn; vill bekannt Arie goufe fir Piano ëmgeschriwwen

Ëmschreiwung [ɛmfʃr'ɑivʊŋ] Femininum (Pluriel Ëmschreiwungen) **DE** *Umschreibung [Paraphrase]* • **FR** *périphrase* • **EN** *paraphrase* • **PT** *perífrase* **Beispill** fir dat ellent Wuert huelen ech léiwer eng Ëmschreiwung

ëmschwäermen [ɛmfʃw'ɛ:gmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmschwäermt) » **transitiv DE** *umschwärmen [umfliegen]* • **FR** *voltiger autour de* • **EN** *to flutter round, to swarm round* • **PT** *esvoaçar em volta de* **Beispiller** d'Matten ëmschwäermen d'Lanter; meng Schwëster gëtt ëmschwäermt ewéi eng Beiekinnigin [ëgs] [meng Schwëster gëtt vu ville Männer bewonnt]

Ëmschwong ['ɛmfʃwɔŋ] Maskulinum (Pluriel <seen> Ëmschwéng) **DE** *Umschwung [Veränderung]* • **FR** *changement [important, brusque], revirement* • **EN** *drastic change* • **PT** *mudança [importante, brusca], reviravolta* **Beispill** mat esou engem Ëmschwong hate mir net gerechent

i Variant: Ëmschwonk

Ëmschwonk ['ɛmfʃwɔŋk] Maskulinum (Pluriel <seen> Ëmschwéng) - Variant vun ↗Ëmschwong

ëmseeën ['ɛmzɛ:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgeseet) » **transitiv DE** *umsägen* • **FR** *abattre [en sciant]* • **EN** *to saw down* • **PT** *abater [com a serra]* **Beispill** bei der Baach sinn d'Aarbechter amgaang, d'Pëppelen ëmzeseëen

ëmsetzen ['ɛmzætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgesat) » **transitiv 1. DE** *umsetzen [verkaufen, absetzen]* • **FR** *écouler, vendre* • **EN** *to turn over [to sell]* • **PT** *escoar, vender* **Beispill** eis Firma huet d'lescht

Joer net vill ëmgesat **2. ëmsetzen an DE** *umsetzen [ausgeben für]* • **FR** *investir dans, dépenser pour* • **EN** *to spend on* • **PT** *investir em, gastar para* **Beispill** fréier hu vill Aarbechter e gudden Deel vun hirer Pai a Brantewäin ëmgesat **3. DE** *umsetzen [verwirklichen]* • **FR** *appliquer [mettre en pratique]* • **EN** *to implement* • **PT** *aplicar [pôr em prática]* **Beispill** d'Chamber huet dës europäesch Direktiv nach net ëmgesat

Ëmsetzung ['ɛmzætsʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Umsetzung [Verwirklichung]* • **FR** *mise en application* • **EN** *implementation* • **PT** *execução [realização]* **Beispill** fir d'Ëmsetzung vun der Direktiv hunn d'Länner fënnef Joer Zäit **Synonymmen** Applikatioun, Transpositioun

ëmsinn [ɛmz'in] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmsinn) » **reflexiv** sech ëmsinn (no) **DE** *sich umsehen (nach) [suchen (nach)]* • **FR** *chercher [être à la recherche de]* • **EN** *to look round for* • **PT** *procurar [buscar]* **Beispiller** si hunn sech um Autosfestival no engem neie Won ëmsinn; ech louch um Buedem, ier ech mech ëmsinn hat [ech louch ganz séier an onerwaart um Buedem] **Synonym** ëmkucken

ëmsoss [ɛmz'os] Adverb **1. DE** *umsonst [vergebens]* • **FR** *inutilement, en vain* • **EN** *for nothing, in vain* • **PT** *inutilmente, em vão* **Beispiller** ech hoffen, datt mer dee laange Wee net ëmsoss gemaach hunn; all eis Méi war ëmsoss! **Synonym** fir näischt **2. DE** *umsonst [ohne Grund]* • **FR** *sans raison* • **EN** *for nothing, without reason* • **PT** *sem razão* **Beispill** den Tubak gëtt net ëmsoss als eng Gefor fir d'Gesondheet ugesinn **Synonym** fir näischt **3. DE** *umsonst, gratis* • **FR** *gratuit [sans payer]* • **EN** *for free* • **PT** *de graça [grátis]* **Beispiller** an eiser Gesellschaft kritt een näischt ëmsoss!; ëmsoss ass der Doud, mee dee kascht d'Liewen! [ëgs] [et kritt een näischt geschenkt] **Synonym** fir näischt

ëmsou ['ɛmzəʊ] Adverb ëmsou (méi) **DE** *umso (mehr)* • **FR** *d'autant (plus)* • **EN** *the more* • **PT** *tanto (mais)* **Beispiller** ech hunn an der Lescht net vill vun em heieren, vun senger Schwëster dofir ëmsou méi; jee méi een de Kanner eppes verbitt, ëmsou méi beschäftegt et se

ëmsprangen ['ɛmfʃprɑŋən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ëmggesprongen / ëmggesprong) » **intransitiv** ëmsprange mat **DE** *umspringen mit* • **FR** *traiter [sans égards]* • **EN** *to treat [badly], to push around* • **PT** *tratar [sem respeito]* **Beispill** esou kanns de net mat de Leit ëmsprangen!

Ëmstand ['ɛmfʃtant] Maskulinum (Pluriel Ëmstänn) **1. DE** *Umstand [Gegebenheit]* • **FR** *circonstance* • **EN** *circumstance* • **PT** *circunstância* **Beispiller** ënner dësen Ëmstänn kënne mir näischt ënnerhuelen!; ech maachen dat ënner kengen Ëmstänn! [ech maachen dat op kee Fall!]; dat do geet ënner Ëmstänn béis aus [dat do geet méiglecherweis béis aus]; meng Schwëster ass an aneren Ëmstänn [meng Schwëster erwaart e Kand] **2. (kee Singulier) DE** *Umstände [Mühe, Aufwand]* • **FR** *façons [témoignage de politesse]* • **EN** *bother, trouble* • **PT** *cerimónia(s), incómodo(s)* **Beispill** maacht Iech keng Ëmstänn!

emstand Adverb - Variant vun ↗amstand

emstand Konjunktioun - Variant vun ↗amstand

ëmständlech [ˈɛmʃtændləç] Adjektiv **DE** *umständlich* • **FR** *compliqué* [lourd, laborieux] <Adverb de manière compliquée> • **EN** *complicated, elaborate* <Adverb complicatedly, elaborately> • **PT** *complicado* [penoso, embaraçado] <Adverb de maneira complicada> **Beispiller** wat eng ëmständlech Prozedur!; sief net esou ëmständlech, soss gi mer net fäerdeg!; hien huet de Witz esou ëmständlech verzielt, datt kee Mënsch huet misse laachen

ëmsteigen [ˈɛmʃtaɪzən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ëmgestigen) » **intransitiv 1. DE** *umsteigen* [zwischen öffentlichen Verkehrsmitteln] • **FR** *changer* [de ligne, de moyen de transport], *prendre une correspondance* • **EN** *to change* [between means of public transport] • **PT** *mudar* [de linha, de meio de transporte], *fazer transbordo* **Beispill** wann ech mam Bus op d'Aarbecht fueren, muss ech zweemol ëmsteigen **Synonym** ëmklammen **2. DE** *umsteigen* [zu etwas anderem übergehen] • **FR** *changer de métier, changer de carrière, changer de préférence* • **EN** *to change, to switch* [career, preference] • **PT** *mudar de profissão, mudar de carreira, mudar de preferência* **Beispill** mäi Monni ass vu Moler op Tapissier ëmgestigen

ëmstellen [ɛmʃtˈɛlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmstallt) » **transitiv DE** *umstellen* [umzingeln] • **FR** *encercler, cerner* • **EN** *to surround* • **PT** *cercar, rodear* **Beispill** d'Rebellen hunn d'Regierungsgebai ëmstallt **Synonym** ëmzëngelen

ëmstellen [ˈɛmʃtɛlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgestallt) » **transitiv 1. DE** *umstellen* [verrücken] • **FR** *disposer autrement* • **EN** *to rearrange, to move around* • **PT** *dispor de outra maneira* **Beispill** mir hunn d'Miwwelen an eiser Wunneng ëmgestallt **2. DE** *umstellen* [anders einstellen] • **FR** *changer le réglage de* • **EN** *to reset, to change the setting of* • **PT** *mudar a regulação de* **Beispill** den Thermostat vun der Heizung gëtt virum Wanter ëmgestallt » **reflexiv 3.** sech ëmstellen (op) **DE** *sich umstellen* (auf) • **FR** *s'adapter* (à) • **EN** *to adjust to* [to get used to] • **PT** *adaptar-se* (a) **Beispiller** ech hunn eng Zäit gebraucht, fir mech op mäin neien Auto ëmzestellen; an der Vakanz hu mir eis missen op friem Iessgewonechten ëmstellen; op menger Aarbecht muss ech mech a villen Hisiichten ëmstellen **Synonym** sech adaptéieren (un)

Ëmstellung [ˈɛmʃtɛlʊŋ] Femininum (Pluriel Ëmstellungen) **DE** *Umstellung* [Änderung] • **FR** *changement* [bouleversement] • **EN** *adjustment* [to a situation], *change* • **PT** *mudança* [alteração, transição] **Beispill** et war eng grouss Ëmstellung fir eis Kanner, wéi mir geplënnert sinn

ëmstëmmen [ˈɛmʃtəmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgestëmmt) » **transitiv DE** *umstimmen* [überreden] • **FR** *faire changer d'avis* • **EN** *to change somebody's mind* • **PT** *fazer mudar de opinião* **Beispiller** wann hie bis eng fest Meenung huet, da léisst en sech net méi ëmstëmmen; versich net, mech ëmzestëmmen!

ëmstoussen [ˈɛmʃtəʊsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgestouss) » **transitiv DE** *umstoßen* [zu Fall bringen] • **FR** *renverser* [faire tomber] • **EN** *to knock over* • **PT** *derrubar* [fazer cair] **Beispiller** d'Kand

huet d'Glas mam Ielebou ëmgestouss; déi Decisioune goufen ëmgestouss [égs] [déi Decisioune goufe réckgängeg gemaach] **Synonym** ëmgeheien

ëmstridden [ɛmʃtrˈɪdən] Adjektiv **DE** *umstritten* • **FR** *contesté, controversé* • **EN** *disputed, controversial* • **PT** *contestado, controverso* **Beispill** d'Theorie iwwer den Urknall ass deelweis ëmstridden **Synonym** kontroverséiert

ëmstrukturéieren [ˈɛmʃtʁʊktʊrɛziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmstrukturéiert) » **transitiv DE** *umstrukturieren* • **FR** *restructurer* • **EN** *to restructure* • **PT** *reestruturar* **Beispill** de Betrib ass verkaaft an ëmstrukturéiert ginn

ëmsuedelen [ˈɛmzʊədələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgesuedelt) » **transitiv 1. DE** *umsatteln* [ein Reittier] • **FR** *changer la selle de* [d'un animal] • **EN** *to change the saddle* [of an animal] • **PT** *mudar a sela de* [de um animal] **Beispill** tèschent deenen zwou Disziplinne ginn d'Päerd ëmgesuedelt » **intransitiv 2.** [égs] ëmsuedelen (op) **DE** *umsatteln* (auf) [einen anderen Beruf ergreifen] • **FR** *se reconvertir* (dans) [changer de profession] • **EN** *to change, to switch* [jobs] • **PT** *reconverter-se* (em) [mudar de profissão] **Beispill** wéi säi Betrib Faillite gemaach hat, huet en op en anere Beruff ëmgesuedelt

ëmtauschen [ˈɛmtæ:ʃjən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgetosch) » **transitiv 1. DE** *umtauschen* [eine Ware] • **FR** *échanger* [une marchandise] • **EN** *to exchange* [goods] • **PT** *trocar, cambiar* [uma mercadoria] **Beispill** wann nach Garantie drop ass, gëtt deen Artikel ëmsoss ëmgetosch **2. DE** *umtauschen* [Geld] • **FR** *changer* [de l'argent] • **EN** *to change* [money] • **PT** *cambiar* [dinheiro] **Beispill** ech hu Suen op der Bank ëmgetosch

ëmtippen [ˈɛmtipən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgetippt) » **transitiv 1. DE** *umkippen* • **FR** *renverser* [faire tomber] • **EN** *to tip over, to knock over* • **PT** *virar, deitar ao chão, derrubar* **Beispill** d'Demonstranten hunn Dreckskeeschten ëmgetippt **Synonym** ëmgeheien ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ëmgetippt) » **intransitiv 2. DE** *umkippen* • **FR** *se renverser* • **EN** *to tip over, to overturn* • **PT** *virar-se, cair de lado* **Beispill** de Camion ass un d'Schleidere geroden an ass ëmgetippt **Synonymmen** ëmfalen, ëmkippen

ëmtrëllen [ˈɛmtrɛlən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ëmgetrollt) » **intransitiv [égs] DE** *umfliegen*, *umfallen* • **FR** *se renverser, tomber* • **EN** *to fall over* • **PT** *cair, tombar* **Beispill** deen iwwerluedene Kleederständer ass op eemol einfach ëmgetrollt **Synonym** ëmfalen

ëmverdeelen [ˈɛmfede:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmverdeelt) » **transitiv DE** *umverteilen* • **FR** *redistribuer* [distribuer autrement] • **EN** *to redistribute* • **PT** *redistribuir* [reorganizar a distribuição del] **Beispill** d'Regierung huet den Iwwerschoss vum Budget op nei Fongen ëmverdeelt

ëmwandelen [ˈɛmʋandələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ëmgewandelt) » **transitiv ëmwandelen** (an) **DE** *umwandeln* (in) • **FR** *transformer* (en), *convertir* (en) • **EN** *to convert into, to commute* • **PT** *transformar* (em), *converter* (em) **Beispiller** dat aalt Fab-

ricksgebai **gouf** an en Appartementshaus ëmgewandelt; seng Prisonsstrof **ass** an eng Geldstrof ëmgewandelt ginn

Ëmwee ['əmvɛ:] Maskulinum (Pluriel Ëmweeër) **DE** *Umweg* • **FR** *détour [crochet, déviation]* • **EN** *détour, roundabout way* • **PT** *desvio [trajeto alternativo]* **Beispiller** well d'Strooss gespaart war, hu mir missen e groussen Ëmwee maachen; ech sinn dat do iwwer Ëmweeër gewuer ginn [əgs] lech sinn dat do hannen-erëm gewuer ginn]

Ëmwelt ['əmvælt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Umwelt [Natur]* • **FR** *environnement [milieu naturel]* • **EN** *environment [nature]* • **PT** *ambiente [meio natural]* **Beispill** eng propper Ëmwelt ass eis éischt Prioritéit! **Synonymmen** Environnement, Natur

Ëmweltbelaaschtung ['əmvæltbɛla:ʃtʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Umweltbelastung* • **FR** *pollution, dégradation de l'environnement* • **EN** *environmental pollution* • **PT** *poluição, degradação ambiental* **Beispill** dee ville Plastik an de Mierer ass eng enorm Ëmweltbelaaschtung

ëmweeltbewosst ['əmvæltbəvɔst] Adjektiv **DE** *umweltbewusst* • **FR** *écologique [soucieux de l'environnement]* <Adverb de manière écologique> • **EN** *environmentally aware* <Adverb environmentally aware> • **PT** *ecológico [que respeita o ambiente]* <Adverb ecologicamente> **Beispiller** den ëmweltbewosste Bierger probéiert, esou mann ewéi méiglech Offall ze maachen; eis zwee Kanner liewe ganz ëmweltbewosst

ëmweeltfrëndlech ['əmvæltfrændlɛç] Adjektiv **DE** *umweltfreundlich* • **FR** *écologique [qui respecte l'environnement]* • **EN** *environmentally friendly, ecological* • **PT** *ecológico [que respeita o ambiente]* **Beispill** si hunn hir Schlofkummer mat ëmweltfrëndleche Materialien agericht **Synonym** ekologesch

Ëmweltkommissioun ['əmvæltkɔmɪsɪjʊn] Femininum (Pluriel Ëmweltkommissiounen) **DE** *Umweltausschuss* • **FR** *commission de l'environnement* • **EN** *Committee on the Environment* • **PT** *comissão do ambiente* **Beispill** deen ekologesche Problem fällt ënner d'Kompetenz vun der Ëmweltkommissioun

Ëmweltminister ['əmvæltmɪnɪstɛ] Maskulinum (Pluriel Ëmweltministere(n)) **DE** *Umweltminister* • **FR** *ministre de l'Environnement* • **EN** *Minister for the Environment* • **PT** *ministro do Ambiente* **Beispill** den Ëmweltminister huet wëlles, d'Kuelenheizung per Gesetz ze verbidden

♀ Weiblech Form: Ëmweltministesesch

Ëmweltministère ['əmvæltmɪnɪstɛ:r] Maskulinum (Pluriel Ëmweltministèren) **1.** **DE** *Umweltministerium [Behörde, Zuständigkeitsbereich]* • **FR** *ministère de l'Environnement [département ministériel, portefeuille ministériel]* • **EN** *Ministry for the Environment [government department, administration]* • **PT** *Ministério do Ambiente [departamento ministerial, pasta ministerial]* **Beispill** den Ëmweltministère huet eng Etüd iwwer d'Pollutioun vun de Gewässer gemaach **2.** **DE** *Umweltministerium [Gebäude]* • **FR** *ministère de l'Environnement [bâtiment]* • **EN** *Ministry for the Environment [building]* • **PT** *Ministério do Ambiente [edifício]* **Beispill** ronderëm den Ëmwelt-

ministère ass e grouse Park

Ëmweltministerin ['əmvæltmɪnɪstɛ:rɪn] Femininum (Pluriel Ëmweltministerinnen) - Variant vun Ëmweltministesesch

Ëmweltministesesch ['əmvæltmɪnɪstɛʃ] Femininum (Pluriel Ëmweltministeseschen)

♀ Variant: Ëmweltministerin

♂ Männlech Form: Ëmweltminister

Ëmweltofkomes ['əmvæltɔ:fkɔmɛs] Neutrum (Pluriel Ëmweltofkommessen) **DE** *Umweltabkommen* • **FR** *accord environnemental* • **EN** *environmental agreement* • **PT** *acordo ambiental* **Beispill** huet dat neit Ëmweltofkomes eigentlech e verflüchtende Charakter?

Ëmweltorganisatioun ['əmvæltɔrgənɪzəsɪjʊn] Femininum (Pluriel Ëmweltorganisatiounen) **DE** *Umweltorganisation, Umweltschutzorganisation* • **FR** *organisation (pour la protection) de l'environnement* • **EN** *environmental organization* • **PT** *organização (de proteção) ambiental* **Beispill** eis Ëmweltorganisatioun setzt sech fir d'Erhale vun de Biotopen an

Ëmweltpolitik Femininum (Pluriel <seelen> Ëmweltpoliticken) **DE** *Umweltpolitik* • **FR** *politique environnementale* • **EN** *environmental policy* • **PT** *política ambiental* **Beispill** ouni eng nohalteg Ëmweltpolitik gesinn ech schwaarz fir d'Zukunft

Ëmweltproblematik ['əmvæltprɔblema:tɪk] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Umweltproblematik* • **FR** *questions environnementales, enjeux environnementaux* • **EN** *environmental issues* • **PT** *problemática ambiental* **Beispill** an de Walprogrammer spillt d'Ëmweltproblematik eng grouss Roll

ëmweeltschiedlech ['əmvæltʃɪɛplɛç] Adjektiv **DE** *umweeltschädlich* • **FR** *polluant, nuisible à l'environnement* • **EN** *environmentally harmful* • **PT** *poluente, nocivo para o ambiente* **Beispill** de Betrib gouf erwëscht, wéi en ëmweltschiedlech Substanze wollt an d'Baach kéieren

Ëmweltschutz ['əmvæltʃʊts] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Umweltschutz* • **FR** *protection de l'environnement* • **EN** *environmental protection, conservation* • **PT** *proteção do ambiente* **Beispill** schonn zënter senger Jugend setzt hatt sech fir den Ëmweltschutz an

Ëmweltschützer ['əmvæltʃytse] Maskulinum (Pluriel Ëmweltschützer) **DE** *Umweltschützer* • **FR** *écologiste [défenseur de l'environnement]* • **EN** *environmentalist* • **PT** *ecologista, ambientalista* **Beispill** d'Ëmweltschützer sammelen Ënnerschrëfte géint de Bau vum Staudamm **Synonym** Ekologst

♀ Weiblech Form: Ëmweltschützerin

Ëmweltschützerin ['əmvæltʃytserɪn] Femininum (Pluriel Ëmweltschützerinnen) **DE** *Umweltschützerin* • **FR** *écologiste [femme qui défend l'environnement]* • **EN** *environmentalist [female]* • **PT** *ecologista, ambientalista [mulher]* **Beispill** déi engagéiert Ëmweltschützerin setzt sech vehement fir eng Reduzéierung vun Offall an **Synonym** Ekologistin

I Männlech Form: ðËmweltschützer

Ëmweltverschmutzung [ˈəmvæltfɛʃmotsuŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Umweltverschmutzung* • **FR** *pollution [de l'environnement]* • **EN** *environmental pollution* • **PT** *poluição ambiental* **Beispill** duerch d'Ëmweltverschmutzung gëtt de Liewensraum vu villen Déieren zersteiert **Synonym** Pollution

Ëmweltvirschrëft [ˈəmvæltfɛ:ɡræft] Femininum (Pluriel Ëmweltvirschrëften) **DE** *Umweltvorschrift* • **FR** *prescription environnementale* • **EN** *environmental regulation* • **PT** *disposição ambiental* **Beispill** dee Betrib ignoréiert systematesch all d'Ëmweltvirschrëften

ëmwerfen [ˈəmvɛrfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ëmgeworf)

I Hei entsteeet en neien Artikel.

ëmwiesselen [ˈəmvɪəsələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ëmgewiesselt) » **transitiv DE** *wechseln [Geld]* • **FR** *changer [de l'argent]* • **EN** *to change [money]* • **PT** *cambiar [dinheiro]* **Beispill** ier mir an Amerika geflu sinn, hu mer nach séier Suen ëmgewiesselt **Synonym** wiesselen

ëmzëngelen [ˈəmtzɛŋələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ëmzëngelt) » **transitiv DE** *umzingeln* • **FR** *encercler [cerner de toutes parts]* • **EN** *to surround* • **PT** *cercar [colocar-se em torno de]* **Beispill** d'Polizisten hunn de Gangster ëmzëngelt **Synonym** ëmstellen

Ëmzuch [ˈəmtsʊχ] Maskulinum (Pluriel Ëmzich) **DE** *Umzug [Festzug]* • **FR** *cortège [défilé]* • **EN** *procession, parade* • **PT** *cortejo [desfile]* **Beispill** d'Stad hat fir hir Honnertjoerfeier e flotten Ëmzuch organiséiert

en [ən] Personalpronomen » 3. Persoun Singulier / männlech / Nominativ **1. DE** *er* • **FR** *il* • **EN** *he, it* • **PT** *ele* **Beispiller** de Chauffer krut e Protokoll, well **en** déi erlaabt Vitess iwwerschratt hat; maach méi Ueleg an de Motor, soss geet **en** eis futti! » 3. Persoun Singulier / männlech / Akkusativ **2. DE** *ihn* • **FR** *le* • **EN** *it, him* • **PT** *o* **Beispiller** wann däi Brëll futti ass, da gehei **en** einfach ewech!; hien huet zwar eng grouss Famill, mee et këmmert keen sech ëm **en** » 3. Persoun Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Dativ **3. DE** *ihnen* • **FR** *leur, eux, elles* • **EN** *them* • **PT** *lhes, eles, elas* **Beispiller** et ass den Noperen egal, wéini mir **en** d'Schlësselen erëmginn; egal wéi eng Kamera datt s de keefs, du kanns mat **en** alleguer schéi Fotoe maachen

en [ən] onbestëmmten Artikel » Singulier / männlech / Nominativ **1. DE** *ein* • **FR** *un* • **EN** *a, an* • **PT** *um* **Beispiller** fréier war a villen Dierfer e Mëller; esoubal **en** Zéiwennol awiisst, hues de besser, du gees an d'Pedikür » Singulier / männlech / Akkusativ **2. DE** *einen* • **FR** *un* • **EN** *a, an* • **PT** *um* **Beispiller** fir déi Aarbecht do brauchs de e Mann vum Fach!; d'Zänndoktesch huet **en** Ofdrock vu mengem Gebëss gemaach » Singulier / sächlech / Nominativ **3. DE** *ein* • **FR** *un, une* • **EN** *a, an* • **PT** *um, uma* **Beispill** e Kand muss léieren, anere matzeginn » Singulier / sächlech / Akkusativ **4. DE** *ein* • **FR** *un, une* • **EN** *a, an* • **PT** *um, uma* **Beispill** esou e Fotoapparat kascht **en** Heedegeld!

-enaner [ən'a:ne] (mat enger Prepositioun) **DE** *-inander* • **FR** *l'un(e) ... l'autre, les un(es) ... les autres* • **EN** *one*

another, each other • **PT** *um ... o outro, uns ... os outros, uma(s) ... a(s) outra(s)* **Beispill** mir sinn ëmmer firenaner do

en aner Indefinitpronomen **DE** *ich für meinen Teil* • **FR** *moi pour ma part* • **EN** *I, for one* • **PT** *eu pela minha parte* **Beispiller** gitt dir alt vir, **en aner** ass net méi esou gutt zu Fouss!; du als Geschäftsmann hues Chance, **en aner** kann den Auto net vun de Steieren ofsetzen

encadréieren [ã:ka:dr'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé encadréiert) » **transitiv DE** *betreuen [sorgen für]* • **FR** *encadrer [prendre en charge]* • **EN** *to look after, to care for* • **PT** *acompanhar [tomar conta de]* **Beispill** déi eeler Leit goufen op hirer Rees vun zwee Infirmieren encadréiert **Synonym** betreien

Encadrement [ã:ka:drəm'ænt] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Encadrementer) **1. DE** *Rahmen, Rahmenprogramm* • **FR** *encadrement [animation]* • **EN** *accompaniment, supporting programme* • **PT** *animação-quadro, programa-quadro* **Beispill** eis Chorale suertg fir d'musikalescht Encadrement vun der Feier **2. DE** *Betreuung [Versorgung]* • **FR** *encadrement, prise en charge* • **EN** *care, support, assistance* • **PT** *assistência, cuidados* **Beispill** d'Kanner mat enger Behënnerung kréien an der Schoul en ugepasst Encadrement ugebueden **Synonym** Betreierung

enchantéiert [ã:ã:t'zɪət] Adjektiv enchantéiert sinn **DE** *entzückt sein, erfreut sein* • **FR** *être enchanté [être ravi]* • **EN** *to be delighted, to be pleased* • **PT** *estar encantado [estar muito contente]* **Beispiller** d'Eltere waren enchantéiert, wéi se hirer Duechter hire Frënd gesinn hunn; enchantéiert!; enchantéiert, Iech kennen ze léieren! Iech sinn enchantéiert, Iech kennen ze léieren!

encodéieren [ã:kod'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé encodéiert) » **transitiv DE** *encodieren, codieren* • **FR** *encoder [un fichier numérique]* • **EN** *to encode [computing]* • **PT** *codificar [um ficheiro informático]* **Beispill** du muss deng Fichiere richtig encodéieren, soss ginn d'Accenten net richtig afichéiert

encouragéieren [ã:kurəz'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé encouragéiert) » **transitiv** encouragéieren (zu) **DE** *ermutigen (zu)* • **FR** *encourager (à) [inciter, pousser]* • **EN** *to encourage (to)* • **PT** *encorajar (a) [incentivar]* **Beispill** de Museksprofessor huet de Jong derzou encouragéiert, beim internationale Concours matzemaachen **Synonymmen** ermunteren (zu), ureegen (zu)

Encouragement [ã:kurəzəm'ænt] Neutrum (Pluriel Encouragementen) **DE** *Ermunterung, Ermutigung* • **FR** *encouragement [appui]* • **EN** *encouragement [support]* • **PT** *encorajamento [apoio]* **Beispill** däin Encouragement ass mir eng grouss Hëllef

Encyclopedie Femininum (Pluriel Encyclopedien) **DE** *Zycklopädie* • **FR** *encyclopédie* • **EN** *encyclopaedia* • **PT** *enciclopédia [obra]* **Beispill** ech hu vu mengem Papp eng al Encyclopedie an zwiefel Bänn geierft

I Variant: Enzyklopedie

Endeffekt [ˈændæfækt] Maskulinum am Endeffekt **DE** *im Endeffekt* • **FR** *en fin de compte* • **EN** *at the end of*

the day, in the end • PT *afinal de contas* **Beispill** dat ass eis am Endeffekt egal

endegen [ˈændəzən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé *geendegt*) » **intransitiv 1.** DE *sich wiederfinden* • FR *finir* [se retrouver] • EN *to end up, to wind up* [in a place, a situation] • PT *acabar* [ir parar] **Beispill** vill Drogéierter *endegen* am Prisong **2.** DE *enden* [führen zu] • FR *mener à* [entraîner] • EN *to end in* [to lead to] • PT *acabar em, resultar em* **Beispill** den onkontrolléierte Wuesstum *endegt* am Chaos

endgülteg [æntg'yltəç] Adjektiv DE *endgültig* • FR *définitif* <Adverb *pour de bon*> • EN *definite* [crucial] <Adverb *definitely*> • PT *definitivo* <Adverb *de uma vez por todas*> **Beispill** d'Froe konnten net all *endgülteg* gekläert ginn **Synonym** *definitiv*

endlech [ˈændlɛç] Adverb DE *endlich* [schließlich, nach längerem Warten] • FR *enfin, finalement* • EN *finally, at last* • PT *finalmente, enfim, até que enfim* **Beispiller** d'Agence huet *endlech* déi richteg Wunneng fir mech fonnt!; so dach *endlech* eppes!

endlos [ˈændloːs] Adjektiv DE *endlos* • FR *interminable* • EN *interminable, never-ending* • PT *interminável, sem fim* **Beispill** dat ass eng *endlos* Affär

endoctrinéieren [ãːdɔkʁin'ziəɾən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé *endoctrinéiert*) - Variant vun *indoktrinéieren*

endoktrinéieren [ãːdɔkʁin'ziəɾən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé *endoktrinéiert*)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Endoskop [ændosk'o:p] Maskulinum (Pluriel *Endoskoper*) DE *Endoskop* • FR *endoscope* • EN *endoscope* • PT *endoscópio* **Beispill** no all Behandlung *desinfizéiert* d'Infirmière den *Endoskop*

Endoskopie [ændosko:p'i:] Femininum (Pluriel *Endoskopien*) DE *Endoskopie* • FR *endoscopie* • EN *endoscopy* • PT *endoscopia* **Beispill** wéinst menge Verdauungsproblemer loosse ech mer eng *Endoskopie* vum Mo maachen

Endprodukt [ˈæntprɔdukt] Neutrum (Pluriel *Endprodukter*) DE *Endprodukt* • FR *produit fini* • EN *end product* • PT *produto final* **Beispill** ier en *Endprodukt* am Supermarché lant, sinn dacks vill *Etappen néideg*

Endresultat [ˈæntɾɛzulta:t] Neutrum (Pluriel *Endresultater*) DE *Endresultat, Endergebnis* • FR *résultat final* • EN *end result* • PT *resultado final* **Beispiller** rechen emol no, dāin *Endresultat* ass falsch!; mam *Endresultat* vun de Gemengewalen ass net virun 9 Auer ze rechnen

Endsilb [ˈæntzilp] Femininum (Pluriel *Endsilben*)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Endung [ˈændʊŋ] Femininum (Pluriel *Endungen*) DE *Endung* • FR *terminaison* [d'un mot] • EN *ending* [of a word] • PT *terminação* [de uma palavra] **Beispill** wat fir eng *Endung* kritt dat Wuert?

-eneen [ən'e:n] (mat enger Prepositioun) DE *-einander* • FR *l'un(e) ... l'autre, les un(e)s ... les autres* • EN *one another, each other* • PT *um ... o outro, uns ... os outros*,

uma(s) ... a(s) outra(s) **Beispill** mir sinn ëmmer fireenen do

energeetesesch [enɛrg'e:təʃ] Adjektiv DE *energetisch, Energie..* • FR *énergétique* <Adverb *sur le plan énergétique*> • EN *energetic* <Adverb *energetically, forcefully*> • PT *energético* <Adverb *a nível energético*> **Beispiller** d'*energeetesesch* Effizienz vun där neier Chaudière ass besser ewéi déi vun där aler; wann een en Haus renovéiert, sollt een et och an engems *energeetesesch* sanéieren

energesch [e:n'ɛrgəʃ] Adjektiv DE *energisch* • FR *énergique* [dynamique] <Adverb *énergiquement*> • EN *energetic, forceful* <Adverb *energetically, forcefully*> • PT *energico* [dinâmico] <Adverb *energicamente*> **Beispiller** déi nei Directrice ass eng *energesch* Fra; de Kandidat huet seng Aarbecht *energesch* virum Jury verteidegt

Energie [enɛʒ'i:] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Energie* [Kraft, Tatkraft] • FR *énergie* [vigueur, tonus] • EN *energy* [vigour] • PT *energia* [força, vigor] **Beispiller** iess e Stéck Schockela, dat gëtt der erëm *Energie*; d'Jonggesellin stécht hir ganz *Energie* an d'Aarbecht **2.** (Pluriel *Energien*) DE *Energieträger, Energiequelle* • FR *énergie* [ressources électriques, calorifiques] • EN *energy* [fuel] • PT *energia* [recursos elétricos, caloríficos] **Beispiller** an engem schlecht isoléierten Haus gëtt vill *Energie* verbëtz; d'Firmaen investéieren ëmmer méi an erneierbar *Energien*

Energiekris Femininum (Pluriel *Energiekrisen*) DE *Energiekrise* • FR *crise énergétique* • EN *energy crisis* • PT *crise energética* **Beispill** duerch den Ukrainkrich ass an Europa eng *Energiekris* ausgeléist ginn

Energieleeschtung [enɛʒ'i:le:ftʊŋ] Femininum (Pluriel *Energieleeschtungen*) DE *energetische Leistung* • FR *performance énergétique* • EN *energy efficiency* • PT *desempenho energético* **Beispill** d'*Energieleeschtung* vun eiser Heizung gëtt mat der Zäit ëmmer méi schlecht

Energieleeschtungsklass [enɛʒ'i:le:ftʊŋsklas] Femininum (Pluriel *Energieleeschtungsklassen*) DE *Energieeffizienzklasse* • FR *classe d'efficacité énergétique* • EN *energy efficiency rating* • PT *classe de desempenho energético* **Beispill** wéi eng *Energieleeschtungsklass* huet dat heiten Appartement um *Energiepass* stoen?

Energiemangel [enɛʒ'i:maŋəl] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Energiemangel* • FR *pénurie d'énergie, manque d'énergie* • EN *energy shortage* [power shortage], *lack of energy* [assitude] • PT *escassez energética, falta de energia* **Beispiller** d'Ofschalte vun deenen zwou eeleren Atomzentrale kann zu engem *Energiemangel* am Land féieren; Magnesium ka géint *Energiemangel* am mënschleche Kierper hëllef

Energiepass [enɛʒ'i:pas] Maskulinum (Pluriel *Energiepäss*) **1.** DE *Energieausweis* [Bescheinigung] • FR *certificat de performance énergétique* [attestation] • EN *energy performance certificate* (EPC) [assessment] • PT *certificação energética* [de um edifício] **Beispill** hues du schonn en *Energiepass* fir dāin Haus ugefrot? **2.** DE *Energieausweis* [Dokument] • FR *certificat de performance énergétique* [document] • EN *energy performance certificate* [document] • PT *certificado energético* [de um edi-

ficio] **Beispill** beim Verkaf vum Haus muss du en Energiepass virleee kënnen

Energiepräis [enɛʁʒ'i:præ:is] Maskulinum (Pluriel Energiepräisser) **DE** *Energiepreis* • **FR** *prix de l'énergie* • **EN** *energy price* • **PT** *preço da energia* **Beispill** héich Energiepräisser schueden der Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft

Energiequell [enɛʁʒ'i:kwæ] Femininum (Pluriel Energiequellen) **DE** *Energiequelle* • **FR** *source d'énergie* • **EN** *source of energy* • **PT** *fonte de energia* **Beispill** et ass eng Erausforderung, alternativ Energiequellen ze fannen

Energieverbrauch [enɛʁʒ'i:febɾæ:ʊχ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Energieverbrauch* • **FR** *consommation d'énergie* • **EN** *energy consumption* • **PT** *consumo de energia* **Beispill** den duerchschnëttlechen Energieverbrauch pro Awunner soll reduzéiert ginn

eng [æŋ] onbestëmmten Artikel » Singulier / weiblech / Nominativ **1.** **DE** *eine* • **FR** *une* • **EN** *a, an* • **PT** *uma* **Beispill** op den Diech läit **eng** dënn Kusch Schnéi » Singulier / weiblech / Akkusativ **2.** **DE** *eine* • **FR** *une* • **EN** *a, an* • **PT** *uma* **Beispill** ech versuerger den **eng** Plaz an der éischter Rei

eng [æŋ] Indefinitpronomen » Singulier / weiblech / Nominativ **1.** **DE** *eine* • **FR** (*l')une* • **EN** *one [one of]* • **PT** *uma* **Beispill** de Virwëlz ass **eng** vu menge villen Ondugenden » Singulier / weiblech / Akkusativ **2.** **DE** *eine* • **FR** (*l')une* • **EN** *one [one of]* • **PT** *uma* **Beispill** meng Tatta ass dëse Weekend **eng** vun hire Frëndinne besiche gaangen

engagéieren [ã:ga:ʒ'ɛ̃ʁə] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé engagéiert) » transitiv **1.** **DE** *einsetzen, beauftragen* • **FR** *engager [embaucher]* • **EN** *to hire, to take on, to recruit* • **PT** *contratar [empregar]* **Beispiller** d'Koppel huert en Detektiv engagéiert; d'Firma engagéiert keng Leit méi **2.** **DE** *bereitstellen [Geld]* • **FR** *engager, mettre à disposition [de l'argent]* • **EN** *to allocate [money]* • **PT** *alocar, disponibilizar [dinheiro]* **Beispill** fir de Projet **goufen** zwou Milliounen Euro engagéiert **3.** engagéieren (zu) **DE** *verpflichten (zu) [zwingen (zu)]* • **FR** *engager (à) [obliger (à)]* • **EN** *to commit (to) [to bind (to)]* • **PT** *comprometer (a) [obrigar (a)]* **Beispill** d'Matmaache beim Concours engagéiert dech zu näischt » reflexiv **4.** **DE** *sich engagieren [sich einsetzen]* • **FR** *s'engager [s'investir]* • **EN** *to commit oneself to [to campaign for]* • **PT** *empenhar-se [investir-se]* **Beispill** vill Jugendlech engagéieren sech fir de Friden an der Welt **5.** **DE** *sich verpflichten [fest zusagen]* • **FR** *s'engager [promettre]* • **EN** *to commit oneself [to promise, to undertake]* • **PT** *comprometer-se [prometer]* **Beispill** d'Fabrick huert sech engagéiert, déi schiedlech Gasen ze reduzéieren **Synonym** sech verflüchten **6.** **DE** *sich verpflichten [in den Dienst treten]* • **FR** *s'engager [s'enrôler]* • **EN** *to enlist* • **PT** *alistar-se* **Beispill** meng Kolleegin engagéiert sech fräiwëlleg fir dräi Joer an d'Arméi

engagéiert [ã:ga:ʒ'ɛ̃t] Adjektiv **DE** *engagiert* • **FR** *engagé [au service d'une cause]* • **EN** *committed* • **PT** *comprometido [ao serviço de uma causa]* **Beispill** hien ass e ganz engagéierte Schrëftsteller

i „engagéiert“ kann och de Participe passé vum Verb **engagéieren** sinn.

Engagement [ã:ga:ʒə'm'ænt] Maskulinum/Neutrum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Einsatz, Engagement* • **FR** *engagement [dévouement, ardeur]* • **EN** *commitment [dedication]* • **PT** *empenho, dedicação* **Beispill** esou e grouse Projet erfuerdert vill **Engagement** vun alle Bedeelegten **Synonym** Asaz **2.** (Pluriel Engagementer) **DE** *Verpflichtung, Abmachung* • **FR** *engagement [promesse]* • **EN** *commitment, promise* • **PT** *empenho, compromisso, obrigação* **Beispiller** mir gi keen **Engagement** an, dat mir net kënnen anhalen; dir hutt iech net un är **Engagementer** gehalten! **Synonym** Verflüchtung **3.** (Pluriel Engagementer) **DE** *Engagement [berufliche Anstellung]* • **FR** *engagement [contract, artiste]* • **EN** *engagement [contract, booking]* • **PT** *contrato [de artista]* **Beispill** den Acteur hat e puer dichtet **Engagementer** am Ausland

Engel ['æŋəl] Maskulinum (Pluriel Engelen) **1.** **Relioun** **DE** *Engel* • **FR** *ange* • **EN** *angel* • **PT** *anjo* **Beispill** besonnesch am Alen Testament gëtt et vill Geschichten iwwer d'Engelen **2.** **DE** *Engel, Schatz* • **FR** *ange [personne]* • **EN** *angel [person]* • **PT** *anjo, amor [pessoa]* **Beispiller** villmoos Merci, du bass en **Engel!**; ech hunn dech gär, mäin **Engel**

Engelchen Maskulinum (Pluriel Engelcher) - Diminutivform vun **Engel** **DE** *Engelchen [Kind]* • **FR** *petit ange [enfant]* • **EN** *little angel [child]* • **PT** *anjinho [criança bem-comportada]* **Beispill** Äert Klengt ass awer e richtegen Engelchen!

Engelsgedold [æŋəlsɡəd'olt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Engelsgeduld* • **FR** *patience angélique* • **EN** *patience of a saint* • **PT** *paciência de santo* **Beispill** ech bewonneren deng **Engelsgedold** mat de Kanner

Engelshaff ['æŋəlsʃaf] Eegennumm **DE** *Engelshaff* • **FR** *Engelshaff* • **EN** *Engelshaff* • **PT** *Engelshaff* **Beispiller** ech wunnen um **Engelshaff**; fiert dëse Bus op den **Engelshaff**?

engem ['æŋəm] onbestëmmten Artikel » Singulier / männlech / Dativ **1.** **DE** *einem* • **FR** *un* • **EN** *a, an* • **PT** *um* **Beispiller** de Brigang gouf vun **engem** Kompliz verroden; ech ginn **engem** Heeschemann léiwer **eng** Schmier ewéi Suen » Singulier / sächlech / Dativ **2.** **DE** *einem* • **FR** *un, une* • **EN** *a, an* • **PT** *um, uma* **Beispiller** d'Afaart vum Parking ass mat **engem** Schëld gezeecht; **engem** Schëff kéint ech laang nokucken

engem ['æŋəm] Indefinitpronomen » Singulier / männlech / Dativ **1.** **DE** *jemandem* • **FR** *quelqu'un* • **EN** *somebody, someone* • **PT** *alguém* **Beispill** géff mir dat Messer, ier s de **engem** weigedoen hues! » Singulier / männlech / Dativ **2.** **DE** *einem* • **FR** (*l')un* • **EN** *one [one of]* • **PT** *um* **Beispill** de Papp wunnt bei **engem** vu senger véier Jongen » Singulier / sächlech / Dativ **3.** **DE** *einem* • **FR** (*l')un, (l')une* • **EN** *one [one of]* • **PT** *um, uma* **Beispill** d'Mamm wunnt bei **engem** vun hire Meedercher

enger ['æŋe] onbestëmmten Artikel » Singulier / weiblech / Dativ **1.** **DE** *einer* • **FR** *une* • **EN** *a, an* • **PT** *uma* **Beispiller** dee Koméit kann ee mat **enger** Spektiv gesinn; de Millionär huert en Deel vun sengem Verméigen **enger** Fondatioun zoukomme gelooss » Singulier / weiblech / Genitiv **2.** **DE** *einer* • **FR** *une* • **EN** *a, an* • **PT** *uma* **Beispill** et gëtt een **enger** Aarbecht net midd, wann een se gär mécht

enger ['æŋe] Indefinitpronomen » Singulier / weiblich / Dativ **1.** DE einer • FR (l')une • EN one [one of] • PT uma **Beispill** hie krut Sträit mat enger vu senge Mataarbechterinnen » Singulier / weiblich / Genitiv **2.** DE einer • FR (l')une • EN somebody, someone • PT uma **Beispill** enger, déi ëmmer nëmme mault, si mir hei net néideg!

engersäits ['æŋezæ:its] Adverb engersäits ..., anersäits DE einerseits ..., andererseits • FR d'une part ..., d'autre part, d'un côté ..., d'un autre côté • EN on the one hand ..., on the other hand • PT por um lado ..., por outro lado **Beispiller** engersäits mécht e sech de schéine Männchen, anersäits fällt en de Leit an de Réck; ech kann engersäits op meng Famill zielen, anersäits op meng Frënn

enges ['æŋəs] onbestëmten Artikel » Singulier / männlech / Genitiv **1.** DE eines • FR un • EN one • PT um **Beispill** hien huet sech un d'Virstellung geklamert, seng Fra kéim enges Daags erëm » Singulier / sächlech / Genitiv **2.** DE eines • FR un, une • EN a, an • PT um, uma **Beispill** ech wäert dech enges Bessere beléieren!

enges ['æŋəs] Indefinitpronomen » Singulier / männlech / Genitiv **1.** DE eines • FR (l')un • EN somebody, someone • PT um **Beispill** enges, deen ëmmer nëmme mault, si mir hei net néideg! » Singulier / sächlech / Genitiv **2.** DE eines • FR (l')un, (l')une • EN somebody, someone • PT um, uma **Beispill** enges, dat ëmmer nëmme mault, si mir hei net néideg!

England ['æŋlant] Eegennumm, Neutrum **1.** DE England • FR Angleterre • EN England • PT Inglaterra **Beispiller** iwwer 80 % vun de Britte wunnen an England; ech war schonn dräimol an England; ech fueren d'nächst Woch an England; ech kommen aus England **2.** [ëgs] DE Großbritannien • FR Grande-Bretagne • EN (Great) Britain, England, UK • PT Grã-Bretanha **Beispiller** d'Industriell Revolutioun huet an England ugefaangen; ech war schonn dräimol an England; ech fueren d'nächst Woch an England; ech kommen aus England **Synonym** Groussbritannien

i A verschiddene Sprooche gëtt d'Bezeichnung „England“ als **Synonym** fir „Groussbritannien“ gebraucht, sou och am Lëtzebuergeschen. Am geografesch-politische Sënn bezechent dëse Begrëff awer nëmmer eent vun den dräi Länner vu Groussbritannien (England, Schottland a Wales).

i männlech Persoun: ↗Engländer weiblech Persoun: ↗Engländerin Adjektiv: ↗englesch

Engländer ['æŋlæne] Maskulinum (Pluriel Engländer) **1.** DE Engländer [Person] • FR Anglais • EN English, British • PT inglês [pessoal] **Beispill** mäi beschte Frënd ass Engländer **2.** [ëgs] DE Brite • FR Britannique • EN English, British, Brit • PT britânico **Beispill** d'Engländer wíelen haut en neit Parlament **Synonym** Britt **3.** DE Engländer [Schraubenschlüssel] • FR clé anglaise • EN monkey wrench • PT chave-inglesa **Beispill** ech hunn dem Noper mäin Engländer geléint an ni méi erëmkritt

i Weiblech Form: ↗Engländerin

Engländerin ['æŋlænərin] Femininum (Pluriel Engländerinnen) **1.** DE Engländerin • FR Anglaise • EN English, British [female] • PT inglesa **2.** [ëgs] DE Britin • FR Britannique [Anglo-Saxonne] • EN English, British, Brit [female] • PT britânica **Synonym** Brittin

i Männlech Form: ↗Engländer

englesch ['æŋlɔʃ] Adjektiv **1.** DE englisch • FR anglais • EN English • PT inglês **Beispill** vill juristesche Systemer berouen um englesche Recht **2.** [ëgs] DE britisch • FR britannique • EN English, British • PT britânico **Beispill** wou däerf een ouni Visa mat engem englesche Pass areesen? **Synonym** brittesch

Englesch ['æŋlɔʃ] Neutrum (kee Pluriel) DE English [Sprache] • FR anglais [langue] • EN English [language] • PT inglês [língua] **Beispiller** wou hues du geléiert, esou gutt Englesch ze schwätzen?; deen heiten Text misst nach op Englesch iwwersat ginn; a verschiddene Beräicher gi vill Wieder aus dem Engleschen iwwerholl; fir hire Site sicht d'Administratioun nach en Iwwersetzer fir d'Englescht

Englesche Panewippchen ['æŋlɔʃəp'a:nəvɪpçən] Maskulinum (Pluriel Englesch Panewippercher) **Motacilla flavissima** DE Gelbkopf-Schafstelze • FR bergeronnette flavéole • EN British yellow wagtail • PT motacilla-flavissima **Beispill** wéi laang bréien d'Englesch Panewippercher?

Engleschprofessor ['æŋlɔʃpɹofəse] Maskulinum (Pluriel Engleschprofesseren) DE Englischlehrer • FR professeur d'anglais • EN English teacher • PT professor de inglês **Beispill** op Quatrième hat ech e ganz engagierten Engleschprofessor

i Kuerzform: Engleschproff

i Weiblech Form: ↗Engleschprofessesch

Engleschprofessesch ['æŋlɔʃpɹofəsəʃ] Femininum (Pluriel Engleschprofesseschen)

i Variant: Engleschprofessorin

i Kuerzform: Engleschproff

i Männlech Form: ↗Engleschprofessor

Engleschprofessorin ['æŋlɔʃpɹofəsɔ:rɪn] Femininum (Pluriel Engleschprofessorinnen) - Variant vun ↗Engleschprofessesch

Engleschproff ['æŋlɔʃpɹɔf] Maskulinum (Pluriel Engleschproffen) [ëgs] - Kuerzform vun ↗Engleschprofessor

Engleschproff ['æŋlɔʃpɹɔf] Femininum (Pluriel Engleschproffen) [ëgs] - Kuerzform vun ↗Engleschprofessesch

englobéieren [ã:glob'zɪəɹən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé englobéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Engpass ['æŋpas] Maskulinum (Pluriel Engpäss) DE Engpass [Mangelsituation] • FR pénurie, manque • EN shortage, bottleneck • PT penúria, escassez **Beispiller** mat engem klenge Prêt konnte mer eise kuerzfristige finanziellen Engpass iwwerbrécken; duerch de Streik vun de Camionschauffere gëtt et Engpäss bei verschiddene Produiten

i Variant: Enkpass

eniichter [ən'i:çtɛ] Adjektiv **1.** DE nüchtern [nicht betrunken] • FR sobre [non ivre] • EN sober [not drunk] •

PT *sóbrio* [não bêbedo] **Beispill** nom Aperitif ware verschidden Invitéë schonn net méi ganz eniichter **2. DE** *nüchtern* [mit leerem Magen] • **FR** *à jeun* • **EN** *with an empty stomach* • **PT** *em jejum* **Beispill** fir dës Blutttanalys muss een eniichter sinn

i Varianten: anichter, niichter

enk [æŋk] Adjektiv **1. DE** *eng* [schmal] • **FR** *étroit, exigü* • **EN** *narrow, cramped* • **PT** *estreito* [exíguo] **Beispiller** ech trëppele gären duerch déi **enk** Gaasse vun der Alstad; eist neit Appartement ass e bëssen **enk**; an deem neie Kino sätzt een e bëssen **enk** [an deem neie Kino huet een net vill Plaz fir ze sätzen]; elo gëtt et **enk!** [elo gëtt et knapps mat der Zäit!]; et dierf een dat net esou **enk** gesinn [et dierf een dat net esou pedantesch gesinn] **2. DE** *eng* [am Körper anliegend] • **FR** *étroit* [serré] • **EN** *tight* [close-fitting] • **PT** *estreito* [justo, apertado] **Beispiller** ech di gären **enk** Juppen un; meng Tatta huet hir Kleeder bei der Néiesch méi **enk** maache gelooss **3. DE** *eng* [innig, vertraut] • **FR** *étroit, proche* [intime] <Adverb étroitement> • **EN** *close* [good, intimate] <Adverb closely> • **PT** *estreito, próximo* [íntimo] <Adverb estreitamente> **Beispiller** déi zwou Regierunge stinn an enkem Kontakt mateneen; den Direkter ass en **enke** Frënd vu mengem Monni; eis Famill ass **enk** mat dëser Géigend verbonnen; de Verstuerwene gëtt am **enke** Familjekrees bäigesat

Enkel [ˈæŋkəl] Maskulinum (Pluriel Enkelen) **DE** *Enkel* [Enkelsohn] • **FR** *petit-fils* • **EN** *grandson* • **PT** *neto* **Beispill** dee Politiker ass den **Enkel** vun engem bekannten Dichter

i Weiblech Form: **Enkelin**

Enkel [ˈæŋkəl] Maskulinum (Pluriel Enkelen) **DE** *Enkel, Knöchel* • **FR** *cheville* [articulation du pied] • **EN** *ankle* • **PT** *tornozelo* **Beispill** ech hu mer beim Fussball den **Enkel** verstaucht **Synonym** Knöchel

Enkelchen [ˈæŋkəlçən] Maskulinum (Pluriel Enkelcher) - Diminutivform vun **Enkel**

Enkelin [ˈæŋkəlɪn] Femininum (Pluriel Enkelinnen) **DE** *Enkelin* [Enkeltochter] • **FR** *petite-fille* • **EN** *granddaughter* • **PT** *neta* [parente] **Beispill** d'Grousselteren hunn hirer **Enkelin** e schéine Kaddo gemaach

i Männlech Form: **Enkel**

Enkelkand [ˈæŋkəkant] Neutrum (Pluriel Enkelkanner) **DE** *Enkelkind* • **FR** *petit-fils, petite-fille, petits-enfants* • **EN** *grandchild* • **PT** *neto, neta* **Beispiller** all **Enkelkand** krut vun der Bomi e Péckvillche geschenkt; d'Enkelkanner hunn hirem Grousspapp gehollef, d'Gromperen erauszehuelen

Enkelkëndchen [ˈæŋkəkəntçən] Neutrum (Pluriel Enkelkännercher) - Diminutivform vun **Enkelkand**

Enkpass [ˈæŋkpas] Maskulinum (Pluriel Enkpäss) - Variant vun **Engpass**

Enn [æn] Neutrum (Pluriel Enner / Ennen) **1. DE** *Ende, Schluss* [Zeitpunkt] • **FR** *fin* [limite temporelle] • **EN** *end* [of a period] • **PT** *fim, final* **Beispiller** wéi soll d'Wieder **Enn** der Woch ginn?; **Enn** des Mounts gesäit et op mengem Bankkont dacks moer aus; um **Enn** vum Schouljoer maachen d'Kanner en Ausfluch; de Kaffi

geet esou lues zu **Enn** [de Kaffi ass geschwënn opgebraucht]; déi Geschicht hält kee gutt **Enn!** [déi Geschicht geet net gutt aus]; ech wäert deem Gedeessesems en **Enn** maachen! [ech wäert derfir suergen, datt dat Gedeessesems ophält!]; munch bürokratesch Demarchë sinn eng Affär ouni **Enn** [muenech bürokratesch Demarchen dauere ganz laang]; déi Saach kritt keen **Enn!** [déi Saach dauert ze laang]; leschten **Enns** hunn ech Recht behalen [Schlussendlech hunn ech Recht behalen]; no de Baler vum Fuesweekend war ech um **Enn** [no de Baler vum Fuesweekend hat ech keng Energie méi]; dat do ass d'**Enn!** [elo ass alles verluer!]; dat do ass net d'**Enn** vun der Welt! [et soll een dat do net dramatiséieren]; mat mengem Brudder geet et zu **Enn** [mäi Brudder stierft geschwënn] **2. DE** *Ende* [räumlicher Abschluss] • **FR** *bout* [limite spatiale] • **EN** *end* [edge] • **PT** *fim, cabo* **Beispiller** um **Enn** vum Duerf gëtt eng Sportshal gebaut; ech wunnen um **Enn** vun der Welt [ech wunne wäit vun allem ewech]; dëse Mount hate mir Problemer, fir déi zwee **Enner** zesummenzekreien [dëse Mount hate mir Problemer, fir mat de Suen auszekommen] **3. (hannen)** um **Enn** **DE** *letzten Endes, im Endeffekt* • **FR** *en fin de compte, à la fin du compte* • **EN** *in the end, after all* • **PT** *no fim de contas, ao fim e ao cabo* **Beispill** hannen um **Enn** behält hien nach Recht! **4. (hannen)** um **Enn** **DE** *am Ende, schließlich* • **FR** *à la fin* • **EN** *in the end, finally* • **PT** *por fim* **Beispill** et gouf ëmmer méi haart diskutéiert, bis et hannen um **Enn** zu enger Kläpperei koum **5. (hannen)** um **Enn** **DE** *am Ende, womöglich* • **FR** *si ça se trouve* • **EN** *in the end, it could be that* • **PT** *se calhar, às tantas* **Beispill** e kënnt a kënnt net, hannen um **Enn** huet deen nach den Zuch verpasst! **Synonym** amstand **6. [vereez]** allen **Ennen** **DE** *vielerorts, fast überall* • **FR** *un peu partout* • **EN** *in many places, all over* • **PT** *um pouco por todo o lado* **Beispiller** um éischte Weekend no der Fuesent gëtt allen **Ennen** am Land d'Buergebrennen organiséiert; wéinst der Wirtschaftskris gëtt un allen **Enne** gespuert; et feelt un allen Ecken an **Ennen** [et feelt un allem]

Ënn [ən] Femininum (Pluriel Ënnen) **DE** *Zwiebel* [Gemüse] • **FR** *oignon* [légume] • **EN** *onion* [vegetable] • **PT** *cebola* [legume] **Beispiller** de Kach schneit d'**Ënn** kleng; den Hobbygärtner huet zwou Reie schéin, déck **Ënnen** a sengem Gaart **Synonym** Zwiwwel

Ënnchen [ˈɛŋçən] Femininum (Pluriel Ënnercher) - Diminutivform vun **Ënn**

ënnen [ˈɛnən] Adverb **1. DE** *unten* [an einem tiefer gelegenen Ort] • **FR** *en bas* [en un endroit moins élevé] • **EN** *down* [at a lower level] • **PT** *em baixo* [em lugar menos elevado] **Beispiller** ech waarden **ënnen** am Gank op dech; hei **ënnen** ass et méi kal ewéi do uewen; wéi de Lift **ënnen** ukoum, gOUNGEN d'Dieren net op; firwat weist dee Feil no **ënnen**?; am Ufank hat ech just **ënnen** am Réck wéi, méttlerweil spieren ech et och uewen **2. DE** *unten* [am unteren Ende] • **FR** *en bas* [à l'extrémité inférieure] • **EN** *at the bottom* • **PT** *em baixo* [na extremidade inferior] **Beispiller** ënnerschreift de Kontrakt wannechgelift **ënne** riets; dee Klengen huet mech vun uewe bis **ënne** mat Schockela begladdert [dee Klengen huet mech komplett mat Schockela begladdert]

ënnenan [ənən'ɑn] Adverb **DE** unten [in einem Gebäude] • **FR** en bas [à un étage inférieur] • **EN** downstairs • **PT** em baixo [num piso inferior] **Beispill** d'Mamm sätzt ënnenan an der Stuff an dréinkt eng Taass Kaffi

ënnendrënner [ənəndr'ənɛ] Adverb

I Hei entsteet en neien Artikel.

ënnenerëm ['ənənərəm] Adverb **DE** untenherum, unten entlang • **FR** (par) en bas • **PT** na parte de baixo, em baixo, por baixo **Beispiller** mir sinn uewenerëm gaangen, well ënnenerëm de Wee gespaart ass; wat hues de gemaach, datt däi Mantel ënnenerëm voller Bulli ass?; wann ee fréier duerch e Bauerenduerf gefuer ass, hat een den Auto ënnenerëm voller Kéidreck; ech hu mech ënnenerëm erkaalt [ech hu mer den Ënnerleif erkaalt]

ënnenhin [ənən'hin] Adverb **1.** bis ënnenhin **DE** bis nach unten, bis unten hin • **FR** jusqu'en bas • **PT** até (lá) abaixo, a fundo **Beispiller** fuer an der Garage bis ganz ënnenhin, do sinn nach Parkplaz fräi; de Chauffeur huet d'Nerve verluer an de Gas bis ënnenhin gedréckt **2.** bis ënnenhin **DE** bis nach hinten • **FR** jusqu'au fond, jusqu'au bout • **PT** até ao fundo, até ao fim **Beispill** fuer rícht duerch bis ganz ënnenhin, do ass da riets d'Sortie

ënner ['ənɛ] Prepositioun » **mam Akkusativ / mam Dativ 1.** **DE** unter [räumlich] • **FR** sous [en dessous de] • **EN** under, below [a place, an object] • **PT** sob, debaixo de [por baixo de] **Beispiller** den Hond läit ënner der Kusch ze schlofen; ech leëen der den Hausschlüssel ënner d'Blummendëppen; mäi Mann huet 100 Leit ënner sech (schaffen) [égs] [mäi Mann ass de Chef vun 100 Leit] **2.** **DE** unter [einem Wert] • **FR** sous [à une valeur, un degré inférieur(e) à] • **EN** under, below [a price, a temperature] • **PT** abaixo de [em valor, em grau inferior a] **Beispiller** ech kann der d'Wuer net ënner dem Präis verkafen; d'Temperature sinn dës Nuecht ënner de Gefréierpunkt gefall **3.** **DE** unter [inmitten von] • **FR** parmi, entre [au milieu de] • **EN** among [in the middle of] • **PT** entre [no meio de, junto de] **Beispiller** op eemol stoung ech matzen ënner den Demonstranten; et waren zwee Lëtzebuerger ënner de Veronglëckten; ënner Frënn kann een sech alles soen; mäi Papp geet gären ënner d'Leit; dat bleift ënner eis! [dat ziele mer kengem virun] **4.** **DE** unter [bedingt durch, abhängig von] • **FR** sous [conditionné par, dépendant de] • **EN** under [dependent on] • **PT** em, sob, debaixo de [sujeito a, dependente de] **Beispiller** ënner deene Bedéngunge kann een net schaffen!; alles fält ënner déi selwecht Bestëmmungen; mir müssen déi Initiativ ënner Ëmstänn nees réckgäengeg maachen [mir müssen déi Initiativ eventuell nees réckgäengeg maachen] **5.** **DE** unter [unter der Einwirkung von] • **FR** sous [soumis à] • **EN** under [subject to] • **PT** sob, debaixo de [sob o efeito de] **Beispill** ënner deem Stress kanns de net schaffen! » **mam Dativ 6.** **DE** unter [wegen, aufgrund von] • **FR** de [la cause de] • **EN** from [because of] • **PT** com [por causa de] **Beispill** vill Industriestied leiden ënner der Ëmweltverschmutzung **7.** **DE** unter [zur Zeit von, unter der Herrschaft von] • **FR** sous [à l'époque de, pendant le règne de] • **EN** under [the reign of] • **PT** sob [no tempo de, no reinado de] **Beispill** ënner eisem leschte President koom et zu enger ganzer Rei Reformen **8.** ënner anerem **DE** unter anderem • **FR** entre autres • **EN** among other things • **PT**

entre outras coisas **Beispill** d'Alstad ass ënner anerem fir hir Festungsmauere bekannt

I Variant: ënnert

ënner- Verbpartikel **DE** [abtrennbares Erstglied eines Verbs] • **FR** [particule séparable d'un verbe] • **EN** [separable verb particle] • **PT** [partícula separável de um verbo] **Beispiller** dovü geet d'Welt net ënner!; si ass net ënnerzekerien

I Verben, déi **ënner-** als Partikel hunn: **ënnerbotteren**, **ënnerbréngen**, **ënnerdauchen**, **ënnergoen**, **ënnergruewen**, **ënnerjubelen**, **ënnerkommen**, **ënnerkréien**, **ënnerplouen**, **ënnerschären**, **ënnerstellen**, **ënnertauchen**, **ënneruerden**

I Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: **ënner** Prepositioun

ënnerbannen [ənɛb'ɑnɛ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ënnerbonnen / ënnerbonn) » **transitiv DE** unterbinden [stoppen] • **FR** faire cesser [arrêter] • **EN** to stop [to bring to an end] • **PT** fazer cessar [acabar com] **Beispill** déi Aktivitéite müssen onbedéngt ënnerbonne ginn

ënnerbeliicht ['ənɛbəlɪ:t] Adjektiv **DE** unterbelichtet • **FR** sous-exposé • **EN** underexposed • **PT** subexposto **Beispiller** deng Fotoe sinn all ënnerbeliicht; hien ass e wéineg ënnerbeliicht [égs] [hien ass net ganz intelligent]

ënnerbesat ['ənɛbɛzɑ:t] Adjektiv **DE** unterbesetzt • **FR** en sous-effectif • **EN** understaffed, short of people • **PT** com falta de efetivos, com falta de gente **Beispiller** mir kënnen all dës Aarbechten net matzäit fäerdegkréien, well mir den Ament ënnerbesat sinn; am Chouer ass de Bass ënnerbesat

Ënnerbewosstsinn ['ənɛbɔvostzɪn] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Unterbewusstsein • **FR** subconscient • **EN** subconscious • **PT** subconsciente **Beispill** d'Ënnerbewosstsinn huet en Afloss op eist Handeln, ouni datt mer et an Uecht huelen

ënnerbidden [ənɛb'ɪdɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ënnerbueden) » **transitiv DE** unterbieten • **FR** battre [un prix, un record] • **EN** to beat, to underbid, to undercut [a price], to beat the record] • **PT** bater [um preço, um recorde] **Beispiller** dee Präis ass net ze ënnerbidden!; si huet e siwe Joer ale Rekord ënnerbueden; den Niveau vun där Ried war net méi ze ënnerbidden [égs] [dat war eng ganz schlecht Ried]

ënnerbotteren ['ənɛbɔtərɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ënnergebottert) » **transitiv DE** unterbuttern [unterdrücken] • **FR** écraser [dominer] • **EN** to push around [to bully], to thrash [to defeat] • **PT** esmagar [oprimir, dominar] **Beispiller** looss dech net vun him ënnerbotteren!; e Sonndeg ass eis Ekipp ënnergebottert ginn [égs] [e Sonndeg huet eis Ekipp héich verluer]

ënnerbreeden ['ənɛbrɛ:dɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ënnerbreet) » **transitiv DE** unterbreiten, darlegen • **FR** soumettre [présenter] • **EN** to present, to submit • **PT** submeter [apresentar] **Beispill** d'Gewerkschaft huet der Direktioun en eegene Sozialplang ënnerbreet

ënnerbréngen ['ənɛbrɛŋɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ënnerbruecht) » **transitiv 1. DE**

unterbringen [beherbergen] • **FR** *loger* [héberger] • **EN** *to put up* [to provide with accommodation] • **PT** *alojar* [albergar] **Beispiller** ech kann Iech leider net bei eis ënnerbréngen; d'Associatioun ass an der aler Sportshal ënnerbruecht [de Büro vun der Associatioun ass an der aler Sportshal] **Synonym** logéieren **2. DE** *unterbringen* [einen Arbeitsplatz verschaffen] • **FR** *caser* [dans un emploi] • **EN** *to place, to find a job for* • **PT** *colocar* [arranjar emprego a] **Beispill** de Papp huet säi Jong bei der Eisebunn ënnerbruecht **3. ënnerbréngen** (an) **DE** *einflechten* (in) [einfließen lassen (in)] • **FR** *placer* (dans) [introduire dans un récit] • **EN** *to bring* (in), *to slip* (in) [a speech] • **PT** *colocar* (em) [inserir num relato] **Beispill** hien huet e puer Frechheeten (an senger Ried) ënnerbruecht

ënnerbriechen [ənebr'ɪəçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ënnerbrach) » **transitiv 1. DE** *unterbrechen* [vorübergehend beenden] • **FR** *interrompre* [arrêter temporairement] • **EN** *to interrupt* [to suspend], *to cut* (off) • **PT** *interromper* [parar temporariamente] **Beispiller** wéinst dem Donnerwieder huet d'Virstellung missen ënnerbrach ginn; d'Telefonsleitung war op eemol ënnerbrach **2. DE** *unterbrechen* [ins Wort fallen] • **FR** *interrompre* [couper la parole à] • **EN** *to interrupt* [to cut in on] • **PT** *interromper* [cortar a palavra a] **Beispill** ech kann et net ausstoen, wann s du mech stänneg ënnerbréchs!

Ënnerbriechung [ənebr'ɪəçuŋ] Femininum (Pluriel Ënnerbriechungen) **DE** *Unterbrechung* • **FR** *interruption, arrêt* • **EN** *break, interruption* • **PT** *interrupção* [suspensão] **Beispill** no enger Ënnerbriechung vun hirer Tournée ass d'Sängerin gëschter fir d'éischt erëm opgetrueden

Enthusiasmus [æntuzi'asmus] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Enthusiasmus*, *Begeisterung* • FR *enthousiasme* • EN *enthusiasm* • PT *entusiasmo* **Beispill** si hunn d'Fest mat vill **Enthusiasmus** organiséiert **Synonymmen** **Äifer**, **Begeeschterung**

Enthusiast [æntuzi'ast] Maskulinum (Pluriel **Enthusiasten**) DE *Enthusiast* • FR *enthousiaste* • EN *enthusiast* • PT *entusiasta* **Beispill** fir Neies op d'Been ze stellen, brauchs de ëmmer e puer **Enthusiasten**

i Weiblech Form: *↗* **Enthusiastin**

enthusiastesch [æntuzi'astəʃ] Adjektiv

i Hei entstee en neien Artikel.

Enthusiastin [æntuzi'astin] Femininum (Pluriel **Enthusiastinnen**) DE *Enthusiastin* • FR *enthousiaste* [femme] • EN *enthusiast* [female] • PT *entusiasta* [mulher] **Beispill** eise Filmclub gouf vun enger jonker **Enthusiastin** gegrënnt

i Männlech Form: *↗* **Enthusiast**

entierwen [ænti:'ɛvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **entierft**) » **transitiv** DE *enterben* • FR *déshériter* • EN *to disinherit* • PT *deserdar* **Beispill** hien huet an der Roserei probéiert, seng Kanner ze **entierwen**

Entitéit Femininum (Pluriel **Entitéiten**) **1.** DE *Entität*, *Einheit* [Abteilung] • FR *service*, *département* **Beispill** an eiser Firma gëtt eng nei **Entitéit** geschaf, déi sech exklusiv ëm de Marketing këmmert **2.** DE *Einrichtung*, *Struktur* • FR *structure* [organisme] **Beispiller** dee Service gëtt an eng gréisser **Entitéit** agegliddert; et ass wichteg, datt eng onofhängeg **Entitéit** d'Anhale vun de Sécherheetsvirschrëften iwverpräift **Synonym** **Struktur** **3.** DE (politische) *Entität*, (kulturelle) *Entität* • FR *entité* [unité politique, culturelle] **Beispill** dee grenziwwerschreidenden **Traité** gouf vun nationalen a regionalen **Entitéiten** ënnerschriwwen

entkalleken [æntk'alekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **entkallekt**) » **transitiv** DE *entkalken* • FR *détartrer* • EN *to descale* [to decalcify] • PT *descalcificar* **Beispill** du muss deng Kaffimaschinn reegelméisseg **entkalleken**

entkommen [æntk'omən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **entkomm**) » **intransitiv** DE *entkommen* • FR *s'échapper* [s'enfuir] • EN *to escape* • PT *escapar* [fugir] **Beispill** déi zwee Terroriste konnten **entkommen** **Synonym** **fortlafen**

entlaaschten [æntl'a:ʃtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **entlaascht**) » **transitiv** **1.** DE *entlasten* [bei einer Tätigkeit unterstützen] • FR *décharger*, *assister*, *aider* • EN *to relieve* [from stress, pressure] • PT *aliviar* [livrar de uma tarefa] **Beispill** fir seng Eltere samschdes mueres ze **entlaaschten**, hëlleft hire Fils am **Buttek** **2.** DE *entlasten* [von einer Steuer] • FR *décharger* [exonérer] • EN *to exempt* [from a tax] • PT *exonerar* [de um imposto] **Beispill** duerch dës Reform **ginn** d'Entreprisë steierlech **entlaascht** **3.** DE *entlasten* [von einer Anklage] • FR *décharger* [disculper, innocenter] • EN *to exonerate*, *to clear* • PT *ilibar* [isentar de culpa] **Beispill** déi zwee Zeien **hunn** den Ugekloté viru **Gericht** **entlaascht** **4.** DE *entlasten* [die Geschäftsführung billigen] • FR *décharger*, *donner quitus à* • EN *to discharge* [to absolve] • PT *dar quitação a* **Beispill** eise **Kommittee** gouf **entlaascht**

Entlaaschtung [æntl'a:ʃtʊŋ] Femininum (Pluriel **Entlaaschtungen**) **1.** DE *Entlastung* [Unterstützung] • FR *allègement* [d'une tâche] • EN *relief* [from a burden] • PT *alivio* [de uma tarefa] **Beispill** seng Hëllef ass eng grouss **Entlaaschtung** fir eis **2.** DE *Entlastung* [Steuererleichterung] • FR *allègement* [d'un impôt] • EN *relief* [from a tax] • PT *alivio* [de um imposto] **Beispill** d'Regierung huet steierlech **Entlaaschtunge** fir d'Betribber versprach **3.** DE *Entlastung* [von einer Anklage] • FR *décharge* [en faveur d'un accusé] • EN *exoneration* • PT *ilicitação* [isenção de culpa] **Beispill** wat hutt Dir zu Ärer **Entlaaschtung** virzebréngen? **4.** DE *Entlastung* [Billigung der Geschäftsführung] • FR *quitus* • EN *discharge*, *approval* • PT *aprovação*, *quitação* **Beispill** d'Versammlung huet dem Keessjee d'**Entlaaschtung** ginn

entlarven [æntl'arvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **entlarvt**) » **transitiv** **entlarven** (als) DE *entlarven* (als) • FR *démasquer* [comme étant] • EN *to expose* (as), *to unmask* (as) • PT *desmascarar* [como sendo] **Beispiller** den Déif gouf **entlarvt** an ass viru **Gericht** komm; e **Mataarbechter** vun der Firma gouf als **Spion** **entlarvt**

entleeën [æntl'e:ən] Adjektiv DE *entlegen* [abgelegen] • FR *éloigné*, *isolé* <Adverb à l'écart> • EN *remote* • PT *afastado*, *isolado* <Adverb isoladamente> **Beispiller** dat ass en **entleeënen** Eck; dee **Bauerenhaff** läit eng **Grëtz** **entleeën** **Synonym** **ofgeleeën**

entlëften [æntl'əftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **entlëft**) » **transitiv** DE *entlüften* [ein (hydraulisches) System] • FR *purger* [évacuer l'air de] • EN *to bleed* [to release fluid or gas] • PT *purgar* o ar de, *sangrar* **Beispill** et souert am **Heizkierper**, du muss en **entlëften** **Synonym** **purgen**

entloossen [æntl'o:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **entlooss**) » **transitiv** **1.** DE *entlassen* [kündigen] • FR *licencier* • EN *to lay off*, *to dismiss* • PT *despedir* [exonerar] **Beispill** de Patron huet en **Aarbechter** **entlooss** **Synonym** **kënnegen** **2.** DE *entlassen* [freilassen] • FR *relâcher* [un prisonnier], *laisser sortir* [un patient] • EN *to release* [a prisoner], *to discharge* [a patient] • PT *soltar* [um prisioneiro], *dar alta* [hospitalar a um paciente] **Beispill** no zwee Joer ass den Déif aus dem **Prisong** **entlooss** ginn

Entloossung [æntl'o:sʊŋ] Femininum (Pluriel **Entloossungen**) **1.** DE *Entlassung* [Kündigung] • FR *licencie-*

ment • **EN** dismissal [from a job] • **PT** despedimento [des-tuiçãõ] **Beispill** no senger **Entloossung** huet hie laang no enger neier Aarbecht gesicht **Synonymmen** Kënnegung, Licenciement **2. DE** Entlassung [Freilassung] • **FR** remise en liberté [d'un prisonnier], sortie [d'un patient] • **EN** release [of a prisoner], discharge [of a patient] • **PT** libertação [de um prisioneiro], alta [de um paciente] **Beispiller** no senger **Entloossung** hat hie keng Problemer méi mat der Justiz; eng **Entloossung** ass nëmme mam Accord vum zoustännegen Dokter méiglech

Entlüftung Femininum (Pluriel Entlüftungen) **DE** Entlüftung, Entlüftungsanlage • **FR** ventilation, aération [installation technique] • **EN** ventilation system • **PT** sistema de ventilação **Beispill** d'Filtere vun der **Entlüftung** mussen reegelméisseg gewiesselt ginn **Synonym** Ventilatioun

entmilitariséieren [æntmilitariz'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé entmilitariséiert) » **transitiv DE** entmilitarisieren • **FR** démilitariser • **EN** to demilitarize • **PT** desmilitarizar [retirar as forças militares de] **Beispiller** duerch de Friddensvertrag goufen d'Grenzgebiddere entmilitariséiert; déi entmilitariséiert Zon gëtt vun auslänneschen Observateuren iwwerwaacht

entnäipen [æntn'æ:ɪpən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé entnäipt) » **intransitiv DE** einnicken • **FR** s'assoupir • **EN** to nod off, to doze off • **PT** adormecer **Beispill** hien ass beim Liesen entnäipt **Synonymmen** anäipen, antompen, enttompen

Entourage [ã:tur'a:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Umfeld [Personenkreis] • **FR** entourage [milieu social proche] • **EN** entourage, circle [of friends, of acquaintances] • **PT** círculo próximo **Beispiller** hiren Entourage ënnerstëtzt si bei allen Decisiounen; säin Entourage daacht näisch

Entrecôte [ã:trəko:t] Femininum (Pluriel Entrecôten) **DE** Entrecote • **FR** entrecôte • **EN** entrecôte, sirloin steak • **PT** entrecôte **Beispill** als Haaptplat gouf et eng **Entrecôte** mat Fritten an Zalot

Entrée [ã:tre:] Femininum (Pluriel Entréeën) **1. DE** Eingang, Eingangsbereich • **FR** entrée [lieu d'accès, vestibule, hall] • **EN** entrance, entrance hall, vestibule • **PT** entrada [acesso, vestibulo] **Beispiller** mäi Cousin huet an der **Entrée** op seng Freiesch gewaart; d'**Entrée** vum Theater ass voller Leit; d'**Gebai** huet zwou verschidde **Entréeën** **Synonym** Agang **2. DE** Eintrittskarte • **FR** entrée [ticket d'entrée] • **EN** entry, entrance ticket • **PT** entrada [bilhete de ingresso] **Beispill** meng Tatta huet déi zwou **Entréeën** fir an de Kino bezuelt **3. DE** Vorspeise • **FR** entrée [premier plat] • **EN** starter [first course of a meal] • **PT** entrada [primeiro prato] **Beispiller** ech hu mer beim Garçon eng Fëschzopp als **Entrée** bestallt; d'**Clienté** konnten tëschent dräi verschidde **Entréeën** wien

Entrée [ã:tre:] Maskulinum/Femininum (kee Pluriel) **DE** Eintritt [Zutritt, Eintrittsgeld] • **FR** entrée [droit d'accès] • **EN** entrance fee, admission charge • **PT** entrada, ingresso **Beispiller** wéi vill kascht den **Entrée** fir dës Ausstellung?; den **Entrée** am neie Musée ass fräi

Entréesdier [ã:tre:sdi:ɔ] Femininum (Pluriel Entréesdieren)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Entrepreneur [ã:trəp'r'əne] Maskulinum (Pluriel Entrepreneuren) **DE** Bauunternehmer • **FR** entrepreneur [en construction et travaux publics] • **EN** building contractor, builder • **PT** empreiteiro [das obras] **Beispill** den **Entrepreneur** huet 50 Leit um Chantier schaffen

1 Variant: Entrepreneur

1 Weiblech Form: ↗Entrepreneesch

Entrepreneesch [ã:trəp'r'ənəʃ] Femininum (Pluriel Entrepreneeschen)

1 Variant: Entrepreneurin

1 Männlech Form: ↗Entrepreneur

Entrepreneur [ã:trəp'r'ənœ:r] Maskulinum (Pluriel Entrepreneuren) - Variant vun ↗Entrepreneur

Entrepreneurin [ã:trəp'rən'œ:rɪn] Femininum (Pluriel Entrepreneurinnen) - Variant vun ↗Entrepreneesch

Entreprise [ã:trəp'r'i:s] Femininum (Pluriel Entreprises) **1. DE** Unternehmen [Betrieb] • **FR** entreprise [firme] • **EN** enterprise, business, firm • **PT** empresa, firma **Beispiller** ech schaffen an enger **Entreprise**, déi Brécke baut; duerch dës Reform ginn d'**Entreprisë** steierlech entlaascht **Synonym** Betrib **2. DE** Vorhaben • **FR** entreprise [initiative] • **EN** enterprise, undertaking, project • **PT** empresa, empreendimento **Beispiller** eng Fassad nei maachen, dat ass eng grouss **Entreprise**; et war eng ganz **Entreprise**, bis mir de Piano um drëtter Stack haten [egs] [et war ustrengend a penibel, fir de Piano op den drëtter Stack ze kréien]

entre-temps [ã:trət'ã:] Adverb **DE** inzwischen, unterdessen • **FR** entre-temps, depuis lors • **EN** in the meantime, meanwhile • **PT** entretanto, desde então **Beispiller** mir hunn eis elo e puer Joer net méi gesinn, **entre-temps** sinn ech pensionéiert; mir sinn **entre-temps** zweemol geplënnert; den Deeg geet schonns zwou Stonnen op, **entre-temps** misst e schonns gutt sinn **Synonymmen** mëttlerweil, an der Tëschenzäit

Entretien [ã:trətjɛ:] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Wartung, Instandhaltung • **FR** entretien [maintenance] • **EN** maintenance, upkeep • **PT** manutenção [conservação, preservação] **Beispiller** de Portier suergt fir den **Entretien** vum Gebai; wie mécht den **Entretien** vun Ärer Méimaschinn? **Synonym** Ënnerhalt **2.** (Pluriel Entretienen) **DE** Unterredung, Gespräch • **FR** entretien [entrevue] **Beispill** ech hu mer bei menger Cheffin en **Entretien** gefrot, fir iwwer meng beruflech Zukunft ze schwätzen **Synonym** Entrevue **3.** (Pluriel Entretienen) **DE** Vorstellungsgespräch • **FR** entretien [d'embauche] **Beispill** et hu sechs Leit sech op d'Plaz gemellt, mir hunn der dräi an en **Entretien** geruff **Synonymmen** Interview, Virstellungsgespräch

Entrevue [ã:trəv'y:] Femininum (Pluriel Entrevuen) **DE** Unterredung, Aussprache • **FR** entrevue • **EN** interview, meeting • **PT** entrevista [encontro combinado] **Beispiller** de Journalist huet eng **Entrevue** bei der Ministesch ugefrot; an der leschter **Entrevue** gouf iwwer déi bilateral Bezéiunge geschwat

entsat [æntz'a:t] Adjektiv **DE** entsetzt • **FR** choqué, scandalisé • **EN** shocked, appalled • **PT** chocado, escandalizado **Beispiller** ech war entsat, wéi ech dech no denger laanger Krankheet erëmgesinn hunn; d'Mamm war entsat, wéi se heieren huet, datt hiert Kand an der Schoul gemobbt géif

entschäerfen [æntf'ɛ:ɣfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé entschäerft) » **transitiv 1. DE** entschärfen [leinen Sprengkörper] • **FR** désamorcer [un engin explosif] • **EN** to defuse [an explosive device] • **PT** desativar [um engenho explosivo] **Beispill** d'Bomm gouf matzäit entschäerft **2. DE** entschärfen [entspannen] • **FR** désamorcer [calmer, apaiser] • **EN** to defuse [a situation] • **PT** despoletar [acalmar, apaziguar] **Beispill** de Konflikt konnt duerch d'Verhandlungen entschäerft ginn

entscheeden [æntf'e:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé entscheet) » **intransitiv 1.** entscheiden (iwwer) **DE** entscheiden (über) • **FR** décider (de) [trancher] • **EN** to decide (on), to have the casting vote (on) • **PT** decidir (sobre) **Beispill** bei Stëmmegläichheet entscheet de President vun der Jury » **transitiv 2. DE** entscheiden [beschließen] • **FR** décider [régler, déterminer] • **EN** to decide [to determine] • **PT** decidir [determinar] **Beispill** mir mussen nach entscheeden, wien an eisem Numm schwätzt **Synonymmen** beschléissen, decidéieren **3.** fir sech entscheeden **DE** für sich entscheiden [gewinnen] • **FR** remporter [gagner] • **EN** to win, to clinch • **PT** vencer [ganhar] **Beispill** de Kandidat huet d'Wale fir sech entscheet **Synonym** gewonnen » **reflexiv 4.** sech entscheeden (fir) **DE** sich entscheiden (für) • **FR** se décider (pour) • **EN** to decide (on) [to choose] • **PT** decidir-se (por) **Beispiller** d'Wieler hu sech derfir entscheet; fir wéi eng Spezialisatioun hues de dech entscheet?; meng Frëndin ka sech einfach net entscheeden! **Synonym** sech decidéieren (fir) **5. DE** sich entscheiden [sich klären] • **FR** se décider [être tranché] • **EN** to be decided [contest] • **PT** decidir-se [ter desfecho] **Beispill** muer entscheet sech, wien an d'Finall kënt

entscheidend [æntf'e:dənt] Adjektiv **DE** entscheidend • **FR** décisif, déterminant • **EN** decisive [crucial] • **PT** decisivo, determinante **Beispill** dësem Zeie seng Ausso huet am Prozess eng entscheidend Roll gespillt **Synonymmen** ausschlaggebend, decisiv

Entscheidung [æntf'e:duŋ] Femininum (Pluriel Entscheidungen) **DE** Entscheidung [Beschluss] • **FR** décision [verdict, choix] • **EN** decision [judgement] • **PT** decisão [deliberação, resolução] **Beispiller** dem Arbitter seng Entscheidung war falsch; et fällt mir meeschtens schwéier, eng Entscheidung ze treffen **Synonym** Decisioun

entschëllegen [æntf'ələzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé entschëllegt) » **transitiv 1. DE** entschuldigen • **FR** excuser • **EN** to excuse • **PT** desculpar, perdoar, escusar **Beispiller** entschëllegt den Derangement, wannechgelift!; dir musst mech entschëllegen, et war net gär geschitt!; d'Cheffin huet sech entschëllege gelooss [d'Cheffin huet matdeele gelooss, datt si net kéint kommen] **2.** entschëlleg / entschëllegt **DE** Entschuldigung, Verzeihung [Höflichkeitsformel] • **FR** pardon, excuse(z)-moi [formule de politesse] • **PT** com licença, perdão, desculpa, desculpe [fórmula de cortesia] **Beispiller** entschëlleg, kanns de mech wan-

nechgelift laanschtloossen?; entschëllegt, ass dee Stull nach fräi? **Synonym** pardon **3.** entschëlleg / entschëllegt **DE** Entschuldigung, Verzeihung [als Ausdruck des Bedauerns] • **FR** pardon, excuse(z)-moi [pour exprimer le regret] • **PT** perdão, desculpa, desculpe [para exprimir arrependimento] **Beispiller** entschëlleg, wann ech dech mat menger Remark blesséiert hunn!; entschëllegt, sinn ech Iech elo grad op de Fouss getréppelt? **Synonym** pardon » **reflexiv 4. DE** sich entschuldigen • **FR** s'excuser • **EN** to apologize • **PT** desculpar-se, pedir desculpa **Beispiller** de Schüler huet sech fir seng Verspéidung entschëllegt; ech wäert dir dat ni verzeien, a wann s de dech honnertmol (bei mir) entschëllegs!

Entschëllegung [æntf'ələzən] Femininum (Pluriel Entschëllegungen) **1. DE** Entschuldigung [Rechtfertigung] • **FR** excuse [justification] • **EN** excuse [justification] • **PT** desculpa [justificação] **Beispill** dat do ass keng Entschëllegung fir Äert schlecht Behuelen! **Synonym** Excuse **2. DE** Entschuldigung [Entschuldigungsschreiben] • **FR** excuse [mot d'excuse] • **EN** excuse [note] • **PT** justificação [escrita] **Beispill** wann s de feels, da mussen deng Elteren der eng Entschëllegung schreiwen! **Synonym** Excuse

entschiedegen [æntf'iədəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé entschiedegt) » **transitiv DE** entschädigen • **FR** dédommager, indemniser • **EN** to compensate [financially] • **PT** compensar, indemnizar **Beispill** déi betraffe Leit si vun der Assurance entschiedegt ginn **Synonym** indemniséieren

Entschiedegung [æntf'iədəzən] Femininum (Pluriel Entschiedegungen) **DE** Entschädigung [Schadenersatz] • **FR** dédommagement, indemnité • **EN** compensation [financial] • **PT** compensação, indemnização **Beispill** wéinst där miserabeler Recolte kréien d'Bauern eng Entschiedegung **Synonym** Indemnitéit

entschlaken [æntf'l'a:kən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé entschlackt) » **transitiv DE** entschlacken • **FR** purifier, désintoxiquer [débarrasser de ses toxines] • **EN** to purge [to purify] • **PT** purificar, desintoxicar [eliminar as toxinas del] **Beispill** an der Apdikt kritt ee speziellen Téi, fir de Kierper ze entschlaken

entschléissen [æntf'l'ɔ:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé entschloss) » **reflexiv** sech entschléissen (zu) **DE** sich entschließen (zu) • **FR** se décider (à) • **EN** to decide (to), to make up one's mind (to) • **PT** decidir-se (a), resolver-se (a) **Beispiller** d'Elteren hu sech voller Roserei derzou entschloss, eng Plainte ze maachen; meng Frëndin ka sech ni entschléissen!

entschlësselen [æntf'l'əsələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé entschlësselt) » **transitiv DE** entschlësseln • **FR** décoder • **EN** to decode • **PT** descodificar **Beispill** si probéieren zënter Deeg, de Code ze entschlësselen

entschlofen [æntf'l'o:fən] ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé entschlof) » **intransitiv 1. DE** einschlafen [in Schlaf sinken] • **FR** s'endormir • **EN** to fall asleep • **PT** adormecer [cair no sono] **Beispiller** de Papp ass um Canapé entschlof; hien ass friddlech entschlof [hien ass ouni vill Péng gestuerwen] **Synonym** aschlofen **2. DE** einschlafen [geföhlos werden] • **FR** s'engourdir • **EN**

to go to sleep [to become numb] • **PT** *adormecer* [en-torpecer] **Beispill** den Aarm ass mer entschlof ♦ **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé entschlof) » **transitiv 3. DE** *betäuben* [anästhesieren] • **FR** *endormir* [anesthésier] • **EN** *to anaesthetize* • **PT** *anestesiari* **Beispill** kriss de eng Lokalnarkos fir deen Agrëff oder gëss de ganz entschlof?

entspanen [æntʃp'a:nən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé entspaant) » **transitiv 1. DE** *entspannen* [entschärferen] • **FR** *détendre* [décrisper] • **EN** *to defuse, to ease, to calm* [a tense situation] • **PT** *distender* [tirar a tensão de] **Beispill** mir hunn alles gemaach, fir d'Situatioun ze entspanen » **intransitiv 2. DE** *entspannen, sich entspannen* • **FR** *se détendre, se relaxer* • **EN** *to relax* [to unwind] • **PT** *relaxar, descontraír-se* [recuperar] **Beispill** an der Sauna kann ee wonnerbar entspanen **Synonymmen** sech entspanen, ofschalten, relaxen » **reflexiv 3. DE** *sich entspannen, entspannen* • **FR** *se détendre, se relaxer* • **EN** *to relax* [to unwind] • **PT** *relaxar, descontraír-se* [recuperar] **Beispill** an der Sauna kann een sech wonnerbar entspanen **Synonymmen** entspanen, ofschalten, relaxen

Entspanung [æntʃp'a:nʊŋ] **Femininum** (kee Pluriel) **DE** *Entspannung* [Erholung] • **FR** *détente* [repos] • **EN** *relaxation* [rest] • **PT** *distensão* [repouso] **Beispill** de Kader vum Hotel verspricht Entspannung fir d'ganz Famill

entspären **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé entspaart)

i Hei entsteet en neien Artikel.

entsprangen [æntʃp'r'ɑŋən] **Verb** (Hëllefverb sinn, Participe passé entsprongen / entsprong) » **intransitiv DE** *entspringen* [Quelle] • **FR** *prendre sa source* • **EN** *to rise* [to originate] • **PT** *nascer* [ter a nascente] **Beispill** vill Flëss entsprangen an de Bierger

entsprechen [æntʃp'r'i:çən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé entsprach) » **intransitiv DE** *entsprechen* [übereinstimmen mit] • **FR** *correspondre à* [être égal à, être conforme à] • **EN** *to be equivalent to, to match, to meet* • **PT** *corresponder a* [equivaler a, coincidir com] **Beispiller** een Euro entsprécht ongeféier 40 ale Lëtzebuenger Frang; d'Iwwersetzung entsprécht net deem, wat am Originaltext steet; den Hotel huet eisen Erwaardungen net entsprach

entsprechend [æntʃp'r'i:çənt] **Adjektiv DE** *entsprechend* [angemessen] • **FR** *approprié* <Adverb de manière appropriée> • **EN** *appropriate, suitable* <Adverb appropriately, suitably> • **PT** *apropriado* [conveniente] <Adverb apropriadamente> **Beispiller** fir dës Plaz ze kréien, muss de déi **entsprechend** Etüde gemaach hunn; fir op eng feierlech Receptioun muss een sech **entsprechend** kleeden

Entsteung [æntʃt'e:ʊŋ] **Femininum** (kee Pluriel) **DE** *Entstehung* • **FR** *création, origine* • **EN** *creation* [construction] • **PT** *criação, origem* **Beispill** haut gëtt d'Entsteung vum Universum duerch den Urknall erkläert

entstellen [æntʃt'æ:lən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé entstellt) » **transitiv DE** *entstellen* [verunstalten] • **FR** *défigurer, enlaidir* • **EN** *to disfigure* • **PT** *desfigurar* [afear] **Beispiller** d'Accident huet d'Fra entstellt; dee Brëll kanns de net halen, deen entstellt dech

entstoen [æntʃt'o:ən] **Verb** (Hëllefverb sinn, Participe passé entstanen / entstan) » **intransitiv DE** *entstehen* • **FR** *naître, apparaître, se former* • **EN** *to arise, to be created, to come into being* • **PT** *nascer, aparecer, formar-se* **Beispiller** do riskéiere Problemer ze **entstoen**, mat deene mer net gerechent haten; baussent dem Duerf **entsteet** eng nei Industriezon; wéini ass d'Welt **entstanen**?

entsuergen [æntz'u:ɔzən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé entsuergt) » **transitiv DE** *entsorgen* • **FR** *éliminer, traiter* [des déchets] • **EN** *to dispose of* • **PT** *eliminar, tratar* [resíduos] **Beispill** och d'Frittefett muss richtig **entsuergt** ginn!

Entsuergung [æntz'u:ɔzʊŋ] **Femininum** (kee Pluriel) **DE** *Entsorgung* • **FR** *élimination* [des déchets] • **EN** *disposal* [of waste] • **PT** *eliminação* [de resíduos] **Beispill** d'Firmae mussen fir d'Entsuergung vun hirem Offall opkommen

enttäuschen [ænt'ɔ:ʃən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé enttäuscht) » **transitiv DE** *enttäuschen* • **FR** *décevoir* • **EN** *to disappoint* • **PT** *decepcionar, desiludir, desapontar* **Beispiller** d'Ekipp huet hir Supporteren net enttäuscht; enttäusch mech net!

enttäuschend [ænt'ɔ:ʃənt] **Adjektiv DE** *enttäuschend* • **FR** *décevant* • **EN** *disappointing* • **PT** *decepcionante* **Beispill** d'Mëttegieße war **enttäuschend**, fir dee Präis hätt ech mer méi erwaart

Enttäuschung [ænt'ɔ:ʃʊŋ] **Femininum** (Pluriel Enttäuschungen) **DE** *Enttäuschung* • **FR** *déception* • **EN** *disappointment* • **PT** *deceção, desilusão, desapontamento* **Beispill** dat schlecht Resultat war fir déi ganz Ekipp eng batter **Enttäuschung**

enttopen [ænt'ɔmpən] **Verb** (Hëllefverb sinn, Participe passé enttompt) » **intransitiv DE** *einnicken* • **FR** *s'assoupir* • **EN** *to doze off, to nod off* • **PT** *adormecer* [cair no sono] **Beispill** d'Bomi ass iwwerem Heekelen **enttompt** **Synonymmen** annäipen, antopen, entnäipen

entwäerten [æntv'ɛ:ɔtən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé entwäert) » **transitiv 1. DE** *entwerten* [den Wert mindern] • **FR** *dévaloriser, déprécier* [diminuer la valeur de] • **EN** *to devalue* [to reduce the worth of] • **PT** *desvalorizar, depreciar* [diminuir o valor de] **Beispiller** duerch de Flughafen ginn d'Bauplazen **entwäert**; esou **Commentairen entwäerten** eise **Projet** [esou **Commentairen diskreditieren** eise **Projet**] **2. DE** *entwerten* [einen Fahrschein] • **FR** *composter* [un billet] • **EN** *to validate, to punch* [a ticket] • **PT** *obliterar, validar* [um bilhete] **Beispill** ier s de an den Zuch klëmms, muss de däi **Billjee entwäerten** **Synonym** validieren

Entwärtung [æntv'ɛ:ɔtʊŋ] **Femininum** (Pluriel Entwärtungen) **DE** *Entwertung* [Wertverminderung] • **FR** *dépréciation, dévalorisation* • **EN** *devaluation* • **PT** *depreciação, desvalorização* **Beispill** keen hat mat esou enger **Entwärtung** vum Geld gerechent

Entwarnung [æntv'ɑ:rnʊŋ] **Femininum** (kee Pluriel) **DE** *Entwarnung* • **FR** *signal de fin d'alerte* • **EN** *all-clear* • **PT** *sinal de fim de alerta* **Beispill** de Gesondheetsministère huet haut **Entwarnung** ginn, well d'Dränkwaasser erëm propper ass

entwässeren [æntv'æsəɾən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé entwässert) » **transitiv** **DE** *entwässern* [trockenlegen] • **FR** *drainer* [assécher] • **EN** *to drain* [to draw off water] • **PT** *drenar* [desaguar] **Beispill** d'Firma huet d'Wiss entwässert, fir eng nei Cité ze bauen

entwéckelen [æntv'ekələn] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé entwéckelt) » **transitiv** **1. DE** *entwickeln* [ausarbeiten] • **FR** *développer* [élaborer, mettre au point] • **EN** *to develop* [to elaborate] • **PT** *desenvolver* [elaborar, afinar] **Beispiller** eist Departement entwéckelt den Ament en neie Computerprogramm; hire Service huet eng nei Verkafsstrategie entwéckelt **Synonym** *developpéieren* **2. DE** *entwickeln* [entfalten] • **FR** *développer* [acquérir] • **EN** *to develop* [to acquire] • **PT** *desenvolver* [adquirir] **Beispill** duerch vill Training huet d'Spillerin e bessert Ballgefühl entwéckelt **3. DE** *entwickeln* [einen Film] • **FR** *développer* [une pellicule photographique] • **EN** *to develop* [photographic film] • **PT** *revelar* [uma película fotográfica] **Beispill** ech hunn all meng Fotoe selwer entwéckelt **Synonym** *developpéieren* » **reflexiv** **4. DE** *sich entwickeln* [sich entfalten] • **FR** *se développer* [s'épanouir, évoluer] • **EN** *to develop* [to evolve] • **PT** *desenvolver-se* [progredir, evoluir] **Beispiller** de Bèbee huet sech an de leschte Woche gutt entwéckelt; d'Land entwéckelt sech ëmmer méi zu enger internationaler Bankeplaz **5. DE** *sich entwickeln* [entstehen] • **FR** *se former* [se constituer] • **EN** *to develop* [to form] • **PT** *formar-se* [produzir-se] **Beispiller** duerch eng cheemesch Reaktioun huet sech Gas am Behälter entwéckelt; a verschiddene Quartieren entwéckelen sech sozial Spannungen

i Verb, dat **entwéckelen** als Basis huet: **weiderentwéckelen**

Entwécklung [æntv'eklʊŋ] Femininum **1.** (Pluriel *Entwécklungen*) **DE** *Entwicklung* [allmähliche Änderung] • **FR** *développement* [évolution] • **EN** *development* [of a country] • **PT** *desenvolvimento* [evolução] **Beispill** déi ekonomesch Entwécklung vum Land ass net wierklech zefriddestellend **Synonym** *Evolutioun* **2.** (kee Pluriel) **DE** *Entwicklung* [Reifeprozess] • **FR** *développement* [processus de maturation] • **EN** *development* [maturing] • **PT** *desenvolvimento* [processo de maturação] **Beispill** Är Duechter ass an hirer Entwécklung lücht hannendran **3.** (Pluriel *Entwécklungen*) **DE** *Entwicklung* [Ausarbeitung] • **FR** *développement* [élaboration, mise au point] • **EN** *development* [elaboration] • **PT** *desenvolvimento* [laboração, aperfeiçoamento] **Beispill** eise Laboratoire schafft un der Entwécklung vum engem neien Impfstoff **Synonym** *Developpement* **4.** (kee Pluriel) **DE** *Entwicklung* [Entstehung] • **FR** *formation* [apparition, constitution] • **EN** *development* [formation] • **PT** *formação* [criação, constituição] **Beispill** an der Fabrick koum et zu enger Entwécklung vum Damp a gëftege Gasen

Entwécklungshëllef [æntv'eklʊŋshəlɛf] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Entwicklungshilfe* • **FR** *aide au développement* • **EN** *development aid* • **PT** *auxílio ao desenvolvimento* **Beispill** eis Associatioun leescht Entwécklungshëllef uechter d'ganz Welt

Entwécklungsland [æntv'eklʊŋslant] Neutrum (Pluriel *Entwécklungslänner*) **DE** *Entwicklungsland* • **FR** *pays en voie de développement* • **EN** *developing country* • **PT** *pais em desenvolvimento* **Beispill** duerch den En-

gagement vun den Hëllesorganisatiounen huet d'Situatioun a villen Entwécklungslänner sech verbessert

Entwécklungsperspektiven [æntv'eklʊŋspɛ:ɾspɛkti:vən] Femininum (kee Singulier)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

entweder [æntv'e:de] Konjunktioun - Variant vun **entweeder**

entweeder [æntv'e:de] Konjunktioun *entweeder ... oder* **DE** *entweder ... oder* • **FR** *ou (bien) ... ou (bien)* • **EN** *either ... or* • **PT** *ou ... ou, quer ... quer* **Beispiller** *entweeder* du waarts op eis oder du kënnst eis sichen!; hien ass *entweeder* an senger Kummer oder an der Stuff

entweien Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé *entweit*)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

entwerfen [æntv'ɛrfən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé *entworfen*) » **transitiv** **DE** *entwerfen* • **FR** *concevoir* [inventer, élaborer] • **EN** *to design, to plan* [a building, a machine] • **PT** *conceber* [inventar, elaborar] **Beispiller** de Bauhär *entwürft* de Plang fir seng Villa gär selwer; eis Ingenieuren hunn eng nei Maschinn *entwurf*

entwéschen [æntv'ɛʃən] Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé *entwéscht*) » **intransitiv** [égs] **DE** *entwischen* • **FR** *s'échapper* [d'un lieu, échapper à [quelqu'un]] • **EN** *to get away, to escape* • **PT** *escapar* (a) [fugir (a)] **Beispill** d'Maus ass der Kaz am leschten Ament *entwéscht*

Entwurf [æntv'ɔrf] Maskulinum (Pluriel *Entwürf*) **DE** *Entwurf* • **FR** *avant-projet* • **EN** *draft, model* • **PT** *anteprojecto* **Beispiller** den Deputéierten huet säin Entwurf fir en neit Schoulesetz presentéiert; den Architekten hir Entwurf fir den neie Musée ginn ausgestallt

entwutschen [æntv'utʃən] Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé *entwutscht*) » **intransitiv** **DE** *entgleiten* [aus der Hand fallen] • **FR** *échapper* [des mains] • **EN** *to slip* [out of one's hands] • **PT** *escapar* [das mãos] **Beispiller** de Schlëssel ass em *entwutscht* an an de Grill gefall; déi Bemierkung ass em *entwutscht* [hien huet déi Bemierkung gemaach ouni ze wëllen]; den Numm ass mer *entwutscht* [ech hunn den Numm vergiess]; et ass mer een *entwutscht* [ech hu gefuerzt] **Synonym** *entfueren*

entwutzen [æntv'utsən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé *entwutzt*) » **reflexiv** [égs] **DE** *Zustände kriegen* • **FR** *piquer une crise* [de colère] • **EN** *to throw a fit* • **PT** *perder as estribetas* [de raiva] **Beispill** ech këint mech *entwutzen*, dat ech den Zuch verpasst hunn!

entzieren [ænts'ziən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé *entzunn*) » **transitiv** **1. DE** *entziehen* • **FR** *retirer* [enlever] • **EN** *to withdraw, to revoke* • **PT** *tirar, retirar* [privar de, subtrair] **Beispill** d'Douane huet dem Wiert d'Konzessioun *entzunn* » **reflexiv** **2. DE** *sich entziehen* [sich drücken vor] • **FR** *se soustraire à* [vouloir échapper à] • **EN** *to avoid, to evade* [responsibility] • **PT** *subtrair-se a* [querer fugir a] **Beispill** de Schëllegen *entzitt* sech gär senger Verantwortung

Entzèiungskuer [ænts'ziuŋsku:ɐ] Femininum (Pluriel Entzèiungskueren) DE Entziehungskur • FR *cure de désintoxication* • EN *detoxification programme, rehabilitation* • PT *cura de desintoxicação* **Beispill** no hiner Entzèiungskuer huet déi jonk Fra keng Droge méi ugepak

entzifferen [ænts'ifəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé entziffert) » **transitiv** DE *entziffern* [lesen] • FR *déchiffrer* [lire] • EN *to decipher* • PT *decifrar* [ler] **Beispill** den Archeolog krut d'Schrëft op der Grafplack net entziffert

Entzuch [ænts'ux] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Entzug* [Behandlung] • FR *sevrage, désaccoutumance, désintoxication* • EN *detoxification, rehabilitation* • PT *desintoxicação* [tratamento] **Beispill** d'Doktesch huet dem Patient erkläert, wéi den Entzuch wäert oflafen

entzünden [ænts'yndən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé entzündt) » **reflexiv** DE *sich entzünden* [sich krankhaft röten] • FR *s'infecter* • EN *to become inflamed, to become infected* • PT *infetar-se, inflamar-se* **Beispill** deng Wonn huet sech uerdentlech entzündt! **Synonym** sech infizéieren

Entzündung [ænts'ynduŋ] Femininum (Pluriel Entzündungen) DE *Entzündung, Infektion* • FR *inflammation, infection* • EN *inflammation, infection* • PT *inflamação, infeção* **Beispill** de Sportler huet eng Entzündung am A **Synonym** Infektioun

Enveloppe [ã:vəl'op] Femininum (Pluriel Enveloppen) **1.** DE *Briefumschlag* • FR *enveloppe* [pli à courrier] • EN *envelope* [for a letter] • PT *envelope* **Beispiller** ech hunn de Brëif an eng Enveloppe gestach an op d'Post gedroen; de Sekretär muss nach Timberen op d'Enveloppë pechen **Synonymmen** Couvert, Ëmschlag **2.** DE (*im Budget vorgesehene*) *Summe* • FR *enveloppe* [montant alloué] • EN *funds, finance* [planned, allocated] • PT *verba* [quantia consignada] **Beispill** am Budget ass eng Enveloppe vun enger Millioun fir dee Projet virgesinn

Envergure [ã:VERg'y:R] Femininum (kee Pluriel) DE *Ausmaß* [Umfang] • FR *envergure, ampleur* • EN *scale, extent, scope* • PT *envergadura* [dimensão, tamanho] **Beispill** fir e Bauprojet vun där Envergure muss e Gesetz gestëmmt ginn **Synonymmen** Ausmooss, Ëmfang

Environnement [ã:viɾ'onəmã:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Umwelt* [Natur] • FR *environnement* [milieu nature] • EN *environment* [natural world] • PT *ambiente* [meio natural] **Beispill** dés Partei këmmert sech haapt-sächlech ëm den Environnement **Synonym** Ëmwelt

envisagéieren [ã:vizaz'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé envisagéiert) » **transitiv** DE *in Betracht ziehen, ins Auge fassen* • FR *envisager* [prévoir] • EN *to envisage, to consider* • PT *encarar, considerar* **Beispiller** mir hunn envisagéiert, e Kand ze adoptéieren; fir keng béis Iwwerraschungen ze kréien, muss mir all eenzele Fall envisagéieren

enzwusch Adverb - Variant vun ↗anzwusch

Enzyklopädie [æntsikloped'i:] Femininum (Pluriel Enzyklopädien) - Variant vun ↗Enzyklopedie

Enzyklopedie [æntsikloped'i:] Femininum (Pluriel Enzyklopedien) - Variant vun ↗Encyclopedie

Epaulette [epol'æt] Femininum (Pluriel Epauletten) **1.** (meeschtens Pluriel) DE *Schulterklappe* • FR *épaulette* [ornement militaire] • EN *epaulette* • PT *dragona* **Beispill** um Offizéier sengen Epaulettë gesäit een, datt e Kolonell ass **2.** (meeschtens Pluriel) DE *Schulterpolster* • FR *épaulette* [rembourrage] • EN *shoulder pad* • PT *chumaço* [nos ombros] **Beispill** hien huet nei Epauletten a säi Paltong gebitzt krit

E-peritif ['eperitif] Maskulinum (Pluriel E-peritifer) DE *virtueller Umtrunk* [zum gemeinsamen Anstoßen trotz räumlicher Distanz] • FR *e-péritif* [apéritif virtuel] • PT *videoconferência para tomar o aperitivo* [reunião virtual em situação de distância física] **Beispill** während dem Confinement organiséiere mer zweemol d'Woch en E-peritif ënner Kolleegen

epesch Adjektiv - Variant vun ↗eepesch

Epicerie [episəɾ'i:] Femininum (Pluriel Epicerien) DE *Lebensmittelgeschäft* • FR *épicerie* [petit commerce] • EN *grocer's* • PT *mercearia* [pequena loja] **Beispiller** an der Epicerie féinnt een eng grouss Auswiel vu frëschem Uebst a Geméis; d'Supermarchéë sinn eng grouss Konkurrenz fir déi kleng Epicerien

Epicier [ep'isjɛ:] Maskulinum (Pluriel Epicieren) DE *Lebensmittelhändler* • FR *épicier* [commerçant] • EN *grocer* • PT *merceiro* **Beispill** eisen Epicier verkeeft nëmme frësch Wuer

♀ Weiblech Form: ↗Epicière

Epicière [ep'isjɛ:R] Femininum (Pluriel Epicières) DE *Lebensmittelhändlerin* • FR *épicière* • EN *grocer* [female] • PT *merceira* **Beispill** d'Epicière huet grouse Succès mat hiren hausgemaache Produiten

♂ Männlech Form: ↗Epicier

epideemesch [epid'e:məʃ] Adjektiv DE *epidemisch* • FR *épidémique* • EN *epidemic* • PT *epidémico* **Beispill** Tuberkulos ass eng Krankheet, déi epideemesch Ausmoosse kann unhuelen

epidemesch [epid'e:məʃ] Adjektiv - Variant vun ↗epideemesch

Epidemie [epide:m'i:] Femininum (Pluriel Epidemien) DE *Epidemie* • FR *épidémie* • EN *epidemic* • PT *epidemia* **Beispill** d'Regierung ass der Meenung, datt d'Epidemie den Ament ënner Kontroll ass

Epidemiolog [epidemjɔl'o:k] Maskulinum (Pluriel Epidemiologen) DE *Epidemiologe* • FR *épidémiologiste* • EN *epidemiologist* • PT *epidemiologista* **Beispill** vill Epidemiologe warne virun enger zweeter Pandemiewell, wann de Social Distancing ze séier opgehewe gëtt

♀ Weiblech Form: ↗Epidemiologin

Epidemiologie [epidemjɔlɔz'i:] Femininum (kee Pluriel) DE *Epidemiologie* • FR *épidémiologie* • EN *epidemiology* • PT *epidemiologia* **Beispill** bei der Sich no effikassen Exitstrategieë sinn d'Fuerschungswäerter aus der Epidemiologie e wichtige Facteur

Epidemiologin [epidemjɔl'o:gin] Femininum (Pluriel Epidemiologinnen) DE *Epidemiologin* • FR *épi-*

démiologiste [femme] • EN epidemiologist [female] • PT epidemiologista [mulher] **Beispill** d'Epidemiologin studéiert d'Entwécklung vum Coronavirus

Männlech Form: ↗Epidemiolog

Epilatioun [epilasj'əʊn] Femininum (Pluriel Epilatiounen) DE *Enthaarung, Epilation* • FR *épilation* • EN *epilation* • PT *depilação* **Beispill** an deem Salon maachen se d'Epilatioun mam Laser

epiléieren [epil'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé epiléiert) » **transitiv** DE *enthaaren, epiléieren* • FR *épiler* • EN *to epilate* • PT *depilar* **Beispill** d'Esthéticienne epiléiert der Cliente hir Been

Epilepsie [epilæps'i:] Femininum (kee Pluriel) DE *Epilepsie* • FR *épilepsie* • EN *epilepsy* • PT *epilepsia* **Beispill** hie leit scho vu Klengem un un Epilepsie

epileptesch [epil'æptəʃ] Adjektiv DE *epileptisch* • FR *épileptique* • EN *epileptic* • PT *epilético* **Beispill** de Sportler huet iwwer dem Match eng epileptesch Kris gemaach

Epileptiker [epil'æptikə] Maskulinum (Pluriel Epileptiker) DE *Epileptiker* • FR *épileptique* • EN *epileptic* • PT *epilético* **Beispill** Epileptiker mussen all Dag Medikamenter huelen

Weiblech Form: ↗Epileptikerin

Epileptikerin [epil'æptikərin] Femininum (Pluriel Epileptikerinnen) DE *Epileptikerin* • FR (*femme*) *épileptique, (fille) épileptique* • EN *epileptic [female]* • PT *epilética* **Beispill** als Epileptikerin muss ech all Dag Medikamenter huelen, fir Krisen ze verhënnere

Männlech Form: ↗Epileptiker

Epilog Maskulinum (Pluriel Epilogen) **1.** DE *Epilog [Schlussrede]* • FR *épilogue [allocution finale]* • EN *epilogue* • PT *epilogo [alocução final]* **Beispill** am Epilog vum anticken Theaterstéck huet de Chouer säi groussen Optrétt **2.** DE *Epilog [Nachwort]* • FR *postface* • EN *afterword* • PT *posfácio* **Beispill** a sengem Epilog hannen am Buch huet den Auteur all de Collaborateure Merci gesot **Synonym** Nowuert

Episiotomie [epizjotom'i:] Femininum (Pluriel Episiotomien) DE *Dammschnitt, Episiotomie* • FR *épisiotomie* • EN *episiotomy* • PT *episiotomia* **Beispill** vill Frae kréie beim Accouchement eng Episiotomie gemaach, fir en Dammarc ze verhënnere **Synonym** Dammschnitt

Episod [epiz'o:t] Maskulinum/Femininum (Pluriel Episoden) **1.** DE *Folge [einer Reihe]* • FR *épisode [division d'une œuvre]* • EN *episode, instalment* • PT *episódio [divisão de uma obra]* **Beispill** déi zweet Episod vum Reportage war déi interessantst **2.** DE *Episode [Ereignis]* • FR *épisode [événement, aventure]* • EN *episode [event]* • PT *episódio [evento]* **Beispill** den Acteur huet déi eng oder déi aner Episod aus sengem Liewen zum Beschte ginn

Epizentrum [epits'æntɾum] Maskulinum (Pluriel Epizentren / Epizentren) DE *Epizentrum* • FR *épicycle* • EN *epicentre* • PT *epicentro* **Beispill** d'Äerd-biewe war nach Honnerte vu Kilometer vum Epizentrum ewech ze spieren; Métt Abrëll 2020 gouf Amerika den neien Epizentrum vun der Covid-19-Pandemie

Epoch [ep'ɔχ] Femininum (Pluriel Epochen) DE *Epoche* • FR *époque [période (historique)]* • EN *epoch [in history]* • PT *época [período (histórico)]* **Beispill** aus wéi enger Epoch staamt dee Fossil, dee se viru Kuerzem fonnt hunn?; d'Romantik an d'Klassik sinn zwou wichteg Epochen an der Konscht

epongen [ep'ɔ:zən] onverännerbaart Adjektiv DE *aus Frottee* • FR *en éponge [tissu]* • EN *tery* • PT *felpudo, turco* **Beispill** d'Koppel huet fir d'Hochzäit epongen Hand-dicher geschenkt kritt

Epos Maskulinum/Neutrum (Pluriel Epen / Epossen) - Variant vun ↗Eepos

Eppelduerf ['æpəldu:ɕf] Eegennum DE *Eppeldorf* • FR *Eppeldorf* • EN *Eppeldorf* • PT *Eppeldorf* **Beispill** ech wunnen zu Eppelduerf; fiert dese Bus op Eppelduerf?

eppes ['æpəs] Indefinitpronomen » Singulier / sächlech / Nominativ **1.** DE *etwas* • FR *quelque chose* • EN *something* • PT *alguma coisa, algo* **Beispill** iwwerem Fieren huet permanent eppes vir am Auto gerabbelt » Singulier / sächlech / Akkusativ **2.** DE *etwas* • FR *quelque chose* • EN *something* • PT *alguma coisa, algo* **Beispill** därer ech Iech eppes ze drénken offrëieren? » Singulier / sächlech / Dativ **3.** DE *etwas* • FR *quelque chose* • EN *something* • PT *alguma coisa, algo* **Beispill** schwätz emol vun eppes anescht!

Epreuve [epr'œ:f] Femininum (Pluriel Epreuven) **1.** DE *Prüfung [Examen]* • FR *épreuve [examen]* • EN *test, exam* • PT *prova [exame]* **Beispill** de Kandidat muss nach des Epreuve packen, fir engagéiert ze ginn; all d'Epreuvé ginn op engem Dag ofgehalen **2.** DE *Druck-fahne* • FR *épreuve [texte imprimé avant tirage]* • EN (*galley*) *proof* • PT *prova [tipográfica]* **Beispill** d'Dréckerei huet eis nach keng Epreuve geschéckt

Epreuve commune Femininum (Pluriel Epreuve-communen)

Hei entsteet en neien Artikel.

e puermol [əp'u:ɾmo:l] Adverb DE *ein paarmal* • FR *plusieurs fois* • EN *a few times* • PT *várias vezes* **Beispill** et muss een deem Eefalt alles e puermol soen!; dee Kärel verdéngt e puermol esou vill ewéi s du!

Kuckt och den Artikel ↗Mol

Equatioun Femininum (Pluriel Equatiounen) **[Mathematik]** DE *Gleichung* • FR *équation [mathématique]* **Beispill** an der Mathésprüfung hu mer missen eng Partie Equatiounen léisen

Equiliber [ekil'i:bə] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Gleichgewicht* • FR *équilibre* • EN *balance [equilibrium]* • PT *equilíbrio* **Beispill** de Cyclist huet den Equiliber verluer an ass vum Vélo gefall; wéinst enger Entzündung an den Oueren hunn ech Problemer mam Equiliber; et besteet en Equiliber tëschent sozialen an ekonomesche Constrainten; eise Budget ass am Equiliber (an eise Budget gläiche Recetten an Depensé sech aus) **Synonymmen** Balance, Gläichgewicht

équilibréieren [ekilib'rziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé équilibréiert)

Hei entsteet en neien Artikel.

equilibréiert [ekili:br'ʒiɛt] Adjektiv **DE** ausgeglichen • **FR** *équilibré* • **EN** *balanced* • **PT** *equilibrado* **Beispiller** d'Regierung huet en equilibréierte Budget presentéiert; eisen Trainer ass e ganz equilibréierte Mënsch leisen Trainer ass e ganz geloossene Mënsch] **Synonym** ausgeglach

i „equilibréiert“ kann och de Particpe passé vum Verb **↗**equilibréieren sinn.

Equipage [ekip'a:ʃ] Maskulinum (Pluriel Equipagen) **DE** *Crew, Besatzung* • **FR** *équipage* [d'un navire, d'un avion] • **EN** *crew* [of a ship, of an aircraft] • **PT** *equipagem* [de um navio, de um avião] **Beispill** den Equipage huet dat ganz Schëff misse botzen **Synonym** Besatzung

Equipe [ek'ip] Femininum (Pluriel Equippen) - Variant vun **↗**Ekip

equipéieren [ekip'ʒiɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Particpe passé equipéiert) - Variant vun **↗**ekipéieren

Equipement [ekipəm'ænt] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Equipementer) - Variant vun **↗**Ekipement

Equipier [ek'ipje:] Maskulinum (Pluriel Equipieren) **DE** *Mannschaftskamerad* • **FR** *équipier* [coéquipier] • **EN** *teammate* • **PT** *parceiro* [companheiro de equipa] **Beispill** säin Equipier ass blesséiert a kann déi nächst Course net matfueren

i Weiblech Form: **↗**Equipière

Equipière [ek'ipjɛ:r] Femininum (Pluriel Equipieren) **DE** *Mannschaftskameradin* • **FR** *équipière* [coéquipière] • **EN** *teammate* [female] • **PT** *parceira* [companheira de equipa] **Beispill** meng Equipière ass verletzt a kann déi nächst Course net matfueren

i Männlech Form: **↗**Equipier

Equippegeescht Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun **↗**Ekippegeescht

equivalent [ekival'ænt] Adjektiv **DE** *gleichwertig* • **FR** *équivalent* • **EN** *equivalent, equal* • **PT** *equivalente* **Beispill** a mengem Ae sinn déi zwou Léisungen equivalent **Synonym** gläichwäerteg

Equivalent [ekival'ænts] Femininum (Pluriel Equivalenzen) **DE** *Anerkennung* [offizieller Dokumente, als gleichwertig] • **FR** *équivalence* [de documents officiels] • **PT** *equivalência, reconhecimento* [de documentos oficiais] **Beispiller** fir dech op där Héichschoul anzeschreiw, brauchs du eng **Equivalenz** vun dengem Diplom; muss ech eng **Equivalenz** vu mengem russesche Förschäin ufroen, fir hei däerfen ze fueren?

er [ɛ] Personalpronomen » 3. Persoun Singulier / weiblech / **Dativ** **DE** *ihr* • **FR** *lui, elle* • **EN** *her* • **PT** *lhe, ela* **Beispiller** du hues der Nopesch hiert Buch nach, géff er et erëm!; meng Fra ka sinn, wéi se wëllt, ech halen zu er

erabréngen [ɛr'abrɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Particpe passé erabruecht) » **transitiv 1.** **DE** *hereinbringen, hineinbringen* • **FR** *apporter* [à l'intérieur] • **EN** *to bring in* [inside] • **PT** *trazer* [para dentro], *levar* [para dentro] **Beispill** bréng däi Gepäck alt schonn eran! **2.** **DE** *einbringen* [einen finanziellen Betrag] • **FR** *rapporter* [un gain, un bénéfice] • **EN** *to bring in* [money] • **PT** *dar, render* [um lu-

cro, um beneficio] **Beispill** dëst Investissement huet vill erabruecht

erafalen [ɛr'afa:lən] Verb (Hëllefverb sinn, Particpe passé eragefall) » **intransitiv 1.** **DE** *hereinfallen, hineinfallen* [Licht] • **FR** *entrer, pénétrer* [lumière] • **EN** *to penetrate, to enter* [light] • **PT** *entrar, penetrar* [luz] **Beispill** et fällt nëmme wéineg Luucht duerch déi kleng Luck eran **2.** d'Trap erafalen **DE** *die Treppe herunterfallen, die Treppe hinunterfallen* • **FR** *faire une chute dans l'escalier* • **EN** *to fall downstairs* • **PT** *dar uma queda na escada* **Beispill** en ass d'Trap eragefall an huet sech d'Bee gebrach **3.** erafalen (op) **DE** *hereinfallen* (auf), *sich täuschen lassen* (von) • **FR** *se faire avoir* (par) [se laisser du- per (par)] • **EN** *to fall for, to be taken in by* [a trick] • **PT** *cair* (em) [deixar-se enganar] **Beispiller** si sinn op dem Verkeefer säin Trick eragefall; wat si mir bei deem Handel ellen eragefall!

erafeieren [ɛr'afaiɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Particpe passé eragefeiert) » **transitiv** [égs] **DE** *futtern* • **FR** *dévorer* [manger avidement, glotonnement] • **EN** *to wolf down* • **PT** *devorar, tragar* **Beispill** d'Kanner hu mat Genoss d'Lasagne eragefeiert **Synonymmen** eraschloen, baffen

erafeieren [ɛr'afɛiɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Particpe passé eragefeiert / eragefouert) » **transitiv** **DE** *hereinführen, hineinführen* • **FR** *escorter* [à l'intérieur], *faire entrer* • **EN** *to show in, to usher in, to bring in* • **PT** *acompanhar* [para o interior], *fazer entrar* **Beispiller** de Guide huet d'Leit an de Klouschterhaff eragefeiert; de Richter sot zu de Gendaarmen, si sollen den Ugekloten erafeieren

erafeieren [ɛr'afɛiɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Particpe passé eragefouert) » **transitiv 1.** **DE** *hereinfahren, hineinfahren* • **FR** *conduire* [à l'intérieur], *mener* [à l'intérieur] • **EN** *to drive into* [to transport into] • **PT** *conduzir* [para o interior], *levar* [para o interior] **Beispiller** déi Krank goufe mat hire Rollstill an d'Kierch eragefouert; d'Visiteure gi mat engem Zichelchen an d'Hiel eragefouert **2.** **DE** *einbringen* [die Ernte] • **FR** *rentrer* [la récolte] • **EN** *to bring in* [harvest] • **PT** *recolher* [a colheita] **Beispill** eist Hee ass gepresst, mir mussen et nëmmen nach erafeieren

erafléien [ɛr'afliɛn] Verb (Hëllefverb sinn, Particpe passé erageflunn) » **intransitiv** **DE** *hereinfliegen, hineinfliegen* • **FR** *entrer* [en volant] • **EN** *to fly in*(to) [to enter] • **PT** *entrar* [a voar] **Beispiller** de Villchen ass duerch déi oppe Fënster an de Living erageflunn; well virun der Dier geschafft gött, flitt vill Stébs eran

rücknehmen [eine verkaufte Ware] • **FR** reprendre [une marchandise vendue] • **EN** to take back [to exchange] • **PT** aceitar a devolução de [de um artigo vendido] **Beispill** d'Geschäft huet de futtissen Apparat erëmgeholl **Synonym** zeréckhuelen **2. DE** zurücknehmen, zurückziehen [eine Aussage] • **FR** rétracter [un propos] • **EN** to take back [to withdraw] • **PT** retratar-se de [de uma afirmação] **Beispill** d'Journalist huet hir Ausso erëmgeholl **Synonym** zeréckhuelen **3. DE** berichtend unterbrechen • **FR** reprendre [interrompre pour corriger] • **EN** to correct [a pupil], to take back [a statement] • **PT** corrigir, emendar [interromper para retificar] **Beispiller** de Professor hëlt d'Schüler erëm, wann se e Wuert falsch ausschwätzen; knapps hat en et gesot, du huet en sech erëmgeholl **4. DE** wiederholen [um einzuüben] • **FR** reprendre, répéter • **EN** to repeat • **PT** repetir [refazer] **Beispill** dee Passage vum Lidd muss mer muer nach eng Kéier erëmhuelen **5. [əgs] DE** wieder in Schwung bringen, wieder aufmöbeln • **FR** revigorer, requinquer • **EN** to revive • **PT** revigorar, arrebatar **Beispill** dee Kaffi huet eis erëmgeholl

erëmhunn [əR'əmhun] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmgehath) » **transitiv 1. DE** wiederhaben • **FR** avoir récupéré [être de nouveau en possession de] • **EN** to have back • **PT** ter recuperado [estar novamente na posse de] **Beispill** ech schwätzen net méi mat em, bis ech meng Suen erëmhunn **2. DE** eingeholt haben [erreicht haben] • **FR** avoir rattrapé [avoir rejoint] • **EN** to have caught up • **PT** ter alcançado [ter chegado junto a] **Beispill** wéi de Coureur déi aner bis erëmhat, du blouwen nach 100 Meter ze fueren

Eremit Maskulinum (Pluriel Eremiten) **DE** Eremit • **FR** ermite • **EN** hermit • **PT** eremita **Beispill** mä Monni huet säi Liewe laang ewéi en Eremit gelieft **Synonym** Einsidler

i Weiblech Form: ♀Eremitin

Eremitin Femininum (Pluriel Eremitinnen) **DE** Eremitin • **FR** (femme) ermite • **EN** hermit [female] • **PT** eremita [mulher] **Beispill** meng Tatta huet hiert Liewe laang ewéi eng Eremitin gelieft **Synonym** Einsidlerin

i Männlech Form: ♂Eremit

erëmkafen [əR'əmkaf:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmkaaft / erëmkaf) » **transitiv DE** zurückkaufen • **FR** racheter [récupérer par un achat] • **EN** to buy back • **PT** readquirir [por meio de compra] **Beispill** hien huet d'Elterenhaus vun sengem Papp erëmkaaft **Synonym** zeréckkafen

erëmkatzen [əR'əmkatsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmgekatz) » **transitiv [graff] DE** auskotzen • **FR** dégueuler • **EN** to puke, to throw up • **PT** vomitar **Beispiller** well ech ze vill duerchernee gedronk hat, hunn ech alles erëmgekatz; dee katzt just erëm, wat déi aner soen [deee widderhëlt just dat, wat déi aner soen]

erëmkennen [əR'əmkænən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmkannt) - Variant vun ♀erëmerkennen

erëmkappen [əR'əmkapən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmgeklappt) » **reflexiv 1.** sech erëmkappe mat **DE** sich herumschlagen mit [sich abmühen mit] • **FR** faire face à, affronter, s'occuper de •

EN to cope with, to sort out • **PT** defrontar-se com, confrontar-se com, ocupar-se de **Beispill** ech hu mech de ganzen Dag mat onfrëndleche Clienten erëmgeklappt **Synonym** sech erëmschloe mat **2.** [égs] **DE** klarkommen • **FR** se débrouiller • **EN** to get by, to cope • **PT** governar-se, desenrascar-se **Beispill** elo, wou hie Wittmann ass, muss e kucken, wéi e sech erëmklappt **Synonymmen** eens ginn, sech erëmschloen

erëmkommandéieren [əR'əmkomandʒiəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmkommandéiert) » **transitiv** [égs] **DE** herumkommandieren • **FR** régenter, commander [d'une façon agaçante] • **EN** to boss around • **PT** chefiar, comandar [de maneira irritante] **Beispill** ech loosse mech vu kengem erëmkommandéieren

erëmkommen [əR'əmkomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé erëmkomm) » **intransitiv 1.** **DE** wiederkommen, zurückkommen • **FR** revenir [revenir, repasser] • **EN** to get back, to return • **PT** regressar, voltar [tornar a vir, tornar a passar] **Beispiller** mir sinn eréischt an der Nuecht aus der Vakanz erëmkomm; komm mer net méi esou erëm! [égs] [maach, datt dat net méi virkënt!] **Synonym** zeréckkommen **2.** **DE** wiederkommen [sich wieder ereignen] • **FR** revenir [se reproduire, se répéter] • **EN** to come again [to happen again] • **PT** regressar, voltar [tornar a acontecer, repetir-se] **Beispill** esou schéin Zäite kommen ni méi erëm

erëmkreien [əR'əmkrɛiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmkritt) » **transitiv 1.** **DE** wiederbekommen, zurückbekommen • **FR** récupérer [ce qui a été prêté ou perdu] • **EN** to get back [to recover] • **PT** recuperar, receber de volta [o que tinha sido emprestado ou perdido] **Beispiller** no laangem Gedeessesms hu mer endlech eis Suen erëmkritt; ech kréien nach eppes erëm [ech hunn nach Sue vun dir zegutt]; déi do kriss de erëm! [égs] [fir dat, wat s de mer ugedoen hoes, rächen ech mech!] **Synonym** zeréckkreien **2.** **DE** einholen [erreichen] • **FR** rattraper [rejoindre, atteindre] • **EN** to catch up with • **PT** alcançar [chegar junto a, atingir] **Beispill** zweek Kilometer virun der Arrivée huet de Peloton déi siwen Ausrësser erëmkritt **3.** **DE** herumkriegen [Zeit] • **FR** (arriver à) faire passer [le temps] • **EN** to (be able to) pass, to (be able to) kill [the time] • **PT** (conseguir) fazer passar [o tempo] **Beispill** wann der d'Zäit net erëmkritt, da kommt bis laanscht!

erëmkutschéieren [əR'əmkuʧʒiəRən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmkutschéiert) » **transitiv 1.** [égs] **DE** herumkutschieren • **FR** trimballer (en voiture) • **EN** to chauffeur around, to drive around • **PT** fazer de motorista de, levar (de carro) **Beispill** esoulaang hie kee Fùerschäin huet, muss een en iwwehall erëmkutschéieren ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé erëmkutschéiert) » **intransitiv 2.** [égs] **DE** herumkutschieren • **FR** se trimballer (en voiture) • **EN** to cruise around, to drive around • **PT** andar a vadiar (de carro) **Beispill** hien ass de ganze Sonndeg am Land erëmkutschéiert

erëmmaulen [əR'əmaʊlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmgemault) » **intransitiv** [égs] **DE** patzig antworten, maulen • **FR** répliquer avec insolence • **EN** to answer back • **PT** replicar com insolência **Beispill** wann dee (mir) nach eng kéier erëmmault, da

geheien ech e virun d'Dier! **Synonymmen** erëmantworten, zeréckmaulen

erëmploen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmgplot)

I Hei entsteet en neien Artikel.

erëmschalen [əR'əmʃa:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmgschaalt) » **intransitiv - onperséinlech** **DE** zurückschallen • **FR** résonner [sous forme d'écho] • **EN** to echo • **PT** ecoar, ressoar **Beispill** an dëser Kierch schaal et onheemlech erëm; (esou,) wéi een an de Bësch ríft, esou schaal et erëm [égs] [d'Leit behandeln een esou, wéi een si behandelt]

erëmschécken [əR'əmʃekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmggeschéckt) » **transitiv** **DE** zurückschicken, zurücksenden [an den Absender] • **FR** renvoyer [à l'expéditeur] • **EN** to return [to send back] • **PT** reenviar [ao remetente] **Beispill** schéckt eis de Formulaire bis Enn des Mounts erëm! **Synonym** zeréckschécken

erëmschloen [əR'əmʃlo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmggeschloen) » **intransitiv 1.** **DE** zurückschlagen [sich mit Schlägen wehren] • **FR** riposter [par des coups] • **EN** to hit back [to retaliate] • **PT** bater de volta [defender-se com golpes] **Beispill** wann s de mir eng hees, schloen ech erëm **Synonym** zeréckschloen **2.** **DE** sich rächen [böse Folgen haben] • **FR** avoir des conséquences [fâcheuses] • **EN** to backfire [to have serious consequences] • **PT** ter consequências [deploráveis] **Beispill** wat s du do méchs, dat schléit erëm! » **reflexiv 3.** sech erëmschloe mat **DE** sich herumschlagen mit [sich abmühen mit] • **FR** faire face à, affronter, s'occuper de • **EN** to cope with, to struggle with • **PT** defrontar-se com, confrontar-se com, ocupar-se de **Beispill** säi Liewe laang huet hien sech misse mat anere Leit hire Kaner erëmschloen **Synonym** sech erëmklappe mat **4.** **DE** zurechtkommen, klarkommen • **FR** se débrouiller • **EN** to get by, to cope, to manage • **PT** governar-se, desenrascar-se **Beispill** hie schléit sech gutt erëm **Synonymmen** eens ginn, sech erëmklappen

erëmschwätzen [əR'əmʃwætʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmggeschwat) » **reflexiv** **DE** sich herumsprechen • **FR** s'ébruiter • **EN** to get around, to spread [news, rumours] • **PT** espalhar-se [divulgar-se] **Beispill** esou eppes schwätzt sech séier erëm

erëmsichen [əR'əmziçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmgesicht) » **transitiv** **DE** suchen [um wiederzufinden] • **FR** chercher [ce qu'on a perdu ou égaré] • **EN** to look for, to try to find [something mislaid, something lost] • **PT** procurar [para encontrar] **Beispill** ech muss déi Rechnung am Dossier vum leschte Joer erëmsichen; ech muss Äre Mail fir d'éischt erëmsichen

erëmsoen [əR'əmzo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmgesot) » **transitiv** **DE** hinterbringen [mitteilen] • **FR** rapporter [des propos] • **EN** to pass on, to tell • **PT** revelar, repetir [ditos] **Beispill** du kanns him dat roueg erëmsoen! **Synonym** hanneschtsoen

erëmspigelen [əR'əmʃpiçələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erëmgespigelt) » **transitiv 1.** **DE**

widerspiegeln [zum Ausdruck bringen] • **FR** refléter [exprimer, montrer] • **EN** to mirror, to reflect [to show, to express] • **PT** refletir [expressir, mostrar] **Beispill** dem Schüler säin Aufsatz **spigelt** seng perséinlech Erliednesser **erēm** **Synonym** reflektéieren » **reflexiv 2**. **DE** sich widerspiegeln [als Spiegelbild erscheinen] • **FR** se refléter [se refléchir] • **EN** to be reflected, to be mirrored • **PT** refletir-se [espelhar-se] **Beispill** de Mound **huet** sech am Séi **erëmgespigelt**

erēmtrëllen [əR'əmtrələn] Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé **erëmgetrollt**) » **intransitiv** [égs] **DE** herumlungern • **FR** traîner, glander • **EN** to loiter, to hang about • **PT** vadiar, vaguear **Beispill** d'Kollege sinn de ganze Mëtteg an der Stad **erëmgetrollt** an ech hu missen doheem léieren!

erëmwénken [əR'əmveŋkən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **erëmgewénkt** / **erëmgewonk**) » **intransitiv** **DE** zurückwinken • **FR** saluer en retour [d'un geste] • **EN** to wave back • **PT** devolver o cumprimento [com um aceno] **Beispill** si hu mer gewénkt an ech hunn **erëmgewénkt** **Synonym** zeréckwénken

erëmwïelen [əR'əmviələn] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **erëmgewïelt**) » **transitiv** **DE** wiederwählen • **FR** réélire • **EN** to re-elect • **PT** reeleger **Beispill** d'Presidentin **gouf** am éischen Tour **erëmgewïelt**

erënneren [əR'ənəRən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **erënnert**) » **transitiv 1**. **erënneren** un **DE** erinnern an • **FR** rappeler à [remémorer] • **EN** to remind of • **PT** lembrar a [rememorar] **Beispiller** d'Mamm **erënnert** d'Kanner un hire Rendez-vous beim Coiffer; ech hunn eisen Entrepreneur elo scho fir d'drëtt u säi Verspriechen **erënnert**!; dëst Monument soll (d'Leit) un déi gefalen Zaldoten **erënneren** » **reflexiv 2**. sech **erënneren** (un) **DE** sich erinnern (an) • **FR** se rappeler, se souvenir (de) • **EN** to remember • **PT** lembrar-se (de), recordar-se (de) **Beispiller** mir **erënneren** eis bestëmmt e Liewe laang un déi flott Vakanz; **erënnere** dech emol gutt!; no engem Koma **erënneren** sech vill Patienten net méi un déi Zäit virdrun

Erënnierung [əR'ənəRʊŋ] Femininum (Pluriel **Erënnierungen**) **1**. **DE** Erinnerung [im Gedächtnis] • **FR** souvenir [dans la mémoire] • **EN** memories • **PT** lembrança, recordação **Beispill** meng Bomi **huet** hir **Erënnierungen** aus de Krichsjoren niddergeschriwwen **2**. an **Erënnierung** behalen **DE** in Erinnerung behalten • **FR** garder le souvenir de • **EN** to have a memory of • **PT** ter uma recordação de **Beispill** ech hunn eise Konveniat a gudder **Erënnierung** behalen

erfaassen [əf'a:sən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **erfaasst**) » **transitiv 1**. **DE** erfassen [begreifen] • **FR** saisir [comprendre] • **EN** to grasp [to understand] • **PT** abranger, alcançar [perceber] **Beispill** du **hues** d'Saach **erfaasst**! **2**. **DE** erfassen [verzeichnen] • **FR** inventorier, recenser • **EN** to cover, to record • **PT** inventariar, reensear **Beispill** d'Etüd **erfaasst** déi demografesch Entwécklung vun deene leschten zéng Joer

erfalten Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé **erfall**) » **intransitiv** **DE** fällig werden [bezahlt werden müssen] • **FR** échoir [être dû] • **PT** ser devido [ter de ser pago] **Beispill** wéinst där héijer Inflatoung **erfalten** dëst Joer zwou In-dextranchen

erfannen [əf'anən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **erfonnt**) » **transitiv 1**. **DE** erfinden [neu entwickeln] • **FR** inventer [concevoir] • **EN** to invent [to think up, to design] • **PT** inventar [conceber] **Beispill** eis Ingenieuren **hunn** eng nei Produktiounstechnik **erfonnt 2**. **DE** erfinden [sich ausdenken] • **FR** inventer [imaginer de toutes pièces] • **EN** to invent [to think of, to come up with] • **PT** inventar [forjar, imaginar] **Beispill** d'Schülerin **erfënt** ëmmer en neie Grond, fir net misse mat schwammen ze goen **Synonym** sech ausdenken

Erfahrung [əf'a:Rʊŋ] Femininum **1**. (Pluriel **Erfahrungen**) **DE** Erfahrung [Erlebnis] • **FR** expérience [événement vécu, apprentissage] • **EN** experience [event, happening] • **PT** experiência [situação vivida, aprendizagem] **Beispiller** meng Studienzäit war eng flott **Erfahrung**; ech hu mat deem Garagist scho gutt **Erfahrung** gemaach **2**. (kee Pluriel) **DE** Erfahrung [Kenntnis, Kompetenz] • **FR** expérience [acquis, compétence] • **EN** experience [practice, knowledge of life] • **PT** experiência [perícia, competência] **Beispiller** d'Psychologin **huet** vill **Erfahrung** an hirem Beruf; dee Problem kennen ech aus **Erfahrung** **Synonym** Experiéiz

Erfahrungswäert [əf'a:Rʊŋsvɛ:gt] Maskulinum (Pluriel **Erfahrungswäerter**) **DE** Erfahrungswert • **FR** valeur empirique • **EN** empirical value • **PT** valor empirico **Beispill** d'Wëssenschaftler **hunn** nach net genuch **Erfahrungswäerter** gesammelt, fir können hiren definitive Rapport ze maachen

erféieren [əf'ziəRən] ♦ Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **erféiert**) » **transitiv 1**. **DE** erschrecken • **FR** effrayer • **EN** to frighten, to scare • **PT** assustar **Beispill** dee Spëtzbof **huet** d'Nopere mat Knupperten **erféiert**! **Synonym** erschrecken » **reflexiv 2**. **DE** erschrecken [leinen Schrecken bekommen] • **FR** s'effrayer • **EN** to get a fright • **PT** assustar-se **Beispill** do hat ech mech awer ellen **erféiert**! **Synonym** sech erschrecken ♦ Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé **erféiert**) » **intransitiv 3**. **DE** erschrecken [leinen Schrecken bekommen] • **FR** s'effrayer • **EN** to get a fright • **PT** assustar-se **Beispiller** ech **erféieren** all Kéier, wann den Telefon rabbelt; **erféiere** net, wann ech d'Dier zouknuppen! **Synonym** erschrecken

erfëllen [əf'ələn] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **erfëllt**) » **transitiv 1**. **DE** erfüllen [nachkommen] • **FR** accomplir, remplir [satisfaire à] • **EN** to fulfil, to carry out, to satisfy • **PT** cumprir, preencher [satisfazer] **Beispiller** eis Elteren **hunn** hir Flücht nach ëmmer **erfëllt**; d'Maschinn ass zwar al, mee se **erfëllt** hiren Zweck; dir **erfëllt** déi néideg Konditiounen net! **2**. **DE** erfüllen [zufriedenstellen] • **FR** combler [satisfaire entièrement] • **EN** to fulfil [to satisfy] • **PT** encher de satisfação **Beispill** mäi Beruf **erfëllt** mech **Synonym** ausfëllen » **reflexiv 3**. **DE** sich erfüllen • **FR** se réaliser [se concrétiser] • **EN** to be fulfilled, to become true • **PT** cumprir-se, realizar-se **Beispill** däin Dram wäert sech wuel ni **erfëllen**

Erfëllung [əf'əlʊŋ] Femininum (kee Pluriel) an **Erfëllung** goen **DE** in Erfüllung gehen • **FR** se réaliser [devenir réel] • **EN** to be fulfilled, to come true • **PT** realizar-se, cumprir-se **Beispill** säi Wonsch ass leider net an **Erfëllung** gaangen

Erfinder [əf'indɛ] Maskulinum (Pluriel **Erfinder**) **DE** Erfinder • **FR** inventeur • **EN** inventor • **PT** inventor [criador]

Beispill den **Erfinder** huet säin neit Verfare patentéiere gelooss

1 Weiblech Form: **Erfinderin**

Erfinderin [ɛf'indərɪn] Femininum (Pluriel **Erfinderinnen**) **DE** *Erfinderin* • **FR** *inventrice* • **EN** *inventor [female]* • **PT** *inventora [criadora]* **Beispill** d'**Erfinderin** huet hir nei Iddi direkt patentéiere gelooss

1 Männlech Form: **Erfinder**

Erfindung [ɛf'indʊŋ] Femininum (Pluriel **Erfindungen**) **1. DE** *Erfindung [wissenschaftliche, technische Neuheit]* • **FR** *invention [nouveauité scientifique, technique]* • **EN** *invention [innovation, new design]* • **PT** *invenção [criação científica, técnica]* **Beispill** op der Foire ginn déi neisten **Erfindungen** ausgestellt **2. DE** *Erfindung [Unwahrheit]* • **FR** *invention [information inventée]* • **EN** *invention [fabrication]* • **PT** *invenção [informação inventada]* **Beispill** dës Behauptung ass eng **Erfindung!**

Erfolleg [ɛf'oləç] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Erfolg [Anerkennung, Beliebtheit]* • **FR** *succès [reconnaissance (auprès du public), popularité]* • **EN** *success [public recognition, popularity]* • **PT** *sucesso, êxito [boa aceitação (do público), popularidade]* **Beispill** deen Acteur huet vill **Erfolleg** **Synonym** **Succès** **2.** (Pluriel **Erfolleger**) **DE** *Erfolg [positives Ergebnis, gelungenes Ereignis]* • **FR** *succès [résultat favorable, événement réussi]* • **EN** *success [positive result]* • **PT** *sucesso, êxito [resultado favorável, triunfo]* **Beispill**er d'Partei rechent bei den nächste Wale mat engem groussen **Erfolleg**; den **Erfolleg** huet mir nees Courage gemaach; eis Ekip hat bis elo am Championnat nëmmen **Erfolleger** **Synonym** **Succès**

erfollegen [ɛf'oləzən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **erfollegt**) » **intransitiv** **DE** *erfolgen* • **FR** *s'en-suivre* • **EN** *to follow, to ensue* • **PT** *seguir-se [resultar]* **Beispill** d'Reform gouf annoncéiert, mee doropshin ass näischt méi **erfollegt**

erfollegräich [ɛf'oləçræ:ɪç] Adjektiv **DE** *erfolgreich* • **FR** *à succès* • **EN** *successful* • **PT** *bem-sucedido* **Beispill** meng fréier Léierin ass haut eng **erfollegräich** Schréiftstellerin

erfreelech [ɛf'r'e:ləç] Adjektiv **DE** *erfreulich* • **FR** *réjouissant* • **EN** *welcome, pleasant* • **PT** *alegre [que provoca alegria]* **Beispill**er dat do ass awer eng **erfreelech** Norricht!; kanns de mer näischt méi **Erfreelech** erzielen?

erfréieren [ɛf'r'ziəɾən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **erfruer**) » **intransitiv** **DE** *erfrieren* • **FR** *mourir de froid, geler* • **EN** *to freeze to death, to be killed by frost* • **PT** *morir de frio, gelar* **Beispill**er den Alpinist ass am Schnéistuerm **erfruer**; mat där Keelt **erfréieren** eis d'Bléien un de Beem; maach d'Heizung un, et **erfréiert** een! [ɛgs] [maach d'Heizung un, et ass kall!]

Erfréierung [ɛf'r'ziəɾʊŋ] Femininum (Pluriel **Erfréierungen**) **DE** *Erfréierung* • **FR** *gelure* • **EN** *frostbite* • **PT** *queimadura de gelo* **Beispill** den Dokter huet **Erfréierung** vum zweete Grad festgestallt

erfrëschen [ɛf'r'əʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **erfrëscht**) » **transitiv** **DE** *erfrischen* • **FR** *rafraîchir [rendre frais]* • **EN** *to refresh* • **PT** *refrescar [tornar fresco]* **Beispill** Spruddelewaasser **erfrëscht** een ëmmer

nach am beschten

erfrëschend [ɛf'r'əʃənt] Adjektiv **1. DE** *erfrischend [für den Körper]* • **FR** *rafraîchissant [pour le corps]* • **EN** *refreshing [physically]* • **PT** *refrescante [para o corpo]* **Beispill** op waarmen Deeg ass näischt méi **erfrëschend** ewéi e gutt Stéck Waassermeloun **2. DE** *erfrischend [für den Geist]* • **FR** *rafraîchissant [pour l'esprit]* • **EN** *refreshing [spiritually]* • **PT** *refrescante [para o espírito]* **Beispill** mat deem neie Mataarbechter sinn **erfrëschend** Iddien an eis Ekipp komm

Erfrëschung [ɛf'r'əʃʊŋ] Femininum (Pluriel **Erfrëschungen**) **1. DE** *Erfrischung [Getränk]* • **FR** *rafraîchissement [boisson]* • **EN** *refreshment [beverage]* • **PT** *refresco [bebida]* **Beispill** kann ech Iech eng kleng **Erfrëschung** zerwéieren? **2. DE** *Erfrischung, Abkühlung* • **FR** *rafraîchissement [bienfait rafraîchissant]* • **EN** *relief [refreshening effect]* • **PT** *refrigério [sensação refrescante]* **Beispill** dee kleng Reee war eng agreabel **Erfrëschung** **Synonym** **Ofkillung**

erfuereeren [ɛf'u:ɛdərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **erfuereert**) » **transitiv** **DE** *erfordern* • **FR** *exiger, demander [nécessiter]* • **EN** *to demand, to require* • **PT** *exigir, pedir [necessitar]* **Beispill**er mat kleng Kanner schaffen, **erfuereert** vill Gedold; fir déi Aarbecht do ass net vill **erfuereert** **Synonym** **verlaangen**

erfuereen [ɛf'u:ɛrən] Adjektiv **DE** *erfahren* • **FR** *expérimenté* • **EN** *experienced* • **PT** *experiente* **Beispill** looss dech an där Affär vun engem **erfuereenen** Affekot beroden!

erfuerschen [ɛf'u:ɛʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **erfuerscht**) » **transitiv** **DE** *erforschen* • **FR** *explorer* • **EN** *to explore* • **PT** *explorar [uma região, uma zona]* **Beispill** d'ëst Gebitt gouf nach net **erfuerscht**

ergadderer [ɛg'adərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ergaddert**) - Variant vun **ergatteren**

ergänzen [ɛg'æntsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ergänzt**) » **transitiv** **1. DE** *ergänzen* • **FR** *compléter* • **EN** *to amend [to add to]* • **PT** *completar [tornar completo]* **Beispill** d'Gesetz gouf an der Tëschenzäit e puermol **ergänzt** **Synonym** **completéieren** » **reflexiv** **2. DE** *sich ergänzen* • **FR** *se compléter* • **EN** *to complement each other* • **PT** *completar-se* **Beispill** déi Koppel **ergänzt** sech géigesäiteg

Ergänzung Femininum (Pluriel **Ergänzungen**)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

ergatteren [ɛg'atərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ergattert**) » **transitiv** **DE** *ergattern* • **FR** *dégoter, décrocher [obtenir]* • **EN** *to grab, to get hold of* • **PT** *conseguir, arranjar [obter]* **Beispill** d'Leit hunn sech gedréckt, fir nach déi lescht Plazen ze **ergatteren**

1 Variant: **ergadderer**

ergauneren [ɛg'əʊnərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ergaunert**) » **transitiv** **DE** *ergaunern* • **FR** *escroquer* • **EN** *to fiddle, to swindle* • **PT** *larapiar, surripiar* **Beispill** am Laf vun de Joren huet hien en décke Batz Suen **ergaunert**

erginn [ɛg'in] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **erginn**) » **transitiv** **1. DE** *ergeben [zeigen, zum Re-*

sultat haben] • **FR** révéler [montrer, dévoiler] • **EN** to reveal [to make known] • **PT** revelar [mostrar, ter por resultado] **Beispill** der Journalistin hir Recherchen hunn erginn, datt d'Firma lusch Geschäfte mécht » **reflexiv 2.** **DE** sich ergeben [kapitulieren] • **FR** se rendre [céder, capituler] • **EN** to give up, to surrender • **PT** render-se [ceder, capitular] **Beispiller** ech ergi mech!; d'Zaldoten hunn sech erginn **3.** sech erginn aus **DE** sich ergeben aus • **FR** s'en-suivre de • **EN** to result from • **PT** decorrer de, resultar de **Beispiller** dat eent ergëtt sech aus deem aneren; dat huet sech esou erginn [dat ass vum selwen esou kamm] **Synonym** sech resultéieren aus **4.** sech erginn an **DE** sich ergeben (in), sich fügen (in) • **FR** se résigner à • **EN** to resign oneself to, to accept unwillingly • **PT** resignar-se com **Beispill** ech hu mech schlussendlech dran erginn, datt ech iwwer d'Feierdeeg muss schaffen

ergoen [eg'o:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ergaangen / ergaang) » **intransitiv - onperséinlech 1.** **DE** ergehen [widerfahren] • **FR** se passer pour [arriver à] • **EN** to happen to • **PT** passar-se com, acontecer a **Beispill** mir ass et genee d'selwecht ergaangen » **intransitiv 2.** iwwer sech ergoe loossen **DE** über sich ergehen lassen • **FR** subir [supporter] • **EN** to endure • **PT** aguentar [suportar] **Beispill** mir hunn eng Moralpriedegt missen iwwer eis ergoe loossen

ergonomesch [ERgon'o:məʃ] Adjektiv **DE** ergonomisch • **FR** ergonomique • **EN** ergonomic <Adverb ergonomically> • **PT** ergonómico **Beispiller** all Mataar-bechter krut en neien, ergonomesche Bürosstull; déi nei Dréibänke sinn ergonomesch perfekt

Ergonomie [ERgonom'i:] Femininum (kee Pluriel) **DE** Ergonomie • **FR** ergonomie • **EN** ergonomics • **PT** ergonomia **Beispill** beim Handwierksgeschier spillt d'Ergonomie eng grouss Roll

ergräifen [egR'æ:ɪfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ergraff) » **transitiv 1.** **DE** ergreifen [das Wort, eine Maßnahme, eine Gelegenheit] • **FR** prendre [la parole, une mesure], profiter de, saisir [une occasion] • **EN** to make [a speech], to take [measures, an opportunity] • **PT** tomar [a palavra, uma medida], aproveitar, agarrar [uma oportunidade] **Beispiller** um Schluss vum Concert huet den Dirigent d'Wuert ergraff; et mussen onbedéngt Moosnamen ergraff ginn, déi den Drogenhandel ënnerbannen; ech hunn d'Geleeënheet ergraff, fir de Leit Merci ze soen **2.** **DE** ergreifen [rühren] • **FR** toucher, émouvoir • **EN** to move, to touch • **PT** tocar, comover, emocionar **Beispill** der Mamm vum Affer hir Ried huet eis ergraff **Synonymmen** paken, réieren » **reflexiv 3.** sech ergräifen um **DE** sich festhalten an • **FR** se cramponner à, s'agripper à [en cas de chute] • **EN** to hold on to • **PT** agarrar-se a, segurar-se a [em caso de queda] **Beispill** ech krut mech nach esou just um Gelänner ergraff, soss wier ech d'Trap erofgefall

ergräifend [egR'æ:ɪfənt] Adjektiv **DE** ergreifend • **FR** émouvant • **EN** moving, touching • **PT** comovente, emocionante **Beispill** d'Gemeng hat eng ergräifend Gedenkfeier fir d'Affer vum Krich organiséiert

erhalten [eh'a:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erhalten / erhal) » **transitiv DE** erhalten [bewahren] • **FR** conserver [un lieu, un édifice], garder [un souvenir, une tradition] • **EN** to preserve, to conserve [a building,

a tradition] • **PT** conservar [um local, um edifício], manter [uma tradição], guardar [uma recordação] **Beispiller** vun der Festung hu mer e puer Maueren erhalten; et soll een déi al Gebräicher méiglechst erhalten; deen Topert wäert eis nach laang erhalte bleiwen! [ëgs] [deen Topert gi mer net esou séier lass]

I Verb, dat **erhalten** als Basis huet: » **oprechterhalten**

Erhalt [eh'alt] Maskulinum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

erhänken [eh'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erhaangen / erhaang) » **reflexiv DE** sich erhängen • **FR** se pendre [se suicider] • **EN** to hang oneself • **PT** enforçar-se **Beispill** e Prisonéier huet sech an senger Zell erhaangen **Synonym** sech ophänken

erhéieren [eh'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erhéiert) » **transitiv** [Relioun] **DE** erhören • **FR** exaucer • **EN** to hear, to answer [a prayer] • **PT** ouvir [atender a] **Beispill** hiert Gebiet gouf erhéiert

erhéijen [eh'ziɛən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erhéicht) » **transitiv DE** erhöhen [heraufsetzen] • **FR** augmenter [élever, hausser] • **EN** to increase, to raise • **PT** aumentar [elevar, subir] **Beispill** periodesch ginn d'Taxen erhéicht **Synonymmen** eropsetzen, héijen

Erhéijung ['ehziʒuŋ] Femininum (Pluriel Erhéijungen) **DE** Erhöhung [Anhebung] • **FR** hausse, augmentation • **EN** increase, raising • **PT** aumento, subida **Beispill** an der Chamber ass iwwer d'Erhéijung vum Mindestloun diskutéiert ginn **Synonymmen** Augmentatioun, Hausse

erhéngeeren [eh'eŋəɐən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé erhéngert) » **intransitiv DE** verhungern • **FR** mourir de faim • **EN** to starve • **PT** morrer à fome **Beispiller** op der Welt erhéngeeren all Dag vill Kanner; mir hunn en Hond fonnt, deen um Erhéngere war; d'Kanner waren hallef erhéngert, wéi se mëttes aus der Schoul komm sinn [ëgs] [d'Kanner waren immens hongereg, wéi se mëttes aus der Schoul komm sinn]

erhiewen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erhuewen) » **transitiv 1.** **DE** erheben [eine Steuer, eine Abgabe] • **FR** percevoir [un impôt, une taxe] • **PT** cobrar [um imposto, uma taxa] **Beispiller** et ass gesetzlech gereegelt, wéi eng Steieren eng Gemeng därerf erhiewen; am Ausland gëtt op ville Plazen eng speziell Tax fir den Tourismus erhuewen **2.** **DE** erheben [zusammentragen, sammeln] • **FR** relever [recueillir] • **PT** coligir [recolher] **Beispill** hues de scho genuch Daten erhuewen, fir mat denger Analys kënnen unzefänken? **Synonym** sammelen » **reflexiv 3.** [gehuewen] **DE** sich erheben [aufstehen] • **FR** se lever [se mettre debout] • **PT** levantar-se [pôr-se de pé] **Beispill** nodeems en de Buedem gekésst hat, huet de Poopst sech erhuewen an huet d'Leit geseent **Synonym** opstoen

erhoffen [eh'ofən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erhofft) » **transitiv** sech eppes erhoffen **DE** sich etwas erhoffen • **FR** espérer quelque chose • **EN** to hope for something • **PT** esperar algo [contar com algo] **Beispiller** d'Awunner haten sech méi Asaz vun hirem Gemengerot erhofft; der Ekip hiren erhoffte Succès ass ausbliwwen

erhuelen [ɛh'ʊələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erholl) » **reflexiv** sech erhuelen (vun) **DE** sich erholen (von) • **FR** se remettre (de) [se rétablir] • **EN** to recover (from) • **PT** recuperar (de), restabelecer-se (de) **Beispiller** ech hu mech nach net vu menger Rees erholl; no där schwéierer Rezessioun huet d'Wirtschaft sech lues a lues erholl **Synonym** sech erkréien (vun)

erhuelsam [ɛh'ʊəls:m] Adjektiv **DE** erholsam • **FR** reposant, réparateur • **EN** relaxing, restful • **PT** repousante, reparador **Beispill** ech wënschen der eng erhuelsam Vakanz

Erhuelung [ɛh'ʊəlʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Erholung • **FR** repos [pour récupérer, pour se détendre] • **EN** rest, relaxation, convalescence • **PT** repouso [para recuperar, para relaxar] **Beispiller** no där Ustregung brauche mer e bëssen Erhuelung; déi stresseg Vakanz war alles ewéi keng Erhuelung!; meng Grouseltere sinn dräi Wochen an de Bierger an Erhuelung

Erika ['e:rika:] Femininum (Pluriel Erikaen) Botanik **DE** Erika, Heidekraut • **FR** bruyère [plante] • **EN** heather • **PT** urze [planta] **Beispill** d'Erika steet an der Bléi **Synonym** Heed

Eritrea [ɛritr'e:a:] Eegennumm, Neutrum **DE** Eritrea • **FR** Érythrée • **EN** Eritrea • **PT** Eritreia **Beispiller** ech war schonn dräimol an Eritrea; ech fueren d'nächst Woch an Eritrea; ech kommen aus Eritrea

i männlech Persoun: ↗Eritreeër weiblech Persoun: ↗Eritreeërin Adjektiv: ↗eritreeësch Haaptstad: ↗Asmara

Eritreeër [ɛritr'e:e] Maskulinum (Pluriel Eritreeër) **DE** Eritreer • **FR** Érythréen • **EN** Eritrean • **PT** eritreu **Beispill** mäi beschte Frënd ass Eritreeër

Eritreeërin [ɛritr'e:ərin] Femininum (Pluriel Eritreeërinne) **DE** Eritreerin • **FR** Érythréenne • **EN** Eritrean [female] • **PT** eritreia **Beispill** meng bescht Frëndin ass Eritreeërin

eritreeësch [ɛritr'e:əʃ] Adjektiv **DE** eritreisch • **FR** érythréen • **EN** Eritrean • **PT** eritreu **Beispill** op eiser Rees hu mir déi eritreeësch Kultur kenne geléiert

Eriwan Eegennumm - Variant vun ↗Jerewan

eriwwer [ɛr'ivɐ] Adverb **DE** vorbei [zu Ende] • **FR** fini, terminé, révolu • **EN** over, finished • **PT** acabado, terminado, passado **Beispill** elo ass d'Woch scho bal eriwwer **Synonym** ëm

eriwwer- Verbpartikel **DE** [abtrennbares Erstglied eines Verbs] • **FR** [particule séparable d'un verbe] • **EN** [separable verb particle] • **PT** [partícula separável de um verbo] **Beispiller** laf eriwwer bei den Epicier eng Dosen Eeër kafen!; mir mussen d'Bett eriwwerreckelen

i Verben, déi **eriwwer-** als Partikel hunn: ↗eriwwerbréngen, ↗eriwwegoen, ↗eriwwerhëllef, ↗eriwwerhuelen, ↗eriwwerkommen, ↗eriwwerkucken, ↗eriwwerlaf, ↗eriwwerloossen, ↗eriwwerreckelen, ↗eriwwerreechen, ↗eriwwerschëcken, ↗eriwwerwénken

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗eriwwer Adverb

i Den initialen [Definitioun] vun der Partikel kann och ewechgelooss ginn: riwwer- ...

eriwwerbréngen [ɛr'ivɛbrɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé eriwwerbruecht) » **transitiv 1. DE** herüberbringen, hinüberbringen • **FR** apporter [d'un endroit à un autre] • **EN** to bring over • **PT** trazer, levar [de um lado para outro] **Beispill** d'Nopesch bréngt eis heiandsdo e Kierfchen Äerdbeer eriwwer **2. DE** vermitteln [Wis-sen] • **FR** transmettre [du savoir] • **EN** to convey [to express] • **PT** transmitir [conhecimentos] **Beispill** wéi kann een de Sënn vun dësem Wuert eriwwerbréngen?

eriwwegoen [ɛr'ivɛgɔ:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé eriwwegoangen / eriwwegoang) » **intransitiv 1. DE** herübergehen, hinübergehen • **FR** traverser [à pied] • **EN** to cross [to walk across] • **PT** atravessar, passar [a pé] **Beispill** géi eriwwer, esoulaang d'Luucht nach gréng ass **Synonym** iwwegoen **2. DE** vorbeigehen [zu Ende gehen] • **FR** passer [cesser d'être, prendre fin] • **EN** to pass [to come to an end] • **PT** passar [deixar de ser, acabar] **Beispiller** verléier däi Courage net, dat do geet och eriwwer; déi flott Stonn ass vill ze séier eriwwegoangen

eriwwerhëllef [ɛr'ivɛhələfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé eriwwergeholl) » **intransitiv DE** herüberhelfen, hinüberhelfen • **FR** aider à traverser • **EN** to help to cross • **PT** ajudar a atravessar **Beispill** du muss him eriwwerhëllef, e gesäit net gutt

eriwwerhuelen [ɛr'ivɛhuələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé eriwwergeholl) » **transitiv DE** herüberholen, hinüberholen • **FR** apporter [depuis un endroit proche] • **EN** to bring over • **PT** trazer, levar [de um lugar próximo] **Beispill** d'Organisateuren haten aus dem Niewesall nach Still eriwwergeholl, fir datt all Mënsch sech konnt setzen

eriwwerkommen [ɛr'ivɛkɔmən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé eriwwerkomm) » **intransitiv DE** herüberkommen • **FR** venir [en voisin] • **EN** to come over, to come round [as neighbours] • **PT** vir cá [como vizinho] **Beispiller** hutt der keng Loscht, fir den Owend op e Patt eriwwerzekommen?; seng Remark ass falsch eriwwerkomm égs [seng Remark ass falsch verstane ginn]; seng Remark ass net richtig eriwwerkomm égs [seng Remark ass net appreciéiert ginn]

eriwwerkucken [ɛr'ivɛkukən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé eriwwergekuckt) » **intransitiv DE** herüberblicken, hinüberblicken • **FR** regarder de ce côté, regarder de l'autre côté, regarder de côté • **EN** to look across • **PT** olhar para este lado, olhar para o outro lado, olhar de lado **Beispiller** ech wollt him wénken, mee en huet net eriwwergekuckt; d'Schülerin huet kuerz bei hiren Noper eriwwergekuckt

eriwwerlaf [ɛr'ivɛlafən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé eriwwerlaf) » **intransitiv 1. DE** herüberlaufen, hinüberlaufen • **FR** traverser [sans trainer, en se dépêchant] • **EN** to run across • **PT** atravessar, passar [despachando-se] **Beispill** du dærfs erëischt eriwwerlaf, wann et Gréng gëtt **2. DE** laufen [hinlaufen] • **FR** courir [vers un endroit proche] • **EN** to run over to • **PT** correr [para um sitio próximo] **Beispill** laf eriwwer bei den Epicier eng Dosen Eeër kafen!

eriwwerloossen [ɛr'ivɛlɔ:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé eriwwerlooss)

I Hei entsteet en neien Artikel.

eriwerréckelen [əR'ivɛrəkələn] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé eriwwergeréckelt) » **transitiv 1.** DE *herübrückelen, hinübrückelen* • FR *déplacer [légèremènt]* • EN *to move [to reposition]* • PT *deslocar [mudar ligeiramente]* **Beispill** mir mussen d'Bett eriwerréckelen ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé eriwwergeréckelt) » **intransitiv 2.** DE *herübrückelen, hinübrückelen* • FR *bouger, se déplacer [latéralemènt]* • EN *to move over* • PT *arredar-se [lateralmente]* **Beispill** réckel e bëssen eriwwer, datt ech laanschtkommen!

eriwwerreechen [əR'ivɛrɛ:çən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé eriwwergereecht) » **transitiv DE** *herüberreichen, hinüberreichen* • FR *passer, tendre [de main en main]* • EN *to hand, to pass* • PT *passar, estender [dar]* **Beispill** kënt Dir mir wannechgelift de Moschter eriwwerreechen?

eriwwerschécken [əR'ivɛʃekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé eriwwergeschéckt) » **transitiv DE** *herüberschicken, hinüberschicken* • FR *envoyer [faire venir, faire aller, faire parvenir]* • EN *to send over* • PT *enviar [fazer vir, fazer ir, fazer seguir]* **Beispill** kanns de hien emol bis eriwwerschécken?; schéck mer d'Datei eriwwer, da kann ech se erausdrécken

eriwwerwénken [əR'ivɛvɛŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé eriwwergewénkt / eriwwergewonk) » **intransitiv 1.** DE *herüberwinken, hinüberwinken* • FR *saluer de la main, faire signe de la main [à quelqu'un qui est en face]* • EN *to wave (across) [to somebody]* • PT *fazer um aceno de mão [para saudar quem está do outro lado]* **Beispill** hien huet eriwwergewénkt, fir Moien ze soen » **transitiv 2.** DE *herbeiwinken* • FR *faire signe de venir à* • EN *to wave over [to beckon over]* • PT *fazer sinal para vir a* **Beispill** hien huet den Noper eriwwergewénkt, fir em eppes ze weisen

erkalen [ek'a:lən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erkaalt) » **reflexiv 1.** DE *sich erkälten* • FR *attraper froid* • EN *to catch a cold* • PT *constipar-se* **Beispill** bei deem Wieder ass et kee Wonner, datt mir eis all erkaalt hunn; déi eppes un, soss erkaals de dech! » **transitiv 2.** sech eppes erkalen DE *sich etwas erkälten* • FR *attraper froid à quelque chose* • EN *to get something cold* • PT *apanhar frio em algo* **Beispill** bei deenen Temperature kann een sech dobausse ganz schéin d'Oueren erkalen ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé erkaalt) » **intransitiv 3.** DE *erfrieren* • FR *mourir de froid, geler* • EN *to be killed by frost* • PT *morir de frio, gelar* **Beispill** d'Blumme sinn um Balcon erkaalt

Erkältung [ek'æltuŋ] Femininum (Pluriel Erkältungen) DE *Erkältung* • FR *refroidissement [affection gripale]* • EN *cold [infection]* • PT *constipação [estado gripal]* **Beispill** eis zwee Kanner leie mat enger zolitter Erkältung am Bett **Synonym** Gripp

erkämpfen [ek'æmpfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erkämpft) » **transitiv DE** *erkämpfen* • FR *obtenir par la force [en mettant tout en œuvre]* • EN *to fight hard to win* • PT *obter pela força [envidando todos os esforços]* **Beispill** d'Gewerkschaften hunn d'Rechter fir d'Aarbechter erkämpft; si hunn sech hir Fräiheet erkämpft

erkennbar Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

erkennen [ek'æ:nən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erkannt) » **transitiv DE** *erkennen [identifizieren]* • FR *reconnaître [identifier]* • EN *to recognize [to identify]* • PT *reconhecer [identificar]* **Beispill** ech hunn dech un denger Stëmm erkannt; vill Spezialisten haten d'Symptomer vun der Wirtschaftskris net erkannt

I Verben, déi **erkennen** als Basis hunn: ↗erëmkennen, ↗oferkennen, ↗unerkennen an ↗zouerkennen

Erkenntnes [ek'æntnəs] Femininum (Pluriel Erkenntnesser) - Variant vun ↗Erkenntnis

Erkenntnis [ek'æntnis] Femininum (Pluriel Erkenntnisse) DE *Erkenntnis [Einsicht]* • FR *révélation, découverte* • EN *insight, understanding, realization* • PT *revelação, descoberta* **Beispill** dësen Artikel stäipt sech op déi meist Erkenntnisse vun der Astronomie; dat ass fir eis all eng wichteg Erkenntnis; ech sinn zur Erkenntnis komm, datt ech méi gesond muss liewen [ech hunn agesinn, datt ech méi gesond muss liewen]

I Variant: Erkenntnes

erkläert [ek'l'ɛ:ɐ̯t] Adjektiv DE *erklärt [entschieden]* • FR *déclaré* • EN *declared, avowed* • PT *declarado [resoluto]* **Beispill** eisen Dokter ass en erkläerte Géigner vun der Euthanasie

I „erkläert“ kann och de Participe passé vum Verb ↗erklären sinn.

erklären [ek'l'ɛ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erkläert) » **transitiv 1.** DE *erklären [erläutern]* • FR *expliquer [faire comprendre, faire connaître]* • EN *to explain* • PT *explicar [fazer entender, dar a conhecer]* **Beispill** erkläer eis dat emol an aller Rou!; de Mann huet dem Tourist de Wee bei d'Post erkläert; ech ka mir dat doten net erklären! [ech verstinn dat doten net] **Synonym** explizéieren **2.** DE *erklären [deklarieren]* • FR *déclarer [proclamer]* • EN *to declare [to proclaim]* • PT *declarar [proclamar]* **Beispill** meng Elteren hunn dem Noper de Krich erkläert; d'Autoritëiten hunn de Vermëssten no 25 Joer fir dout erkläert » **reflexiv 3.** DE *sich erklären* • FR *s'expliquer [être rendu intelligible]* • EN *to be explained, to explain itself* • PT *explicar-se [tornar inteligível]* **Beispill** dee schlëmme Accident erkläert sech duerch den Alkohol; dat do erkläert sech vum selwen

I Verb, dat **erklären** als Basis huet: ↗bereeterklären

Erklärung [ek'l'ɛ:ruŋ] Femininum (Pluriel Erklärungen) **1.** DE *Erklärung [Erläuterung]* • FR *explication [commentaire, éclaircissement]* • EN *explanation [clarification]* • PT *explicação [esclarecimento]* **Beispill** d'Kanner hunn dem Schoulmeeschter seng Erklärungen net verstanen **Synonym** Explikatioun **2.** DE *Erklärung [Begründung]* • FR *explication [justification]* • EN *explanation [justification]* • PT *explicação [justificação]* **Beispill** d'Cheffin hatt gär eng Erklärung, firwat ech haut ze spéit op d'Aarbecht koum **Synonym** Explikatioun **3.** DE *Erklärung [offizielle Stellungnahme]* • FR *déclaration [proclamation, prise de position]* • EN *declaration, statement* • PT *declaração [proclamação, tomada de posição]* **Beispill** de Premier huet an der Chamber eng wichteg Erklärung ofginn **Synonym** Deklaratioun

erkrabbelen [ɛkr'abələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erkrabbelt) » **reflexiv** [ɛgs] **DE** sich erholen [(wieder) auf die Beine kommen, (wieder) Fuß fassen] • **FR** se remettre, se rétablir • **EN** to recover (gradually) • **PT** recuperar, restabelecer-se **Beispiller** hien erkrabbelt sech lues a lues a misst geschwënn erëm kënnen schaffen goen; duerch effikass Spuermossnamen huet d'Entreprise sech erkrabbelt **Synonym** sech erkréien

Erkrankung [ɛkr'ɑŋkʊŋ] Femininum (Pluriel Erkrankungen) **DE** Erkrankung • **FR** maladie, affection • **EN** disease, illness • **PT** doença, afeção **Beispill** wéinst enger stënterlecher Erkrankung huet de Sänger de Concert missen ofsoen

erkréien [ɛkr'zɔ̃ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erkréit) » **reflexiv** sech erkréien (vun) **DE** sich erholen (von) [genesen (von), Verluste ausgleichen] • **FR** se remettre (de), récupérer • **EN** to recover (from) • **PT** recuperar (de), restabelecer-se (de) **Beispiller** an Zäit vun enger Woch hat d'Patientin sech vun hirer Gripp erkréit; no der Faillite huet de Betrib sech séier nees erkréit **Synonym** sech erhuelen (vun)

erlaanscht [ɛl'a:nft] Adverb **1. DE** vorbei [räumlich] • **FR** passé [(re)parti] • **EN** past [moved by] • **PT** ido embora [que se afastou] **Beispill** kommt, mer waarden een Ament, bis deen Trapp Touristen erlaanscht ass! **Synonym** laanscht **2. DE** vorbei, um [zeitlich] • **FR** fini, passé, terminé • **EN** over, finished • **PT** terminado, acabado, pasado **Beispill** et waart een ëmmer laang op d'Vakanz an dann ass se esou séier erlaanscht! **Synonym** eriwuer

erlaben [ɛl'a:bən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erlaabt) » **transitiv 1. DE** erlauben [gestatten] • **FR** permettre [autoriser] • **EN** to allow, to permit • **PT** permitir [autorizar] **Beispiller** d'Elteren hunn hirem Jong erlaabt, an Amerika ze fléien; et gëtt Elteren, déi hire Kanner alles erlaben; d'Fotograféieren ass am Musée net erlaabt; de Chauffer hat déi erlaabte Vitess iwwerschratt; ass dat erlaabt! [ɛgs] [dat ass onerhéiert!] **Synonym** autoriséieren **2. DE** erlauben [ermöglichen] • **FR** permettre [rendre possible] • **EN** to allow [to enable] • **PT** permitir [tornar possível] **Beispill** seng Krankheet erlaabt et dem Kënschtler net, um Vernissage deelzehuelen **3. sech eppes erlaben** **DE** sich etwas erlauben, sich etwas leisten • **FR** se permettre quelque chose [se payer le luxe de] • **EN** to afford, to take the liberty [to allow oneself] • **PT** permitir-se algo [dar-se ao luxo de] **Beispiller** ech ka mer et net erlaben, dëst Joer eng Croisière ze maachen; ech ka mer an der leschter Prüfung keng Datz méi erlaben; ech erlabe mer, net mat Iech averstanen ze sinn!; ech ka mer haut keng (Dommheet) erlaben!; wat erlaabs du dir! [mings de, du kéints dir alles erlaben?] **Synonym** sech eppes leeschten

Erlabnes [ɛl'a:bnəs] Femininum (kee Pluriel) **DE** Erlaubnis • **FR** permission [autorisation] • **EN** permit, permission • **PT** licença, autorização, permissão **Beispiller** mir hunn d'Erlabnes vun der Gemeng kréit, fir eng Garage bäizebauen; ech ginn de Kanner ni d'Erlabnes, méi spéit ewéi Mëtternuecht heemzekommen **Synonym** Accord

Variant: Erlabnis

Erlabnis [ɛl'a:bnis] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Erlabnes

Erläichendag [ɛl'æ:ɪçənda:χ] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Härläichendag

Variant: Zerläichendag

erleedegen [ɛl'e:dəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erleedegt) » **transitiv 1. DE** erledigen [verrichten] • **FR** régler [terminer] • **EN** to take care of, to sort, to see to • **PT** tratar de, resolver **Beispill** ier ech an d'Vakanz fueren, muss ech nach e puer Saachen erleedegen **2. DE** erledigen [besiegen] • **FR** écraser, anéantir [infliger une défaite à] • **EN** to finish [to defeat] • **PT** esmagar, aniquilar [infligir uma derrota a] **Beispiller** de Boxer huet säi Géigner an der fënneter Ronn erleedegt; no der Aarbecht sinn ech ëmmer erleedegt [ɛgs] [no der Aarbecht sinn ech ëmmer ganz midd]

erleeën [ɛl'e:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erluecht)

Hei entsteet en neien Artikel.

Verb, dat **erleeën** als Basis huet: ↗operleeën

Erléis [ɛl'zɪs] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Erlös • **FR** recette [entrée d'argent] • **EN** proceeds • **PT** receita [entrada de dinheiro] **Beispill** den Erléis vun der Tombola ass fir e gutt Wierk

erlëisen [ɛl'zɪzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erléist) » **transitiv** erlëisen (vun) **DE** erlösen (von) [befreien] • **FR** délivrer (de), soulager (de) • **EN** to deliver (from), to be relieved • **PT** livrar (de), aliviar (de) **Beispiller** den Doud huet de Kranke vun senger Péng erléist; d'Studentin war erléist, wéi si d'Resultat vum Exame gewuer gouf

Erléisung [ɛl'zɪzʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Erlösung • **FR** délivrance, soulagement • **EN** relief, release • **PT** libertação, alívio **Beispill** deen ale Mann louch méintlaang am Koma, säin Doud war eng Erléisung fir d'ganz Famill

Erleuchtung [ɛl'zɪçtʊŋ] Femininum (Pluriel Erleuchtungen) - Variant vun ↗Erlächtung

Erliefnes [ɛl'ɪəfnəs] Neutrum (Pluriel Erliefneser) **DE** Erlebnis • **FR** événement [marquant] • **EN** experience [occurrence] • **PT** evento [marcante] **Beispiller** dee Concert war en onvergesslecht Erliefnes fir mech!; mäi Brudder erzielt dacks Erliefneser aus senger Zäit bei der Arméi

Variant: Erliefnis

Erliefnis [ɛl'ɪəfnis] Neutrum (Pluriel Erliefnisser) - Variant vun ↗Erliefnes

erliewen [ɛl'ɪəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé erlieft) » **transitiv** **DE** erleben [teilnehmen an, erdulden] • **FR** vivre, connaître, voir [participer à, être témoin de, endure] • **EN** to experience, to live through • **PT** viver, presenciar, passar por, ver **Beispiller** ech hunn nach ni esou e schéint Fest erlieft!; mäi Grousspapp huet den Éischte Weltkrich erlieft; meng Schwéiermamm huet an hirem Liewe scho vill Enttäuschungen erlieft; esou eppes hunn ech nach ni erlieft!; wann s

de dat nach eng Kéier méchs, da kanns de eppes erliuwen! [égs] [wann s de dat nach eng Kéier méchs, dann ergeet et der schlecht!]

i Verb, dat **erliuwen** als Basis huet: ↗materliuwen

erlichten [el'i:çtəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **erlichtert**) » **transitiv** **DE** *erleichtern* [ver-einfachen] • **FR** *simplifier, faciliter* • **EN** *to make easier, to simplify* • **PT** *simplificar, facilitar* **Beispill** den neie Passage **erlichtert** den Zougank zur Bibliothék **Synonym** vereinfachen

erlichtert [el'i:çtət] Adjektiv **DE** *erleichtert* • **FR** *soulagé* <Adverb avec soulagement> • **EN** *relieved* <Adverb with relief> • **PT** *aliviado* <Adverb com alívio> **Beispiller** d'Eltere waren **erlichtert**, wéi se héieren hunn, datt et hire Kanner gutt géng; eis Noperen hunn **erlichtert** festgestallt, datt d'Brigangen näischt Wäertvolles geklaut haten

i „erlichtert“ kann och de Participe passé vum Verb ↗erlichten sinn.

faktesch [f'aktəʃ] Adjektiv **DE** *faktisch* • **FR** *effectif [vrai, avéré] <Adverb effectivement>* • **EN** *actual, real <Adverb actually, really>* • **PT** *efetivo [real] <Adverb efetivamente>* **Beispiller** déi **faktesch** Differenz bei de Gehälter vu Mann a Fra ass bekannt; der Statistik no ass d'äin Argument **faktesch** falsch

Faktor Maskulinum (Pluriel Faktoren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

fakultativ [fakultat'i:f] Adjektiv **DE** *fakultativ* • **FR** *facultatif* • **EN** *optional* • **PT** *facultativo* **Beispill** dat Schoulfach ass **fakultativ**

Fakultéit [fakult'ɜ:t] Femininum (Pluriel Fakultéiten) **DE** *Fakultät [Hochschulabteilung]* • **FR** *faculté [d'une université]* • **EN** *faculty [college, university]* • **PT** *faculdade [de uma universidade]* **Beispill** op der Universitéit huet all **Fakultéit** hir eege Fachbibliothék

Fal [fa:l] Femininum (Pluriel Falen) **DE** *Falle [Fangvorrichtung]* • **FR** *piège* • **EN** *trap* • **PT** *armadilha, ratoeira*

Beispiller ech hu **Falen** am Keller opgestallt, well ech **Mais** hunn; mir ass gëschter eng **Wullmaus** an d'**Fal** gaangen; mäi **Kolleeg** wollt mir eng **Fal** stellen, mee ech hunn en **duerchkuckt** [ɛgs] [mäi **Kolleeg** huet versicht, mech eranzeleeën, mee ech hunn en **duerchkuckt**]

Fal [fa:l] Femininum (Pluriel Falen) **1. DE** *Falte [im Stoff]* • **FR** *pli [dans un tissu]* • **EN** *crease* • **PT** *prega [num tecido]* **Beispiller** an der **Botz** hunn se mer eng **Fal** an d'**Box** gestreckt; d'äin **Hiem** ass voller **Falen!** **2. DE** *Falte [Haut-falte]* • **FR** *ride* • **EN** *wrinkle* • **PT** *ruga [na pele]* **Beispill** dee **Mann** hat scho fréi d'**Gesiicht** voller **Falen** **Synonymmen** **Rompel**, **Ronschel**

Falbréck [f'a:lbrɛk] Femininum (Pluriel Falbrécken) **DE** *Fallbrücke* • **FR** *pont-levis* • **EN** *drawbridge* • **PT** *ponte levadiça* **Beispill** d'**Touriste** mussen **iwwer** eng **Falbréck** goen, fir an d'**Buerg** eranzekommen

Faldier [f'a:lɔ:ɛ] Femininum (Pluriel Faldieren) **DE** *Falltür* • **FR** *trappe [au plafond, dans le sol]* • **PT** *alçapão [no teto, no chão]* **Beispiller** den **Deif** ass d'**Leeder** eropgeklimmen, huet d'**Faldier** opgedréckt an huet och um **Späicher** alles **duerchwullt**; **ënner** der **Heldin** ass eng **Faldier** opgaangen a se ass an en **déift** **Lach** gefall

faleloossen [f'a:lɔ:sən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **falegelooss**) » **transitiv** **1. DE** *fallenlassen [aufgeben]* • **FR** *abandonner, renoncer à* • **PT** *abandonar, desistir de* **Beispill** aus **budgetäre** **Grënn** huet d'**Gemeng** de **Projet** vun enger **oppener** **Schwämm** **falegelooss** **Synonymmen** **abandonéieren**, **opginn** **2. DE** *fallenlassen, im Stich lassen* • **FR** *laisser tomber, abandonner [une personne]* • **PT** *desinteressar-se de, abandonar [uma pessoa]* **Beispill** esoubal hie **politesch** net méi **aktiv** war, **hu** vill **vu** **senge** **sougenannte** **Kolleegen** e **falegelooss** **Synonym** am **Stach** **loossen** **3. DE** *fallenlassen [äußern]* • **FR** *faire [une remarque, un commentaire]* • **PT** *sair-se com, fazer [um comentário]* **Beispill** **looss** **wannechgelift** **keng** **esou** eng **domm** **Remark** **falen**, wann **herno** **eis** **Gäscht** **do** **sinn!**

falen [f'a:lən] Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé **gefall**) » **intransitiv** **1. DE** *fallen [herabfallen]* • **FR** *tomber [vers le bas, vers le sol]* • **EN** *to fall [to drop]* • **PT** *cair, tombar [para baixo, para o chão]* **Beispiller** **pass** op, d'**Äsche** vun **denger** **Zigaret** **falen** op de **Buedem**; **hënt** ass **Schnéi** **gefall**; d'**Hoer** **falen** him bis an de **Réck** [hatt huet ganz **laang** **Hoer**]; **kuck** **emol**, wat dat **dobausse** **fält!** [ɛgs] [kuck **emol**, wat dat **dobausse** vill **reent!**] **2. DE** *fallen, stürzen* • **FR** *tomber [faire une chute]* • **EN** *to fall (over) [to have an accident]* • **PT** *cair, tombar [dar uma queda]* **Beispiller** et ass **glat**, **pass** op, datt s de **net** **fäls**; d'**Patientin** ass ganz **onglécklech** **gefall** an huet **sech** den **Aarm** an d'**Schlëssel** **beben** **gebrach**; op der **leschter** **Etaap** **sinn** **dräi** **Coureuren** **uerg** **gefall**; **deen** **Typ** **kéint** **iwwer** **ee** **falen**, e **seet** **net** **Moien!** [ɛgs] [deen **Typ** **géif** **ënner** **kengen** **Ëmstänn** **Moie** **soen**]; **vum** **Fale** **léieren** d'**Kanner** **goen!** [ɛgs] [d'uerch d'**Feeler**, **déi** **ee** **mécht**, **léiert** **ee** **villes** **bäi]** **3. DE** *fallen [Licht, Schatten]* • **FR** *tomber [lumière, ombre]* • **EN** *to fall [light, shadow]* • **PT** *cair [luz, sombra]* **Beispill** **duerch** **déi** **faarweg** **Fënster** **fält** **nëmme** **wéineg** **Luucht** **4. DE** *fallen [stattfinden]* • **FR** *tomber [avoir lieu]* • **EN** *to fall [to occur, to take place]* • **PT** *cair [calhar, coincidir]* **Beispill** **Chrëscht** **dag**

fält dëst Joer op e Sonndeg **5. DE fallen** [Entscheidung] • **FR tomber** [être pris, être décidé] • **EN to fall** [to be decided], to be taken [decision] • **PT ser tomado** [decisão] **Beispiller** eis Entscheidung fält nach dës Woch; d'Decision war seier gefall **6. DE fallen** [sterben] • **FR tomber** [mourir] • **EN to fall** [to die] • **PT cair, tombar** [morre] **Beispill** mäi Bop ass am leschte Krich gefall **7. DE fallen** [zu hören sein] • **FR retentir, se faire entendre** • **EN to ring out** [shot], to be dropped [remark] • **PT ressoar, fazer-se ouvir** **Beispiller** et ass e Schoss gefall; et sinn e puer domm Bemierkunge gefall **8. DE fallen** [sinken] • **FR baisser** [décroître, diminuer en valeur] • **EN to fall, to drop** [to sink] • **PT cair, baixar** [descer de nível, de valor] **Beispiller** de Waasserpeegel ass gefall; de Cours vun den Aktie fält virun **9. falen** un **DE fallen an, zufallen** • **FR revenir à l'échoir** d] • **EN to fall to** [to become the property of] • **PT caber a** [competir a] **Beispill** no sengem Doud fält dat ganzt Verméigen un d'Famill vun senger Fra **10. falen** enner **DE fallen in** [gehören zu] • **FR tomber sous** [faire partie de, concerner] • **EN to fall under** [to be a part of] • **PT ser de** [pertencer a, dizer respeito a] **Beispill** déi Aarbecht fält enner deng Kompetenz

i Verben, déi **falen** als Basis hunn: ↗afalen, ↗ausenenerfalen, ↗ausenerfalen, ↗auserneefalen, ↗ausfalen, ↗bäifalen, ↗duerchfalen, ↗ëmfallen, ↗erafalen, ↗erausfalen, ↗eroffalen, ↗eropfalen, ↗ewechfalen, ↗flaachfalen, ↗hierfalen, ↗lichtfalen, ↗opfalen, ↗schwaachfalen, ↗schwëerfalen, ↗ufalen, ↗virfalen, ↗vunenenerfalen, ↗vuneneefalen, ↗zeréckfalen, ↗zesumme-falen an ↗zoufalen

falen [f'a:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefaalt) » **transitiv 1. DE falten** [zusammenlegen] • **FR plier** [mettre en double] • **EN to fold** (up) [washing] • **PT dobrar** [fazer dobrar em] **Beispill** d'Mamm huet d'Wäsch gefaalt an an de Schaf geluecht **2. d'Hänn falen** **DE die Hände falten** • **FR joindre les mains** • **EN to fold one's hands** • **PT juntar as mãos** **Beispill** ech hunn d'Hänn gefaalt an e Vaterunser gebiet

i Verb, dat **falen** als Basis huet: ↗zesumme-falen

Fall [fal] Maskulinum (Pluriel Fäll) **1. DE Fall** [Situation, Umstand, Angelegenheit] • **FR cas** [situation, circonstance, affaire] • **EN case** [situation] • **PT caso** [situação, circunstância, assunto] **Beispiller** an deem Fall musst Dir eng schréftlech Reklamatioun erareechen; am schlëmmste Fall muss mir nach eng Kéier vu vir ufänken; fir dëse Kontrakt ofzeschleissen, muss de 18 Joer hunn, am anere Fall mussen deng Eltere mat ènnerschreiwen; dat do muss ee vu Fall zu Fall gesinn **2. DE Fall** [einer Person] • **FR cas** [d'une personne] • **EN case** [of a person] • **PT caso** [de uma pessoa] **Beispiller** den Dokter hat haut e puer Fäll mat deene selwechte Symptomer; d'Urgence krut an der Nuecht e schlëmme Fall ageliwwert; an eiser Klass gëtt et e Fall, bei deem de Jugendrichter huet missen agräifen **3. DE Fall** [Kriminalfall] • **FR affaire policière, enquête policière** • **EN case** [criminal case] • **PT caso** [policial] **Beispill** déi béid Fäll sinn nach ëmmer net opgekläert **4. fräie Fall** **DE freier Fall** • **FR chute libre** • **EN free fall** • **PT queda livre** **Beispill** am Physikscours ass et haut ëm d'Gesetz vum fräie Fall gaangen **5. op alle Fall / op jidde Fall / op jidder Fall** **DE auf jeden Fall** [unbedingt] • **FR dans tous les cas, sans faute** • **PT em todos os casos, sem falta** **Beispill** bei esou enger Aarbecht muss de op alle Fall Händschen andoen **6. op alle Fall / op jidde Fall / op jidder Fall** **DE jedenfalls** [zumindest] • **FR en tout cas** • **PT**

em todo o caso, de qualquer maneira **Beispill** och wann ech net betraff sinn, hoffen ech op alle Fall, datt seier eng Léisung fonnt gëtt **Synonymmen** allzäit, jiddefalls **7. DE Fall, Kasus** [grammatikalisch] • **FR cas** [grammatical] • **EN case** [grammatical] • **PT caso** [gramatical] **Beispill** am Lëtzebuergesche gëtt et dräi gebräichlech Fäll: den Nominativ, den Akkusativ an den Dativ

fälleg [f'æləç] Adjektiv **1. DE fällig** [zahlbar] • **FR exigible, payable, dû** [à échéance] • **EN due** [payable] • **PT exigível, pagável, devido** [a prazo] **Beispill** Enn der Woch ass de Loyer fälleg **2. DE fällig** [unvermeidlich] • **FR inévitable** [qui s'impose] • **EN due, required, appropriate** • **PT inevitável** [que se impõe] **Beispiller** et ass Zäit, fir endlech déi fälleg Decision ze huelen; well ech duerch Rout gefuer sinn, war e Protokoll fälleg! [égs] [well ech duerch Rout gefuer sinn, krut ech e verdéngte Protokoll]

Fällegkeetsdatum [f'æləçke:tsda:tum] Maskulinum (Pluriel Fällegkeetsdatumen / Fällegkeetsdatumer) **DE Fälligkeitsdatum** • **FR** (date d')*échéance* • **PT data de vencimento** **Beispill** ennen op der Rechnung steet de Fällegkeetsdatum **Synonym** Echeance

Fallek [f'ələk] Maskulinum (Pluriel Falleken) **DE Falke** [Vogel] • **FR faucon** [oiseau] • **PT falcão** [ave] **Beispiller** an arabesche Länner ginn d'Falleke fir d'Juegd dresséiert; gehéiert de Fallek eigentlech zu de Gräifvullen?

Fallrückzier Maskulinum (Pluriel Fallrückzier / Fallrückzieren) - Variant vun ↗Fallrückziher

Fallrückziher [f'alryktsi:ə] Maskulinum (Pluriel Fallrückziher / Fallrückziheren) **DE Fallrückzieher** • **FR bicyclette** [en football] • **EN bicycle kick** • **PT** (pontapé de) *bicicleta* **Beispill** mat engem Fallrückziher konnt hatt den decisive Gol fir seng Ekip schéissen

falls [fals] Konjunktioun **DE falls** • **FR si, au cas où** • **EN if, in the case that** • **PT se, caso** [no caso de] **Beispill** falls et sollt reenen, verleeë mer d'Fest an d'Zelt **Synonym** wann

Fallschierm [f'alʃi:əm] Maskulinum (Pluriel Fallschiermer) **DE Fallschirm** • **FR parachute** • **EN parachute** • **PT paraquedas** **Beispill** de Fallschierm ass net opgaangen

Fallschiermsprénger [f'alʃi:əmʃprɛŋɐ] Maskulinum (Pluriel Fallschiermsprénger) **DE Fallschirmspringer** • **FR parachutiste** • **EN parachutist** • **PT paraquedista** **Beispiller** virum éischte Sprong war et dem Fallschiermsprénger nach laang net geheier; déi zwee Fallschiermsprénger sinn aus 3000 Meter Héicht gesprongen **Synonym** Parachutist

i Weiblech Form: ↗Fallschiermspréngerin

Fallschiermspréngerin [f'alʃi:əmʃprɛŋɐri:n] Femininum (Pluriel Fallschiermspréngerinnen) **DE Fallschirmspringerin** • **FR parachutiste** [femme] • **EN parachutist** [female] • **PT paraquedista** [mulher] **Beispill** virun hirem éischte Sprong war et der Fallschiermspréngerin net geheier **Synonym** Parachutistin

i Männlech Form: ↗Fallschiermsprénger

Fallschiermsprung [f'alfj:ɛmʃpɔŋ] Maskulinum (Pluriel Fallschiermspréng) **DE** Fallschirmsprung • **FR** saut en parachute • **EN** parachute jump • **PT** salto de paraquedas **Beispill** géifs du e Fallschiermsprung riskéieren?

falsch [falʃ] Adjektiv **1. DE** falsch [nicht richtig] • **FR** faux [incorrect, inexact, erroné] • **EN** wrong [incorrect], out of tune • **PT** falso, errado, desafiinado **Beispiller** déi Rechnung ass falsch; de Klarinettist huet ganz falsch gespillt **2. DE** falsch [verkehrt] • **FR** mauvais [mal choisi, inapproprié] • **EN** wrong [inappropriate] • **PT** errado [mal escolhido, desapropriado] **Beispiller** mir sinn op der Gare an de falsche Bus geklommen; hei sidd Dir falsch! [hei sidd Dir op der falscher Plaz]; hien huet eng falsch Bewegung gemaach [hien huet eng Bewegung gemaach, déi negativ Konsequenzen hat] **3. DE** falsch [unaufrichtig, hinterhältig] • **FR** sournois, faux [jeton] • **EN** false, deceitful • **PT** sonso, falso **Beispiller** wéi kann een nëmmen esou falsch sinn!; hien ass e falschen Hond!; et ass keng falsch Oder un him [égs] [hien ass en eierleche Mënsch] **4. DE** falsch [unbegründet] • **FR** faux [injustifié] • **EN** false [unrealistic, mistaken] • **PT** falso [injustificado] **Beispiller** maach der keng falsch Hoffnungen!; et war falschen Alarm **5. DE** falsch [künstlich, gefälscht] • **FR** faux [artificiel, d'imitation, contrefait] • **EN** false [artificial, fake, counterfeit] • **PT** falso [postico, de imitação, contrafeito] **Beispiller** zënter sengem Accident huet dee jonke Mann falsch Zänn; vun Zäit zu Zäit dauche falsch Geldschäiner op

fälschen [f'ælfʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefälscht) » **transitiv DE** fälschen • **FR** falsifier, contrefaire • **EN** to forge, to counterfeit • **PT** falsificar, contrafazer **Beispiller** de Jong huet sengem Papp seng Ënnerschrëft gefälscht; et si gefälschte Suen am Ëmlaf **Synonym** nomaachen

1 Verb, dat **fälschen** als Basis huet: ↗offälschen

Fälscher [f'ælfʃɛ] Maskulinum (Pluriel Fälscher) **DE** Fälscher • **FR** falsificateur, faussaire • **EN** forger, counterfeiter • **PT** falsificador, falsário, contrafator **Beispill** de Fälscher ass mat enger Wallis voller nogemaache Schäiner erwëscht ginn

1 Weiblech Form: ↗Fälscherin

Fälscherin [f'ælfʃɛrin] Femininum (Pluriel Fälscherinnen) **DE** Fälscherin • **FR** falsificatrice, faussaire • **EN** forger, counterfeiter [female] • **PT** falsificadora, falsária, contrafatora **Beispill** déi vun der Police gesicht Fälscherin wollt nees e ganze Koup gefälschte Schäiner an Ëmlaf bréngen

1 Männlech Form: ↗Fälscher

Falschheet [f'alfʃhe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Falschheit [Unaufrichtigkeit] • **FR** fausseté, hypocrisie, sournoiserie • **EN** deceit, dishonesty • **PT** falsidade, hipocrisia, sonsice **Beispiller** mat senger Falschheet mécht en sech keng Frënn; si ass voller Falschheet

Falschinformatioun Femininum (Pluriel Falschinformatiounen)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

falschleien Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé falschgeleeën)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Fälschung [f'ælfʃʊŋ] Femininum (Pluriel Fälschungen) **DE** Fälschung • **FR** faux, contrefaçon • **EN** fake, counterfeit • **PT** falsificação, contrafação **Beispill** op engem Strossemaart ginn dacks allerlee Fälschunge verkaaft

falsifiéieren [falsifi'ziəɔrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé falsifiéiert)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Falz Maskulinum (Pluriel Falzen) **DE** Falz [Kniff, Faltlinie] • **FR** pli [plieure] • **PT** dobra [dobradura] **Beispiller** déi gestréchelt Linn um Blat gëtt vir, wou de Falz hikënt; um Blat ass virgezeechent, wou de Falz hikënt; ech kréien d'Irbessebéchs net gutt op, well de Falz getéitscht ass

falzen [f'altʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefalzt)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

faméis [fam'zi:s] Adjektiv **DE** beachtlich, gehörig, tüchtig • **FR** fameux [énorme, remarquable] <Adverb considérablement> • **EN** considerable, great • **PT** imenso [enorme, considerável] <Adverb imensamente, muito> **Beispiller** mäi Schwoer huet e faméisem Appetit!; dat Gedäisch geet mir faméis op d'Strëmp; d'Sonn huet haut faméis gedréckt; déi Resultater sinn nach laang net faméis [égs] [déi Resultater si schappegl; ass dat dee faméise Kolleeg, vun deem s de ëmmer schwätzt? [égs] lass dat deen interessant Kolleeg, vun deem s de ëmmer schwätzt?] **Synonym** gehéiereg

1 Variant: famous

familiär [familij'ɛ:ɔ] Adjektiv **1. DE** familiär [die Familie betreffend] • **FR** familial [concernant la famille] • **EN** family [related to family] • **PT** familiar [relativo à família] **Beispill** aus familiäre Grënn huet eis Mataarbechterin dräi Deeg Congé geholl **2. DE** familiär, vertraut, ungewungen • **FR** détendu, décontracté, amical <Adverb amicalement> • **EN** familiar [close, intimate] <Adverb familiarly> • **PT** descontraído, íntimo **Beispiller** mat de Joren huet sech téschent den Noperen eng familiär Relatioun entwéckelt; de Rektor huet ganz familiär mat de Studenten geschwat

familiariséieren [familiari'ziəɔrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé familiariséiert) » **transitiv** familiariséiere mat **DE** vertraut machen mit • **FR** familiariser avec • **EN** to familiarize with • **PT** familiarizar com [acostumar a] **Beispiller** déi auslännesch Kanner solle méiglechst fréi mat eisem Schoulsystem familiariséiert ginn; et ass schwéier, sech mat der Iddi ze familiariséieren

Famill [fam'il] Femininum (Pluriel Familien / Familjen) **1. DE** Familie [Kernfamilie] • **FR** famille [père, mère, enfant(s)] • **EN** family [father, mother, child(ren)] • **PT** família [pai, mãe, filho(s)] **Beispiller** op der Spillplaz ware vill Familie mat klenge Kanner; mat aacht Kanner si mir eng aussergewéinlech grouss Famill **2. DE** Familie, Verwandte • **FR** famille [tous les membres] • **EN** family [relatives] • **PT** família [todos os membros] **Beispiller** ech hu Famill an der Schwäiz; déi musikalesch Begabung läit bei eis an der Famill; dat kënnt an de beschte Famill-

je vir! [egs] [dat ka jidderengem geschéien] **3.** Famill si mat **DE** *verwandt sein mit* • **FR** *être apparenté à* • **EN** *to be related to* • **PT** *ser parente de* **Beispill** an deem Duerf sinn se alleguer matenee **Famill**

Familljebetrieb [fam'ijəbɛtri:p] Maskulinum (Pluriel Familljebetriber) **DE** *Familienunternehmen, Familienbetrieb* • **FR** *entreprise familiale, exploitation familiale* • **EN** *family business* • **PT** *empresa familiar, exploração familiar* **Beispill** eis Nopesch féiert de **Familljebetrieb** zesumme mat hire Geschwëster weider

Familljebijou [fam'ijəbiʒu:] Maskulinum (Pluriel Familljebijouen) **DE** *Familienschmuck* • **FR** *bijou de famille* • **EN** *family jewel* • **PT** *joia de família* **Beispill** ouni ëmzekucken huet eis Schwéiesch d'**Familljebijou** verkaaft

Familljebuch [fam'ijəbuχ] Neutrum (Pluriel Familljebicher) **DE** *Familienbuch* • **FR** *livret de famille* • **EN** *official family record book* • **PT** *livrete de família* **Beispill** vergiess net, d'**Familljebuch** mat op d'Gemeng ze huelen, wann s de eise Bëebe umelle gees!

Familljefeier Femininum (Pluriel Familljefeieren) **DE** *Familienfeier, Familienfest* • **FR** *fête de famille* • **PT** *feira de família* **Beispill** fir eis Sëlwerhochzäit hu mir eng grouss **Familljefeier** organiséiert **Synonym** **Familljefest**

Familljefest [fam'ijəfæst] Neutrum (Pluriel Familljefester) **DE** *Familienfest* • **FR** *fête de famille* • **EN** *family party, family celebration* • **PT** *feira de família* **Beispill** fir eis Sëlwerhochzäit hu mir e grousst **Familljefest** organiséiert **Synonym** **Familljefeier**

Familljefoto [fam'ijəfoto:] Femininum (Pluriel Familljefotoen) **DE** *Familienfoto* • **FR** *photo de famille* • **EN** *family photo* • **PT** *foto de família* **Beispill** mäi Grousspapp feelt op dëser **Familljefoto**, well hien se geknipst huet!

Familljegrav [fam'ijəgrɑ:f] Neutrum (Pluriel Familljegräwer) **DE** *Familiengrab* • **FR** *caveau de famille, tombe familiale* • **EN** *family grave, family tomb* • **PT** *jazigo de família, campa de família* **Beispill** meng Elteren hunn eist **Familljegrav** zouleëé gelooss

Familljekrees [fam'ijəkʀe:s] Maskulinum (Pluriel Familljekreesser) **DE** *Familienkreis* • **FR** *cercle familial* • **EN** *family circle* • **PT** *circulo familiar* **Beispill** d'Begriefnes war am enke **Familljekrees**

Familljeliewen [fam'ijəliewən] Neutrum (Pluriel <seelen> Familljeliewen) **DE** *Familienleben* • **FR** *vie de famille, vie familiale* • **PT** *vida de família, vida familiar* **Beispill** wéinst der viller Aarbecht an eisem **Betrieb** kënt d'**Familljeliewen** dacks ze kuerz

Familljemënsch Maskulinum (Pluriel Familljemënschen) **DE** *Familienmensch* • **FR** *personne qui aime la vie de famille* • **PT** *peessoa ligada à família* **Beispill** als **Familljemënsch** verbréngen ech gär vill Zäit mat menge **Kanner** an **Enkelkanner**

Familljeminister [fam'ijəministe] Maskulinum (Pluriel Familljeministeren) **DE** *Familienminister* • **FR** *ministre de la Famille* • **EN** *Minister for Family Affairs* • **PT** *ministro da Família* **Beispill** de **Familljeminister** huet gëschter dat neit **Altersheem** ageweit

1 Weiblech Form: **Familljeministes**ch

Familljeministère [fam'ijəministe:ʀ] Maskulinum (Pluriel Familljeministèren) **1.** **DE** *Familienministerium* [*Behörde, Zuständigkeitsbereich*] • **FR** *ministère de la Famille* [*département ministériel, portefeuille ministériel*] • **EN** *Ministry for Family Affairs* [*government department, administration*] • **PT** *Ministério da Família* [*departamento ministerial, pasta ministerial*] **Beispill** de **Familljeministère** huet eng **Campagne** géint **sexistes**ch **Stereotype** lancéiert **2.** **DE** *Familienministerium* [*Gebäude*] • **FR** *ministère de la Famille* [*bâtiment*] • **EN** *Ministry for Family Affairs* [*building*] • **PT** *Ministério da Família* [*edifício*] **Beispill** de **Familljeministère** gétt ganz **geschwé** renovéiert

Familljeministerin [fam'ijəministərin] Femininum (Pluriel Familljeministerinnen) - Variant vun **Familljeministes**ch

Familljeministesch [fam'ijəministəʃ] Femininum (Pluriel Familljeministeschen)

1 Variant: **Familljeministerin**

1 Männlech Form: **Familljeminister**

Familljenënnerstëtzung [fam'ijənənɛstətʒʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *staatliche Hilfen für Familien* [*Zulage*] • **FR** *aides familiales* [*aides financières*] • **EN** *benefits for families* • **PT** *ajudas familiares* [*ajuda financeira*] **Beispill** wéi eng **Krittäre** muss een erfëllen, fir këne vun der **Familljenënnerstëtzung** ze profitieren?

Familljennumm [fam'ijənʊm] Maskulinum (Pluriel Familljennimm) **DE** *Nachname* • **FR** *nom (de famille)* • **EN** *surname, last name* • **PT** *apelido, sobrenome* **Beispiller** eis **Kanner** hunn der **Mamm** hire **Familljennumm**; eise **Familljennumm** ass vun engem **Beruff** ofgeleet; schreift **Äre** **Virnumm** an déi eischt **Kolonn** an **Äre** **Familljennumm** an déi **zweet**! **Synonym** **Nonumm**

Familljentraditioun [fam'ijəntradiʃjʊn] Femininum (Pluriel Familljentraditiouen) **DE** *Familientradition* • **FR** *tradition familiale* • **EN** *family tradition* • **PT** *tradição familiar* **Beispill** bei eis ass et eng **Familljentraditioun**, op **Hellegerowend** zesummen an d'**Metten** ze goen

Familljenzoulag [fam'ijəntʒʊla:χ] Femininum (Pluriel Familljenzoulagen)

1 Hei entsteet en neien Artikel

Familljesituatioun [fam'ijəsitiwasjʊn] Femininum (Pluriel Familljesituatiouen) **DE** *familiäre Situation, familiäre Umstände* • **FR** *situation de famille, situation familiale* • **EN** *family circumstances* • **PT** *situação familiar* **Beispill** dat neit **Gesetz** iwver d'**Kannergeld** soll de **Familljesituatioune** vun haut **besser** gerecht ginn

Familljestand [fam'ijəftant] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Familienstand* • **FR** *situation familiale, état civil* [*d'une personne*] • **EN** *marital status* • **PT** *situação familiar, estado civil* [*de uma pessoa*] **Beispill** um **Formulaire** gétt nom **Familljestand** gefrot

Familljestruktur [fam'ijəʃtruktʊ:ʒ] Femininum (Pluriel Familljestrukturen) **DE** *Familienstruktur* • **FR** *structure familiale* • **EN** *family structure* • **PT** *estrutura*

familiar **Beispill** d'Universitéit huet eng Etüd iwwer d'Familljestrukturen am Land gemaach

Familljeverhältnesser [fam'ɪljəfəhælt'nɛsɐ] Neutrum (kee Singulier) - Variant vun ↗Familljeverhältnisser

Familljeverhältnisser [fam'ɪljəfəhælt'nɛsɐ] Neutrum (kee Singulier) **DE** Familienverhältnisse • **FR** *situation familiale* • **EN** *family circumstances, family background* • **PT** *situação familiar* **Beispill** Kanner, déi aus schwierege Familljeverhältnisser kommen, hu méi dacks Problemer an der Schoul

i Variant: Familljeverhältnesser

famous [fam'ʊs] Adjektiv - Variant vun ↗faméis

Fan [fæn] Maskulinum (Pluriel Fannen / Fans) **DE** *Fan* • **FR** *fan* • **EN** *fan* [*admirer*] • **PT** *fã* **Beispiller** ech sinn e grouse Fan vu schwaazem Humor; am Fussball kënne Fanne vu béiden Ekippe schonn emol nee-geeroden

fanatesch [fan'a:təʃ] Adjektiv **DE** *fanatisch* • **FR** *fanatique* <Adverb *fanatiquement*> • **EN** *fanatical* <Adverb *fanatically*> • **PT** *fanático* <Adverb *fanaticamente*> **Beispiller** hien ass e fanatesche Géigner vun där Approche; si setzen sech fanatesch géint en neien Dreckstipp an

Fanatiker [fan'a:tikɐ] Maskulinum (Pluriel Fanatiker) **DE** *Fanatiker* • **FR** *extrémiste, fanatique* • **EN** *fanatic* • **PT** *extremista, fanático* **Beispiller** looss dech net mat deene Fanatiker an, si si geféierlech!; hien ass e Fanatiker vum Tennis [ɛgs] [hien ass vum Tennis besies]

i Weiblech Form: ↗Fanatikerin

Fanatikerin [fan'a:tikərin] Femininum (Pluriel Fanatikerinnen) **DE** *Fanatikerin* • **FR** *extrémiste, fanatique* [*femme*] • **EN** *fanatic* [*female*] • **PT** *extremista, fanática* **Beispill** eng richtig Fanatikerin bréngs de kaum mat sachlechen Argumenter vun hirer Meenung of

i Männlech Form: ↗Fanatiker

fanatiséieren [fanatiz'zɪəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé fanatiséiert) » **transitiv** **DE** *fanatisieren* • **FR** *fanatiser* • **EN** *to fanaticize* • **PT** *fanatizar* **Beispill** den Diktator huet alles drugesat, fir d'Leit ze fanatiséieren

Fanatismus [fanat'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Fanatismus* • **FR** *fanatisme* • **EN** *fanaticism* • **PT** *fanatismo* **Beispill** blannen Haass a reliéise Fanatismus hunn aus him en Terrorist gemaach

Fanclub [f'ænklu:p] Maskulinum (Pluriel Fanclubben / Fanclubb) **DE** *Fanclub* • **FR** *club de fans, club des supporters* • **EN** *fan club* • **PT** *clube de fãs, clube de adeptos* **Beispiller** de Fanclub huet de ganzen Hotel onsécher gemaach; fiers du dést Joer och nees mam Fanclub de leschte Match vun der Saison kucken?

Fändel [f'ændəl] Maskulinum (Pluriel Fändelen) **DE** *Fahne* [*Flagge*] • **FR** *drapeau* [*létendard*] • **EN** *flag* • **PT** *bandeira* [*standarte*] **Beispiller** de Gesang huet fir säi Centenaire en neie Fändel krit; mäi Mann hat e Fändel, wéi en aus der Wiertschaft kum [ɛgs] [mäi Mann huet uerg no Alkohol geroch, wéi en aus der Wiertschaft kum]

Fändelchen [f'ændələçən] Maskulinum (Pluriel Fändelchen) - Diminutivform vun ↗Fändel

fändelen [f'ændələ:n] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé gefändelt) » **intransitiv** [ɛgs] **DE** (*umher*)*ziehen, sich herumtreiben* • **FR** *vadrouiller* • **EN** *to wander, to roam* • **PT** *vadiar, vaguear* **Beispill** se sinn de ganzen Dag duerch d'Stad gefändelt

Fändelsstaang [fændəls'ta:ŋ] Femininum (Pluriel Fändelsstaangen) **DE** *Fahnenstange* • **FR** *hampe* [*d'un drapeau*] • **EN** *flagpole* • **PT** *haste* [*de bandeira*] **Beispill** d'Gemeng huet déi zwou raschteg Fändelsstaangen niewent dem Monument ewechgeholl

Fanfare [fä:nf'a:r] Femininum (Pluriel Fanfaren) **DE** *Blaskapelle* • **FR** *fanfare* [*formation musicale*] • **EN** *band* [*village band, brass band*] • **PT** *fanfarra* [*banda de música*] **Beispiller** ech spille Batterie an enger Fanfare; déi zwou Fanfaré spillen all Joer ee Concert zesummen

Fang [fan] Maskulinum (Pluriel Fäng) **DE** *Fang* [*Beute*] • **FR** *prise* [*capture*] • **EN** *catch, haul* [*of fish*] • **PT** *pesca, caçada* [*capture*] **Beispill** mäi Papp ass mat engem grouse Fang vum Fëschchen heemkomm

i Variant: Fank

Fanger [f'ɑŋɐ] Maskulinum (Pluriel Fanger / Fangeren) **1.** **DE** *Finger* [*der Hand*] • **FR** *doigt* [*de la main*] • **EN** *finger* [*of the hand*] • **PT** *dedo* [*da mão*] **Beispiller** den Aarbechter huet sech mat der See e Fanger erfogeschneiden; de Coureur ass gefall an huet sech de klenge Fanger gebrach; wann s de Pech hues, kanns de der de Fanger an der Giletstäsch brieche!; du muss de Fanger weisen, wann s de eppes wëlls soen!; et weist een net mam Fanger op d'Leit!; bleif mat dengem (ongeseenten) Fangeren dovun ewech! [ɛgs] [pak dat net un!]; dat kanns de mam klenge Fanger ophiewen [ɛgs] [dat ass liicht]; du muss dem Stagiaire op d'Fangere kucken! [ɛgs] [du muss de Stagiaire kontrolléieren]; deem dote klappe mer op d'Fangeren! [ɛgs] [deen dote loosse mer net gewäerden!]; de Keessjee hat och seng Fangeren am Spill! [ɛgs] [de Keessjee war och an déi Saach verweckelt]; fir dech krëmmen ech kee Fanger méi! [ɛgs] [fir dech maachen ech näischt méi!]; de President mécht sech d'Fangeren net knaschteg! [ɛgs] [de President iwwerléisst deenen aneren ëmmer d'Drecksaarbecht]; d'Schülerin huet sech dat doten aus de Fangere gesuckelt! [ɛgs] [d'Schülerin huet dat dote fräi erfongt]; verbrenn der d'Fangeren net dorun! [ɛgs] [schuet der net selwer domat!]; d'Kand huet säi Papp schéin ëm den (klengen) Fanger gewéckelt! [ɛgs] [d'Kand huet säi Papp mat sengem Charme derzou bruecht, dat ze maachen, wat hatt wëllt!]; du hues de ganzen Dag nach kee Fanger gereiert! [ɛgs] [du hues de ganzen Dag nach näischt geschafft!]; looss d'Fangeren dovun! [ɛgs] [looss dat sinn!]; maach dat net!; gëtt ee menger Schwëster de klenge Fanger, hätt se gären déi ganz Hand! [ɛgs] [meng Schwëster probéiert ëmmer, vun engem senger Guttheet ze profitéieren]; ech loosse mech net an d'Fangeren huelen! [ɛgs] [lech hale mech aus där Saach eraus, well ech spéider keng Virwërf wëll gemaach kréien!]; et kribbelt mer an de Fangeren! [ɛgs] [lech sinn net méi wäit dervun, fir der eng ze haen!]; si huet der un all Fanger zéng! [ɛgs] [si huet vill

Freieren); dat dote kanns de der op de **Fangere** vun enger Hand ausrechnen [égs] [d'Konsequenzen dovú si virauszegesinn]; déi Elteren hunn ze vill dacks duerch d'**Fangere** gekuckt [égs] [déi Eltere waren ze tolerant]; dat huet mäi klenge **Fanger** mer gesot [ech verrodnen net, wie mer dat gesot huet]; et geet alles duerch seng **Fanger** [égs] [hien decidéiert iwverall mat]; da stees de do mam **Fanger** am Mond! [égs] [da stees de do an du weess net, wéi s de solls reagéieren]; hues du schockelas **Fangeren**? [⇒ seet een zu engem, dee grad eppes fale gelouoss huet] **2.** klenge **Fanger** **DE** *kleiner Finger* • **FR** *auriculaire, petit doigt* • **EN** *little finger* • **PT** *mindinho, dedo pequeno* [mão] **Beispill** mäi rietse klenge **Fanger** ass schonn zënter e puer Deeg geschwollen **3.** **DE** *Finger* [des Handschuhs] • **FR** *doigt* [du gant] • **EN** *finger* [of a glove] • **PT** *dedo* [da luva] **Beispill** d'**Fangere** vu mengen Händsche si vir op

Fangerhutt [f'ʌŋehut] Maskulinum (Pluriel **Fangerhitt**) **DE** *Fingerhut* [zum Nähen] • **FR** *dé à coudre* • **EN** *thimble* • **PT** *dedal* **Beispill** fir ze bitzen, muss ech mer en neie **Fangerhutt** kafen

Fangernol [fʌŋen'o:l] Maskulinum (Pluriel **Fangerneel**) **DE** *Fingernagel* • **FR** *ongle* [d'un doigt] • **EN** *finger nail* • **PT** *unha* [da mão] **Beispiller** hien huet sech e **Fangernol** ofgebrach; si huet hir **Fangerneel** rout gefierft; mat deem agewuesse **Fangernol** geïf ech bei den Dokter goen

Fangerofdrock [f'ʌŋeo:fdrok] Maskulinum (Pluriel **Fangerofdréck**) **DE** *Fingerabdruck* • **FR** *empreinte digitale* • **EN** *fingerprint* • **PT** *impressão digital* [dactilogramal] **Beispiller** op der Enveloppe huet d'Police kee **Fangerofdrock** fonnt; de Verdächtege krut um Policebüro seng **Fangerofdréck** geholl

Fangerspëtz [fʌŋeɪp'œts] Femininum (Pluriel **Fangerspëtzen**) - Variant vun ↗**Fangerspëtzt**

Fangerspëtzegefill [f'ʌŋeɪspœtsəgəfil] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Fingerspitzengefühl* • **FR** *doigté* [subtilité] • **EN** *flair, tact, intuition* • **PT** *tato* [subtileza, diplomacia] **Beispill** fir dës Missioun brauche mer e Mataarbechter mat vill **Fangerspëtzegefill**

Fangerspëtzt [fʌŋeɪp'œtst] Femininum (Pluriel **Fangerspëtzen**) **DE** *Fingerspitze* • **FR** *bout du doigt* • **EN** *fingertip* • **PT** *ponta do dedo* **Beispiller** hien huet den Hues duuss mat de **Fangerspëtzte** geheemelt; reechs du mat de **Fangerspëtzte** bis op de Buedem?; maach nach eng **Fangerspëtzt** Salz an d'Zooss! [égs] [maach nach e bèsse Salz an d'Zooss!]; d'Schüler woussten hir Reegelen op de **Fangerspëtzen** [égs] [d'Schüler woussten hir Reegele ganz gutt]

I Variant: **Fangerspëtzt**

Fank [fʌŋk] Maskulinum (Pluriel **Fäng**) - Variant vun ↗**Fang**

Fänkches [f'æŋkçəs] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Fangen* [Kinderspiel] • **FR** *jeu du chat* (et de la souris), *jeu du loup* [jeu de poursuite] • **EN** *catch, tag, touch* • **PT** *caçadinhas, apanhada* [jogo infantil] **Beispiller** d'Kanner hunn an der Paus **Fänkches** gespillt; wie beim **Fänkches** ofgeklappt gëtt, däerf net méi matspillen

fänken [f'æŋkən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gefaangen** / **gefaang**) » **transitiv** **DE** *fangen* [leinen Menschen, ein Tier] • **FR** *attraper, prendre, capturer* [une personne, un animal] • **EN** *to catch* [a person, an animal] • **PT** *apanhar, prender, capturar* [uma pessoa, um animal] **Beispiller** d'Zaldoten **hunn** dräi Partisane **gefaangen**; eis Kaz **fänkt** bal all Dag eng Maus

I Verben, déi **fänken** als Basis **hunn**: ↗**afänken**, ↗**offänken**, ↗**opfänken** an ↗**ufänken**

fannen [f'ʌnəŋ] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **fonnt**) » **transitiv** **1.** **DE** *finden* [zufällig stoßen auf] • **FR** *trouver* [tomber sur] • **EN** *to find* [by chance] • **PT** *achar, encontrar* [deparar com, descobrir] **Beispiller** ech **hunn** am Bësch eng Auer **fonnt**; et **fannen** sech ëmmer Leit, déi op seng Tricken erafalten [et gëtt ëmmer Leit, déi op seng Tricken erafalten]; maach der keng Gedanken, dat **fénnt** sech (schonn)! [maach der keng Gedanken, fir dee Problem gëtt et eng Léisung!]; do **hunn** der zwee sech **fonnt** [égs] [déi zwee passe gutt beieneen] **2.** **DE** *finden* [durch gezielte Bemühung] • **FR** *trouver* [parvenir à trouver] • **EN** *to find* [by searching] • **PT** *achar, encontrar* [larranjar, alcançar] **Beispiller** esou **fënns** de ni eng Aarbecht!; mir hu keng Parkplaz **fonnt**; äert Haus war licht ze **fannen**; mir **hunn** nach keng Léisung fir eise Problem **fonnt** **3.** **DE** *finden* [empfinden] • **FR** *trouver* [estimer] • **EN** *to find* [to feel, to think] • **PT** *achar* [julgar, considerar] **Beispiller** ech **hunn** et net schlëmm **fonnt**, datt mir hu missen zu Fouss goen; ech **fanne** mech ze déck; firwat **fënns** de dee Film net gutt?; ech **fannen** et net schéi vun dir, datt s de mer ëmmer an de Réck fäls!; (ou,) **fënns** de? [⇒ seet een, wann een anerer Meenung ass]; hie **fénnt** sécher näischt derbäi, wann s de ze spéit **kënns** [hien huet näischt dergéint, wann s de ze spéit **kënns**]

I Verben, déi **fannen** als Basis **hunn**: ↗**afannen**, ↗**erausfannen**, ↗**erëmfannen**, ↗**offannen**, ↗**stattfannen**, ↗**virfannen**, ↗**zeréckfannen** an ↗**zesummefannen**

Fanshop Maskulinum (Pluriel **Fanshopp** / **Fanshops**) **DE** *Fanshop* • **FR** *boutique des supporters* • **EN** *fan shop* • **PT** *loja dos adeptos* **Beispill** virum Match ginn ech mer nach en neien **Tricot** an de **Fanshop** kafen

fantaséieren [fantaz'ziəəŋ] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **fantaséiert**) » **intransitiv** **DE** *fantasieren* • **FR** *fabuler, divaguer* • **EN** *to fabulate, to imagine things* • **PT** *fantasiar, devanear, divagar* **Beispiller** deng eischt Argumenter ware gutt, elo **fänks** de awer un ze **fantaséieren**; eist Klengt hat d'lescht Nuecht esou héicht Féiwer, datt et **fantaséiert** huet

Fantasie [fantaz'i:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Fantasie* [Einbildungsvermögen] • **FR** *imagination* [créativité mentale] • **EN** *imagination* [mental creativity] • **PT** *fantasia, imaginação* **Beispiller** fir e gudder Roman ze schreiwen, brauch ee vill **Fantasie**; d'Schüler kënne bei dëser Aufgab hir **Fantasie** spille loossen **Synonym** **Imagination**

fantasielos [fantaz'i:lo:s] Adjektiv **DE** *fantasielos* • **FR** *sans imagination* • **EN** *unimaginative, uninspired* • **PT** *sem imaginação* **Beispill** dat Haus ass eng **fantasielos** Këscht

Fantasielosegkeet [fantaz'i:lo:zœcke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Fantasielosigkeit* • **FR** *manque d'imagi-*

nation • EN *lack of imagination* • PT *falta de imaginação*
Beispill dee Roman ass vun enger **Fantasielosegkeet**
 sonnergläichen

Fantast [fant'ast] Maskulinum (Pluriel Fantasten) pe-jorativ DE *Fantast* • FR *rêveur* • EN *dreamer, fantasist* • PT *sonhador, fantasista* **Beispill** deem **Fantast** seng Iddien hunn absolut näischt mat der Realitéit ze dinn!

i Weiblech Form: ↗Fantastin

fantastesch [fant'astəʃ] Adjektiv DE *fantastisch* *her-vorragend* • FR *fantastique, remarquable* *Adverb remar-quablement (bien)* • EN *fantastic, remarkable* *Adverb remark-ably* • PT *fantástico, excepcional* *Adverb fantástica-mente, excepcionalmente* **Beispiller** d'Sängerin huet eng **fantastesch** Stëmm; mäi Brudder ka **fantastesch** molen **Synonym** formidabel

Fantastin [fant'astin] Femininum (Pluriel Fantastin-nen) DE *Fantastin* • FR *rêveuse* • EN *dreamer, fantasist* [*female*] • PT *sonhadora, fantasista* **Beispill** lauschter net op seng Iddien, hatt ass eng **Fantastin**!

i Männlech Form: ↗Fantast

Far [fa:ʀ] Maskulinum (Pluriel Faren) DE *Farn* • FR *fou-gère* • EN *fern, bracken* • PT *feto* [*planta*] **Beispill** de **Far** mécht keng Bléien

Fär [fɛ:ɐ̯] Femininum (Pluriel Fären) DE *Fähre* • FR *bac, ferry-boat* • EN *ferry* • PT *ferryboat* **Beispill** et ginn eng Dosen Autoen op d'Fär

Farce [fɑ:ʀs] Femininum (Pluriel Farcen) DE *Farce, Posse* • FR *farce* [*pièce comique*] • EN *farce* [*play*] • PT *farsa* [*peça cômica*] **Beispiller** eis Theatertrupp féiert dëst Joer eng **Farce** op; deen Noperschaftssträit ass eng eenzeg **Farce**! egs Ideen Noperschaftssträit ass lächerlech!

Farce [fɑ:ʀs] Femininum (Pluriel Farcen) DE *Farce* [*Fül-lung*] • FR *farce* [*hachis*] • EN *stuffing* [*forcemeat*] • PT *re-cheio* [*picado*] **Beispill** eise Metzler mécht eng extra **Farce** a seng Kallefsbrëschtchen **Synonym** Gefëlls

Fard [fɑ:ʀt] Femininum (Pluriel Farden) **1.** DE *Sammel-mappe* • FR *chemise* [*porte-documents*] • EN *file, folder* • PT *capa, pasta* [*porta-documentos*] **Beispill** d'Sekretärin huet mer schonn d'**Fard** mat den Dokumenter prettgeluecht **2.** DE *Packung mit Klausurbögen* • FR *farde* [*liasse de feuilles à usage scolaire*] • EN *pack of double sheets* [*for written tests and exams*] • PT *conjunto de folhas de teste* **Beispill** ech muss mer eng **Fard** mat Din-A4-Blieder kafen **3.** DE *Klausurbogen* • FR *feuille de fard* • EN *double sheet* [*for written tests and exams*] • PT *folha de teste* **Beispill** während dem Examen hunn ech zwou **Farde** vollgeschriwwen **Synonym** Fardeblat

Fardeblat [f'ɑ:rdəbla:t] Neutrum (Pluriel Farde-blieder) DE *Klausurbogen* • FR *feuille de fard* • EN *double sheet* [*for written tests and exams*] • PT *folha de teste* **Beispill** während dem Examen hunn ech zwee **Farde-blieder** vollgeschriwwen **Synonym** Fard

Farerflucht [f'a:ʀɛflʊxt] Femininum (kee Pluriel) DE *Fahrerflucht* • FR *délit de fuite* • EN *hit-and-run offence* • PT *delito de fuga* [*depois de ter provocado um acidente*] **Beispill** hien huet e Mann iwwerrannt an dono **Farerflucht** gemaach

Farleerer [f'a:ʀlɛ:rɐ] Maskulinum (Pluriel **Farleerer** / **Farleereren**) DE *Fahrlehrer* • FR *moniteur d'auto-école* • EN *driving instructor* • PT *instrutor de condução* **Beispill** e gudde **Farleerer** bleift an all Situatioun roueg

i Weiblech Form: ↗Farleererin

Farleererin [f'a:ʀlɛ:rɐ:ʀin] Femininum (Pluriel **Farleererinnen**) DE *Fahrlehrerin* • FR *monitrice d'auto-école* • PT *instrutora de condução*

i Männlech Form: ↗Farleerer

Farplan Maskulinum (Pluriel **Farpläng**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: **Farplang**

Farplang [f'a:pɔŋ] Maskulinum (Pluriel **Farplangen** / **Farpläng**) - Variant vun ↗**Farplan**

Farschoul [f'a:ʀʃɔl] Femininum (Pluriel **Farschoulen**) **1.** DE *Fahrschule* [*Einrichtung*] • FR *auto-école* [*institution*] • EN *driving school* [*institution*] • PT *escola de condução* [*instituição*] **Beispiller** mäi Monni huet eng **Farschoul** an Däitschland; an der **Farschoul** sinn haut d'Virfaartsreegelen um Programm **2.** DE *Fahrschule* [*Gebäude*] • FR *auto-école* [*bâtiment*] • EN *driving school* [*building*] • PT *escola de condução* [*edifício*] **Beispill** hannert der **Farschoul** ass e **Parcours**, fir parken ze léieren

Farschüler [f'a:ʀʃy:lɛ] Maskulinum (Pluriel **Farschüler**) DE *Fahrschüler* • FR *élève conducteur, élève d'auto-école* • EN *learner driver* • PT *aluno de escola de condução* **Beispill** de **Farschüler** huet am praktesche Fürerschäinsexamen e **Stoppeschëld** iwwersinn

i Weiblech Form: ↗Farschülerin

Farschülerin [f'a:ʀʃy:lɛ:ʀin] Femininum (Pluriel **Farschülerinnen**) DE *Fahrschülerin* • FR *élève conductrice, élève d'auto-école* • PT *aluna de escola de condução*

i Männlech Form: ↗Farschüler

Farstonn [f'a:ʀʃton] Femininum (Pluriel **Farstonnen**) DE *Fahrstunde* • FR *leçon de conduite* [*pour apprendre à conduire*] • EN *driving lesson* • PT *aula de condução* [*para aprender a conduzir*] **Beispill** meng Schwëster huet haut hir éischt **Farstonn**

Fasan [faz'a:n] Maskulinum **Phasianus colchicus** **1.** (Pluriel **Fasanen**) DE *Fasan* [*Tier*] • FR *faisan* de *Colchide* [*animal*] • EN *common pheasant* • PT *faisão* [*-comum*] [*animal*] **Beispill** wéi laang bréien d'**Fasanen**? **2.** (kee Pluriel) DE *Fasan* [*Fleisch*] • FR *faisan* [*chair*] • EN *pheasant* [*meat*] • PT *faisão* [*carne*] **Beispill** um **Banquet** gouf et als **Hauptplatt** **Fasan** mat **Geméis** a **Gratin**

i Variant: **Fësang**

Fäsch [fæʃ] Femininum (Pluriel **Fäschchen**) DE *Reisig-bündel* • FR *fagot* • EN *faggot* [*wood*] • PT *feixe de gravetos* **Beispill** säi Papp huet him bäibruecht, wéi een eng **Fäsch** bënnt

Faschismus [faʃ'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Faschismus* • FR *fascisme* • EN *fascism* • PT *fascismo* **Beispill** am leschte Joerhonnert war de **Faschismus** an Europa wäit verbreet

Faschist [faʃ'ist] Maskulinum (Pluriel Faschisten) DE *Faschist* • FR *fasciste* • EN *fascist* • PT *fascista* **Beispill** d'Veersammlung vun de Faschisten ass vu lénken Demonstranten ënnerbrach ginn

W Weiblech Form: ↗Faschistin

faschistesesch [faʃ'istəʃ] Adjektiv DE *faschistisch* • FR *fasciste* • EN *fascist* • PT *fascista* **Beispill** faschistesesch Id-die fënnt een iwverall op der Welt

Faschistin [faʃ'istin] Femininum (Pluriel Faschistinnen) DE *Faschistin* • FR *fasciste* [*femme*] • EN *fascist* [*female*] • PT *fascista* [*mulher*] **Beispill** d'Organisateure vum Event hunn eng Kënschtlerin erëm ausgelueden, wéi sech erausgestallt huet, datt se eng Faschistin wier

M Männlech Form: ↗Faschist

Fa-Schlüssel [f'a:ʃlɛsəl] Maskulinum (Pluriel Fa-Schlüsselen) DE *Bassschlüssel, F-Schlüssel* • FR *clé de fa* • EN *bass clef, F clef* • PT *clave de fá* **Beispill** dem Cellist seng Stëmm ass am Fa-Schlüssel geschriwwen

Fascht [faʃt] Maskulinum (Pluriel Fäscht) 1. **égs** DE *Furz* • FR *pet* • EN *part* • PT *peido* **Beispiller** wien huet dee Fascht gelooss?; du méchs aus all Fascht e Fuerz (du iwverdrefs) **Synonym** Fuerz 2. **égs** kee Fascht DE *rein gar nichts* • FR *que dalle, rien du tout* • EN *sod all* • PT *patavina, nicles* **Beispiller** ech hu kee Fascht verstanen; maach dach een eng Luucht un, et gesäit ee jo kee Fascht hei! **Synonym** Fatz 3. **égs** kee Fascht DE *nicht die Bohne* • FR *pas du tout* • EN *not a bit, not at all* • PT *de modo nenhum* **Beispill** ech hu meng Elteren an der Vakanz kee Fascht vermësst **Synonym** Fatz

Fäschtchen [f'æʃtçən] Maskulinum (Pluriel Fäschtercher) - Diminutivform vun ↗Fascht

faschten [f'aʃtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefascht) » **intransitiv** **égs** DE *furzen* • FR *péter llâcher un pet* • EN *to fart* • PT *peidar-se* **Beispiller** wann ee Bounen ësst, muss ee vill **faschten**; et ass, fir an e Patt ze **faschten**! **graff** [⇒ seet een, wann ee sech iergert] **Synonym** fuerzen

Faschtert [f'aʃtet] Maskulinum (Pluriel Fascherten) **égs** DE *Mistkerl* • FR *fumier* [*salopard*] • EN *scumbag* • PT *monte de esterco* [*homem desprezível*] **Beispill** dee Faschtert huet eis am Stach gelooss

Fascicule [fasik'yli] Maskulinum (Pluriel Fascicullen) DE *Faszikel* • FR *fascicule* • PT *fascículo* [*caderno*] **Beispill** deen alen Dictionnaire ass an eenzele Fascicullen erauskomm

Faser [f'a:zə] Femininum (Pluriel Faseren) DE *Faser* • FR *fibre* • EN *fibres* [*thread*] • PT *fibra* **Beispill** dës Matt besteet aus kënschtliche Faseren

Fashionshow Femininum (Pluriel Fashionshopen)

H Hei entsteet en neien Artikel.

Fassad [fas'a:t] Femininum 1. (Pluriel Fassaden) DE *Fassade* [*eines Gebäudes*] • FR *façade* [*d'un bâtiment*] • EN *facade, front* [*of a building*] • PT *fachada* [*de um edifício*] **Beispill** d'Noperen hu wëlles, hir Fassad rout usträichen ze loossen **Synonym** Face 2. (kee Pluriel) DE *Fassade* [*trügerischer Anschein*] • FR *façade* [*appa-*

rence trompeuse] • EN *facade* [*mask, pretence*] • PT *fachada* [*aparência enganadora*] **Beispill** deem Typ seng Frëndlechkeet ass nëmme Fassad!

Fässchen [f'æsçən] Neutrum (Pluriel Fässercher) - Diminutivform vun ↗Faass

Fassung [fas'ʊŋ] Femininum (Pluriel Fassongen) 1. DE *Form* [*äußere Gestalt*] • FR *forme* [*apparence*] • EN *shape* [*form*] • PT *forma* [*aparência*] **Beispiller** beim éische Reen hat den Hutt seng Fassong verluer; de Schmadd huet d'Eise mam Hummer an déi richteg Fassong geklappt; ech sinn haut net a menger Fassong **égs** [ech fille mech haut net gutt]; du hues laang mat hinne gestriden, bréng dat erëm an d'Fassung! **égs** [du hues laang mat hinne gestriden, bréng dat erëm an d'Rei!] 2. DE *Art und Weise* • FR *façon* [*manière*] • EN *way, manner* • PT *maneira* [*modo*] **Beispiller** hien huet eng speziell Fassong, fir d'Leit ze motivéieren; wat ass dat doten eng Fassong, mat de Leit ëmzesprangen! **Synonymmen** Manéier, Uluecht

Fassung [f'asʊŋ] Femininum 1. (Pluriel Fassongen) DE *Fassung* [*Version*] • FR *version* [*d'une œuvre*] • EN *version, edition* • PT *versão* [*de uma obra*] **Beispill** vun dësem Lidd gëtt et zwou Fassongen **Synonym** Versioun 2. (Pluriel Fassongen) DE *Fassung* [*Haltevorrichtung*] • FR *monture, douille* [*support de fixation*] • EN *setting* [*for a jewel*], (*light*) *socket* • PT *engaste, casquilho* [*suporte de fixação*] **Beispiller** dësen Diamant huet eng schéi Fassong; hie schrauft eng Bier an d'Fassung 3. (kee Pluriel) DE *Fassung* [*Beherrschung*] • FR *contenance* [*contrôle de soi-même*] • EN *composure* • PT *compostura* [*autodominio*] **Beispiller** bei eisem Sträit huet hien d'Fassung verluer; hatt dréit de Verloscht vun sengem Verméige mat Fassong

fassungslös [f'asʊŋslo:s] Adjektiv DE *fassungslös* • FR *sidéré, frappé de stupeur* <Adverb avec *stupeur*> • PT *sidorado, estupefacto* <Adverb com *estupefação*> **Beispiller** dat Accident ass schrecklech, mir si fassungslös!; d'Famill huet fassungslös nogekuckt, wéi hiert Haus verbrannt ass

Fastfood [f'a:stfu:t] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Fastfood* • FR *fast-food, restauration rapide* • EN *fast food* • PT *fast food, restauração rápida* **Beispill** vill Jonker iessen am léifste Fastfood

faszinant [fastsin'ant] Adjektiv DE *faszinierend* • FR *fascinant* • EN *fascinating* • PT *fascinante* **Beispiller** d'Sonnendäischtert war e faszinante Moment; et ass faszinant, wéi séier kleng Kanner nei Sprooche kënnen léieren **Synonym** faszinéierend

Faszinatioun [fastsinasi'əʊŋ] Femininum (kee Pluriel) DE *Faszination* • FR *fascination* [*attrait*] • EN *fascination* • PT *fascinação* [*atração*] **Beispill** si hunn de Jongleure mat vill Faszinatioun nogekuckt

faszinéieren [fastsin'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé faszinéiert) » **transitiv** DE *faszinieren* • FR *fasciner* [*captiver, enthousiasmer*] • EN *to fascinate, to captivate* • PT *fascinar* [*cativar, entusiasmar*] **Beispiller** d'Technik huet mech nach ëmmer faszinéiert; d'Leit ware vum Concert faszinéiert; d'Leit hunn all ganz faszinéiert nogelauschtert

fatal [fat'a:l] Adjektiv **DE** *fatal* [verhängnisvoll, tödlich] • **FR** *fatal* [très grave, mortel] • **EN** *fatal* [calamitous, deadly] <Adverb *fatally*> • **PT** *fatal* [muito grave, mortal] **Beispiller** datt s du d'Enveloppë verwiesselt hues, war e fatalen Iertum; d'Geschicht ass **fatal** ausgaangen, de Blesséierten ass op der Plaz gestuerwen

Fatalismus [fatal'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Fatalismus* • **FR** *fatalisme* • **EN** *fatalism* • **PT** *fatalismo* **Beispill** de Fatalismus ass e wicthegen Aspekt an sengem Denken

Fatalist [fatal'ist] Maskulinum (Pluriel Fatalisten) **DE** *Fatalist* • **FR** *fataliste* • **EN** *fatalist* • **PT** *fatalista* **Beispill** e richtige Fatalist geet bei keen Dokter

1 Weiblech Form: ♀Fatalistin

fatalistes [fatal'istəʃ] Adjektiv **DE** *fatalistisch* • **FR** *fataliste* • **EN** *fatalistic* • **PT** *fatalista* **Beispill** hal op mat deem fatalistesche Gesouers a rapp dech um Bidon!

Fatalistin [fatal'istin] Femininum (Pluriel Fatalistinnen) **DE** *Fatalistin* • **FR** *fataliste* [femme] • **EN** *fatalist* [female] • **PT** *fatalista* [mulher] **Beispill** als Fatalistin gleewen ech fest drun, datt alles vum Schicksal bestëmmt gëtt

1 Männlech Form: ♂Fatalist

Fatz [fats] Femininum (Pluriel Fatzen) **1. DE** *Lumpen, Lappen* • **FR** *chiffon* • **EN** *rag, cloth* • **PT** *farrapo, trapo* **Beispiller** ech bräicht eng **Fatz**, fir mäi Vëlo ofzemaachen; ech hunn d'Teppecher geklappt, datt d'Fatze geflu sinn! **égs** lech hunn d'Teppecher ganz engeresch geklappt! **Synonym** Lump **2. égs** **DE** *Fetzen* • **FR** *bout de papier, bout de tissu* • **EN** *scrap* [of paper, of fabric] • **PT** *pedaço de papel, pedaço de pano* **Beispill** hues de keng **Fatz** Pabeier, fir eng Telefonsnummer opzeschreien? **3. égs** a Fatze rappen **DE** *zerfetzen* • **FR** *déchirer, mettre en lambeaux* • **EN** *to tear to pieces, to tear to shreds* • **PT** *rasgar, despedaçar* **Beispill** an der Roserei hunn ech mäi Protokoll a **Fatze** gerappt **Synonym** a Fatze räissen

Fatz [fats] Maskulinum (kee Pluriel) **1. égs** kee **Fatz** **DE** *rein gar nichts* • **FR** *que dalle, rien du tout* • **EN** *nothing at all, sod all* • **PT** *patavina, nicles* **Beispiller** ech hu kee **Fatz** verstanen; maach dach een eng Luucht un, et gesäit ee jo kee **Fatz** hei! **Synonymmen** kee **Batz**, kee **Fascht** **2. égs** kee **Fatz** **DE** *nicht die Bohne* • **FR** *pas du tout* • **EN** *not a bit, not at all* • **PT** *de modo nenhum* **Beispill** ech hu meng Elteren an der Vakanz kee **Fatz** vermësst **Synonym** kee **Fascht**

Fatzbeidel [f'atsbaidəl] Maskulinum (Pluriel **Fatzbeidelen**) **égs** **DE** *Lump* • **FR** *vaurien* • **EN** *scoundrel, wretch, good-for-nothing* • **PT** *bandalho* [biltre] **Beispill** dee **Fatzbeidel** beduckst déi aner Leit drop an der-widder **Synonym** **Fatzert**

fatzeg [f'atsəç] Adjektiv **1. DE** *zerrissen* [zerfetzt] • **FR** *déchiré* [en lambeaux] • **EN** *torn, ragged* • **PT** *esfarrapado, rasgado* **Beispill** de Bouf hat eng **fatzeg** Box an der Schoul un **2. égs** **DE** *heftig, gehörig* • **FR** *terrible* [important, très fort] <Adverb *terriblement*> • **EN** *violent, dreadful* <Adverb *dreadfully*> • **PT** *terível* [importante, muito intenso] <Adverb *terivelmente*> **Beispiller** op eisem leschte Bal war eng **fatzeg** Kläpperei; haut kënnt bestëmmt e

fatzeg Donnerwieder; doriwwer sinn ech **fatzeg** rosen!; dat war eng **fatzeg** Rechnung! [dat war eng ganz deier Rechnung!] **Synonymmen** gehéiereg, zerguttst, zolidd

Fätzchen [f'ætsəçən] Femininum (Pluriel **Fätzchen**) - Diminutivform vun ♂**Fatz**

fatzen [f'atsən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **gefatz**) » **intransitiv** **égs** **DE** *strolchen, streunen* • **FR** *errer, vadrouiller, flâner* • **EN** *to roam, to wander* • **PT** *errar, vaguear, deambular* **Beispill** d'Kanner sinn de ganzen Nomëtteg duerch de Bësch **gefatz**

Fatzert [f'atset] Maskulinum (Pluriel **Fatzerten**) **égs** **DE** *Lump* • **FR** *vaurien* • **EN** *scoundrel, wretch, good-for-nothing* • **PT** *bandalho* [biltre] **Beispill** duerch dee **Fatzert** ass eis Frëndschaft an d'Brëch gaangen **Synonym** **Fatzbeidel**

Faubourg [f'o:bu:r] Maskulinum (Pluriel **Faubourgen**) **DE** *Vorort* • **FR** *faubourg* • **PT** *subúrbio* **Beispill** a ville Groussstied sinn d'**Faubourge** gutt un den ëffentlechen Transport ugebonnen **Synonym** **Viruert**

fauchen [f'æ:ʊçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gefaucht**) » **intransitiv** **DE** *fauchen* [Tier] • **FR** *feuler* [animal] • **EN** *to hiss* [animal] • **PT** *rosnar* [animal] **Beispill** d'Kaz huet **gefaucht**, wéi ech se wollt heemeelen **Synonym** späizen

faul [fəʊl] Adjektiv **1. DE** *faul* [verdorben, verfault] • **FR** *pourri, gâté* [avarié] • **EN** *rotten, bad* • **PT** *podre, putrefacto, estragado* **Beispill** am Schaf sténkt et no **faulen** Eeër **Synonym** verfault **2. DE** *morsch, verrottet* • **FR** *pourri, moisi* [délabré] • **EN** *rotten* • **PT** *apodrecido, com mofo* [deteriorado] **Beispill** mir mussen d'Perch nei amaachen, déi al Pëil sinn all **faul** **3. DE** *faul, uninteressant* • **FR** *ennuyeux, inintéressant* • **EN** *boring* • **PT** *aborrecido, desinteressante* **Beispill** wat hues du mir hei eng **faul** Aarbecht ze maache ginn! **Synonym** langweileg **4. DE** *faul* [arbeitsscheu] • **FR** *paresseux, fainéant* • **EN** *lazy* • **PT** *preguiçoso, mandrião* **Beispill** dee **faule** Kärel foutéiert de ganzen Dag näischt! **Synonym** liddereg **5. DE** *faul* [fragwürdig] • **FR** *douteux, louche* • **EN** *fishy* • **PT** *duvidoso, suspeito* **Beispiller** dat ass just eng **faul** Ausried!; un där Geschicht ass eppes **faul**

Fauldéier Neutrum (Pluriel **Fauldéieren**) **DE** *Faultier* • **FR** *paresseux* [animal] • **PT** *preguiça* [animal] **Beispill** a Costa Rica hu mer vill **Fauldéiere** fotograféiert

faulen [f'əʊlən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **gefault**) » **intransitiv** **DE** *faulen* • **FR** *pourrir, se gâter* • **EN** *to go bad, to rot* • **PT** *apodrecer* [estragar-se] **Beispill** wann een d'Äppel téitscht, da **faulen** se

faulzen [f'əʊləntsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gefaulenz**) » **intransitiv** **DE** *faulzen* • **FR** *paresse* • **EN** *to laze* • **PT** *preguiçar* [mandriar] **Beispill** mir louchen de ganzen Dag an der Sonn ze **faulzen**

Faulenzer [f'əʊləntse] Maskulinum (Pluriel **Faulenzer**) **DE** *Faulenzer* • **FR** *fainéant, paresseux* • **EN** *lazybones* • **PT** *preguiçoso, mandrião* **Beispill** schaff emol eppes, du **Faulenzer**!

1 Weiblech Form: ♀Faulenzerin

Faulenzerin [f'æ:ʊləntsərin] Femininum (Pluriel Faulenzerinnen) **DE** Faulenzerin • **FR** *fainéante, paresseuse* • **EN** *lazybones* [female] • **PT** *preguiçosa, mandri-ona* **Beispill** déi Faulenzerin huet dee ganzen Dag geschlof an näischt geschafft

Männlech Form: ↗Faulenzer

faulzeg [f'ʊʊltʂæg] Adjektiv **1.** **DE** *angefault* • **FR** *gâté, légèrement pourri* • **PT** *ligeiramente podre, que começa a apodrecer* **Beispill** téitsch d'Äppel net, soss gi se faulzeg! **2.** **DE** *faulig* • **FR** *fétide, putride* • **PT** *fétido, pútrido* **Beispiller** wouhier kënnst dee faulzege Geroch?; am Gromperekeller richt et ferm faulzeg

Fauna [f'ʊʊna:] Femininum (kee Pluriel) **DE** Fauna • **FR** *faune* • **EN** *fauna* • **PT** *fauna* **Beispill** am Mëllerdall fënnst een deelweis eng ganz aner Fauna ewéi am Minett

Fauscht [fæ:ʊʃt] Femininum (Pluriel Fäischt) **DE** Faust • **FR** *poing* • **EN** *fist* • **PT** *punho* [*lmao fechada*] **Beispiller** ee Brudder huet deem anere mat der Fauscht an d'Gesicht geschloen; de Kläpper huet mat zwou Fäischt drageschloen; déi Remark passt ewéi d'Fauscht op d'A [égs] [déi Remark passt geneel; maach d'Fauscht an der Täscht! [égs] [weis deng Roserei net!]; hien huet sech eng Fauscht voll gelaacht [égs] [hien huet sech heemlech gefreet]; mir hunn elo op eege Fauscht e Geschäft opgemaach [égs] [mir hunn elo selwer e Geschäft opgemaach]; du muss bei denge Mataarbechter mat der Fauscht op den Dësch schloen! [égs] [du muss dech bei denge Mataarbechter duerchsetzen!]

fauschtdeck [fæ:ʊʃtd'ek] Adjektiv - Variant vun ↗fauschtendéck

fauschtendéck [fæ:ʊʃtænd'ek] Adjektiv **DE** *faustdick* • **FR** *gros comme le poing* • **EN** *fist-sized* • **PT** *do tamanho de um punho* **Beispiller** gëschter si fauschtendéck Knëppelsteng gefall; dat ass eng fauschtendéck Ligen [égs] [dat ass eng ongeheier Ligen]; hien huet et fauschtendéck hanner den Oueren [égs] [hien ass duerchdriwwen]; elo kënnst et fauschtendéck! [égs] [elo gött et richtig schro!]

Variant: fauschtéck

Fausermillen [fæ:ʊzəm'ilən] Eegennumm **DE** Fausermühle • **FR** *Fausermuehle* • **EN** *Fausermuehle* • **PT** *Fausermuehle* **Beispiller** ech wunnen op der Fausermillen; fiert dës Bus op d'Fausermillen?

Fausse couche [fo:sk'ʊʃ] Femininum (Pluriel Fausse-couchen) **DE** Fehlgeburt, Totgeburt • **FR** *fausse couche* • **EN** *miscarriage, stillborn (child)* • **PT** *aborto espontâneo* **Beispill** ier ech op d'Welt kouw, hat meng Mamm dräi Fausse-couchen **Synonym** Feelgebuert

fautelen [f'æ:ʊtələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gefautelt) » **intransitiv** [vereez] **DE** *mogeln* • **FR** *tricher* • **EN** *to cheat* [at a game] • **PT** *fazer batota* **Beispill** ech spillen net gäre mat him, well hie stänneg probéiert ze fautelen **Synonym** fuddelen

Faux-filet [fo:f'ile:] Maskulinum (Pluriel Faux-fileten) **DE** Lendenstück, Lende [vom Rind] • **FR** *faux-filet* • **PT** [*bife da*] *vazia* **Beispill** ech hunn eis fir e Sonndeg e Faux-filet vum Metzler matbruecht

Faux pas [fop'a:] Maskulinum (Pluriel Faux-pasen) **DE** *Fauxpas, Ausrutscher, Fehltritt* • **FR** *faux pas* [*écart de conduite, impair*] • **EN** *faux pas* • **PT** *passo em falso* [*desvio na conduta, deslize*] **Beispiller** mäi Patron huet mer dee klenge Faux pas verziert; et war e Faux pas, d'Ministesche an der Ried net begréisst ze hunn

Faux plat [fo:pl'a:] Maskulinum (Pluriel Faux-platen) **DE** *leichter Anstieg* [in einem Straßenverlauf] • **FR** *faux plat* • **PT** *subida ligeira* [*numa estrada*] **Beispill** um leschte Faux plat huet de Coureur seng Konkurrenten iwwerhol an d'Etapp gewonnen

Faveur [f'ʊʊvø:R] Femininum (Pluriel Faveuren) **DE** Gefallen [Gefälligkeit] • **FR** *faveur* [*service*] • **EN** *favour* [*act of kindness*] • **PT** *favor* [*serviço*] **Beispill** kéint Dir mir eng Faveur maachen? **Synonymmen** Gefalen, Gefälligkeit

favorabel [favo'r'a:bəl] Adjektiv **DE** *vorteilhaft* • **FR** *favorable, avantageux* • **EN** *favourable* • **PT** *favorável, vantajoso* **Beispill** déi nei Situatioun ass extreem favorabel fir eis

favoriséieren [favo:ri'z'ʒiə:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé favoriséiert) » **transitiv** **DE** *begünstigen, bevorzugen* • **FR** *favoriser, privilégier* • **EN** *to favour* [*to give an advantage to, to give preferential treatment to*] • **PT** *favorecer, privilegiar* **Beispiller** dës Steiersystem favoriséiert déi Leit, déi net vill verdéngen; de Personalchef kritt virgeworf, bei där Ustetzung een aus senger Famill favoriséiert ze hunn

Favorit Maskulinum (Pluriel Favoritten) **DE** *Favorit* [*voraussichtlicher Sieger*] • **FR** *favori* [*vainqueur potentiel*] • **EN** *favourite* [*expected winner*] • **PT** *favorito* [*vencedor presumível*] **Beispiller** de Favorit huet d'Course mat enger grousser Avance gewonnen; an dëser Ausstellung ass dat Bild mäi Favorit [an dëser Ausstellung hunn ech dat Bild am léifsten]

Weiblech Form: ↗Favorittin

Favoritismus [favo:ri'tismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Günstlingswirtschaft* • **FR** *favoritisme* • **EN** *favouritism* • **PT** *favoritismo* **Beispill** esou Fäll vu Favoritismus misste bestrofft ginn

Favorittin [favo:ri'tin] Femininum (Pluriel Favorittinnen) **DE** *Favoritin* [*voraussichtliche Siegerin*] • **FR** *favorite* [*vainqueur potentielle*] • **PT** *favorita* [*vencedora presumível*]

Männlech Form: ↗Favorit

Fax [foks] Maskulinum (Pluriel Faxen) **1.** **DE** *Fax, Faxgerät* • **FR** *fax, télécopieur* • **EN** *fax machine* • **PT** *fax* [*aparelho*] **Beispill** de Fax ass futti **2.** **DE** *Fax* [*Mitteilung*] • **FR** *fax* [*message*] • **EN** *fax* [*message, document*] • **PT** *fax* [*mensagem*] **Beispill** hie krut e Fax geschéckt

faxen [f'aksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gefaxt) » **transitiv** **DE** *faxen* • **FR** *faxer* • **EN** *to fax* • **PT** *mandar por fax* **Beispill** de Sekretär huet him de Rapport gefaxt

Faxen [f'aksən] Substantiv (kee Singulier) [égs] **DE** *Faxen* [*Späße*] • **FR** *bêtises, p'teries* • **EN** *silliness, tomfoolery, pranks* • **PT** *brincadeiras, palhaçadas* **Beispill** hal op mat denge Faxen, mir sinn net an der Spillschoul!

faxen [f'aksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefaxt) » **intransitiv** [ëgs] **DE** fackeln • **FR** hésiter • **EN** to hesitate • **PT** hesitar **Beispill** si hunn net laang gefaxt

Faxnummer [f'aksnumər] Femininum (Pluriel Faxnummern) **DE** Faxnummer • **FR** numéro de fax • **PT** número de fax **Beispill** ech brauch deng Faxnummer net, ech schécken der d'Dokumenter per E-Mail

Fazit [f'a:tsit] Maskulinum (Pluriel Faziten / Faziter) **DE** Fazit • **FR** résultat, bilan, conclusion • **EN** summary, conclusion • **PT** resultado, balanço, conclusão **Beispill** de President huet säi Fazit um Enn vun der Sätzung gezunn

featuren Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefeaturet / gefeatured)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Februar [f'e:brua:r] Maskulinum (Pluriel <seelen> Februaren) **DE** Februar • **FR** février, mois de février • **EN** February • **PT** fevereiro **Beispill** de Februar ass dee kierzte Mount am Joer

Féchschen [f'eksjən] Maskulinum (Pluriel Féchscher) - Diminutivform vun ↗Fochs

fechten [f'æctən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefecht) » **intransitiv** **1.** **DE** fechten [kämpfen] • **FR** faire de l'escrime • **EN** to fence • **PT** praticar esgrima **Beispill** ech fechte scho säit véier Joer » **transitiv** **2.** **DE** erbetteln • **FR** quêmander • **EN** to beg for, to scrounge • **PT** pedirchar **Beispiller** am Krich musse vill Leit hir Kuuscht fechte goen; all Kéier, wann eisen Enkel en neien Auto keeft, kënnt e bei eis (Suen) fechten! **Synonym** heeschen

i Verb, dat **fechten** als Basis huet: ↗ufechten

Fechter [f'æctə] Maskulinum (Pluriel Fechter) **DE** Fechter • **FR** escrimeur • **EN** fencer • **PT** esgrimidor **Beispill** e gudde Fechter huet säi Géigner ëmmer am A

i Weiblech Form: ↗Fechterin

Fechterin [f'æctərin] Femininum (Pluriel Fechterinnen) **DE** Fechterin • **FR** escrimeuse • **EN** fencer [female] • **PT** esgrimidora **Beispill** déi talentéiert Fechterin huet den Tournoi haushéich gewonnen

i Männlech Form: ↗Fechter

fécken [f'ekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geféckt) » **transitiv** **1.** [vulgär] **DE** ficken • **FR** foutre, niquer • **EN** to shag, to fuck • **PT** foder com **Beispiller** ech kann et kaum erwaarden, den Owend heemzekommen an dech esou richteg ze fécken; du kanns esou vill Leit fécken, wéi s de wëlls, mee vergiess d'Kon-domer net!; féck dech (an de Knéi)! [klibber mech!] **Synonymmen** biischten, bimmelen, buppen, käipen » **intransitiv** **2.** [vulgär] **DE** ficken • **FR** foutre, niquer • **EN** to shag, to fuck • **PT** foder **Beispill** kee vun eis war op der Sich no enger fester Bezéiung, mer wollte just fécken **Synonymmen** biischten, bimmelen, buppen, käipen

féckereg [f'ekərəç] Adjektiv **1.** [vulgär] **DE** fickerig, geil, lüstern • **FR** obscène, vicieux, cochon • **EN** horny, randy, lecherous • **PT** obsceno, lascivo, libidinoso **Beispill** dee féckeregen Typ do misst emol gutt op d'Fangere geklappt kréien! **Synonymmen** gäil, verhouert **2.** [ëgs]

[vereezelt] **DE** fickerig, unruhig • **FR** excité, agité • **EN** fidgety, restless • **PT** excitado, agitado **Beispill** ier d'Resultater vun Examen erauskoumen, waren d'Schüler ganz féckereg **Synonymmen** opgedréit, opgereegt, wibbeleg

Féckmillchen [f'ekmilçən] Femininum (Pluriel Féckmillercher) [ëgs] **DE** Zwickmühle • **FR** double-moulin [dans le jeu du moulin] • **EN** double mill [in nine men's morris] • **PT** moinho duplo [no jogo do moinho] **Beispiller** mäi Papp huet a fënnef Partien hannereneen eng Féckmillche kritt; wéi solle mer aus dëser Féckmillchen erauskommen? [wéi solle mer aus dëser schwiereger Situatioun erauskommen?] **Synonym** Zwéckmillchen

Féckmillchen [f'ekmilçən] Femininum (Pluriel Féckmillercher)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

féckreg [f'ekrəç] Adjektiv - Variant vun ↗féckereg

Federatioun [federasj'øun] Femininum (Pluriel Federatiounen) **DE** Verband [Vereinigung] • **FR** fédération [association, union] • **EN** federation, association, union • **PT** federação [associação, união] **Beispiller** d'Federatioun vun de Pâtissieren huet eng interessant Broschür erausginn; d'Sportsveräiner krute virun der Saison eng finanziell Ënnerstëtzung vun hirer Federatioun **Synonym** Verband

federéieren [feder'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé federéiert) » **intransitiv** **DE** sich (in einem Verband) zusammenschließen • **FR** se fédérer • **EN** to federate • **PT** federar-se **Beispill** déi verschidde Veräiner hu federéiert

Federéiert Staate vu Mikronesien Eegennumm (kee Singulier) **DE** Föderierte Staaten von Mikronesien • **FR** États fédérés de Micronésie • **EN** Federated States of Micronesia • **PT** Estados Federados da Micronésia **Beispiller** ech war schonn dräimol an de Federéierte Staate vu Mikronesien; ech fueren d'nächst Woch an d'Federéiert Staate vu Mikronesien; ech kommen aus de Federéierte Staate vu Mikronesien

Fee [fe:] Femininum (Pluriel Feeën) **DE** Fee • **FR** fée • **EN** fairy [sprite] • **PT** fada **Beispiller** eng Fee huet him am Dram dräi Wënsch erfëllt; an de Mäercher geet dacks vu Feeë neds

Feebruar Maskulinum (Pluriel <seelen> Feebruaren) - Variant vun ↗Februar

Feedback [f'i:tbæk] Maskulinum (Pluriel Feedbacken) **DE** Feedback, Rückmeldung • **FR** feed-back, retour d'opinion • **EN** feedback • **PT** retorno de informação, feedback **Beispill** mir si frou iwuer all Feedback, dee mir vun eise Clientë kréien **Synonym** Réckmeldung

feeën [f'e:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefeet) » **transitiv** **DE** putzen [Gemüse] • **FR** nettoyer [des légumes] • **EN** to trim, to prepare [vegetables] • **PT** limpar [legumes] **Beispill** d'Kanner hëllefden der Bomi d'Boune feeën; hues du d'Mauséiercherszalot scho gefeet?; d'Gäsch haten d'Plättelen op een Zoch gefeet [ëgs] [d'Gäsch haten d'Plättelen op een Zoch eidel giess]; wann s de dech net gëss, da kriss den Hënneschte gefeet! [ëgs] [wann s de dech net gëss, da gëss de gebeetscht!] **Synonym** botzen

Feegfeier [f'e:ɕfaɪɐ] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Fegefeuer • **FR** *purgatoire* • **EN** *purgatory* • **PT** *Purgatório* **Beispill** de Paschtouer huet de Kanner am Unterrecht vum Feegfeier gezielt

feel [fe:l] Adjektiv feel op der Plaz sinn **DE** *fehl am Platz sein* • **FR** *ne pas être à sa place, être déplacé l'être inadapté, inapproprié* • **EN** *to be in the wrong place, to be inappropriate* • **PT** *estar deslocado, ser impróprio, ser inoportuno* **Beispiller** wann s de net frou bass mat Déieren, bass de am Déierenasyl feel op der Plaz; deng pessimistesch Remarque sinn hei feel op der Plaz

Feel [fe:l] Femininum (kee Pluriel) **1.** vereez an der Feel sinn **DE** *im Fehler sein, im Unrecht sein* • **FR** *être en faute, être dans son tort* • **PT** *ter cometido uma falta, ter a culpa* **Beispill** wann ech an der Feel sinn, entschëllegen ech mech **Synonymmen** am Feeler sinn, am Onrecht sinn **2.** vereez ouni Feel **DE** *unbedingt* • **FR** *sans faute [obligatoirement]* • **PT** *sem falta [infalívelmente]* **Beispill** du muss ouni Feel virun acht Auer um Büro sinn **Synonym** onbedéngt

Feelbildung [f'e:lbilduŋ] Femininum (Pluriel Feelbildungen) **DE** *Fehlbildung* • **FR** *malformation* • **EN** *malformation* • **PT** *malformação* **Beispill** d'Kand ass mat enger Feelbildung op d'Welt komm

feelen [f'e:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefeelt) » **intransitiv 1.** **DE** *fehlen [abwesend sein, nicht vorhanden sein]* • **FR** *manquer [être absent, faire défaut]* • **EN** *to be absent, to be missing* • **PT** *faltar [estar ausente, não haver]* **Beispiller** wie *feelt* haut?; an dengem ganzen Diktat hunn nëmmen dräi Kommae gefeelt; et ass elo scho fir d'véiert, datt an der Keess Sue *feelen!*; et *hätt* net vill gefeelt, an ech wier gefall [ech wier bal gefall]; suerg derfir, datt et eise Gäscht un näischt *feelt!* [suerg derfir, datt eis Gäscht alles hunn, wat se brauchen!]; dat schlecht Wieder *huet* eis nach grad gefeelt! fironesch [dat schlecht Wieder kënne mer elo absolut net gebrauchen!]; wat *feelt* der? [bass de krank?; hues de e Problem?] **2.** **DE** *fehlen [vermisst werden]* • **FR** *manquer [sur le plan affectif]* • **EN** *to be missed by [to be longed for]* • **PT** *fazer falta a [no plano afetivo]* **Beispill** d'Bomi *feelt* hiren Enkelkanner

feelend [f'e:lənt] Adjektiv **DE** *fehlend* • **FR** *manquant, insuffisant* • **EN** *missing* • **PT** *inexistente, insuficiente, falta de* **Beispill** wéinst *feelender* Transparenz ginn d'Resultater vun de Walen a Fro gestallt

Feelentscheidung Femininum (Pluriel Feelentscheidungen) **DE** *Fehlentscheidung* • **FR** *mauvaise décision* • **EN** *wrong decision, poor decision* • **PT** *decisão errada* **Beispiller** den Arbitter ass duerch eng Rei *Feelentscheidungen* an d'Kritik geroden; déi vill politesch *Feelentscheidungen* hunn zu der Demissioun vun der Presidentin gefouert

Feeler [f'e:lɛ] Maskulinum (Pluriel Feeler) **1.** **DE** *Fehler [Schreibfehler]* • **FR** *faute [faute d'orthographe, d'inattention, de frappe]* • **EN** *mistake [inaccuracy]* • **PT** *erro [de ortografia, de inadverteência, de datilografal]* **Beispiller** de Bouf hat vill *Feeler* an sengem Diktat; dee *Feeler* hunn ech der schonn dräimol ënnerstrach! **2.** **DE** *Fehler [Fehlverhalten]* • **FR** *faute [comportement fautif]* • **EN** *mistake [of judgement]* • **PT** *erro, falta [comportamento falto]* **Beispiller** all Mënsch mécht *Feeler*; de Patient

huet säin Dokter wéinst engem *Feeler* ugesicht **3.** am *Feeler* sinn **DE** *im Fehler sein, im Unrecht sein* • **FR** *être en faute, être dans son tort* • **EN** *to be in the wrong* • **PT** *ter cometido uma falta, ter a culpa* **Beispill** wann ech am *Feeler* sinn, entschëllegen ech mech **Synonym** am Onrecht sinn **4.** **DE** *Fehler [Fabrikationsfehler]* • **FR** *défaut [vice de fabrication]* • **EN** *flaw, defect [in a product]* • **PT** *defeito [de fabricol]* **Beispill** am Stoff vu mengem Paltong ass e klenge *Feeler* **5.** **DE** *Fehler [Untugend]* • **FR** *défaut [imperfection morale]* • **EN** *fault [weakness of character]* • **PT** *defeito [imperfeição moral]* **Beispill** all Mënsch *huet* seng *Feeler* **Synonym** Ondugend

feelerfräi [f'e:lefræ:i] Adjektiv **DE** *fehlerfrei* • **FR** *impeccable, sans faute* <Adverb sans erreur, sans accroc> • **PT** *impecável, sem erros* <Adverb sem problemas, perfeitamente> **Beispiller** vill Kandidaten hunn et emol net fäerdegbruecht, eng *feelerfräi* Demande ze schreien; du bass deen Eenzegen, deen dat ganz Gedicht *feelerfräi* konnt opsoen

feelertolerant [f'e:letolərant] Adjektiv **DE** *fehlertolerant* • **FR** *tolérant aux erreurs* • **EN** *error-tolerant* • **PT** *tolerante a erros* **Beispill** d'Sich op eisem Internetsite ass *feelertolerant*

Feelgebuert [f'e:lgəbu:ɐt] Femininum (Pluriel Feelgebuerten) **DE** *Fehlgeburt, Totgeburt* • **FR** *fausse couche* • **EN** *miscarriage, stillborn (child)* • **PT** *aborto espontâneo* **Beispill** ier ech op d'Welt koom, hat meng Mamm dräi *Feelgebuerten* **Synonym** Fausse couche

feelgoen [f'e:lgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *feelgaangen* / *feelgaang*) » **intransitiv DE** *fehlgehen, danebengehen* • **FR** *quitter sa trajectoire* • **EN** *to miss a target, to go wide* • **PT** *falhar o alvo [projétil]* **Beispiller** hie gouf vun enger Kugel getraff, déi *feelgaange* war; ech *gi* sécher net *feel*, wann ech der soen, datt déi Saach net riicht ausgeet [egs] [ech iere mech sécher net, wann ech der soen, datt déi Saach net riicht ausgeet]

feelgoen [f'e:lgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *feelgaangen* / *feelgaang*) » **intransitiv 1.** *feelgoe* mat *de* *weitererzählen, verbreiten* • **FR** *propager, divulguer* • **EN** *to repeat, to spread* • **PT** *contar por todo o lado, espalhar* **Beispill** géi net mat all Geschicht *feel*, déi s de am Café héiers! **2.** *feelgoe* mat *de* *hausieren (gehen) mit* • **FR** *colporter [une marchandise], chercher à vendre* • **EN** *to peddle, to hawk* • **PT** *vender pelas ruas, vender porta a porta* **Beispill** mäi Grousspapp ass an der Zäit mat Knäpp an Zwiier *feelgaangen*

Feelinvestitioun [f'e:linvæstisjəʊn] Femininum (Pluriel Feelinvestitiounen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Feelpass Maskulinum/Femininum (Pluriel *Feelpassen* / *Feelpäss*) **DE** *Fehlpass* • **FR** *passe manquée, mauvaise passe* • **EN** *bad pass* • **PT** *passe falhado, mau passe* **Beispill** der Ekipp hir nei Stiermerin *huet* bis elo am Match nach keng *Feelpass* gespillt

Feels [fe:ls] Eegennumm - Variant vun ↗Fiels

Feelschlag [f'e:lsʃla:χ] Maskulinum (Pluriel *Feelschléi*) **DE** *Fehlschlag [Misserfolg]* • **FR** *échec, flop* • **EN** *flop [failure]* • **PT** *fracasso, falhanço* **Beispill** dem

jonke Regisseur säin éischte Film war e komplette Feelschlag **Synonymmen** Echec, Mésserfolleg

feelschloen [f'e:|f|o:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé feelgeschloen) » **intransitiv** DE *fehlschlagen* • FR *échouer [ne pas aboutir]* • EN *to fail [to be unsuccessful]* • PT *fracassar, falhar* **Beispill** all eis Versich si feelgeschloen

Feelstellung [f'e:|f|tæluŋ] Femininum (Pluriel Feelstellungen) DE *Fehlstellung* • FR *malposition* • EN *malposition, faulty position* • PT *má postura* **Beispill** no der Gebuert gëtt bei Puppelcher zimmlech heefeg eng Feelstellung vun den Héften diagnostizéiert

Feeltrëtt [f'e:|f|rət] Maskulinum (Pluriel Feeltrëtt) DE *Fehltritt, Fauxpas* • FR *faux pas [écart de conduite]* • EN *faux pas, gaffe* • PT *passo em falso, deslize [desvio na conduta]* **Beispill** mäi Patron huet mer dee kleng Feelttrëtt verzien **Synonym** Faux pas

Feescht [f'e:|f:t] Femininum (Pluriel Feeschten) **1.** DE *Ferse [am Fuß]* • FR *talon [partie postérieure du pied]* • EN *heel [of a foot]* • PT *calcanhar [parte posterior do pé]* **Beispiller** jidder Leefer passt op, deem virdrun net an d'Feescht ze trëppelen; a mengen neie Schong krut ech eng Bloder op d'Feescht; nodeems ech mat der Feescht operéiert war, konnt ech e puer Woche kee Sport maachen **2.** DE *Ferse [eines Strumpfs]* • FR *talon [d'une chaussette]* • EN *heel [of a sock]* • PT *calcanhar [de uma meia]* **Beispill** d'Feeschte vu mengen neie Strëmp si schonn zerrass

Feier [f'ɑiə] Neutrum **1.** (kee Pluriel) DE *Feuer [Verbrennungsvorgang]* • FR *feu [phénomène de combustion]* • EN *fire [combustion, burning]* • PT *fogo [fenómeno de combustão]* **Beispiller** d'Kontroll vum Feier war eng bedeutend Etapp an der Entwécklung vun der Mënschheet; si fäerten hien ewéi d'Feier! [égs] [si fäerten hie ganz vill]; hues de Feier? [égs] [kanns de mer däi Briquet oder däi Fixfeier léinen?]; wou Damp ass, (do) ass och Feier! [égs] [et stécht ëmmer eng Pouz Wouerecht hanner engem Gespréich]; spill net mam Feier! [égs] [bréng dech net an eng geféierlech Situatioun!]; Kanner sinn ëmmer direkt Feier a Flam [égs] [Kanner si séier ze begeeschteren]; fir dech géif ech duerch d'Feier goen! [égs] [fir dech géif ech alles maachen]; fir dee Mann strecken ech d'Hand an d'Feier! [égs] [fir dee Mann biergen ech]; dee Sänger huet Feier an der Box! [égs] [Idee Sänger ass e feierege Käre] **2.** (Pluriel Feieren) DE *Feuer [Zweckfeuer]* • FR *feu [feu contrôlé]* • EN *fire [bonfire]* • PT *fogo [fogo controlado]* **Beispiller** d'Kanner maachen de Mëtteg mat hiren Elteren e Feier am Gaart; däi Kolleeg huet méi ewéi een Eisen am Feier! [égs] [däi Kolleeg léisst sech e puer Méigleechkeeten op] **3.** (Pluriel Feieren) DE *Feuer, Brand* • FR *incendie* • EN *fire [conflagration]* • PT *incêndio* **Beispiller** de Pompjee ass am Prisong, well e Feier geluecht hat; d'Feier huet vum Stall op d'Haus iwwegegraff; elo ass d'Feier am Stréi! [égs] [elo ass d'Situatioun net méi ze meeschteren!]; meng Bridder hunn Ueleg op d'Feier geschott [égs] [meng Bridder hunn derfir gesuergt, datt de Sträit nach méi schlëmm ginn ass] **Synonym** Brand

Feier [f'ɑiə] Femininum (Pluriel Feieren) DE *Feier* • FR *fête, cérémonie* • EN *celebration, party, ceremony* • PT

festa, cerimónia **Beispiller** fir hir Gëllen Hochzäit hu meng Grousselteren d'ganz Famill op eng Feier invitéiert; fir den neie Fändel anzeweien, huet d'Harmonie eng Feier organiséiert **Synonym** Fest

Feieralarm Maskulinum (Pluriel Feieralarmen / Feieralarmer)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Feierblumm [f'ɑiəblum] Femininum (Pluriel Feierblummen) DE *Klatschmohn* • FR *coquelicot* • EN *poppy* • PT *papoila* **Beispill** um Bord vun de Felder gesäit een nees méi Feierblummen a Karblummen

Feierdag [f'ɑiəda:χ] Maskulinum (Pluriel Feierdeeg) DE *Feiertag* • FR *jour férié, fête [donnant lieu à un jour férié]* • EN *holiday [public holiday]* • PT *feriado, festa [dando lugar a um feriado]* **Beispiller** ech muss heiansdo sonndes oder op engem Feierdag schaffen; schéi Feierdeeg!

feiereg [f'ɑiəɾəç] Adjektiv **1.** DE *feuerrot* • FR *rouge feu* • EN *bright red* • PT *rubro* **Beispill** d'Kanner koume mat feierege Baken aus dem Schnéi **Synonym** feierrot **2.** DE *feurig, scharf* • FR *fort, pimenté* • EN *fiery, hot, spicy* • PT *ardente, picante* **Beispill** schmaach emol déi feiereg Zooss! **3.** DE *feurig [temperamentvoll]* • FR *fougueux* <Adverb *fougueusement*> • EN *fiery, passionate* • PT *fogoso [cheio de ardor]* <Adverb *fogosamente*> **Beispiller** du hues nawell eng feiereg Ried gehalen!; seng Aen hu ganz feiereg geblénkt

feieren [f'ɑiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gefeiert) » **transitiv** **1.** DE *feiern* • FR *fêter, célébrer* • EN *to celebrate* • PT *festejar, celebrar* **Beispiller** e Samshedeg feieren ech mäi Gebuertsdag; hie léisst sech gär feieren » **intransitiv** **2.** DE *feiern* • FR *faire la fête* • EN *to party* • PT *festejar* **Beispill** denk net un deng Suergen, haut gëtt gefeiert!

I Verben, déi **feieren** als Basis hunn: *duerchfeieren, afeieren an aufeieren*

féieren [f'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé geféiert / gefouert) » **transitiv** **1.** DE *föhren [geleiten]* • FR *mener, conduire [accompagner, guider]* • EN *to lead [to guide], to escort [to accompany]* • PT *levar, conduzir [acompanhar, guiar]* **Beispiller** am Krich hu Passeuren d'Leit iwwer d'Grenz geféiert; de Papp huet d'Braut an d'Kierch geféiert **2.** DE *föhren [vornehmen]* • FR *mener [réaliser]* • EN *to conduct [to hold]* • PT *conduzir, levar [realizar]* **Beispiller** et hu misse laang Verhandlung geféiert ginn; déi Koppel huet en aarmséilegt Liewe geféiert [déi Koppel hat en aarmséilegt Liewen] **3.** DE *föhren [leiten, betreiben]* • FR *diriger, gérer* • EN *to run, to manage* • PT *governar, dirigir, gerir* **Beispiller** eng Haushälterin féiert dem Nottär de Stot; dee Betrib ass schlecht geféiert » **intransitiv** **4.** DE *föhren [verlaufen]* • FR *mener, conduire [itinéraire]* • EN *to lead, to go [road]* • PT *levar, conduzir [itinerário]* **Beispill** d'Autobunn féiert ronderëm d'Stad **5.** féieren zu DE *föhren zu [resultieren in]* • FR *aboutir à, mener à [à une conséquence, un résultat]* • EN *to lead to [a result]* • PT *levar a, conduzir a [a uma consequência, a um resultado]* **Beispiller** dat do féiert zu näischt!; déi nei Reegelung huet just zu Streidereie geféiert

I Verben, déi **féieren** als Basis hunn: *aféieren, ausféieren, ausféieren, duerchféieren, eraféieren, eraféieren, erausféieren, eropféieren, eropféieren, ewechféieren, ewechféieren, fortféieren, hanneschtféieren, hanneschtféieren, heemféieren, heemféieren, hiféieren, hiféieren, hin- an hierféieren, hin- an hierféieren, hierféieren, laanschtféieren, offéieren, opféieren, uféieren, uropféieren, virféieren, viruféieren, weiderféieren, zeréckféieren, zeréckféieren an zesummeféieren*

féieren [f'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefouert) » **transitiv DE** *fahren, bringen [transportieren]* • **FR** *conduire, mener, transporter [conducteur, véhicule]* • **EN** *to drive, to take [to transport]* • **PT** *levar, conduzir, transportar [conductor, veículo]* **Beispiller** ech féiere meng Schwëster zweemol an der Woch an d'Schwämm; muer féiere mer d'Miwwelen op den Tipp

I Verben, déi **féieren** als Basis hunn: *aféieren, ausféieren, ausféieren, duerchféieren, eraféieren, eraféieren, erausféieren, eropféieren, eropféieren, ewechféieren, ewechféieren, fortféieren, hanneschtféieren, hanneschtféieren, heemféieren, heemféieren, hiféieren, hiféieren, hin- an hierféieren, hin- an hierféieren, hierféieren, laanschtféieren, offéieren, opféieren, uféieren, uropféieren, virféieren, viruféieren, weiderféieren, zeréckféieren, zeréckféieren an zesummeféieren*

feierfest [f'aɪfɛst] Adjektiv **DE** *feuerbeständig, feuerfest* • **FR** *inflammable, résistant au feu* • **EN** *fireproof, heatproof* • **PT** *não inflamável, resistente ao fogo* **Beispiller** de Pompjeeën hir Kleedung ass aus feierfestem Material; d'Dier vum Tresor ass feierfest; géff mer déi feierfest Schossel eriwwer!

Feierkäppchen [f'aɪkæpçən] Maskulinum (Pluriel Feierkäppercher) **Regulus ignicapilla DE Sommergoldhähnchen** • **FR** *roitelet triple-bandeau* • **EN** *firecrest* • **PT** *estrelinha-de-cabeça-listada* **Beispill** wéi laang bréien d'Feierkäppercher?

Feierkrop [f'aɪkɾo:p] Maskulinum (Pluriel Feierkreep) **DE Schürhaken** • **FR** *tisonnier* • **EN** *poker [for a fire]* • **PT** *atiçador [utensílio]* **Beispill** verbrenn der d'Fangeren net um Feierkrop! **Synonym** Krop

Feierlächcher [f'aɪlæçɛ] Maskulinum (Pluriel Feierlächcher) **DE Feuerlöscher** • **FR** *extincteur* • **EN** *fire extinguisher* • **PT** *extintor* **Beispiller** op all Stack vum Schoulgebai hänkt e Feierlächcher; den Zoustand vun de Feierlächcher muss heiansdo iwwerpräift ginn

feierlech [f'aɪlɛç] Adjektiv **DE** *feierlich* • **FR** *solennel* <Adverb *solennellement*> • **EN** *formal, ceremonial* <Adverb *formally*> • **PT** *solene* <Adverb *solenemente*> **Beispiller** de Buergermeeschter huet eng feierlech Ried gehalten; d'Schoulgebai ass feierlech ageweit ginn

Feierlechkeet [f'aɪlɛçke:t] Femininum (Pluriel Feierlechkeeten) **DE Feierlichkeit [Feier]** • **FR** *célébration, fête* • **EN** *festivity, celebration* • **PT** *celebração, festa* **Beispiller** de Kannerchouer aus der Gemeng huet bei de Feierlechkeete matgemaach; et ass iergendeng Feierlechkeet op der Gemeng

Feierowend [f'aɪəro:vənt] Maskulinum (Pluriel Feierowenter / Feierowender) **1. DE** *Feierabend* • **FR** *fin de la journée [de travail]* • **EN** *end of work, finishing time* • **PT** *fim do dia [de trabalho]* **Beispill** no Feierowend mécht d'Butteksfra dacks nach e klengen Tour mam Vélo **2.** *Feierowend maachen* **DE** *Feierabend machen* •

FR *terminer sa journée [de travail]* • **EN** *to call it a day, to finish work for the day* • **PT** *terminar o dia [de trabalho]* **Beispill** ech tippe mäi Rapport nach fäerdeg, an da maachen ech Feierowend

feierrou [f'aɪɐ'ʁu:t] Adjektiv **DE** *feuerrot* • **FR** *rouge feu* • **EN** *flaming red* • **PT** *rubro* **Beispiller** mäi Frënd huet feierrou Hoer an d'Gesicht voller Speechelen; stënterlech gouf hie feierrou am Gesiicht

Feierstengsalot [f'aɪstɛŋstsal'o:t] Femininum (Pluriel Feierstengsaloten) **DE Rindfleischsalat** • **FR** *salade de viande de bœuf* • **EN** *beef salad* • **PT** *salada de carne de vaca* **Beispill** mir haten de Mëtteg eng gutt Feierstengsalot

Feierstonn [f'aɪstɔn] Femininum (Pluriel Feierstonnen) **DE** *Feierstunde* • **FR** *petite cérémonie* • **EN** *ceremony* • **PT** *pequena cerimónia* **Beispill** an enger Feierstonn gouf de Beamte fir seng Verdéngschter geéiert

Féierung [f'ziəʁuŋ] Femininum (Pluriel Féierungen) **DE Führung [Besichtigung]** • **FR** *visite guidée* • **EN** *guided tour* • **PT** *visita guiada* **Beispill** am Musée sinn dëse Weekend eng Rei Féierungen **Synonym** Visite guidée

Feierwon [f'aɪv'o:n] Maskulinum (Pluriel Feierween) **DE Dampflokomotive** • **FR** *locomotive à vapeur* • **EN** *steam engine [locomotive]* • **PT** *locomotiva a vapor* **Beispill** de Feierwon fiert am Dauschen iwwer d'Strooss vun Eisen

feig [f'aɪç] Adjektiv **DE** *feige* • **FR** *lâche* <Adverb *lâchement*> • **EN** *cowardly* <Adverb *in a cowardly way*> • **PT** *cobarde* <Adverb *cobardemente*> **Beispill** et ass feig, mech grad elo am Stach ze loossen

Feigheet [f'aɪçhe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE Feigheit** • **FR** *lâcheté* • **EN** *cowardice* • **PT** *cobardia* **Beispill** nom Accident huet en sech aus Feigheet verzunn

Feigling [f'aɪçlɪŋ] Maskulinum (Pluriel Feiglingen) **DE Feigling** • **FR** *lâche* • **EN** *coward* • **PT** *cobarde* **Beispill** wéi et eescht gouf, huet de Feigling sech verdréckt

Feil [f'aɪl] Maskulinum (Pluriel Feiler) **1. DE** *Pfeil [Geschoss]* • **FR** *flèche [projectile]* • **EN** *arrow [weapon]* • **PT** *seta, flecha* **Beispill** ier et Gewierer gouf, ass de Mënsch mat Feil a Bou op d'Juegd gaangen **2. DE** *Pfeil [Zeichen]* • **FR** *flèche [de signalisation]* • **EN** *arrow [sign]* • **PT** *seta [de sinalização]* **Beispiller** d'Deviatoun ass mat Feiler geezechent; gitt de Feiler no!

I Variant: Fäil

Feil [f'aɪl] Femininum (Pluriel Feilen) **DE Feile** • **FR** *lime [outil]* • **EN** *file [tool]* • **PT** *lima [ferramenta]* **Beispill** fir d'Kette vun der Motorsee brauch ech eng extra Feil

feilen [f'aɪlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefeilt) » **transitiv 1. DE** *feilen* • **FR** *limer* • **EN** *to file [to smooth, to shape]* • **PT** *limar* **Beispiller** am Zuch souz eng Damm niewent mer, sech d'Neel ze feilen; de Gesell huet d'Stéck Eisen op d'Mooss gefeilt » **intransitiv 2.** *feilen* un **DE** *feilen an* • **FR** *limer, travailler à la lime* • **EN** *to file through [bars]* • **PT** *limar, trabalhar com a lima* **Beispiller** am Film hunn d'Prisonéier un hire Gitter gefeilt, fir sech duerch d'Bascht ze maachen; hie wëllt nach e bëssen un sengem Bréif feilen, ier en e fortschéckt [egs] [hie wëllt säi Bréif nach iwwerschaaf-

fen, ier en e fortschéckt)

fein [faɪn] Adjektiv **1.** DE *nett, freundlich* • FR *gentil* <Adverb *gentilment*> • EN *nice, fine* <Adverb *nicely*> • PT *amável, gentil* <Adverb *amavelmente, gentilmente*> **Beispiller** an dësem Buttek schaffen nëmme *fei Leit*; hien ass e *feine Jong*; d'Sekretärin huet mir *fein* um Telefon geäntwert **Synonym** *gentil* **2.** [ëgs] DE *fein* [*langenehm*] • FR *agréable* [*plaisant*] • EN *nice, pleasant* • PT *agradável* [*prazível*] **Beispill** Vakanz ass ëmmer eng *fei Saach* **3.** DE *fein* [*subtil*] • FR *fin* [*subtil*] • EN *nice, subtle* • PT *fino* [*subtil*] **Beispiller** esou *fein* Ënnerscheeder kann ech net maachen; dat Déier huet e *feint* Geheier **4.** *fein* eraus sinn DE *fein heraus sein* • FR *ne pas avoir à se plaindre* • EN *to be on to a good thing, to have nothing to complain of* • PT *não ter razão de queixa* **Beispill** op senger neier Schaff ass mäi Kollege *fein* eraus

Feind [faɪnt] Maskulinum (Pluriel *Feinden*) **1.** DE *Feind* [*persönlicher Feind*] • FR *ennemi* [*ennemi personnel*] • EN *enemy* [*personal enemy*] • PT *inimigo* [*inimigo pessoal*] **Beispiller** hien huet keng *Feinden*, hie verdréit sech mat jidderengem!; bei esou Frënn brauch ee keng *Feinden* [ëgs] [⇒ seet een, wann ee vu senge Frënn batter enttäuscht ginn ass] **2.** DE *Feind* [*natürlicher Feind*] • FR *ennemi* [*ennemi naturel*] • EN *enemy* [*natural enemy*] • PT *inimigo* [*inimigo natural*] **Beispill** de Fluuss huet keng (natierlech) *Feinden* **3.** DE *Feind* [*in Kriegszeiten*] • FR *ennemi* [*en temps de guerre*] • EN *enemy* [*military enemy*] • PT *inimigo* [*em tempo de guerra*] **Beispill** vill *Leit* goufen nom Krich bestrooft, well se mam *Feind* collaboréiert haten

♀ Weiblech Form: ↗*Feindin*

Feindin [f'aɪndɪn] Femininum (Pluriel *Feindinnen*) DE *Feindin* [*persönliche Feindin*] • FR *ennemie* [*ennemie personnelle*] • PT *inimiga* [*inimiga pessoal*]

♂ Männlech Form: ↗*Feind*

feindlech [f'aɪndlɔç] Adjektiv DE *feindlich* • FR *hostile, ennemi* • EN *enemy, hostile* • PT *hostil, inimigo* **Beispill** de Flieger ass op *feindlechem* Buedem noutgelant

Feindschaft [f'aɪntʃaft] Femininum (Pluriel *Feindschaften*) DE *Feindschaft* • FR *inimitié, hostilité* • EN *hostility, enmity* • PT *inimizade, hostilidade* **Beispill** déi Ried huet d'*Feindschaft* téschent den zwou Parteien nach verstärkt

Feindseelegkeet [f'aɪntze:lœcke:t] Femininum (Pluriel *Feindseelegkeeten*) DE *Feindseligkeit* • FR *hostilité* • EN *hostility* • PT *hostilidade* **Beispill** trotz dem Waffestëllstand koom et nach vereenzelt zu *Feindseelegkeeten* téschent deenen zwou Arméien

Feinheet [f'aɪnhe:t] Femininum (Pluriel *Feinheeten*) DE *Feinheit* [*Nuance, Einzelheit*] • FR *finesse* [*nuance, détail*] • EN *finesse, subtlety* • PT *subtileza* [*nuance, pormenor*] **Beispill** fir esou musikalesch *Feinheeten* huet hie keen Ouer **Synonymmen** *Finess, Nuance, Raffiness, Subtilitéit*

Feinsterdall [f'ʒɪnstedal] Eegennumm - Variant vun ↗*Fensterdall*

feireg [f'aɪrɔç] Adjektiv - Variant vun ↗*feiereg*

Féischerberg [f'ʒɪtɛbi:ɔç] Eegennumm DE *Féischerberg* • FR *Féischerberg* • EN *Féischerberg* • PT *Féischerberg* **Beispiller** ech wunnen um *Féischerberg*; fiert dëse Bus op de *Féischerberg*?

Féischerhaff [f'ʒɪtɛhaf] Eegennumm DE *Féischerhaff* • FR *Féischerhaff* • EN *Féischerhaff* • PT *Féischerhaff* **Beispiller** ech wunnen um *Féischerhaff*; fiert dëse Bus op de *Féischerhaff*?

Féisschen [f'ʒɪʃjən] Maskulinum (Pluriel *Féisercher*) - Diminutivform vun ↗*Fouss*

Féitsch [f'ʒɪtʃ] Eegennumm DE *Féitsch* • FR *Féitsch* • EN *Féitsch* • PT *Féitsch* **Beispiller** ech wunnen op der *Féitsch*; fiert dëse Bus op d'*Féitsch*?

Féiwer [f'ʒɪvɛ] Femininum/Neutrum (kee Pluriel) DE *Fieber* [*erhöhte Temperatur*] • FR *température* [*du corps*], *fièvre* • EN *temperature* [*of the body*], *fever* • PT *febre* **Beispiller** d'*Kand* hat dës *Nuecht* héicht *Féiwer*; hies de d'*Féiwer* scho gemooss?; wann d'*Féiwer* nach klëmmt, da mussen mer den *Dokter* ruffen

Féiwerkrampp [f'ʒɪvɛkramp] Maskulinum (Pluriel *Féiwerkrämp*) DE *Fieberkrampf* • FR *convulsion hyperthermique* • EN *fever convulsions, fever seizure* • PT *convulsão febril* **Beispill** mat 18 Méint krut d'*Kand* e *Féiwerkrampp* a wier bal gestuerwen

Féiz [f'ʒɪts] Eegennumm DE *Foetz* • FR *Foetz* • EN *Foetz* • PT *Foetz* **Beispiller** ech wunnen zu *Féiz*; fiert dëse Bus op *Féiz*?

Feld [fælt] Neutrum (Pluriel *Felder*) **1.** DE *Feld* [*Ackerland*] • FR *champ* [*terre cultivable*] • EN *field* [*arable land*] • PT *campo* [*terra cultivável*] **Beispiller** de Bauer huet de ganzen *Dag* um *Feld* geschafft; d'*Felder* leie brooch **2.** DE *Feld* [*Teil einer Fläche*] • FR *zone* [*d'un terrain de jeu*], *case* [*d'un plateau de jeu*] • EN *field* [*playing-field*] • PT *zona* [*de um terreno de jogo*], *casa* [*de um tabuleiro de jogo*] **Beispiller** de *Ball* war aus dem *Feld* eraus; dees *schwaarze* *Leefer* beweegt sech nëmmen op deene *schwaarze* *Felder*

Feldbett [f'æltbæt] Neutrum (Pluriel *Feldbetter*) DE *Feldbett* • FR *lit de camp* • EN *camp bed* • PT *cama de campanha* **Beispill** op deenen daierleche *Feldbetter* läit een net besonnesch gutt

Feldhär [f'æltɛ:ɔç] Maskulinum (Pluriel *Feldhären*) DE *Feldherr* • FR *général* (*en chef*), *chef des armées* • EN *general, commander* • PT *general, comandante* **Beispill** de *Feldhär* ass mat senger *Arméi* an d'*Stad* amarschéiert

♀ Weiblech Form: ↗*Feldhärin*

Feldhärin [f'æltɛ:ri:n] Femininum (Pluriel *Feldhärinnen*) DE *Feldherrin* • FR *générale* (*en chef*), *chef des armées* • EN *general, commander* [*female*] • PT *general, comandante* [*mulher*] **Beispill** d'*Feldhärin* huet hirer *Arméi* de *Kommando* ginn, fir ze attackéieren

♂ Männlech Form: ↗*Feldhär*

Feldhong [f'æltɔŋ] Neutrum *Perdix perdix* **1.** (Pluriel *Feldhonger*) DE *Rebhuhn* [*Tier*] • FR *perdrix grise* [*animal*] • EN *grey partridge* [*animal*] • PT *perdiz-cinzenta* [*animal*] **Beispill** wéi laang bréien d'*Feldhonger*? **2.** (kee Pluriel) DE *Rebhuhn* [*Fleisch*] • FR *perdrix* [*chair*] • EN *par-*

tridge [meat] • **PT** perdiz [carne] **Beispill** ech hunn nach ni Feldhong giess

i Variant: Feldhung

Feldhung Neutrum (Pluriel Feldhinger) **Perdix perdix** - Variant vun ↗Feldhong

Feldjäizert [f'æltzæ:itset] Maskulinum (Pluriel Feldjäizerten) **Acrocephalus agricola** **DE** Feldrohrsänger • **FR** rousserolle isabelle • **EN** paddyfield warbler • **PT** felosa-agricola **Beispill** wéi laang bréien d'Feldjäizerten?

Feldmaus [f'æltmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Feldmaus) **Microtus arvalis** **DE** Feldmaus • **FR** campagnol des champs • **EN** common vole • **PT** rato-dos-prados **Beispill** d'Feldmaus ass dem Lëtzebuenger virun allem duerch dem Auguste Liesch säi Buch „D'Maus Ketti“ bekannt

Feldspatz [f'æltʃpats] Maskulinum (Pluriel Feldspatzen) **Passer montanus** **DE** Feldsperling • **FR** moineau friquet • **EN** Eurasian tree sparrow • **PT** pardal-montez **Beispill** wéi laang bréien d'Feldspatzen?

Feldspëtzmäus [f'æltʃpætsmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Feldspëtzmäus) **Crocicidura leucodon** **DE** Feldspitzmäus • **FR** crocidure leucode • **EN** bi-coloured white-toothed shrew • **PT** musaranho-de-dentes-brancos-bicolor **Beispill** déi jonk Feldspëtzmäus bässe sech bei Ausfluch eng un där anerer hirem Schwanz fest a bilden esou Karawannen, mat der Mamm un der Spëtzt

Feldwee [fæltv'e:] Maskulinum (Pluriel Feldweeër) **DE** Feldweg • **FR** chemin de terre, chemin rural • **EN** farm road, cart track, dirt track • **PT** caminho de terra, caminho rural **Beispill** den Trakter ass an de knubbelege Feldwee eragefuer

Felg [fælg] Femininum (Pluriel Felgen) **DE** Felge • **FR** jante • **EN** wheel, rim • **PT** jante **Beispiller** de Garagist huet nei Wanterneuen op d'Felgen opgeluecht; hie fiert op der Felg ^[egs] [hien huet keng Energie méi]

Felicitatioun [fe:lisitəs]'əʊn] Femininum (Pluriel Felicitatiounen) **DE** Gratulation • **FR** félicitations • **EN** congratulations • **PT** felicitações, parabéns **Beispill** de Sportler huet sech iwwer d'Felicitatioun gefreet **Synonym** Gratulatioun

felicitéieren [fe:lisit'ziəɐn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé felicitéiert) » **intransitiv** **DE** gratulieren • **FR** féliciter • **EN** to congratulate • **PT** felicitar **Beispill** d'Gäsch hunn dem Brautpueer no der Hochzäit felicitéiert **Synonymmen** gratuléieren, wënschen

Fell Neutrum (Pluriel Feller) **DE** Fell [Trommelbespannung] • **FR** peau [d'un instrument à percussion] • **PT** pele [de um instrumento de percussão] **Beispill** ee Fell vun eiser Décker Tromm ass gerass

fëlleg [f'əlɛç] Adjektiv **DE** weit [groß] • **FR** ample [large, grand] • **EN** wide, loose-fitting • **PT** amplo [largo, grande] **Beispill** de Mantel ass der e bësse fëlleg, mooss nach en aneren un! **Synonym** weit

Fëllement [fələm'ænt] Neutrum (Pluriel Fëllementer) **1. DE** Fundament [Unterbau] • **FR** fondations [d'un bâtiment] • **EN** foundations [of a building] • **PT** fun-

dações [de um edifício] **Beispill** gëschter gouf d'Fëllement vun hirer neier Villa gegoss **2. DE** Fundament [Grundlage] • **FR** fondement [base] • **EN** foundation [basis] • **PT** alicerce [base] **Beispill** e Stage an dësem renom-méierte Betrib ass e gutt Fëllement fir seng spéider Karriär **Synonym** Basis

i Variant: Fundament

fëllen [f'ələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefëllt) » **transitiv** **1. DE** füllen [auffüllen] • **FR** remplir [rendre plein] • **EN** to fill, to fill up • **PT** encher [tornar cheio] **Beispiller** d'Kanner hunn der Kaz en Teller mat Mëllech gefëllt; dee Brigang huet sech d'Täsche gefëllt! ^[egs] [dee Brigang huet sech op d'Käschte vun anere Leit beräichert] **2. DE** füllen [einfüllen] • **FR** mettre, verser [dans un contenant] • **EN** to fill [a container] • **PT** meter, deitar [num recipiente] **Beispiller** de Bauer fëllt d'Gromperen a Säck; de Wënzer huet de Wäin a Fässer gefëllt » **reflexiv** **3. DE** sich füllen • **FR** se remplir • **EN** to fill, to fill up [to become full] • **PT** encher-se [ficar cheio, repleto] **Beispill** de Festsall huet sech lues a lues gefëllt

i Verben, déi **fëllen** als Basis hunn: ↗afëllen, ↗ausfëllen, ↗ëm-fëllen, ↗nofëllen, ↗offëllen an ↗opfëllen

Felleschmillen [f'æləʃmilən] Eegennumm **DE** Felleschmillen • **FR** Felleschmillen • **EN** Felleschmillen • **PT** Felleschmillen **Beispiller** ech wunnen op der Felleschmillen; fiert dëse Bus op d'Felleschmillen?

Fëllung [f'əlʊŋ] Femininum (Pluriel Fëllungen) **1. DE** Füllung [Speisefüllung] • **FR** farce [d'alimentation] • **EN** filling [food] • **PT** recheio [de comida] **Beispiller** an dëse Knippercher si verschidde Fëllungen; ech hunn d'Äppel an d'Käschte fir d'Fëllung vun der Int scho preparéiert **2. DE** Füllung [Zahnfüllung] • **FR** plombage [obturation dentale] • **EN** filling [of a tooth] • **PT** obturação [dental] **Beispill** den Zänn Dokter huet mer eng nei Fëllung gemaach

Feuter [f'ø:tə] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Filz* [*Stoff*] • **FR** *feutre* [*létouffe*] • **EN** *felt* • **PT** *feltro* [*tecido*] **Beispiller** d'Kanner hu Poppen aus **Feuter** gebastelt; ech hu mer en **Hutt** aus groem **Feuter** kaaft **Synonym** **Filz** **2.** (Pluriel **Feuteren**) **DE** *Filzstift* • **FR** (*crayon*) *feutre, stylo-feutre* • **EN** *felt-tip pen, felt tip* • **PT** *caneta de feltro* **Beispill** de Bouf krut gejaut, well e mam **Feuter** op d'Tapét gemoolt hat **Synonymmen** **Filzstëft**, **Stëft**, **Tuschbic**, **Tuschfaarf**, **Tuschstëft**

féx [feks] Adjektiv ^[eggs] **DE** *fix* [*link*] • **FR** *rapide, prompt* <Adverb *rapidement*> • **EN** *quick* <Adverb *quickly*> • **PT** *rápido, pronto* <Adverb *rapidamente*> **Beispiller** hien ass e **féxe** Kärel; hien huet sech **féx** heemgemaach

fiabel Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

fiancéieren [fi:ç'sɪə:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **fiancéiert**) » **reflexiv** **DE** *sich verloben* • **FR** *se fiancer* • **EN** *to get engaged* • **PT** *ficar noivos* **Beispill** fréier war et **Usus**, sech eng Zäit virun der Hochzäit ze **fiancéieren** **Synonym** sech verloben

Fiasko [fɪˈaskoː] Maskulinum (Pluriel Fiaskoen) DE *Fiasko* • FR *fiasco* [échec total] • EN *fiasco* • PT *fiasco* [insucesso] **Beispill** d'Examensresultater waren en eenzege Fiasko

Fibrom [fibrˈoːm] Maskulinum (Pluriel Fibromen) DE *Fibrom* • FR *fibrome* • EN *fibroma* • PT *fibroma* **Beispill** *Fibrome* si guttaarteg Geschwulster a kënnen a mëller oder haarder Form optrieden

Fibromyalgie [fibromjɑlʒiː] Femininum (kee Pluriel) DE *Fibromyalgie* • FR *fibromyalgie* • EN *fibromyalgia* • PT *fibromialgia* **Beispill** well et nach kee spezifischen Test gétt an d'Symptomer op viles passen, ass d'Fibromyalgie schwéier ze diagnostizéieren

ficeléieren [fɪsəlˈʒiərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *ficeléiert*) » **transitiv** DE *sich endgültig einigen auf* • FR *se mettre définitivement d'accord sur* • EN *to tie up* [to agree on] • PT *chegar definitivamente a acordo sobre* **Beispill** no laangen Diskussiounen gouf de Projet *ficeléiert*

Ficelle [fɪˈsɛl] Femininum (Pluriel Ficellen) DE *Schnur, Bindfaden* • FR *ficelle* [corde mince] • EN *string* [twine] • PT *cordel, guita* **Beispill** de Vendeur stréckt de Pak mat enger *Ficelle* zou; d'Kanner hunn d'*Ficellë* mat engem platte Knuet zesummegestréckt; bei eis am Veräin zitt de Sekretär d'*Ficellen* [egs] [bei eis am Veräin ass de Sekretär deen, deen a Wierklechkeet alles decidéiert, ouni datt et opfällt] **Synonym** Schnouer

Fiche [fɪç] Femininum (Pluriel Fichen) DE *Formular, Formblatt, Karteikarte* • FR *fiche* [formulaire, feuille cartonnée] • EN *form, (index) card* • PT *ficha* [formulário, peqeno cartão] **Beispill** d'Studentin ass amgang, d'*Fiche* fir hir Aschreiwung auszefüllen; d'*Fichë* sinn alphabetesch sortéiert

fichéieren [fɪçˈʒiərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *fichéiert*)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Fichier [fɪˈʃiːeː] Maskulinum (Pluriel Fichieren) **1.** DE *Kartei* • FR *fichier* [collection de fiches] • EN *file, card index, folder* • PT *ficheiro* [conjunto de fichas] **Beispill** den Hotelier dréit dem Client seng Adress an de *Fichier* an **Synonymen** *Datei*, *Kartei* **2.** DE [digitale] *Datei* • FR *fichier* [numérique] • EN *file* [digital] • PT *ficheiro* [digital] **Beispill** ech hunn elo just aus Versinn e wichtige *Fichier* geläscht **Synonym** *Datei*

Ficht [fɪçt] Femininum (Pluriel Fichten) - Variant vun **Fiicht**

fidderen [fɪˈdərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gefiddert*) » **transitiv** **1.** DE *füttern* [ein Tier] • FR *nourrir, donner à manger à* [un animal] • EN *to feed* [an animal] • PT *alimentar, dar de comer a* [um animal] **Beispill** ech hunn d'Hénger *gefiddert* an den Inte Wasser ginn; nom Trëppeltour si mer gutt *gefiddert* ginn [egs] [nom Trëppeltour hu mer vill z'iesse kritt]; den Informatiker *huet* de Computer mat *Date* *gefiddert* [egs] [den Informatiker *huet* Daten an de Computer aginn] **2.** DE *füttern* [eine Person] • FR *nourrir, donner à manger à* [une personne] • EN *to feed* [a baby] • PT *alimentar, dar de comer a* [uma criança pequena] **Beispill** wéi d'Mamm de Bëbee *gefiddert* hat, *huet* en net méi

gekrasch

fidderen [fɪˈdərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gefiddert*) » **transitiv** DE *füttern* [ein Kleidungsstück] • FR *doubler* [un vêtement] • EN *to line* [clothes] • PT *forrar* [uma peça de roupa] **Beispill** ech hu mer meng *Liederjackett* nei *fiddere* gelooss; du kritt deng *Mamm* nach an d'*Box* *gefiddert* [egs] [⇒ seet een zu engem Kand, dat ëmmer seng *Mamm* wëllt bei sech hunn]

Fidji Eegennumm, Neutrum - Variant vun **Fidschi**

Fidjiane Maskulinum (Pluriel *Fidjiane*) - Variant vun **Fidschiane**

Fidjianeerin Femininum (Pluriel *Fidjianeerinnen*) - Variant vun **Fidschianeerin**

fidschianesch Adjektiv - Variant vun **fidschianesch**

Fidschi [fɪˈtʃiː] Eegennumm, Neutrum DE *Fidschi* • FR *Fidji* • EN *Fiji* • PT *Fiji* **Beispill** ech war schonn dräimol op *Fidschi*; ech fueren d'nächst Woch op *Fidschi*; ech komme vu *Fidschi*

I männlech Persoun: **Fidschiane** weiblech Persoun: **Fidschianeerin** Adjektiv: **fidschianesch** Haaptstad: **Suva**

Fidschiane [fɪtʃiˈaːnɛ] Maskulinum (Pluriel *Fidschiane*) DE *Fidschiane* • FR *Fidjien* • EN *Fijian* • PT *fijiano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass *Fidschiane*

Fidschianeerin [fɪtʃiˈaːnəriːn] Femininum (Pluriel *Fidschianeerinnen*) DE *Fidschianeerin* • FR *Fidjienne* • EN *Fijian* [female] • PT *fijiana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass *Fidschianeerin*

fidschianesch [fɪtʃiˈaːnɛʃ] Adjektiv DE *fidschianesch* • FR *fidjien* • EN *Fijian* • PT *fijiano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi *fidschianesch* Kultur kenne geleiert

Fiduciaire [fɪˈdʒiːaːr] Femininum (Pluriel *Fiduciairen*) DE *Steuerberaterbüro, Wirtschaftsprüfer* • FR (société) *fiduciaire* • EN *tax consulting firm* • PT *empresa de consultoria fiscal, empresa fiduciária* **Beispill** ech loosse meng *Steiererklärung* vun enger *Fiduciaire* maachen

Fiedemchen [fɪˈdɛmçən] Maskulinum (Pluriel *Fiedemchen*) - Diminutivform vun **Fuedem**

Fieder [fɪˈdɛ] Femininum (Pluriel *Fiederen*) **1.** DE *Feder* [Vogelfeder] • FR *plume* [d'oiseau] • EN *feather* • PT *pena* [de ave] **Beispill** beim Spadséieren hunn ech eng schéi faarweg *Fieder* fonnt **2.** DE *Feder* [Schreibfeder] • FR *plume* [instrument pour écrire] • EN *dip pen* • PT *pena* [utensilio para escrever] **Beispill** fréier hunn d'Kanner geleiert, mat der *Fieder* ze schreiwen; déi *Journalistin* ass fir hir spatz *Fieder* bekannt [egs] [déi *Journalistin* ass fir hir kritesch *Texter* bekannt] **3.** DE *Feder* [elastisches Teil] • FR *ressort* [pièce élastique] • EN *spring* [elastic device] • PT *mola* [peça elástica] **Beispill** den *Auermécher* *huet* d'*Fiedere* vum alen *Auerwierk* ersat

Fiederball [fɪˈdɛbəl] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE *Federball* [Spiel] • FR *badminton* • EN *badminton* • PT *badminton* **Beispill** ech spillen all Méindeg mat menger *Kusin* *Fiederball* **Synonym** *Badminton* **2.** (Pluriel *Fiederbäll*) DE *Federball* [Ball] • FR *volant* [de badminton] • EN *shuttlecock* • PT *volante* [de badminton] **Beispill** mäi *Fiederball* ass bei den *Noper* an de *Gaart* geflunn;

eis Fiederbäll sinn all futti

Fiederbett [f'ɪədəbæt] Neutrum (Pluriel Fiederbet-ter)

I Hei entsteet en neien Artikel.

fiederen [f'ɪədərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefedert) » **intransitiv** DE *federn* • FR *faire ressort, rebondir* • EN *to rebound, to bounce* • PT *ter elasticidade, saltar* **Beispiller** d'Sprangbriet *fiedert* net gutt, et flitt een net wäit; ech schlofen net gutt op engem Ressort, deen ze vill *fiedert*

Fiederwäissen [f'ɪədɛvæ:ɪsən] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE *Federweißer* [Getränk] • FR *vin bourru* [boisson] • EN *new wine, must* [drink] • PT *(vinho) mosto* **Beispill** mir freeën eis all Joer am Hierscht op de Fiederwäisse vun eiser Musel **2.** (Pluriel Fiederwäissen) DE *(Glas) Federweißer* • FR *(verre de) vin bourru* • EN *(glass of) new wine, (glass of) must* • PT *copo de (vinho) mosto* **Beispill** drénks de nach e Fiederwäisse mat eis?

Fiels [fiəls] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE *Fels* [Felsgestein] • FR *roche* [roc] • EN *rock* [stone] • PT *rocha* [massa rochosa] **Beispill** de Bagger ass schonn no engem Meter op Fiels gestouss **2.** (Pluriel Fielsen) DE *Fels, Felsen* • FR *rocher* [bloc de pierre] • EN *rock, boulder, crag* • PT *rochedo* [bloco de pedra] **Beispill** den Tourist ass vun engem Fiels gefall

Fiels [fiəls] Eegennumm DE *Fels* • FR *Larochette* • EN *Larochette* • PT *Larochette* **Beispiller** ech wunnen an der Fiels; fiert dëse Bus an d'Fiels?

I Lokalvariant: Feels

Fielseschmuebel [f'ɪəlsəʃmuəbəl] Femininum (Pluriel Fielseschmuebelen) Ptyonoprogne rupestris - Variant vun ↗Fielseschmuewel

Fielseschmuewel [f'ɪəlsəʃmuəvəl] Femininum (Pluriel Fielseschmuewelen) Ptyonoprogne rupestris DE *Felsenschwalbe* • FR *hirondelle des rochers* • EN *crag martin* • PT *andorinha-das-rochas* **Beispill** wéi laang bréien d'Fielseschmuewelen?

I Variant: Fielseschmuebel

Fielsformatioun [f'ɪəlsfɔrməsɔʊn] Femininum (Pluriel Fielsformatiounen) DE *Felsformation* • FR *formation rocheuse* • EN *rock formation* • PT *formação rochosa* **Beispiller** déi Fielsformatioun sinn aus Sandsteen; dës Fielsformatioun ass besonnesch interessant fir d'Geologen

Fielsmillen [f'ɪəlsmilən] Eegennumm DE *Fielsmillen* • FR *Fielsmillen* • EN *Fielsmillen* • PT *Fielsmillen* **Beispiller** ech wunnen op der Fielsmillen; fiert dëse Bus op d'Fielsmille(n) bei Iechternach?

Fielsmillen [f'ɪəlsmilən] Eegennumm DE *Fielsmillen* • FR *Fielsmillen* • EN *Fielsmillen* • PT *Fielsmillen* **Beispiller** ech wunnen op der Fielsmillen; fiert dëse Bus op d'Fielsmille(n) bei Mäertert?

Fielsmolerei [f'ɪəlsmɔ:lɛraɪ] Femininum (Pluriel Fielsmolereien) DE *Felsmalerei* • FR *peinture rupestre* • EN *rock painting* • PT *pintura rupestre* **Beispill** Wëssenschaftler hunn zwou Grotte mat ale Fielsmolereien entdeckt

Fielsser Schlass [f'ɪəlsɛʃl'as] Eegennumm DE *Larochette* - *Château* • FR *Larochette* - *Château* • EN *Larochette* - *Château* • PT *Larochette* - *Château* **Beispiller** mir picknicken haut um Fielsser Schlass; fiert dëse Bus op d'Fielsser Schlass?

Fielswand [f'ɪəlsvɑnt] Femininum (Pluriel Fielswänn) DE *Felswand* • FR *paroi rocheuse* • EN *rock face* • PT *parede rochosa* **Beispill** et gëtt Pläng fir en Tunnel, deen duerch déi héich Fielswand soll féieren

fierchterlech [f'i:çtɛlɛç] Adjektiv DE *fürchterlich* • FR *terrible* [insupportable, effrayant] • EN *terrible, frightful* • PT *terrível* [insuportável, assustador] **Beispiller** hien huet eng fierchterlech Péng am Been; do keng esou fierchterlech Kreesch!; du gesäis fierchterlech aus **Synonymmen** fuerchtbar, terribel

fierchterlech [f'i:çtɛlɛç] Adverb [égs] DE *fürchterlich* • FR *terriblement* [très, extrêmement] • EN *terribly, extremely* • PT *terivelmente* [muito, extremamente] **Beispill** hatt war virun sengem Exame fierchterlech nervös **Synonymmen** fuerchtbar, terribel

Fierkel [f'i:çkəl] Neutrum (Pluriel Fierkel / Fierkelen) **1.** DE *Ferkel* [Schwein] • FR *porcelet, cochonnet* • EN *piglet, sucking-pig* • PT *bácoro, leitão* **Beispiller** d'Kanner ware vun deene klenge rosae Fierkele begeeschtert; op der Party gouf et Fierkel um Spiess **2.** [égs] DE *Ferkel, Schmutzfink* • FR *(petit) cochon* [enfant] • EN *little piggy* • PT *porcalhão* [criança] **Beispill** hire Bouf ass e richtegt Fierkel, e kann einfach net propper iessen! **Synonymmen** Gissi, Guss, Schwéngchen

Fierkelchen [f'i:çkəlçən] Neutrum (Pluriel Fierkelcher) - Diminutivform vun ↗Fierkel

fierkelen [f'i:çkələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefierkelt) » **intransitiv** DE *ferkeln* • FR *mettre bas* [truire] • EN *to litter* [sow] • PT *parir* [porca] **Beispill** an der Nuecht hunn zwou vun eise Sai gefierkelt

Fierkelshämmchen [fi:çkəlsh'æmçən] Femininum (Pluriel Fierkelshämmercher) DE *Schinken vom Ferkel* • FR *jambon de porcelet* • EN *leg of suckling pig* [the ham] • PT *pernil de leitão* **Beispiller** haut de Mëtteg gouf et Fierkelshämmeche mat gebootschte Gromperen; vun der Fierkelshämmchen ass d'Schwaart dat Besch

Fierkelsjelli [fi:çkəlsʒ'æli:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Ferkelsülze* • FR *porcelet en gelée* • EN *suckling-pig in aspic* • PT [Definition] *geleia com pedaços de carne de leitão* **Beispill** als Entrée gouf et eng Tranche Fierkelsjelli

fiermen [f'i:çmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefiermt) - Variant vun ↗firmen

Fiermung [f'i:çmuŋ] Femininum (Pluriel Fiermungen) - Variant vun ↗Firmung

Fierschter [f'i:çftɛ] Maskulinum (Pluriel Fierschteren) DE *Förster* • FR *garde forestier* • EN *forester* • PT *guarda-florestal* **Beispill** de Fierschter ass vun engem Wëllschwäin ugegraff ginn

Fierschterin Femininum (Pluriel Fierschterinnen) - weiblech Form vun ↗Fierschter

I Variant: Fierschtesch

Fierschtesch Femininum (Pluriel Fierschteschen) - Variant vun \nearrow Fierschterin

Fiertgeschaff [f'i:ɛtɕəʃaf] Eegennumm **DE** Firtgeschaff • **FR** Firtgeschaff • **EN** Firtgeschaff • **PT** Firtgeschaff **Beispiller** ech wunnen um Fiertgeschaff; fiert dëse Bus op de Fiertgeschaff?

fierwen [f'i:gvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefierft) » **transitiv 1. DE** lackieren [Nägel], färben • **FR** teindre, colorer • **EN** to colour, to paint • **PT** tingir, pintar **Beispiller** eis Léierin huet hir Neel ëmmer rout gefierft; ech hätt Loscht, mer d'Hoer emol eng Kéier blond fierwen ze loossen; haut fierwen d'Kanner bei eis doheim d'Ouschtereë » **intransitiv 2. DE** abfärben [Farbe abgeben] • **FR** déteindre • **EN** to run [colour] • **PT** descorar, desbotar **Beispill** mäin neien T-Shirt fierft an der Wäsch

i Verben, déi **fierwen** als Basis hunn: \nearrow afierwen an \nearrow offierwen

Fierzchen [f'i:ɛtʃjən] Maskulinum (Pluriel Fierzcher) - Diminutivform vun \nearrow Fuerz

Fies [fiəs] Femininum (Pluriel Fiesen) **DE** Flechse, Sehne • **FR** tirant [tendon] • **EN** sinew • **PT** nervo [tendão] **Beispill** de Metzler huet d'Fiese vum Brot ewechgeschnidden

i Variant: Fues

Fiffi [f'i:fi:] Maskulinum (Pluriel Fiffien) **DE** Liebling, Günstling • **FR** chouchou • **EN** pet, favourite, darling • **PT** preferido, favorito **Beispill** säi klenge Brudder war schonn ëmmer der Mamm hire Fiffi **Synonym** Libling

Fig [fi:k] Femininum (Pluriel Figen) **DE** Feige [Frucht] • **FR** figue • **EN** fig • **PT** figo [fruta da figueira] **Beispiller** hien huet d'Fig vum Bam gepléckt an dra gebass; d'Kanner hate fir Niklosdag gedréchent Figen op hirem Teller leien

Figebam [f'i:gəba:m] Maskulinum (Pluriel Figebeem)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Figur [fig'u:ɐ] Femininum (Pluriel Figuren) **1. DE** Figur [körperliche Erscheinung] • **FR** silhouette, allure, ligne [d'un corps, d'une personne] • **EN** figure, physique • **PT** figura, silhueta, linha [de um corpo, de uma pessoa] **Beispiller** hien huet eng sportlech Figur; si muss op hir Figur oppassen **2. DE** Figur [Persönlichkeit] • **FR** figure [personnalité majeure] • **EN** figure, personality • **PT** figura, personalidade **Beispill** si war eng vun de grouse Figure vun der Emanzipatioun **3. eng** ... Figur maachen **DE** eine ... Figur machen [einen ... Eindruck machen] • **FR** faire ... impression, donner ... impression • **EN** to make a(n) ... impression • **PT** fazer ... figura, causar ... impressão **Beispill** eisen Ausseminister huet um Sommet eng gutt Figur gemaach **4. DE** Figur [plastische Darstellung] • **FR** figure [figurine] • **EN** figure, figurine • **PT** figura [representação plástica] **Beispill** d'Kanner forme Figuren aus Leem fir bei d'Krëppchen **5. DE** Figur [Tanzfigur, Eiskunstlauffigur] • **FR** figure [de danse, de patinage artistique] • **EN** figure [in dance, in skating] • **PT** figura [de dança, de patinagem artística] **Beispill** den Äiskonschtleefer huet déi virgeschriwwen Figure virgeféiert **6. DE** Figur, Spielfigur • **FR** pièce [d'un jeu de plateau] • **EN** figure, piece [in a board game] • **PT** peça [de um jogo de tabuleiro] **Beispill**

si stellen d'Figuren um Briet op **Synonym** Spillfigur

figuréieren [figu:r'ziəɔɐn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé figuréiert) » **intransitiv DE** aufgeführt sein [vorkommen] • **FR** figuré [être mentionné] • **EN** to figure [to appear, to be included] • **PT** constar [estar mencionado] **Beispill** a menger Mamm hirem Adressebichelche figuréieren d'Nummere vun all hire Mataarbechter

ficht [fi:çt] Adjektiv **DE** feucht • **FR** humide • **EN** damp, humid • **PT** húmido **Beispiller** ech hunn déi ficht Dicher op d'Heizung gehaangen; et war de ganzen Dag richteg ficht dobaussen; den Zement däerf een op kee Fall ficht lagere

Fiicht [fi:çt] Femininum (Pluriel Fiichten) **DE** Fichte • **FR** épicéa • **EN** spruce • **PT** espruce, picea **Beispill** mir hunn déi krank Fiichte missen haen

i Variant: Ficht

Fiichtegkeet [f'i:çtəçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Feuchtigkeit • **FR** humidité, moiteur • **EN** humidity, damp • **PT** humidade **Beispiller** wéinst der Fiichtegkeet geet d'Tapéit lass; hëlze Biedem verdroe keng Fiichtegkeet

Fiischt [fi:ʃt] Femininum (Pluriel Fiischten) **DE** First • **FR** faîte • **EN** roof ridge • **PT** cumeeira **Beispill** op der Fiischt vun der Scheier sëtzt en décke Kueb

Fiisschen [f'i:ʃjən] Maskulinum (Pluriel Fiissercher) - Diminutivform vun \nearrow Fuuss

Fiktioun [fiksi'əʊn] Femininum (Pluriel Fiktiounen) **DE** Fiktion [Einbildung] • **FR** fiction [construction de l'imagination] • **EN** fiction • **PT** ficção [criação imaginária] **Beispill** dëst ass keng Fiktioun, mee eng gängeg Realitéit

fiktiv [fikt'i:f] Adjektiv **DE** fiktiv • **FR** fictif • **EN** fictitious • **PT** fictício **Beispill** a sengem neie Buch beschreift den Auteur eng fiktiv Rees duerch de Weltraum

Filet [f'ile:] Maskulinum (Pluriel Fileten) **DE** Filet [vom Fleisch, vom Fisch] • **FR** filet [de viande, de poisson] • **EN** fillet [of meat, of fish] • **PT** lombo [de carne], filete [de peixe] **Beispiller** esou en zaarte Filet hate mer scho laang net méi!; meng Mamm huet d'Filete vum Saumon mat enger Sauerampelszooss zerwéiert

Filet [f'ile:] Maskulinum (Pluriel Fileten) **1. DE** Einkaufsnetz • **FR** filet [à provisions] • **EN** string bag • **PT** bolsa de rede [para compras] **Beispill** mir huele gemengerehand e Filet, fir op de Maart akafen ze goen **2. DE** Haarnetz • **FR** filet [à cheveux] • **EN** (hair) net • **PT** rede [de cabelo] **Beispill** déi e Filet op de Kapp, soss ginn d'Bigodie lass! **3. DE** Netz [im Ballsport] • **FR** filet(s) [accessoire de sport] • **EN** net [in ball games] • **PT** rede [accessório de desporto] **Beispill** am entscheidende Moment huet den Tennisspiller de Ball riicht an de Filet gesat

filetéieren [file:t'ziəɔɐn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé filetéiert) » **transitiv** **[Gastronomie]** **DE** filetieren • **FR** fileter, (pré)lever les filets de • **PT** cortar em filetes **Beispill** de Kach huet sengem Léierbouf gewisen, wéi een eng Frell filetéiert

Filet mignon [f'ile:mjɔ'n] Maskulinum (Pluriel Filetmignonen) **DE** Filetspitze [vom Schwein, vom Kalb] • **FR** filet mignon • **PT** filé mignon **Beispiller** de Mëtteg hate mer

Filet mignon mat enger Champignonszooss; bréng mer zwee Filet-mignone vum Metzler mat!

Filial [filiˈa:l] Femininum (Pluriel Filialen) DE *Filiale* • FR *agence, succursale* • EN *branch [of a business]* • PT *agência, sucursal* **Beispiller** d'Filial vun der Bank ass dëst Joer scho fir d'zweet iwverfall ginn; d'Dréckerei huet wëlles, zwou nei Filialen am Ausland opzemaachen

fillen [f'ilən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefillt) » **transitiv 1.** DE *fühlen [verspüren]* • FR *sentir, ressentir, éprouver* • EN *to feel [to experience]* • PT *sentir [experimantar uma sensação]* **Beispiller** nom Iesse fillen ech dacks en Drock am Mo; mir fille mat dir! [mir deelen d'Suerge mat dir; mir deelen d'Trauer mat dir] **Synonym** spieren **2.** DE *fühlen [tasten]* • FR *tâter* • EN *to feel, to check [temperature, pulse]* • PT *sentir [tatear], tomar [o pulso]* **Beispiller** fill, ob d'Waasser net ze waarm ass!; den Dokter huet mer fir d'eischt de Bols gefillt; fill dech emol (un de Kapp)! [ëgs] [bass du geckeg?] **Synonym** frieden » **reflexiv 3.** DE *sich fühlen* • FR *se sentir [avoir l'impression d'être]* • EN *to feel* • PT *sentir-se [ter a sensação de estar, considerar-se]* **Beispiller** ech fille mech midd a krank; hei fille mir eis ewéi doheem!; mä Mann fillt sech als Deel vun dëser Firma; fills de dech ugesprach?; eise Mataarbechter fillt sech haut erëm (besonnesch dichteg)! [ëgs] [eise Mataarbechter kënt sech haut erëm besonnesch dichteg vir]

i Verben, déi **fillen** als Basis hunn: *↑*matfillen, *↑*nofillen an *↑*uffillen

Fillen [f'ilən] Neutrum (Pluriel Fillen) DE *Fohlen [Pferd]* • FR *poulain [cheval]* • EN *foal* • PT *poldro* **Beispill** d'Fille vun dësem Joer ginn all zesumme gebrannt

fillenen [f'ilənən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefillent)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Film [film] Maskulinum **1.** (Pluriel Filmer) DE *Film [Fernsehfilm, Kinofilm]* • FR *film [œuvre cinématographique]* • EN *film, movie* • PT *filme [obra cinematográfica]* **Beispiller** wat fir Filmer lafen am Ament am Kino?; ech sinn am falsche Film! [ëgs] [lech hunn dat, wouriwwer rieds ass, an engem falschen Zesammenhang verstanen] **2.** (kee Pluriel) DE *Film [Filmbranche]* • FR *cinéma [secteur d'activité]* • EN *film [industry]* • PT *cinema [setor de atividade]* **Beispill** schafft däi Jong net beim Film? **3.** (Pluriel Filmer) DE *Film [Filmstreifen]* • FR *pellicule, film [photographique]* • EN *film [photographic]* • PT *filme [película fotográfica]* **Beispiller** de Fotograf leet en neie Film an; mir feelen e puer Meter Film [ëgs] [lech ka mech net méi un e bestëmmt Evenement erënnere] **4.** (Pluriel Filmer) DE *Film [Schicht]* • FR *pellicule [fine couche]* • EN *film [layer]* • PT *película [camada fina]* **Beispill** et schwëmmt en dënne Film Mazout um Waasser

filmen [f'ilmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefilmt) » **transitiv 1.** DE *filmen* • FR *filmer* • EN *to film* • PT *filmar* **Beispill** hien huet déi ganz Hochzäit gefilmt » **intransitiv 2.** DE *filmen* • FR *filmer* • EN *to film* • PT *filmar* **Beispill** et war schonn ze däschter fir ze filmen

Filmfestival [f'ilmfəstival] Maskulinum (Pluriel Filmfestivallen / Filmfestivaller) DE *Filmfestival* • FR *festival du film* • EN *film festival* • PT *festival de cinema* **Beispill** um Filmfestival gouf en Documentaire iwver

d'Antarktis ausgezeecht

Filmpräis [f'ilmpræ:is] Maskulinum (Pluriel Filmpräisser) DE *Filmpreis* • FR *récompense cinématographique* • EN *film award* • PT *prémio de cinema* **Beispill** déi jonk Realisatrice huet sech iwver hir Nominéierung fir de Filmpräis gefreet

filmräif [f'ilmræ:if] Adjektiv DE *filmreif* • FR *spectaculaire* • EN *worth filming [spectacular]* • PT *espantoso [espetacular, impressionante]* **Beispill** dat war scho filmräif, wéi mäi Brudder probéiert huet, säi Papagei anzefänken!

Filmstar [f'ilmsta:r] Maskulinum (Pluriel Filmstaren) DE *Filmstar* • FR *vedette [de cinéma]* • EN *film star* • PT *estrela de cinema* **Beispill** beim Interview huet de Filmstar e puer perséinlech Anekdote verzielt

Fils [fis] Maskulinum (Pluriel Filssen) DE *Sohn* • FR *fil* • EN *son* • PT *filho* **Beispill** Äre Fils huet et wäit bruecht **Synonymmen** Bouf, Jong

Filter [f'iltə] Maskulinum (Pluriel Filteren) DE *Filter* • FR *filtre* • EN *filter* • PT *filtro* **Beispiller** de Filter vun der Wäschmaschinn ass verstoppt; de Fotograf wiesselt de Filter op sengem Objektiv; fréier haten d'Zigarette kee Filter

filteren [f'iltərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefiltert) » **transitiv** DE *filtern* • FR *filtrer* • EN *to filter* • PT *filtrar* **Beispill** d'Ofwässer gi gefiltert **Synonym** filterieren

i Verb, dat **filteren** als Basis huet: *↑*erausfilteren

Filterkaffi [f'iltəkafi:] Maskulinum (Pluriel Filterkaffien) DE *Filterkaffee* • FR *café-filtre* • EN *filter coffee* • PT *café de filtro* **Beispill** de Filterkaffi, deen ech gëschter an der Pâtisserie hat, war net ze drénken

Filtertut [f'iltetu:t] Femininum (Pluriel Filtertuten) DE *Filtertüte* • FR *filtre à café [en papier]* • EN *filter paper [for coffee]* • PT *filtro de café [de papel]* **Beispill** maach eng frësch Filtertut an d'Kaffimaschinn!

filtréieren [f'iltr'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé filtréiert) » **transitiv** DE *filtern* • FR *filtrer* • EN *to filter* • PT *filtrar* **Beispill** de Wënzer huet de Wäi filtréiert an a Fläsche gefüllt **Synonym** filteren

Filz [filitz] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Filz [Material]* • FR *feutre [matériau]* • EN *felt* • PT *feltro [material]* **Beispill** wéinst dem Kaméidi vu menger Schreibmaschinn hunn ech eng Ënnerlag aus Filz drënner geluecht **Synonym** Feuter

filzen [f'iltzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefilzt) » **transitiv 1.** DE *zu Filz verarbeiten* • FR *fabriquer du feutre à partir de* • EN *to felt* • PT *feltzar* **Beispill** mir wiewen a filzen d'Woll vun eisen eegene Schof **2.** [ëgs] DE *filzen [durchsuchen]* • FR *fouiller [une personne]* • EN *to frisk* • PT *revistar [uma pessoa]* **Beispill** fréier ass een dacks op der Douane vun uewe bis ënne gefilzt ginn

Filzstéft [f'iltzstəft] Maskulinum (Pluriel Filzstéfter) DE *Filzstift* • FR *(crayon) feutre, stylo-feutre* • EN *felt-tip pen* • PT *caneta de feltro* **Beispill** d'Kand krut gejaut, well et mam Filzstéft op d'Tapét gemoolt hat **Synonymmen** Feuter, Stéft, Tuschbic, Tuschfaarf, Tuschstéft

Fimmel Maskulinum (kee Pluriel) ëgs DE *Fimmel, Schrulle* • FR *manie* [habitude] • PT *mania* [hábito] **Beispill** bei menger Mamm ass d'Botze méttlerweil e Fimmel ginn

finaliséieren [finaliz'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé finaliséiert) » **transitiv** DE *abschließen* [in seine endgültige Fassung bringen] • FR *finaliser* [achever, mettre au point] • EN *to finalize, to complete* • PT *finalizar* [acabar, afinar] **Beispill** de Projet muss virum 31. Dezember finaliséiert ginn

Finaliséierung [finaliz'ziəɾuŋ] Femininum (kee Pluriel) DE *Fertigstellung* • FR *finalisation* • EN *finalization, completion* • PT *finalização* **Beispill** d'Resultater ginn direkt no der Finaliséierung vun der Etüd publizéiert

Finalist [final'ist] Maskulinum (Pluriel Finalisten) DE *Finalist* • FR *finaliste* [d'une compétition] • EN *finalist* • PT *finalista* [de uma competição] **Beispiller** eise Landesmeeschter ass ee vun de Finalisten op der Weltmeeschterschaft; eise Keeleclub ass Finalist an der Coupe de Luxembourg

i Weiblech Form: ↗Finalistin

Finalistin [final'istin] Femininum (Pluriel Finalistinnen) DE *Finalistin* • FR *finaliste* [concurrente] • EN *finalist* [female] • PT *finalista* [competidora] **Beispill** eng Finalistin vun der Weltmeeschterschaft huet misse wéinst enger Verletzung opginn

i Männlech Form: ↗Finalist

Finalitéit [finalit'zɪt] Femininum (Pluriel Finalitéiten) DE *Finalität* • FR *finalité* [but, objectif] • EN *purpose, aim* • PT *finalidade* **Beispill** mir müssen definéieren, wat d'Finalitéit vun eisem Programm ass

Final [fin'al] Femininum (Pluriel Finalen) DE *Finale, Endrunde* • FR *finale* [épreuve décisive] • EN *finals, final* • PT *final* [prova decisiva] **Beispiller** d'Fussballfederatioun huet decidéiert, datt déi zwou Finalen dee selwechte Weekend gespilt ginn; d'Fanfare huet sech beim Concours fir d'Final qualifizéiert

finanzéieren [finants'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé finanzéiert) » **transitiv** DE *finanzieren* • FR *financer* • EN *to finance* • PT *financiar* **Beispill** seng Eltere finanzéieren him seng Studien

i Verb, dat **finanzéieren** als Basis huet: ↗virfinanzéieren

Finanzéierung [finants'ziəɾuŋ] Femininum (Pluriel Finanzéierungen) DE *Finanzierung* • FR *financement* • EN *financing* • PT *financiamento* **Beispiller** d'Finanzéierung vun der neier Schwämm gëtt komplett vum Staat iwwerholl; d'Bedelegung vum Staat un der Finanzéierung vun de Pensioune wäert d'nächst Joer eropgoen

i Variant: Finanzement

Finanzement [finantsəm'ænt] Maskulinum (Pluriel Finanzementer) - Variant vun ↗Finanzéierung

Finanzen [fin'antsən] Femininum (kee Singulier) **1.** DE *Finanzen* [Finanzwesen] • FR *finances* [gestion, comptabilité] • EN *finances* [accounts] • PT *finanças* [gestão, contabilidade] **Beispill** de Budgetminister ass fir déi éffentlech Finanzen zoustänneg **2.** DE *Finanzen* [ver-

fügbares Geld] • FR *finances* [argent disponible] • EN *finances* [monetary resources] • PT *finanças* [dinheiro disponível] **Beispiller** seng moer Finanzen hunn him et net erlaabt, säin Haus fäerdeg ze renovéieren; den Tresorier këmmer sech ëm d'Finanze vum Veräin

finanziell [finantsj'æ]l Adjektiv DE *finanziell* • FR *financier* <Adverb *financièrement*> • EN *financial* <Adverb *financially*> • PT *financeiro* <Adverb *financeiramente*> **Beispiller** de Betrib stécht an enger finanzieller Kris; als Student ass et dacks schwéier, finanziell iwwer d'Ronnen ze kommen

Finanzinstitut [fin'antsinstitu:t] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Finanzinstituter) DE *Finanzinstitut* • FR *institut financier* • EN *financial institution* • PT *instituição financeira* **Beispill** bei der Fusioun vun deenen zwee Finanzinstituter sollen anscheinend keng Leit entloos ginn

Finanzkris [fin'antskri:s] Femininum (Pluriel Finanzkrisen) DE *Finanzkrise* • FR *crise financière* • EN *financial crisis* • PT *crise financeira* **Beispill** no der leschter Finanzkris ass d'Surveillance vun de Banke verschäerft ginn

Finanzminister [fin'antsministe] Maskulinum (Pluriel Finanzministeren) DE *Finanzminister* • FR *ministre des Finances* • EN *Minister of Finance* • PT *ministro das Finanças* **Beispill** a senger Ried huet de Finanzminister eng Baisse vun de Steieren announced

i Weiblech Form: ↗Finanzministesch

Finanzministère [fin'antsministɛ:r] Maskulinum (Pluriel Finanzministèren) **1.** DE *Finanzministerium* [Behörde, Zuständigkeitsbereich] • FR *ministère des Finances* [département ministériel, portefeuille ministériel] • EN *Ministry of Finance* [government department, administration] • PT *Ministério das Finanças* [departamento ministerial, pasta ministerial] **Beispiller** am Finanzministère schaffe vill Ekonomisten a Juristen; de Finanzministère fällt an dëser Regierung un déi Partei, déi och schonn de Wirtschaftsministère huet **2.** DE *Finanzministerium* [Gebäude] • FR *ministère des Finances* [bâtiment] • EN *Ministry of Finance* [building] • PT *Ministério das Finanças* [edifício] **Beispill** de Finanzministère gëtt vergréssert an ëmgebaut

Finanzministerin [fin'antsministərɪn] Femininum (Pluriel Finanzministerinnen) - Variant vun ↗Finanzministesch

Finanzministesch [fin'antsministəʃ] Femininum (Pluriel Finanzministeschen)

i Variant: Finanzministerin

i Männlech Form: ↗Finanzminister

Finanzplaz [fin'antspla:ts] Femininum (Pluriel Finanzplazen) DE *Finanzplatz* • FR *place financière* • EN *financial centre* • PT *praça financeira* **Beispill** Lëtzebuerg ass eng renommiert Finanzplaz

Finanzsektor [fin'antsæktœ:r] Maskulinum (Pluriel <seelen> Finanzsecteuren) DE *Finanzsektor* • FR *secteur financier* • EN *financial sector* • PT *setor financeiro* **Beispill** duerch d'Ewechfale vum Bankgeheimnis kënt et am Finanzsektor zu gréisserer Changeementer

Finanzsprätz [fin'antsʃpɾæts] Femininum (Pluriel Finanzsprätzten) ^[ëgs] DE *Finanzspritze* • FR *injection de capitaux* • EN *cash injection* • PT *injeção de capitais* **Beispill** eis Museksschoul huet dëst Joer eng **Finanzsprätz** vum Staat krit

Finanzwelt [fin'antsvælt] Femininum (kee Pluriel) DE *Finanzwelt* • FR *monde de la finance* • EN *world of finance, financial community* • PT *mundo financeiro* **Beispill** dës Nouvelle huet an der **Finanzwelt** fir Turbulenze gesuergt

Finanzwiesen Neutrum (kee Pluriel) DE *Finanzwesen, Finanzsektor* • FR *monde des finances, secteur financier* • PT *mundo financeiro, setor financeiro* **Beispiller** d'EU fuerdert eng méi streng Reglementatioun vum europäesche **Finanzwiesen**; als Ekonomistin hues de gutt Chancen, am **Finanzwiesen** eng Aarbechtsplaz ze fannen

Findel [f'indəl] Eegennumm DE *Findel* • FR *Findel* • EN *Findel* • PT *Findel* **Beispiller** ech wunnen um **Findel**; fiert dëse Bus op de **Findel**?

i Schon an den Drëssegerjore vum leschte Joerhonnert sinn um **Lieu-dit Findel** Fligere gelant. Zënterhier schwätzen d'Leit vum **Findel**, wann se de Flughafen mengen. Dat gëllt och nach ëmmer fir den haitegen internationale Flughafen, deen sech do a ronderëm entwéckelt huet.

Findelshaff [f'indəlshaf] Eegennumm DE *Findelshof* • FR *(Ferme de) Findels* • EN *(Ferme de) Findels* • PT *(Ferme de) Findels* **Beispiller** ech wunnen um **Findelshaff**; fiert dëse Bus op de **Findelshaff**?

Finess [fin'æ:s] Femininum (Pluriel **Finessen**) DE *Feinheit* [Nuance, Einzelheit] • FR *finesse* [nuance, détail] • EN *finesse, subtlety, nuance* • PT *subtileza* [nuance, pormenor] **Beispill** hie beherrscht all d'**Finess** vun der franséischer Sprooch **Synonymmen** *Feinheit, Raffiness, Subtilitéit*

finishen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefinisht)

i Hei entsteet en neien Artikel.

finit [fin'i:t] Adjektiv DE *finit, konjugiert* • FR *conjugué* [verbe] • PT *conjugado* [flexionado] **Beispill** „liest“ ass eng **finit** Form vum Verb „liesen“

Finitiou [finisj'əʊn] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Verarbeitung* [Fertigungsqualität] • FR *finition* [qualité] • PT *acabamento* [qualidade] **Beispill** beim Präis vu mengem neien Auto hätt ech mer eng besser **Finitiou** erwaart! **Synonym** *Veraarbechtung* **2.** (Pluriel **Finitiou**nen, kee Singulier) DE *Endbearbeitung, Feinarbeiten* • FR *finitions* [derniers travaux] • PT *acabamentos* [últimos trabalhos] **Beispiller** um Bau ass ëmmer eng Ekipp zoustänneg fir d'**Finitiou**nen; d'Entreprise huet d'Delaieen agehalen, mer si scho bei de **Finitiou**nen

Finitsaz [fin'i:tza:ts] Maskulinum (Pluriel **Finitsätz**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Finn [fin] Maskulinum (Pluriel **Finnen**) DE *Finne* • FR *Finlandais* • EN *Finn* • PT *finlandês* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Finn**

finnesch [f'inəʃ] Adjektiv DE *finnisch* • FR *finlandais* • EN *Finnish* • PT *finlandês* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi

finnesch Kultur kenne geléiert

Finnin [f'inin] Femininum (Pluriel **Finninnen**) DE *Finnin* • FR *Finlandaise* • EN *Finn* [female] • PT *finlandesa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Finnin**

Finnland [f'inlant] Eegennumm, Neutrum DE *Finnland* • FR *Finlande* • EN *Finland* • PT *Finlândia* **Beispiller** ech war schonn dräimol a **Finnland**; ech fuieren d'nächst Woch a **Finnland**; ech kommen aus **Finnland**

i männlech Persoun: ↗Finn weiblech Persoun: ↗Finnin Adjektiv: ↗finnesch Haaptstad: ↗Helsinki

fir [fi:ɐ̯] Prepositioun » **mam Akkusativ 1.** DE *für* [in Bezug auf, im Verhältnis zu] • FR *pour* [en référence à, par rapport à, en ce qui concerne] • EN *for* [with regard to] • PT *para, por* [no que diz respeito a, em relação a, quanto a] **Beispiller** Äre Bouf ass gross **fir** säin Alter; **fir** haut hunn ech genuch geschafft; de Gewinn **fir** eise Betrieb ass enorm; **fir** mech ass dat eng erfonde Geschicht [menger Meenung no ass dat eng erfonde Geschicht] **2.** DE *für* [zugunsten von] • FR *pour* [au bénéfice de, en faveur de] • EN *for* [in favour of] • PT *por, a favor de* **Beispiller** ech hu mech **fir** déi gréng Jupe entscheet; hien ass **fir** d'Ofschafe vun der Doudesstrof **3.** DE *für* [anstelle von, zum Ausgleich für, zum Preis von] • FR *pour* [en remplacement de, en compensation de, au prix de] • EN *for* [instead of, in exchange for] • PT *para, por* [em substituição de, em compensação de, pelo preço de] **Beispiller** kenns du e **Synonym fir** dëst Wuert?; ech hunn nach 1000 Euro **fir** mäin alen Auto krit; an dësem Restaurant ass d'Gedrénks **fir** näischt; mir kruten eis Wunneng **fir** en akzeptabele Präis **4.** DE *für* [geeignet für, bestimmt für] • FR *pour* [fait pour, destiné à] • EN *for* [intended for, appropriate for] • PT *para* [próprio para, destinado a] **Beispiller** dat hei ass e Buch **fir** Kanner; hues de eng Crème **fir** dréchen Haut?; dëse Kad-do ass **fir** d'Bomi **5.** DE *für*, wegen • FR *pour* [à l'occasion de, en raison de] • EN *for* [because of] • PT *por* [por ocasião de, por motivo de] **Beispiller** du kanns mir dach net **fir** all Dreck uruffen!; de Riedner entschëllegt sech ëffentlech **fir** säi verbalen Ausrutscher **6.** DE *zu* [in dem Zeitpunkt] • FR *pour* [temporel] • EN *for* [temporal] • PT *por* [temporal] **Beispiller** **fir** d'Kiermes kënt mäi Brud-der sécher heem; d'Autobunn gëtt **fir** d'nächst Joer fäerdeg **7.** DE *für* [für eine Dauer von] • FR *pour* [pendant, pour une durée de] • EN *for* [for a duration of] • PT *por* [durante, por um período de] **Beispill** de Verbrécher ass **fir** fénnef Joer agespaart ginn **8.** DE *für, bis* (zu) [spätestens bis] • FR *pour* [au plus tard pour] • EN *for* [at the latest by] • PT *para, até* lo *mais tardar* **para** **Beispiller** de Rapport muss **fir** en Dënschdeg fäerdeg sinn; **fir** de 15. September soll de Schoulhaff en neie Belag kréien; ass et nach **fir** haut? ^[ëgs] [⇒ seet een zu engem, fir datt en sech soll fläissen] **9.** **fir** d'éischt **DE** *zuerst* [als Erstes] • FR *d'abord* • EN *first* [before something else] • PT *primeiro, antes de* **mais** **Beispill** **fir** d'éischt gëtt geléiert an da kanns de spille goen! **10.** **fir** d'... (Kéier) **DE** *zum ... Mal* • FR *pour la ... fois* • EN *for the ... time* • PT *pela ... vez* **Beispiller** déi zwee Cousinen hunn sech haut **fir** d'éischt (Kéier) gesinn; ech weess net méi, wéini ech hie **fir** d'lescht (Kéier) gesinn hunn; mäi Monni ass scho **fir** d'zweet (Kéier) bestuet **11.** **fir** sech **DE** *einzel, für sich, alleine* • FR *isolément, pour soi, seul(s)* • EN *in itself, by oneself, alone* • PT *isoladamente, por si só, para si* **Beispiller** all Abschnitt **fir** sech ass gutt geschriwwen, mee den

Zesammenhang ass net ganz logesch; elo liest jid-dereen den Text fir sech an dono schwätze mer zesammen driwwer **12**. fir sech sinn ; fir sech bleiwen **DE** *allein sein, allein bleiben* • **FR** *être (tout) seul(s), rester (tout) seul(s)* • **EN** *to be alone, to be by oneself* • **PT** *estar a sós, ficar a sós* **Beispiller** wa mer bis fir eis sinn, kënn's de bestëmmt op aner Gedanken; ech kommen den Owend net mat op d'Party, well ech wëll am Moment léiwer e bësse fir mech bleiwen

fir [fi:ɣ] Konjunktioun fir ze **DE** *um zu [in der Absicht zu, zum Zweck zu]* • **FR** *pour [en vue de, destiné à]* • **EN** *to [in order to]* • **PT** *para [a fim de, destinado a]* **Beispiller** accleréier, fir de Camion ze iwwerhuelen!; haut huelen ech mer Zäit fir ze raumen; et ass net fir ze laachen! lech fannen dat guer net witzeg!

firenaner [fi:rən'a:nɛ] Adverb ↗fir + ↗-enaner

firenen [fi:rən'e:n] Adverb ↗fir + ↗-enen

Firma [f'irma:] Femininum (Pluriel Firmaen / Firmen) **DE** *Firma, Unternehmen* • **FR** *firme, société, entreprise* • **EN** *firm, company* • **PT** *firma, empresa* **Beispiller** well d'Firma bankrott ass, ginn 300 Leit entlooss; de Patron huet d'Firma op e Patt invitéiert [de Patron huet d'Mataarbechter aus der Firma op e Patt invitéiert] **Synonym** Boîte

Firmament Neutrum (kee Pluriel)

! Hei entsteet en neien Artikel.

firmen [f'irmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefirmt) » **transitiv** [Relioun] **DE** *firmen* • **FR** *confirmer* • **EN** *to confirm* • **PT** *confirmar, crismar* **Beispill** den Äerzbëschof huet d'Kanner an der Cathedral gefirmt

! Variant: firmen

Firmenauto Maskulinum (Pluriel Firmenautoen) **DE** *Firmenwagen* • **FR** *voiture de société* • **EN** *company car* • **PT** *carro da empresa* **Beispill** an eiser Entreprise däerf een de Firmenauto net privat benotzen **Synonym** Firmewon

Firmennumm [f'irmənʊm] Maskulinum (Pluriel Firmennimm)

! Hei entsteet en neien Artikel.

Firmewon Maskulinum (Pluriel Firmeween) **DE** *Firmenwagen* • **FR** *voiture de société* • **EN** *company car* • **PT** *carro da empresa* **Beispill** an eiser Entreprise däerf een de Firmewon net privat benotzen **Synonym** Firmenauto

Firmung [f'irmʊŋ] Femininum (Pluriel Firmungen) [Relioun] **DE** *Firmung* • **FR** *confirmation* • **EN** *confirmation [in the Catholic Church]* • **PT** *confirmação, crisma* **Beispill** de Bëschof hat zwou Firmungen op engem Dag

! Variant: Firmung

firwat [fi:ɣv'a:t] Adverb **1.** **DE** *warum, weshalb* • **FR** *pourquoi [pour quelle raison]* • **EN** *why [for what reason]* • **PT** *porque, porquê [por que razão, por que motivo]* **Beispiller** firwat gees de net mat an de Kino?; ech weess net, firwat eise Chef granzeg ass **Synonym** wéisou **2.** **DE** *wozu [zu welchem Zweck]* • **FR** *pourquoi [dans quel but, à quelle fin]* • **EN** *why [what for]* • **PT** *porque [com que fim]* **Beispill** firwat fiers de muer op

Paräis? **Synonym** woufir

fiscaliséieren [fiskaliz'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé fiscaliséiert)

! Hei entsteet en neien Artikel.

Fischi [f'ijʃi:] Maskulinum (Pluriel Fischien) **DE** *Hals-tuch, Kopftuch* • **FR** *foulard, fichu* • **EN** *scarf* • **PT** *lenço, xai-le* **Beispill** d'Joffer hat e giele Fischi ëm den Hals **Synonymmen** Foulard, Schnappech

Fischstäbchen Maskulinum (Pluriel Fischstäbercher) **DE** *Fischstäbchen* • **FR** *bâtonnet de poisson* • **PT** *douradinho de peixe* **Beispill** d'Fischstäbercher ginn haaptsächlech mat Seelachs gemaach **Synonym** Fishstick

! Variant: Fëschstäbchen

fiselen [f'izələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefiselt) - Variant vun ↗fisemen

Fisem [f'izəm] Femininum (Pluriel Fisemen) **DE** *Fussel* • **FR** *peluche [poil de tissu]* • **EN** *fluff* • **PT** *pelo [de tecido]* **Beispill** op engem schwaarze Paltong gesäit een all Fisem

! Variant: Fusem

Fisematenten [fizəmat'æntən] Substantiv (kee Singular) [ëgs] **DE** *Fisimatenten* • **FR** *manières, chichi* • **EN** *fuss* • **PT** *cerimónias, coisas [complicações]* **Beispill** hie mécht ëmmer Fisematenten, wann et drëm geet, am Restaurant d'Rechnung ze deelen **Synonymmen** Chichi, Jirrimirri

Fisemchen [f'izəmçən] Maskulinum (Pluriel Fisemchen) - Diminutivform vun ↗Fisem

fisemen [f'izəmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefisemt) » **intransitiv** **1.** **DE** *fusseln* • **FR** *pelucher, boulocher* • **EN** *to pill, to lose fluff* • **PT** *largar pelos [de tecido]* **Beispill** däi Schal fisemt, du hues schonn de ganze Paltong voll! » **intransitiv** - onperséinlech **2.** **DE** *nielsen* • **FR** *bruiner* • **EN** *to drizzle* • **PT** *chuviscar* **Beispill** et fisemt nëmmen, du brauch's kee Prabbeli

! Variant: fiselen

Fiseminn Femininum (Pluriel Fiseminnen)

! Hei entsteet en neien Artikel.

Fishstick Maskulinum (Pluriel Fishsticken) **DE** *Fischstäbchen* • **FR** *bâtonnet de poisson* • **PT** *douradinho de peixe* **Beispill** d'Fishsticke ginn haaptsächlech mat Seelachs gemaach **Synonym** Fischstäbchen

Fiss [fis] Maskulinum (Pluriel Fissen) - Variant vun ↗Fils

Fissi [f'isi:] Maskulinum (Pluriel Fissien)

! Hei entsteet en neien Artikel.

Fistbump Maskulinum (Pluriel Fistbumpen / Fistbumps)

! Hei entsteet en neien Artikel.

fistbumpen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefistbump)

! Hei entsteet en neien Artikel.

Fistel [f'istəl] Femininum (Pluriel Fistelen) DE *Fistel* [im Gewebe] • FR *fistule* • EN *fistula* • PT *fistula* **Beispill** d'Zändoktesch huet mer bestätegt, datt sech eng Fistel u mengem entzünnten Zant gebilt huet

fit [fit] Adjektiv DE *fit* • FR *en forme* [en bonne condition physique] • EN *fit* [in condition] • PT *em* (boa) forma **Beispiller** mäi Bopa ass net méi fit genuch, fir mat eis wandern ze goen; no hirem Accident ass d'Sportlerin endlech nees fit; mat esou fitte Leit ginn ech ni méi Vélo fueren!

Fitness [f'itnəs] Femininum (kee Pluriel) DE *Fitness* • FR *forme, condition physique* • EN *fitness, form, condition* • PT *forma, condição física* **Beispill** fir meng Fitness bäizebehalen, ginn ech dräi Mol d'Woch lafen **Synonymmen** Form, Konditioun

Fitness [f'itnəs] Maskulinum (Pluriel Fitnessen / Fitternesser) 1. DE *Fitnessstudio* • FR *club de fitness, centre de fitness* • EN *gym, health club* • PT *ginásio, clube de fitness* **Beispiller** am Nopeschhaus huet viru Kuerzem e Fitness opgemaach; ech gi reegelméisseg an de Fitness, fir a Form ze bleiwen **Synonymmen** Fitnessstudio, Fitnesszenter 2. DE *Fitnessstraining* • FR *gym, entraînement, musculation* • EN *fitness training* • PT *fitness, ginástica, musculação* **Beispill** ech maache mäi Fitness all Dag doheem

Fitnessstudio [f'itnəstu:djo:] Maskulinum (Pluriel Fitnessstudioen) DE *Fitnessstudio* • FR *centre de remise en forme, club de fitness* • EN *gym, health club* • PT *ginásio, clube de fitness* **Beispill** ech gi reegelméisseg an de Fitnessstudio, fir a Form ze bleiwen **Synonym** Fitnesszenter

Fitnesszenter [f'itnəstsæntə] Maskulinum (Pluriel Fitnesszenteren) DE *Fitnessstudio, Fitnesscenter* • FR *centre de remise en forme, club de fitness* • EN *gym, health club* • PT *ginásio, clube de fitness* **Beispill** ech gi reegelméisseg an de Fitnesszenter, fir a Form ze bleiwen **Synonym** Fitnessstudio

Fitteng [f'itɛŋ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Barchent* • FR *futaine* • EN *fustian* • PT *fustão* **Beispill** am Wanter hunn ech am léifste Bettgezei aus Fitteng

Fittis [f'itis] Maskulinum (Pluriel Fittissen) *Phylloscopus trochilus* DE *Fitis* • FR *pouillot fitis* • EN *willow warbler* • PT *felosa-musical* **Beispill** wéi laang bréien d'Fittissen?

fix [fiks] Adjektiv DE *fix* [fest] • FR *fixe* [invariable, déterminé] • EN *fixed* [arranged, predetermined] • PT *fixo* [invariável, determinado] **Beispiller** hie bezilt eis e fixt Gehalt; diskutéiert net, ech hunn dozou souwisou meng fix Meenung!; dat ass bei him eng fix Iddi ginn; ech kréien 2000 Euro fix

fixéieren [fiks'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé fixéiert) » **transitiv** 1. DE *fixieren* [befestigen, anbringen] • FR *fixer* [attacher] • EN *to fix* [to attach] • PT *fixar* [prender] **Beispill** d'Aarbechter hunn de Panno mat Schrauwen um Giewel fixéiert 2. DE *fixieren* [festlegen] • FR *fixer* [déterminer] • EN *to fix* [to decide, to settle on] • PT *fixar* [determinar] **Beispill** mir mussen nach en Datum fir déi nächst Sätzung fixéieren **Synonymmen** festleeën, festsetzen 3. DE *fixieren* [anstarren] • FR *fixer* [du regard] • EN *to stare at* • PT *fixar* [fixar a vista em] **Beispill** hal op, mech ze fixéieren, dat mécht mech ganz nervös!

fixéiert [fiks'ziəɪt] Adjektiv fixéiert sinn op DE *fixiert sein auf* • FR *faire une fixation sur* • EN *to be fixated on* • PT *ter uma fixação por* **Beispill** hatt ass op Männer mat rouden Hoer fixéiert

1 „fixéiert“ kann och de Participe passé vum Verb ↗fixéieren sinn.

fixen [f'iksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefixt) » **intransitiv** DE *fixen* [Drogen spritzen] • FR *se shooter* [se droguer] • EN *to fix* [to inject drugs] • PT *chutar-se* **Beispill** déi Drogésüchteg sichen eng roueg Plaz fir ze fixen

Fixer [f'iksɛ] Maskulinum (Pluriel Fixer) DE *Fixer* [Drogenabhängiger(r)] • FR *drogué, camé* • EN *junkie* • PT *drogado* **Beispill** fir e Fixer sinn d'Drogen dat Wichtigst am Liewen

1 Weiblech Form: ↗Fixerin

Fixerin [f'iksɛrɪn] Femininum (Pluriel Fixerinnen) DE *Fixerin* [Drogenabhängige] • FR *droguée, camée* • PT *drogada*

1 Männlech Form: ↗Fixer

Fixerstuff [f'iksɛstuf] Femininum (Pluriel Fixerstuffen) DE *Fixerraum, Fixerstube* • FR *centre d'injection contrôlée* [pour toxicomanes] • EN *centre for drug addicts, needle exchange* • PT *sala de chuto* **Beispill** an der Fixerstuff gi propper Sprützen ausgedeeft

Fixfeier [f'iksfaɪɛ] Neutrum (kee Pluriel) DE *Streichhölzer* • FR *allumettes* • EN *matches* • PT *fósforos* **Beispill** huel deem Bouf dat Fixfeier ewech!

Fixfeieschkëscht [f'iksfaɪɛkʃɛft] Femininum (Pluriel Fixfeieschkëschten) DE *Streichholzschachtel* • FR *boîte d'allumettes* • EN *matchbox* • PT *caixa de fósforos* **Beispill** mäi Monni sammelt Fixfeieschkëschten

Fixspoun [f'iksʃpəʊn] Maskulinum (Pluriel Fixspéin) DE *Streichholz* • FR *allumette* • EN *match, matchstick* • PT *fósforo* [palito de fósforo] **Beispiller** hues du e Fixspoun, fir d'Käerz unzefänken?; hatt huet Been ewéi Fixspéin

flaach [fl'a:χ] Adjektiv DE *flach* [eben] • FR *plat* [plan, horizontal] <Adverb à plat> • EN *flat* [horizontal], *open* [hand], *flat* [stretched out full length] <Adverb flat> • PT *plano, liso* <Adverb de bruços> **Beispiller** hien huet mech mat der flaacher Hand op de Bak geschloen!; desén Architekt zeechent nëmmen Haiser mat engem flaachen Daach; d'Clienten hunn sech beim Bankiwwerfall misse flaach op de Buedem leeën

flaach- Verbpartikel DE [abtrennbares Erstglied eines Verbs] • FR [particule séparable d'un verbe] • EN [separable verb particle] • PT [partícula separável de um verbo] **Beispiller** de Museker ass schonn zënter enger Woch krank, de Concert haut den Owend fällt garantéiert flaach!; mat mengem Schnapp hunn ech de ganze Weekend flaachgeleeën

1 Verben, déi **flaach-** als Partikel hunn: ↗flaachfalen, ↗flaachleeën, ↗flaachlieën

1 Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗flaach Adjektiv

flaachfalen [fl'a:χfa:lən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé flaachgefall) » **intransitiv** [égs] DE *flachfallen* • FR *tomber à l'eau* [ne pas avoir lieu] • EN *to fall*

through • **PT** não se realizar, não ter lugar **Beispill** de Concert ass flaachgefall, well de Solist sech erkaalt huet

flaachleeën [fl'a:χle:ən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé flaachgeluecht) » **transitiv** ^[graaf] **DE** flachlegen [koitieren mit] • **FR** se taper [avoir des relations sexuelles avec] • **EN** to lay [to have sex with] • **PT** comer [ter relações sexuais com] **Beispill** hie bretzt sech dermat, datt en der scho vill flaachgeluecht hätt

flaachleien [fl'a:χlaɪən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé flaachgeleeën) » **intransitiv** ^[égs] **DE** flachliegen • **FR** être au lit, être alité [pour cause de maladie] • **EN** to be laid up [to be confined to bed] • **PT** ficar acamado, ficar de cama [por motivo de doença] **Beispill** mat mengem Schnapp hunn ech de ganze Weekend flaachgeleeën

Flaatsch [fla:tʃ] Femininum (Pluriel Flaatschen) **1.** ^[égs] **DE** große Scheibe [abgeschnittenes Stück] • **FR** grande tranche [d'une matière comestible] • **EN** thick slice [piece] • **PT** grande fatia [pedaço de um alimento] **Beispill** hien tässelt sech zwou Flaatschen Ham op d'Schmier **2.** ^[égs] **DE** großer Fleck • **FR** grosse tache • **EN** blotch • **PT** grande nódoa **Beispill** du muss engem Dokter déi Flaatsch do weisen! **3.** ^[égs] **DE** große Fläche [Land] • **FR** grand terrain, grande étendue [de terre] • **EN** stretch, expanse [of land] • **PT** grande terreno, grande extensão [de terra] **Beispill** tëschent de Gäert an dem Bësch läit nach eng grouss Flaatsch Broochland

flaatschen [fl'a:tʃən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé geflaatscht)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Fläch [flæç] Femininum (Pluriel Flächen) **DE** Fläche • **FR** surface, superficie • **EN** area • **PT** superfície [área] **Beispiller** d'Naturschutzgebitt huet eng Fläch vun 200 Quadratkilometer; d'Joffer huet de Kanner erkläert, wéi een d'Fläch vun engem Dräieck rechent **Synonymmen** Surface, Flächeninhalt

Flächebrand [fl'æçəbrant] Maskulinum (Pluriel Flächebränn) **DE** Flächenbrand • **FR** incendie de grande étendue • **EN** wildfire • **PT** incêndio de grande extensão **Beispill** d'Pompjeeën hunn dräi Deeg gebraucht, fir de Flächebrand ze léschen

flächendeckend [fl'æçəndækənt] Adjektiv **DE** flächendeckend • **FR** étendu, à grande échelle • **PT** abrangente, em grande escala **Beispiller** an eisem Land feelt eng flächendeckend Offer u Betreiungsstrukture fir Leit mat enger Behënnerung; d'Kommissioun schafft drun, fir den ëffentlechen Transport flächendeckend auszubauen

Flächeninhalt [fl'æçəninhalt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Flächeninhalt • **FR** aire, superficie • **EN** surface area • **PT** área, superfície **Beispill** wéi rechent een de Flächeninhalt vun engem Trapez?

Flack [flak] Femininum (Pluriel Flacken) **DE** Flocke [Schneeflocke] • **FR** flocon [de neige] • **EN** flake [of snow] • **PT** floco [de neve] **Beispill** haut de Moien ass bei eis déi éischt Flack Schnéi gefall

flackeren [fl'akərən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé geflackert) » **intransitiv** **1.** **DE** flackern Licht,

Feuer] • **FR** scintiller, vaciller [lumière, flamme] • **EN** to flicker [light, flame] • **PT** cintilar, vacilar [luz, chama] **Beispiller** all Joer danzen a flackere Milliounen Lichtercher op der Kiermes; d'Käerz ass bal aus, se flackert nëmmen nach **2.** mat den Ae flackeren **DE** blinzeln • **FR** cligner des yeux, ciller • **EN** to blink • **PT** piscar os olhos, pestanejar **Beispiller** d'Sonn ass em ze hell, hie flackert mat den Aen; hie litt, ouni mat den Aen ze flackeren ^[égs] [hie litt ouni ze zécken] **Synonym** blënzen

Flacon [fl'akõ:] Maskulinum (Pluriel Flaconen) **DE** Flacon • **FR** flacon [fiole] • **EN** (small) bottle, flacon • **PT** frasco [recipiente] **Beispill** meng Schwëster krut fir de Gebuertsdag e Flacon Parfum geschenkt

fladderen [fl'adərən] Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé gefladdert) » **intransitiv** **1.** **DE** flattern [fliegen] • **FR** voleter, voltiger • **EN** to flutter • **PT** esvoaçar, voltear **Beispiller** d'Dauwe sinn nervös iwver d'Plaz gefladdert; wéinst dem Duerchzuch sinn all meng Ziedelen duerch d'Luucht gefladdert **Synonym** fléien **2.** ^[égs] **DE** segeln [fallen] • **FR** faire un vol plané [par accident] • **EN** to fly (into), to career (into) • **PT** cair, tombar **Beispill** hien ass gëschter mat sengem Auto an de Gruef gefladdert **3.** ^[égs] **DE** fliegen [hinausgeworfen werden] • **FR** être jeté dehors, se faire virer • **EN** to be kicked out, to get the push • **PT** ser expulso, ser posto no olho da rua **Beispiller** hien ass aus dem Bistro gefladdert; feel net ze dacks op der Aarbecht, soss fladders de!

i Variant: flatteren

flagrant Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Flair [flɛ:ç] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** Flair [Atmosphäre] • **FR** ambiance, atmosphère • **EN** ambiance • **PT** ambiente, atmosfera **Beispill** de mëttelalterleche Flair vun der klenger Stad mécht hire Charme aus **Synonym** Ambiance **2.** **DE** Gespür • **FR** flair [perspicacité] • **EN** flair [ability] • **PT** faro [perspicácia] **Beispill** hien huet den néidege Flair, fir gutt Geschäfte ze maachen

Fläiss [flæ:ɪs] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Fleiß • **FR** zèle, application • **EN** application, diligence • **PT** zelo, aplicação **Beispiller** säi Fläiss ass mat enger Primm belount ginn; an der Primärschoul hat ech meeschtens eng Eins am Fläiss an am Betragen **Synonym** Applikatioun

fläisseg [fl'æ:ɪsəç] Adjektiv **DE** fleißig, eifrig • **FR** appliqué, travailleur <Adverb avec application> • **EN** hard-working, diligent <Adverb diligently> • **PT** aplicado, trabalhador <Adverb com aplicação> **Beispiller** wann s de méi fläisseg wiers, häss de besser Resultater!; ech hu fläisseg notéiert, wat ech héieren hunn

fläissen [fl'æ:ɪsən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé geflass) » **reflexiv** **DE** sich beeilen • **FR** se dépêcher • **EN** to hurry up • **PT** despachar-se **Beispill** fläiss dech, soss kriss de de Bus net! **Synonymmen** sech begannen, sech druginn, sech presséieren, sech tommelen, virumaachen

Flam [fla:m] Femininum (Pluriel Flamen) **1.** **DE** Flamme [des Feuers] • **FR** flamme [langue de feu] • **EN** flame [fire] • **PT** chama [língua de fogo] **Beispiller** d'Flam vun

der Käerz huet geflackert; d'Flame schloen uewen aus dem Kamäin; déi al Mille stoung a Flamen; hien ass fir eis Iddi Feier a Flam ^[ëgs] |hien ass vun eiser Iddi begeeschtert| **2.** ^[ëgs] **DE** Flamme [Schwarm] • **FR** *béguin* [personne adorée] • **EN** *flame* [sweetheart] • **PT** *paixão* [pessoa adorada] **Beispill** deng grouss Schwëster war emol meng heemlech Flam

flambéieren [flã:mb'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé flambéiert) » **transitiv** **DE** flambieren • **FR** *flamber* [un mets] • **EN** *to flambé* • **PT** *flambar* [uma iguaria] **Beispiller** de Kach flambéiert d'Scampie mat engem Schotz Alkohol; fir Dessert gouf et flambéiert Paangecher

flamen [fl'a:mən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé geflaamt) » **intransitiv** - och **onperséinlech** ^[ëgs] **DE** *brennen* [in Flammen stehen] • **FR** *être en flammes, brûler* • **EN** *to be in flames, to burn* • **PT** *arder* [estar em fogo] **Beispiller** an Zäit vu fënnef Minutten huet déi ganz Scheier geflaamt; et huet hënt an der Fabrick schéi geflaamt; seng Baken hu geflaamt [hien hat rout Baken]; hal direkt op, soss flaamt et! [hal direkt op, soss ginn ech rosen!] **Synonym** brennen

i Verb, dat **flamen** als Basis huet: **⚭opflamen**

flämesch [fl'ɛ:məʃ] Adjektiv **DE** flämischesch • **FR** *flamand* • **EN** *Flemish* • **PT** *flamengo* [de Flandres] **Beispill** eis belsch Nopesch hat eis op en Iesse mat flämesche Spezialitéiten invitéiert

i Variant: flammänesch

Flamingo Maskulinum (Pluriel Flamingoen) **DE** *Flamingo* • **FR** *flamant* **Beispill** firwat stinn d'Flamingoen ëmmer op engem Been?

flammänesch [fl'amænəʃ] Adjektiv - Variant vun **⚭flämesch**

Flan [flã:] Maskulinum (Pluriel Flanen) **DE** *Flan* • **FR** *flan* [crème] • **EN** *baked egg custard* • **PT** *flan* **Beispill** de Mëtteg gouf et Flan mat Karamellszooss als Dessert

flanéieren [flan'zɪərən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé flanéiert) » **intransitiv** **DE** flaniieren • **FR** *flâner* [se promener] • **EN** *to stroll* • **PT** *deambular* [passear] **Beispill** an der Vakanz flanéiere mir dacks de ganze Mëtteg duerch d'Stroossen

Flanell [flan'æəl] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Flanell* • **FR** *flanelle* • **EN** *flannel* [fabric] • **PT** *flanela* **Beispill** Flanell ass ze waarm fir de Summer

flang [flaŋ] Interjektion **DE** *patsch, zack* • **FR** (et) *vlan* • **EN** *wham* • **PT** *zumba, pumba, trás* **Beispiller** flang, déi souz!; flang louch ech um Buedem a konnt net méi opstoen!; en hat d'Frechheet knapps gesot, a flang hat en eng um Bak!; den Auto ass stoe bliwwen a flang ass d'Dier opgefuer! **Synonymmen** flatsch, zack

Flank [flaŋk] Femininum (Pluriel Flanken) **1.** **DE** *Flanke* [am Rumpf] • **FR** *flanc* [partie du corps] • **EN** *flank* [part of the body] • **PT** *flanco* [região do corpo] **Beispiller** d'Päerd huet e wäisse Fleck an der Flank; wéinst menger Nierenentzündung hunn ech e Stiechen an deenen zwou Flanken **2.** **DE** *Flanke* [Ballabgabe] • **FR** *tir au centre* [passe latérale] • **EN** *cross* [football] • **PT** *cruzamento* [passe lateral] **Beispill** an der leschter Spillmin-

utt ass duerch eng riets Flank nach e Gol gefall

flankéieren [flaŋk'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé flankéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel

flanken [fl'aŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé geflankt) » **intransitiv** **DE** flanken [den Ball abgeben] • **FR** *centrer* [effectuer une passe latérale] • **EN** *to cross* [to pass the ball] • **PT** *centrar* [atirar a bola] **Beispill** de Stiermer huet direkt virun de Gol geflankt

Flantermaus [fl'antemæ:ʊs] Femininum (Pluriel Flantermais) **DE** *Fledermaus* • **FR** *chauve-souris* • **EN** *bat* [animal] • **PT** *morcego* **Beispill** um Plaffong vun der Hiel houng eng ganz Kolonie Flantermais **Synonym** Fliedermaus

Flantes [fl'antəs] Maskulinum (Pluriel Flantesen) **1.** ^[ëgs] **DE** *kräftiger Bursche* • **FR** *costaud, malabar* • **EN** *muscleman* [sturdy fellow] • **PT** *matulão, rapagão* **Beispill** eise Golkipp ass e Flantes vun zwee Zenner **2.** ^[ëgs] **DE** *Lümmel* [Flegel] • **FR** *malotru* • **EN** *lout* • **PT** *malcriado, mal-educado* **Beispill** du kanns dee Flantes do näischt ustellen, e mécht alles futti

Flapp [flap] Maskulinum (Pluriel Fläpp) - Kuerzform vun **⚭Koufflapp** **1.** ^[ëgs] **DE** *Häufchen* [Kot] • **FR** *crotte* [excrément] **Beispiller** o nee, d'Kaz huet schonn erëm e Flapp op eise wäissen Teppech gemaach!; maach kee Flapp an d'Box! [sief net esou iwwerdrifwen ängschtlech!] **2.** ^[ëgs] **DE** *Klacks* [kleine Menge] • **FR** *petit tas, petite quantité* • **EN** *dollop* • **PT** *pequena quantidade* **Beispill** maach dem Bop nach e Flapp Schlagsan op d'Taart!

Fläppchen Maskulinum (Pluriel Fläppercher) - Diminutivform vun **⚭Flapp**

flappeg [fl'apəç] Adjektiv **1.** ^[ëgs] **DE** *riesig* [übermäßig groß] • **FR** *énorme* [très grand, démesuré] • **EN** *ungainly, massive, huge* • **PT** *enorme* [muito grande, desmedido] **Beispill** ech packen dat flappegt Stéck Taart do nimools! **2.** **DE** *flapsig, barsch, ungehobelt* • **FR** *impoli, grossier* • **PT** *rude, grosseiro* **Beispiller** ech hunn héiflech gefrot a krut just eng flappeg Äntwert; dee flappege Kärel weess sech awer och néierens ze behuelen!

flappen [fl'apən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé geflappt) » **intransitiv** ^[ëgs] **DE** *machen* [Kot ausscheiden] • **FR** *bouser* • **EN** *to mute, to crap, to poo* • **PT** *caçar* **Beispill** d'Kéi hunn an d'Strooss geflappt

flappeg [fl'apsəç] Adjektiv ^[ëgs] **DE** *flapsig* • **FR** *mal-adroit, lourd* <Adverb maladroitement, lourdement> • **EN** *clumsy, awkward* <Adverb clumsily> • **PT** *desajeitado, bronco* <Adverb desajeitadamente> **Beispill** hien huet d'Fra op eng flappeg Manéier ugeschwat

Fläsch [flæʃ] Femininum (Pluriel Fläschchen) **1.** **DE** *Flasche* [Gefäß] • **FR** *bouteille* [contenant] • **EN** *bottle* [container] • **PT** *garrafa* [recipiente] **Beispiller** d'Kanner hunn d'Limonad aus der Fläsch gedronk; de Wënzer huet de Wäin a Fläsche gefëllt; d'Pensionnairen hunn eng Fläsch zesammen opgemaach ^[ëgs] [d'Pensionnairen hunn zesammen e Patt gedronk] **2.** **DE** *Fläschchen* [Saugflasche] • **FR** *biberon* • **EN** *bottle* [feeding bottle] • **PT** *biberão* **Beispill** d'Mamm gëtt dem Bëbee d'Fläsch **Synonym** Biberon **3.** **DE** *Flasche* [Inhalt] • **FR** *bouteille* [conten-

nu • **EN** *bottle* [contents] • **PT** *garrafa* [conteúdo] **Beispiller** d'Kolleegen hunn zesummen eng Fläsch gedronk; hien hänkt schonn zënter Joren an der Fläsch ^[ëgs] [hien ass schonn zënter Joren Alkoholiker]

Fläschebéier [fl'æʃəbɛɪə] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Flaschenbier* • **FR** *bière en bouteille* • **EN** *bottled beer* • **PT** *cerveja em garrafa* **Beispill** an der Wiertschaft ass et just Fläschebéier ginn

Fläschelchen [fl'æʃəlçən] Femininum (Pluriel Fläschelcher) - Diminutivform vun [↗]Fläsch

Fläscheneffner [fl'æʃənəfnɛ] Maskulinum (Pluriel Fläscheneffner) **DE** *Flaschenöffner* • **FR** *ouvre-bouteille, décapsuleur* • **EN** *bottle opener* • **PT** *abre-garrafas, tira-cápsulas* **Beispill** virun de Wale verdeelt d'Partei Fläscheneffner mat hirem Logo drop

ⁱ Variant: Flascheneffner

Flascheneffner [fl'ɑʃənəfnɛ] Maskulinum (Pluriel Flascheneffner) - Variant vun [↗]Fläscheneffner

flashen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geflasht)

ⁱ Hei entsteet en neien Artikel.

Flatrate Femininum (Pluriel Flatraten)

ⁱ Hei entsteet en neien Artikel.

Flätsch [flætʃ] Femininum (Pluriel Flätschen) **DE** *Bändchen* [aus Stoff, aus Papier] • **FR** *ruban, nœud de ruban* • **EN** *ribbon* [fabric] • **PT** *fitá, laçarote* **Beispiller** et muss eng Hochzäit dorëmmer sinn, d'Autoen hu Flätschen un den Antennen; dat klengt Meedchen hat Flätschen an den Hoer

flatsch Interjektion **DE** *patzch, zack* • **FR** (et) *vlan* • **PT** *zás, trás, pumba* **Beispiller** flatsch, déi souz!; flatsch louch ech an der Heck an hat eng Aachtchen am viische Rad!; en hat knapps erëmgemault, flatsch hat en eng um Bak! **Synonymmen** flang, zack

ⁱ Variant: flatschdeg

flatschdeg Interjektion - Variant vun [↗]flatsch

Flätschelchen [fl'ætʃəlçən] Femininum (Pluriel Flätschelcher) - Diminutivform vun [↗]Flätsch

flätschen [fl'ætʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geflätst) » **intransitiv** - onperséinlech **1.** ^[ëgs] **DE** *klatschen, platschen* [ein schallendes Geräusch machen] • **FR** *claquer* [faire un bruit retentissant] • **EN** *to go splat, to bang* • **PT** *estalar* [emitir um som retumbante] **Beispiller** wat huet dat geflätst, wéi de Schwamp widder d'Fenster geflunn ass!; sief elo roueg, soss flätst et! [sief elo roueg, soss gëss de geschloen!] » **transitiv 2.** ^[ëgs] engem eng flätschen **DE** *jemandem eine runterhauen* • **FR** *gifler quelqu'un* • **EN** *to slap someone* • **PT** *dar uma estalada a alguém* **Beispill** gëff dech, soss flätschen ech der eng!

flattéieren [fl'atɕiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé flattéiert) » **transitiv DE** *schmeicheln* [zur Geltung bringen] • **FR** *flatter* [mettre en valeur] • **EN** *to flatter* [to become] • **PT** *favorecer* [valorizar] **Beispill** d'Faarf vun denger Blus flattéiert dech

flattéiert [fl'atɕiɛt] Adjektiv **DE** *geschmeichelt* • **FR** *flatté* • **EN** *flattered* • **PT** *lisonjeado* [orgulhoso] **Beispill** ech fille mech flattéiert vun esou vill Komplimenter **Synonym** geschmeichelt

ⁱ „flattéiert“ kann och de Participe passé vum Verb [↗]flattéieren sinn.

flatten [fl'ætən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geflatt) » **transitiv** ^[ëgs] **DE** *flatten, abflachen* • **FR** *aplatir* [une courbe] • **EN** *to flatten* [la curve] • **PT** *achatar* [uma curva] **Beispill** den Zweck vun de sanitäre Mesurë besteet doran, d'Kurv vun den Infektiounen ze flatten, fir datt d'Spideeler net iwverlaascht ginn

ⁱ Dëst Verb ass 2020 während der Coronakris duerch den engleschen Ausdrock „flatten the curve“ an de Sproochgebrauch komm.

flatten the curve [fl'ætənðækœ:f] **DE** *die (statistische) Kurve abflachen, die (statistische) Kurve flach halten* [der COVID-19-Fälle] • **FR** *arrondir la courbe (statistique), maintenir la courbe (statistique) arrondie* [des cas de COVID-19] • **PT** *achatar a curva (estatística), manter a curva (estatística) achatada* [dos casos da COVID-19] **Beispill** flatten the curve heescht et den Ament iwverall an de Medien

flatteren [fl'atəɾən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé geflattert) - Variant vun [↗]fladderen

Flatzbuer [fl'atsbu:ɔ] Eegennumm **DE** *Flatzbour* • **FR** *Flatzbour* • **EN** *Flatzbour* • **PT** *Flatzbour* **Beispiller** ech wunnen zu Flatzbuer; fiert dëse Bus op Flatzbuer?

ⁱ Lokalvariant: Flatzbur

Flatzbur [fl'atsbu:ɔ] Eegennumm - Variant vun [↗]Flatzbuer

Flaus Femininum (Pluriel Flausen)

ⁱ Hei entsteet en neien Artikel.

Flautert Maskulinum (Pluriel Flauterten) ^[vereelt] **DE** *Witzbold, Spaßvogel* • **FR** *farceur, blagueur* • **PT** *engraçadinho, brincalhão* **Beispill** deem Flautert wäert den Eefalt nach vergoen!

flechten [fl'æçtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geflecht) » **transitiv DE** *flechten* • **FR** *natter, tresser* • **EN** *to weave, to plait* • **PT** *entrelaçar, entrançar* **Beispiller** d'Kanner hu mat Blummen e Kranz geflecht; mir hunn um Maart e geflechte Kuerrf kaaft

Fleck [flæk] Maskulinum (Pluriel Flecken) **1.** **DE** *Fleck* [Schmutzfleck] • **FR** *tache* [salissure] • **EN** *stain, spot* • **PT** *mancha, nódoa* **Beispiller** mäi Mann huet emol nees en ellene Fleck op senger Krawatt; op dengem Hiem si brong Flecken, déi net méi erausginn **2.** **DE** *Fleck* [andersfarbige Stelle] • **FR** *tache* [surface de couleur différente] • **EN** *patch* [small area] • **PT** *mancha, malha* [pinta de cor diferente] **Beispiller** d'Kaz huet e wäisse Fleck op der Stier; et sinn nach e puer wäisse Flecken op der Kaart ^[ëgs] let gëtt nach e puer Plazen, déi net erfuerscht sinn] **Synonym** Plaz **3.** sech net vum Fleck réieren **DE** *sich nicht vom Fleck rühren* • **FR** *ne pas bouger* (d'un pouce) • **EN** *to not move from the spot, to not stir* • **PT** *não se mexer* (de um milímetro) **Beispill** ech hu mech net vum Fleck geréiert **4.** net vum Fleck kommen **DE** *nicht vom Fleck kommen* • **FR** *ne pas avancer* [ne pas faire de

progrès • EN *to not progress, to make no headway* • PT *não avançar* [*Inão fazer progresso*] **Beispill** mir komme mat eiser Aarbecht einfach net vum Fleck!

Fléck [flek] Femininum (Pluriel Flécken) DE *Flickarbeit* • FR *raccommodage* • EN *mending* • PT *remendagem* **Beispiller** ech hunn den Owend nach eng Stréck an eng Fléck ze maachen; meng Schong sinn an der Fléck [égs] [meng Schong gi grad gefléckt]

fléck Adjektiv - Variant vun ↗flénk

fleckeg [fl'ækəç] Adjektiv DE *fleckig* • FR *taché* [*maculé*] • EN *stained* [*dirty*] • PT *manchado* [*enodado*] **Beispill** am Restaurant louch eng fleckeg Napp um Dësch

flécken [fl'ekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefléckt) » **transitiv 1.** DE *reparieren, ausbessern* • FR *réparer, remettre en état* • EN *to mend, to repair* • PT *consertar, compor, reparar* **Beispiller** dän alen Auto ass net méi ze flécken; de Bauer fléckt den Drot vun der Perch **Synonym** reparéieren **2.** DE *flicken* • FR *raccommoder, rapiécer* • EN *to mend, to patch* • PT *remendar* [*porremendo em*] **Beispill** d'Mamm huet de Kanner hir Boxe gefléckt

1 Verb, dat flécken als Basis huet: ↗zesummeflécken

Fléckenhaff [fl'ekənhaf] Eegennumm DE *Flickenhaff, Fleckenhaff* • FR *Flickenhaff, Fleckenhaff* • EN *Flickenhaff, Fleckenhaff* • PT *Flickenhaff, Fleckenhaff* **Beispiller** ech wunnen um Fléckenhaff; fiert dëse Bus op de Fléckenhaff?

Fleckewaasser [fl'ækəva:sə] Neutrum (kee Pluriel) DE *Fleckenwasser* • FR *détachant* [*liquide*] • EN *stain remover* • PT *tira-nódoas* [*liquido*] **Beispill** mat Fleckewaasser kriss de de Roude Wäin aus dem Dëschel-duch eraus

Fleece [fli:s] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE *Fleece* • FR (*fibres*) *polaire* • PT *fibra polar* **Beispill** mäin neie Pullover fir an d'Schivakanz ass aus Fleece **2.** (Pluriel Fleece) DE *Fleecejacke* • FR *polaire* [*vêtement*] • PT (*casaco*) *polar* **Beispill** d'Tirett vu mengem Fleece ass futti

Fleeg [fle:ç] Femininum (kee Pluriel) **1.** DE *Pflege* [*Behandlung, Betreuung*] • FR *soins* [*traitement, prise en charge*] • EN *care* [*attention, treatment*] • PT *cuidados* [*tratamento, assistência*] **Beispill** am Alter brauche vill Leit eng individuell Fleeg **2.** DE *Pflege* [*Unterhalt*] • FR *soins* [*entretien*] • EN *maintenance, upkeep* • PT *manutenção* [*conservação, preservação*] **Beispill** e grouse Gaart brauch vill Fleeg

1 Variant: Pfléeg

Fleegedéngscht [fl'e:zədn̩çt] Maskulinum (Pluriel Fleegedéngschter) DE (*ambulante*) *Pflegedienst* • FR *service de soins* (*ambulatorie*) [*service d'assistance*] • EN *homecare service* • PT *serviço de apoio domiciliário* [*serviço de cuidados*] **Beispill** all Dag kënnt eng Infirmière vum Fleegedéngscht bei meng Groussmamm

1 Variant: Pfléegedéngscht

Fleegefall [fl'e:zəfal] Maskulinum (Pluriel Fleegefäll) DE *Pflegefall* • FR *personne dépendante* [*Inécessitant des soins constants*] • EN *invalid* [*person in need of care*] • PT *peessoa dependente* [*Inécessitando de cuidados constantes*] **Beispill** den sengem Schwéieren Accident

war hie laang e Fleegefall

1 Variant: Pfléegefall

Fleegeheim [fl'e:zəhe:m] Neutrum (Pluriel Fleegeheemer) DE *Pflegeheim* • FR *maison de soins* [*pour malades*] • EN *care home, nursing home* • PT *estabelecimento de cuidados* [*para doentes*] **Beispill** Fleegeheemer si wichteg Ariichtungen an eiser Gesellschaft

1 Varianten: Fleegeheim, Pfléeggeheim, Pfléegheim

Fleegeheim [fl'e:zəha:m] Neutrum (Pluriel Fleegeheimer) - Variant vun ↗Fleegeheim

fleegen [fl'e:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefleegt) » **transitiv 1.** DE *pfliegen* [*leinen Kranken*] • FR *soigner* [*un malade*] • EN *to look after, to take care of* [*a sick person*] • PT *cuidar de* [*de um doente*] **Beispiller** et ass net einfach, en Doudkranke richteg ze fleegen; well et nach kee spezifescht Medikament gëtt, ass et net evident, e Patient mat schwéiere Covid-19-Symptomer ze fleegen **2.** DE *pfliegen* [*instand halten, sich bemühen um*] • FR *soigner* [*entretenir, cultiver*] • EN *to cultivate* [*the friendship*], *to maintain* [*a lawn*] • PT *manter* [*preservar, cultivar*] **Beispiller** eng Frëndschaft muss ee fleegen, soss hält se net; mäi Papp huet eise Wues ëmmer schéi gefleegt » **reflexiv 3.** DE *sich pfliegen* • FR *prendre soin de soi* [*de sa santé, de son apparence*] • EN *to look after oneself* [*to care for oneself*] • PT *tratar-se* [*cuidar da sua saúde, da sua aparência*] **Beispiller** dee Mann gesäit net gutt aus, well en sech net fleegt; nodeem en de Covid-19 iwwerstanen hat, huet de Patient sech nach laang Zäit doheem misse fleegen **Synonym** no sech kucken

1 Variant: pfléegen

Fleegepersonal [fl'e:zəpəsona:l] Neutrum (kee Pluriel) DE *Pflegepersonal* • FR *personnel soignant* • EN *nursing staff* • PT *auxiliares de enfermagem* **Beispiller** hei am Spidol hunn ech bis elo nëmme gutt Erfarunge mam Fleegepersonal gemaach; déi streng Coronamesuren op hirer Aarbechtsplaz si fir d'Fleegepersonal eng extrem Erausforderung

1 Variant: Pfléegepersonal

Fleeger [fl'e:zə] Maskulinum (Pluriel Fleeger)

1 Hei entsteet en neien Artikel

1 Variant: Pfléeger

1 Weiblech Form: ↗Fleegerin

Fleegerin [fl'e:zərin] Femininum (Pluriel Fleegerinnen)

1 Variant: Pfléegerin

1 Männlech Form: ↗Fleeger

Fleegesecteur Maskulinum (Pluriel <seelen> Fleegesecteuren) DE *Pflegesektor* [*des Gesundheitswesens*] • FR *secteur des soins* [*de la santé publique*] • PT *setor dos cuidados* [*de saúde pública*] **Beispill** déi Beschäftegt am Fleegesecteur fuerderen eng besser Pai fir hir schwéier Aarbecht

1 Variant: Pfléegesecteur

Fleesch [fleːʃ] Neutrum (kee Pluriel) **1. DE Fleisch** [Nahrungsmittel] • **FR viande** • **EN meat** • **PT carne** [aliment] **Beispiller** mir gi bei de Metzler **Fleesch** kafen an net an de Supermarché; de Kach leet d'**Fleesch** op de Grill **2. DE Fleisch** [Gewebe] • **FR chair** [tissu organique] • **EN flesh** [tissue] • **PT carne** [tecido orgânico] **Beispiller** ech hu mech déif an d'**Fleesch** geschnidden; domat hues du dech an d'eegent **Fleesch** geschnidden [égs] [domat hues du dir selwer geschuet]; deng Aarbecht ass dir a **Fleesch** a Bluttt iwergaangen [égs] [deng Aarbecht ass fir dech zu enger Routine ginn] **3. DE Fleisch** [Fruchtfleisch] • **FR chair, pulpe** [d'un fruit] • **EN flesh, pulp** • **PT carne, polpa** [de um fruto] **Beispill** d'**Fleesch** vun deene Prommen hei ass mir net fest genuch

fleescheg [fl'eːʃəç] Adjektiv **DE fleischig** • **FR charnu** • **EN meaty** • **PT carnudo** **Beispill** hien huet déck, fleescheg Fangeren

Fleeschfréisser Maskulinum (Pluriel Fleeschfréisser) - Variant vun ↗Fleeschfrësser

Fleeschfrësser Maskulinum (Pluriel Fleeschfrësser)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: Fleeschfréisser

Fleeschméck [fl'eːʃmɛk] Femininum (Pluriel Fleeschmécken) **DE Fleischfliege** • **FR mouche à viande** • **EN flesh fly** • **PT varejeira** **Beispill** d'**Fleeschmécke** sëtzen op de Reschter vum Picknick **Synonym** Schäissméck

Fleeschwollef Maskulinum (Pluriel Fleeschwëllef) **DE Fleischwolf** • **FR hache-viande, hachoir à viande** **Beispill** fréier hate vill Leit e **Fleeschwollef** doheim, fir Gehacktes ze maachen

i Kuerzform: Wollef

fleeten [fl'eːtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefleet) » **intransitiv 1.** [égs] fleeten op **DE pfeifen auf** • **FR se moquer de** [dédaigner, mépriser] • **EN to not give a damn about** • **PT estar-se nas tintas para** **Beispill** ech fleeten (der) op deng Suen! **2.** [égs] fleete goen **DE flöten gehen** • **FR s'envoler** (en fumée) [se perdre, disparaître] • **EN to go down the drain** • **PT sumir-se, ir-se** [perder-se, desaparecer] **Beispiller** seng Sue sinn all fleete gaangen; déi gutt Laun ass fleete gaangen

Fléiber [fl'ɛɪbɐ] Eegennumm **DE Flebour** • **FR Flebour** • **EN Flebour** • **PT Flebour** **Beispiller** ech wunnen op der Fléiber; fiert dëse Bus op d'Fléiber beim Hareler Poteau?

Fléiber [fl'ɛɪbɐ] Eegennumm **DE Flebour** • **FR Flebour** • **EN Flebour** • **PT Flebour** **Beispiller** ech wunnen op der Fléiber; fiert dëse Bus op d'Fléiber bei Lëpschent?

fléien [fl'ɛɪən] ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé geflunn) » **intransitiv 1.** **DE fliegen** [sich durch die Luft fortbewegen] • **FR voler** [se déplacer dans les airs] • **EN to fly** [to move through the air] • **PT voar** [mover-se no ar] **Beispiller** d'Schmuebele fléien héich iwver den Haiser; ech sinn nach ni (mam) Helikopter geflunn; mäi Chef huet haut eng fléie geloost! [égs] [mäi Chef huet haut eppes falsch gemaach] **2. DE fliegen** [mit dem Flugzeug reisen] • **FR partir** (en avion), aller (en avion), prendre l'avion • **EN to fly** [by plane] • **PT ir** (de avião), viajar de avião **Beispiller** meng Grousseltere sinn haut

an d'Vakanz geflunn; ech fléien net gären **3.** [égs] **DE fliegen** [hinausgeworfen werden] • **FR être jeté dehors, se faire virer** • **EN to get thrown out, to be expelled** • **PT ser expulso, ser posto no olho da rua** **Beispill** eise Bouf ass vun der Schoul geflunn **Synonym** fladderen **4.** [égs] **DE fliegen** [gelöscht werden, weggeworfen werden] • **FR être supprimé, être éliminé, être jeté** • **EN to be deleted, to be chucked** • **PT ser suprimido, ser eliminado, ser descartado** **Beispiller** deen drëtten Artikel aus deem ale Reglement ass geflunn; no der Vakanz fléie meng al Turnschlappen (an d'Dreckskescht)! ♦ **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé geflunn) » **transitiv 5. DE fliegen** [steuern] • **FR piloter** [un engin volant] • **EN to fly** [an aircraft] • **PT pilotar** [uma aeronave] **Beispill** fir en Helikopter ze fléien, brauch een e spezielle Piloteschäin **6. DE fliegen** [transportieren] • **FR transporter, envoyer** [par voie aérienne] • **EN to fly** [to transport] • **PT transportar, enviar** [por via aérea] **Beispill** eis Arméi huet d'lescht Woch tonneweis Liewensmëttel an d'Krisegebit geflunn

i Verben, déi fléien als Basis hunn: ↗afléien, ↗ausfléien, ↗erafléien, ↗erausfléien, ↗erbäifléien, ↗ewechfléien, ↗fortfléien, ↗hin- an hierfléien, ↗laanschtfléien, ↗opfléien, ↗ronderëmfléien, ↗ufléien, ↗weiderfléien, ↗zeréckfléien an ↗zoufléien

Fléimouk [fl'ɛɪməʊk] Femininum (Pluriel Fléimouken) **Caprimulgus europaeus** **DE Ziegenmelker** • **FR engoulevent d'Europe** • **EN European nightjar** • **PT noitibó-da-europa** **Beispill** wéi laang bréien d'Fléimouken?

Fléipéiter [fl'ɛɪpɛɪtɐ] Maskulinum (Pluriel Fléipéitern / Fléipéiter) **1.** [égs] **DE Schmutzfink** [schmutziger Mensch] • **FR cochon** [personne sale] • **EN scruff, (dirty) slob** • **PT badalhoco, porcalhão** **Beispill** dee Fléipéiter huet sech bestëmmt schonn eng Woch net méi gewäsch! **Synonym** Knaschtert **2.** [égs] **DE Nichtsnutz, Taugenichts** • **FR vaurien** • **EN good-for-nothing, wastrel** • **PT patife, malandro** **Beispill** op dee Fléipéiter ass iwverhaapt kee Verlooss!

Fléissband [fl'ɛɪsbant] Neutrum (Pluriel Fléissbänner) **DE Fließband** • **FR tapis roulant** • **EN conveyor belt** • **PT tapete rolante** **Beispill** d'Päck ginn iwver e Fléissband transportéiert

i Variant: Fliessband

fléissen [fl'ɛɪsən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gefloss) » **intransitiv** **DE fließen** [laufen, strömen] • **FR couler** [s'écouler] • **EN to flow** • **PT fluir** [escorrer, fluir] **Beispill** nennt mer e Floss, deen duerch zwou Haaptstied fléisst! **Synonym** lafen

i Verben, déi fléissen als Basis hunn: ↗afléissen, ↗offléissen an ↗zesummeffléissen

fléissend [fl'ɛɪsənt] Adjektiv **1.** fléissend Waasser **DE fließendes Wasser** • **FR eau courante** • **EN running water** • **PT água corrente** **Beispill** an eisem Weekendhaischen hu mir nach kee fléissend Waasser **2. DE fließend** [Übergang, Abgrenzung] • **FR fluide, flou** [non marqué] • **EN smooth, fluid** • **PT fluido, suave, tenue** **Beispill** an sengem Virtrag waren ëmmer fléissend Iwwergäng tëschent de verschiddene Kapitelen

fléissend [fl'ɛɪsənt] Adverb **DE fließend** [geläufig] • **FR couramment** [aisément] • **EN fluently** • **PT fluentemente** **Beispill** mäi Monni schwätzt a schreift fléissend Russesch

fléiwen [fl'ɛivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefléift) » **intransitiv** **DE** (gut) zureden • **FR** prier (avec insistance) • **EN** to urge, to entreat • **PT** rogar [pedir com insistência] **Beispiller** ech hu menger Kusin gefléift, fir mat op de Bal ze goen; fir déi Rees brauchs de mer net laang ze fléiwen!; beim Iesse léisst hien sech net fléiwen ^[ironesch] [hien huet gudden Appetit]

flektéieren [flækt'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé flektéiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Flektéierung [flækt'ɛiəɾuŋ] Femininum (Pluriel Flektéierungen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Flemm [flæm] Femininum (kee Pluriel) ^[égs] **DE** trübe Stimmung, Trübsinn • **FR** cafard [lassitude, tristesse] • **EN** bad mood, the blues • **PT** desânimo **Beispiller** wa mir mueres eise granzege Chef gesinn, hu mer d'Flemm fir de ganzen Dag; dat ellent Wieder dobaussen dreift engem d'Flemm an; no zwee Deeg hat de Jong schonn d'Flemm mat sengem neie Vélo [no zwee Deeg huet säin neie Vélo dem Jong schonn net méi gefall] **Synonym** Miederchen

flemmseg [fl'æmsəç] Adjektiv ^[égs] **DE** trübsinnig, trübe • **FR** triste, morose, maussade <Adverb tristement> • **EN** gloomy, dull <Adverb gloomily> • **PT** triste, enfadonho, sombrio <Adverb tristemente> **Beispiller** esouguer seng flott Witzer hunn näischt un der flemmeger Stëmmung geännert; déi ganz Vakanz iwwe hate mer flemmseg Wieder; wat stees de esou flemmseg do? **Synonymmen** dribséileg, driibseg

flemmsen [fl'æmsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geflemmst) » **intransitiv** ^[égs] **DE** lustlos die Zeit verträdeln • **FR** trainer, trainasser • **EN** to mope (around), to mooch (about) • **PT** mandriar, molengar **Beispill** rapp dech um Rimm, et ass net, fir de ganzen Dag ze flemmsen!

flénk [flɛŋk] Adjektiv **DE** flink • **FR** vif [rapide, agile] <Adverb vivement> • **EN** agile, nimble, quick <Adverb quickly> • **PT** rápido, ágil <Adverb rapidamente, com agilidade> **Beispiller** hie geet d'Trap mat flénke Schrëtt erop; den Zauberer huet zwou flénker Hänn; hien huet sech flénk aus dem Stëbs gemaach; hien ass flénk ewéi e Wisel ^[égs] [hien ass ganz flénk]

I Variant: fléck

Flént [flənt] Femininum (Pluriel Flénten) **DE** Flinte, Gewehr • **FR** fusil [arme] • **EN** gun, shotgun • **PT** espingarda **Beispill** ech hat nach ni eng Flént am Grapp

Flerovium [flɛr'o:vjum] Maskulinum (kee Pluriel) ^[Chimie] **DE** Flerovium [chemisches Element] • **FR** flérovium [élément chimique] • **EN** flerovium [chemical element] • **PT** fleróvio [elemento químico] **Beispill** d'Element Flerovium gehéiert zum Grupp vun de Metaller

flesseg [fl'əsəç] Adjektiv **DE** flüssig [Zustand] • **FR** liquide • **EN** liquid • **PT** líquido **Beispiller** de Wuess gött flesseg, wann een en hëtz; ech sinn net flesseg ^[égs] [ech hu keng Suen zur Verfügung]; d'Regierung huet zwou Milliounen Euro flesseg gemaach ^[égs] [d'Regierung huet zwou Milliounen Euro zur Verfü-

gung gestallt]

Flëssegkeet [fl'əsəçke:t] Femininum (Pluriel Flëssegkeeten) **DE** Flüssigkeit [flüssiger Stoff] • **FR** liquide [substance liquide] • **EN** liquid • **PT** líquido [substância líquida] **Beispiller** d'Pompjeeën hunn déi héichgëfteg Flëssegkeet ofgepompelt; bei waarmem Wieder brauch ee vill Flëssegkeet [bei waarmem Wieder muss ee vill drénken]

Fletan Maskulinum (Pluriel Fletanen) Hippoglossus hippoglossus **1. DE** (Weißer) Heilbutt [Tier] • **FR** fletan (blanc) [animal] • **PT** alabote(-do-atlântico) [animal] **Beispill** de Fletan ass dee gréisste Plattfësch a ka bis 400 kg schwéier ginn **2. DE** Heilbutt [Nahrungsmittel] • **FR** fletan [aliment] • **PT** alabote [alimento] **Beispill** de Fletan zerfällt séier an der Pan

Fleurist [fl'œ:rist] Maskulinum (Pluriel Fleuristen) **DE** Blumenhändler, Blumenverkäufer, Florist • **FR** fleuriste • **EN** florist • **PT** florista **Beispill** de Fleurist bei eis em den Eck mécht wonnerschéi Bouqueten

I Weiblech Form: ♀Fleuristin

Fleuristin [flœ:r'istin] Femininum (Pluriel Fleuristinnen) **DE** Blumenhändlerin, Blumenverkäuferin, Floristin • **FR** fleuriste [femme] • **EN** florist [female] • **PT** florista [mulher] **Beispill** d'Fleuristin huet mer e Bouquet mat menge Liblingsblumme gemaach

I Männlech Form: ♂Fleurist

Flex [flæks] Femininum (Pluriel Flexen) **DE** Trennscheibe • **FR** meuleuse, disqueuse • **PT** rebarbadora **Beispill** huel d'Flex, fir dee Rouer duercheschneiden! **Synonym** Trennscheif

flexibel [flæks'i:bəl] Adjektiv **1. DE** flexibel [biegsam] • **FR** flexible [élastique] • **EN** flexible [bendable] • **PT** flexível [elástico] **Beispill** Gummi ass e flexibel Material **2. DE** flexibel [anpassungsfähig] • **FR** flexible [capable de s'adapter] • **EN** flexible [adaptable] • **PT** flexível [capaz de se adaptar] **Beispiller** mir siche flexibel Mataarbechter; hautdesdaags muss ee flexibel sinn

flexibiliséieren [flæksibiliz'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé flexibiliséiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Flexibilitéit [flæksi:bilit'ɛit] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** Flexibilität [Biegsamkeit] • **FR** flexibilité [souplesse, élasticité] • **EN** flexibility [pliability] • **PT** flexibilidade [elasticidade] **Beispill** d'Flexibilitéit vun dësem Material ass grad richtig fir eis Konstruktioun **2. DE** Flexibilität [Anpassungsfähigkeit] • **FR** flexibilité [aptitude à s'adapter] • **EN** flexibility [adaptability] • **PT** flexibilidade [capacidade de se adaptar] **Beispill** vill Betriber kënnen just mat grousser Flexibilitéit wirtschaftlech iwweiliewen

Flexioun [flæksj'əʊn] Femininum (Pluriel Flexiounen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Flexiounsendung [flæksj'əʊnzænduŋ] Femininum (Pluriel Flexiounsendungen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Flic [flik] Maskulinum (Pluriel Flicken) ^[ëgs] DE Bulle [Polizist] • FR *flic* • EN *cop, copper* • PT *chui, bófia [agente]* **Beispill** d'Flicker hunn dem alkoholiséierte Chauffeur de Führerschäin ofgeholl

i Weiblech Form: \nearrow Flic

Flic Femininum (Pluriel Flicker) ^[ëgs] DE Polizistin • FR *flic, fliquette* • PT *bófia [mulher]*

i Männlech Form: \nearrow Flic

Flicht [flɪçt] Femininum (Pluriel Flichten) **1.** DE *Pflicht* [Aufgabe, Verpflichtung] • FR *devoir* [obligation] • EN *duty* [obligation, responsibility] • PT *dever* [obrigação] **Beispiller** all Bierger huet Rechter a Flichten; mir hunn déi trauereg Flicht, Iech den Doud vun eisem President matzedeelen; dat war seng Flicht a Schëllegkeet ^[ëgs] [hien huet dat misse maachen] **2.** DE *Pflicht, Pflichtübung* • FR *figures imposées* • EN *compulsory figures* • PT *elementos impostos* [numa prova desportiva] **Beispill** déi heiten dräi Figure gehéiere beim Äiskonschtlaf zur Flicht

i Variant: Pflicht

Flichtdeel [flɪçtde:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Pflichtteil* • FR *part réservataire* • EN *statutory portion* • PT *parte legitimária, parte reservatória* **Beispill** vun der Ierfschaft vun hirem Papp kritt si just de Flichtdeel

Fliedchen [flɪ'ɪətçən] Maskulinum (Pluriel Fliedercher) - Diminutivform vun \nearrow Flued

Fliedermaus [flɪ'ɪədɛmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Fliedermais) DE *Fledermaus* • FR *chauve-souris* • EN *bat* [animal] • PT *morcego* **Beispill** deslescht owes ass eng Fliedermaus ronderëm eis Scheier geflunn **Synonym** Flantermaus

Fligel [flɪ'izəl] Maskulinum (Pluriel Fligelen) **1.** DE *Flügel* [eines Bauwerks] • FR *aile* [d'un édifice] • EN *wing* [of a building] • PT *ala* [de um edifício] **Beispill** dat neit Schoulgebai ass an zwee Fligelen ennerdeelt **Synonym** Trakt **2.** DE *Flügel* [Gruppierung] • FR *aile* [d'un groupe politique] • EN *wing* [within a political party] • PT *ala* [dentro de um grupo político] **Beispill** hie gehéiert zum lénkse Fligel vun senger Partei **3.** DE *Flügel* [Musikinstrument] • FR *piano à queue* • EN *grand piano* • PT *piano de cauda* **Beispill** ech lauschtere gären no, wann s du um Fligel spills

i Variant: Flügel

Fliger [flɪ'i:zɛ] Maskulinum (Pluriel Fligeren) DE *Flugzeug* • FR *avion* • EN *plane, aeroplane* • PT *avião* **Beispiller** mir sinn dëst Joer mam Fliger an d'Vakanz geflunn; iwwer d'Hallschent vum Fliger ware Kanner [iwwer d'Hallschent vun de Passagéier ware Kanner] **Synonym** Avion

Fligeraccident [flɪ'i:zɛraksɪdɛnt] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Fligeraccidenter) DE *Flugzeugunglück* • FR *accident d'avion, crash aérien* • EN *plane crash, plane accident* • PT *acidente de avião, queda de avião* **Beispill** kee vun de Passagéier huet d'Fligeraccident iwverlieft **Synonym** Fligerongléck

Fligerbomm [flɪ'i:zɛbom] Femininum (Pluriel Fligerbommen) DE *Fliegerbombe* • FR *bombe aérienne* • EN *aerial bomb* • PT *bomba de avião* **Beispill** den Deminage

vun der Fligerbomm war eng geféierlech Operatioun

Fligerongléck [flɪ'i:zɛrɔnglɛk] Neutrum (Pluriel Fligeronglécker) DE *Flugzeugunglück* • FR *accident d'avion, crash aérien* • EN *plane crash, plane accident* • PT *acidente de avião, queda de avião* **Beispill** kee vun de Passagéier huet d'Fligerongléck iwverlieft **Synonym** Fligeraccident

Fligerschëff Neutrum (Pluriel Fligerschëffer)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Fliicht [flɪ:çt] Femininum (Pluriel Fliichten) **1.** ^[vereezelt] DE *Flügel* [eines Tiers] • FR *aile* [d'un animal] • EN *wing* [of an animal] • PT *asa* [de um animal] **Beispill** d'Dauf kann net méi fléien, se huet eng Fliicht gebrach **Synonym** Flillek **2.** (meeschtens Pluriel) DE *Strähne, Haarsträhne* • FR *mèche, touffe* [de cheveux] • EN *strand, wisp* [of hair] • PT *mecha, tufo* [de cabelos] **Beispill** mäi Papp huet just nach e puer groer Fliichten

Fliissband [flɪ'i:sbɔnt] Neutrum (Pluriel Fliissbänner) - Variant vun \nearrow Fléissband

Flillek [flɪ'ilek] Maskulinum (Pluriel Flilleken) DE *Flügel* [eines Tiers, eines Flugzeugs] • FR *aile* [d'un animal, d'un avion] • EN *wing* [of an animal, of an aircraft] • PT *asa* [de um animal, de um avião] **Beispiller** de Vull huet sech e Flillek gebrach; am Fliger sätzen ech am léifsten iwwer dem Flillek; looss d'Flilleken net hänken! ^[ëgs] [looss dech net ennerkréien!]; wa méindes en Aarbechter blomécht, da klappt eise Patron mat de Flilleken ^[ëgs] [wa méindes en Aarbechter blomécht, da gétt eise Patron rosen]

flimmeren [flɪ'mɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geflimmert) » **intransitiv** - och onperséinlech DE *flimmern* • FR *scintiller* • EN *to flicker* • PT *cintilar* **Beispiller** d'Bild um ale Fernsee flimmert zimmlech staark; et flimmert mer virun den Aen

flippen [flɪ'ipən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé geflippt) » **intransitiv** ^[ëgs] flippen op DE *abfahren auf* [sich begeistern für] • FR *être fana de* • EN *to be crazy about* • PT *ser fanático de* [entusiasmar-se com] **Beispill** eis Kanner flippen op alles, wat aus Japan kéint

i Verb, dat **flippen** als Basis huet: \nearrow ausflippen

Flipper [flɪ'ipɛ] Maskulinum (Pluriel Flipperen) DE *Flipper* • FR *flipper* • EN *pinball machine* • PT *flipper* **Beispill** an der Wiirtschaft steet e fonkelneie Flipper

Flirt [flɔɛrt] Maskulinum (Pluriel Flirten / Flirter) DE *Flirt* • FR *flirt* • EN *flirtation* • PT *flirt, namorico* **Beispill** d'Fra huet sech net op e Flirt mam Garçon age-looss

flirten [flɔɛrtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geflirt) » **intransitiv** flirten (mat) DE *flirten* (mit) • FR *flirter* (avec) • EN *to flirt* (with) • PT *flirtar* (com) **Beispill** si souze mat engem Typ am Restaurant ze flirten

flitzen [flɪ'itsən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé geflitzt) » **intransitiv** ^[ëgs] DE *flitzen* • FR *foncer* [aller vite] • EN *to nip, to pop, to speed* • PT *ir* (a correr), andar (depressa) **Beispiller** ech flitzen nach séier bei de Bäcker, ier et sechs Auer ass; hien ass mat 180 iwwer d'Autobunn geflitzt

Flitzer [fl'itʃe] Maskulinum (Pluriel Flitzer / Flitzeren) **1.** [égs] **DE** *Flitzer* [Fahrzeug] • **FR** *petit bolide* [petite voiture rapide] • **EN** *speedy little job* [sports car], *runabout* • **PT** *pequeno bólido* [pequeno automóvel veloz] **Beispill** hien huet sech e ganz sportlechen Auto kaaft, esou e richtege Flitzer **2.** **DE** *Flitzer* [Störenfried] • **FR** *streaker* • **EN** *streaker* • **PT** *invasor (nu)* [durante um jogo] **Beispill** d'Sécherheetsbeamten hunn de Flitzer vum Terrain begleet

i Weiblech Form: ↗Flitzerin

Flitzerin Femininum (Pluriel Flitzerinnen) **DE** *Flitzerin* • **FR** *streaker* [femme] • **EN** *streaker* [female] • **PT** *invasora (nua)* [durante um jogo] **Beispill** de Match huet missen ënnerbrach ginn, well eng Flitzerin op den Terrain gelaf ass

i Variant: Flitzesch

i Männlech Form: ↗Flitzer

Flitzesch Femininum (Pluriel Flitzeschen) - Variant vun ↗Flitzerin

Flom [flo:m] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Flaum* [Haarwuchs] • **FR** *duvet* [poils] • **EN** *fluff, down* [hair] • **PT** *penugem* [pelos] **Beispill** wéi de Bëbee op d'Welt komm ass, hat en e blonde Flom um Kapp **2.** **DE** *dünne Schicht* • **FR** *mince couche* • **EN** *thin layer* • **PT** *camada fina* **Beispiller** op de Wise läit e Flom Schnéi; ech hu mueres eppes ewéi e Flom virun den Aen (ech gesi mueres alles dréif)

Flooss [flo:s] Neutrum (Pluriel Floosser) **DE** *Floß* • **FR** *radeau* • **EN** *raft* • **PT** *jangada* **Beispill** d'Kanner hunn sech e Flooss gebaut

Flopp [flop] Maskulinum (Pluriel Floppen) **DE** *Flop* • **FR** *flop* • **EN** *flop* [failure] • **PT** *fiasco* **Beispiller** déi laang am Viraus geplangte Feier war um Enn een eenzege Flopp; et war viruszegesinn, datt dee Film e Flopp géif ginn

Flora [fl'o:ra:] Femininum (Pluriel Floraen) **DE** *Flora* • **FR** *flore* • **EN** *flora* • **PT** *flora* **Beispill** et soll een net an déi natierlech Entwécklung vun der Flora agräifen

floréieren [flOR'ziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé floréiert) » **intransitiv** **DE** *florieren* • **FR** *pros-pérer* • **EN** *to flourish, to thrive* • **PT** *florescer, prosperar* **Beispill** den Handel mat Biogeméis a Biouebst floréiert

Floribus Maskulinum am Floribus liewen ; e Liewen am Floribus **DE** *im Überfluss leben, ein Leben im Überfluss* • **FR** *(mener) une vie dans l'opulence* • **EN** *to live in abundance* **Beispiller** et kann net sinn, datt déi eng am Floribus liewen, wann anerer Honger leiden; zënter hien am Lotto gewonnen huet, féiert en e Liewen am Floribus

Floskel [fl'oskəl] Femininum (Pluriel Floskelen) **DE** *Floskel* • **FR** *formule toute faite* • **EN** *empty phrase, cliché* • **PT** *frase feita* **Beispill** fir mech ass en Eed op d'Verfassung keng (eidel) Floskel

Floss [flos] Maskulinum (Pluriel Flëss) **DE** *Fluss* [Gewässer] • **FR** *fleuve, rivière* • **EN** *river* • **PT** *rio* **Beispiller** de Floss mécht d'Grenz tëschent deenen zwee Länner; eis Flëss ginn ëmmer méi propper

Floss [flos] Femininum (Pluriel Flossen) **1.** **DE** *Flosse* [Fischflosse] • **FR** *nageoire* • **EN** *fin* • **PT** *barbatana* [de peixe] **Beispill** d'Haifësch ginn haaptsächlech wéinst hire Flosse gefaangen **2.** **DE** *Flosse* [Schwimmflosse] • **FR** *palme* [de nageur] • **EN** *flipper* [for swimming] • **PT** *barbatana* [de nadador] **Beispill** ech huele mäi Schnorchel a meng Flosse mat op de Séi

Flossbett [fl'osbæt] Neutrum (Pluriel Flossbette) **DE** *Flussbett* • **FR** *lit de rivière, lit de fleuve* • **EN** *riverbed* • **PT** *leito do rio* **Beispill** well et de Summer bal net gereent huet, ass d'Flossbett komplett ausgedréchent

Flosschwirrel [fl'osʃwɪrəl] Maskulinum (Pluriel Flossschwirrelen) **Locustella fluviatilis** **DE** *Schlag-schwirl* • **FR** *locustelle fluviatile* • **EN** *river warbler* • **PT** *felo-sa-fluvial* **Beispill** wéi laang bréien d'Flossschwirrelen?

Flossséismuebel [fl'oszɜ:ʃmuəbəl] Femininum (Pluriel Flossséismuebelen) **Sterna hirundo** - Variant vun ↗Flossséismuebel

Flossséismuewel [fl'oszɜ:ʃmuəvəl] Femininum (Pluriel Flossséismuewelen) **Sterna hirundo** **DE** *Flusseeeschwalbe* • **FR** *sterne pierregarin* • **EN** *common tern* • **PT** *andorinha-do-mar-comum* **Beispill** wéi laang bréien d'Flossséismuewelen?

i Variant: Flossséismuebel

flott [flot] Adjektiv **1.** **DE** *hübsch* [schön] • **FR** *chouette, beau, joli* • **EN** *nice, smart, pretty* • **PT** *bonito, lindo* **Beispiller** haut hues du awer e flotte Paltong un!; seng Frëndin ass wierklech eng flott Fra **2.** [égs] **DE** *prima* [praktisch] • **FR** *chouette* [commode, pratique] • **EN** *handy, practical, convenient* • **PT** *cómodo* [prático] **Beispiller** et wier eng flott Saach, wa mir an deem Geschäft géife Prozenter kréien; dat war jo flott gaangen, datt de Papp dech konnt féieren **3.** [égs] **DE** *toll, angenehm, vergnüglich* • **FR** *chouette, agréable, plaisant* <Adverb *agréablement, bien*> • **EN** *great, pleasant* <Adverb *enjoyably*> • **PT** *agradável, agradável* <Adverb *bem*> **Beispiller** um Fest war eng flott Stémmung; et ass net flott fir d'Touristen, wann et de ganzen Dag reent; d'Museker hunn haut awer flott gespillt; gëschter Owend hu mer flott gedantz; weess du eppes Flottes, wat een als Aktivitéit op engem Kannergebuerstsdag ka maachen? **4.** **DE** *flott, schnell* • **FR** *rapide* [véloce] <Adverb *rapidement*> • **EN** *swift* <Adverb *swiftly*> • **PT** *rápido* [veloz] <Adverb *rapidamente*> **Beispiller** d'Coureuren haten nawell e flotten Tempo drop; mir haten de Wand am Réck a koume flott vun der Plaz

Flott [flot] Femininum (Pluriel Flotten) **DE** *Flotte* • **FR** *flotte* • **EN** *fleet* • **PT** *frota* **Beispill** eis Flott fiert op allen Ozeanen

Flou [fləʊ] Femininum (Pluriel Fléi) **DE** *Floh* • **FR** *puce* [insecte] • **EN** *flea* • **PT** *pulga* **Beispiller** den Hond kraazt sech an engem Stéck, fir d'Fléi lasszeginn; e Sak voll Fléi ass besser ze hidden ewéi eis Zwillingen! [égs] [eis Zwillinge si ganz ondugen]; hien huet e Liewen ewéi en Hond ouni Fléi [égs] [hie féiert e Liewen ouni Suer-gen]; deen héiert d'Gras wuessen an d'Fléi néitsen [égs] [deem entgeet näischt]; wien huet dir dann déi Flou an d'Ouer gesat? [égs] [wien huet dech dann op déi gelungen Iddi bruecht?]

flou [flu:] Adjektiv **1.** **DE** *vage, ungenau* • **FR** *flou* [vague] • **EN** *vague* • **PT** *vago, impreciso* **Beispill** wat s de mer erzielt, ass alles e bësse **flou** **Synonymmen** ongenee, vag **2.** **DE** *unscharf, verschwommen* • **FR** *flou* [trouble] • **EN** *blurred, out of focus* • **PT** *desfocado, turvo* **Beispill** d'Fotografie si flou, et gesäit een näischt drop

Flouer [fl'øʊə] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Flur* [Land-schaft] • **FR** *campagne* [paysage] • **EN** *meadows, countryside* • **PT** *campo* [paisagem] **Beispill** um Flouer steet alles an der Bléi

Flouernumm [fl'øʊenum] Maskulinum (Pluriel Flouernimm) **DE** *Flurname* • **FR** *nom de lieu-dit* • **EN** *local place name* • **PT** *nome de localidade* [no campo] **Beispill** de Schoulmeeschter huet en Artikel iwwer d'Flouernimm vun der Uertschaft geschriwwen

Floumaart [fl'øʊm'a:rt] Maskulinum (Pluriel Floumäert) **DE** *Flohmarkt* • **FR** *marché aux puces* • **EN** *flea market* • **PT** *feira da ladra* **Beispill** déi al Kaffismillen hei hunn ech um Floumaart fonnt

Fluch [fl'ux] Maskulinum (Pluriel Fluch) **1.** **DE** *Flug* [eines Vogels] • **FR** *vol* [d'un oiseau] • **EN** *flight* [of a bird] • **PT** *vo* [de uma ave] **Beispill** ech kann d'Vullen um Fluch ënnerscheiden **2.** **DE** *Flug* [Flugreise] • **FR** *vol* [voyage en avion] • **EN** *flight* [journey] • **PT** *vo* [viagem de avião] **Beispill** wéi laang dauert däi Fluch? **Synonym** Vol

Fluch [fl'ux] Maskulinum (Pluriel Fluch) **DE** *Fluch* [Verwünschung] • **FR** *malédiction* • **EN** *curse* [malediction] • **PT** *maldição* **Beispill** d'Hex huet de Pränz mat engem dräifache Fluch beluecht

Fluchbilljee [fl'uxbilje:] Maskulinum (Pluriel Fluchbilljeeën) **DE** *Flugticket* • **FR** *billet d'avion* • **EN** *plane ticket, air ticket* • **PT** *bilhete de avião* **Beispill** mir haten eis Fluchbilljeeën op en Hoer am Taxi leie geloost! **Synonym** Fluchticket

Fluchblat [fl'uxbla:t] Neutrum (Pluriel Fluchblieder) **DE** *Flugblatt* • **FR** *tract* • **EN** *flyer, leaflet* • **PT** *folheto, panfleto* **Beispill** op der Strooss si Fluchblieder ausgedeelt ginn

fluchen [fl'uxən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geflucht) » **intransitiv** **DE** *fluchen* [Flüche ausstoßen, schimpfen] • **FR** *jurer* [pester] • **EN** *to swear, to curse* • **PT** *praguejar* **Beispiller** d'Automobiliste fluchen all Mueren am Stau fir op d'Aarbecht; dat do ass fir ze fluchen! [eggs] [dat do mécht mech rosen!]; déi gesträift Krawatt flucht bei deem getéppelten Hiem [eggs] [déi gesträift Krawatt passt guer net bei dat getéppelt Hiem]

Fluchfeld [fl'uxfælt] Neutrum (Pluriel Fluchfelder) **DE** *Flugfeld* • **FR** *terrain d'aviation* • **EN** *airfield* • **PT** *campo de aviação* **Beispill** um Fluchfeld stinn dräi grouss Fligeren

Fluchgesellschaft [fl'uxgəzælʃaft] Femininum (Pluriel Fluchgesellschaften) **DE** *Fluggesellschaft* • **FR** *compagnie aérienne* • **EN** *airline* • **PT** *companhia aérea* **Beispill** d'Fluchgesellschaft huet zwee nei Fligere kaaft

Fluchhafen [fl'ux'ha:fən] Maskulinum (Pluriel Fluchhäfen) - Variant vun ↗Flughafen

Fluchhond [fl'u:χhont] Maskulinum (Pluriel Fluchhënn / Fluchhonn) **DE** *Flughund* • **FR** *roussette* [chauve-souris] • **PT** *raposa-voadora* **Beispill** et ass net ausgeschloss, datt de Virus vun de Fluchhënn op de Mënsch iwwerdroe gouf

Fluchlinn Femininum (Pluriel Fluchlinnen) **1.** **DE** *Fluglinie* [Fluggesellschaft] • **FR** *compagnie aérienne* • **EN** *airline* • **PT** *companhia aérea* **Beispill** bei där Fluchlinn ass de Catering excellent **Synonymmen** Airline, Fluchgesellschaft **2.** **DE** *Fluglinie* [Flugstrecke] • **FR** *ligne aérienne* [trajet aérien] • **PT** *linha aérea* [rota aérea] **Beispill** fir déi Destinatioun gëtt et vu Lëtzebuerg aus keng direkt Fluchlinn

Fluchroute [fl'uxrʊt] Femininum (Pluriel Fluchrouten) **DE** *Flugroute* [Flugplan] • **FR** *plan de vol, itinéraire de vol* • **EN** *flight plan* • **PT** *plano de voo, itinerário de voo* **Beispill** weinst staarken Turbulenzen huet eis Fluchroute misse geännert ginn

Fluchschäin [fl'uxʃæ:in] Maskulinum (Pluriel Fluchschäiner) **1.** **DE** *Flugschein, Pilotenschein* [Zulassung] • **FR** *brevet de pilote* [licence] • **EN** *pilot licence* [qualification] • **PT** *brevete* [licença de piloto] **Beispill** fir de Fluchschäin ze maachen, brauch ee gutt Kenntnisser an der Meteorologie **Synonym** Piloteschäin **2.** **DE** *Flugschein, Pilotenschein* [Dokument] • **FR** *brevet de pilote* [document] • **EN** *pilot licence* [document] • **PT** *brevete* [documento] **Beispill** e Pilot muss säi Fluchschäin ëmmer kënne weisen **Synonym** Piloteschäin

Flucht [fl'uxʃt] Femininum (Pluriel Fluchten) **DE** *Flucht* [das Fliehen] • **FR** *fuite* [action de fuir] • **EN** *flight* [escape] • **PT** *fuga* [lato de fugir] **Beispill** op der Flucht virum Hunger komme vill Leit aus Afrika an Europa

flüchteg Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

flüchten [fl'ycʰtən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé geflücht) » **intransitiv** **DE** *flüchten, fliehen* • **FR** *fuir, s'enfuir* • **EN** *to flee, to get away* • **PT** *fugir, evadir-se* **Beispiller** vill Leit flüchte virum Terror an hirem Land; d'Täter konnte flüchten, ier d'Police do war

Fluchtgefor [fl'uxʃtɡəfo:r] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Fluchtgefahr* • **FR** *danger de fuite, risque d'évasion* • **EN** *danger of absconding, flight risk* • **PT** *perigo de fuga, risco de evasão* **Beispill** bei e puer Prisonéier besteet Fluchtgefor

Fluchticket [fl'uxʃtike:] Maskulinum (Pluriel Fluchticketen) **DE** *Flugticket* • **FR** *billet d'avion* • **EN** *plane ticket, airline ticket* • **PT** *bilhete de avião* **Beispill** meng Eltere bezeule mer de Fluchticket, d'Hotelskäschten iwwerhuelen ech selwer **Synonym** Fluchbilljee

Flüchtling [fl'ycʰtliŋ] Maskulinum (Pluriel Flüchtlingen) **DE** *Flüchtling* • **FR** *réfugié* • **EN** *refugee* • **PT** *refugiado* **Beispill** de Flüchtling huet bei der Regierung Asyl ugefrort

Flüchtlingsfamill [fl'ycʰtliŋsfamil] Femininum (Pluriel Flüchtlingfamilien / Flüchtlingfamiljen) **DE** *Flüchtlingsfamilie* • **FR** *famille de réfugiés* • **EN** *refugee family* • **PT** *familia de refugiados* **Beispill** d'Expulsioun vun der Flüchtlingsfamill huet fir vill Diskussiounen gesuergert

Flüchtlingslager [fl'ʏçtliŋslɑ:ʁə] Neutrum (Pluriel Flüchtlingslager / Flüchtlingslageren) DE *Flüchtlingslager* • FR *camp de réfugiés* • EN *refugee camp* • PT *campo de refugiados* **Beispill** d'Hëlleforganisatioune këmmere sech ëm d'Leit an de Flüchtlingslageren

Flued [flʊət] Maskulinum (Pluriel Flueden) ^[vereeltz] DE *belegter Kuchen* • FR *tarte [sucrée]* • EN *tart [open pie]* • PT *tarte [doce]* **Beispill** um véier Auer geet awer näischt iwwe e gutt Stéck Flued mat enger Taass Kaffi

Fluess [flʊəs] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Flachs [Pflanze, Faser]* • FR *lin [plante, fibre]* • EN *flax [plant, fibre]* • PT *linho [planta, fibra]* **Beispiller** um Flouer steet de Fluess voll an der Bléi; de Wiewer verschafft de Fluess zu Léngent

Fluessfénk [fl'ʊəsfeŋk] Maskulinum (Pluriel Fluessféngen) *Carduelis cannabina* DE *Bluthänfling* • FR *linotte mélodieuse* • EN *common linnet* • PT *pintaroxo-comum* **Beispill** wéi laang bréien d'Fluessféngen?

Fluessomueleg [fl'ʊəszo:muələç] Maskulinum (Pluriel Fluessomueleger) DE *Leinsamenöl, Leinöl* • FR *huile de linette* • EN *linseed oil* • PT *óleo de linhaça* **Beispill** bei verschiddegen Zalote maachen ech e bësse Fluessomueleg an d'Vinaigrette

Fluessweiler [fl'ʊəsvaɪle] Eegennumm DE *Flaxweiler* • FR *Flaxweiler* • EN *Flaxweiler* • PT *Flaxweiler* **Beispiller** ech wunnen zu Fluessweiler; fiert dëse Bus op Fluessweiler?

Flug [flʊχ] Maskulinum (Pluriel Flig) - Variant vun ↗Fluch

Flugbilljee [fl'ʊχbilje:] Maskulinum (Pluriel Flugbilljeeën) - Variant vun ↗Fluchbilljee

Flugblat [fl'ʊχblɑ:t] Neutrum (Pluriel Flugblieder) - Variant vun ↗Fluchblat

Flügel [fl'ʏ:zəl] Maskulinum (Pluriel Flügelen) - Variant vun ↗Fligel

Flugfeld [fl'ʊχfælt] Neutrum (Pluriel Flugfelder) - Variant vun ↗Fluchfeld

Fluggesellschaft [fl'ʊχgəzəʃaft] Femininum (Pluriel Fluggesellschaften) - Variant vun ↗Fluchgesellschaft

Flughafen [fl'ʊ:χhɑ:fən] Maskulinum (Pluriel Flughäfen) DE *Flughafen* • FR *aéroport* • EN *airport* • PT *aeroporto* **Beispiller** ech gi meng Frënn op de Flughafesichen; d'Extensioum vum Flughafen ass d'nächst Joer ofgeschloss

Flughond [fl'ʊ:χhont] Maskulinum (Pluriel Flughënn / Flughonn) - Variant vun ↗Fluchhond

Fluglinn Femininum (Pluriel Fluglinnen) - Variant vun ↗Fluchlinn

Flugroute [fl'ʊχrut] Femininum (Pluriel Flugrouten) - Variant vun ↗Fluchroute

Flugschäin [fl'ʊχʃæ:ɪn] Maskulinum (Pluriel Flugschäiner) - Variant vun ↗Fluchschäin

Flugticket [fl'ʊχtike:] Maskulinum (Pluriel Flugtickets) - Variant vun ↗Fluchticket

Flugzeugträger Maskulinum (Pluriel Flugzeugträger)

i Hei entsteet en neien Artikel.

flunkeren [fl'ʊŋkərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geflunkert) » **intransitiv** ^[ëgs] DE *flunkern* • FR *fabuler [mentir]* • EN *to tell fibs* • PT *fabular [mentir]* **Beispill** bei him weess een ni, ob e flunkert oder net

Fluor [fl'ʊ:ɔ:r] Maskulinum (kee Pluriel) ^[Chimie] DE *Fluor [chemisches Element]* • FR *fluor [élément chimique]* • EN *fluorine [chemical element]* • PT *flúor [elemento químico]* **Beispill** d'Element Fluor gehéiert zum Grupp vun den Halogeenen

fluppen [fl'ʊpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefluppt) » **intransitiv** - **onperséinlech** ^[ëgs] DE *flutschen [flott vorangehen]* • FR *bien avancer [bien progresser]* • EN *to make good progress, to make headway* • PT *avançar bem [progredir bem]* **Beispill** haut huet et gefluppt, mir si gutt mat eiser Aarbecht virukomm

flüsteren [fl'ʏstərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geflüstert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Flut [flʊ:t] Femininum (Pluriel Fluten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

flutschen [fl'ʊtʃən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé geflutscht) » **intransitiv** DE *flutschen [gleiten]* • FR *glisser, échapper [en glissant des mains]* • EN *to slip, to slide* • PT *escorregar, escapar [das mãos]* **Beispill** déi naass Seef ass mer aus der Hand geflutscht

flutschen [fl'ʊtʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geflutscht) » **transitiv** ^[ëgs] DE *qualmen* • FR *griller [fumer]* • EN *to puff away [cigarettes], to smoke* • PT *fumar [tabaco]* **Beispill** eis Aarbechtskolleegin flutscht e ganze Pak den Dag

Flütt [flyt] Femininum (Pluriel Flütten) **1.** DE *Flöte [Musikinstrument]* • FR *flûte [instrument de musique]* • EN *flute [musical instrument]* • PT *flauta [instrumento musical]* **Beispill** ech hunn am Conservatoire Flütt geléiert **2.** DE *Flöte [Trinkglas]* • FR *flûte [verre]* • EN *flute [glass]* • PT *flauta [copo], fino, imperial* **Beispiller** op der Receptioun gouf de Champes a Flütten zerweiert; bréngt mir just eng Flütt, en Humpen ass mir ze vill

flütt Interjektion **1.** DE *verflüxt (nochmal)* • FR *flûte, zut* • PT *bolas, irra* **Beispill** flütt, elo ass de Schlëssel mer an de Gulli gefall! **Synonymmen** nondikass, **z.** DE *wow, Mensch [als Ausdruck der Bewunderung, des Staunens]* • FR *punaise [pour exprimer l'admiration, l'étonnement]* • PT *céus [para exprimir admiraçãõ, espanto]* **Beispiller** flütt, eisen Noper leeft mat 70 nach de Marathon mat!; flütt, wat dat dobausse schétt! **Synonym** wow

Flyer [fl'aɪə] Maskulinum (Pluriel Flyeren) DE *Flyer [Flugblatt]* • FR *flyer [support publicitaire]* • EN *flyer, leaflet* • PT *panfleto [publicitário]* **Beispill** dëst Joer mache mer mat engem flotte Flyer Reklamme fir eise Basar

Fochs [foks] Maskulinum (Pluriel Fëchs) - Variant vun ↗Fuuss

fochsen [f'oksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefochst) » **transitiv** DE *fuchsen* • FR *vexer, froisser*

• **EN** *to annoy, to offend* • **PT** *aborrecer, melindrar*
Beispiller deng Bemierkung huet mech gefochst; et fochst mech, datt mäi Mataarbechter Congé kritt an ech net

Fockemillen [f'okəmɪlən] Eegennumm **DE** *Fockemillen* • **FR** *Fockemillen* • **EN** *Fockemillen* • **PT** *Fockemillen*
Beispiller ech wunnen op der Fockemillen; fiert dëse Bus op d'Fockemillen?

fofzeg [f'oftsɛç] Kardinalzuel **DE** *fünfzig* • **FR** *cinquante* • **EN** *fifty* • **PT** *cinquenta* **Beispiller** an eisen neie Konferenzzall passe fofzeg Leit; fofzeg gedeelt duerch fënnef gëtt zéng mat **Zifferen** 50

Fofzegeer [f'oftsɛzɛ] Substantiv (kee Singulier) - Kuerzform vun **↗Fofzegeerjoren**

Fofzegeerjoren [foftsɛzɛj'o:rən] Neutrum (kee Singulier) **DE** *Fünfzigerjahre* • **FR** *années cinquante* • **EN** *the (nineteen) fifties* • **PT** *anos (mil novecentos e) cinquenta* **Beispill** an eisem Archiv hu mer Opnamen aus de Fofzegeerjoren

i Kuerzform: Fofzegeer

fofzegjäreg [f'oftsɛçjɛ:rəç] Adjektiv **DE** *fünfzigjährig* • **FR** *de cinquante ans* • **EN** *fifty-year old, of fifty years* • **PT** *de cinquenta anos* **Beispiller** eis Firma huet hire fofzegjärege Jubiläum gefeiert; d'Police sicht no engem fofzegjärege Mann mat engem groe Baart mat **Zifferen** 50-järeg

fofzegmol [f'oftsɛçmo:l] Adverb **DE** *fünfzigmal* • **FR** *cinquante fois* • **EN** *fifty times* • **PT** *cinquenta vezes* **Beispiller** wann ee fofzegmol an dat Geschäft akafe geet, da kritt een e Bong vu fofzeg Euro; ech hunn der dat scho fofzegmol erkläert [ɛ̃gs] [ech hunn der dat scho ganz dacks erkläert] mat **Zifferen** 50-mol

fofzegst [f'oftsɛçst] Ordinalzuel **DE** *fünfzigste* • **FR** *cinquantième* • **EN** *fiftieth* • **PT** *quinquagésimo* **Beispill** fir de fofzegsten Anniversaire vun eisem Veräi gi mer eng schéi Broschür eraus mat **Zifferen** 50.

fofzeng [f'oftsɛŋ] Kardinalzuel **DE** *fünfzehn* • **FR** *quinze* • **EN** *fifteen* • **PT** *quinze* **Beispiller** et hunn sech fofzeng Leit fir den Ausfluch ugemellt; fofzeng gedeelt duerch dräi ass fënnef mat **Zifferen** 15

i Variant: fofzing

fofzénghonnert [f'oftsɛŋhonet] Kardinalzuel **DE** *fünfzehnhundert, tausendfünfhundert* • **FR** *quinze cents, mille cinq cents* • **EN** *fifteen hundred, one thousand five hundred* • **PT** *mil e quinhentos* **Beispill** eisen neien Dësch huet fofzénghonnert Euro kascht mat **Zifferen** 1500

i Variant: fofzínghonnert

fofzengt [f'oftsɛŋt] Ordinalzuel **DE** *fünfzehnte* • **FR** *quinzième* • **EN** *fifteenth* • **PT** *décimo quinto* **Beispill** eist Appartement ass um fofzengte Stack mat **Zifferen** 15.

i Variant: fofzingt

fofzing Kardinalzuel - Variant vun **↗fofzeng**

fofzínghonnert Kardinalzuel - Variant vun **↗fofzénghonnert**

fofzingt Ordinalzuel - Variant vun **↗fofzengt**

Foie gras [fwagr'a:] Maskulinum (Pluriel Foiegrasen) **DE** *Foie gras, Stopfleber* • **FR** *foie gras* • **EN** *foie gras* • **PT** *foie gras* **Beispiller** als Entrée huet d'Kächen hire Gäscht eng Tranche hausmaacher **Foie gras** zerweiert; vill Leit iessen aus eethesche Grënn kee **Foie gras**

Foire [fwa:r] Femininum (Pluriel Foiren) **DE** *Messe [Ausstellung]* • **FR** *foire [exposition]* • **EN** *fair [exhibition]* • **PT** *feira [exposição]* **Beispiller** op der **Foire** ginn déi neiste Wäschmaschinen ausgestallt; mir si mat eisem Stand op bal alle **Foiré** gewiescht

Fokus [f'o:kus] Maskulinum (Pluriel Fokussen / Fokusser) **1. DE** *Fokus [Brennpunkt]* • **FR** *mise au point, focus* • **EN** *focus [focal point of a lens]* • **PT** *foco [de lente, de objetiva]* **Beispill** bei mengem neie Fotoapparat stellt de **Fokus** sech automatesch an **2. DE** *Fokus [Mittelpunkt]* • **FR** *cœur, centre de l'attention, accent* • **EN** *focus, focal point [of interest, of attention]* • **PT** *foco, centro das atenções, acento* **Beispiller** d'Journalistin huet d'Follge vum Klimawandel an de **Fokus** vun hire Recherche gestallt; d'Visitt vum fransésische Staatspräsident steet haut am **Fokus** vun der Press; de **Fokus** vu mengem Virtrag läit op de Virdeeler vun der Solarenergie

fokusséieren [fokus'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé fokusséiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Folie Femininum (Pluriel Folien)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Folie Femininum (Pluriel Folien)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Folkendeng [f'olkəndɛŋ] Eegennumm **DE** *Folkendingen* • **FR** *Folkendange* • **EN** *Folkendange* • **PT** *Folkendange* **Beispiller** ech wunnen zu **Folkendeng**; fiert dëse Bus op **Folkendeng**?

Folklor [f'olklo:r] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Folklore* • **FR** *folklore* • **EN** *folklore* • **PT** *folclore* **Beispiller** déi faarweg Truechte si mat e Grond, firwat ech de **Folklor** gären hunn; déi Zeremonie war dee rengste **Folklor** [ɛ̃gs] [déi Zeremonie war guer net eescht]

Folklore [f'olklo:r] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun **↗Folklor**

Folleg [f'olɛç] Femininum (Pluriel Follgen) **1. DE** *Folge [Konsequenz]* • **FR** *conséquence [suite]* • **EN** *consequence, after-effect* • **PT** *consequência [resultado]* **Beispiller** seng Frechheet huet zur **Folleg**, datt keen sech méi mat em ophält; dat sinn d'Follge vun der Gripp **Synonym** Konsequenz **2. DE** *Folge [einer Serie]* • **FR** *épisode [d'une série]* • **EN** *episode, instalment* • **PT** *episódio [de uma série]* **Beispiller** hues de déi nei **Folleg** gesinnn?; ech hunn déi dräi lescht **Folleg** verpasst **Synonymmen** Episod, Fortsetzung

follegen [f'olɛzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefollegt) **» intransitiv 1. DE** *gehörchen* • **FR** *obéir (à)* • **EN** *to obey* • **PT** *obedecer (a)* **Beispill** déi Kanner si gutt gezillt, se **follegen** hiren Elteren op d'Wuert **2. DE** *hören auf* • **FR** *écouter [suivre le(s) conseil(s) de]* • **EN** *to listen to [to follow advice]* • **PT** *escutar [seguir (o)s conse-*

lho(s) de **Beispill** wann s de mir gefollegt häss, da wier dat do der net geschitt!

folgend [f'olzənt] Adjektiv **DE** *folgende* • **FR** *suivant* [ci-après] • **EN** *following* • **PT** *seguinte* [indicado a seguir] **Beispiller** Är Demande gëtt aus *folgende* Grënn refuséiert: Se ass net komplett an net ënnerschriwwen; déi *folgend* Sätz si just eng Widderhuelung vum Abschnitt virdrun; ech ka mer zum **Beispill** *Folgendes* virstellen: Dir fuert vir a mir komme mat der Bomi no

folgendermoossen [folzændem'o:sən] Adverb **DE** *folgendermaßen* • **FR** *de la manière suivante, comme suit* • **EN** *as follows* • **PT** *da seguinte maneira* **Beispill** de Komitee setzt sech *folgendermoossen* zesummen: de President, de Sekretär, den Tresorier a véier weider Memberen

Follmillen [f'olmilən] Eegennumm **DE** *Follmillen* • **FR** *Follmillen* • **EN** *Follmillen* • **PT** *Follmillen* **Beispiller** ech wunnen op der *Follmillen*; fiert dese Bus op d'*Follmillen*?

followen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefollowt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Follower Maskulinum (Pluriel *Follower*)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Followerin Femininum (Pluriel *Followerinnen*) - weiblech Form vun *Follower*

Folscht [f'olʃt] Eegennumm **DE** *Folscheid* • **FR** *Folschette* • **EN** *Folschette* • **PT** *Folschette* **Beispiller** ech wunnen zu *Folscht*; fiert dese Bus op *Folscht*?

I Lokalvariant: *Foulscht*

Folter [f'olte] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Folter* • **FR** *torture* • **EN** *torture* • **PT** *tortura* [*suplicio*] **Beispiller** déi psychologesch Konsequenze vun der *Folter* kënnen jorelaang daueren; hie spaant eis ëmmer op d'*Folter* **ëgg** [hie wëllt eis ni direkt soen, ëm wat et geet] **Synonym** *Tortur*

folteren [f'oltərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gefoltert*) » **transitiv** **DE** *foltern* • **FR** *torturer* [*soumettre à des tortures*] • **EN** *to torture* • **PT** *torturar* [*submeter a torturas*] **Beispill** politesch Géigner ginn a ville Länner nach ëmmer *gefoltert* **Synonymmen** quälen, péngegen

Fön [fø:n] Maskulinum (Pluriel *Fönen*) **1.** **DE** *Föhn* [*Wind*] • **FR** *foehn* • **EN** *föhn* (*wind*) • **PT** *vento* *föhn* **Beispill** den eischten Dag an de Bierger hate mer *Fön* **2.** **DE** *Föhn*, *Haartrockner* • **FR** *sèche-cheveux* • **EN** *hairdryer* • **PT** *secador* [*de cabelo*] **Beispill** de Papp dréchent de Kanner de Kapp mam *Fön*

Fonctionaire [fõ:ŋksjõn'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel *Fonctionaires*) - Variant vun *Fonctionnaire*

Fonctionairin [fõ:ŋksjõn'ɛ:rin] Femininum (Pluriel *Fonctionairinnen*) - Variant vun *Fonctionairin*

Fonctionalitéit Femininum (Pluriel *Fonctionalitéiten*) - Variant vun *Fonctionalitéit*

fonctionéieren [fõ:ŋksjõn'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *fonctionéiert*) -

Variant vun *funktionéieren*

I Verb, dat **fonctionéieren** als Basis huet: *fëmfonctionéieren*

Fonctionement [fõ:ŋksjõnəm'ænt] Neutrum (kee Pluriel) - Variant vun *Fonctionnement*

Fonctionnaire [fõ:ŋksjõn'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel *Fonctionnaires*) **DE** *Beamter* • **FR** *fonctionnaire* • **EN** *civil servant* • **PT** *funcionário* **Beispiller** de Moie goufen déi nei *Fonctionnaire* vereedeegt; mäi Cousin ass *Fonctionnaire* bei der Europäescher Kommissioun

I Weiblech Form: *Fonctionnairin*

Fonctionnairin [fõ:ŋksjõn'ɛ:rin] Femininum (Pluriel *Fonctionnairinnen*) **DE** *Beamtin* • **FR** (*femme*) *fonctionnaire* • **PT** *funcionária*

I Männlech Form: *Fonctionnaire*

Fonctionnalitéit Femininum (Pluriel *Fonctionnalitéiten*) - Variant vun *Funktionalitéit*

Fonctionnement [fõ:ŋksjõnəm'ænt] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Betrieb*, *Funktion*, *Funktionsablauf* [*das Funktionieren*] • **FR** *fonctionnement* [*bonne marche*] • **EN** *functioning*, *working* • **PT** *funcionamento* [*bom funcionamento*] **Beispill** dës Computere si fir d'*Fonctionnement* vum Service onbedéngt noutwendeg **2.** **DE** *Funktionsweise* • **FR** *fonctionnement* [*manière de fonctionner*] • **EN** *operation*, *workings* [*way of working*] • **PT** *funcionamento* [*maneira de funcionar*] **Beispill** kanns de mir d'*Fonctionnement* vun deem neie Programm erklären?

Fonctioun [fõ:ŋksjõ'əʊn] Femininum (Pluriel *Fonctiounen*) - Variant vun *Funktiooun*

Fondamental Maskulinum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Fondatioun [fõ:dasjõ'əʊn] Femininum (Pluriel *Fondatiounen*) **DE** *Stiftung* [*Institution*] • **FR** *fondation* [*institution*] • **EN** *foundation* [*institution*] • **PT** *fundação* [*instituição*] **Beispiller** de Millionär huet en Deel vun sengem Verméigen enger *Fondatioun* zoukomme gelooss; eis *Fondatioun* këmmert sech ëm Stroossekaner **Synonym** *Stéftung*

I Wa virun allem Stater Leit soen: „Ech ginn de Mëtteg bei d'Tatta an d'*Fondatioun*“, da mengen se domat **d'*Fondation* *Pescatore***, eng Struktur fir al Leit, déi schonn 1892 an d'Liewe geruff gouf. Dacks héiert een dofir och: „Meng Tatta ass am *Pescatore*“.

Fond de Gras [fõ:dəgr'a:] Eegennumm **DE** *Fond-de-Gras* • **FR** *Fond-de-Gras* • **EN** *Fond-de-Gras* • **PT** *Fond-de-Gras* **Beispiller** ech wunnen am *Fond de Gras*; fiert diesen Zuch an de *Fond de Gras*?

fondéiert [fõ:d'zɪət] Adjektiv **de** *fundiert*, *begründet* • **FR** *fondé*, *justifié* • **EN** *justified*, *well founded* • **PT** *fundado*, *justificado* **Beispill** déi doten Aussoe sinn net *fondéiert*

I Variant: *fundéiert*

Fondue [fõ:ndy:] Femininum (Pluriel *Fonduen*) **DE** *Fondue* • **FR** *fondue* • **EN** *fondue* • **PT** *fondue* **Beispill** Silvester ware mir bei Kollegen op eng *Fondue* invitéiert

Foneem [fon'e:m] Maskulinum/Neutrum (Pluriel *Foneemen* / *Foneemer*) - Variant vun *Phoneem*

foneetesch [fon'e:təʃ] Adjektiv - Variant vun \nearrow phoneetesch

Foneetik [fon'e:tik] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun \nearrow Phoneetik

fönen [f'ø:nən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé geföönt) » **transitiv** **DE** *föhnen* • **FR** *sécher* [avec un sèche-cheveux] • **EN** *to dry* [with a hairdryer] • **PT** *secar* [com um secador de cabelo] **Beispiller** de Papp huet de Bouwen nom Schwammen d'Hoer geföönt; ech föne mech nach séier [ech föne mer nach séier d'Hoer]

fonetes [fon'e:təʃ] Adjektiv - Variant vun \nearrow phoneetesch

Fonetik [fon'e:tik] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun \nearrow Phoneetik

Fong [fɔŋ] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Grund, Boden* [eines Gewässers, eines Gefäßes] • **FR** *fond* [surface inférieure] • **EN** *bottom* [lowest surface] • **PT** *fundo* [superfície inferior] **Beispiller** et gesäit een net bis op de Fong vum Weier; de Fong vum Dëppen ass aus Metall; den Detektiv geet där Saach op de Fong [den Detektiv ënnersicht déi Saach ganz geneel; hien huet e gudde Fong] ^[egs] [hien ass eigentlech e gudde Mënsch; hien huet gutt Viraussetzunge fir weiderzuléieren] **Synonym** Buedem **2.** am Fong **DE** *gründlich* [sorgfältig] • **FR** *en profondeur, à fond* • **EN** *thorough* • **PT** *em profundidade, a fundo* **Beispiller** eemol d'Woch ginn d'Kummeren am Fong gebotzt; hie mécht seng Aarbecht net séier, awer ëmmer am Fong **Synonym** grëndlech **3.** am Fong (geholl) **DE** *im Grunde genommen* • **FR** *au fond* [en réalité] • **EN** *basically, at bottom, as a matter of fact* • **PT** *no fundo, a bem dizer* **Beispiller** am Fong (geholl) misste mer ouni deng Hëllef eens ginn; et war am Fong (geholl) schued, datt déi ganz Saach am Sträit ausgaangen ass; hien huet zwar eng Gittar doheem, mee e spillt am Fong (geholl) ni drop **Synonymmen** eigentlech, u(n) sech **4.** (kee Pluriel) **DE** *äußerstes Ende* • **FR** *fond* [endroit le plus reculé] • **EN** *back* [far end] • **PT** *fundo* [parte mais distante] **Beispiller** den Dësch steet am Fong vum Sall; de Briquet louch am Fong vum Tirang [de Briquet louch ganz hannen am Tirang] **5.** (Pluriel Fongen) **DE** *Hintergrund* [einer Fläche, einer Landschaft] • **FR** *arrière-plan* • **EN** *background, backdrop* • **PT** *fundo* [último plano] **Beispiller** op dësem Fändel gesitt der de Roude Léiw op wäissem a bloem Fong; op sengen Tabloe mécht de Moler fir d'éischt emol e Fong **6.** (Pluriel Fongen) **DE** *Bestand* [einer Bibliothek, eines Archivs] • **FR** *fonds* [d'une bibliothèque, d'archives] • **EN** *stock* [of a library, of an archive] • **PT** *fundo* [de uma biblioteca, de arquivos] **Beispill** mir hunn eng ganz Rei rar a wäertvoll Bicher an eisem Fong **7.** (Pluriel Fongen) **DE** *Fonds, Investmentfonds* • **FR** *fonds* [d'investissement] • **EN** *investment funds* • **PT** *fundo* [de investimento] **Beispill** ech hu meng Deel a Fongen investéiert **8.** (kee Pluriel) **DE** *Geschäftswert* • **FR** *fonds de commerce* • **EN** *goodwill, business assets, stock-in-trade* • **PT** *fundo de comércio* **Beispill** mäi Buttek gëtt mam ganze Fong verkaaft

fonkelen [f'ɔŋkələn] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé gefonkelt) - Variant vun \nearrow fënkelen

fonkelnei [fɔŋkəl'nei] Adjektiv **DE** *funkelnagelneu* • **FR** *flambant neuf* • **EN** *brand new* • **PT** *novo em folha* **Beispill** mir sinn an e fonkelneit Appartement geplënnert **Syn-**

onym fuschnei

Fonken [f'ɔŋkən] Maskulinum (Pluriel Fonken) **DE** *Funke* • **FR** *étincelle* [parcelle incandescente] • **EN** *spark* • **PT** *faisca, centelha* **Beispiller** wéi den Elektriker de Kabel duerchgeschnidden huet, si Fonken ewechgefuert; hien huet kee Fonke Verstand ^[egs] [hien huet guert kee Verstand]; de Sänger huet sech vill Méi ginn, mee de Fonken ass net iwwegesprongen [de Sänger huet sech vill Méi ginn, mee de Publikum huet sech net matrappe gelooss] **Synonym** Quonk

fonken [f'ɔŋkən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé gefonkt) » **intransitiv** - **onperséinlech** **DE** *funken* • **FR** *faire des étincelles* [jeter des étincelles] • **EN** *to spark* [to emit sparks] • **PT** *faiscar* [lançar faíscas] **Beispiller** isoléier d'Kabelen anstänneg, soss fonkt et!; géff dech, soss fonkt et! ^[egs] [géff dech, soss gëtt et Sträit!]

fooschen [f'o:ʃən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé gefooscht) » **transitiv** **DE** *heften* [provisorisch nähen] • **FR** *faufiler* [coudre à grands points] • **EN** *to baste, to tack* • **PT** *alinhar* [coser com pontos largos] **Beispill** de Riddo ass nach net fäerdeg, d'Néiesch huet e just gefooscht

Fooschwier [f'o:ʃtswi:ɐ] Maskulinum (Pluriel <seelen> Fooschwieren / <seelen> Fooschwierer)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Footer Maskulinum (Pluriel Footeren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Forain Maskulinum (Pluriel Forainen) (meeschtens Pluriel) **DE** *Schausteller* • **FR** *forain* • **PT** *feirante* **Beispill** wann d'Wieder gutt ass, maachen d'Forainen op der Schueberfouer méi Ëmsaz

i Weiblech Form: \nearrow Foraine

Foraine Femininum (Pluriel Foraineën) **DE** *Schaustellerin* • **FR** *foraine* • **PT** *feirante* [mulher] **Beispill** ech huelen all Joer e puer Louse bei där Foraine, well se déi gréisste Petzien huet

i Männlech Form: \nearrow Forain

Force [fɔʀs] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Kraft* [körperliche Kraft] • **FR** *force* [physique] • **EN** *strength* • **PT** *força* [física] **Beispiller** hien huet mat aller Force probéiert, d'Dier opzemaachen; op déi Force hi gi mer een huelen ^[egs] [nodeem mer dat iwwerstanen hunn, gi mer een huelen]

forcéieren [fɔʀs'ʒiəʀən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé forcéiert) » **transitiv** **1.** forcéieren (zu) **DE** *zwingen* (zu) • **FR** *forcer* (à), *obliger* (à) • **EN** *to force* (to) • **PT** *forçar* (a), *obrigar* (a) **Beispiller** ech loosse mech zu näischt forcéieren!; et kann ee kee forcéieren, säi Glawen ze änneren; wann d'Strooss gespaart ass, dann ass ee forcéiert, d'Deviatoun ze huelen **Synonym** zwéngen (zu) **2.** **DE** *sprengen* [mit Gewalt öffnen] • **FR** *forcer* [ouvrir par force] • **EN** *to force open* • **PT** *forçar* [abrir à força] **Beispiller** de Schlässer huet d'Schluss misse forcéieren; forcéier näischt! [iwwerstierz näischt!] » **reflexiv** **3.** **DE** *sich zwingen* • **FR** *se forcer* [faire un effort sur soi-même] • **EN** *to force oneself* • **PT** *forçar-se* **Beispiller** ech hu mech misse forcéieren, fir net haart ze laachen; forcéier dech net, déi Portioun ganz z'ïessen!

Synonym sech zwéngen

forcéiert [fɔʀs'ɛiɛ] Adjektiv **DE** *gezwungen* • **FR** *affecté, forcé* <Adverb *de façon affectée*> • **EN** *forced* [*artificial, affected*] <Adverb *affectedly*> • **PT** *afetado, forçado* <Adverb *afetadamente, forçadamente*> **Beispiller** seng **forcéiert** Frëndlechkeet mécht kee gudden Androck; hiert Laachen huet **forcéiert** geklongen; nodeem e sech blaméiert hat, huet e **forcéiert** gelaacht **Synonymmen** gezwongen, onnatierlech

I „forcéiert“ kann och de Particpe passé vum Verb **forcéieren** sinn.

forcement Adverb **DE** *zwangsläufig* • **FR** *forcément* • **PT** *forçosamente, necessariamente* **Beispiller** well d'Material stänneg méi deier gëtt, ginn d'Präisser am Bau **forcement** och an d'Luucht; an enger Koalitioun mussen d'Partner net **forcement** där selwechter Meeung sinn **Synonym** zwangsleefeg

Forell [fɔʀ'æ:l] Femininum (Pluriel *Forellen*) **Salmo trutta** - Variant vun **Forell**

Forfait [f'ɔʀfɛ:] Maskulinum (Pluriel *Forfaiten*) **DE** *Pauschaltarif, Pauschale* • **FR** *forfait* [*montant*] • **EN** *flat fee, flat rate* • **PT** *taxa fixa, tarifa fixa, (preço do) forfait* **Beispiller** fir den Transport vu klenger Päck gëtt e **Forfait** facturéiert; ech bezuele fir den Internet a fir den Telefon e **Forfait**, bei deem all meng national Verbindungen abegraff sinn; am **Forfait** fir d'Rees ass och eng Assurance mat dran

Forfait [f'ɔʀfɛ:] Maskulinum (kee Pluriel) **Forfait** erklären **DE** *nicht antreten, das Handtuch werfen* [*bei einem Sportwettbewerb*] • **FR** *déclarer forfait, jeter l'éponge* [*lors d'une compétition sportive*] • **EN** *to withdraw* [*from a sports competition*] • **PT** *desistir, dar-se por vencido* [*numa competição desportiva*] **Beispill** d'Basketsekkipp huet misse **Forfait** erklären, well ze vill Spiller krank waren

Form [f'ɔʀm] Femininum **1.** (Pluriel *Formen*) **DE** *Form* [*Umriss*] • **FR** *forme* [*contour, apparence*] • **EN** *form, shape, line* • **PT** *forma* [*contorno, aparência*] **Beispiller** de Glasbléiser huet eng **Virleift** fir ausgefale **Formen**; däin Auto huet eng elegant **Form**; eis Pläng huele konkret **Formen** un [*eis Pläng konkretiséiere sech*] **2.** (Pluriel *Formen*) **DE** *Form* [*Backform, Gießform*] • **FR** *forme, moule* • **EN** *mould* [*cast, baking tin*] • **PT** *forma, molde* **Beispiller** fir dës Figuren ze maachen, gëtt de Gips an eng extra **Form** gegoss; et kann een net all Mënsch an déi selwecht **Form** pressen [*égs*] [*et kann een net all Mënsch d'selwecht behandeln*] **3.** (kee Pluriel) **DE** *Form* [*Darstellungsweise, Stil*] • **FR** *forme* [*forme d'expression, style*] • **EN** *form* [*style*] • **PT** *forma* [*modo de expressão, estilo*] **Beispiller** et geet bei dëser Debatt net nëmmen ëm d'**Form**, mee virun allem ëm den Inhalt; a menger Dissertatioun krut ech eng gutt Nott op der **Form** an eng schlecht um Inhalt **4.** (Pluriel *Formen*) **DE** *Form* [*Erscheinungsweise*] • **FR** *forme* [*façon de se présenter, variété*] • **EN** *form, kind* • **PT** *forma* [*maneira de se apresentar, variedade*] **Beispiller** Gewalt ka verschidde **Formen** unhuelen; et gëtt Wieder, déi hunn eng männlech an eng weiblech **Form** **5.** (kee Pluriel) **DE** *Form* [*Kondition*] • **FR** *forme* [*condition physique*] • **EN** *form, shape* [*physical condition*] • **PT** *forma* [*condição física*] **Beispiller** d'Ekipp ass gutt a **Form**; hie

mécht Sport, fir a **Form** ze bleiwen

formal [fɔʀm'a:l] Adjektiv **DE** *formal* • **FR** *formel* [*qui concerne la forme*] <Adverb *formellement*> • **EN** *formal* [*in a recognized form*] <Adverb *formally*> • **PT** *formal* [*relativo à forma*] <Adverb *formalmente*> **Beispill** deen Aufsatz hei ass **formal** an der Rei, mee den Inhalt ass schwaach

formaliséieren [fɔʀmaliz'ɛiɛrɔn] Verb (Hëllefverb hunn, Particpe passé *formaliséiert*) » **transitiv** **DE** *regel* [*leine feste Struktur verleihen*] • **FR** *formaliser* [*donner une structure formelle à*] • **EN** *to formalize, to systematize* • **PT** *formalizar* [*dar um caráter oficial a*] **Beispill** d'Zesummenaarbecht tëschent de verschiddenen Departementer **gouf** nach net **formaliséiert**

Formalismus [fɔʀm'al'ismu] Maskulinum (Pluriel *Formalismen* / *Formalismussen*) **DE** *Formalismus* • **FR** *formalisme* • **EN** *formalism* • **PT** *formalismo* **Beispill** de Staatsrot huet virun iwwerdriwwenem **Formalismus** am neie Gesetzestext gewart

Formalitéit [fɔʀmalit'ɛiɛ] Femininum **1.** (Pluriel *Formalitéiten*) **DE** *Formalität* [*behördlicher Schritt*] • **FR** *formalité* [*démarche*] • **EN** *formalities* [*procedures*] • **PT** *formalidade* [*diligência*] **Beispill** nodeem all **Formalitéiten** erleedegt waren, hunn se eis iwwer d'Grenz gelooss **2.** (kee Pluriel) **DE** *Formalität, Formsache* • **FR** *formalité* [*acte sans importance, sans grande difficulté*] • **EN** *formality* [*the matter of course*] • **PT** *formalidade* [*ato sem importância, sem grande dificuldade*] **Beispill** de Premiësexame war fir hatt just eng **Formalitéit**

Format [fɔʀm'a:t] Neutrum (Pluriel *Formater*) **1.** **DE** *Format* [*Größenverhältnis*] • **FR** *format* [*dimension*] • **EN** *format* [*size*] • **PT** *formato* [*dimensão*] **Beispiller** eis Zeitungen hu verschidde **Formater**; dee Mann huet **Format** [*dee Mann huet eng staark Perséinlechkeet*] **2.** **DE** (*digitales*) *Format* • **FR** *format* [*numérique*] • **EN** *format* [*digital*] • **PT** *formato* [*digital*] **Beispiller** du hues d'Dokument an engem falsche **Format** gespäichert; dat aalt **Format** vu mengem externen Harddisk ass net kompatibel mat mengem neie Computer

formatéieren [fɔʀmat'ɛiɛrɔn] Verb (Hëllefverb hunn, Particpe passé *formatéiert*) » **transitiv** **1.** **DE** *formatieren* [*leinen Text*] • **FR** *mettre en forme* [*un texte*] • **EN** *to format* [*la text*] • **PT** *formatar* [*um texto*] **Beispill** du muss däin Text anstänneg **formatéieren**, soss ass en net ze gebrauchen **2.** **DE** *formatieren* [*ein Speichermedium*] • **FR** *formater* [*un support de stockage*] • **EN** *to format* [*the storage device*] • **PT** *formatar* [*um suporte de dados*] **Beispill** den Harddisk kann érischt da benotzt ginn, wann e **formatéiert** gouf

Formateur [f'ɔʀmatœ:r] Maskulinum (Pluriel *Formateuren*) **1.** **DE** *Dozent, Kursleiter, Ausbilder* • **FR** *formateur* [*instructeur, chargé de cours*] • **EN** *instructor, tutor* • **PT** *formador* [*instrutor, docente*] **Beispill** de **Formateur** huet eis deen neie Computerprogramm am Detail erkläert **2.** **DE** *mit der Regierungsbildung Beauftragter* • **FR** *formateur* [*d'une coalition gouvernementale*] • **EN** *formateur, prospective prime minister* • **PT** *formador* [*de governo de coligação*] **Beispill** de Groussherzog wäert nach dës Woch e **Formateur** nennen, deen dann déi nei Regierung soll bilden

I Weiblech **Form**: **Formatrice**

Formatioun [fɔʀmasj'əʊŋ] Femininum (Pluriel Formatiounen) **1. DE** Bildung, Formierung • **FR** formation [composition, constitution] • **EN** formation, organization • **PT** formação [composição, constituição] **Beispiller** d'Formatioun vun enger neier Regierung ass net einfach; fir d'Formatioun vum Fakelzuch muss der all ëm siwen Auer do sinn **2. DE** Ausbildung, Weiterbildung, Schulung • **FR** formation [scolaire, professionnelle, continue] • **EN** education, training, further education • **PT** formação [escolar, profissional, continua] **Beispiller** de Kandidat huet net déi richteg Formatiou fir dës Plaz; d'Employéen hunn all bei enger Formatiou matgemaach **3. DE** Formation [Gruppe] • **FR** formation [groupe, ensemble] • **EN** group, ensemble • **PT** formação [grupo, conjunto] **Beispill** d'Formatioun huet gutt Musek gespilt

Formatrice [fɔʀmatʀ'is] Femininum (Pluriel Formatricen) **1. DE** Dozentin, Kursleiterin, Ausbilderin • **FR** formatrice [instructrice, chargée de cours] • **PT** formadora [instrutora, docente] **2. DE** mit der Regierungsbildung Beauftragte • **FR** formatrice [d'une coalition gouvernementale] • **PT** formadora [de governo de coligação]

1 Männlech Form: **Formatateur**

forméieren [fɔʀm'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé forméiert) » **transitiv 1. DE** gründen, bilden • **FR** former [fonder, composer, constituer] • **EN** to form [to found, to establish, to make up] • **PT** formar [criar, compor, constituir] **Beispiller** hien huet mat e puer Kollegeen eng Band forméiert; déi nei Regierung wäert bis Enn des Mounts forméiert sinn; am Turnen hunn d'Kanner zwou Ekippe forméiert **2. DE** ausbilden [anlernen] • **FR** former [instruire] • **EN** to train [to teach] • **PT** formar [instruir] **Beispill** dës Professorin huet an hirem Liewe vill Pianiste forméiert » **reflexiv 3.** sech forméieren zu **DE** sich gruppieren zu • **FR** se former en, se regrouper en [en une certaine formation] • **EN** to form, to gather [in a group] • **PT** formar-se em, agrupar-se em [numa certa formação] **Beispiller** d'Hoergängs forméieren sech zu enger Eent; forméiert Iech zu engem Cortège, wannechgelift!

Formel [f'ɔʀməl] Femininum (Pluriel Formelen) **1. DE** Formel [Formulierung] • **FR** formule [énoncé] • **EN** incantation, spell • **PT** fórmula [enunciado] **Beispill** si hunn déi magesch Formel an engem Hexebuch fonnt **2. [Mathematik] [Physik] [Chimie] DE** Formel • **FR** formule • **EN** formula • **PT** fórmula **Beispill** an den Naturwëssenschafte muss ee vill Formelen auswenneg léieren

formell [fɔʀm'æɫ] Adjektiv **DE** formell [in aller Form] • **FR** formel [en bonne et due forme, clair] <Adverb formellement> • **EN** formal [official] <Adverb formally> • **PT** formal [segundo as regras, claro] <Adverb formalmente> **Beispiller** fir eis Demonstratioun maache mir eng formell Demande bei den Autoritéiten; hien huet mir formell ze verstoe ginn, hie wier anerer Meinung **Synonym** ausdrécklech

formen [f'ɔʀmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geformt) » **transitiv DE** formen [modellieren] • **FR** modeler [façonner] • **EN** to model, to shape • **PT** moldar [modelar] **Beispill** hien huet e Krou aus Leem geformt

formidabel [fɔʀmid'a:bəl] Adjektiv **DE** hervorragend • **FR** formidable, remarquable <Adverb remarquablement (bien)> • **EN** outstanding, remarkable <Adverb remarkably>

• **PT** formidável, excelente <Adverb formidavelmente, excelentemente> **Beispiller** lies dat Buch, et ass formidabel!; hien huet de Problem formidabel geléist **Synonymmen** fantastesch, groussaarteg

Formulaire [fɔʀmyl'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel Formulairen) **DE** Formular, Formblatt • **FR** formulaire • **EN** form [document] • **PT** formulário [documento] **Beispill** fir e Pass ze kréien, muss een eng Rei vu Formulairen ausfëllen

1 Variant: Formular

Formular [fɔʀmul'a:r] Neutrum (Pluriel Formularen) - Variant vun **Formulaire**

Formulatioun [fɔʀmulasj'əʊŋ] Femininum (Pluriel Formulatiounen) **DE** Formulierung [Ausdrucksweise] • **FR** formulation • **EN** formulation, wording • **PT** formulação [maneira de exprimir] **Beispill** d'Gewerkschafte ware virsiichteg bei der Formulatioun vun hire Fuerderungen **Synonym** Formuléierung

Formule [fɔʀm'yɫ] Femininum (Pluriel Formullen) **DE** Angebot [einer Dienstleistung] • **FR** formule [suggestion pour un service] • **EN** option, offer • **PT** oferta [sugestão para um serviço] **Beispiller** dës Formule huet bei eise Clienté grouse Succès; de Programm fir eisen Ausfluch ass eng gutt Formule

formuléieren [fɔʀmul'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé formuléiert) » **transitiv DE** formulieren • **FR** formuler • **EN** to formulate, to express • **PT** formular [exprimir] **Beispiller** Federatioun vun de Fëscher huet hir Fuerderunge kloer formuléiert; dat do muss de anescht formuléieren, soss versteet keen et **Synonym** ausdrécken

1 Verb, dat **formuléieren** als Basis huet: **ëmformuléieren**

Formuléierung [fɔʀmul'ziəʀəŋ] Femininum (Pluriel Formuléierungen) **1. DE** Formulierung [Ausdruck] • **FR** formule, expression • **EN** formulation, expression • **PT** formulação, expressão **Beispill** de Riedner gebraucht ganz kloer Formuléierungen **2. DE** Formulierung [Abfassung] • **FR** formulation [rédaction] • **EN** wording, phrasing • **PT** formulação [redação] **Beispill** d'Formuléierung vun engem Kontrakt ass dacks eng kriddeleg Affär **Synonym** Formulatioun

Forschett [f'ɔʀjæt] Femininum (Pluriel Forschetten) **1. DE** Gabel [Besteckteil] • **FR** fourchette [couvert] • **EN** fork [item of cutlery] • **PT** garfo [peça de talher] **Beispiller** ech iessen de Poulet mat Messer a Forschett; an där Wiertschaft schreiwen se mat der Forschett op! **[égs]** [an där Wiertschaft rechnen se der méi, wéi s de am Fong schëlleg bass] **2. DE** Spanne [Kluft, Schere] • **FR** fourchette [écart] • **EN** bracket, range [difference] • **PT** faixa [intervalo entre dois valores] **Beispill** d'Forschett vun de Gehälter ass méi grouss ginn

fort [fɔʀt] Adverb **1. DE** weg [nicht (mehr) da] • **FR** parti [éloigné, hors de vue] • **EN** away, gone • **PT** ausente, longe [por ter partido] **Beispiller** wéi d'Mamm fort war, hunn d'Kanner d'Kichelcher aus dem Schaf stibitz; de Bus ass scho fort, mir huelen deen nächsten!; fort domat! **[égs]** [huel dat do ewech!]; deen Zuch ass fort! **[égs]** [idéi Geleeenheet ass verpasst!]; eise Klengen houscht an engem fort! leise Klengen houscht stänneg] **2.** wäit

fort **DE** weit weg • **FR** loin • **EN** far away • **PT** longe [a grande distância] **Beispiller** si sinn ze wäit fort, mir kréien se net méi erëm; dee war wäit fort! [égs] Idee war mat de Gedanken anerwäerts; deen huet déif geschlof; dee war doudvoll

fort- Verbpartikel **DE** [abtrennbares Erstglied eines Verbs] • **FR** [particule séparable d'un verbe] • **EN** [separable verb particle] • **PT** [partícula separável de um verbo] **Beispiller** meng Fra fiert iwwer de Weekend fort; den Abriecher ass virun der Police fortgelaf

I Verben, déi **fort-** als Partikel hunn: ↗fortbeweegen, ↗fortdoen, ↗fortdroen, ↗fortféieren, ↗fortfléien, ↗fortfuereen, ↗fortgoen, ↗fortjoen, ↗fortkommen, ↗fortlafen, ↗fortplënnereen, ↗fortrennen, ↗fortschécken, ↗fortschlächchen, ↗fortschleefen

I Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗fort Adverb

Fortbestand [f'ɔʁtbəʃtənt] Maskulinum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

fortbeweegen [f'ɔʁtbəve:zən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé fortbeweegt) » **reflexiv DE** sich fortbewegen • **FR** se déplacer • **EN** to get around, to move about • **PT** deslocar-se [mover-se] **Beispill** e Rollstuhl hëlleft deene Leit, déi sech net autonom fortbeweegen kënnen

fortdoen [f'ɔʁtdo:ən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé fortgedoen) » **transitiv** [égs] **DE** unterbringen [in einem Heim] • **FR** placer [dans une institution] • **EN** to place in an institution • **PT** colocar numa instituição **Beispill** eis Mamm brauch esou vill Fleeg, datt mer se hu misse fortdoen

fortdroen [f'ɔʁtdro:ən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé fortgedroen) » **transitiv DE** wegtragen, forttragen • **FR** emmener, emporter • **EN** to carry away • **PT** levar [transportar consigo] **Beispiller** hëllefts de mer wannech gelift, déi Këschten hei fortzedroen?; d'Patientin huet vum Dokter sengen Erklärungen net vill fortgedroen [égs] [d'Patientin huet vum Dokter sengen Erklärungen net vill begraff]

fortféieren [f'ɔʁtfɛiəʁən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé fortgefouert) » **transitiv DE** wegfahren • **FR** emporter, emmener [conducteur, véhicule] • **EN** to take away [in a vehicle] • **PT** levar, transportar [condutor, veículo] **Beispiller** hues de den Dreck scho fortgefouert?; d'Ambulanz huet déi blesséiert Schülerin fortgefouert

fortfléien [f'ɔʁtflɛiən] Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé fortgeflunn) » **intransitiv 1. DE** wegfliegen • **FR** s'envoler [partir dans les airs] • **EN** to fly away • **PT** fugir [voando], ser levado pelo vento, esvoaçar(-se) **Beispiller** weí ech an d'Hänn geklappt hunn, ass de Kueb fortgeflunn; lee e Steen op deng Blieder, fir datt se net fortfléien! **2. DE** abfliegen, starten • **FR** s'envoler, décoller • **EN** to fly, to take off • **PT** levantar voo, partir [numa] aeronave] **Beispill** mir fléie géint drai Auer fort

fortfuereen [f'ɔʁtʁu:əʁən] Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé fortgefuer) » **intransitiv 1. DE** losfahren, aufbrechen • **FR** partir, se mettre en route • **EN** to leave [to start a journey] • **PT** partir, pôr-se a caminho **Beispill** ech muss spéitstens em siwen Auer fortfuereen, fir matzäit op der Aarbecht ze sinn **2. DE** wegfahren, verreisen •

FR partir (en voyage) [en voiture] • **EN** to go away [on a trip by car] • **PT** sair (em viagem) [de carro] **Beispill** well Päischtméideg fräi ass, profitéiere vill Leit vum verlängerte Weekend fir fortzufuereen

Fortgang [f'ɔʁtɡaŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Fortgang [Entwicklung] • **FR** avancement [progression] • **EN** progress, development • **PT** avanço [progressão] **Beispill** de Proprietär vum Neibau ass zefridde mam Fortgang vun den Aarbechten

I Variant: Fortgank

Fortgank [f'ɔʁtɡaŋk] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Fortgang

fortgoen [f'ɔʁtgo:ən] Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé fortgaangen / fortgaang) » **intransitiv DE** weggehen [sich entfernen] • **FR** s'en aller, partir • **EN** to leave • **PT** ir-se embora, partir **Beispill** weí ech wollt fortgoen, hunn ech mäin Autosschlüssel net méi fonnt

fortjoen [f'ɔʁtjo:ən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé fortgejot) » **transitiv DE** fortjagen [aus dem Dienst] • **FR** chasser [renvoyer, licencier] • **PT** despedir, mandar embora **Beispill** de Knecht gouf fortgejot, well en de Bauer jorelaang bestuel hat **Synonym** schässen

fortkommen [f'ɔʁtkomən] Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé fortkomm) » **intransitiv 1. DE** wegkommen, fliehen (können), verschwinden • **FR** pouvoir partir, pouvoir se sauver • **EN** to get away [to manage to leave] • **PT** poder partir, conseguir fugir **Beispiller** ech hunn esou vill Aarbecht, viru sechs Auer kommen ech net fort!; en Deel vun der Bevëlkerung koum nach fort, ier d'Bomme gefall sinn; et gëtt Zäit, datt s de fortkënn, soss bass de net matzäit erëm! **2. DE** wegkommen [weggebracht werden] • **FR** disparaître [être placé ailleurs] • **EN** to be removed • **PT** desaparecer [ser mudado para outro lugar] **Beispill** deen ale Schaf am Keller kënnt de Mëtteg fort **3. DE** wegkommen [abhanden kommen] • **FR** disparaître [de sa place habituelle] • **EN** to disappear [to go astray] • **PT** desaparecer [do lugar habitual] **Beispill** meng Ouerréng sinn iergendwéi fortkomm

Franzium [fr'antsɪjʊm] Maskulinum (kee Pluriel) **[Chimie]** **DE** *Franzium* [*chemisches Element*] • **FR** *francium* [*élément chimique*] • **EN** *francium* [*chemical element*] • **PT** *frâncio* [*elemento químico*] **Beispill** d'Element Franzium gehéiert zu Grupp vun den Alkalimetaller

frappant [frap'ɑnt] Adjektiv **DE** *frappant* • **FR** *frappant* [*marquant*] • **EN** *striking* [*remarkable*] • **PT** *surpreendente* [*marcante*] **Beispill** et ass frappant, wéi d'Mamm an d'Duechter sech gläichen!

frappéieren [frap'ɛɪəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *frappéiert*) » **transitiv 1.** **DE** *beeindrucken* • **FR** *frapper* [*impressionner*] • **EN** *to strike* [*to impress*] • **PT** *impressionar* [*marcar*] **Beispill** d'Faarwespill am Kénschtler senge Biller **huet** mech am meeschte **frappéiert** **2.** **DE** *stutzig machen* • **FR** *frapper* [*surprendre*] • **EN** *to strike* [*to surprise*] • **PT** *surpreender* [*deixar admirado, perplexo*] **Beispill** et **huet** eis **frappéiert**, datt hien net um Begriefnes war

Fräs [frɛ:s] Femininum (Pluriel Fräsen) **1.** **DE** *Fräse* [*Fräsmaschine*] • **FR** *fraise* [*machine-outil*] • **EN** *milling machine, mortising machine* • **PT** *fresadora* **Beispill** dës Maschinnendeeler ginn op enger automatescher Fräs produziéiert **2.** **DE** *Fräse* [*Bodenfräse*] • **FR** *fraise* [*motobineuse*] • **EN** *rotary cultivator* • **PT** *fresa de sachar* **Beispill** de Gäertner **huet** verschidde Stécker u senger Fräs missen ersetzen

Fräsch [fræʃ] Maskulinum (Pluriel Fräschen) **DE** *Frosch* • **FR** *grenouille* • **EN** *frog* • **PT** *rã* **Beispiller** an eisem Weier sinn dëst Joer vill Fräschen; ech hunn e Fräsch am Hals **[ëgs]** [ech muss hemsen]; dréck net esou vill (Waasser), du kriss nach Fräschen an de Bauch! **[ëgs]** [⇒ seet een zu engem, deen ze vill (Waasser) beieenen dréckt]; hien ass en erkaalte Fräsch **[ëgs]** [et ass him stänneg kal]

Fräschenham [fræʃənh'a:m] Femininum (Pluriel Fräschenhamen) (meeschtens Pluriel) **DE** *Frosch-schenkel* • **FR** *cuisse de grenouille* • **EN** *frog's leg* • **PT** *coxa de rã, perna de rã* **Beispill** dës Woch sinn d'Fräschenhamen an der Promotioun

Frascht [frɑʃt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Frost* [*Frostwetter*] • **FR** *gel* [*temps de gelée*] • **EN** *frost* [*frosty weather*] • **PT** *geada* **Beispiller** duerch dee spéide **Frascht** sinn d'Wéngerten erkaalt; de **Frascht** ass nach net aus dem Buedem [de Buedem ass nach gefruer]

fräsen [fr'ɛ:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gefrääst*) » **transitiv 1.** **DE** *fräsen* [*ein Maschinen-teil*] • **FR** *fraiser* [*un objet mécanique*] • **EN** *to mill* [*metal*] • **PT** *fresar* [*um objeto mecânico*] **Beispill** am drëtte Joer hunn se am Atelier geléiert, wéi ee Maschinnendeeler **frääst** **2.** **DE** *fräsen* [*den Boden*] • **FR** *fraiser* [*la terre*] • **EN** *to till* [*with a rotary cultivator*] • **PT** *fresar* [*a terra*] **Beispill** eisen Noper **huet** de Mëtteg säi Gaart **gefrääst**

Fraude [fro:t] Femininum (Pluriel Frauden)

[i] Hei entsteeft en neien Artikel.

Freak [fɹi:k] Maskulinum (Pluriel Freaken) **DE** *Fan* • **FR** *mordu, fanatique* • **EN** *freak* [*lenthusiast*] • **PT** *fanático, apaixonado* **Beispill** mäi Cousin ass e **Freak** vu Model-lautoen **Synonym** Fan

frech [fr'æç] Adjektiv **DE** *frech* • **FR** *insolent, effronté* <Adverb *insolément, effrontément*> • **EN** *cheeky, impertinent* <Adverb *impertinently*> • **PT** *insolente, malcriado* <Adverb *com insolência*> **Beispiller** d'Kand **huet** eng Strof kritt, well et **frech** mat der Joffer war; hal op mat deene **freche** Bemierkungen!; muss du ëmmer esou **frech** erëmmanen?; wie **frech** ass ewéi en Hond, dee lieft ewéi en Här **[ëgs]** [déi **frech** Leit kréien ëmmer alles, wat se wëllen]

Frechdachs [fr'æçdaks] Maskulinum (Pluriel Frechdachsen) **DE** *Frechdachs* • **FR** *effronté* • **EN** *cheeky monkey* • **PT** *descarado* **Beispill** sief séier roueg, du klenge **Frechdachs**!

Frechheet [fr'æçhe:t] Femininum **1.** (Pluriel Frechheeten) **DE** *Frechheit* [*Äußerung, Handlung*] • **FR** *insolence, insulte* • **EN** *insult* [*offensive remark, action*] • **PT** *insolência, insulto* **Beispiller** de Bouf **huet** den ale Leit op der Strooss **Frechheeten** nogeruff; looss der déi **Frechheeten** dach net méi gefalen!; et ass eng **Frechheet**, fir esou eng schlecht Aarbecht och nach Suen ze froen! **2.** (kee Pluriel) **DE** *Frechheit* [*Benehmen*] • **FR** *insolence, impertinence* • **EN** *impertinence* • **PT** *insolência, impertinência* **Beispill** mat **Frechheet** kënnst ee leider heiansdo méi wäit ewéi mat gudde Manéieren

Freckeisen [fr'æçgəɪzən] Eegennumm **DE** *Freckeisen* • **FR** *Freckeisen* • **EN** *Freckeisen* • **PT** *Freckeisen* **Beispiller** ech wunnen um **Freckeisen**; fiert dëse Bus op de **Freckeisen**?

fréckelen [fr'ekələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gefréckelt*) » **intransitiv 1.** **[ëgs]** **DE** *zappeln* • **FR** *remuer, gigoter* • **EN** *to wriggle, to fidget* • **PT** *remexer-se, agitar-se* **Beispiller** hal op mat **fréckelen**!; hien **huet** laang **gefréckelt**, ier e mat der Wouerecht erausgeréckelt ass [hien **huet** laang gebraucht, fir mat der Wouerecht erauszeréckelen] **2.** **fréckelen** un **DE** *hantieren an* [*herumbasteln an*] • **FR** *bidouiller* [*manipuler, bricoler*] • **EN** *to fiddle with* • **PT** *remexer em* [*mexer em, manejar*] **Beispiller** hien **huet** esou laang un der Antenn **gefréckelt**, bis d'Bild kloer war; u menger Decisioun ass net méi ze **fréckelen** **[ëgs]** [u menger Decisioun ass näischt méi ze änneren]

Freed [fre:t] Femininum (Pluriel <seelen> **Freeden**) **DE** *Freude* • **FR** *joie, plaisir* • **EN** *joy, pleasure* • **PT** *alegria, prazer* **Beispiller** Niklosdag waren d'Kanner ausser sech vu **Freed**!; ech hu keng **Freed** mat mengem neie Fotoapparat, well ech net eens ginn dermat; d'Kanner

hunn sech eng Freed draus gemaach, (fir) mat Schnéiklatzen op d'Autoen ze geheien; mir stelle mat Freede fest, datt vill Leit op de Concert komm sinn; woumat kéint ech der eng Freed maachen? [iwwer wat fir e Kaddo géifs de dech freeën?]; deem enge seng Freed ass deem anere säi Leed! [egs] [wat fir ee gutt ass, ka fir en anere schlecht sinn]

Freedefeier [fR'e:dəfɛɪə] Neutrum (Pluriel Freedefeieren) DE Feuerwerk • FR feu d'artifice • EN fireworks [firework display] • PT fogo de artifício Beispill mir ginn all Joer um Virowend vum Nationalfeierdag d'Freedefeier kucken

freedeg [fR'e:dəɕ] Adjektiv DE freudig • FR joyeux, heureux, agréable • EN joyful, happy • PT feliz, alegre, agradável Beispill däi Besuch gëschter war fir mech eng freedeg Iwwerraschung; mir krute gëschter d'Nouvelle vun deem freedegen Evenement

freeën [fR'e:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefreet) » transitiv 1. DE freuen, erfreuen • FR réjouir, faire plaisir à • EN to be pleased • PT fazer prazer a, dar gosto a Beispill et géif eis freeën, wa mer eng Kéier zesumme géifen iesse goen; et freet mech [⇒ seet een zu engem, deen ee kenne léiert] » reflexiv 2. sech freeën (iwwer) DE sich freuen (über) • FR se réjouir (de) • EN to be pleased (about) • PT ficar muito contente (com) Beispill d'Grousselteren hu sech iwwer eise Besuch gefreet; wa meng Schwëster dat héiert, da wäert se sech freeën! 3. sech freeën op DE sich freuen auf • FR attendre avec impatience, se réjouir à l'avance de • EN to look forward to • PT esperar com ansiedade, antegozar Beispill d'Kanner freeë sech op Niklosdag; no véierzeg Déngschtjore freeën ech mech elo op meng Pensioun

Freelance [fR'i:læns] Maskulinum (Pluriel Freelancen)

Hei entsteet en neien Artikel.

Freelance [fR'i:læns] Femininum (Pluriel Freelancen) - weiblech Form vun ↗Freelance Synonym Freelancerin

freelance Adverb

Hei entsteet en neien Artikel.

Freelancer [fR'i:lænsɐ] Maskulinum (Pluriel Freelancer)

Hei entsteet en neien Artikel.

Freelancerin [fR'i:lænsəriŋ] Femininum (Pluriel Freelancerinnen) - weiblech Form vun ↗Freelancer Synonym Freelance

freeschlech [fR'e:ʃlɛɕ] Adjektiv [vereezlt] DE schrecklich [furchtbar] • FR terrible [épouvantable] • EN terrible, dreadful • PT terrível, medonho Beispill déi freeschlech Kreesch sinn eis duerch Muerch a Schank gaangen; hien ass mat sengem freeschleche Bouquet Blumme bal net zur Dier erakomm [egs] [hien ass mat sengem risege Bouquet Blumme bal net zur Dier erakomm] Synonymmen fierchterlech, fuerchtbar, schrecklech

Freetown Eegennumm DE Freetown • FR Freetown • PT Freetown Beispill Freetown ass d'Haaptstad vu Sierra Leone

freezen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefreezet / gefreezed)

Hei entsteet en neien Artikel.

fréi [fRɜi] Adverb DE früh [zeitig] • FR tôt [de bonne heure] • EN early [before the usual time, near the beginning of a period] • PT cedo [de madrugada] Beispill muer musse mer fréi opstoen!; d'Autobunn ass vu mueres fréi bis owes spéit verstoppt

fréi [fRɜi] Adjektiv 1. DE früh [vorzeitig, zeitig] • FR précocce, prématuré [qui survient très tôt, trop tôt] <Adverb tôt> • EN untimely, early • PT precoce, prematuro [que sucede muito cedo, demasiado cedo] <Adverb cedo> Beispill d'Eltere kommen net iwwer hirem Jong säi fréien Doud ewech; eist Meedche konnt fréi schwätzen 2. DE früh [zu] Beginn des] • FR début de [les premiers instants de] • EN early [near the beginning of] • PT inicio de, principio de los primeros instantes del Beispill ech bréngen der deng Saachen am fréien Nomëtteg laanscht; deen Numm gëtt et zënter dem fréie Mëttelalter

Fréi Femininum (kee Pluriel) an aller Fréi DE in aller Frühe, frühmorgens • FR de bon matin, au petit matin • EN at the crack of dawn, at an unearthly hour • PT de manhã cedo, de madrugada Beispill mir hunn eis an aller Fréi op de Wee an d'Vakanz gemaach, fir net an e Stau ze geroden Synonym an aller Herrgottsfréi

Fréibieren Substantiv (kee Singulier)

Hei entsteet en neien Artikel.

Freideg [fR'aidɕ] Maskulinum (Pluriel Freideger) DE Freitag • FR vendredi • EN Friday • PT sexta-feira Beispill mir fléien dëse Freideg an d'Vakanz; mir gesinn eis e Freideg [mir gesinn eis nächste Freideg]; mir hunn eis e Freideg gesinn [mir hunn eis leschte Freideg gesinn]

Variant: Freiden

Freidegowend Maskulinum (Pluriel Freidegowenter / Freidegowender) DE Freitagabend • FR vendredi soir • PT sexta-feira ao final da tarde, sexta-feira à noite Beispill eis Clique trëfft sech all Freidegowend no der Aarbecht, fir e Patt ze drénken

Variant: Freidenowend

Freiden [fR'aidən] Maskulinum (Pluriel Freideger) - Variant vun ↗Freideg

Freidenowend Maskulinum (Pluriel Freidenowenter / Freidenowender) - Variant vun ↗Freidegowend

freides [fR'aidɛs] Adverb 1. DE freitags • FR le vendredi [tous les vendredis] • EN (on) Friday(s) [each Friday] • PT á(s) sexta(s)-feira(s) [todas as sextas-feiras] Beispill mir gi freides gewéinlech an d'Schwämm 2. DE am Freitag [an einem bestimmten Freitag] • FR (le) vendredi [un vendredi précis] • EN (on) Friday [a specific Friday] • PT (na) sexta-feira [numa certa sexta-feira] Beispill ech hu freides, den 13. Juli, e Rendez-vous beim Coiffer

freien [fR'aiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefrien) » intransitiv 1. [vereezlt] DE eine feste Beziehung haben [im Hinblick auf eine Vermählung] • FR se fréquenter [en vue d'un mariage] • EN to go steady [to court] • PT namorar Beispill meng Grousselteren hunn

dräi Joer gefrien, ier se bestuet goufen **2.** freien un **DE** liebäugeln mit • **FR** lorgner sur l'avoir envie de] • **EN** to have one's eye on, to fancy • **PT** namorar, estar de olho em **Beispill** mäi Papp freit un engem neien Auto

Freier [fr'ɔiɐ] Maskulinum (Pluriel Freieren) vereeltz **DE** Freund [Verlobte(r)] • **FR** petit ami, fiancé • **EN** boyfriend, fiancé • **PT** namorado, noivo **Beispiller** eis Duechter huet zënter zwee Joer e Freier; hatt huet un all Fanger e Freier [əgs] [vill Männer géifen hatt går bestueden]

i Weiblech Form: ↗Fréiesch

fréier [fr'ɔiɐ] Adjektiv **DE** früher, ehemalig, einstig • **FR** ancien [d'avant] • **EN** former • **PT** antigo [de antes] **Beispill** de fréiere Proprietär huet sech gutt em d'Haus gekëmmert

fréier [fr'ɔiɐ] Adverb **DE** früher [einst] • **FR** autrefois • **EN** in the past, from the past • **PT** antigamente, outrora **Beispiller** d'Leit soen, fréier wier alles besser gewiescht; wou fréier e grouse Bësch war, stinn haut elauter Haiser; Gewunnechten an Traditione vu fréier sollen net vergiess ginn

fréieren [fr'ɔiɐrən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gefruer) » **intransitiv** - och **onperséinlech** **DE** frieren [gefrieren] • **FR** geler [se figer par le froid] • **EN** to freeze • **PT** gelar [congelar com o frio] **Beispiller** dëse Wanter ass de Buedem dacks gefruer; dës Nuecht soll et fréieren

i Verben, déi **fréieren** als Basis hunn: ↗afréieren, ↗festfréieren, ↗ufréieren an ↗zoufréieren

Fréiesch [fr'ɔiəʃ] Femininum (Pluriel Fréieschen) vereeltz **DE** Freundin [Verlobte] • **FR** petite amie, fiancée • **EN** girlfriend, fiancée • **PT** namorada, noiva **Beispill** mäi Papp verzielt går aus där Zäit, wéi meng Mamm nach seng Fréiesch war

i Männlech Form: ↗Freier

fréiestens [fr'ɔiɛstəns] Adverb - Variant vun ↗Fréistsens

Fréigebuert [fr'ɔiɣəbu:ɐt] Femininum (Pluriel Fréigebuerter) **DE** Frühgeburt [Geburt] • **FR** naissance avant terme • **EN** premature birth • **PT** parto prematuro **Beispiller** meng Tatta hat eng Fréigebuert, mee hir an dem Puppelche geet et gutt; dee Projet ass eng Fréigebuert [dee Projet ass net ausgeräift]

Fréijoer [fr'ɔiɔ:ɐ] Neutrum (Pluriel Fréijoren) **DE** Frühling, Frühjahr • **FR** printemps • **EN** spring • **PT** primavera **Beispiller** dëst Fréijoer stinn d'Beem fréi an der Bléi; der Nopesch hire Jéngste kouw d'lescht Fréijoer op d'Welt; déi lescht dräi Fréijore ware verreent

Fréijoersbotz [fr'ɔiɔ:ɛsbɔts] Femininum (kee Pluriel) **DE** Frühjahrsputz • **FR** nettoyage de printemps • **EN** spring clean, spring cleaning • **PT** limpeza de primavera **Beispill** d'Fréijoersbotz ass fir vill Leit eng Tradition **Synonym** Ouschterbotz

Fréijoersënn Femininum (Pluriel Fréijoersënnen) **DE** Lauchzwiebel, Winterzwiebel, Frühlingzwiebel • **FR** ciboule, cive • **EN** spring onion • **PT** cebolinha **Beispill** ech hunn der e puer Fréijoersënnen aus mengem Gaart matbruecht **Synonym** Fréijoerszwivvel

Fréijoersfoire [fr'ɔiɔ:ɛsfwa:ɐ] Femininum (Pluriel Fréijoersfoiren) **DE** Frühjahrsmesse • **FR** foire(-exposition) de printemps • **EN** spring fair [exhibition] • **PT** feira de primavera [para expositores] **Beispiller** vill Aussteller haten e Stand op der Fréijoersfoire; ech war deslescht op enger Fréijoersfoire am Ausland

Fréijoerskollektioun [fr'ɔiɔ:ɛskolæksjəʊn] Femininum (Pluriel Fréijoerskollektiounen) **DE** Frühjahrskollektion • **FR** collection de printemps • **EN** spring collection • **PT** coleção de primavera **Beispill** d'nächst Woch kréien d'Kleedergeschäfte d'Fréijoerskollektioun eran

Fréijoersmiddegkeet [fr'ɔiɔ:ɛsmidɛgkɛ:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Frühjahrsmüdigkeit • **FR** fatigue printanière • **EN** spring fatigue • **PT** cansaço primaveril **Beispill** hie spiert d'Fréijoersmiddegkeet

Fréijoersmount [fr'ɔiɔ:ɛsməʊnt] Maskulinum (Pluriel Fréijoersméint) **DE** Frühjahrsmonat • **FR** mois du printemps • **EN** spring month • **PT** mês de primavera **Beispill** dëst Joer hate mer aussergewéinlech waarm Fréijoersméint

Fréijoersufank Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Frühlingsanfang • **FR** début du printemps • **PT** início da primavera **Beispiller** wéinst de Schaltjore fält de kalendaresche Fréijoersufank entweder op den 20. oder op den 21. Mäerz; de meteorologesche Fréijoersufank ass ëmmer den éischte Mäerz

Fréijoerswieder Neutrum (kee Pluriel) **DE** Frühlingwetter • **FR** temps printanier • **PT** tempo primaveril **Beispill** bei deem schéine Fréijoerswieder blitt ee richtig op!

Fréijoerszwivvel Femininum (Pluriel Fréijoerszwivvelen) **DE** Lauchzwiebel, Winterzwiebel, Frühlingzwiebel • **FR** ciboule, cive • **EN** spring onion • **PT** cebolinha **Beispill** ech hunn der e puer Fréijoerszwivvelen aus mengem Gaart matbruecht **Synonym** Fréijoersënn

Fréimass [fr'ɔimɑs] Femininum (Pluriel Fréimassen) **DE** Frühmesse • **FR** première messe • **EN** early morning service, early mass, matins • **PT** primeira missa [do dia] **Beispill** de Paschtouer hält d'Fréimass em siwen Auer

Fréipensioun [fr'ɔipɛ̃:ɔsjəʊn] Femininum (Pluriel Fréipensiounen) **DE** Frührente • **FR** préretraite • **EN** early retirement • **PT** pré-reforma **Beispill** vill Leit, déi d'Fréipensioun hunn, brauchen eng alternativ Beschäftegung

fréiräif [fr'ɔiræ:ɪf] Adjektiv **DE** frühreif • **FR** précoce [en avance sur son âge] • **EN** precocious <Adverb precociously> • **PT** precoce [avançado para a sua idade] **Beispill** eisem Noper säi Bouf ass e fréiräif Kand

Fréiresmillen [fr'ɔirɛsmilən] Eegennumm **DE** Fre-resmühle • **FR** Freresmühle • **EN** Freresmühle • **PT** Fre-resmühle **Beispiller** ech wunnen op der Fréiresmillen; fiert dëse Bus op d'Fréiresmillen?

Fréischicht [fr'ɔiʃiçt] Femininum (Pluriel Fréischichten) **DE** Frühschicht • **FR** poste du matin • **EN** early shift • **PT** turno da manhã **Beispill** d'Fréischicht geet em sechs Auer un

Fréiseng [fr'ɔizɛŋ] Eegennumm **DE** Frisingen • **FR** Frisange • **EN** Frisange • **PT** Frisange **Beispiller** ech wunnen zu Fréiseng; fiert dëse Bus op Fréiseng?

Fréisser [fr'ɛisɛ] Maskulinum (Pluriel Fréisser) ëgs
 DE Vielfraß [gefräßiger Mensch] • FR goinfre • EN greedy pig • PT comilão **Beispill** mäin Eedem ass e richtige Fréisser!

fréistens [fr'ɛistəns] Adverb DE frühestens • FR au plus tôt • EN at the earliest • PT o mais cedo **Beispill** ech hunn den Dokter geruff, mee e ka fréistens géint der Owend laanschtkommen

i Variant: fréiestens

fréizäiteg [fr'ɛitsæ:itəç] Adjektiv DE frühzeitig • FR effectué à un stade précoce <Adverb à un stade précoce> • EN early [at an early stage] <Adverb early> • PT precoce, antecipado <Adverb com antecedência, cedo> **Beispiller** eng fréizäiteg Kriibsdiaagnos ka Liewe retten; bei dësen Diskussiounen ass et wichteg, d'Gewerkschafte fréizäiteg mat anzebannen

Frell [fræɛl] Femininum (Pluriel Frellen) Salmo trutta
 1. DE Forelle [Tier] • FR truite [animal] • EN trout [animal] • PT truta [animal] **Beispiller** d'Frell fänks de am beschte mat der Méck; déi Politikerin ass glat ewéi eng Frell [déi Politikerin leet sech ni fest an huet ëmmer fir alles eng Ausried] 2. DE Forelle [Nahrungsmittel] • FR truite [aliment] • EN trout [food] • PT truta [alimento] **Beispill** als Entrée gouf et gereezte Frell

i Variant: Forell

Frëmmegkeet [fr'əmœçke:t] Femininum (kee Pluriel) DE Frömmigkeit • FR piété [dévotion] • EN piety • PT piedade [devoção] **Beispiller** d'Frëmmegkeet ass e Stéck vum Glawen; seng Frëmmegkeet war nëmme gespillt

Frënd [frənt] Maskulinum (Pluriel Frënn) 1. DE Freund [Kamerad] • FR ami [copain, pote] • EN friend • PT amigo [pessoa amiga] **Beispill** hie war vu Klengem u mäi beschte Frënd **Synonym** Kolleeg 2. DE Freund [Partner] • FR petit ami [compagnon de vie] • EN boyfriend, partner • PT namorado **Beispill** d'Meedchen huet sengen Elteren säin neie Frënd virgestallt 3. DE Freund [Anhänger, Liebhaber] • FR amateur [connaisseur, personne friande] • EN devotee, fan • PT amador, apreciador **Beispiller** mäi Brudder ass e Frënd vu klassescher Musek; ech si kee grouse Frënd vu Glacen

i Weiblech Form: ♀Frëndin

Frëndchen [fr'əntçən] Maskulinum (Pluriel Frënncher) - Diminutivform vun ♀Frënd 1. pejorativ ëgs DE (derzeitiger) Freund • FR petit copain [dans une relation peu durable] • EN squeeze [current boyfriend] • PT namorado [num relacionamento efémero] **Beispill** du wäerts däi Frëndche jo net mat op d'Hochzäit huelen! 2. ëgs DE Bürschchen, Frëndchen lals warnende Anrede] • FR bonhomme [pour s'adresser à quelqu'un en le menaçant] • EN mate, sonny [warning form of address] • PT (ó meu) rapazinho [dito em tom ameaçador] **Beispill** lauschter emol, Frëndchen, elo geet et duer! **Synonym** Männchen

Frëndeskrees [fr'əndəskre:s] Maskulinum (Pluriel Frëndeskreeser) DE Freundeskreis • FR cercle d'amis • PT círculo de amigos **Beispill** der Politikerin hir Alkoholproblemer ware just am enkste Frëndeskrees bekan-

Frëndin [fr'əndin] Femininum (Pluriel Frëndinnen) 1. DE Freundin [Kameradin] • FR amie [copine, pote] • EN friend, mate [female] • PT amiga [pessoa amiga] **Synonym** Kolleegin 2. DE Freundin [Partnerin] • FR petite amie [compagne de vie] • EN girlfriend • PT namorada 3. DE Freundin [Anhängerin, Liebhaberin] • FR amatrice [connaisseuse, personne friande] • EN friend [supporter, enthousiast] • PT amadora, apreciadora

i Männlech Form: ♂Frënd

frëndlech [fr'əndləç] Adjektiv 1. DE freundlich [liebenswürdig] • FR aimable, gentil, sympathique <Adverb aimablement, gentiment> • EN friendly, amiable <Adverb in a friendly way> • PT amável, gentil, simpático <Adverb amavelmente, gentilmente> **Beispiller** deng Eltere si frëndlech Leit; du kéints mer méi frëndlech äntweren! **Synonym** gentil 2. DE freundlich [angenehm] • FR agréable [plaisant] <Adverb agréablement> • EN friendly [pleasant] <Adverb pleasantly> • PT agradável [aprazível] <Adverb agradávelmente> **Beispiller** mir wëllen eis Schlofkummer mat frëndleche Faarwen usträichen; haut gëtt et frëndlecht Wieder; dëse Café ass frëndlech ageriicht

Frëndlechkeet [fr'əndləçke:t] Femininum (kee Pluriel) DE Freundlichkeit [Wesen] • FR amabilité, gentillesse • EN friendliness • PT amabilidade, gentileza **Beispill** mat Frëndlechkeet kënnt ee meeschens méi wäit ewéi mat Grant

Frëndschaft [fr'əntʃaft] Femininum (Pluriel Frëndschaften) DE Freundschaft • FR amitié • EN friendship • PT amizade **Beispiller** a kuerzer Zäit ass tèschent him a mir eng grouss Frëndschaft entstanen; eis Frëndschaft ass an d'Bréch gaangen; et ass eriwwen mat der Frëndschaft; ech hu séier mat mengen neie Schoulkomerode Frëndschaft geschloss; vill Frëndschafte sinn net vun Dauer

frëndschaftlech [fr'əntʃaftləç] Adjektiv DE freundschaftlich • FR amical <Adverb amicalement> • EN friendly, amicable <Adverb amicably> • PT amigável <Adverb amigavelmente> **Beispiller** obwuel mir net all enger Meenung sinn, ass d'Atmosphär frëndschaftlech; säi Chef huet him frëndschaftlech op d'Schëller geklappt

Frëndschaftsmatch [fr'əntʃaftsmætʃ] Maskulinum (Pluriel Frëndschaftsmatcher) DE Freundschaftsspiel • FR match amical, recontre amicale • EN friendly game • PT jogo amigável, encontro amigável **Beispill** eis Nationalekipp spillt dës Woch zwee Frëndschaftsmatcher

Frëngerhaff [fr'ɛŋehaf] Eegennumm DE Frëngerhaff • FR Fréngerhaff • EN Fréngerhaff • PT Fréngerhaff **Beispiller** ech wunnen um Frëngerhaff; fiert dëse Bus op de Frëngerhaff?

Frequentatioun Femininum (Pluriel Frequentatiounen)

i Hei entsteet en neien Artikel

Frequenz [frɛkw'ænts] Femininum (Pluriel Frequenzen) 1. DE Frequenz [von Wellen] • FR fréquence [d'ondes] • EN frequency [waveband] • PT frequência [de ondas] **Beispiller** deen neie Radiosender kann een op zwou Frequenzen empfänken; mam Alter kann et

sinn, datt ee verschidde **Frequenzen** net méi esou gutt héiert **2. DE** *Takt, Häufigkeit* • **FR** *fréquence, cadence* • **EN** *frequency* • **PT** *frequência, cadência* **Beispill** d'**Frequenz**, mat där d'Bussen an d'Stad fueren, misst eropgesat ginn

frësch [frəʃ] **Adjektiv** **1. DE** *frisch, neu* • **FR** *frais* [neuf, récent] <Adverb *fraichement, récemment*> • **EN** *fresh, new* <Adverb *newly*> • **PT** *fresco* [novo, recente] <Adverb *de fresco, recentemente*> **Beispiller** ech hunn de Muere **frësch**t Brout kaaft; déi Koppel ass **frësch** bestuet; d'Bänk ass **frësch** ugestrach; ech komme **frësch** vum Coiffer (ech war elo just beim Coiffer) **2. DE** *frisch* [unverbraucht, sauber] • **FR** *frais, neuf, propre* [pur, inutilisé] • **EN** *fresh* [clean] • **PT** *fresco, novo, limpo* [puro, inutilizado] **Beispiller** ech muss an d'**frësch** Loft, ech hunn de Kapp wéi; du hues dech verschriwwen, huel e **frësch**t Blat!; déi e **frësch**t Hiem un!; ech hunn d'Bett **frësch** opgezunn (ech hunn d'Läindicher gewiesselt) **3. DE** *frisch* [kühl] • **FR** *frais* [frisquet] • **EN** *chilly, fresh* [cool] • **PT** *fresco* [frio] **Beispill** et ass e bësse **frësch** haut, do eng Jackett un! **Synonym** kill

frëschmaachen [fr'əʃma:χən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé **frëschgemaach** / **frëschgemaacht**) » **transitiv** **1. DE** *noch einmal machen* • **FR** *refaire* [faire de nouveau] • **EN** *to redo* [to do again] • **PT** *refazer* [retornar a fazer] **Beispill** du muss den Exerice **frëschmaachen** **2. DE** *erneuern, renovieren* • **FR** *refaire, rénover* • **EN** *to renovate, to refurbish* • **PT** *refazer, renovar* **Beispiller** wa mir d'Stuff **frëschgemaach** hunn, da gëtt heibannen net méi gefëmmt!; et sinn esou vill Plät-tercher lass, mer mussen d'Terrass virum Summer **frëschmaachen** **3. DE** *anlegen* [einen neuen Verband] • **FR** *refaire* [un pansement] • **EN** *to change* [a dressing, a bandage] • **PT** *refazer* [um pensar] **Beispill** all Dag kënnt eng Infirmière vum Fleegedéngscht bei meng Groussmamm, fir hir de Verband **frëschzemaachen** **4. DE** *windeln* [die Windeln wechseln] • **FR** *changer les couches de* • **EN** *to change* [a baby, a nappy] • **PT** *mudar a fralda* **Beispill** ech muss de Klengen nach **frëschmaachen**

Fresk [fræsk] **Femininum** (Pluriel **Fresken**) **DE** *Freske, Fresko* • **FR** *fresque* • **EN** *fresco* • **PT** *fresco* [pintura] **Beispiller** am Säiteschëff vun der Cathedral ass eng Kapell mat schéine **Fresken**; déi antik **Freske** stelle mythologesch Zeenen duer

Fret **Maskulinum** (kee Pluriel) **1. DE** *Fracht* [Frachtgut] • **FR** *fret* [marchandise] • **PT** *carregamento, frete* [mercadoria] **Beispill** weess du, wéi vill **Fret** am Joer iwuer d'Schinn transportéiert gëtt? **Synonym** **Fracht** **2. DE** *Gütertransport, Warentransport* • **FR** (transport de) *fret, transport de marchandises* • **PT** *transporte de mercadorias* **Beispill** niewent dem Transport vu Passagéier spillt de **Fret** eng grouss Roll fir eise Flughafen **Synonym** Wuerentransport

Frettchen **Maskulinum/Neutrum** (Pluriel **Frettercher**) **DE** *Frettchen* • **FR** *furet* [animal] • **PT** *furão* [animal] **Beispiller** ursprénglech goufe **Frettercher** fir d'Juegd geziicht; eng vu menge Schoulkomerodinnen hat e **Frettchen** als Hausdéier

Fric [frɪk] **Maskulinum** (kee Pluriel) [ēgs] **DE** *Knete* [Geld] • **FR** *fric* • **EN** *dough* [money] • **PT** *massa* [dinheiro] **Beispill**

wou kënns de nëmmen un de **Fric**, fir esou laang an d'Vakanz ze fueren? **Synonymmen** Goss, Kitten, Klack-en, Mécken

Friche [frɪç] **Femininum** (Pluriel **Frichen**) **DE** *Industriebrache* • **FR** *friche industrielle* • **EN** *industrial wasteland, brownfield site* • **PT** *terreno industrial abandonado* **Beispill** op de **Frichë** vun der aler Schmelz gouf eng nei Cité gebaut **Synonym** **Industriebrooch**

Fridbësch [frɪ:tb'əʃ] **Eegennumm** **DE** *Friedbusch* • **FR** *Friedbusch* • **EN** *Friedbusch* • **PT** *Friedbusch* **Beispiller** ech wunnen um **Fridbësch**; fiert dese Bus op de **Fridbësch**?

Fridden [fr'ɪdən] **Maskulinum** (kee Pluriel) **1. DE** *Frieden* [Friedenszustand] • **FR** *paix* [situation de paix] • **EN** *peace* [no war] • **PT** *paz* [situação de paz] **Beispill** déi jonk Leit hu fir de **Fridden** demonstréiert **2. DE** *Frieden* [Eintracht] • **FR** *paix* [concorde, cohésion, entente] • **EN** *peace* [harmony] • **PT** *paz* [concordia, coesão, entendimento] **Beispiller** hie leeft am **Fridde** mat alle Leit; mir setzen eis fir de soziale **Fridden**

Friddensbewegung [fr'ɪdənsbəve:zʊŋ] **Femininum** (Pluriel **Friddensbewegungen**) **DE** *Friedensbewegung* • **FR** *mouvement pacifiste* • **EN** *peace movement* • **PT** *movimento pacifista* **Beispill** de Waffenexport gëtt vu verschiddene **Friddensbewegunge** kritiséiert

Friddensgericht [fr'ɪdənsɡə:ɪ:çt] **Neutrum** (Pluriel **Friddensgerichter**) **1. DE** *Friedensgericht* [Behörde] • **FR** *justice de paix, tribunal du juge de paix* [instance] • **EN** *magistrates' court* [administration] • **PT** *juízo de paz* [órgão] **Beispill** déi doten Affär kënnt op d'**Friddensgericht** **2. DE** *Friedensgericht* [Gebäude] • **FR** *justice de paix, tribunal du juge de paix* [bâtiment] • **EN** *magistrates' court* [building] • **PT** *juízo de paz* [edifício] **Beispill** virum **Friddensgericht** stoung eng Hellewull Leit

Friddensrichter [fr'ɪdənsrɪ:çtɛ] **Maskulinum** (Pluriel **Friddensrichter** / **Friddensrichter**) **DE** *Friedensrichter* • **FR** *juge de paix* • **EN** *Justice of the Peace* • **PT** *juiz de paz* **Beispill** de **Friddensrichter** huet eng Léisung proposéiert, mat där déi béid Parteien averstane waren

♂ Weiblech Form: ♀**Friddensrichterin**

Friddensrichterin [fr'ɪdənsrɪ:çtɛrɪn] **Femininum** (Pluriel **Friddensrichterinnen**) **DE** *Friedensrichterin* • **FR** *juge de paix* [femme] • **EN** *Justice of the Peace* [female] • **PT** *juiza de paz* **Beispill** d'Verhandlung tëschent deenen zwou Parteie gouf vun enger **Friddensrichterin** geleet

♂ Männlech Form: ♀**Friddensrichter**

Friddensvertrag [fr'ɪdənsfɛtra:χ] **Maskulinum** (Pluriel **Friddensverträge**) **1. DE** *Friedensvertrag* [Abkommen] • **FR** *traité de paix* [accord] • **EN** *peace treaty* [pact] • **PT** *tratado de paz* [acordo] **Beispill** duerch de **Friddensvertrag** goufen d'Grenzgebidder entmilitariséiert **2. DE** *Friedensvertrag* [Schriftstück] • **FR** *traité de paix* [document] • **EN** *peace treaty* [document] • **PT** *tratado de paz* [documento] **Beispill** d'Staatsmänner hunn de **Friddensvertrag** während enger feierlecher Zeremonie ënnerschriwwen

friddlech [fr'itlɔç] Adjektiv **DE** *friedlich* • **FR** *pacifique, paisible, calme* <Adverb *paisiblement, calmement*> • **EN** *peaceful, peaceable, tranquil* <Adverb *peacefully*> • **PT** *pacífico, pacato, calmo* <Adverb *pacatamente, calmamente*> **Beispiller** d'Streidereie sinn op eng friddlech Manier bäigeluecht ginn; hien ass e friddleche Mënsch; hie louch friddlech do ze schlofen

Fridhaff [fr'i:thaf] Eegennumm **DE** *Fridhaff* • **FR** *Fridhaff* • **EN** *Fridhaff* • **PT** *Fridhaff* **Beispiller** ech wunnen um Fridhaff; fiert dëse Bus op de Fridhaff?

frieden [fr'iədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefrueden) » **transitiv** [vereezlt] **DE** *fühlen* [tasten] • **FR** *tâter, palper* • **EN** *to feel* [to touch] • **PT** *sentir, apalpar* **Beispiller** friet emol mäi Bols, en ass ganz héich!; d'Kand krut de Pupes gefrueden [ëgs] [d'Kand gouf gebeetscht]; friet dech emol (un de Kapp)! [ëgs] [bass du verréckt?] **Synonym** fillen

friem [friəm] Adjektiv **1. DE** *fremd* [ausländisch] • **FR** *étranger* [d'ailleurs, d'un pays étranger] • **EN** *foreign* [from another country] • **PT** *estrangeiro* [de fora, de um país estrangeiro] **Beispill** et ass heiansdo schwéier, a frieme Länner eens ze ginn **2. DE** *fremd* [unbekannt] • **FR** *inconnu* [dont on ignore l'identité] • **EN** *strange* [unknown] • **PT** *estranho, desconhecido* **Beispiller** klamm net bei friem Leit an den Auto!; vertraulech Dokumenter dierfen net a friem Hänn geroden; ech sinn hei friem [ech sinn hei net kënneg] **3. DE** *fremd* [ungewohnt] • **FR** *étrange, insolite* • **EN** *foreign, unfamiliar* • **PT** *estranho, insólito* **Beispill** déi Zooss schmaacht friem

Friemaarbechter [fr'iəma:bæçtɛ] Maskulinum (Pluriel Friemaarbechter) **DE** *Arbeitsmigrant* • **FR** *travailleur immigré* • **EN** *foreign worker* • **PT** *trabalhador imigrante* **Beispill** mir hunn de Friemaarbechter vill ze verdanken **Synonym** Gaaschtaarbechter

W Weiblech Form: ↗Friemaarbechterin

Friemaarbechterin [fr'iəma:bæçtərin] Femininum (Pluriel Friemaarbechterinnen) **DE** *Arbeitsmigrantin* • **FR** *travailleuse immigrée* • **EN** *foreign worker* [female] • **PT** *trabalhadora imigrante* **Beispill** mir hunn de Friemaarbechterinne vill ze verdanken **Synonym** Gaaschtaarbechterin

M Männlech Form: ↗Friemaarbechter

Friemd [fr'iəmt] Femininum (kee Pluriel) [vereezlt] **DE** *Fremde* [Ausland] • **FR** *étranger* [pays étranger(s)] • **EN** *abroad* • **PT** *estrangeiro* [país(es) estrangeiro(s)] **Beispill** den Auswanderer huet laang gebraucht, ier en sech an der Friemd angelieft hat

friemefeindlech [fr'iəməfaɪndlɔç] Adjektiv **DE** *fremdenfeindlich* • **FR** *xénophobe* • **EN** *xenophobic* • **PT** *xenófobo* **Beispill** d'Mauere ware mat friemefeindleche Parole beschmiert **Synonym** xenophob

Friemelegioun [fr'iəmələʒjəʊn] Eegennumm **DE** *Fremdenlegion* • **FR** *Légion étrangère* • **PT** *Legião Estrangeira* **Beispill** eisen Noper hat sech als jonke Mann an der Friemelegioun engagéiert

Friemehaass [fr'iəmənha:s] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Fremdenhass* • **FR** *xénophobie* • **EN** *xenophobia* • **PT** *xenofobia* **Beispill** de Parteipresident huet sech géint de Friemehaass ausgeschwat **Synonym** Xenophobie

phobie

friemgoen [fr'iəmgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé friemgaangen / friemgaang) » **intransitiv** **DE** *fremdgehen* • **FR** *être infidèle* [commettre l'adultère] • **EN** *to cheat* [to be unfaithful] • **PT** *ser infiel* [cometer adultério] **Beispill** hien ass zéng Joer laang friemgaangen, ier seng Fra et gemierkt huet

Friemherrschaft Femininum (Pluriel Friemherrschaften) **DE** *Fremdherrschaft* • **FR** *domination étrangère* [par occupation, par oppression] • **PT** *domínio estrangeiro* [por ocupação, por opressão] **Beispill** no laange Joren ënner Friemherrschaft ass d'Land elo endlech nees onofhängeg

Friemsprooch [fr'iəmʃprou:ç] Femininum (Pluriel Friemsproochen) **DE** *Fremdsprache* • **FR** *langue étrangère* • **EN** *foreign language* • **PT** *língua estrangeira* **Beispill** haut gëtt a ville Beruffer verlaangt, datt een déi eng oder déi aner Friemsprooch kann

Friemwuert [fr'iəmvu:ɔt] Neutrum (Pluriel Friemwierder) **DE** *Fremdwort* • **FR** *mot étranger* • **PT** *estrangeirismo, palavra estrangeira* **Beispill** wann s de scho Friemwierder benotz, da sollts de och wëssen, wat se bedeiten!

Friess [friəs] Femininum (Pluriel Friessen) [ëgs] **DE** *Essen* [unter Bekannten] • **FR** *bouffe* [repas] • **EN** *meal* [among colleagues] • **PT** *comezaina, patuscada* **Beispill** eis Friess ass den nächste Mount

friessen [fr'iəsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefriess) » **transitiv** **1. DE** *fressen* [Tier] • **FR** *manger* [animal] • **EN** *to eat* [animal] • **PT** *comer* [animal] **Beispiller** meng Kaz frësst nach laang net alles, wat een hir duer setzt; Elefante si Vegetarier, se friesse kee Fleeesch; fro de Schoulmeeschter dat roueg, hie frësst dech net! [ëgs] [fro de Schoulmeeschter dat roueg, hien deet der näischt!]; hie kuckt mech, ewéi wann e mech wéilt friessen [ëgs] [hie kuckt mech ganz béis]; ech kéint dech friessen! [ëgs] [ech fannen dech immens léif!]; déi Leit hu Sue fir ze friessen! [ëgs] [déi Leit hu ganz vill Suen] **2. [graff]** **DE** *fressen* [essen] • **FR** *bouffer, bâfrer* • **EN** *to scoff, to guzzle* • **PT** *enfardar, morfar* **Beispill** ech hu gëschter um Fest dräi Kotletten an zwou Mettwurschte gefriess **3. DE** *fressen* [beschädigen, angreifen] • **FR** *ronger* [corroder, attaquer] • **EN** *to eat* (away) [moth, rust] • **PT** *comer, roer, corroer* **Beispiller** d'Matten hu Lächer a meng Jackett gefriess; de Rouer ass vum Rascht gefriess; du gëss nach vum Grant gefriess! [ëgs] [du gëss all Dag méi granzeg!] » **intransitiv** **4. DE** *fressen* [Tier] • **FR** *manger* [animal] • **EN** *to eat* [animal] • **PT** *comer* [animal] **Beispill** d'Kou ass krank, se frësst net **5. [graff]** **DE** *fressen* [essen] • **FR** *bouffer, bâfrer* • **EN** *to stuff oneself, to pig out* [on food] • **PT** *enfardar, morfar* **Beispill** de Weekend hunn ech näischt anescht gemaach ewéi friessen a pennen

W Verben, déi **friessen** als Basis hunn: ↗afriessen, ↗erafriessen, ↗ewechfriessen an ↗ufriessen

Friessen [fr'iəsən] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Fressen* [für Tiere] • **FR** *nourriture* [pour animaux] • **EN** *food* [animal feed] • **PT** *comida* [para animais] **Beispill** hues de dem Hond säi Friesse scho ginn?

frigid [fʁiʒ'i:t] Adjektiv **DE** *frigide* • **FR** *frigide* • **EN** *frigid* [*sexually*] • **PT** *frígido* **Beispill** an hirer Biografie steet, datt d'Artistin frigid war an dofir keen erfëllt Sexual-liewen hat

Frigidaire [fʁ'iʒidɛ:ʀ] Maskulinum (Pluriel Frigidairen) **DE** *Kühlschrank* • **FR** *réfrigérateur* • **EN** *refrigerator* • **PT** *frigorífico* **Beispill** lee de Botter an de Frigidaire! **Synonymmen** Äisschaf, Frigo

Frigiditéit [fʁiʒidit'ɛ:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Frigidität* • **FR** *frigidité* • **EN** *frigidity* [*sexual*] • **PT** *frigidez* [*sexual*] **Beispill** kann eng diagnostizéiert Frigiditéit nohalteg therapéiert ginn?

Frigo [fʁ'igo:] Maskulinum (Pluriel Frigoen) **DE** *Kühlschrank* • **FR** *frigo* [*réfrigérateur*] • **EN** *fridge* • **PT** *frigorífico* **Beispill** lee de Botter an de Frigo! **Synonymmen** Frigidaire, Äisschaf

Frigosdier [fʁ'igo:sdɪ:ɔ] Femininum (Pluriel Frigosdieren) **DE** *Kühlschranktür* • **FR** *porte du réfrigérateur* • **EN** *fridge door* • **PT** *porta do frigorífico* **Beispill** ech hunn dee lëschtge Sticker bei déi aner op d'Frigosdier gepecht

Frikativlaut [fʁikat'i:flæ:ʊt] Maskulinum (Pluriel Frikativlauter)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Friktioun [fʁiks'i'øʊn] Femininum (Pluriel Friktiounen)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Fripjen [fʁ'ipçən] Maskulinum (Pluriel Frippercher) - Variant vun ↗Frippchen

Frippchen [fʁ'ipçən] Maskulinum (Pluriel Frippercher)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Fris [fʁi:s] Femininum (Pluriel Frisen) **1. DE** *Fries* [*Ornament*] • **FR** *frise* [*ornementale*] • **EN** *frieze* • **PT** *friso* [*ornamental*] **Beispill** fir d'Frisen an deem ale Schlass ze restauréieren, schafft de Gipser mat enger Schabloun **2. DE** *Wandpaneel, Deckenpaneel* [*Holzverkleidung*] • **FR** *lambris* • **PT** *lambril* [*revestimento de madeira*] **Beispill** mir hunn déi al Frisen um Plaffong duerch gipse Placken ersat

friséieren [fʁiʒ'ɛ:ʀən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé friséiert) » **transitiv DE** *frisieren* [*manipulieren*] • **FR** *trafiquer* [*bricoler, falsifier*] • **EN** *to tune, to soup up* [*an engine*], *to fiddle* [*to falsify*] • **PT** *alterar, falsificar* **Beispiller** den Noper huet säi fonkelneie Moto friséiert; de Keessjee steet am Verdacht, de Bilan friséiert ze hunn **Synonym** trafikéieren

Frist [fʁist] Femininum (Pluriel Fristen)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Frisur [fʁi:z'u:ɔ] Femininum (Pluriel Frisuren) **DE** *Frisur* • **FR** *coiffure* [*façon de porter les cheveux*] • **EN** *hairstyle* • **PT** *penteado* **Beispill** mat denger neier Frisur gesäis de méi jonk aus **Synonym** Coiffure

Friteuse [fʁ'itø:s] Femininum (Pluriel Friteusen) **DE** *Fritteuse* • **FR** *friteuse* • **EN** *deep fryer* • **PT** *fritadeira* [*utensílio para fritar*] **Beispill** ech kafe mer eng nei Friteuse

Fritt [fʁit] Femininum (Pluriel Fritten) **1. DE** *Pommes* (*frites*), *Fritte* • **FR** *frite* • **EN** (*potato*) *chip, French fry* • **PT** *batata frita* [*servida quentel*] **Beispiller** deng Dëschnopesch huet der grad eng Fritt vum Teller geklaut!; um Begriefnes gouf et Ham, Fritten an Zalot **2. [ëgs] DE** (*Portion*) *Pommes* • **FR** *frite* [*portion de frites*] • **EN** (*portion of*) *chips, (portion of) French fries* • **PT** (*porção de*) *batata frita* **Beispill** géi sich eis eng Mettwurscht, eng Kotlett an eng Fritt

Frittebud [fʁ'itəbu:t] Femininum (Pluriel Frittebuden) **DE** *Pommesbude* • **FR** *friterie* [*baraque à frites*] • **EN** *chip stall, chip stand* • **PT** *barraca de venda de batatas fritas* **Beispill** hie verkeeft och Béier a senger Frittebud

Frittefett [fʁ'itəfæt] Neutrum (Pluriel Frittefetter) **DE** *Frittierfett* • **FR** *graisse à frire* • **EN** *fat, oil* [*for deep-frying*] • **PT** *óleo* [*para fritar*] **Beispill** an hirem Restaurant gött reegelméisseg d'Frittefett gewiesselt **Synonym** Fritteierfett

fritteieren [fʁit'ɛ:ʀən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé fritteiert) » **transitiv DE** *frittieren* • **FR** *frire* • **EN** *to deep-fry* • **PT** *fritar* [*frigor*] **Beispill** de Kach huet d'Scampien an de Béierdeeg gezappt an dono fritteiert

Fritteierfett [fʁit'ɛ:ʀfæt] Neutrum (Pluriel Fritteierfetter) **DE** *Frittierfett* • **FR** *graisse à frire* • **EN** *chip fat, deep frying fat* • **PT** *gordura para fritar* **Beispill** an eisem Restaurant gött reegelméisseg d'Fritteierfett gewiesselt **Synonym** Frittefett

Friture [fʁ'ity:ʀ] Femininum (Pluriel Frituren) **DE** *frittierte Fische* • **FR** *friture* [*plat de poissons frits*] • **EN** [*Definitiou*] *dish of small deep-fried fish* • **PT** *fritura de peixe* **Beispill** mir fueren e Sonndeg op d'Musel eng Friture iessen

Fro [fro:] Femininum (Pluriel Froen) **1. DE** *Frage* [*Erkundigung*] • **FR** *question* [*interrogation*] • **EN** *question* [*query*] • **PT** *pergunta* [*interrogação*] **Beispiller** mat där Fro hat ech net gerechent!; dat ass eng gutt Fro!; no der Reunoun konnten d'Leit Froe stellen; et ass nach eng Fro, ob eis Kolleegin op d'Isses kënnst [et ass nach net sécher, datt eis Kolleegin op d'Isses kënnst]; dat ass déi klassesch Fro [déi Fro gött dacks gestallt] **2. DE** *Frage* [*Problem, Angelegenheit*] • **FR** *question* [*problème, affaire*] • **EN** *question* [*matter, problem*] • **PT** *questão* [*problema, assunto*] **Beispiller** dat ass eng kniwweleg Fro; d'Reform soll eng Rei finanziell Froe léisen; dat ass d'Fro! [dorëm geet et] **3. a** Fro stellen **DE** *infrage stellen* • **FR** *mettre en question, remettre en question* • **EN** *to question* • **PT** *pôr em causa, pôr em dúvida* **Beispiller** d'Reform gött vun de Gewerkschaften a Fro gestallt; hien huet sech ni a Fro gestallt **4. a** Fro kommen **DE** *infrage kommen* • **FR** *entrer en ligne de compte, pouvoir être pris en considération* • **EN** *to come under consideration* • **PT** *entrar em linha de conta, entrar em consideração* **Beispiller** no de Virstellungsgespräicher koume fir de Posten nach zwee Kandidaten a Fro; déi dote Plättercher komme vum Präis hier net a Fro

Froebou [fʁ'o:əbøʊ] Maskulinum (Pluriel Froebéi) **DE** *Fragebogen* • **FR** *questionnaire* • **EN** *questionnaire* • **PT** *questionário* **Beispill** hues de de Froebou schonn ausgefëllt? **Synonym** Questionnaire

Froelëscht Femininum (Pluriel Froelëschten)

I Hei entsteet en neien Artikel.

froen [fr'o:ən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gefrot**) » **transitiv 1.** **DE** *fragen* [*leine Frage stellen*] • **FR** *demander (à)* [*poser une question (à)*] • **EN** *to ask* [*a question*] • **PT** *perguntar (a)* [*fazer uma pergunta (a)*] **Beispiller** et **huet** keen dech eppes **gefrot**; eis **freet** jo keen!; **fro** hien, ob seng Eltere schonn aus der Vakanz erëm sinn!; mat **froe** verbréchs de näischt ^[égs] [*froe kann een ëmmer*]; dat ass mech vill **gefrot**! [*dorop hunn ech keng Äntwert!*] **2.** **DE** *fragen, bitten (um)* • **FR** *demander (à)* [*réclamer, solliciter (de)*] • **EN** *to ask (for)* [*to request*] • **PT** *pedir (a)* [*reclamar, solicitar (a)*] **Beispiller** de Client **huet** d'Rechnung **gefrot**; ech **hunn** de Chef **gefrot** fir fräizekréien; ech **hunn** esou wéi, ech muss mer onbedéngt e Rendez-vous beim Zänn Dokter **froen**; du muss d'Direktesch ëm Erlabnes **froen 3.** **froen** no **DE** *fragen nach* [*um Auskunft bitten über*] • **FR** *demander (à)* [*se renseigner sur (auprès de)*] • **EN** *to ask* [*for information*] • **PT** *perguntar (a), pedir (a)* [*pedir informação (a)*] **Beispill** en Tourist **huet** (mech) nom Wee **gefrot 4.** **froen** no **DE** *fragen, sich erkundigen nach* (*dem Befinden*) • **FR** *demander des nouvelles de (à)* • **EN** *to ask after* [*to enquire about*] • **PT** *perguntar por (a), pedir notícias de (a)* **Beispill** mäi Monni war emol net amstand, (eis) no de Kanner ze **froen!** **5.** **DE** *verlangen* [*als Gegenleistung*] • **FR** *demander* [*en contrepartie*] • **EN** *to ask* [*to demand*] • **PT** *pedir* [*em contrapartida*] **Beispiller** vill Restaurante **froen** onerhéiert Präisser!; de Garagist **huet** net de vollen Tarif **gefrot** » **reflexiv 6.** **DE** *sich fragen* • **FR** *se demander* • **EN** *to ask oneself, to wonder* • **PT** *perguntar-se, questionar-se* **Beispill** ech **froe** mech, ob dat déi richteg Decision war!

I Verben, déi **froen** als Basis hunn: **ausfroen**, **erëmfroen**, **fräifroen**, **nofroen**, **opfroen**, **ufroen** an **zëréckfroen**

Froenzechen [fr'o:əntse:çən] Neutrum (Pluriel Froenzechen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Froestellung [fr'o:əftælʊŋ] Femininum (Pluriel Froestellungen) **DE** *Fragestellung* [*Problem*] • **FR** *question, problème* • **EN** *question, issue* • **PT** *questão, problema* **Beispill** mir hu gëschter am Cours iwwer verschidde philosophesch **Froestellungen** diskutéiert **Synonym** Fro

I Variant: **Froststellung**

Frombuerger Haff [fr'ombu:çzeh'af] Eegennumm **DE** *Frombuerger, Fromburgerhaff* • **FR** *Frombuerger, Fromburgerhaff* • **EN** *Frombuerger, Fromburgerhaff* • **PT** *Frombuerger, Fromburgerhaff* **Beispiller** ech wunnen um **Frombuerger Haff**; fiert dëse Bus op de **Frombuerger Haff**?

fromm [fɾɔm] Adjektiv **DE** *fromm* [*religiös*] • **FR** *pieux* [*religieux*] *«Adverb pieusement, dans un esprit de piété»* • **EN** *religious, pious* *«Adverb religiously»* • **PT** *piadoso* [*religioso*] *«Adverb piedosamente»* **Beispiller** an hiner Schlofkummer hänke **fromm** Biller; seng Elteren **hunn** hie **fromm** erzunn; dat ass e **fromme** Wonsch ^[égs] [*dat ass e Wonsch, deen ni wäert Realitéit ginn*]

Front [frɔnt] Femininum (Pluriel Fronten) **1.** **DE** *Front* [*eines Gebäudes, eines Bauplatzes*] • **FR** *front* [*largeur sur rue*] • **EN** *frontage* [*extent of front*] • **PT** *frente* [*fronta-*

ria] **Beispill** eis Bauplaz **huet** 30 Meter **Front 2.** **DE** *Front* [*Kampflinie*] • **FR** *front* [*ligne de combat*] • **EN** *front* [*battle line*] • **PT** *frente* [*linha de combate*] **Beispill** d'**Front** **huet** sech an de leschten zwou Woche knapps beweegt **3.** **DE** *Front* [*Wetterfront*] • **FR** *front* [*météorologique*] • **EN** *front* [*meteorology*] • **PT** *frente* [*meteorológica*] **Beispill** vun Norden erfort kennt en nei **Front** op eis duer

frontal [frɔnt'a:l] Adjektiv **DE** *frontal* • **FR** *frontal* *«Adverb de front»* • **EN** *head-on, teacher-centred* • **PT** *frontal* *«Adverb de frente»* **Beispiller** op der schmueler Landstrooss sinn en Trakter an en Auto **frontal** aneneegerannt; de **frontalen** Unterrecht gëtt dacks duerch Gruppenaarbecht ersat

Frontalier [frɔnt'alje:] Maskulinum (Pluriel Frontalieren) **DE** *Grenzgänger* • **FR** *frontalier* • **EN** *cross-border commuter* • **PT** *trabalhador fronteiriço, raiano* **Beispill** all Dag kommen Dausende vu **Frontalieren** op Lëtzebuerg schaffen **Synonym** Grenzgänger

I Weiblech Form: **Frontalière**

Frontalière [frɔnt'alje:r] Femininum (Pluriel Frontaliären) **DE** *Grenzgängerin* • **FR** *frontalière* • **EN** *cross-border commuter* [*female*] • **PT** *trabalhadora fronteiriça, raiana* **Beispill** als **Frontalière** **huet** meng Kolleegin ëmmer e laangen Aarbechtswee **Synonym** Grenzgängerin

I Männlech Form: **Frontalier**

Frontalkollisioun [frɔnt'a:kolizjəʊn] Femininum (Pluriel Frontalkollisiounen) **DE** *Frontalzusammenstoß* • **FR** *collision frontale* • **EN** *head-on collision* • **PT** *colisão frontal* **Beispill** den Automobilist **huet** d'**Frontalkollisioun** mam Camion net iwwertieft

Frontlader [fr'ontla:de] Maskulinum (Pluriel Frontlader / Frontladeren) **DE** *Frontlader* [*eines Fahrzeugs*] • **FR** *chargeur frontal* [*d'un véhicule*] • **EN** *front-loader* • **PT** *carregador frontal* [*de um veículo*] **Beispill** en Trakter mat engem **Frontlader** brauch hannen e Geïgegengewicht

Frontliner Maskulinum (Pluriel Frontliner / Frontlineren)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Frontlinerin Femininum (Pluriel Frontlinerinnen) - weiblech Form vun **Frontliner**

fronzen [fr'ontsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gefronzt**) » **transitiv 1.** **DE** *raffen* [*Stoff*] • **FR** *froncer* [*une étoffe*] • **EN** *to gather, to pleat* [*fabric*] • **PT** *franzir, pregar* [*um tecido*] **Beispill** d'Riddoe mussen méi **gefronzt** ginn, soss gesäit een derduerch **2.** **DE** *runzeln, in Falten legen* • **FR** *froncer* [*plisser, rider*] • **EN** *to wrinkle* [*one's brow*], *to frown* • **PT** *franzir, enrugar* [*contrair*] **Beispill** hie sëtzt an der Stuff ze léieren an d'Stier ze **fronzen**

Fronzen [fr'ontsən] Femininum (kee Singulier) **DE** *Gefältel, Kräuselfalten* [*im Stoff*] • **FR** *fronces* • **EN** *pleats* • **PT** *franzido, pregas* **Beispiller** meng Riddoen **hunn** ze vill **Fronzen**; hien **huet** d'Stier a **Fronze** geluecht [*hien huet d'Stier a Fale geluecht*]

Froststellung [fr'o:ftælʊŋ] Femininum (Pluriel Froststellungen) - Variant vun **Froestellung**

garantéieren [gɑrɑ:nt'zɪəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé garantiéiert) » **transitiv 1.** **DE** garantieren [zusichern, verbürgen] • **FR** garantir [donner pour vrai] • **EN** to guarantee [to promise] • **PT** garantir [afirmar como certo] **Beispill** ech kann net garantéieren, datt dat wouer ass **2.** **DE** garantieren [gewährleisten] • **FR** garantir [assurer, être le garant de] • **EN** to guarantee [to ensure] • **PT** garantir [assegurar, ser o garante de] **Beispill** d'Pressefräiheet muss duerch d'Verfassung garantiéiert sinn

garantiéiert [gɑrɑ:t'zɪɛt] Adverb **DE** garantiert, mit Sicherheit • **FR** à coup sûr, sûrement • **EN** certainly, for sure • **PT** com toda a certeza, de certeza **Beispiller** vun esou engem fetlegen Iesse gétt et mir garantiéiert schlecht; dat mécht hie garantiéiert net

Garantie [gɑrɑnt'i:] Femininum (Pluriel Garantien) **1.** **DE** Garantie [Gewähr] • **FR** garantie [caution] • **EN** guarantee, warranty • **PT** garantia [caução] **Beispill** op mengem Auto sinn dräi Joer Garantie **2.** **DE** Garantie [Garantie-schein] • **FR** garantie [certificat de garantie] • **EN** guarantee (certificate), warranty (certificate) • **PT** garantia [certificado de garantia] **Beispill** de Verkeefer huet vergiess,

d'Garantie auszufëllen

Garce [gɑrs] Femininum (Pluriel Garcen) **DE** Luder, Miststück • **FR** garce [jeune fille, femme] • **EN** bitch [unpleasant woman] • **PT** cabra [rapariga nova, mulher] **Beispill** déi Garce huet elauter Ligen iwwe eis verzielt! **Synonym** Louder

Garçon [g'ɑrsɔ:] Maskulinum (Pluriel Garçonnen) **DE** Kellner • **FR** garçon [serveur] • **EN** waiter • **PT** empregado de mesa **Beispill** mir hunn deem feine Garçon e schéint Dréngeld ginn **Synonym** Serveur

Gard [gɑrt] Femininum **1.** (Pluriel <seelen> Garden) **DE** Garde [Wachmannschaft] • **FR** garde [gardiens, sentinelles] • **EN** guard [sentries, guards] • **PT** guarda [vigias, sentinelas] **Beispill** d'Relève vun der Gard virum Palais ass eng touristesch Attraktioun **2.** Gard hunn **DE** Dienst haben [Bereitschaftsdienst, Wachdienst haben] • **FR** être de garde, assurer la permanence • **EN** to be on duty [after hours] • **PT** estar de plantão, estar de serviço **Beispill** wei eng Apdik huet dëse Weekend Gard? **Synonym** Dëngscht hunn **3.** (kee Pluriel) **DE** Sorgerecht • **FR** droit de garde • **EN** custody [guardianship] • **PT** direito de guarda, custódia **Beispill** no der Scheedung krut d'Mamm d'Gard vun de Kanner

Garderie [gɑrdər'i:] Femininum (Pluriel Garderien) **DE** Kinderhort • **FR** garderie [crèche] • **EN** crèche, day nursery • **PT** infanário **Beispill** de Papp geet d'Kand an d'Garderie sichen

Garderob [gɑrdər'o:p] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Garderobe [Kleiderstücke] • **FR** garde-robe [vêtements] • **EN** wardrobe [clothes] • **PT** guarda-roupa [roupas] **Beispiller** no menger Mamm hirem Doud hu mer hir ganz Garderob an d'Kleedersammlung ginn; fir d'Hochzäit brauch ech eng nei Garderob [fir d'Hochzäit brauch ech neit Gezei] **2.** (Pluriel <seelen> Garderoben) **DE** Garderobe [Kleiderablage] • **FR** vestiaire • **EN** cloakroom [for coats] • **PT** vestiário, bengaleiro [para guardar roupa] **Beispill** Dir kënnt Äre Mantel an der Garderob ofginn **Synonym** Vestiar

Gardien [g'ɑrdjɛ:] Maskulinum (Pluriel Gardienen) **DE** Aufseher, Wächter • **FR** gardien • **EN** guard, guardian • **PT** guarda, vigia **Beispill** de Gardien huet eis d'Dier opgespaart **Synonym** Wiechter

♀ Weiblech Form: **♂**Gardienne

Gardiennage Maskulinum (kee Pluriel)

♂ Hei entsteet en neien Artikel.

Gardienne [g'ɑrdjæn] Femininum (Pluriel Gardiennen) **DE** Aufseherin, Wächterin • **FR** gardienne • **EN** guard, guardian [female] • **PT** guarda, vigia [mulher] **Beispill** d'Gardienne vum Gebai huet eis d'Dier opgespaart **Synonym** Wiechterin

♂ Männlech Form: **♂**Gardien

Gare [ga:r] Femininum (Pluriel Garen) **DE** Bahnhof • **FR** gare • **EN** (railway) station • **PT** estação (de caminho de ferro) **Beispiller** de Schnellzuch bleibt nëmmen op verschiddene Garë stoen; déi nei Buslinn fiert vun der Gare op de Flughafen

Gare [ga:r] Eegennum **DE** Luxembourg-Gare • **FR** Luxembourg-Gare • **EN** Luxembourg-Gare • **PT** Luxem-

bourg-Gare **Beispiller** ech wunnen an der Stad op der Gare; fiert dëse Bus op d'Gare oder an d'Polvermillen?

gare [ga:r] Interjektion vereelt DE *wehe* [Drohung] • FR *gare à* [menace] • EN *woe to* • PT *ai de* [ameaça] **Beispill** gare deenen, déi beim Braconéieren erwëscht ginn!

gare la Box [ga:r|la:b'oks] Interjektion ëgs DE *wehe* (wenn) • FR *gare la mine, gare à toi, gare à vous* • EN *woe betide, watch out* • PT *ai de ti, pobre de ti, pobre de você(s)* **Beispiller** gare la Box, du sees mer net d'Wouerecht!; elo gëtt geschlof a gare la Box, ech héieren nach ee Wuert vun iech zwee! **Synonym** gare la Minn

gare la Minn [ga:r|la:m'in] Interjektion ëgs DE *wehe* (wenn) • FR *gare la mine, gare à toi, gare à vous* • EN *woe betide, watch out* • PT *ai de ti, pobre de ti, pobre de você(s)* **Beispiller** gare la Minn, du sees mer net d'Wouerecht!; elo gëtt geschlof a gare la Minn, ech héieren nach ee Wuert vun iech zwee! **Synonym** gare la Box

gären [g'ɛ:rən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gegäert) » **intransitiv** DE *gären* • FR *fermenter* • EN *to ferment* • PT *fermentar* **Beispill** de Wäi gäert am Faass

gären [g'ɛ:rən] Adverb - Variant vun [↗]gär

Gärfaass [g'ɛ:rfa:s] Neutrum (Pluriel Gärfässer) DE *Gärfass* • FR *fût de fermentation* • EN *fermentation vat* • PT *tonel de fermentação* **Beispill** d'Uebst gëtt muer an d'Gärfässer geschott

Garnech [g'arənɕ] Eegennumm DE *Garnich* • FR *Garnich* • EN *Garnich* • PT *Garnich* **Beispiller** ech wunnen zu Garnech; fiert dëse Bus op Garnech?

garnéieren [garn'ziərən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé garnéiert) » **transitiv** DE *garnieren* • FR *garnir, décorer* • EN *to garnish, to decorate* • PT *guarnecer, decorar* **Beispiller** mir **haten** d'Plattoe mat Péiter-séileg garnéiert; hie war schéi garnéiert ëgs [hien hat ze vill Alkohol gedronk]

Garnitur [garnit'u:ɐ] Femininum (Pluriel Garnituren) DE *Garnitur* [Set] • FR *assortiment* [set] • EN *set* [collection, assortment] • PT *jogo* [conjunto] **Beispill** hien huet sech eng Garnitur Schrauwendéier kaaft

garrelen [g'arələn] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gegarrelt) » **intransitiv** ëgs garrelen un DE *herumsäbeln an* • FR *couper* (grossoirement) • EN *to hack at* [to cut] • PT *cortar* (grosseiramente) **Beispill** en huet un der Zoossiss gegarrelt, bis en e Stéck erofhat

i Verb, dat **garrelen** als Basis huet: [↗]erofgarrelen

Gärung [g'ɛ:ruŋ] Femininum (Pluriel Gärungen) DE *Gärung* • FR *fermentation* • EN *fermentation* • PT *fermentação* **Beispill** iwwer der Gärung gëtt de Wäi regelméisseg kontrolléiert

Gas [ga:s] Maskulinum **1.** (Pluriel Gasen / Gaser) DE *Gas* [Substanz] • FR *gaz* [substance] • EN *gas* [substance] • PT *gás* [fluido] **Beispill** mir hunn haut am Cours d'Gase behandelt **2.** (kee Pluriel) DE *Gas, Brenngas* • FR *gaz* [combustible] • EN *gas* [domestic gas] • PT *gás* [combustível] **Beispiller** an der Kiche richt et no Gas; vill Heizunge funktionéiere mat Gas **3.** (Pluriel Gasen) DE

Gasherd • FR *gazinière, cuisinière* (à gaz) • EN *gas cooker, gas stove* • PT *fogão a gás* **Beispill** an der Kichen ass de Gas nach un **4.** (kee Pluriel) DE *Gas* [Gasleitung, Gasnetz] • FR *gaz* [conduite de gaz, réseau de gaz] • EN *gas main* • PT *gás* [conduita de gás, gás canalizado] **Beispill** eise Boiler ass un de Gas ugeschloss **5.** (kee Pluriel) DE *Gaspedal* • FR *accélérateur* [pédale] • EN *accelerator* [pedal] • PT *acelerador* [pedal] **Beispiller** dréck op de Gas!; hien huet Gas ginn ëgs [hien huet op de Gas gedréckt; hien huet sech gefliss] **Synonym** Gaspedall

Gasauer [g'a:səʊe] Femininum (Pluriel Gasaueren) DE *Gasuhr, Gaszähler* • FR *compteur à gaz* • EN *gas meter* • PT *contador de gás* **Beispill** muer kënnt ee vun der Gemeng d'Gasauer ofliesen **Synonym** Gascompteur

Gascompteur [g'a:skõ:tœ:r] Maskulinum (Pluriel Gascompteuren) DE *Gaszähler* • FR *compteur à gaz* • EN *gas meter* • PT *contador de gás* **Beispill** d'Gascompteur vum den Appartementer sinn am Keller **Synonym** Gasauer

Gasexplosioun [g'a:zæksplõ:zjõʊn] Femininum (Pluriel Gasexplosiounen) DE *Gasexplosion* • FR *explosion de gaz* • EN *gas explosion* • PT *explosão de gás* **Beispill** no enger Gasexplosioun ass d'Haus bis op d'Mauere verbrannt

Gasfläsch [g'a:sflæʃ] Femininum (Pluriel Gasfläschchen) DE *Gasflasche* • FR *bouteille de gaz, bonbonne* (de gaz) • EN *gas bottle, gas cylinder* • PT *botija de gás* **Beispill** mir hunn d'Gasfläsch un d'Kachmaschinn ugeschloss **Synonym** Bombonn

Gasfuite [g'a:sfujit] Femininum (Pluriel Gasfuitten) DE *Gasaustritt* • FR *fuite de gaz* • EN *gas leak* • PT *fuga de gás* **Beispill** wéinst enger Gasfuite koum et gëschter am Garer Quartier zu enger Explosioun

Gasmask [g'a:smask] Femininum (Pluriel Gasmasken) DE *Gasmask* • FR *masque à gaz* • EN *gas mask* • PT *máscara antigás* **Beispill** hien huet um Späicher eng Gasmask aus dem Zweete Weltkrig fonnt

Gaspedall [g'a:spedal] Femininum (Pluriel Gaspedallen) DE *Gaspedal* • FR *pédale d'accélérateur* • EN *accelerator* [pedal] • PT *pedal do acelerador* **Beispill** looss d'Kupplung lues kommen an dréck net ze fest op d'Gaspedall! **Synonym** Gas

Gässel [g'æsəl] Femininum (Pluriel Gässelen) DE *Gässchen* • FR *ruelle* • EN *alley, alleyway* • PT *viela, ruela* **Beispill** an déi Gässel kënnt de ganzen Dag keng Sonn **Synonym** Schloff

Gastrite [gast'r'it] Femininum (Pluriel Gastritten) - Variant vun [↗]Gastritt

Gastritt [gast'r'it] Femininum (Pluriel Gastritten) DE *Gastritis, Magenschleimhautentzündung* • FR *gastrite* • EN *gastritis, inflammation of the stomach lining* • PT *gastrite* **Beispill** bei enger Gastritt soll een enner anerem ganz schaarft a gliddegt Iesse vermeiden **Synonym** Moschlähmhautentzündung

Gastro Maskulinum (Pluriel Gastroen) - Kuerzform vun [↗]Gastroenterolog

Gastro Femininum (Pluriel Gastroen) - Kuerzform vun [↗]Gastroenterologin

Gastroenterolog [gastro:ã:terol'o:k] Maskulinum (Pluriel Gastroenterologen) DE Gastroenterologe • FR gastroentérologue • EN gastroenterologist • PT gastroenterologista **Beispill** well ech stänneg Problemer mat der Verdauung hunn, froen ech mer e Rendez-vous bei engem Gastroenterolog

i Variant: Gastrolog

i Kuerzform: Gastro

i Weiblech Form: ↗Gastroenterologin

Gastroenterologie [gastro:ã:teroloz'i:] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE Gastroenterologie [Fachgebiet] • FR gastroentérologie [spécialité médicale] • EN gastroenterology [branch of medicine] • PT gastroenterologia [especialidade médica] **Beispill** d'Gastroenterologie ass en Deelgebitt vun der Médecine interne **2.** (Pluriel Gastroenterologien) DE Gastroenterologie [Abteilung] • FR service de gastroentérologie • EN gastroenterology [hospital department] • PT serviço de gastroenterologia **Beispill** am neie Spidol läit d'Gastroenterologie um zweete Stack

Gastroenterologin [gastro:ã:terol'o:gin] Femininum (Pluriel Gastroenterologinnen) DE Gastroenterologin • FR gastroentérologue [femme] • EN gastroenterologist [female] • PT gastroenterologista [mulher] **Beispill** well ech dacks Bauchweï hunn, réit meng Gastroenterologin mer, eng Daarmspiegelung ze maachen

i Variant: Gastrologin

i Kuerzform: Gastro

i Männlech Form: ↗Gastroenterolog

Gastrolog Maskulinum (Pluriel Gastrologen) ëgs - Variant vun ↗Gastroenterolog

Gastrologin Femininum (Pluriel Gastrologinnen) ëgs - Variant vun ↗Gastroenterologin

Gastronom [gastron'o:m] Maskulinum (Pluriel Gastronomen) DE Gastronom • FR restaurateur [qui tient un restaurant] • EN restaurateur • PT dono de restaurante **Beispill** d'Gastronomen aus dem ganze Land si fir e Kongress zesummekomm

i Weiblech Form: ↗Gastronomin

gastronomesch [gastron'o:məʃ] Adjektiv DE gastronomisch • FR gastronomique • EN gastronomic • PT gastronómico **Beispill** déi Géigend ass bekannt fir hir gastronomesch Restauranten

Gastronomie [gastromoni:] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE Gastronomie, Gaststättengewerbe • FR restauration [secteur d'activité] • EN catering (trade) • PT restauração [setor de atividade] **Beispiller** d'Gastronomie leit drënner, datt d'Leit manner eraus iesse ginn; eis Famill schafft schonn zënter Generatiounen an der Gastronomie **Synonym** Restauratioun **2.** (Pluriel <see-len> Gastronomien) DE Gastronomie [Kochkunst] • FR gastronomie • EN gastronomy • PT gastronomia [arte de cozinhar] **Beispill** hien ass e grouse Frënd vun der japanescher Gastronomie

Gastronomin [gastron'o:min] Femininum (Pluriel Gastronominnen) DE Gastronomin • FR restauratrice [qui tient un restaurant] • EN restaurateur [female] • PT dona

de restaurante **Beispill** déi fläisseg Gastronomin huet an der Tëschenzäit scho véier Restauranten opgemaach

i Männlech Form: ↗Gastronom

Gastroskopie [gastro:sko:p'i:] Femininum (Pluriel Gastroskopien) DE Magenspiegelung, Gastroskopie • FR gastroscopie • EN gastroscopy • PT endoscopia, gastroscopia **Beispill** wéinst menge Verdauungsproblemer kréien ech eng Gastroskopie gemaach **Synonym** Mo-spiegelung

Gasuschloss [g'a:suflos] Maskulinum (Pluriel Gasuschlëss) DE Gasanschluss • FR raccordement au gaz • EN mains gas, gas connection • PT ligação ao gás **Beispill** d'Haier aus der Cité hunn all de Gasuschloss

Gasvergiftung [g'a:sfegəftuŋ] Femininum (Pluriel Gasvergiftungen) DE Gasvergiftung • FR intoxication au gaz • EN gas poisoning • PT intoxicação com gás **Beispill** de Mann ass mat enger Gasvergiftung an d'Klinick ageliwwert ginn

Gaswierk [g'a:svi:ɔk] Neutrum (Pluriel Gaswierker) DE Gaswerk • FR usine à gaz • EN gasworks • PT fábrica de gás **Beispill** virun der Stad soll en neit Gaswierk gebaut ginn

Gate Neutrum (Pluriel Gaten)

i Hei entsteet en neien Artikel

Gauner [g'aʊnɐ] Maskulinum (Pluriel Gauner) DE Gauner • FR escroc • EN crook [swindler] • PT trapaceiro, vigarista **Beispill** bei deem Gauner si mer elo schonn zweemol bäigelaf! **Synonym** Spëtzbouf

i Weiblech Form: ↗Gaunerin

Gaunerei [g'aʊnɐ'ʔi] Femininum (Pluriel Gaunereien) DE Gaunerei • FR escroquerie • EN scam, skulduggery • PT trapaça, vigarice **Beispill** wéinst senge Gaunereien koum hie viru Gericht

Gaunerin [g'aʊnɐ'ʔin] Femininum (Pluriel Gaunerinnen) DE Gaunerin • FR (femme) escroc • EN (female) crook [swindler] • PT trapaceira, vigarista **Beispill** déi Gaunerin zitt der d'Sue reegelrecht aus der Täsch!

i Männlech Form: ↗Gauner

Gaus [g'aʊs] Femininum (Pluriel Gausen) ëgs DE Tussi • FR gonzesse • EN bird [young woman] • PT moça, gaja **Beispill** ech hunn um Bal eng flott Gaus kenne geléiert **Synonymmen** Moss, Schécks

Geaafs [gə'a:fs] Neutrum (kee Pluriel) ëgs DE Gafferei • FR badauderie • EN rubbernecking • PT basbaquice, curiosidade **Beispill** wéinst de Leit hirem Geaafs gouf et nom Accident e Stau op der Autobunn

Geäscht [gə'æʃt] Neutrum (kee Pluriel) DE Geäst • FR branchage • EN branches • PT ramagem [rama] **Beispill** d'Kueben hunn uewen am Geäscht hir Näschter gebaut

Geäschts [gə'æʃts] Neutrum (kee Pluriel) DE Reisig • FR petit bois mort • EN brushwood • PT chamiços, gravetos **Beispill** mir halen d'Geäschts, fir de Kamäin unze-fänken

Gebabbels [gəb'abəls] Neutrum (kee Pluriel) ^[égs] DE Geplapper • FR *babillage, papotage* • EN *chattering, babbling* • PT *tagarelice* **Beispill** et ass eng Freed, de Kanner hirem Gebabbels nozelauschteren

Gebäck [gəb'æk] Neutrum (kee Pluriel) DE *Gebäck* • FR *petits gâteaux* • EN *small cakes* • PT *biscoitos* **Beispill** et goufe verschidden Zorte Gebäck zerweiert **Synonym** Kichelcher

Gebäerdesprooch [gəb'ɛ:ɛdʒpɾo:χ] Femininum (Pluriel Gebäerdesproochen) DE *Gebärdensprache* • FR *langue des signes, langage gestuel (des sourds)* • EN *sign language* • PT *língua gestual* **Beispill** d'Usprooch vum der Staatscheffin ginn an d'Gebäerdesprooch iwwersat

Gebai [gəb'ɑi] Neutrum (Pluriel Gebaier) DE *Gebäude* [Bauwerk] • FR *bâtiment, immeuble* • EN *building* • PT *edifício, prédio* **Beispill** dëst Gebai gouf vum engem bekannten Architekt entworfen

Gebärmutter [gəb'ɛ:ɛmʉtɛ] Femininum (Pluriel Gebärmutteren) DE *Gebärmutter* • FR *utérus* • EN *uterus, womb* • PT *útero* **Beispill** eng Spiral gëtt an d'Gebärmutter agesat **Synonymmen** Matrice, Uterus

Gebärmutterhalskriibs [gəb'ɛ:ɛmʉtɛhalskri:ps] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Gebärmutterhalskrebs* • FR *cancer du col de l'utérus* • EN *cervical cancer* • PT *cancro do colo do útero* **Beispill** eng Impfung kann de Risiko fir Gebärmutterhalskriibs reduzéieren

Gebastels [gəb'astəls] Neutrum (kee Pluriel) ^[égs] DE *Bastelei* • FR *bricolage* [travail d'amateur] • EN *tinkering* • PT *bricolage* [trabalho de amador] **Beispill** dat éiweg Gebastels un deem Auto mécht en net méi nei!

Gebéck Neutrum (Pluriel Gebécker) 1. DE *Unterkiefer, Kinnlade* • FR *mâchoire inférieure, mandibule* • PT *maxilar inferior, mandíbula* **Beispill** ech war gëschter beim Kieferorthoped, well ech mer d'Gebéck ausgerenkt hat 2. ^[égs] DE *Gebiss* [Zahnprothese] • FR *dentier* [prothèse] • EN *dentures* • PT *dentadura postíça* **Beispill** eise Pätter kritt en neit Gebéck **Synonymmen** (falscht) Gebëss, Zänn

Gebeess [gəb'e:s] Neutrum (Pluriel <seelen> Gebeesser) DE *Marmelade* • FR *confiture* • EN *jam, marmalade* • PT *doce de fruta, compota* **Beispill** meng Bom huet haut Gebeess gekacht

Gebeesseschmier [gəb'e:səf'm'i:ɛ] Femininum (Pluriel Gebeesseschmieren) DE *Marmeladenbrot* • FR *tartine de confiture* • EN *jam sandwich, slice of bread and jam* • PT *fatia de pão com doce, fatia de pão com compota* **Beispill** mueres beim Kaffi iessen ech am léifsten eng Gebeesseschmier

Gebeessglas [gəb'e:sgla:s] Neutrum (Pluriel Gebeessglierer) DE *Marmeladenglas* • FR *pot de confiture* • EN *jam jar* • PT *frasco de doce, frasco de compota* **Beispill** d'Etageré am Keller steet voll mat ale Gebeessglierer

Gebésels [gəb'əzəls] Neutrum (kee Pluriel) ^[égs] DE *Hin und Her, Gewimmel* • FR *va-et-vient* [agité] • EN *bustling about, toing and froing* • PT *vaivém* [agitado] **Beispill** wat ass dat e Gebésels hei am Sall, setzt Iech op Är Plaz!

Gebëss [gəb'əs] Neutrum (Pluriel Gebësser) 1. DE *Gebiss* [Zähne] • FR *dentition* [ensemble des dents] • EN *dentition* • PT *dentadura* [conjunto dos dentes] **Beispill** den Zännokter huet eis erkläert, datt duerch d'Bréck d'Positioun vum Gebëss verbessert gëtt 2. (falscht) Gebëss DE *Gebiss* [Zahnprothese] • FR *dentier* [prothèse] • EN *dentures* • PT *dentadura postíça* **Beispiller** mäi Bop huet e falscht Gebëss; hien huet schonn a jonke Joren e Gebëss kritt **Synonymmen** Dentier, falsch Zänn 3. DE *Gebiss* [am Pferdezaum] • FR *mors* [du harnais] • EN *bit* [for a horse] • PT *freio* [embocadura] **Beispill** däi Päerd follegt net richtig, probéier emol en anert Gebëss!

Gebierels [gəb'i:ɛrəls] Neutrum (kee Pluriel) ^[égs] DE *Gebrüll* • FR *hurlements, braillements* • EN *yelling, screaming* • PT *bramidos, berreiro* **Beispill** looss dech vu sengem Gebierels net beandrocken! **Synonymmen** Gebläers, Gebrëlls

gebieren [gəb'i:ɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gebuer / gebuieren) » **transitiv** gebuer ginn DE *geboren werden* • FR *naître* [venir au monde] • EN *to be born* • PT *nascer* [vir ao mundo] **Beispiller** hie gouf op Niklosdag gebuer; mir sinn allen zwee am Ausland gebuer (ginn); hien ass de gebuere Pedagog [hien ass e ganz gudder Pedagog] **Synonym** op d'Welt kommen

gebierteg [gəb'i:ɛrɛç] Adjektiv DE *gebürtig* • FR *de naissance, d'origine, originaire* • EN *native-born, native* • PT *nativo, natural, originário* **Beispiller** hien ass e gebiertegen Hollänner; si ass gebierteg vu Luerenzweil-er

Gebiet [gəb'iət] Neutrum (Pluriel Gebieder) DE *Gebet* • FR *prière* • EN *prayer* • PT *oração, reza* **Beispiller** am Reliounsunterrecht léieren d'Kanner déi heefegst Gebieder; dat ass esou sécher ewéi den Amen am Gebiet! ^[égs] [dat ass ganz sécher]

Gebietshaus [gəb'iətshæ:ʉs] Neutrum (Pluriel Gebietshaiser) DE *Gebetshaus* • FR *lieu de prière* [édifice religieux] • PT *local de oração* [edifício religioso] **Beispill** mir goufe vun där neier Reliounsgemeinschaft an hiert Gebietshaus agelueden

gebiischt Adjektiv ^[graf] gebiischt sinn DE *dran sein, am Ende sein* • FR *être cuit* [être dans une situation critique] • PT *estar lixado, estar tramado* **Beispill** elo si mer gebiischt, ech gesi wierklech keen Auswee méi! **Synonym** dru sinn

i „gebiischt“ kann och de Participe passé vum Verb **▸**biischen sinn.

Gebills [gəb'ills] Neutrum (kee Pluriel) DE *Gebell* • FR *aboiements* • EN *barking* • PT *latidos* **Beispill** den Hënn hiert Gebills huet d'Abriecher verjot

gebilt [gəb'ilt] Adjektiv DE *gebildet* • FR *cultivé* [instruit] • EN *educated, cultured* • PT *culto* [instruído] **Beispiller** et ass interessant, sech mat esou engem gebilte Mënsch ze ënnerhalen; dee Mann ass net besonnesch gebilt, mee ganz intelligent **Synonym** kultivéiert

i „gebilt“ kann och de Participe passé vum Verb **▸**bilden sinn.

Gebimmels [gəb'iməls] Neutrum (kee Pluriel) DE *Gebimmel* • FR *sonnerie* [son] • EN *ringing* [sound] • PT *bada-lar* [som] **Beispill** duerch d'Gebimmels vun hire Schelle

weess den Hiert ëmmer, wou seng Geesse sinn

Gebitt [gəb'it] Neutrum (Pluriel Gebidder / Gebitter) **1. DE** Gebiet [Raum] • **FR** territoire [secteur, zone] • **EN** territory, area • **PT** território [setor, zona] **Beispill** dëse Bus fiert um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg **2. DE** Gebiet [Fachgebiet] • **FR** domaine, secteur [d'activité] • **EN** field, area [subject] • **PT** domínio, área, setor [de atividade] **Beispiller** op dengem Gebitt bass du en Ass!; op deem Gebitt sinn ech net kënneg; duerch d'Informatik hu sech eng Rei Gebidder rasant entwéckelt **Synonymmen** Beräich, Domän

Gebläers [gəbl'ɛ:ɔs] Neutrum (kee Pluriel) [ɛgs] **DE** Geplärr, Geschrei • **FR** braillements • **EN** bawling, yelling • **PT** berros, gritos **Beispill** mir hunn däi Gebläers bis virun d'Dier héieren! **Synonymmen** Gebierels, Gebrëlls

Gebléis [gəbl'ɛ:ɔs] Neutrum (Pluriel Gebléiser) **1. DE** Gebläse, Lüfter • **FR** ventilateur, soufflerie • **EN** fan, blower • **PT** ventilador, (sistema de) ventilação **Beispill** d'Gebléis vun der Klimaanlage huet missen ersat ginn **2. DE** Luftstrom [aus einer Heizung, aus einer Klimaanlage] • **FR** air (pulsé) [d'un radiateur, d'un climatiseur] • **EN** flow of air [from heating, from ventilation] • **PT** (fluxo de) ar [de um aparelho de aquecimento, de ar condicionado] **Beispill** d'Gebléis am Fliger ass mer meeschtens ze kal

geblimmelegt [gəbl'imələçt] Adjektiv - Variant vun

↗geblummelegt

geblummelegt [gəbl'umələçt] Adjektiv **DE** geblümt [mit Blumenmuster] • **FR** à motifs de fleurs, à fleurs • **EN** flowery [with a floral design] • **PT** florido, com motivo floral **Beispiller** ech leeën de Mëtteg dat geblummelegt Dëschelduch op; mir hate fréier eng geblummelegt Tapéit am Living

i Varianten: geblimmelegt, geblummelt

geblummelt [gəbl'uməlt] Adjektiv - Variant vun

↗geblummelegt

gebockelegt [gəb'okələçt] Adjektiv **1. DE** bucklig [mit einem Buckel behaftet] • **FR** bossu • **PT** corcunda **Beispiller** am Märchen huet eng al gebockelegt Hex dem Meedchen e vergëften Apel ginn; fréier hu vill Bauere sech kromm a gebockelegt geschafft [fréier hu vill Bauere sech beim Schaffen droppemaach] **2. DE** bucklig [uneben] • **FR** bosselé, inégal • **EN** bumpy [uneven] • **PT** irregular, aos altos e baixos, acidentado **Beispill** fuer lues, d'Strooss ass hei ganz (kromm an) gebockelegt

gebongt [gəb'oŋt] Adjektiv [ɛgs] gebongt sinn **DE** gebongt sein • **FR** être réglé, être arrangé • **EN** to be sorted, to be dealt with • **PT** estar resolvido, estar combinado **Beispill** lee däi Kapp a Rou, d'Saach ass gebongt!

gebonnen [gəb'onən] Adjektiv Adjektiv kuerz gebonne sinn **DE** kurz angebunden sein • **FR** être peu loquace • **EN** to be taciturn, to be uncommunicative • **PT** estar pouco disposto a falar **Beispill** du bass haut awer kuerz gebonnen, ass eppes passéiert? **Synonym** kuerz ugebonne sinn

i „gebonnen“ kann och de Participe passé vum Verb ↗bannen sinn.

gebootscht [gəb'o:tft] Adjektiv gebootschte Gromperen **DE** (kleine) Bratkartoffeln [ohne Fett im Ei-

sentopf zubereitet] • **FR** (petites) pommes de terre rôties [sans matière grasse dans une casserole en fonte] • **EN** (small) fried potatoes [prepared without fat in a cast iron dish] • **PT** (pequenas) batatas assadas [sem gordura numa panela de ferro] **Beispill** haut de Mëtteg gouf et Fierkelshämmche mat gebootschte Gromperen

i „gebootscht“ kann och de Participe passé vum Verb ↗bootschen sinn.

i **Gebootschte Gromperen** si keng (am Fett) geboode Gromperen. Fir gebootschte Gromperen ze kréien, kacht ee geschielten an a Wierfel geschnidde Grompere kuerz mat e weineg Waasser an engem gossen Déppen. Dono léisst ee se ouni Waasser um Feier, fir datt se licht ubrennen an eng Kuuscht kréien. Déi Kuuscht ass, wat d'gebootschte Gromperen auszechent. An der Schossel, an där se zerweiert ginn, mécht een och nach Gréiwen an eventuell e Schotz Kaffi drop.

Gebot [gəb'o:t] Neutrum (Pluriel Geboter) [Retioun] **DE** Gebot • **FR** commandement • **EN** commandment • **PT** mandamento **Beispill** d'Judden an d'Chrëschte solle sech un déi zéng Geboter halen

Gebotsschëld [gəb'o:tsfəlt] Neutrum (Pluriel Gebotsschëlter / Gebotsschëlter) **DE** Gebotszeichen • **FR** signal d'obligation • **EN** mandatory sign • **PT** sinal de obrigação **Beispill** de Chauffer krut e Protokoll, well en e Gebotsschëld ignoréiert hat

gebrachen [gəbr'axən] Adjektiv **DE** gebrochen [sprachlich unvollkommen] • **FR** baragouiné, mal maîtrisé [à propos d'une langue] <Adverb mal> • **EN** broken, faltering [speech] • **PT** arranhado [falando de uma língua] <Adverb mal> **Beispiller** an der Stad huet en Tourist mech a gebrachenem Englesch nom Wee gefrot; eis auslännesch Gäscht schwätze gebrache Lëtzebuergesch

Gebraddels [gəbr'adəls] Neutrum (kee Pluriel) [ɛgs] **DE** Gelaber • **FR** verbiage • **EN** blabbering, rabbiting • **PT** verborreia **Beispill** géff dech dach mat deem Gebraddels!

gebräichlech [gəbr'æ:ɪçləç] Adjektiv **DE** gebräuchlich • **FR** usuel • **EN** common, current • **PT** usual **Beispill** gebräichlech Ausdréck vu fréier kommen ëmmer méi an de Vergiess

Gebratschs [gəbr'atʃs] Neutrum (kee Pluriel) [ɛgs] [pejorativ] **DE** Fraß [ohne Sorgfalt gekochtes Essen] • **FR** tambouille [nourriture préparée sans soin] • **EN** muck, mess [carelessly prepared food] • **PT** mixórdia [comida mal feita] **Beispill** dat Gebratschs aus der Kantin ass net z'iessen!

Gebrauch [gəbr'æ:ʊχ] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Gebrauch [Benutzung] • **FR** usage [emploi] • **EN** use, utilization • **PT** uso [emprego] **Beispiller** Videorekorder si bal net méi am Gebrauch; an dësem Fall kanns de vun dengen Biergerrechter Gebrauch maachen **2.** (Pluriel Gebräicher) **DE** Brauch • **FR** coutume [tradition] • **EN** custom [tradition] • **PT** uso [tradição] **Beispiller** vill schéi Gebräicher vu fréier liewen erëm op; hien ass méi domm ewéi de Gebrauch [ɛgs] [hien ass ganz domm] **Synonym** Brauch

gebrauchen [gəbr'æ:ʊχən] Verb (Hëllefverb) hunn, Participe passé gebraucht) » **transitiv 1. DE** gebrauchen, verwenden • **FR** utiliser, se servir de • **EN** to use [to make use of] • **PT** usar, utilizar, servir-se de **Beispiller** déi al Kleeder kanns de héchstens nach fir d'Fuesent

gebrauchen; gëtt dat Wuert iwwerhaapt nach gebraucht?; huel meng al Tëlee mat, ech kann se net méi gebrauchen; hien ass fir näischt ze gebrauchen ^[ëgs] [hie ka guer näischt] **Synonym** benotzen **2.** gutt kënne gebrauchen **DE** *gut leiden können* • **FR** *apprécier [bien aimer]* • **EN** *to like, to get on with* • **PT** *apreciar [ter muita simpatia por]* **Beispill** jidderee kann déi nei Mataarbechterin gutt gebrauchen **Synonymmen** gutt ausstoe kënne, gutt brauche kënne, gutt leide kënne

Gebrauchsanweisung [gəbʁˈʊʁʃsanvaɪzʊŋ] Femininum (Pluriel Gebrauchsanweisungen) **DE** *Gebrauchsanweisung, Gebrauchsanleitung* • **FR** *mode d'emploi* • **EN** *instructions, manual* • **PT** *manual de instruções* **Beispill** lies d'Gebrauchsanweisung vun der Wäschmaschinn, ier s de se uméchs! **Synonym** Beschreibung

Gebrëlls [gəbʁˈɔ̃ls] Neutrum (kee Pluriel) ^[ëgs] **DE** *Geschrei* • **FR** *braillements, cris* • **EN** *shouting, yelling* • **PT** *berreiro, gritaria* **Beispill** d'Gebrëlls vun den Nopeschbouwe geet mer op de Su! **Synonymmen** Gebierels, Gebläers

Gebrumms Neutrum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Gebrumme [Gedröhne]* • **FR** *vrombissement, ronflement* • **EN** *humming, roaring* **Beispiller** wat ass dat lästegst Gebrumms, dat een do héiert?; bei eis an der Strooss héiert een dacks d'Gebrumms vun de Motorrieder **2.** **DE** *Gebrumme [leines Tieres]* • **FR** *grognement [d'un animal]* • **EN** *growling [of an animal]* **Beispill** dem Bier säi Gebrumms huet d'Kanner impressionéiert

gebuergen [gəbˈuːɐ̯zən] Adjektiv **DE** *geborgen [behütet, sicher]* • **FR** *en sécurité, protégé* • **EN** *safe, secure* • **PT** *em segurança, protegido* **Beispiller** bei mir bass de gebuergen; d'Kand fillt sech op senger Mamm hirem Schouss gebuergen

i „gebuergen“ kann och de Participe passé vum Verb *gebiergen* sinn.

Gebuergenheet [gəbˈuːɐ̯zənheːt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Geborgenheit* • **FR** *sécurité, protection* • **EN** *feeling of security* • **PT** *segurança, proteção* **Beispill** all Kand sicht no Gebuergenheet

Gebuert [gəbˈuːɐ̯t] Femininum (Pluriel Gebuerten) **1.** **DE** *Geburt [Lebensanfang]* • **FR** *naissance [début de la vie]* • **EN** *birth [beginning of life]* • **PT** *nascimento, nascença [início da vida]* **Beispiller** hie war bei der Gebuert vu sengen dräi Kanner derbäi; hien ass vu Gebuert un daf **2.** **DE** *Geburt [Entbindung]* • **FR** *naissance [accouchement]* • **EN** *birth [delivery]* • **PT** *parto* **Beispiller** ech hat déi grouss Chance, ganz onkomplizéiert Gebuerten ze hunn; well d'Fra bei der Gebuert ganz vill Blut verluer huet, krut se eng Transfusioun; dat war eng schwéier Gebuert! ^[ëgs] [dat war e beschwéierleche Wee bis bei d'Resultat!]

Geburtsdag [gəbˈuːɐ̯tʃdaːχ] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Geburtstag [Jahrestag der Geburt]* • **FR** *anniversaire [jour anniversaire de la naissance]* • **EN** *birthday [anniversary of one's birth]* • **PT** *aniversário [dia aniversário do nascimento]* **Beispill** fir säin 18. Geburtsdag hunn seng Elteren him en Auto geschenkt **2.** (Pluriel Gebuertsdeeg) **DE** *Geburtstag [Feier]* • **FR** *anniversaire [fête]* • **EN** *birthday (party)* • **PT** *(festa de) aniversário, festa*

de anos **Beispill** ech sinn dëse Weekend op zwee Gebuertsdeeg invitéiert **Synonymmen** Gebuertsdagsfeier, Gebuertsdagsparty

Geburtsdagsfeier [gəbˈuːɐ̯tʃdaːχsfɑːɐ̯] Femininum (Pluriel Gebuertsdagsfeieren) **DE** *Geburtstagsfeier* • **FR** *fête d'anniversaire* • **EN** *birthday party* • **PT** *festa de aniversário* **Beispill** meng Giedel kënnt och op meng Gebuertsdagsfeier **Synonymmen** Gebuertsdag, Gebuertsdagsparty

Geburtsdagskaart [gəbˈuːɐ̯tʃdaːχskaːɐ̯t] Femininum (Pluriel Gebuertsdagskaarten) **DE** *Geburtstagskarte* • **FR** *carte d'anniversaire* • **EN** *birthday card* • **PT** *postal de aniversário* **Beispill** d'Mataarbechter hunn nach net all op der Gebuertsdagskaart fir de Chef ënnerschriwwen

Geburtsdagskand [gəbˈuːɐ̯tʃdaːχskant] Neutrum (Pluriel Gebuertsdagskanner) **DE** *Geburtstagskind* • **FR** ^[Définitiou] *personne qui fête son anniversaire* • **EN** *birthday boy, birthday girl* • **PT** *aniversariante* **Beispill** mir goufen alleguer vum Gebuertsdagskand op e Patt agelueden

Geburtsdagskuch [gəbˈuːɐ̯tʃdaːχskʊχ] Maskulinum (Pluriel Gebuertsdagskuchen) **DE** *Geburtstagstorte, Geburtstagskuchen* • **FR** *gâteau d'anniversaire* • **EN** *birthday cake* • **PT** *bolo de aniversário* **Beispill** fir d'Kanner gouf et um Fest Gebuertsdagskuch a Limonad

Geburtsdagslidd Neutrum (Pluriel Gebuertsdagslidder)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Geburtsdagsparty Femininum (Pluriel Gebuertsdagspartyen) **DE** *Geburtstagsparty* • **FR** *fête d'anniversaire* • **EN** *birthday party* • **PT** *festa de aniversário* **Beispill** wien hues de op deng Gebuertsdagsparty invitéiert? **Synonymmen** Gebuertsdag, Gebuertsdagsfeier

Geburtsdatum [gəbˈuːɐ̯tʃdaːtum] Maskulinum (Pluriel Gebuertsdatumen / Gebuertsdatumer) **DE** *Geburtsdatum* • **FR** *date de naissance* • **EN** *birthdate, date of birth* • **PT** *data de nascimento* **Beispill** Dir musst Ären Numm, Är Adress an Äre Gebuertsdatum uginn

Geburtschaus [gəbˈuːɐ̯tʃshæːʊs] Neutrum (Pluriel <seelen> Gebuertschauser) **DE** *Geburtschaus [Wohnhaus]* • **FR** *maison natale* • **EN** *birthplace [house]* • **PT** *casa natal* **Beispill** um Gebuertschaus vum Kënschtler hängk eng bronze Plack

Geburtsjoer [gəbˈuːɐ̯tʃjoːɐ̯] Neutrum (Pluriel Gebuertsjoren) **DE** *Geburtsjahr* • **FR** *année de naissance* • **EN** *year of birth, birth year* • **PT** *ano de nascimento* **Beispill** um Dokument steet e falscht Gebuertsjoer

Geburtsland [gəbˈuːɐ̯tʃslant] Neutrum (Pluriel Gebuertsländer) **DE** *Geburtsland* • **FR** *pays de naissance* • **PT** *pais de nascimento* **Beispill** um Formulaire muss de deng Nationalitéit an däi Gebuertsland uginn

Geburtsnumm Maskulinum (Pluriel Gebuertsnumm)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Gebuertsplaz [gəb'ʊ:ɐ̯tspla:ts] Femininum (Pluriel Gebuertsplazen) **DE** Geburtsort • **FR** lieu de naissance • **EN** birthplace, place of birth • **PT** local de nascimento **Beispill** niewent dem Gebuertsdatum muss een och d'Gebuertsplaz am Formulaire uginn

Gebuertsschäin [gəb'ʊ:ɐ̯tsjæ:ɪn] Maskulinum (Pluriel Gebuertsschäiner) **DE** Geburtsurkunde • **FR** acte de naissance • **EN** birth certificate • **PT** certidão de nascimento **Beispiller** de Gebuertsschäin ass en amtlecht Dokument; deen do huet säi Gebuertsschäin verluer [ëgs] [Ideen do schéngt vergiess ze hunn, aus wéi enge soziale Verhältnisser e kënt]

Gebuertsuert [gəb'ʊ:ɐ̯tsu:ɐ̯t] Maskulinum (Pluriel Gebuertsuerter) **DE** Geburtsort • **FR** lieu de naissance • **EN** birthplace • **PT** local de nascimento **Beispill** de Gebuertsuert vun där Persoun ass net bekannt

Geck [gæk] Maskulinum (Pluriel Gecken) **1.** [pejorativ] [graaf] **DE** Verrückter [Geisteskranker] • **FR** fou [malade mental] • **EN** madman, lunatic • **PT** doido [doente mental] **Beispill** fréier goufen déi psychesch Krank Gecke genannt **2.** [ëgs] **DE** Verrückter [exzentrische, überspannte Person] • **FR** fou [personne écervelée, extravagante] • **EN** crackpot, fool • **PT** doido [pessoa estouvada, extravagante] **Beispiller** dee Geck huet säin Haus ganz faarweg ugestrachl; ech si frou ewéi e Geck! [ech si ganz frou]; Gecke sinn och Leit(, mee keng ewéi déi aner) [et muss een d'Leit esou akzeptéieren, wéi se sinn] **3.** **DE** Pedant • **FR** maniaque [personne excessivement pointilleuse] • **EN** maniac, freak • **PT** maniaco [pessoa excessivamente minuciosa] **Beispill** wat d'Pénktlechkeet ugeet, ass de Patron e Geck! **4.** de Geck maache mat **DE** sich lustig machen über • **FR** se moquer de [railler] • **EN** to make fun of, to tease • **PT** troçar de [fazer pouco del] **Beispill** well ech als Kand Speechelen hat, hunn déi aner Kanner de Geck mat mer gemaach **Synonymmen** de Jux maache mat, den Uz maache mat, uzen, veruzen **5.** de Geck maache mat **DE** für dumm verkaufen • **FR** se moquer de [essayer de] duperl • **EN** to take for a fool • **PT** tomar por parvo [tentar] enganar] **Beispill** dat Geschäft mécht de Geck mat de Leit! **Synonym** de Jux maache mat **6.** am Geck **DE** zum Spaß • **FR** pour plaisanter, pour rire • **EN** in fun • **PT** na brincadeira, a brincar **Beispill** ech hunn dat am Geck gesot! **Synonym** am Witz

geckeg [g'ækəç] Adjektiv **1.** [ëgs] **DE** verrückt [geisteskrank] • **FR** fou [mentalement malade] • **EN** mad, insane [mentally ill] • **PT** doido [mentalmente doente] **Beispiller** dee Schréftsteller gouf am Alter geckeg; hal op, du méchs mech geckeg! [hal op, du méchs mech nervös!]; géff mer eng aner Schrauf, déi hei ass geckeg! [géff mer eng aner Schrauf, där heiter hiert Gewënn ass ausgeleiert] **Synonym** verréckt **2.** [ëgs] **DE** verrückt [nährisch, unvernünftig] • **FR** fou [écervelé] • **EN** crazy, nuts [reckless] • **PT** doido [estouvado] **Beispill** du bass jo geckeg, fir vun esou enger héijer Mauer erofzesprangen! **Synonym** verréckt **3.** geckeg sinn op **DE** versessen sein auf, verrückt sein nach • **FR** raffoler de, être obsédé par • **EN** to be crazy about • **PT** ser doido por **Beispiller** eis Kanner si geckeg op Schockelaskuch; deen Typ ass geckeg op d'Fraen **Synonym** versies sinn op **4.** **DE** verrückt [ausgefallen, gewagt] • **FR** extravagant, excentrique • **EN** outlandish, eccentric • **PT** extravagante, excêntrico **Beispill** mat esou engem geckege

Rack kanns de héchstens d'Fuesent erausgoen!

Geckeg Knippchen [g'ækəkən'ɪpçən] Femininum (Pluriel Geckeg Knippercher) **DE** Musikantenknochen • **FR** le petit juif [(endroit sensible) au coude] • **EN** funny bone • **PT** parte sensível do cotovelo [onde passa o nervo cubital] **Beispill** wann een sech d'Geckeg Knippche stéisst, spiert een eppes ewéi e Stroumschlag bis an d'Fangerspëtzen

Geckenhaus [g'ækənhæ:ʊs] Neutrum (Pluriel Geckenhaiser) [pejorativ] [ëgs] **DE** Irrenanstalt, Irrenhaus, Klapsmühle • **FR** maison de fous, asile • **EN** loony bin [institution] • **PT** asilo de loucos [instituição] **Beispill** deen Eefalt gehéiert fir mech an d'Geckenhaus!

gecksen [g'ækəsən] Verb (Hëllesverb hunn, Participle passé geckst) » **intransitiv** **DE** spaßen, scherzen • **FR** plaisanter • **EN** to joke, to banter • **PT** brincar, gracejar **Beispiller** mäi Monni geckst gär mat de Leit; et ass net fir ze gecksen [d'Situatioun ass eesch] **Synonym** spaassen

Gedäerms [gəd'ɛ:ɐ̯ms] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Gedärme • **FR** entrailles, intestins, boyaux • **EN** gut, guts • **PT** entranhas, intestinos, tripas **Beispiller** et ramouert am Gedäerms; beim Schluechte muss d'Gedäerms gutt gebotzt ginn

Gedäisch [gəd'æ:ɪʃ] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Gebräuse, Getöse • **FR** bruit [persistant], vacarme • **EN** racket, din • **PT** ruído [persistente], barulheira **Beispiller** ech hu bei deem Gedäisch net gutt geschlof; hir Hochzäit huet fir vill Gedäisch gesuergt [ëgs] [et ass vill vun hirer Hochzäit geschwat ginn]; maach dach ke Gedäisch wéinst esou enger Klenggecke! [ëgs] [reeg dech dach net wéinst esou enger Klenggeckeet op!]

gedam [gəd'a:m] Adjektiv [vereezelt] **DE** geduldig, gemäßig, gelassen, nachsichtig • **FR** patient, modéré, placide, indulgent • **EN** patient, relaxed, forbearing • **PT** paciente, moderado, placido, indulgente **Beispiller** däi Papp ass elo am Alter méi gedam ewéi an der Zäit; maach emol e wéineg méi gedam! [maach emol e wéineg méi lues!]; gedam! [⇒ seet een, fir eng hektesch Situatioun ze entspanen]

Gedämps Neutrum (kee Pluriel) **1.** [ëgs] **DE** Qualmerei [Raucherei] • **FR** fumerie [action, habitude de fumer] • **EN** puffing [smoking] **Beispiller** zënter d'Gedämps an der Buvette verbueden ass, richt d'Gezei net méi no Zigaretten; deng Problemer mat de Longe kommen doudsécher vun dengem jorelaange Gedämps **Synonym** Gefémms **2.** [ëgs] **DE** Gequalme [Rauchentwicklung] • **FR** (développement de) fumée [génant, inattendu] • **EN** smoke (production) **Beispill** d'Noperen hu sech iwuer d'Gedämps vun eisem Grill beschwéiert

Gedanken [gəd'ɑŋkən] Maskulinum (Pluriel Gedanken) **1.** **DE** Gedanke [Überlegung, Einfall] • **FR** pensée, idée • **EN** thought, idea • **PT** pensamento, ideia **Beispiller** et si mer eng ganz Rei Gedanken duerch de Kapp gaangen; ech muss meng Gedanke sënneren; et gétt mir schlecht beim Gedanken, datt ech muss bei den Zänn dokter goen!; mir mussen hien op aner Gedanke bréngen [mir mussen hien ofdenken]; ech sinn nach ni op dee Gedanke komm! [ech hunn nach ni doru geduecht]; hien ass mat de Gedanken net bei

der Saach [hien denkt un aner Saachen]; hien ass a Gedanken [hien ass net konzentriert, well en un aner Saachen denkt] **2.** sech Gedanke maachen **DE** *sich Gedanken machen, sich Sorgen machen* • **FR** *se faire du souci, s'inquiéter* • **EN** *to worry, to be anxious* • **PT** *pre-ocupar-se, inquietar-se* **Beispill** maach der net ze vill Gedanken, däi Problem wäert sech scho vum selwe léisen! **3.** sech Gedanke maachen iwwer **DE** *sich Gedanken machen über, nachdenken über* • **FR** *réfléchir à* • **EN** *to think about* • **PT** *refletir sobre* **Beispill** hues de der scho Gedanken driwwer gemaach, wuer mer an d'Vakanz kënne fueren?

Gedankestréch [gə'daŋkəʃtrɛç] Maskulinum (Pluriel **Gedankestrécher**) **DE** *Gedankenstrich* • **FR** *tiret* • **EN** *dash [punctuation]* • **PT** *travessão [sinal gráfico]* **Beispill** setz déi Erklärung do tëschent **Gedankestrécher**, da versteet een de Saz besser!

Gedauchs Neutrum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Rauschen [des Wassers]* • **FR** *mugissement, grondement [de l'eau]* • **EN** *rushing [of water]* **Beispill** d'Gedauchs vun der Baach war esou haart, datt ee säin eegent Wuert bal net verstanen huet **2.** **DE** *Rauschen [des Radios]* • **FR** *grésille-ment [d'une radio]* • **EN** *noise, interference [of a radio]* **Beispill** stell de Radio richteg an, dat Gedauchs geet mer op de Su!

Gedecks [gə'dæks] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Bettzeug* • **FR** *draps et couvertures de lit* • **EN** *bedding, bedclothes* • **PT** *roupa e coberturas de cama* **Beispiller** am Internat mussen d'Kanner hiet **Gedecks** selwer matbréngen; eise Klenge struewelt därmoossen, datt e säi **Gedecks** verléiert **Synonym** Bettgedecks

Gedeessesms [gə'de:səms] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Hin und Her, Aufhebens, Umstände, Getue* • **FR** *complications, façons, agitation (inutile)* • **EN** *back and forth, faff* **Beispiller** no laangem **Gedeessesms** hunn ech endlech meng Suen erëmkritt; maach elo kee **Gedeessesms** a fänk u mat schaffen!; mir plangen eng kleng Hochzäitsfeier ouni vill **Gedeessesms**; wat ass dat ëmmer e **Gedeessesms**, ier s de deng Wallis gepaakt hues!

gedeien [gə'da:ən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gedeit**)

I Hei entstee en neien Artikel.

Gedéiesch [gə'de:ʃ] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *(schädliches) Getier* • **FR** *bestioles, insectes* • **EN** *pests, vermin* • **PT** *bichos, insetos* **Beispiller** wann et owes däischer gëtt, begéint een all Zort vu **Gedéiesch**; et muss eng Kéier gutt fréieren, fir datt dat **Gedéiesch** am Gaart futtgeet

gedëlleg [gə'dɛləç] Adjektiv **DE** *geduldig* • **FR** *patient* <Adverb *patiemment*> • **EN** *patient* <Adverb *patiently*> • **PT** *paciente* <Adverb *pacientemente*> **Beispiller** sief **gedëlleg**, du kënns schonn un d'Rei!; de Schoulmeeschter huet de Kanner ganz **gedëlleg** nogelauschtert

gedëllegen [gə'dɛləzən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gedëllegt**) » **reflexiv** **DE** *sich gedulden* • **FR** *patienter* • **EN** *to be patient* • **PT** *ter paciência, esperar, aguardar* **Beispill** Dir musst Iech nach eng Grëtz **gedëllegen**, d'Doktesch kënnt geschwënn

Gedéngels Neutrum (kee Pluriel) **1.** [ɛ̃ɡs] **DE** *Getue, Hin und Her* • **FR** *agitation (inutile), complications* • **EN** *back and forth, faff* **Beispill** mat deem ganze **Gedéngels** sinn ech ze spéit op d'Aarbecht komm **Synonymmen** Gedeessesms, Hin an Hier **2.** [ɛ̃ɡs] **DE** *Kleinkram, Krimskrams* • **FR** *bricoles, babioles* • **EN** *stuff, junk* **Beispill** meng Bomi huet d'Gewunnecht, all hiert klengt **Gedéngels** a Kichelcherskëschen ze versuergen **Synonymmen** Geräbbels, Jirrimirri, Kreemchen

Gedenken [gə'dɛŋkən] Neutrum (kee Pluriel) zum Gedenken un **DE** *zum Gedenken an* • **FR** *en mémoire de* • **EN** *in memory of* • **PT** *em memória de* **Beispill** all Joer ass eng Feier zum Gedenken un eis Krichsgefaangen

gedenken [gə'dɛŋkən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **geduecht**) » **intransitiv** **1.** **DE** *gedenken* • **FR** *commémorer* • **EN** *to commemorate, to remember [to honour]* • **PT** *comemorar a lembrança de* **Beispill** am Laf vum Joer sinn zwee vun eise Membere gestuerwen, loosst mer hirer **gedenken**! **Synonym** denken un **2.** **gedenken** ze **DE** *gedenken zu* • **FR** *envisager de [prévoir de]* • **EN** *to intend to* • **PT** *pensar em [tencionar]* **Beispill** wéini **gedenks** de, deng Kummer ze raumen?

Gedenkfeier [gə'dɛŋkfɛ:ə] Femininum (Pluriel **Gedenkfeieren**) **DE** *Gedenkfeier* • **FR** *cérémonie commémorative* • **EN** *commemoration [ceremony]* • **PT** *comemoração [cerimónia]* **Beispill** de leschte Sonndeg war eng **Gedenkfeier**, fir un d'Enn vum Krich ze erënneren **Synonym** Commemoratiounsfeier

Gedenkminutt [gə'dɛŋkminut] Femininum (Pluriel **Gedenkminutten**) **DE** *Gedenkminute* • **FR** *minute de silence* • **EN** *minute's silence* • **PT** *minuto de silêncio* **Beispill** virun der Sëtzung gouf eng **Gedenkminutt** fir de Verstuerwenen ageluecht

Gedenksteen [gə'dɛŋkʃte:n] Maskulinum (Pluriel **Gedenksteng**) **DE** *Gedenkstein* • **FR** *stèle commémorative* • **EN** *memorial, monument* • **PT** *estela comemorativa* **Beispill** d'Gemeng huet e **Gedenksteen** fir d'Affer vun der Katastroph opgericht

Gedicht [gə'diçt] Neutrum (Pluriel **Gedichter**) **DE** *Gedicht* • **FR** *poème* • **EN** *poem* • **PT** *poema* **Beispiller** d'Schülerin huet d'**Gedicht** ausweneg opgesot; mäin Neveu schreift a senger Fräizäit **Gedichter**; menger Mamm hiren Huesenziwwi ass e **Gedicht**! [ɛ̃ɡs] [menger Mamm hiren Huesenziwwi ass aussergewéinlech gutt!]

Gedichtband [gə'diçtbant] Maskulinum (Pluriel **Gedichtbänn**) **DE** *Gedichtband* • **FR** *recueil de poèmes* • **EN** *volume of poems* • **PT** *volume de poemas* **Beispill** déi Schrëftstellerin huet schonn e puer **Gedichtbänn** publizéiert

Gediechtnes [gə'diçtnəs] Neutrum (Pluriel **Gediechtnesser**) **DE** *Gedächtnis [Erinnerungsvermögen]* • **FR** *mémoire [faculté de mémorisation]* • **EN** *memory [ability to remember]* • **PT** *memória [faculdade de memorização]* **Beispiller** mäi Brudder huet e ganz gutt **Gediechtnes**; dat schéint Erliednes ass eis am **Gediechtnes** bliwwen; ech hunn e **Gediechtnes** ewéi eng Seibecken! [ɛ̃ɡs] [ech hunn e schlecht **Gediechtnes**] **Synonymmen** Memoire, Verhalt

Gedierängels [gə'di:ɛrɛŋəls] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Drängelei [ungeduldiges Betteln]* • **FR** *de-*

mandes incessantes (et agaçantes) • EN *pestering* • PT *pedidos incessantes (e irritantes)* **Beispill** hal op mat deem Gedierängels, du kriss virum Iesse kee Schock-ela!

gediert [gəd'i:ɛt] Partikel - Variant vun ↗gellt

gediicht Adjektiv **1.** DE *zielsicher, treffsicher* • FR *qui a l'œil juste* • PT *certeiro [que acerta no alvo]* **Beispiller** mäi Brudder ass e ganz **gediichte** Bouschéisser; wann ech gewosst hätt, datt s du esou **gediicht** bass, hätt ech dech de rietse Bauer spille gelooss **2.** DE *geschickt [feinmotorisch]* • FR *d'une grande dextérité, adroit, précis* • PT *habilidoso, ágil de mãos, destro* **Beispill** looss hien déi reng Aarbecht maachen, en ass méi **gediicht** ewéi ech

i „gediicht“ kann och de Participle passé vum Verb ↗diichten sinn.

Gedokters Neutrum (kee Pluriel) **1.** [égs] DE *ständige Arztbesuche* • FR *visites médicales incessantes* • EN *constant doctor visits* **Beispill** trotz deem ganze **Gedokters** krut ech nach ëmmer keng Diagnos! **2.** [égs] DE *Herumdoktern, Herumwerkeln* • FR *bricolage, bidouillage* • EN *fiddling, messing about* **Beispiller** no éiwegem **Gedokters** krut ech d'Spüllmaschinn endlech nees un d'Goen!; soll de Projet mat deem **Gedokters** iwverhaapt eng Kéier fäerdeg ginn? **Synonym** Geknéchels

Gedold [gəd'olt] Femininum (kee Pluriel) DE *Geduld* • FR *patience* • EN *patience* • PT *paciência* **Beispiller** et muss ee vill **Gedold** hunn, wann ee mat Jugendleche schafft; wéi meng Frëndin net komm ass, ass d'**Gedold** mer gerass an ech sinn heemgaangen

Gedrécks [gədr'eks] Neutrum (kee Pluriel) DE *Geränge* • FR *bousculade, cohue* • EN *crush, press [crowd]* • PT *aperto, multidão* **Beispiller** et war därmoossen e **Gedrécks** beim Comptoir, datt een net bäikoum; ech ginn net mat op d'Schueberfouer, dat **Gedrécks** seet mer näischt

Gedrecks [gədr'æks] Neutrum (kee Pluriel) [égs] DE *Dreck [wertloses, schlechtes Zeug]* • FR *ordures, cochonneries* • EN *rubbish* • PT *lixo, porcarias* **Beispiller** ech hunn dat ganz **Gedrecks** am Gaart verbrannt; hie lieft net gesond, well en sech nëmme vu **Gedrecks** ernäert **Synonym** Knascht

Gedrénks [gədr'ɛŋks] Neutrum **1.** (kee Pluriel) DE *Getränke* • FR *boissons* • EN *drinks* • PT *bebidas* **Beispiller** um Bal ass fir Iessen a **Gedrénks** gesuergt; d'**Gedrénks** gëtt nëmmen um Comptoir zerwéiert **2.** (Pluriel **Gedrénks**) DE *Getränk* • FR *boisson* • EN *drink [beverage]* • PT *bebida [líquido bebível]* **Beispill** fir dee Bong kriss de ee Bréitchen an ee **Gedrénks**

Gedrénksautomat [gədr'ɛŋzɑtoma:t] Maskulinum (Pluriel **Gedrénksautomaten**) DE *Getränkautomat* • FR *distributeur (automatique de boissons)* • EN *drinks dispenser, (drinks) vending machine* • PT *máquina de bebidas* **Beispill** elo ass mer jo net meng Mënz am **Gedrénksautomat** stieche bliwwen!

Gedrénksstand [gədr'ɛŋksfɑnt] Maskulinum (Pluriel **Gedrénksständ**) DE *Getränkstand* • FR *buvette* • EN *refreshments stand* • PT *barraca de bebidas* **Beispill** beim **Gedrénksstand** ass grad en déckt Gewull

gedrongen [gədr'ɔŋən] Adjektiv DE *gedrungen* • FR *trapu* • EN *stocky* • PT *atarracado* **Beispill** d'Honn vun där Rass sinn all kuerz a **gedrongen**

Gedrumms Neutrum (kee Pluriel) **1.** DE *Gedrohne* • FR *vrombissement, bourdonnement* • EN *droning, booming* **Beispiller** d'Awunner ronderëm de Flughafen bekloe sech iwver dat stännegt **Gedrumms** vun de Fligere; obscho mer wäit ewech wunnen, héiere mer nawell d'**Gedrumms** vum Museksfestival **2.** [égs] DE *Büffeln, Pauken* • FR *bachotage, bourrage de crâne* • EN *swotting, cramming* **Beispill** vum stonnelaange **Gedrumms** fir den Examen dréit mer elo de Kapp

gedu [gəd'u:] Partikel - Variant vun ↗gelldu

Gedubbers Neutrum (kee Pluriel) [égs] DE *Gerumpel* • FR *grondement, vacarme* • EN *rumbing* **Beispiller** ech mengen, et gëtt hënt en Donnerwieder, hoffentlech kann ech bei deem **Gedubbers** schlofen; wann d'Au-toen iwver d'Paweesteng rennen, héiert een d'**Gedubbers** an der ganzer Gaass **Synonym** Gerubbels

Geebock [g'e:bok] Maskulinum (Pluriel **Geebéck**) - Variant vun ↗Géibock

Geen [ge:n] Maskulinum (Pluriel **Geenen**) (meeschtsens Pluriel) DE *Gen* • FR *gène* • EN *gene* • PT *gene* **Beispill** d'Recherche iwver d'**Geenen** huet an deene leschte Joerzénge staark zougeholl

Geenitiv [g'e:nitiv] Maskulinum (Pluriel <seelen> **Geenitiven**) DE *Genitiv* • FR *génitif* • EN *genitive* • PT *genitivo* **Beispiller** de **Geenitiv** fënnt een am Lëtzebuergeresche manner ewéi déi dräi aner Fäll; de **Geenitiv** vun „Däiwel“ ass „Däiwels“

geenmanipuléiert [g'e:nmanipulɛ:t] Adjektiv DE *genmanipuliert* • FR *génétiquement modifié* • EN *genetically modified* • PT *geneticamente modificado* **Beispill** a ville Länner ass et verbueden, **geenmanipuléierte** Mais ze verfidderen

Geentechnologie Femininum (Pluriel <seelen> **Geentechnologien**) DE *Gentechnologie* • FR *technologie génétique, génie génétique* • EN *genetic engineering* • PT *engenharia genética* **Beispill** d'**Geentechnologie** spillt an der Medezin an an der Landwirtschaft eng wichteg Roll

Geerfallek [g'e:ɛfalek] Maskulinum (Pluriel **Geerfalleken**) Falco *rusticolus* DE *Gerfalke* • FR *faucon gerfaut* • EN *gyrfalcon* • PT *falcão-gerifalte* **Beispill** wéi laang bréien d'**Geerfalleken**?

Geescht [g'e:ft] Maskulinum **1.** (Pluriel **Geeschter**) DE *Geist [Gespenst]* • FR *esprit, fantôme* • EN *ghost [phantom]* • PT *espírito, fantasma* **Beispiller** an dësem Schlass gëtt et anscheinend e **Geescht**; bass du da vun alle gudde **Geeschter** verlooss! [égs] [bass du da geckeg!]; hien ass de gudde **Geescht** am Haus [égs] [hien ass déi guttmiddegst Persoun am Haus; hien ass deen, deen onopfällg derfir suergt, datt am Haus ëmmer alles an der Rei ass]; géi net op säi Geschwätz, dat ass just en aarme **Geescht**! [égs] [géi net op säi Geschwätz, dat ass just en eefällege Mënsch!] **Synonym** Gespenst **2.** (kee Pluriel) DE *Geist [Verstand]* • FR *raison [intelligence]* • EN *sense [judgement], brains [intelligence]* • PT *juízo [inteligência]* **Beispiller** wie mat 100 duerch eng Uertschaft

fiert, huet kee Geescht; streng däi Geescht un! [ɛ̃ɡs] [liwwerlee!]; geet et da mam Geescht! [ɛ̃ɡs] [bass du geckeg!]; du gees mer op de Geescht! [ɛ̃ɡs] [du nervs mech!] **3.** (kee Pluriel) **DE** Geist [Sinn, Gesinnung] • **FR** esprit [mentalité] • **EN** spirit, mood, attitude • **PT** espírito [mentalidade] **Beispiller** dës Architektur entsprécht dem Geescht vun der Zäit; mat hirer Hëllefsbereitschaft hunn d'Guiden an d'Scouter hire soziale Geescht bewisen **4.** [ɛ̃ɡs] de Geescht opginn **DE** den Geist aufgeben [kaputtgehen] • **FR** rendre l'âme [tomber en panne] • **EN** to give up the ghost [to break down] • **PT** pifar [ficar avariado] **Beispill** eis Tëlee huet de Geescht opginn

Geescht [ge:ʃt] Femininum (kee Pluriel) **DE** Gerste • **FR** orge • **EN** barley • **PT** cevada **Beispill** d'Geescht an d'Huewer sinn dëst Joer besonnesch gutt gewuess

geeschteg [g'e:ʃtəç] Adjektiv **DE** geistig [intellektuell] • **FR** intellectuel, mental <Adverb intellectuellement, mentalement> • **EN** intellectual, mental <Adverb mentally> • **PT** intelectual, mental <Adverb intelectualmente, mentalmente> **Beispiller** déi geeschteg Aarbecht läit mir méi ewéi déi kierperlech; eise Fils ass geeschteg behënner

Geeschterbunn [g'e:ʃtəbun] Femininum (Pluriel Geeschterbunnen) **DE** Geisterbahn • **FR** train fantôme • **EN** ghost train • **PT** comboio fantasma **Beispill** op der Kiermes gefält d'Geeschterbunn eise Kanner am beschten

i Variant: Geisterban

geeschteren [g'e:ʃtəɾən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gegeeschtert) » **intransitiv 1.** **DE** geistern • **FR** errer [déambuler] • **EN** to wander like a ghost • **PT** errar [deambular] **Beispill** hien ass déi ganz Nuecht duerch d'Haus gegeeschtert » **intransitiv - onperséinlech 2.** **DE** spuken • **FR** être hanté, y avoir des fantômes • **EN** to be haunted • **PT** estar assombrado, haver fantasmas **Beispill** eise Guide huet eis verzielt, datt et an deem ale Schlass geeschtert

Geeschterfuierer [g'e:ʃtəfu:ɛrɛ] Maskulinum (Pluriel Geeschterfuierer) **DE** Geisterfahrer, Falschfahrer • **FR** automobiliste circulant à contresens [sur l'auto-route] • **EN** wrong-way driver • **PT** condutor em contramão [na autoestrada] **Beispill** gëschter war op der Autobunn e Geeschterfuierer ënnerwee

i Weiblech Form: ↗Geeschterfuierer

Geeschterfuierer [g'e:ʃtəfu:ɛrɛrɪn] Femininum (Pluriel Geeschterfuiererinnen) **DE** Geisterfahrer, Falschfahrer • **FR** conductrice circulant à contresens [sur l'autoroute] • **PT** condutora em contramão [na autoestrada]

i Männlech Form: ↗Geeschterfuierer

Geeschterspill [g'e:ʃtəʃpil] Neutrum (Pluriel Geeschterspiller) **DE** Geisterspiel • **FR** match à huis clos, match sans public • **EN** ghost game [match without spectators] • **PT** jogo fantasma, jogo sem público **Beispill** weinst de Krawalle beim leschten Heemspill ginn déi lescht zwee Matcher als Geeschterspiller ausgedroen

Geeschterstad [g'e:ʃtəʃta:t] Femininum (Pluriel Geeschterstied) **DE** Geisterstadt • **FR** ville fantôme • **EN** ghost town • **PT** cidade fantasma **Beispiller** an Amerika fënnt een haut nach Geeschterstied, déi am 19. Joerhonnert am Goldrausch floréiert hunn; duerch de Confinement a Coronazäit sinn aus ville Groussstied richtig Geeschterstied ginn

geeschtlech [g'e:ʃtləç] Adjektiv **DE** geistlich • **FR** ecclésiastique • **EN** clerical, ecclesiastic • **PT** eclesiástico **Beispill** niewent dem Bëschof sinn nach aner geeschtlech Häre mat der Pressessioun gaangen

Geeschtlech Femininum (Pluriel Geeschtlech / Geeschtlecher) - weiblech Form vun ↗Geeschtlechen

Geeschtlechen [g'e:ʃtləçən] Maskulinum (Pluriel Geeschtlech / Geeschtlecher) **DE** Geistlicher • **FR** ecclésiastique • **EN** priest, clergyman, ecclesiastic • **PT** eclesiástico **Beispill** esoulaang ewéi eise Paschtouer krank ass, kënt en anere Geeschtlechen d'Mass halen

Geess [g'e:s] Femininum (Pluriel Geessen) **1.** **DE** Ziege [Tier] • **FR** chèvre [animal] • **EN** goat [animal] • **PT** cabra [animal] **Beispiller** den Hiert geet mat senge Geessen op eng aner Weed; hien huet der Press d'Seeche vun der Rouder Geess verzielt [ɛ̃ɡs] [hien huet virun der Press vill geschwat, awer net vill gesot]; d'Geess hätt och gären e laange Schwanz gehat (a krut nëmmen en Deckel) [ɛ̃ɡs] [⇒ seet een zu engem, deen onbedéngt eppes wëllt hunn, wat en net ka kréien]; déi gutt Réit an déi schlamm Geesse kommen ëmmer ze spéit [ɛ̃ɡs] [⇒ seet een, wann een e gudde Rot kritt, wann et ze spéit ass]; hatt steet an deene Stiwwelen ewéi d'Geess am Eemer [ɛ̃ɡs] [hatt huet ze vill dënn Been fir déi Stiwwelen] **2.** [ɛ̃ɡs] **DE** Ziege, Zicke [Schimpfwort] • **FR** chipie • **EN** silly goose, twit • **PT** cabra [insulto] **Beispill** déi Geess soll sech ëm sech këmmen an déi aner Leit mat Rou loosser!

Geessebaart [g'e:səba:ɾt] Maskulinum (Pluriel Geessebäert) **DE** Ziegenbart [Kinnbart] • **FR** bouc, barbe • **EN** goat • **PT** pera [barba] **Beispill** mäi Papp huet sech e Geessebaart wuesse gelooss

Geessebock [g'e:səbok] Maskulinum (Pluriel Geessebéck) **DE** Ziegenbock • **FR** bouc • **EN** billy goat • **PT** bode **Beispill** mir hunn de Geessebock verkaaft, well d'Nopesch de Gestank net verdroen huet

Geessefouss [g'e:səfəʊs] Maskulinum (Pluriel Geesseféiss)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Geessefouss Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Geißfuß, Giersch • **FR** herbe aux goutteux, écopode podagraire • **EN** ground elder • **PT** podagraria **Beispill** mäi Grousspapp sot ëmmer, datt Geessefouss soll bei Giicht a Rheuma hëllefen **Synonym** Giersch

Geessekéis Maskulinum (Pluriel Geessekéisen / Geessekéiser) **DE** Ziegenkäse • **FR** fromage de chèvre • **PT** queijo de cabra **Beispill** als Entrée gouf et eng Zalot mat waarmem Geessekéis

Geestik Femininum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Gefaach [gəf'a:χ] Neutrum (Pluriel Gefaacher) **DE** Fach [eines Möbelstücks, eines Behälters] • **FR** *compartiment* [case, subdivision] • **EN** *compartment, pocket* • **PT** *compartimento* [cacifo, subdivisão] **Beispiller** hie versuergt seng Bréiwer an engem Gefaach vum Schreifdësch; ech hunn e sëllege Gefaacher a mengem neie Portmonni

Gefaangen [gəf'a:rən] Femininum (Pluriel Gefaangen / Gefaangener) **DE** *Gefangene, Häftling* • **FR** *prisonnière, détenue* • **EN** *prisoner, detainee* [female] • **PT** *prisioneira, detida* **Beispill** gëschter konnt eng Gefaangen aus nach net gekläerte Grënn aus dem Prisong entkommen

i Männlech Form: ↗Gefaangenen

Gefaangenen [gəf'a:rənən] Maskulinum (Pluriel Gefaangen / Gefaangener) **DE** *Gefangener, Häftling* • **FR** *prisonnier, détenu* • **EN** *prisoner, detainee* • **PT** *prisioneiro, detido* **Beispill** gëschter sinn zwee Gefaangener aus dem Prisong entkomm **Synonym** Prisonéier

i Weiblech Form: ↗Gefaangen

Gefaangenschaft [gəf'a:rənəʃaft] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Gefangenschaft* • **FR** *captivité* • **EN** *captivity* • **PT** *cativeiro* [estado de cativo] **Beispill** vill Zaldote kruten an der Gefaangenschaft net genuch z'essen

Gefääss Neutrum (Pluriel Gefäässer) **1. DE** *Gefäß* [des Blutes, der Lymphe] • **FR** *vaisseau* [sanguin, lymphatique] • **EN** *vessel* [of blood, lymphatic] • **PT** *vaso* [sanguineo, linfático] **Beispill** et gëtt vill Grënn, déi kënnen derzou féieren, datt d'Gefäässer verstoppen **2. DE** *Gefäß* [Behälter] • **FR** *réceptient* • **EN** *container* • **PT** *vasilha, recipiente* **Beispill** bei archeologeschen Ausgruewunge goufen eng Rei Gefäässer fonnt **Synonym** Behälter

gefaasst [gəf'a:st] Adjektiv **1.** gefaasst sinn op **DE** *gefasst sein auf* • **FR** *s'attendre à* [imaginer, prévoir] • **EN** *to be ready for, to expect* • **PT** *esperar* [imaginar, prever] **Beispill** op déi Äntwert war ech net gefaasst **Synonym** rechne mat **2.** sech gefaasst maachen op **DE** *sich gefasst machen auf* • **FR** *s'attendre à* [une chose fâcheuse] • **EN** *to brace oneself for, to be ready for* • **PT** *contar com* [uma coisa péssima] **Beispill** wien him eppes zuleeds deet, kann sech op eppes gefaasst maachen!

i „gefaasst“ kann och de Participe passé vum Verb ↗faassen sinn.

gefächert [gəf'æçət] Adjektiv breet gefächert **DE** *breit gefächert* • **FR** *varié* [divers] • **EN** *wide-ranging* • **PT** *variado* [diverso] **Beispill** säi Kompetenzberäich ass breet gefächert, et kann een en iwwerall asetzen

i „gefächert“ kann och de Participe passé vum Verb ↗fächeren sinn.

gefäerden [gəf'ɛ:ədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefäerdet) » **transitiv** **DE** *gefährden* [in Gefahr bringen] • **FR** *mettre en danger, nuire à* • **EN** *to put at risk, to be at risk* • **PT** *prejudicar, pôr em risco* **Beispiller** géi net lichtfankeg mat der Infektiounsgefor ëm, de Virus kann deng Gesondheet eescht gefäerden!; vill Kanner si gefäerdet, an d'Aarmut ofzerëtschen **Synonym** a Gefor (bréngen)

gefallen [gəf'a:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gefall) » **intransitiv** **1. DE** *gefallen* • **FR** *plaire à* [convenir à, séduire] • **EN** *to appeal to* [to interest] • **PT**

agradar a [convir a, seduzir] **Beispiller** dat ass e Film, deen dir bestëmmt gefält; meng Bomi gefält mer guer net! [meng Bomi mécht mer Suergen] **2.** sech gefale loossen **DE** *sich gefallen lassen, sich bieten lassen* • **FR** *tolérer, accepter* [des affronts] • **EN** *to put up with, to tolerate* • **PT** *tolerar, admitir* [afrontas] **Beispiller** ech hu mer seng Frechheeten net gefale gelooss; léiss du dir dat gefalen? **3.** sech gefalen an **DE** *sich gefallen in* • **FR** *se complaire dans* • **EN** *to be pleased with oneself in, to fancy oneself in* • **PT** *comprazer-se em* **Beispill** mäi grouse Brudder gefält sech a senger Roll

Gefalen [gəf'a:lən] Maskulinum (Pluriel Gefalen) **DE** *Gefallen* [Gefälligkeit] • **FR** *service, faveur* • **EN** *favour* • **PT** *favor* [serviço prestado] **Beispiller** ech hunn eise Bréifdréier ëm e Gefale gebieden; mäin Enkel huet mir scho vill Gefale gemaach **Synonymmen** Faveur, Gefällegkeet

gefallen [gəf'a:lən] Adjektiv **1. DE** *gefallen* [im Krieg] • **FR** *tombé* [au champ d'honneur] • **EN** *fallen* [in battle] • **PT** *caído* [em combate] **Beispiller** dëst Monument soll d'Leit un déi gefalen Zaldoten erënnere; eis Famill hat am Zweete Weltkric drai Gefalener ze bekloen **2. DE** *(vom Baum)* herabgefallen [Obst] • **FR** *tombé* [de l'arbre] [fruit] • **EN** *(wind)fallen* [fruit] • **PT** *caído* [da árvore] [fruta] **Beispill** mat deene gefalenen Äppel kanns de nach gutt eng Taart maachen

Gefäll [gəf'æ:l] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Gefälle, Schräge, Neigung* • **FR** *pente, inclinaison* • **EN** *slope, pitch, angle* • **PT** *declive, inclinação* **Beispill** de Kullang op eisem Schapp huet net genuch Gefäll **Synonymmen** Pente, Schréi

gefälleg [gəf'æ:ləç] Adjektiv **1. DE** *gefällig* [hilfsbereit] • **FR** *serviable* [obligeant] • **EN** *helpful* • **PT** *serviçal, pres-tável* **Beispill** eis nei Nopere si ganz gefälleg Leit, si sinn ëmmer do, wann ee se brauch **Synonym** hëllefsbereet **2. DE** *gefällig* [ansprechend] • **FR** *charmant, ravissant* <Adverb de manière charmante> • **EN** *fetching* <Adverb fetchingly> • **PT** *encantador, lindo* <Adverb lindamente> **Beispiller** seng Schwëster hat op der Receptioun eng gefälleg Frisur; du waars haut erëm eng Keier gefälleg gekleet

Gefällegkeet [gəf'æ:ləçke:t] Femininum **1.** (Pluriel Gefällegkeeten) **DE** *Gefälligkeit* [Gefallen] • **FR** *service* [faveur] • **EN** *favour, service* • **PT** *serviço* [favor] **Beispill** du muss mir net fir all Gefällegkeet extra Merci soen **Synonymmen** Faveur, Gefalen **2.** (kee Pluriel) **DE** *Gefälligkeit* [Hilfsbereitschaft] • **FR** *obligance* • **EN** *helpfulness* • **PT** *benevolência, obséquio* **Beispill** aus puerer Gefällegkeet hunn ech eiser Nopesch hir Akafskierf bis heem gedroen

gefällegst [gəf'æ:ləçst] Adverb **DE** *gefälligst* • **FR** *sans discuter, sur-le-champ* • **EN** *kindly, if you please!* [ironic] • **PT** *sem discutir, imediatamente* **Beispiller** haalt Iech gefällegst do eraus, ech reegelen dat op meng Manéier!; du hues dem Schoulmeeschter gefällegst ze follegen!

geféierlech [gəf'zi:eləç] Adjektiv **DE** *gefährlich* • **FR** *dangereux* <Adverb dangereusement> • **EN** *dangerous* <Adverb dangerously> • **PT** *perigoso* <Adverb perigosamente> **Beispiller** du gees net eleng op d'Rees, dat ass vill ze vill geféierlech!; op dëser geféierlecher Strooss

hu scho vill Leit hiert Liewe gelooss; wann een an e Krisegebit schaffe geet, lieft ee geféierlech; d'Lokalekip hat an der éischter Hallschent dräi geféierlech Golschëss; dat do si geféierlech Tricken!

Gefëlls [gəf'əls] Neutrum (kee Pluriel) **1.** DE *Farce, Füllung* • FR *farce [hachis]* • EN *filling, stuffing* • PT *recheio [picado]* **Beispill** maach nach e bësse Péiterséileg an d'Gefëlls vun der Kallefsbrëschtchen! **Synonymmen** Farce, Fëllung **2.** DE *Frikassee [als Füllung]* • FR *fricassée, viande en sauce (blanche) [d'un vol-au-vent]* • EN *fricassee, meat filling [for vol-au-vent]* • PT *fricassé, carne em molho (branco) [para recheio]* **Beispill** fir mäi Goût war d'Gefëlls vun der Paschtéitchen e wéineg fad

gefëllt [gəf'əlt] Adjektiv DE *farciert, gefüllt* • FR *farci, fourré* • EN *filled, stuffed* • PT *recheado* **Beispill** géi wannechgelift **gefëllt** Tomate bei den *Traiteur* sichen

1 „gefëllt“ kann och de Participe passé vum Verb **afëllen** sinn.

Gefëmms Neutrum (kee Pluriel) **[égs]** DE *Raucherei* • FR *fumerie [action, habitude de fumer]* • EN *puffing [smoking]* **Beispiller** zënter d'Gefëmms an der Buvette verbueden ass, richt d'Gezei net méi no Zigaretten; deng Problemer mat de Longe kommen doudsécher vun dengem jorelaange Gefëmms **Synonym** Gedämps

gefiedert [gəf'iədət] Adjektiv DE *gefiedert* • FR *amorti [par une suspension], à suspension* • EN *sprung [fitted with a suspension]* • PT *amortecido [por uma suspensão], com suspensão* **Beispiller** mäin Auto ass gutt **gefiedert**; hien hätt gären e **gefiederte** Vëlo

1 „gefiedert“ kann och de Participe passé vum Verb **afiederen** sinn.

Gefier [gəf'i:ɔ] Neutrum (Pluriel Gefierer) DE *Fahrzeug* • FR *véhicule* • EN *vehicle* • PT *veículo* **Beispill** eise Garagist sammelt all Zorte vu Gefierer aus den Drëssegerjoren

Gefill [gəf'il] Neutrum (Pluriel Gefiller) **1.** DE *Gefühl [Sinneswahrnehmung]* • FR *sensation [physique]* • EN *feeling [sense of touch]* • PT *sensação [física]* **Beispill** meng riets Hand ass entschlouf, ech hu kee Gefill an de Fangeren! **2.** DE *Gefühl [Gefühlsregung]* • FR *sentiment [impression, émotion]* • EN *feeling [impression, emotion]* • PT *sentimento [impressão, emoção]* **Beispiller** Angscht ass e Gefill, dat dee Mann net kennt!; et soll een sech net ëmmer vun senge Gefiller leede loossen; mir si mat gemëschte Gefiller an d'Reunioun gaangen [mir si mat Skepsis an d'Reunioun gaangen] **3.** DE *Gefühl [Ahnung, Eindruck]* • FR *pressentiment, impression* • EN *feeling [impression, premonition]* • PT *sensação, pressentimento, impressão* **Beispiller** ech hat vun Ufank un en dommt Gefill bei där Saach; ech hunn d'Gefill, wéi wann dee Vendeur net ganz éierlech wier!

gefëllsméisseg [gəf'ilmɛisɛç] Adjektiv **1.** DE *gefühlsmäßig [spontan, instinktiv]* • FR *spontané, instinctif* <Adverb *spontanément, instinctivement*> • EN *spontaneous, instinctive* <Adverb *spontaneously, instinctively*> • PT *espontâneo, instintivo* <Adverb *espontaneamente, instintivamente*> **Beispiller** dat do ass eng gefëllsméisseg Reaktioun; gefëllsméisseg géif ech soen, dass hir Bezéiung net laang wäert halen **2.** DE *gefühlsmäßig [emotional]* • FR *affectif, émotionnel* <Adverb *émotionnellement*> • EN *emotional* <Adverb *emotionally*> • PT *afetivo, emocional* <Adverb *emocionalmente*> **Beispill** de Psy-

cholog huet festgestallt, dass d'Meedche gefëllsméisseg staark u seng Mamm gebonnen ass

Gefisems [gəf'izəms] Neutrum (kee Pluriel) DE *Nieselregen* • FR *bruine* • EN *drizzle* • PT *chuvisco* **Beispill** ech hu léiwer eng zerguttst Schauer ewéi dat stännegt Gefisems

gefappt Adjektiv DE *gekränkt, beleidigt* • FR *vexé, froisé* • PT *magoado, ofendido* **Beispill** schreif der Tatta eng Kaart fir hire Gebuertsdag, soss ass se erëm **gefappt**! **Synonymmen** beleidegt, getouft

1 „gefappt“ kann och de Participe passé vum Verb **afappen** sinn.

Geflécks Neutrum (kee Pluriel) **[égs]** DE *Flickerei [Ausbessern]* • FR *rafistolage* • EN *patching up, patch-up job* **Beispiller** ech sinn däers éiwege Geflécks sat an hu mer en neie Vëlo kaaft; ech hoffen, du méchs mat dengem Geflécks net nach méi zum Onwee

gefleckt [gəf'lækt] Adjektiv DE *gefleckt* • FR *tacheté, moucheté* • EN *spotted, dappled* • PT *malhado, mosqueado* **Beispill** an der Wiss hanner eisem Haus stinn elauter schwaarz a wäiss **gefleckte** Kéi

Gefigel [gəf'izəl] Neutrum (kee Pluriel) DE *Geflügel* • FR *volaille* • EN *poultry* • PT *aves de capoeira* **Beispill** weinst der Vullegripp muss d'Gefigel nuets agespaart ginn

Gefigelpaschtéit [gəf'izəlpɑʃtɛit] Femininum (Pluriel Gefigelpaschtéiten) DE *Geflügelpastete* • FR *pâté de volaille* • EN *poultry pâté* • PT *paté de aves* **Beispill** d'Kächen huet d'Gefigelpaschtéit an Tranché geschnidden an op engem sëlwere Platto zerwéiert

Gefluchs Neutrum (kee Pluriel) DE *Gefluche* • FR *jurons* • EN *swearing* **Beispiller** ech géif dech bieden, dass Gefluchs virun de Kanner ze ënnerloossen; no villem Gefluchs hat ech d'Bild endlech riicht hänken

Gefor [gəf'o:r] Femininum (Pluriel Geforen) DE *Gefahr* • FR *danger* • EN *danger* • PT *perigo* **Beispiller** de Gesondheetsminister warnt virun de Gefore vum Tubak; mat dengem Gerenns bréngs de d'Foussgänger a Gefor!; eist Klengt kennt keng Gefor!; leist Klengt ass këng!; et ass keng Gefor, dass dee Kandidat d'Wale gewénnt [et ass ganz onwarscheinlech, dass dee Kandidat d'Wale gewénnt]

Geforeschëld [gəf'o:rəʃəlt] Neutrum (Pluriel Geforeschëlter / Geforeschëlde) DE *Gefahrenzeichen* • FR *signal de danger* • EN *hazard warning sign* • PT *sinal de perigo* **Beispill** dëst Geforeschëld weist drop hin, dass d'Strooss kéint verknascht sinn

Gefréckels [gəf'r'ekəls] Neutrum (kee Pluriel) **1.** **[égs]** DE *Gezappel* • FR *gigotements* • EN *wriggling, fidgeting* • PT *agitação [gestos]* **Beispill** mat dengem Gefréckels fäls de nach vum Stull! **2.** **[égs]** DE *Herumhantieren* • FR *bidouillage* • EN *fiddle [fuss]* • PT *remexer, mexerucar* **Beispill** wat ass dat allkéiers e Gefréckels, fir deen Tirang opzekeréien!

Gefrierpunkt [gəf'r'iɛpʊŋt] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Gefrierpunkt* • FR *point de congélation* • EN *freezing point* • PT *ponto de congelação* **Beispill** d'Temperatur sinn dës Nuecht ënner de Gefrierpunkt gefall

Gefréiss [gəfɾ'ɛɪs] Neutrum (kee Pluriel) [graf] [pejo-rativ] DE *Fraß* [schlechtes Essen] • FR *bouffe* [mauvaise nourriture] • EN *muck* [bad food] • PT *mixórdia* [comida de má qualidade] **Beispill** dat Gefréiss géif net emol eisen Hond wëllen!

gefréisseg Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Gefréissegheet Femininum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Géft [gəft] Neutrum (Pluriel Gëfter) DE *Gift* • FR *poison* • EN *poison* • PT *veneno* **Beispiller** den Tubak ass Géft fir de mënschlechen Organismus; héich Energiepräiss-er si Géft fir d'Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft [égs] [héich Energiepräisser schueden der Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft]; do kanns de Géft drop huelen! [égs] [do kanns de sécher sinn!]

gëfteg [g'əftəç] Adjektiv **1.** DE *giftig* [giftig] • FR *toxique, venimeux, vénéneux* • EN *toxic, poisonous* [lethal] • PT *tóxico, venenoso* **Beispiller** bei der Explosioun si gëfteg Gasen ausgetrueden; pléck dee Champignon net, en ass gëfteg! **Synonym** toxesch **2.** DE *giftig* [böartig] • FR *venimeux* [méchant, haineux] <Adverb méchamment> • EN *poisonous* [malicious, malevolent] <Adverb poisonously> • PT *venenoso* [maldoso, odioso] <Adverb maldosamente> **Beispiller** firwat méchs du esou gëfteg Bemierkungen?; kuck mech net esou gëfteg! **Synonymmen** béisaarteg, gehässeg

Gëftgas [g'əftgɑ:s] Maskulinum (Pluriel Gëftgasen / Gëftgaser) DE *Giftgas* • FR *gaz toxique* • EN *poison gas* • PT *gás tóxico* **Beispill** Gëftgas ass eng déidlech Waff

gëftgréng [gəftgr'ɛn] Adjektiv DE *giftgrün* • FR *vert criard* • EN *poisonous green, bilious green* • PT *verde ber-rante* **Beispill** um Empfang hat d'Violonistin e gëftgréng Kostüm un

I Variant: gëftgring

gëftgring Adjektiv - Variant vun ↗gëftgréng

Gëftstoff [g'əftstɔf] Maskulinum (Pluriel Gëftstoffer) DE *Giftstoff* • FR *substance toxique* • EN *toxin, toxic substance* • PT *substância tóxica* **Beispill** mam Damp vun enger Zigarett otemt ee vill Chemikalien a verschidde Gëftstoffer an

Gëftzweg [g'əftswɛɾç] Maskulinum (Pluriel Gëftzwegen) [égs] [pejorativ] DE *Giftzweg* • FR *teigne* [personne méchant] • EN *spiteful little toad, poison dwarf* [spiteful person] • PT *peste* [pessoa má] **Beispill** eise Portier ass e richtege Gëftzweg!

Gefuddels Neutrum (kee Pluriel) DE *Mogelei, Schummelei* • FR *tricherie* [action de tricher] • EN *cheating* [at a game] **Beispill** hal op mat deem Gefuddels, soss spillen ech net méi mat!

Gefuebels Neutrum (kee Pluriel) [égs] DE (unsinniges) *Gelaber, Gefabel, Fabulieren* • FR *affabulations, fabulations* • EN *wafling, telling tales* **Beispiller** ech ka sengem Gefuebels net méi nolauschteren, dat ass dach alles gelunn; d'Kanner kënnen dacks net téschent Gefuebels a Realitéit ënnerscheden

Gegecks Neutrum (kee Pluriel) DE *Späße, Scherze, Herumalbern* • FR *plaisanteries, pitreries* • EN *joking, banter* **Beispiller** dat Flottst an eisem Club ass d'Gelaachs an d'Gegecks herno beim Patt; géff dech mat deem stännege Gegecks, soss hélt herno keen dech méi eescht!

gegebenefalls Adverb - Variant vun ↗gegebe-nenfalls

gegebenenfalls Adverb

I Hei entsteet en neien Artikel.

I Variant: gegebenenfalls

Gegranz [gəgr'ants] Neutrum (kee Pluriel) [égs] DE *Genörgel* • FR *bougonnement, ronchonement* • EN *grumping, grouchiness* • PT *rabugice, resmunguice* **Beispill** hie ka mir mat sengem éiwege Gegranz de Bockel erofrëtschen!

Gegrommels [gəgr'oməls] Neutrum (kee Pluriel) **1.** DE *Geknurre* • FR *grognement* • EN *growling* • PT *rosnada* **Beispill** d'Gegrommels vum Hond ass duergaangen, fir d'Déif ze verdreiwen **2.** DE *Gemurre* • FR *grommellement, bougonnement* • EN *grumbling* • PT *resmunguice, rezinga* **Beispill** kaum ass dee Granzert do, da geet d'Gegrommels lass

Gehaansbiereg [gəh'a:nsbi:ɛç] Eegennumm DE *Mont Saint Jean* • FR *Mont Saint Jean* • EN *Mont Saint Jean* • PT *Mont Saint Jean* **Beispiller** waars de schonn eng Kéier um Gehaansbiereg?; mir sinn de Weekend op de Gehaansbiereg gewandert

Gehaansdag [gəh'a:nsda:ç] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Johannstag* • FR *Saint-Jean-Baptiste* [fête chrétienne] • EN *St John's day* [feast day of John the Baptist] • PT *dia de São João* **Beispill** de 24. Juni ass Gehaansdag

Gehaansfénelchen [gəh'a:nsfɛnçkəlçən] Maskulinum (Pluriel Gehaansfénelcher) DE *Glühwürmchen, Leuchtkäfer* • FR *ver luisant* • EN *firefly* • PT *pirilampo, vaga-lume* **Beispill** am Summer fléien owes Gehaansfénelcher duerch de Gaart hanner eisem Haus **Synonym** Glühwürmchen

Gehaanskraut Neutrum (kee Pluriel) DE *Johanniskraut* • FR *millepertuis* • EN *St John's wort* • PT *hipericão* **Beispill** d'Gehaanskraut ass eng Heelplanz, déi nach haut an der Medezin agesat gött

Gehäck Neutrum (kee Pluriel) DE [Definitiou] *Gericht aus Lunge, Herz und Leber, mit Trockenpflaumen in brauner Soße* • FR [Definitiou] *plat à base de poumons, de coeur, de foie, cuit avec des pruneaux dans une sauce brune* • PT [Definitiou] *prato à base de pulmão, coração e figado cozidos com ameixas em molho castanho* **Beispill** fréier huet bei engem Kiermesessen d'Gehäck net därfer feelen

I Variant: Gehäcks

Gehackels Neutrum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Gehäcks Neutrum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Gehäck

Gehacktes [gəh'aktəs] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Hackfleisch • **FR** hachis (de viande) • **EN** mince, minced meat • **PT** picado [de carne] **Beispill** ech war e Pond Gehacktes bei de Metzler kafen

gehäerzt [gəh'ɛ:ɐ̯tst] Adjektiv **DE** würzig, pikant • **FR** épicé, relevé • **EN** piquant, spicy • **PT** condimentado, picante **Beispiller** ech hunn de gehäerzte Kascht gär; hie rappt ëmmer gehäerzte Witzer [ɛ̃ɡs] [hie rappt ëmmer defteg Witzer]

Gehais [gəh'aɪs] Neutrum (Pluriel Gehaiser) **DE** Gehäuse [eines Geräts] • **FR** boîtier [d'un appareil] • **EN** case [housing] • **PT** caixa [de um aparelho] **Beispiller** d'Antenn ass am Gehais vum Handy integréiert; déi Standauer huet e schéint Gehais

gehäit [gəh'æ:ɪt] Adjektiv gehäit sinn (mat) **DE** geplagt sein (mit), bemitleidenswert sein • **FR** être embêté (par), être à plaindre • **EN** to suffer (from), to be pitiable • **PT** ser atormentado (por), estar numa situação desgraçada **Beispiller** mäi Papp ass zënter Jore mat de Bandscheiwe gehäit; bei eis op der Aarbecht si vill Leit krank, dofir si mir am Moment elle gehäit

1 „gehäit“ kann och de Participe passé vum Verb ↗geheien sinn.

Gehalt [gəh'alt] Neutrum (Pluriel Gehälter) **DE** Gehalt, Lohn • **FR** salaire, traitement • **EN** wages, salary • **PT** salário, ordenado **Beispill** wéinst de Spuermoosname sinn d'Gehälter gekierzt ginn **Synonym** Pai

Gehaltserhéijung [gəh'altsehɪzʊŋ] Femininum (Pluriel Gehaltserhéijungen) **DE** Gehaltserhöhung • **FR** augmentation (de salaire) • **EN** pay rise • **PT** aumento (de salário) **Beispill** hien huet mat sengem Chef iwwer eng Gehaltserhéijung diskutéiert **Synonym** Augmentatioun

gehandicapt [gəh'ændikæpt] Adjektiv **DE** (körperlich) eingeschränkt • **FR** diminué [physiquement] • **EN** physically disabled • **PT** diminuído [físicamente] **Beispill** mat menge Krätsche fillen ech mech den Ament bei villem gehandicapt

gehässeg [gəh'æsəç] Adjektiv **DE** gehässig • **FR** haineux [méchant, malveillant] <Adverb méchamment> • **EN** spiteful <Adverb spitefully> • **PT** odiento, rancoroso <Adverb maldosamente> **Beispiller** ech loosse mer seng gehässeg Remarken net méi gefalen; laach net esou gehässeg! **Synonymmen** béisaarteg, géfteg

Gehässegkeet [gəh'æsəçke:t] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Gehässigkeit [Art] • **FR** hargne • **EN** spite, spitefulness • **PT** acrimónia **Beispill** seng Gehässegkeet hëlt mam Alter nach zou **2.** (Pluriel Gehässegkeeten) **DE** Gehässigkeit [Bemerkung] • **FR** méchanceté, vacherie • **EN** spiteful remark • **PT** maldade [dito maldoso] **Beispill** ech hunn es genuch mat denge Gehässegkeeten! **Synonym** Gemengheet

Gehauls Neutrum (kee Pluriel) **1.** **DE** Heulen [eines Tieres] • **FR** hurlement [d'un animal] • **EN** howling [of an animal] **Beispiller** dat Gebills a Gehauls vum Noper sengen Hënn mécht mech geckeg!; d'Gehauls vun de Wëllef geet engem duerch Muerch a Schank **Synonym** Gehuerels **2.** **DE** Heulen [lang gezogenes Geräusch] • **FR** hurlement [son prolongé] • **EN** howling [of the wind] **Beispiller** dat Gehauls vum Wand war richteg onheemlech!; scho vu Wäitem huet een d'Gehauls vun de

Sireenen héieren **Synonym** Gehuerels

Gehbock [g'e:bok] Maskulinum (Pluriel Gehbéck) - Variant vun ↗Geebock

geheien [gəh'aɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geheit / gehäit) » **transitiv 1.** **DE** werfen [Schleudern] • **FR** jeter, lancer • **EN** to throw [to fling] • **PT** atirar, lançar **Beispiller** geheie de Ball esou wäit s de kanns!; dat schlecht Wieder huet eis Pläng op d'Kopp gehäit [ɛ̃ɡs] [dat schlecht Wieder huet eis Pläng duerchernee bruecht] **Synonym** werfen **2.** geheie mat **DE** bewerfen mit [eine Person, ein Tier] • **FR** lancer sur, jeter sur [une personne, un animal] • **EN** to throw at [a person, an animal] • **PT** atirar a, lançar contra [uma pessoa, um animal] **Beispill** meng Schwëster huet mech mat Schnéiklatze gehäit, mee et gouf mech net **3.** **DE** werfen [wegwerfen, von sich werfen] • **FR** jeter [se défaire de] • **EN** to throw away • **PT** deitar, atirar [desfazer-se de] **Beispiller** et geheit ee kee Glas an d'Dreckschëscht!; den Déif huet der Fra d'Sue geklaut an hir Posch an eng Heck gehäit; ech hunn d'Bengele bei d'Tromm gehäit! [ɛ̃ɡs] [ech hunn opginn]; du kanns d'Leit net all an een Dëppe geheien! [ɛ̃ɡs] [d'Leit sinn net all d'selwecht] **Synonym** werfen **4.** **DE** betrüben, bedrücken • **FR** peiner [blesser moralement] • **EN** to throw, to upset • **PT** afligir, contristar **Beispiller** déi Äntwert huet mech gehäit; et gehäit mech, datt meng fréier Aarbechtskolleegin mer net méi Moie seet! » **reflexiv 5.** **DE** sich plagen • **FR** s'esquinter, se donner du mal • **EN** to go to a lot of trouble • **PT** esfalfar-se, esforçar-se **Beispill** wat hu mir eis scho fir eise Bouf gehäit! **Synonym** sech ploen

1 Verben, déi **geheien** als Basis hunn: ↗ageheien, ↗duerchgeheien, ↗duergeheien, ↗emgeheien, ↗erausgeheien, ↗erofgeheien, ↗ewechegeheien, ↗hin- an hiergeheien, ↗nogeheien, ↗virgeheien an ↗zougeheien

Gehéier [gəh'ɪɛ] Neutrum (kee Pluriel) **1.** **DE** Gehör [Gehörsinn, Hörvermögen] • **FR** ouïe, oreille [sens auditif] • **EN** hearing [ability to hear], ear • **PT** ouvido [sentido da audição] **Beispiller** mäi Papp huet fir säin Alter nach e ganz gutt Gehéier; ech ka keng Nouten, ech spillen nom Gehéier **2.** ouni Gehéier **DE** gehörlos • **FR** sourd [qui n'entend pas] • **EN** deaf • **PT** surdo [que não ouve] **Beispill** fir Leit ouni Gehéier ass et méi schwierig, fir mat aneren ze kommunizéieren **Synonym** daf **3.** **DE** Gehör [Aufmerksamkeit] • **FR** écoute, attention • **EN** ear [willingness to listen] • **PT** (todo) ouvidos, atenção **Beispiller** mat dengem Problem fënns de bei deem Spezialist Gehéier!; ier s de deng Ried ufänks, muss de der Gehéier verschafen!

geheier [gəh'aɪɛ] Adjektiv **1.** net geheier sinn **DE** nicht geheuer sein [verdächtig sein] • **FR** sembler suspect à • **EN** to seem suspicious, to seem shady • **PT** parecer suspeito a **Beispiller** dee Kärel do ass mir net ganz geheier!; déi ganz Affär ass mir net geheier! **2.** net geheier **DE** nicht geheuer [unbehaglich] • **FR** pas rassuré (du tout), (très) inquiet • **EN** uneasy, anxious • **PT** nada tranquilo, (bastante) inquieto **Beispill** virum éischte Sprong war et dem Parachutist nach laang net geheier

gehéiereg [gəh'ɪɛrəç] Adjektiv **DE** gehörig [beträchtlich] • **FR** sacré [de taille] <Adverb sacrément, drôlement> • **EN** thorough [sound, proper] <Adverb well and truly, thoroughly> • **PT** valente, grande <Adverb a valer, mui-

to> **Beispiller** wéi hien d'Fënster ageworf hat, krut hien eng **gehéiereg** Stroff; ech si **gehéiereg** erfieert, wéi de Blëtz ageschloen huet; do hues de **gehéiereg** iwwerdrüwwen! **Synonymmen** zerguttst, fatzeg, uerdentlech, faméis

gehéieren [gə'hɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gehéiert**) » **intransitiv** **1. DE** *gehören* [Eigentum sein] • **FR** *appartenir à, être à* • **EN** *to belong to* [to be the property of] • **PT** *pertencer a, ser de* **Beispill** *wiem gehéiert dës Jackett?* **2. DE** *gehören* [hingehören] • **FR** *devoir être, avoir sa place* • **EN** *to belong* [to have one's right place] • **PT** *dever estar, pertencer* [em determinado lugar] **Beispiller** *d'Mëllech gehéiert an de Frigo!*; *kleng Kanner gehéieren owes an d'Bett!*; dat Thema **gehéiert** net heihin **3. gehéieren** zu **DE** *gehören* zu [zählen zu] • **FR** *faire partie de* • **EN** *to belong to* [to be part of] • **PT** *pertencer a, fazer parte de* **Beispiller** *meng Frëndin gehéiert scho bal zur Famil!*; *d'Holz gehéiert zu de wichtigste Rostoffer* **4. gehéieren** zu **DE** *gehören* zu [nötig sein zu] • **FR** *être nécessaire à* • **EN** *to be needed, to be called for* • **PT** *ser necessário para, ser preciso para* **Beispiller** *et gehéiert vill Ausdauer zu esou enger Leeschtung; zu esou engem Behuele gehéiert vill Courage* » **reflexiv** **5. DE** *sich gehören* [sich schicken] • **FR** *se faire, convenir* [être conforme aux usages] • **EN** *to be done, to be proper* • **PT** *fazer-se, ser conveniente* [ser conforme às conveniências] **Beispiller** *et gehéiert sech net, bei frieme Leit ze repsen!*; *setz dech op de Stull, wéi et sech gehéiert!* **Synonym** *sech passen*

i Verben, déi **gehéieren** als Basis hunn: **derzougehéieren**, **higehéieren**, **ugehéieren an** **zesummegehéieren**

gehéierlos Adjektiv

i Hei entsteeet en neien Artikel.

i Variant: **gehörlos**

geheim [gə'haim] Adjektiv **1. DE** *geheim* [heimlich, nicht öffentlich] • **FR** *secret* [confidentiel] <Adverb *en secret, secrètement*> • **EN** *secret* [confidential, private] <Adverb *secretly*> • **PT** *secreto* [confidencial] <Adverb *em segredo, secretamente*> **Beispiller** *mir treffen eis op enger gehheimer Plaz; déi Informatiounen mussen geheim gehale ginn; iwwer dësse Punkt gött geheim ofgestëmmt; d'Kanner hunn am Geheimen eng Party fir hire Papp organiséiert* **2. DE** *geheim* [verborgen] • **FR** *secret* [dérobé, caché] • **EN** *secret* [hidden] • **PT** *secreto* [dissimulado, escondido] **Beispill** *an den hënneschten Deel vum Schlass kënt en nëmmen iwwer e geheimen Zougang*

Geheimagent [gə'haimʒənt] Maskulinum (Pluriel **Geheimagenten**) **DE** *Geheimagent* • **FR** *agent secret* • **EN** *secret agent* • **PT** *agente secreto* **Beispill** *den Ambassadeur gött verdächtigt, als Geheimagent geschafft ze hunn*

i Weiblech Form: **Geheimagentin**

Geheimagentin [gə'haimʒəntin] Femininum (Pluriel **Geheimagentinnen**) **DE** *Geheimagentin* • **FR** *agente secrète* • **EN** *secret agent* [female] • **PT** *agente secreta* **Beispill** *kee wouss, datt si als Geheimagentin fir den nationale Sécherheetsdëngscht geschafft huet*

i Männlech Form: **Geheimagent**

Geheimcode [gə'haimko:t] Maskulinum (Pluriel **Geheimcoden**) **DE** *Geheimzahl* • **FR** *code confidentiel* • **EN** *secret code, PIN code* • **PT** *código secreto* **Beispill** *stiech den Ziedel mam Geheimcode léiwer net bei deng Kreditkaart!*

Geheimdëngscht [gə'haimdɛŋʃt] Maskulinum (Pluriel **Geheimdëngschter**) **DE** *Geheimdienst* • **FR** *services secrets* • **EN** *secret service* • **PT** *serviços secretos* **Beispill** *um Internet ass eng Lëscht mat all den Informatiounen vum Geheimdëngscht publizéiert ginn*

Geheimnis [gə'haimnis] Neutrum (Pluriel **Geheimnisse**) **DE** *Geheimnis* • **FR** *secret* [information tenue cachée] • **EN** *secret* • **PT** *segredo* [informação secreta] **Beispill** *wann s de mer verspréchs, näischt weiderzeieren, verrodnen ech der e Geheimnis*

geheimnisvoll [gə'haimnisfol] Adjektiv **DE** *geheimnisvoll* [rätselhaft] • **FR** *mystérieux, énigmatique* <Adverb *mystérieusement*> • **EN** *mysterious, cryptic* <Adverb *mysteriously*> • **PT** *misterioso, enigmático* <Adverb *misteriosamente*> **Beispill** *de Film fänkt u mat engem geheimnisvolle Message aus dem Weltall* **Synonym** *mysteriéis*

Geheimnummer [gə'haimnume] Femininum (Pluriel **Geheimnummern**) **DE** *Geheimnummer* [Telefonnummer] • **FR** *numéro sur liste rouge* • **EN** *ex-directory number* [telephone] • **PT** *numero confidencial* [de telefone] **Beispill** *du fënns eis net am Telefonsbuch, mir hunn eng Geheimnummer* **Synonym** *Secretsnummer*

gehéireg [gə'hɛiəɾəç] Adjektiv - Variant vun **gehéiereg**

Gehëlz [gə'hɛlts] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Holz, Bauholz* • **FR** *bois* [de construction] • **EN** *timber* • **PT** *madeira* [de construção] **Beispill** *muer kréie mer d'Gehëlz fir eisen Daach geliwwert*

gehemmt [gə'hæmt] Adjektiv **DE** *gehemmt* • **FR** *géné, inhibé* • **EN** *inhibited* • **PT** *inibido, embaçado* **Beispill** *hien ass gehemmt, wann e viru Leit muss schwätzen*

Gehier [gə'hɛi:ɐ] Neutrum (Pluriel **Gehierer**) **DE** *Gehirn* • **FR** *cerveau* • **EN** *brain* • **PT** *cérebro* **Beispiller** *Droge kënnen Schied am Gehier hannerloossen; streng dāi Gehier un!* [ëgs] *liwwerlee!*; *deen Typ huet näischt am Gehier!* [ëgs] *[deen Typ ass domm]*

Gehierbluddung [gə'hɛi:ɐbludʊŋ] Femininum (Pluriel **Gehierbluddungen**) **DE** *Gehirnblutung* • **FR** *hémorragie cérébrale* • **EN** *brain haemorrhage* • **PT** *hemorragia cerebral* **Beispill** *d'Patientin ass un enger Gehierbluddung gestuerwen*

gehierlos [gə'hɛi:ɐlo:s] Adjektiv **1. [ëgs] DE** *wahnsinnig, extrem, furchtbar* • **FR** *terrible* [extrême] <Adverb *terriblement*> • **EN** • **PT** *louco, tremendo, terrível* <Adverb *loucamente, tremendamente*> **Beispiller** *den Auspuff vum mengem Auto mécht e gehierlose Kaméidi; ech war gehierlos frou, wéi d'Examen eriwwer waren* **Synonymmen** *enorm, extreem, fuerchtbar, immens, onheemlech, sauméisseg, schrecklech, terribel* **2. [ëgs] DE** *hirnlos, dumm* [Äusserung, Überlegung, Verhalten] • **FR** *stupide, idiot* [remarque, idée, comportement] • **PT** *estúpido, idiota* [comentário, ideia, comportamento] **Beispill** *ech kéint aus der Haut fueren, wann ech an de soziale*

Medien déi **gehierlos** Commentairë gesinn **Synonymmen** idiotesch, saublöd, saudomm

Gehiertumor [gəh'i:ɣtu:mɔ:R] Maskulinum (Pluriel Gehiertumoren) **DE** *Gehirntumor* • **FR** *tumeur cérébrale* • **EN** *brain tumour* • **PT** *tumor cerebral* **Beispiller** d'Erklärung fir der Patientin hiren extreeme Kappwéi ass e Gehiertumor; a ville Fäll ass e Gehiertumor glécklecherweis net béisaarteg

Gehirnerschütterung [gəh'irneɣʃytəruŋ] Femininum (Pluriel Gehirnerschütterungen) **DE** *Gehirnerschütterung* • **FR** *commotion cérébrale* • **EN** (*brain*) *concussion, mild traumatic brain injury* • **PT** *comoção cerebral* **Beispill** wann e Kand sech iwweggëtt, nodeem et op de Kapp gefall ass, da besteet de Verdacht op eng Gehirnerschütterung

gehopst ewéi gesprong Adverb - Variant vun ↗gehopst ewéi gesprongen

gehopst ewéi gesprongen Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: gehopst ewéi gesprong

gehörlos Adjektiv - Variant vun ↗gehéierlos

Gehuerels Neutrum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Heulen [eines Tieres]* • **FR** *hurlement [d'un animal]* • **EN** *howling [of an animal]* **Beispiller** dat Gebills a **Gehuerels** vum Noper sengen Hënn mécht mech geckeg!; d'**Gehuerels** vun de Wëllef geet engem duerch Muerch a Schank **Synonym** Gehauls **2.** **DE** *Heulen [lang gezogenes Geräusch]* • **FR** *hurlement [son prolongé]* • **EN** *howling [of the wind]* **Beispiller** dat **Gehuerels** vum Wand war richtig onheemlech!; scho vu Wäitem huet een d'**Gehuerels** vun de Sireenen héieren **Synonym** Gehauls

gehuewen [gəh'uaəvən] Adjektiv **DE** *gehoben* • **FR** *élevé, distingué* «Adverb de façon distinguée» • **EN** *elevated, lofty, inflated [language]* «Adverb in an elevated style» • **PT** *elevado, sublime* «Adverb de modo sublime» **Beispiller** den **Ambassadeur** schwätzt eng **gehuewe** Sprooch; dee **Professor** dréckt sech gär **gehuewen** aus

i „gehuewen“ kann och de Participe passé vum Verb ↗hiewen sinn.

Gehummers Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Gehämmer* • **FR** *martèlement [bruit]* • **EN** *hammering [noise]* • **PT** *marteladas [ruído]* **Beispill** dat **Geklapps** a **Gehummers** vun den **Handwierker** héiert een duerch d'ganzt Haus

géi [gɔi] Adjektiv **DE** *steil* • **FR** *raide [très pentu]* • **EN** *steep* • **PT** *íngreme [muito inclinado]* **Beispiller** de **Papp** huet d'**Poussette** dee **géie** **Bierg** eropgedréckt; ech hunn de **géien** **Honger!** [égs] [ech si ganz hongereg]

Gei [gai] Femininum (Pluriel **Geien**) **DE** *Geige* • **FR** *violon* • **EN** *violin* • **PT** *violino [instrumento]* **Beispiller** ech spille **Gei** an engem klengen **Ensemble**; du wëlls ëmmer déi éischt **Gei** spillen! [égs] [du wëlls ëmmer déi wichtigst Persoun sinn]; fir déi verléift **Koppel** hänkt den **Himmel** voller **Geien** [égs] [fir déi verléift **Koppel** ass d'**Liewe** wonnerschéin!]; dat ass eng aner **Gei!** [égs] [dat kléngt scho besser!]

Géibock [g'ɛibok] Maskulinum (Pluriel **Géibéck**) **DE** *Gehgestell, Gehbock* • **FR** *cadre de marche [déambulateur]* • **EN** *walker, Zimmer frame* • **PT** *andarrilho fixo [apoio*

à marcha] **Beispill** hire **Géibock** gëtt menger **Bomi** nees **Sécherheet** beim **Goen**

i Variant: Geebock

Géidgen [g'ɛɪdɣən] Eegennumm **DE** *Goedingen* • **FR** *Goedange* • **EN** *Goedange* • **PT** *Goedange* **Beispiller** ech wunnen zu **Géidgen**; fiert dëse **Bus** op **Géidgen**?

Géidger Millen [g'ɛɪdɣem'ilən] Eegennumm **DE** *Goedange-Moulin* • **FR** *Goedange-Moulin* • **EN** *Goedange-Moulin* • **PT** *Goedange-Moulin* **Beispiller** ech wunnen op der **Géidger Millen**; fiert dëse **Bus** op d'**Géidger Millen**?

Geier [g'aɪɐ] Maskulinum (Pluriel **Geier** / **Geieren**) **1.** **DE** *Geier [Tier]* • **FR** *vautour [animal]* • **EN** *vulture [animal]* • **PT** *abutre [animal]* **Beispill** mir waren an den **Zoo** d'**Geiere** kucken **2.** [égs] **DE** *Geier [Mensch]* • **FR** *vautour [personne]* • **EN** *vulture [person]* • **PT** *abutre [pessoa]* **Beispill** looss dech net mat deem ale **Geier** op e **Geschäft** an!

Géier Maskulinum **1.** (Pluriel **Géieren**) [vereezelt] **DE** *Zwickel [in einem Kleidungsstück]* • **FR** *gousset, soufflet [d'un vêtement]* • **PT** *nesga [de uma peça de vestuário]* **Beispill** de **Mann** huet sech vun der **Néiesch** e **Géier** an d'**Box** setze gelooss, well déi **stremmt 2.** an de **Géier** **DE** *auf Gehrung* • **FR** *en onglet, en biseau [en menuiserie]* • **PT** *em meia-esquadria* **Beispill** d'**Schräinerin** huet déi **zwo** **Foussläischten** an de **Géier** geschnidden, fir datt se **rechtwénkeleg** unenee passen

Geier [g'aɪɐ] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** [vereezelt] **DE** *Geiz* • **FR** *avarice* • **EN** *miserliness, meanness* • **PT** *avareza, sovínice* **Beispiller** dee gënnt sech vu lauter **Geier** keng waarm **Zopp**; hien ass e **liewegt** **Beispill** vu **Geier** **Synonymmen** **Gäiz**, **Knéckegkeet 2.** [vereezelt] **DE** *Geizhals* • **FR** *avare* • **EN** *cheapskate, skinflint, Scrooge* • **PT** *forreta, avarento* **Beispill** hie keeft sech ni nei **Kleeder**, hien ass e **richtege** **Geier** **Synonym** **Knéckjang**

geiereg [g'aɪəɾəç] Adjektiv **DE** *geizig* • **FR** *avare* • **EN** *mean, stingy* • **PT** *avarento* **Beispill** hien ass ze **geiereg**, fir sech eng **Vakanz** ze leeschten **Synonymmen** **gäizeg**, **knéckeg**, **kuuschteg**

Geierhaff [g'aɪɐhaf] Eegennumm **DE** *Geierhaff* • **FR** *Geierhaff* • **EN** *Geierhaff* • **PT** *Geierhaff* **Beispiller** ech wunnen um **Geierhaff**; fiert dëse **Bus** op de **Geierhaff**?

Geieschhaff [g'aɪɐʃh'af] Eegennumm **DE** *Geyershof* • **FR** *Geyershof* • **EN** *Geyershof* • **PT** *Geyershof* **Beispiller** ech wunnen um **Geieschhaff**; fiert dëse **Bus** op de **Geieschhaff**?

Géigebeispill [g'ɛɪzəbaɪʃpil] Neutrum (Pluriel **Géigebeispiller**) **DE** *Gegenbeispiel* • **FR** *contre-exemple* • **EN** *counterexample* • **PT** *contraexemplo* **Beispill** wann s de **mer** e **Géigebeispill** nenns, dann änneren ech meng **Meenung**

Géigefro [g'ɛɪzəfro:] Femininum (Pluriel **Géigefroen**) **DE** *Gegenfrage* • **FR** *question (en retour)* • **EN** *counter question* • **PT** *pergunta lem réplica a uma pergunta* **Beispiller** ier ech **Iech** äntweren, wëllt ech **Iech** eng **Géigefro** stellen; hien äntwert ëmmer mat **Géigefroen**

Géigegëft [g'ɛɪzəgəft] Neutrum (Pluriel Géigegëfter) **DE** Gegengift • **FR** antidote, contrepoison • **EN** antidote • **PT** antidoto, contraveneno **Beispill** net fir all Gëft gëtt et e Géigegëft

Géigegewiicht [g'ɛɪzəgəvi:çt] Neutrum (Pluriel Géigegewiichter) **DE** Gegengewicht • **FR** contrepoids • **EN** counterweight, counterbalance • **PT** contrapeso **Beispill** en Trakter mat engem Frontlader brauch hannen e Géigegewiicht

Géigegol [g'ɛɪzəgo:l] Maskulinum (Pluriel Géigegoler) **DE** Gegentor, Gegentreffer • **FR** but adverse [but marqué par l'équipe adverse] • **EN** opponent goal • **PT** golo do adversário **Beispill** trotz dem frëie Géigegol huet eis Ekip de Match gewonnen

Géigekandidat [g'ɛɪzəkandida:t] Maskulinum (Pluriel Géigekandidaten) **DE** Gegenkandidat • **FR** candidat concurrent, challenger • **EN** rival candidate, opponent • **PT** candidato concorrente **Beispill** de Géigekandidat huet gutt Chancen, fir gewielt ze ginn

W Weiblech Form: ↗Géigekandidatin

Géigekandidatin [g'ɛɪzəkandida:tin] Femininum (Pluriel Géigekandidatinnen) **DE** Gegenkandidatin • **FR** candidate concurrente, challengeuse • **EN** rival candidate, opponent [female] • **PT** candidata concorrente **Beispill** d'Géigekandidatin huet gutt Chancen, fir gewielt ze ginn

M Männlech Form: ↗Géigekandidat

Géigeleeschtung [g'ɛɪzələ:ftuŋ] Femininum (Pluriel Géigeleeschtingen) **DE** Gegenleistung • **FR** contrepartie, compensation • **EN** compensation, service in return • **PT** contrapartida, compensação **Beispill** hien erwaart sech keng Géigeleeschtung fir seng Hëllef

Géigenargument [g'ɛɪzəɳɑrgumənt] Neutrum (Pluriel Géigenargumenter) **DE** Gegenargument • **FR** contre-argument, argument contraire • **EN** counterargument • **PT** contra-argumento **Beispill** keent vun denge Géigenargumenter ka mech iwuerzeegen

Géigend [g'ɛɪzənt] Femininum **1.** (Pluriel Géigenden) **DE** Gegend [Region] • **FR** région [territoire] • **EN** region, district, area • **PT** região [território] **Beispiller** an där Géigend gëtt vill Wäi produzéiert; hei am Land gëtt et ganz vill schéi Géigenden; déi ganz Géigend leeft vum Tourismus **2.** (kee Pluriel) **DE** Gegend [nähere Umgebung] • **FR** voisinage, environs, parages • **EN** neighbourhood, vicinity • **PT** vizinhança, arredores, cercanias **Beispiller** hei an der Géigend ass keng eenzeg Parkplaz ze fannen!; hie leeft ëmmer am T-Shirt duerch d'Géigend ^[egs] [hien huet en T-Shirt un, egal wou en sech ophält] **3.** an der Géigend vun **DE** im Bereich von, ungefähr bei • **FR** dans la région de, aux environs de • **EN** in the region of, around • **PT** na região de, ao redor de **Beispiller** hie spiert Péng an der Géigend vum Mo; de Präis louch an der Géigend vun 200 Euro [de Präis louch ëm déi 200 Euro]

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: *germanofon / germanophone*

germanophon [gɛRma:no:f'o:n] Adjektiv - Variant vun *germanofon*

germanophone [ʒɛRmanofɔn] Adjektiv - Variant vun *germanofon*

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: *germanophone / germanofon*

Geroch [gəR'ɔx] Maskulinum **1. (Pluriel Gerécher / Geréçh)** **DE** *Geruch [Ausdünstung]* • **FR** *odeur* • **EN** *smell* • **PT** *cheiro* **Beispiller** de Geroch vu Fritte klëmmt engem vu Wäitem an d'Nues; aus dem Keller sinn desagreabel Gerécher komm **2. (kee Pluriel)** **DE** *Geruch [Geruchssinn]* • **FR** *odorat* • **EN** *sense of smell* • **PT** *olfato* **Beispill** bei ale Leit hëlt de Geroch dacks of

Gerochsënn Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Geruchssinn* • **FR** *odorat* • **PT** *olfato* **Beispill** d'Kleng Wullmaus huet e gutt entwéckelte Gerochsënn, mat deem se Feinde licht kann erkennen

i Variant: Gerochssënn

Gerochssënn Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ¹Gerochssënn

geroden [gəR'ɔ:dən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geroden) » **transitiv 1.** DE treffen [ein Ziel] • FR toucher, atteindre [une cible] • EN to hit, to get [a target] • PT acertar em, atingir [um alvo] **Beispiller** hätt ech mech net gezunn, hätt d'Schnéiklatz mech geroden; beim Keelespill geréit mäi Monni ni de rietse Bauer **Synonym** treffen **2.** et gutt geroden DE es gut treffen [Glück haben] • FR être chanceux • EN to strike lucky • PT ter sorte **Beispill** mir haten et mat eisem Hotel gutt geroden ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé geroden) » **intransitiv 3.** DE geraten [ungewollt hineingeraten, gelangen] • FR se retrouver (soudainement) [dans une certaine situation] • EN to end up, to wind up • PT meter-se (de repente) [numa determinada situação] **Beispiller** de Chauffeur ass mat sengem Auto an de Summerwee geroden; op en Hoer wier ech ënner e Camion geroden!; du geréits awer och ëmmer an on-méiglech Situatiounen! **Synonym** kommen **4.** DE geraten [gelingen] • FR bien réussir [être réalisé avec succès] • EN to succeed • PT sair bem [ser realizado com êxito] **Beispiller** mäi Soufflé ass (mer) dés Kéier net geroden; du bass gutt geroden! [égs] [du verlaangs ze vill]

i Verb, dat **geroden** als Basis huet: ¹uneneegeroden

Gerolz Neutrum (kee Pluriel) DE Gebalge [spielerisches Rangeln] • FR bagarre [pour jouer] **Beispill** Kanner, haalt op mat deem Gerolz, herno huet nach ee sech wéigedoen!

gerompelt [gəR'ɔmpəlt] Adjektiv DE gerunzelt • FR ridé • EN wrinkled • PT rugoso **Beispill** der Bomi hir Hänn si gerompelt

i „gerompelt“ kann och de Participe passé vum Verb ¹rompelen sinn.

Geros Neutrum (kee Pluriel) DE Herumgetolle • FR ébats [pour jouer, pour se défouler] **Beispiller** d'Grouseltere souzen op enger Bänk an hunn dem Geros vun den Enkelkanner nogekuckt; dat Geros méich mer jo näischt aus, wann dat Gejäiz net wier

Gerot [gəR'ɔ:t] Femininum (kee Pluriel) DE Glückssache • FR question de chance • EN matter of luck • PT questão de sorte **Beispill** et ass eng Gerot, ob meng Mayonnaise eppes gétt oder net

Gerubbels Neutrum (kee Pluriel) **1.** DE Gepolter, Gedonner • FR vacarme, grondement **Beispiller** wat war dat e Gerubbels dobaussen, wéi de Camion d'Steng ofgelueden huet!; den Himmel huet sech ganz zougezunn, elo geet et geschwéi lass mam Gerubbels **2.** DE Knurren [im Bauch] • FR grondement [du ventre] **Beispill** de Kabes ass mer net bekomm, ech hunn e fuerchtbaart Gerubbels am Bauch!

Gerücht [gəR'ʏçt] Neutrum (Pluriel Gerüchter) DE Gerücht • FR rumeur [ragot] • EN rumour • PT boato, rumor **Beispill** d'Nopesch huet Gerüchter iwwe eis verbreet **Synonym** Rumeur

gerued [gəR'ʊət] Adjektiv DE gerade [Zahl] • FR pair [nombre] • EN even [number] • PT par [número] **Beispill** an dësem Exercice muss ee sämtlech gerued Zuele vun

eent bis 20 addéieren

geruedstoen [gəR'ʊəftɔ:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geruedgestanen / geruedgestan) » **intransitiv** geruedstoe fir DE geradestehen für • FR assumer la responsabilité de, répondre de • PT assumir a responsabilidade por, responder por **Beispiller** d'Eltere mussen fir hir mannerjäreg Kanner geruedstoen, wann déi eng stiichten; wann s de déi Decisioun hëls, da muss du och derfir geruedstoen **Synonym** riichtstoe fir

Gerüst [gəR'ʏst] Neutrum (Pluriel Gerüster) DE Gerüst, Baugerüst • FR échafaudage • EN scaffolding • PT andaime **Beispiller** den Aarbechter klëmmt op d'Gerüst, fir de Senkbläi ze fixéieren; fir d'Fassad vun Ärem Haus ze renovéieren, braucht Der e Gerüst **Synonym** Stee

Gesabbels Neutrum (kee Pluriel) **1.** [égs] DE Geträufel, Geklecker • FR dégoulinement, souilleme[n]t **Beispiller** wat ass dat e Gesabbels mat deem Krou, et gétt Zäit, datt mer en neie kréien!; bei där Afenhëtzt ass et on-méiglech, ouni Gesabbels eng Glace z'ïessen **2.** [égs] DE Gesabber, Gelaber • FR balivernes, âneries **Beispiller** géff dach näischt op deem Typ säi Gesabbels!; wann ech dat dommt Gesabbels vu verschiddene Leit héieren, kréien ech d'Flemm! **3.** [égs] DE Nieselregen • FR crachin, bruine **Beispill** wéini hält dat Gesabbels dobaussen op, datt mer endlech kënne picknicke goen!

gesamt [gəz'amt] Adjektiv DE gesamt • FR tout, tout entier • EN entire • PT todo, inteiro **Beispill** déi gesamt Ekip stoung hanner hirem Trainer **Synonym** ganz

Gesamtheit [gəz'amthe:t] Femininum (kee Pluriel) DE Gesamtheit • FR ensemble [totalité], intégralité • EN entirety • PT totalidade, integra **Beispiller** d'Gesamtheit vun de Memberen huet sech fir den neie President ausgeschwat; den Artikel muss nach eng Kéier a senger Gesamtheit iwwerschaaft ginn **Synonym** Totalitéit

Gesamtkäschten [gəz'amtkæftən] Substantiv (kee Singulier) DE Gesamtkosten • FR coût total • EN overall costs, total costs • PT custo total **Beispill** d'Gesamtkäschte vun der Renovatioun vum Schlass leie bei zéng Milliounen Euro

Gesamtkonzept [gəz'amtkontsæpt] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Gesamtkonzepter) DE Gesamtkonzept • FR concept global, plan directeur • EN master plan, overall plan • PT conceito global, plano diretor **Beispill** eise Büro schafft e Gesamtkonzept aus

Gesamtmass [gəz'amtməs] Femininum (Pluriel Gesamtmassen) DE Gesamtmasse [eines Fahrzeugs] • FR masse maximale [d'un véhicule] • EN gross (vehicle) weight • PT massa máxima [de um veículo] **Beispill** dee Reesbus huet eng héchstzoulásseg Gesamtmass vun zwanzeg Tonnen

Gesamtzomm [gəz'amtsom] Femininum (Pluriel Gesamtzommen) DE Gesamtsumme • FR somme totale, total • EN grand total, total amount • PT (montante) total, soma total **Beispill** d'Gesamtzomm vun all de Recetté vum lafende Joer läit elo scho bei 125 Milliounen Euro

Gesamtzuel Femininum (Pluriel <seelen> Gesamtzuelen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Gesang [gəz'ɑŋ] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Gesang* [das Singen] • **FR** *chant* [expression chantée] • **EN** *singing* • **PT** *canto* [emissão de sons] **Beispiller** de Pateren hire **Gesang** beréiert mech ëmmer erëm op en Neits; de **Gesang** vun de Vulle mécht mech mueres wakereg **2.** (Pluriel **Gesäng**) **DE** *Gesang* [Vokalmusik] • **FR** *chant* [musique vocale] • **EN** *singing, chant* [vocal music] • **PT** *canto* [música vocal] **Beispill** ech ginn den Owend e Concert mat gregorianeschem **Gesang** lauschteren **3.** (kee Pluriel) **DE** *Gesangverein* • **FR** *chorale* • **EN** *choir, choral society* • **PT** *grupo coral, orfeão* **Beispill** de **Gesang** ass fläisseg amgaang, fir sai Galaconcert ze prouwen **Synonym** **Gesangveräin**

i Variant: **Gesank**

Gesangbuch [gəz'ɑŋbʊx] Neutrum (Pluriel **Gesangbicher**) **DE** *Liederbuch, Gesangbuch* • **FR** *livre de chansons* • **EN** *songbook* • **PT** *livro de canções* **Beispill** d'Kanner hunn zwee Lidder aus dem neie **Gesangbuch** geléiert

Gesangsprouf [gəz'ɑŋsprœuf] Femininum (Pluriel **Gesangsprouwen**) **DE** *Gesangsprobe* • **FR** (*séance de*) *répétition* [d'une chorale] • **EN** *choir practice* • **PT** *ensaio* [de um grupo coral] **Beispill** méindes owes hunn ech **Gesangsprouf**, méttwochs owes **Museksprouf**

Gesangveräin [gəz'ɑŋfæræ:ɪn] Maskulinum (Pluriel **Gesangveräiner**) **DE** *Gesangverein* • **FR** *chorale* • **EN** *choral society, choir* • **PT** *grupo coral, orfeão* **Beispiller** ech sinn zënter Kuerzeng an engem **Gesangveräin**; de **Gesangveräin** huet de Kommittee ofgewielt [d'Membere vum **Gesangveräin** hunn de Kommittee ofgewielt] **Synonym** **Gesang**

Gesank [gəz'ɑŋk] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun **Gesang**

Gesanten [gəz'antən] Maskulinum (Pluriel **Gesanten** / **Gesanter**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Gesanten [gəz'antən] Femininum (Pluriel **Gesanten** / **Gesanter**) - weiblech Form vun **Gesanten**

Gesätz [gəz'æts] Neutrum (Pluriel **Gesätzer**) <sup>[Kirch-
esprooch]</sup> **DE** *Gesätz* • **FR** *dizaine* [d'un rosaire] • **EN** *decade* [of a rosary] • **PT** *dezena* [de um rosário] **Beispill** mir bieden e **Gesätz** vum Rousekranz fir déi Verstuerven

Geschäers Neutrum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Gescharre* [Scharren] • **FR** *grattage* [action de racler avec les pieds] **Beispiller** duerch den Hénger hiert d'**Geschäers** ass d'Gras op Plaze futti; wat féiers du fir e **Geschäers** op, bleif emol roueg sätzen! **2.** **DE** *Gescharre* [Geräusch] • **FR** *grattements* [bruit] **Beispill** hues du dat **Geschäers** um Späicher hént och héieren? **3.** ^[ëgs] **DE** *Geschäker* [An-mache] • **FR** *avances insistantes* [pour draguer] **Beispill** ech gesinn, du has mat dengem **Geschäers** bei menger Schwëster kee Succès

Geschäft [gəf'æft] Neutrum **1.** (Pluriel **Geschäfte**) **DE** *Geschäft, Laden* • **FR** *magasin, commerce* • **EN** *shop* • **PT** *loja* [estabelecimento comercial] **Beispiller** ech hu mer dëse Mantel an engem deiere **Geschäft** kaaft; d'**Geschäfte** maachen haut schonn em fënnef Auer zou **Synonym** **Buttek** **2.** (Pluriel **Geschäfte**) **DE** *Geschäft* [Handel] • **FR** *affaire* [transaction] • **EN** *deal* [business

transaction] • **PT** *negócio* [transação] **Beispiller** well den Händler net mam Präis wollt erfoegen, gouf näischt aus eisem **Geschäft**; du hues et eraus, fir gutt **Geschäfte** ze maachen!; dem Journalist seng **Recherchen** hunn erginn, datt d'Firma lusch **Geschäfte** mécht **Synonym** **Affär** **3.** (kee Pluriel) ^[ëgs] **DE** *Geschäft* [Notdurft] • **FR** *grosse commission* [défécation] • **EN** *business* [pooh] • **PT** *necessidades* [defecação] **Beispill** ären Hond mécht sai **Geschäft** ëmmer an eise **Virgärtchen**

geschäftlech [gəf'æftləç] Adjektiv **DE** *geschäftlich* • **FR** *commercial* [qui concerne le commerce, les affaires] <Adverb pour affaires> • **EN** *business* <Adverb on business> • **PT** *comercial* [referente ao comércio, aos negócios] <Adverb em negócios> **Beispiller** si hunn nëmme **geschäftlech** Relatioune mateneen; säin neie Frënd ass dacks **geschäftlech** ënnerwee

Geschäftsbedéngungen [gəf'æftsbedəŋuŋən] Femininum (kee Singulier) **DE** *Geschäftsbedingungen* • **FR** *conditions générales* [de vente, d'affaires] • **EN** (*general business*) *terms and conditions* • **PT** *condições gerais* [de venda, termos e condições [de um negócio] **Beispiller** déi allgemeng **Geschäftsbedéngunge** stinn um Verso vun der **Commande**; eng vun de **Geschäftsbedéngungen** ass, datt ech d'Wuer bannent véierzeng Deeg kann zeréckginn

Geschäftsfra [gəf'æftsfra:] Femininum (Pluriel **Geschäftsfraen**) **1.** **DE** *Kauffrau* • **FR** *commerçante* • **PT** *comerciante* [mulher] **2.** **DE** *Geschäftsfrau* • **FR** *femme d'affaires* • **PT** *mulher de negócios*

i Männlech Form: **Geschäftsmann**

Geschäftshaus [gəf'æftshæ:ʊs] Neutrum (Pluriel **Geschäftshaiser**) **DE** *Kaufhaus, Geschäftshaus* • **FR** *immeuble commercial, maison de commerce* • **PT** *estabelecimento comercial, casa comercial* **Beispill** dat renommiert **Geschäftshaus** am Stadkär gëtt ofgerappt

Geschäftsleit [gəf'æftslɔ:t] Substantiv (kee Singulier) **DE** *Geschäftsleute* • **FR** *commerçants* • **EN** *shopkeepers* • **PT** *comerciantes* **Beispill** d'**Geschäftsleit** iergeren sech iwuer de **Chantier** virun hire **Butteker**

Geschäftsmann [gəf'æftsman] Maskulinum (Pluriel **Geschäftsmänner**) **1.** **DE** *Kaufmann* • **FR** *commerçant* • **EN** *shopkeeper* • **PT** *comerciante* **Beispill** sai Papp war **Geschäftsmann** an der Groussgaas **2.** **DE** *Geschäftsmann* • **FR** *homme d'affaires* • **EN** *businessman* • **PT** *homem de negócios* **Beispill** eise **Patron** ass e gewëtzte **Geschäftsmann**

i Weiblech Form: **Geschäftsfra**

Geschäftsrees [gəf'æftsre:s] Femininum (Pluriel **Geschäftsreesen**) **DE** *Geschäftsreise* • **FR** *voyage d'affaires* • **EN** *business trip* • **PT** *viagem de negócios* **Beispiller** ech konnt net op de **Konveniat** kommen, well ech op (enger) **Geschäftsrees** war; d'Fraise vun der **Geschäftsrees** gi vu mengem **Patron** iwuerholl

Geschäftsverband [gəf'æftsfebant] Maskulinum (Pluriel **Geschäftsverbänn**) **DE** *Einzelhandelsverband* • **FR** *confédération des commerçants (de détail)* • **EN** *retail trade association* • **PT** *associação de comerciantes (a re-*

talho) **Beispill** de **Geschäftsverband** huet eng Enquête iwwer d'Kafkraaft vun de Leit maache gelooss

Geschäftszäiten [gəʃ'æftstzæ:ɪtən] Femininum (kee Singulier) **DE** *Öffnungszeiten* [eines Geschäfts] • **FR** *heures d'ouverture* [d'un magasin] • **EN** *opening hours, business hours* • **PT** *horário de abertura* [de uma loja] **Beispill** d'Miwwelgeschäft huet seng **Geschäftszäite** geännert **Synonym** *Ouvertureszäiten*

Geschéck [gəʃ'ek] Maskulinum/Neutrum **1.** (Pluriel *Geschécker*) **DE** *Geschick* [Fähigkeit, Handfertigkeit] • **FR** *habileté* [savoir-faire, adresse] • **EN** *skill* [competence, aptitude] • **PT** *habilidade* [jeito, destreza] **Beispiller** du hues **Geschéck** am Émgang mat Kanner; meng Fra huet den néidege **Geschéck**, fir ierden Dëppen ze dréien; an Ärem Betrib ass kee **Geschéck!** [Äre Betrib ass schlecht organiséiert!] **2.** (kee Pluriel) **DE** *Umstände, Bedingungen* • **FR** *circonstances, conditions* • **EN** *circumstances, conditions* • **PT** *circunstâncias, condições* **Beispill** kann dee Bus net e bësse méi séier fueren, soss verpasse mir mat deem **Geschéck** nach de Flieger! **3.** (Pluriel *Geschécker*, kee Singulier) **DE** *Geschick* [Entwicklung, Schicksal] • **FR** *destin* [avenir, sort] • **EN** *fortune* [in the fortune] • **PT** *rédeas do destino* **Beispiller** no 32 Joer hunn ech d'**Geschécker** vun der Zeitung vu mengem Papp iwwerholl; de Wieler entscheet, wien déi nächst fénnef Joer d'**Geschécker** vun eisem Land wäert leeden

geschéckerlech [gəʃ'ekələç] Adjektiv - Variant vun ↗geschéckt

Geschéckerlechkeet [gəʃ'ekələçke:t] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Geschécklechkeet

geschécklech [gəʃ'ekləç] Adjektiv - Variant vun ↗geschéckt

Geschécklechkeet [gəʃ'ekləçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Geschicklichkeit* • **FR** *habileté, adresse* • **EN** *skill, skilfulness, dexterity* • **PT** *habilidade, destreza* **Beispill** d'Kanner hu mat vill **Geschécklechkeet** déi verschidde Schablounen ausgeschnidden

i Variant: *Geschéckerlechkeet*

geschéckt [gəʃ'ekt] Adjektiv **DE** *geschickt, gewandt* • **FR** *habile, adroit* <Adverb *habillement, adroitement*> • **EN** *skilful* <Adverb *skilfully*> • **PT** *hábil, destro* <Adverb *habilmente, com destreza*> **Beispiller** eist Klengt ass ganz **geschéckt**, et hëlleft dem Bopa ëmmer am Atelier; wann s de dech **geschéckt** ulees, da falen zwee Feierdeeg an däi Congé

i „geschéckt“ kann och de Participle passé vum Verb ↗schécken sinn.

i Varianten: *geschéckerlech, geschécklech*

geschéien [gəʃ'ɛɪən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé *geschitt*) » **intransitiv 1.** **DE** *geschehen* [sich ereignen] • **FR** *se passer, se produire* • **EN** *to happen* [to occur] • **PT** *passar-se, acontecer* **Beispiller** wat **geschéien** do Saachen!; op deser geféierlecher Strooss **geschéie** praktesch all Woch e puer Accidenter **Synonymmen** *passéieren, virkommen 2.* **DE** *geschehen* [getan werden] • **FR** *être fait, être commis* • **EN** *to happen* [to be done], *to be committed* • **PT** *ser feito, ser cometido* **Beispiller** wann hei net geschwënn eppes

geschitt, da mécht de Betrib Faillite!; bei eis an der Strooss ass an der Nuecht e Mord **geschitt**; **geschitt** ass **geschitt!** [égs] [et kann een elo näischt méi änneren]; (et ass) gär **geschitt!** [⇒ seet een als Äntwert op e Merci] **Synonym** *passéieren 3.* **DE** *geschehen* [widerfahren] • **FR** *arriver à* [advenir à] • **EN** *to happen to* • **PT** *acontecer a* [suceder a] **Beispiller** dat do kann all Mën-**sich geschéien!**; wat ass dir da **geschitt**, datt s de esou béis drakucks?; du brauchts keng Angscht ze hunn, et **geschitt** der näischt! **Synonymmen** *widderfueren, zous-toussen*

gescheit [gəʃ'ait] Adjektiv **1.** **DE** *gescheit* [klug, intelligent] • **FR** *intelligent* [doué d'intelligence] <Adverb *intelligemment*> • **EN** *intelligent, clever* <Adverb *intelligently*> • **PT** *inteligente* [dotado de inteligência] <Adverb *inteligentemente*> **Beispiller** si menge sech wéinst hire **gescheite** Kanner; d'Kandidaten hunn net ëmmer **gescheit** op d'Froe geäntwert; dat ass där **Gescheiter** keen!; dat do war keng **Gescheit!** [égs] [dat do war eng Dommheet!] **Synonym** *intelligent 2.* **DE** *gescheit, vernünftig* • **FR** *raisonnable, sensé* • **EN** *intelligent, sensible* • **PT** *razoável, sensato* **Beispiller** du wäerts dach **gescheit** genuch sinn, fir dech net op seng Provokatiounen anzeloossen!; et ass net vill **Gescheites** an eiser Versammlung er-auskomm

i „gescheit“ kann och de Participle passé vum Verb ↗scheien sinn.

Gescheitheet [gəʃ'aithe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Gescheitheit* • **FR** *intelligence, discernement* • **EN** *intelligence* • **PT** *inteligência, discernimento* **Beispill** deng Bemierkung ass keen Zeeche vu **Gescheitheet** **Synonym** *Intelligenz*

Geschenk [gəʃ'æŋk] Neutrum (Pluriel *Geschenker*) **DE** *Geschenk* • **FR** *cadeau* • **EN** *present* [gift] • **PT** *prenda, presente* **Beispill** d'Kanner krute fir Chrëschttag eng Hellewull *Geschenker* **Synonym** *Kaddo*

Geschicht [gəʃ'ɪçt] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Geschichte* [Vergangenheit] • **FR** *histoire* [passé] • **EN** *history* [past] • **PT** *história* [passado] **Beispiller** eist Land huet eng turbulent **Geschicht**; dësen *Eclat* wäert an d'**Geschicht** agoen [dësen *Eclat* wäert net vergiess ginn] **2.** (kee Pluriel) **DE** *Geschichte* [Wissenschaft] • **FR** *histoire* [science] • **EN** *history* [science] • **PT** *história* [ciência humana] **Beispiller** hien huet zu Paräis **Geschicht** studéiert; mir hunn elo **Geschicht** [mir hunn elo eng *Geschichtsstonn*] **3.** (Pluriel *Geschichten*) **DE** *Geschichte* [Erzählung] • **FR** *histoire* [récit] • **EN** *story* • **PT** *história* [conto] **Beispiller** d'Mamm zielt de Kanner virum Schlofgoen eng **Geschicht**; deen Auteur huet scho vill **Geschichte** fir Kanner geschriwwen; ziel mer keng **Geschichten!** [égs] [ziel mer keng *Ligen!*] **4.** (Pluriel *Geschichten*) **DE** *Geschichte* [Affäre] • **FR** *histoire* [affaire] • **EN** *business* [affair] • **PT** *história* [situação delicada] **Beispiller** hie wäert et schweier kréien, fir nees aus där **Geschicht** erauszekommen; dat ass eng domm **Geschicht!** **Synonym** *Affär*

Geschichtchen [gəʃ'ɪçtçən] Femininum (Pluriel *Geschichtercher*) - Diminutivform vun ↗Geschicht

geschichtlech [gəʃ'ɪçtləç] Adjektiv **DE** *geschichtlich* [die *Geschichte* betreffend] • **FR** *historique* [en rapport avec l'histoire] <Adverb *historiquement*> • **EN** *historical* <Ad-

verb *historically* • **PT** *histórico* [relativo à história] <Adverb *historicamente*> **Beispiller** kenns du déi geschichtlech Hannergrënn vun der Revolutioun?; seng Behauptung sinn net all geschichtlech beluecht **Synonym** historesch

Geschichtsbuch [gəʃ'ɪçtsbuːx] Neutrum (Pluriel Geschichtsbicher)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Geschichtsprofessor [gəʃ'ɪçtsprofæse] Maskulinum (Pluriel Geschichtsprofesseren) **DE** *Geschichtslehrer* • **FR** *professeur d'histoire* • **EN** *history teacher* • **PT** *professor de história* **Beispill** eise Geschichtsprofessor huet eis beschriwwen, wéi d'Leit am Mëtallter ugedoe waren

I Kuerzform: Geschichtsproff

I Weiblech Form: ↗Geschichtsprofessesch

Geschichtsprofessesch [gəʃ'ɪçtsprofæsesəʃ] Femininum (Pluriel Geschichtsprofesseschen)

I Variant: Geschichtsprofessorin

I Kuerzform: Geschichtsproff

I Männlech Form: ↗Geschichtsprofessor

Geschichtsprofessorin [gəʃ'ɪçtsprofæso:rin] Femininum (Pluriel Geschichtsprofessorinnen) - Variant vun ↗Geschichtsprofessesch

Geschichtsproff [gəʃ'ɪçtsprof] Maskulinum (Pluriel Geschichtsproffen) [ɛ̃ɡs] - Kuerzform vun ↗Geschichtsprofessor

Geschichtsproff [gəʃ'ɪçtsprof] Femininum (Pluriel Geschichtsproffen) [ɛ̃ɡs] - Kuerzform vun ↗Geschichtsprofessesch

Geschichtsprüfung [gəʃ'ɪçtspry:fuŋ] Femininum (Pluriel Geschichtsprüfungen) **DE** *Klassenarbeit im Fach Geschichte* • **FR** *contrôle d'histoire, composition d'histoire* • **EN** *history test* • **PT** *teste de história* [prova escolar] **Beispill** hien hat eng Datz a senger leschter Geschichtsprüfung

Geschichtsschreiwung [gəʃ'ɪçtsʃraɪvʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Geschichtsschreibung* • **FR** *historiographie* [discipline] • **EN** *historiography* • **PT** *historiografia* [disciplina] **Beispill** et ginn ëmmer nach Dokumenter fonnt, déi fir d'Geschichtsschreiwung interessant sinn

Geschichtsstonn [gəʃ'ɪçtsʃton] Femininum (Pluriel Geschichtsstonnen) **DE** *Geschichtsstunde* • **FR** *cours d'histoire* [leçon] • **EN** *history lesson* • **PT** *aula de história* **Beispill** haut hu mer an der Geschichtsstonn iwwer den Éischte Weltkrich geschwat

Geschier [gəʃ'i:ɔ] Neutrum (kee Pluriel) **1. DE** *Werkzeug, Handwerkszeug* • **FR** *outillage* • **EN** *tools* • **PT** *ferramentas* **Beispiller** de Léierbouf ass dat néidegt Geschier an d'Camionnette sichen; den Exhibitionist huet de Passante säi Geschier gewisen [ɛ̃ɡs] [den Exhibitionist huet de Passante säi Geschlechtsorgan gewisen] **Synonym** Handwierksgeschier **2. DE** *Geschirr* [Essgeschirr] • **FR** *vaisselle* [de table] • **EN** *crockery and cutlery, tableware* • **PT** *louça* (de mesa), *baixela* **Beispill** ech hunn d'Geschier, dat net gebraucht gëtt, zeréck an de Buffet gestallt **3. DE** *Geschirr, Pferdegesschirr* • **FR** *harnais,*

harnachement • **EN** *harness* • **PT** *arreios* **Beispiller** de Kutscher huet d'Geschier nach eng Kéier kontrolléiert, ier e fortgefueh ass; d'Police huet hien am Geschier [ɛ̃ɡs] [d'Police freet hien aus]

Geschierkëscht [gəʃ'i:ɔkɛʃt] Femininum (Pluriel Geschierkëschten) **DE** *Werkzeugkasten* • **FR** *boîte à outils* • **EN** *toolbox* • **PT** *caixa de ferramentas* **Beispill** eng Ratsch däerf a kenger Geschierkëscht feelen

Geschlecht [gəʃ'lɛçt] Neutrum (Pluriel Geschlechter) **1. DE** *Geschlecht* [Geschlechtsmerkmale] • **FR** *sexe* [caractéristiques sexuelles] • **EN** *sex, gender* • **PT** *sexo* [características sexuais] **Beispiller** et ass dacks schwéier, fir bei de Vullen d'Geschlecht ze bestëmmen; d'Dortoire si streng no Geschlechter getrennt **2. DE** *Geschlecht* [Familie, Dynastie] • **FR** *famille, dynastie* • **EN** *family, dynasty* • **PT** *familia, dinastia* **Beispill** si hunn zum Geschlecht vun den Habsburger gehéiert

Geschlechtskrankheet [gəʃ'lɛçtskran̩khe:t] Femininum (Pluriel Geschlechtskrankheeten) **DE** *Geschlechtskrankheit* • **FR** *maladie vénérienne* • **EN** *sexually transmitted disease* • **PT** *doença sexualmente transmissível* **Beispill** e Kondom ka viru Geschlechtskrankheete schützen

Geschlechtsorgan [gəʃ'lɛçdzɔrga:n] Neutrum (Pluriel Geschlechtsorganer) **DE** *Geschlechtsorgan* • **FR** *organe sexuel, organe génital* • **EN** (sexual) *organ* • **PT** *órgão sexual, órgão genital* **Beispill** Infektioune gehéieren zu den heefege Krankheeten un de Geschlechtsorganer

Geschlechtsverkéier [gəʃ'lɛçtsfɛkɛɪə] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Geschlechtsverkehr* • **FR** *rapports sexuels* • **EN** *sexual intercourse* • **PT** *relações sexuais* **Beispill** den Dokter huet d'Koppel gefrot, ob se nach reegelméisseg Geschlechtsverkéier hätt **Synonym** Sex

I Kuerzform: Verkéier

Geschmaach [gəʃ'm'a:χ] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** *Geschmack* [Aroma] • **FR** *goût* [saveur] • **EN** *taste* [flavour] • **PT** *gosto* [sabor] **Beispiller** wouhier kënnt dee battere Geschmaach an denger Zooss?; ech hunn e fade Geschmaach am Mond **Synonym** Goût **2. DE** *Geschmack* [Geschmackssinn] • **FR** *goût* [sens gustatif] • **EN** *sense of taste* • **PT** *gosto* [sentido do gosto] **Beispill** wann een de Schnapp huet, huet ee kee Geschmaach **Synonym** Goût

geschmeideg [gəʃ'm'aidɛç] Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Geschmëss [gəʃ'm'əs] Neutrum (kee Pluriel) [ɛ̃ɡs] **DE** *Krempel* • **FR** *bazar* [bric-à-brac] • **EN** *junk* [bits and pieces, rubbish] • **PT** *tralha* [cangalhada] **Beispill** féier dat ganz Geschmëss op den Tipp! **Synonym** Krätz

Geschmiers [gəʃ'm'i:ɔs] Neutrum (kee Pluriel) **1. DE** *Geschmiere, Schmiererei* • **FR** *barbouillage, gribouillage* • **EN** *scribble, scrawl, daub* • **PT** *gatafunhada, borratada* **Beispiller** schreif emol propper, wat ass dat e Geschmiers!; dat Bild do ass en eenzegt Geschmiers! **2. DE** *Schmeichelei, Schleimerei* • **FR** *flatterie* [calculée, intéressée] • **EN** *bootlicking, fawning* • **PT** *graxa, adulação* **Beispill** dem Schüler säin éiwegt Geschmiers bei der

Professorin fällt op **Synonym** Paltongszéierei **3. DE** *Schmiergeldzahlungen* • **FR** *versements de pots-de-vin* • **EN** *bribes, bribery* • **PT** *pagamento de subornos* **Beispill** deen Entrepreneur ass fir säi **Geschmiers** (bei de Bauhären) bekannt

Geschnadders Neutrum (kee Pluriel) **1. DE** *Geschnatter* [von *Enten, von Gänsen*] • **FR** *coin-coin, cancanement* **Beispill** beim Weier héiert een d'**Geschnadders** vun den Inten **2. [ëgs]** **DE** *Geschnatter* [Durcheinandersprechen] • **FR** *caquetage, jacassement* [bavardage bruyant] **Beispill** wat war dat erëm e **Geschnadders** an der Kantine! **3. [ëgs]** **DE** *Gebibber* • **FR** *grelottements* [dus au froid] **Beispill** géint dat **Geschnadders** a Gezidders hëlleft elo just e waarme Schock!

Geschneeks Neutrum (kee Pluriel) **1. DE** *Nascherei* [Verzehr von Süßigkeiten] • **FR** *grignotage* [de sucreries] • **EN** *snacking* [on sweets] **Beispill** ech hu mer virgeholl, emol eng Zäit méi lues mat deem **Geschneeks** ze maachen **Synonym** Genaschels **2. DE** *Nascherei* [Süßwaren] • **FR** *friandises* [sucreries] • **EN** *snacking* [on sweets] **Beispiller** fir Niklosdag kréien d'Kanner eng Spillsaach an en Teller mat **Geschneeks**; wann d'Bomi op Besuch kënnt, bréngt se den Enkelkanner **Geschneeks** mat **Synonymmen** Genaschels, Schneekegkeeten

Geschnëppels Neutrum (kee Pluriel) **1. DE** *Schnip-peln, Zerkleinern* • **FR** *éminçage, découpage* **Beispiller** d'**Geschnëppels** vum Geméis hält vill Zäit beim Kachen; géiff de Kanner eng Zeitung an eng Schéier, da si se alt mat **Geschnëppels** beschäftigt **2. [ëgs]** **[pe-jorativ]** **DE** *Geschnippel* [unfachmännische Ausführung] • **FR** *travail mal exécuté* [avec des ciseaux, avec un couteau] **Beispiller** wéi de Coiffer mat sengem **Geschnëppels** fäerdeg war, hat e mech komplett verhonzt!; no der Chirurgin hirem **Geschnëppels** hat ech nach méi Péng ewéi virdrun **3. DE** *Papierschnipsel, Stoffschnipsel* • **FR** *petits bouts de papier, petites chutes de tissu* **Beispiller** nom Bastelen hunn d'Kanner hiert **Geschnëppels** zesummegekier; ech huelen un, datt een aus deem **Geschnëppels** näischt méi ka bitzen **Synonym** Schnëppelen

Geschnëss [gəʃn'əs] Neutrum (kee Pluriel) **1. [ëgs]** **DE** *Geschwätz, dumme(s) Gerede* • **FR** *balivernes* [propos] • **EN** *twaddle, drivel* • **PT** *disparates* [ditos] **Beispill** hie geet engem mat sengem **Geschnëss** ferm op d'Nerven **2. [ëgs]** **DE** *Geschwätz, laute(s) Gerede* • **FR** *brouhaha* [de paroles] • **EN** *hubbub* • **PT** *falatório* [ruído de muitas vozes] **Beispill** bei deem ganze **Geschnëss** am Restaurant hunn ech de Garçon bal net verstanen

Geschnetzelt [gəʃn'ætsəltəs] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Geschnetzelt* • **FR** *émincé* • **EN** [Definition] *sautéed veal slivers in a cream sauce* • **PT** *emincé* **Beispill** ech hunn nach ni esou gutt **Geschnetzelt** giess ewéi an dësem Restaurant

Geschreifs Neutrum (kee Pluriel) **1. DE** *Geschreibe* • **FR** *écriture* [action d'écrire] **Beispill** ech kréie vun deem ville **Geschreifs** d'Hand wéi **2. [ëgs]** **DE** *Geschreibsel* [Inhalt] • **FR** *écrits* [contenu] **Beispill** mat deem Auteur sengem **Geschreifs** kann ech näischt ufänken **3. [ëgs]** **DE** (ständige) *Schreiberei* [Hin- und Herschreiben] • **FR** *échange* [inutile] de paperasses **Beispill** no laangem Hin an Hier a villem **Geschreifs** gouf meng Demande

endlech akzeptéiert

gësch [gəʃt] Adverb - Variant vun ↗gëschter

gëschter [g'əʃtə] Adverb **DE** *gestern* • **FR** *hier* • **EN** *yesterday* • **PT** *ontem* **Beispiller** et huet **gëschter** de ganzen Dag gereent; hues de d'Zeitung vu **gëschter** nach?

i Variant: gësch

geschützt [gəʃ'ytst] Adjektiv **DE** *geschützt* [Geschlechtsverkehr] • **FR** *protégé* [rapport sexuel] • **EN** *safe, protected* [sex] • **PT** *protegido* [relação sexual] **Beispill** nëmme **geschützte** Geschlechtsverkeier kann eng Schwangerschaft verhinieren

i „geschützt“ kann och de Participe passé vum Verb ↗schützen sinn.

Geschwätz [gəʃw'æts] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Geschwätz* [Gerede] • **FR** *verbiage* • **EN** *waffling, twaddle* • **PT** *verborreia* **Beispill** géi net op deem eefällege Mënsch säi **Geschwätz**! **Synonym** Gerieds

geschwënn [gəʃw'ən] Adverb **1. DE** *bald* [in Kürze, so-gleich] • **FR** *bientôt* [dans peu de temps] • **EN** *soon* [in a short time] • **PT** *em breve* [dentro de pouco tempo] **Beispiller** ech si midd, ech gi **geschwë** schlofen; géi alt scho vir, ech komme **geschwënn** no!; mir hunn es **geschwë** genuch mat dengem Gesouers!; bis **geschwënn**! **Synonym** gläich **2. DE** *gleich* [im Handumdrehen] • **FR** *en peu de temps, rapidement* **Beispiller** wéi mer bis iwuer d'Grenz waren, ware mer och scho **geschwënn** am Hotel; mir haten de Problem **geschwë** geléist **Synonymmen** gläich, séier

Geschwëster [gəʃw'əstə] Substantiv (kee Singulier) **DE** *Geschwister* • **FR** *frères et sœurs* • **EN** *siblings* • **PT** *irmãos* **Beispiller** mäi Papp huet dräi **Geschwëster**; de grouse Brudder huet op seng kleng **Geschwëster** opgepasst

i Variant: Gesëschter

Geschwindegkeet [gəʃw'indəʒke:t] Femininum (Pluriel **Geschwindegkeeten**) **DE** *Geschwindigkeit* [einer Fortbewegung] • **FR** *vitesse* [de déplacement] • **EN** *speed* [of movement] • **PT** *velocidade* [de deslocação] **Beispiller** de Chauffeur krut e Protokoll, well en sech net un déi erlaabte **Geschwindegkeet** gehalen hat; de Coureur konnt bei der **Geschwindegkeet** vum Peloton net mathalen **Synonym** Vitesse

geschwollen [gəʃw'olən] Adjektiv **DE** *geschwollen* [übertrieben feierlich] • **FR** *boursoufflé, ronflant* <Adverb de façon ampoulé> • **EN** *pompous* <Adverb pompously> • **PT** *empolado, campanudo* <Adverb empoladamente, pomposamente> **Beispiller** ech ka säi **geschwollenen** Toun net méi héieren!; schwätzt hien ëmmer esou **geschwollen**?

i „geschwollen“ kann och de Participe passé vum Verb ↗schwellen sinn.

Geschwulst [gəʃw'ulst] Femininum (Pluriel **Geschwulster**) **DE** *Geschwulst, Tumor* • **FR** *excroissance, tumeur* • **EN** *tumour, growth* • **PT** *excrecência, tumor* **Beispill** déi **Geschwulst** muss operativ behandelt ginn **Synonymmen** Tumeur, Tumor

Geseems [gəz'e:ms] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Saatgut* • **FR** *semences* [graines] • **EN** *seed* • **PT** *sementes*

[grāos] **Beispill** d'Geseems muss een op enger drécherer Plaz versuergen

Gesëffs Neutrum (kee Pluriel) **1.** graf DE Gesöff • FR *bibine* [mauvaise boisson] **Beispill** dat battert Gesëffs kann dach kee Mënsch drénken **2.** graf DE *Sauferei* • FR *beuverie* **Beispill** no eisem Gesëffs vu gëschter Owend hunn ech haut de Moien en décke Kapp **Synonym** Sëf-fecht

Gesell [gəz'æ:] Maskulinum (Pluriel Gesellen) DE *Geselle* [Handwerker] • FR *compagnon* [d'un maître artisan] • EN *journeyman, trained worker* • PT *oficial* [artesão] **Beispiller** de Meeschter huet de Gesell ugestallt, den Atelier ze kieren; dat ass e lëschtege Gesell! ëgs [dat ass e lëschtege Borscht!]

i Weiblech Form: ↗Gesellin

gesellig [gəz'æ:lɛç] Adjektiv **1.** DE *gesellig* [kontakt-freudig] • FR *sociable* • EN *sociable* • PT *sociável* **Beispill** eise Portier ass e *gesellege* Mënsch **2.** DE *gesellig* [unterhaltsam] • FR *convivial* • EN *convivial, enjoyable* <Adverb *convivially*> • PT *alegre, divertido, convivial* <Adverb *de forma convivial*> **Beispiller** an der Wäistuff hate mer e gesellegen Owend mat eise Frënn; mir souze gesellig zesumme bei engem Patt

Gesellegkeet [gəz'æ:lɛçke:t] Femininum (kee Pluriel) DE *Geselligkeit* [Stimmung] • FR *bonne ambiance* • EN *atmosphere, ambiance* • PT *ambiente divertido* **Beispill** d'Museker hu fir Gesellegkeet gesuergt

Geselleprüfung [gəz'æ:pry:fun] Femininum (Pluriel Geselleprüfungen) DE *Gesellenprüfung* • FR *épreuve pour l'obtention du certificat d'aptitude professionnelle* • EN *journeyman exam, final apprenticeship exam* • PT *(prova para a obtenção do) certificado de aptidão profissional* **Beispiller** fir déi Plaz ze kréien, brauchs de d'Geselleprüfung; hien huet seng Geselleprüfung gepackt a schafft elo bei engem Bäcker an der Stad

Gesellin [gəz'æ:lin] Femininum (Pluriel Gesellinnen) DE *Gesellin* [Handwerkerin] • FR *compagnon* [ouvrière artisanale] • PT *oficiala* [artesã]

i Männlech Form: ↗Gesell

Gesellschaft [gəz'æ:lʌft] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Gesellschaft* [gegliederte Gemeinschaft] • FR *société* [collectivité structurée] • EN *society* [ordered community] • PT *sociedade* [coletividade estruturada] **Beispill** et ass heiansdo schwéier, seng Plaz an der Gesellschaft ze fannen **2.** (kee Pluriel) DE *Gesellschaft* [Umgang, Begleitung] • FR *compagnie* [fréquentation] • EN *company* [gathering, community] • PT *companhia* [convivência, trato] **Beispiller** bei deene Leit bass de a gudder Gesellschaft; ech halen him owes Gesellschaft lech sinn owes bei him, fir datt en net eleng ass **3.** (Pluriel Gesellschaften) DE *Gesellschaft* [Personenkreis] • FR *assemblée, groupe de personnes* • EN *crowd, group of people* • PT *companhia, grupo de pessoas* **Beispill** am Bistro souzen e puer lëschteg Gesellschaften **4.** (Pluriel Gesellschaften) DE *Gesellschaft, Unternehmen* • FR *société, entreprise, compagnie* • EN *company, business* • PT *sociedade, empresa, companhia* **Beispill** d'Gesellschaft huet hire Sëtz bei eis am Land **Synonym** Societéit

gesellschaftlech [gəz'æ:lʌftlɛç] Adjektiv DE *gesellschaftlich* • FR *social* [qui concerne la société] <Adverb *socialmente*> • EN *social* [civic, community] <Adverb *socially*> • PT *social* [relativo à sociedade] <Adverb *socialmente*> **Beispiller** hie befaasst sech vill mat gesellschaftleche Froen; et ass bei de Leit gutt gesinn, wann een sech gesellschaftlech engagéiert

Gesellschaftsliewen [gəz'æ:lʌftsljəvən] Neutrum (kee Pluriel) DE *Gesellschaftsleben* • FR *vie sociale, vie en société* • EN *social life* • PT *vida social, vida em sociedade* **Beispill** d'Veräiner droe vill zum Gesellschaftsliewe bäi

Gesellschaftsschicht Femininum (Pluriel Gesellschaftsschichten)

i Hei entsteet en neien Artikel

Gesellschaftsspill [gəz'æ:lʌftspil] Neutrum (Pluriel Gesellschaftsspiller) DE *Gesellschaftsspiel* • FR *jeu de société* • EN *board game* • PT *jogo de sociedade* **Beispill** ech hunn him fir de Gebuertsdag eng Këscht mat Gesellschaftsspiller kaaft

Gesellschaftsstruktur [gəz'æ:lʌftstruktʊ:ç] Femininum (Pluriel Gesellschaftsstrukturen) DE *Gesellschaftsstruktur* • FR *structure sociale* • EN *structure of society, social structure* • PT *estrutura social* **Beispill** d'Mët-telalter war duerch feudal Gesellschaftsstrukture charakteriséiert

gesënn [gəz'ənt] Adjektiv ... gesënn sinn DE ... *gesinnt sein* • FR *être ... intentionné* [à l'égard de] • EN *to be ... disposed, to be ... intentioned* [towards someone] • PT *ser ...-intencionado* [para com alguém], *querer ...* [a alguém] **Beispiller** däin neien Noper schéngt der gutt gesënn ze sinn; esou granzeg, wéi en ëmmer ass, mengt ee bal, e wier eis schlecht gesënn!

Gesënnung [gəz'ənuŋ] Femininum (Pluriel <seelen> Gesënnungen) DE *Gesinnung* • FR *opinions, convictions* • EN *views, leanings* • PT *opiniões, convicções* **Beispill** d'Journalistin gouf wéinst hirer politescher Gesënnung agespaart

Gesëchter [gəz'əftɛ] Substantiv (kee Singulier) - Variant vun ↗Geschwëster

Gesetz [gəz'æ:ts] Neutrum **1.** (Pluriel Gesetzer) DE *Gesetz* [rechtlich bindende Vorschrift] • FR *loi* [règle juridique] • EN *law* [legal rule] • PT *lei* [regra jurídica] **Beispiller** dat Gesetz besteet aus 15 Artikelen; dat ass en ongeschriwwent Gesetz! [dat ass eng Reegel, un déi d'Leit sech halen, obwuel se net offiziell festgehalten ass] **2.** (kee Pluriel) DE *Gesetz* [Gesamtheit der juristischen Vorschriften] • FR *loi* [ensemble des règles juridiques] • EN *law* [system of legal rules] • PT *lei* [conjunto das regras jurídicas] **Beispiller** ech hale mech ëmmer un d'Gesetz; dem Gesetz no däerf een dat net maachen; Gesetz ass Gesetz! [d'Gesetz muss agehale ginn] **3.** (Pluriel Gesetzer) DE *Gesetz* [wissenschaftliches Prinzip] • FR *loi* [principe scientifique] • EN *law* [scientific principle] • PT *lei* [lei científica] **Beispill** am Physikscours goug et haut ëm d'Gesetz vum fräie Fall

Gesetzesprojekt [gəz'æ:tsɛspro:çɛ:] Maskulinum (Pluriel Gesetzesprojeten) DE *Gesetzesentwurf, Gesetzesvorlage* • FR *projet de loi* • EN *bill* [draft law] • PT *projeto de lei* **Beispiller** d'Regierung huet de Gesetzesprojekt an

der Chamber deponéiert; den Artikel 5 vum **Gesetzprojet** gouf vun der Kommissioun amendéiert **Synonymmen** Gesetzesvirlag, Projet de loi

i Variant: Gesetzprojet

Gesetzestext [gəz'ætsəstækst] Maskulinum (Pluriel **Gesetzestexte**) **DE** *Gesetzestext* • **FR** *texte de loi* • **EN** *text of a law, terms of a law* • **PT** *texto de lei* **Beispill** d'Majoritéit vun den Deputéierten huet géint den Amendement vum **Gesetzestext** gestëmmt

Gesetzesvirlag [gəz'ætsəsfi:ɔla:χ] Femininum (Pluriel **Gesetzesvirlagen**) **DE** *Gesetzesentwurf, Gesetzesvorlage* • **FR** *projet de loi* • **EN** *bill, draft legislation* • **PT** *projeto de lei* **Beispill** d'**Gesetzesvirlag** ass eestëmmege an der Chamber approvéiert ginn **Synonymmen** Gesetzesprojet, Projet de loi

i Variant: Gesetzesvirlag

Gesetzesvorschlag [gəz'ætsəsfi:ɔʃla:χ] Maskulinum (Pluriel **Gesetzesvorschläe**) **DE** *Gesetzesvorschlag* • **FR** *proposition de loi* • **EN** *proposed legislation, bill, draft proposal* • **PT** *proposta de lei* **Beispiller** de Mëtteg gétt an der Chamber iwuer dem Deputéierte säi **Gesetzesvorschlag** ofgestëmmt; d'Kommissioun huet déi zwee **Gesetzesvorschläe** amendéiert

i Variant: Gesetzesvorschlag

Gesetzgebung [gəz'ætsge:bun] Femininum (Pluriel **Gesetzgebungen**) - Variant vun ↗**Gesetzgebung**

Gesetzgebung [gəz'ætsge:bun] Femininum (Pluriel **Gesetzgebungen**) **DE** *Gesetzgebung* • **FR** *législation [normes juridiques]* • **EN** *legislation* • **PT** *legislação [normas jurídicas]* **Beispill** den Text huet 1969 Agang an d'**Gesetzgebung** fonnt **Synonym** Legislatioun

gesetzlech [gəz'ætsləç] Adjektiv **DE** *gesetzlich* • **FR** *légal [juridique]* <Adverb *légalement*> • **EN** *legal* <Adverb *legally*> • **PT** *legal [juridico]* <Adverb *legalmente, por lei*> **Beispiller** dës Entscheidung huet keng **gesetzlech** Basis; de Mindestloun ass **gesetzlech** festgeluecht **Synonymmen** legal, rechtlech

Gesetzprojet [gəz'ætsprɔʒe:] Maskulinum (Pluriel **Gesetzprojeten**) - Variant vun ↗**Gesetzesprojet**

Gesetzvirlag [gəz'ætsvirla:χ] Femininum (Pluriel **Gesetzvirlagen**) - Variant vun ↗**Gesetzesvirlag**

Gesetzvorschlag [gəz'ætsfi:ɔʃla:χ] Maskulinum (Pluriel **Gesetzvorschläe**) - Variant vun ↗**Gesetzesvorschlag**

Gesichs Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Sucherei* • **FR** *recherche [action de chercher]* **Beispiller** wann s de géifs doheem raumen, dann hätt dat éiwegt **Gesichs** en Enn; no laangem **Gesichs** huet d'Koppel endlech eng abordabel Wunneng fonnt

Gesiicht [gəz'i:çt] Neutrum (Pluriel **Gesiichter**) **DE** *Gesicht [Gesichtszüge, Antlitz]* • **FR** *visage, figure, face* • **EN** *face* • **PT** *cara, rosto, face* **Beispiller** dat Kand huet e schéint **Gesiicht**; mäi Frënd huet elauter Speechelen am **Gesiicht**; de Blesséierten huet vu Péng d'**Gesiicht** verzunn; dréi dech em, datt ech dech an d'**Gesiicht** gesinn!; d'Doktesch mécht en eescht **Gesiicht** [d'Dok-

tesch kuckt eescht dran]; no der Prüfung hu vill Schüler e laangt **Gesiicht** gemaach [égs] [no der Prüfung ware vill Schüler enttäuscht]; hal op, **Gesiichter** ze schneiden! [égs] [hal op, Grimassen ze maachen!]; dat soen ech him riicht an d'**Gesiicht**! [égs] [dat soen ech him riichteraus]; hien hat e Samschdeg eng Ferm am **Gesiicht** [égs] [hie war e Samschdeg déck voll]; d'Meedchen huet iwuer d'ganz **Gesiicht** gelaacht [d'Meedchen huet gestraalt vu Freed]; meng Gebeesseschmier ass op d'**Gesiicht** gefall [égs] [meng Gebeesseschmier ass op d'Sait mam Gebeess gefall]; dee Bouf huet dat nème gemaach, fir d'**Gesiicht** net ze verléieren [égs] [dee Bouf huet dat nème gemaach, fir sech net blousszustellen]

i „Du hues e Gesiicht ewéi ...“ seet een an der Ëmgangssprooch als Reaktioun op eng Ausso, mat där ee guer net averstanen ass, déi een als falsch empfennt oder wéllt an d'Lächerlecht zéien. Dobäi widderhélt een hannert dem „ewéi“ dat Substantiv, dat déi aner Persoun an hirer Ausso gebraucht huet. Well et sech hei net em e richtige Verglach handelt, kann dat Substantiv esouwuel e Liewewiese wéi eng Saach oder eng Abstraktioun bezeechen: Mamma, komm séier, et ass eng riseg Musik a menger Kummer! Du hues e Gesiicht ewéi eng Musik! Dat do ass eng Libell, déi pickt net. / Mir kënnen der Bomi hir Vitriinn jo mam Päerd-sunhänger transportéieren. Du hues e Gesiicht ewéi e Päerdsunhänger! / Ech mengen, dat huet eppes mam Klimawandel ze dinn. Du hues e Gesiicht wéi de Klimawandel!

Gesichtchen [gəz'i:çtçən] Neutrum (Pluriel **Gesichtcher**) - Diminutivform vun ↗**Gesiicht**

Gesichtsausdruck [gəz'i:zdzæ:ʊsdrok] Maskulinum (Pluriel **Gesichtsausdréck**) **DE** *Gesichtsausdruck* • **FR** *expression [du visage]* • **EN** *(facial) expression* • **PT** *semblante, expressão [do rosto]* **Beispill** d'Riichterin ass mat engem ganz eeschte **Gesichtsausdruck** aus dem Sétzungssall komm **Synonym** Minn

gesinn [gəz'in] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participle passé **gesinn**) » **transitiv 1. DE** *sehen [erblicken]* • **FR** *voir [apercevoir]* • **EN** *to see [to perceive]* • **PT** *ver [enxergar]* **Beispiller** vu menger Fënster aus **gesinn** ech d'Katedral; ech kennen dee Mann vu **Gesinn** [ech kennen dee Mann, awer net perséinlech]; du **gesäis** d'Männercher! [égs] [du bilts dir dat an!]; du bass paranoid!; meng Kolleegin **gesäit** nëmmen hir Interëten [meng Kolleegin huet nëmmen hir Interëten am Sënn]; **gesäis** de mech an engem Schnëppel? [égs] [kanns de der mech an engem Schnëppel virstellen?] **2. DE** *sehen [erkennen, sich klar werden]* • **FR** *voir [s'apercevoir de, se rendre compte de]* • **EN** *to see [to become aware of]* • **PT** *ver [aperceber-se de, dar conta de]* **Beispiller** hat kee vun iech dee Problem **gesinn**?; du wäerts **gesinn**, datt alles net esou schlëm ass, wéi s de mengs!; dat **geséich** ech gär! [ironesch] [dat gleewen ech net gär!]; dat **gesi** mer nach! [égs] [dat ass nach net decidiert] **3. DE** *sehen [treffen]* • **FR** *voir [rencontrer]* • **EN** *to see [to meet]* • **PT** *ver [encontrar]* **Beispill** mir **gesinn** eis d'nächst Woch **Synonym** treffen **4. DE** *sehen [durchmachen, erleben]* • **FR** *voir [vivre, connaître, être témoin de]* • **EN** *to see [to experience]* • **PT** *ver [passar por, ser testemunha de]* **Beispill** esou eng Kris huet d'Welt nach net **gesinn** **Synonym** erliewen **5. DE** *sehen [ansehen]* • **FR** *voir [être spectateur de]* • **EN** *to see [to watch]* • **PT** *ver [ser espetador de]* **Beispill** hues de dee Film scho **gesinn**? **6. net** kënne **gesinn** **DE** *nicht sehen können [nicht ertragen können]* • **FR** *ne pas pouvoir voir [ne pas supporter]* • **EN** *to not be able to stand [to dislike]* • **PT** *não poder ver [não suportar]*

tar] **Beispiller** ech ka meng Nopesch net **gesinn!**; et ass d'ganz Woch Kabes ginn, ech ka kee méi **gesinn!** 7. *DE* *sehen* [*betrachten*] • *FR* *voir, considérer* • *EN* *to see, to look at* [*to consider*] • *PT* *ver, considerar* **Beispiller** du hues Recht, dat kann een och esou **gesinn**; streng **gesinn** ass deng Ausso net korrekt » **intransitiv 8**. *DE* *sehen* • *FR* *voir* • *EN* *to see* • *PT* *ver* **Beispiller** ech **gesinn** net méi gutt, ech brauch e Brëll; dat Framësch **gesäit** net méi wäit ewéi seng Nues! [égs] [dat Framësch denkt net wäit]

I Verben, déi **gesinn** als Basis hunn: ↗agesinn, ↗ausgesinn, ↗eragesinn, ↗erausgesinn, ↗erausgesinn, ↗erëmgessinn, ↗ofgesinn, ↗routgesinn, ↗schwaarzesinn, ↗ugesinn, ↗virausgesinn an ↗virgesinn

Gesolpertes [gəz'olpɛtəs] Neutrum (kee Pluriel) *DE* *Gesalzenes* • *FR* *viande salée* • *EN* *salted meat* • *PT* *carne salgada* **Beispill** haut gëtt et **Gesolpertes** mat grëngem Kabes

gesund [gəz'ont] Adjektiv 1. *DE* *gesund* [*bei guter Gesundheit*] • *FR* *en bonne santé* • *EN* *healthy* [*fit*] • *PT* *de boa saúde* **Beispiller** mat mengen 80 Joer sinn ech nach **gesund** a monter; de Patient ass erëm **gesund**; et gëtt mëttlerweil vill méi Patienten, déi nees **gesund** sinn, wéi där, déi sech nei mam Coronavirus infizéiert hunn 2. *DE* *gesund* [*gesundheitsfördernd*] • *FR* *sain* [*bon pour la santé*] <Adverb *sainement*> • *EN* *healthy* [*wholesome*] <Adverb *healthily*> • *PT* *saudável* [*bom para a saúde*] <Adverb *saudavelmente*> **Beispiller** frësch Uebst ass **gesund**; um Mier ass méi eng **gesund** Loft ewéi an der Stad; wann s de wëlls al ginn, da muss de méi **gesund** liewen!

Gesondheet [gəz'onthe:t] Femininum (kee Pluriel) *DE* *Gesundheit* • *FR* *santé* [*état physiologique*] • *EN* *health* • *PT* *saúde* **Beispiller** du muss eppes fir deng **Gesondheet** maachen!; en Alkoholiker mécht seng **Gesondheet** drop; mäi Papp ass bei gudder **Gesondheet** [mäi Papp ass **gesund**]; mir drénken op dem Gebuerts-dagskand seng **Gesondheet** [mir drénken e Glas zu Éiere vum Gebuerts-dagskand]; **Gesondheet!** [⇒ wënscht een engem, dee genéitst huet]

gesundheetlech [gəz'onthe:tlɛç] Adjektiv *DE* *gesundheitlich* • *FR* *de santé, sur la santé* • *EN* *health* • *PT* *de saúde, sobre a saúde* **Beispiller** aus **gesundheetleche** Grënn kann hie seng Aarbecht net méi ausüben; d'**gesundheetlech** Konsequenze vum Fëmmen si bekannt; mat him geet et **gesundheetlech** biergof [égs] [säi **gesundheetlechen** Zoustand gëtt méi schlecht]

Gesondheetsfraisen [gəz'onthe:tsfræ:ən] Substantiv (kee Singulier)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Gesondheetskäschten [gəz'onthe:tskæftən] Substantiv (kee Singulier) *DE* *Gesundheitskosten, Gesundheitsausgaben* • *FR* *frais de santé* • *EN* *healthcare costs* • *PT* *custos de saúde* **Beispill** an eisem System gëtt e groussen Deel vun de **Gesondheetskäschte** vum Staat iwverholl

Gesondheetskeess [gəz'onthe:tske:s] Femininum (kee Pluriel) *DE* [Definitivoun] *staatliche gesetzliche Krankenkasse in Luxemburg* • *FR* *Caisse nationale de santé* • *EN* *National Health Fund in Luxembourg* • *PT* *Caixa Nacional de Saúde* [no Luxemburgo] **Beispill** mengs de, ech kréich meng Dokteschrechnung ganz vun der

Gesondheetskeess rembourséiert?

I Déi fréier Krankekeess gouf 2008 gesetzlech nei definéiert ënner dem Numm **Gesondheetskeess** (CNS, Caisse nationale de santé).

Gesondheetsminister [gəz'onthe:tsministɛ] Maskulinum (Pluriel **Gesondheetsministeren**) *DE* *Gesundheitsminister* • *FR* *ministre de la Santé* • *EN* *Health Minister, Minister of Health* • *PT* *ministro da Saúde* **Beispiller** de **Gesondheetsminister** muss leider nach ëmmer virun de Gefore vum Tubak warnen; weltwäit hate munch **Gesondheetsministeren** d'Konsequenze vun der Coronakris falsch ageschat

I Weiblech Form: ↗Gesondheetsministesch

grouss [grøʊs] Adjektiv **1. DE** *groß* [ausgedehnt, beträchtlich] • **FR** *grand* [en dimensions, en ampleur] • **EN** *big, large* • **PT** *grande* [volumoso, amplo] **Beispiller** ech hat esou en Honger, datt ech zwee grouss Stécker Taart giess hunn!; eng grouss Famill brauch e grouss Haus; well d'Pompjeeë séier agéiert hunn, huet d'Feier kee grouss Schued gemaach; meng Elteren hunn eng grouss Zomm an Immobilien investéiert; wéi mir heemkomm sinn, stoung d'Hausdier grouss op! [wéi mir heemkomm sinn, stoung d'Hausdier wäit op]; an der grousser Vakanz ass manner Verkéier op de Stroossen [an der Schoulvakanz am Summer ass manner Verkéier op de Stroossen]; wéi eis Frënn gebaut hunn, hunn se ze grouss gesinn! [wéi eis Frënn gebaut hunn, hunn se d'Situatioun ënnerschat an hir Moyenen iwverschaf] **2. DE** *groß* [in Hinsicht auf die Körpergröße] • **FR** *grand* [en taille] • **EN** *big* [tall] • **PT** *grande* [em tamanho corporal] **Beispiller** äert Meedchen ass grouss fir säin Alter!; dat Kand ass séier grouss ginn [dat Kand ass séier gewuess] **3. DE** *groß* [älter] • **FR** *grand* [plus âgé] • **EN** *big* [elder] • **PT** *mais velho* [de idade] **Beispill** ech si mat mengem grousser Brudder op d'Wisefest gaangen **4. DE** *groß* [erwachsen] • **FR** *grand* [adulte] • **EN** *big, grown-up* • **PT** *grande* [crescido, adulto] **Beispiller** eis Hausdoktesch huet dräi grouss Meedercher; du bass grouss an al genuch, fir deng Schong selwer ze strécken!; mäin Neveu ass séier grouss ginn, elo mécht e schonn de Führschäin!; wann déi Grouss schwätzen, hunn déi Kleng de Mond ze halen!; ech sinn an dësem Duerf grouss ginn [ech sinn an dësem Duerf opgewuess] **5. DE** *groß* [bedeutend] • **FR** *grand* [important] • **EN** *big* [important] • **PT** *grande* [importante] **Beispiller** muer hunn d'Museksschüler hiren éischte groussen Optréit; weess du, datt deng eelst Schwëster meng éischt grouss Léift war?; mäi Cousin ass ee vun deene Groussen a senger Branche **6. DE** *groß* [begeistert] • **FR** *grand* [passionné] • **EN** *big* [enthusiastic] • **PT** *grande* [entusiasmado] **Beispiller** meng Schwëster ass e grousser Fan vun Handball; ech sinn e groussen Amateur vu klassischer Musek **Synonym** begeeschtert **7. DE** *groß* [wesentlich] • **FR** *grand* [essentiel, principal] • **EN** *basic, essential* • **PT** *grande* [essencial, principal] **Beispill** den Auteur huet der Press säi lescht Buch a groussen Zich virgestallt

groussaarteg [gr'əʊza:rtəç] Adjektiv 1. DE *großartig* • FR *formidable* <Adverb *formidablement*> • EN *great*, *splendid* <Adverb *splendidly*> • PT *grandioso*, *excelente* <Adverb *imenso*, *muito*> **Beispiller** hien huët mir stänneg vun senge groussaartege Geschäfte geschwat; d'Kanner hunn sech groussaarteg ameséiert **Synonymmen** fantastesch, formidabel 2. DE *hochmütig* [Per-son] • FR *hautain*, *arrogant* • EN *haughty*, *arrogant* • PT *altivo*, *arrogante* **Beispill** eis Nopere sinn ze groussaarteg, fir Moien ze soen

Groussasaz [gr'əʊzaza:ts] Maskulinum (Pluriel Groussasätz) DE *Großeinsatz* • FR *opération de grande envergure* [des services de secours], *opération coup de poing* • PT *megaoperação* **Beispiller** nom Groussasaz koumen dräi Pompjeeë mat enger Dampvergiftung an d'Spidol; dat lescht Joer hat d'Police manner Groussasätz wéi déi Jore virdrun

Grouss Baartfliedermaus [gr'əʊsba:rt-fl'i'iedemæ:ʊs] Femininum (Pluriel Grouss Baartfliedermais) *Myotis brandtii* DE *Große Bartfledermaus* • FR *murin de Brandt* • EN *Brandt's bat* • PT *morcego de Brandt* **Beispill** d'Grouss Baartfliedermais liewen an ausgehelegte Beem, a Fliedermauskéschten an an Haiser, déi no beim Bësch stinn

Groussbéiwen [gr'əʊsb'z'ivəŋ] Eegennumm DE *Großbivvingen* • FR *Grand-Bevange* • EN *Grand-Bevange* • PT *Grand-Bevange* **Beispiller** ech wunnen zu Groussbéiwen; fiert dëse Bus op Groussbéiwen?

Grouss Bëschdau [gr'əʊsb'əʃdauʃ] Femininum (Pluriel Grouss Bëschdauwen) *Columba palumbus* DE *Ringeltaube* • FR *pigeon ramier* • EN *common wood pigeon* • PT *pombo-torcaz* **Beispill** wéi laang bréien d'Grouss Bëschdauwen?

Grouss Bréissem Femininum (Pluriel Grouss Bréissemen) *Abramis brama* DE *Brachse* • FR *brème commune* • EN *common bream* • PT *brema* **Beispill** déi Grouss Bréissem hält sech a méi rouege Gewässer op **Synonym** Goldbréissem

Groussbritannien [gr'əʊsbrit'aniən] Eegennumm, Neutrum DE *Großbritannien* • FR *Grande-Bretagne* • EN *Great Britain* • PT *Grã-Bretanha* **Beispiller** Groussbritannien ass eng Insel am Atlantik; ech war schonn dräimol a Groussbritannien; ech fieren d'nächst Woch a Groussbritannien; ech kommen aus Groussbritannien

Groussbus [gr'əʊsb'us] Eegennumm DE *Grosbus* • FR *Grosbus* • EN *Grosbus* • PT *Grosbus* **Beispiller** ech wunnen zu Groussbus; fiert dëse Bus op Groussbus?

Lokalvariant: Bus

Groussbus-Wal Eegennumm DE *Grosbus-Wahl* [Gemeinde in Luxemburg] • FR *Grosbus-Wahl* [commune au Luxembourg] **Beispill** weess du, wéi eng Uertschaften zur Gemeng Groussbus-Wal gehéieren?

Grouss Dommel [gr'əʊsd'oməl] Femininum (Pluriel Grouss Dommelen) *Botaurus stellaris* DE *Rohrdommel* • FR *butor étoilé* • EN *Eurasian bittern* • PT *abetouro-comum* **Beispill** wéi laang bréien d'Grouss Dommelen? **Synonym** Mouerochs

Grouse Broochvull [gr'əʊsbr'o:çful] Maskulinum (Pluriel Grouse Broochvullen) *Numenius arquata* DE *Großer Brachvogel* • FR *courlis cendré* • EN *Eurasian curlew* • PT *maçarico-real* **Beispill** wéi laang bréien d'Grouse Broochvullen? **Synonym** Schneppekinnek

grousseg Adjektiv

Hei entsteet en neien Artikel.

Grouse groen Neimäerder [gr'əʊsəgr'o:ən-n'aime:ɔde] Maskulinum (Pluriel Grouse gro Neimäerder) *Lanius excubitor* DE *Raubwürger* • FR *pie-grièche grise* • EN *great grey shrike* • PT *picanço-grande* **Beispill** wéi laang bréien d'Grouse gro Neimäerder?

Grouse Jäizert [gr'əʊsəz'æ:itset] Maskulinum (Pluriel Grouse Jäizerten) *Acrocephalus arundinaceus* DE *Drosselrohrsänger* • FR *rousserolle turdoïde* • EN *great reed warbler* • PT *rouxinol-grande-dos-caniços* **Beispill** wéi laang bréien d'Grouse Jäizerten?

Grouselteren [gr'əʊszæltərən] Substantiv (kee Singulier) DE *Großeltern* • FR *grands-parents* • EN *grand-parents* • PT *avós* **Beispill** d'Grouselteren drécken eis dacks heemlech e Schäin an de Grapp

Grouse Piipsert [gr'əʊsəp'i:pset] Maskulinum (Pluriel Grouse Piipserten) *Anthus richardi* DE *Spornpieper* • FR *pipit de Richard* • EN *Richard's pipit* • PT *petinha-de-richard* **Beispill** wéi laang bréien d'Grouse Piipserten?

Grouse Seeër [gr'əʊsəz'e:ɐ] Maskulinum (Pluriel Grouse Seeër) *Mergus merganser* DE *Gänsesäger* • FR *harle bievre* • EN *common merganser* • PT *merganso-grande* **Beispill** wéi laang bréien d'Grouse Seeër?

Grouse wäisse Reeër [gr'əʊsəv'æ:isəv'e:ɐ] Maskulinum (Pluriel Grouse wäiss Reeër / Grouse wäiss Reeëren) *Casmerodius albus* DE *Silberreiher* • FR *grande aigrette* • EN *great white egret* • PT *garça-branca-grande* **Beispill** wéi laang bréien d'Grouse wäiss Reeër? **Synonym** Sëlwerreeër

Grouse Wakeleefer [gr'əʊsəv'a:kəle:fe] Maskulinum (Pluriel Grouse Wakeleefer) *Charadrius hiaticula* DE *Sandregenpfeifer* • FR *pluvier grand-gravelot* • EN *common ringed plover* • PT *borrelho-grande-de-coleira* **Beispill** wéi laang bréien d'Grouse Wakeleefer?

groussflächeg [gr'əʊsflæçəç] Adjektiv DE *großflächig* • FR *vaste*, *très étendu* <Adverb à grande échelle> • PT *vasto*, *muito extenso* <Adverb em larga escala> **Beispiller** d'Pompjeeën hate Krämpes, fir dee groussflächege Brand enner Kontroll ze kréien; fir ze gesinn, wéi verbreet de Virus ass, soll d'Populatioun elo groussflächeg getest ginn

Groussgaass Eegennumm DE *Grand-rue* [Straße in Luxemburg-Stadt] • FR *Grand-rue* [à Luxembourg-ville] **Beispiller** weess du, zënter wéini d'Groussgaass eng Foussgängerzon ass?; an der Groussgaass fënnt een haaptsächlech deier Kleederbutteker

D'Groussgaass, där hiren offiziellen Numm „Grand-rue“ ass, ass eng Akafsstrooss am Zentrum vun der Stad Lëtzebuerg. Historesch gesinn ass se en Deel vun ale Réimerwee, dee vun Arel op Tréier gaangen ass. Zënter 1979 ass d'Groussgaass eng Foussgängerzon.

Groussherzog [gr'əʊshɛrtso:χ] Maskulinum (Pluriel Groussherzogen) DE *Großherzog* • FR *grand-duc* [souverain] • EN *grand duke* • PT *grão-duque* [soberano] **Beispill** de Groussherzog huet d'Ambassadeuren an Audienz empfaangen **Synonym** Grand-Duc

i Variant: Groossherzog

i Weiblech Form: ♀Groussherzogin

Groussherzogin [gr'əʊshɛrtso:βin] Femininum (Pluriel Groussherzoginnen)

i Variant: Groossherzogin

i Männlech Form: ♂Groussherzog

groussherzoglech [gr'əʊshɛrtso:βləç] Adjektiv DE *großherzoglich* • FR *grand-ducal* • EN *grand ducal* • PT *grão-ducal* **Beispill** déi groussherzoglech Koppel ass op Staatsvisitt am Ausland

i Variant: groossherzoglech

Groussherzogtum [gr'əʊshɛrtso:χtum] Neutrum (Pluriel Groussherzogtemer) DE *Großherzogtum* • FR *grand-duché* • EN *grand duchy* • PT *grão-ducado* **Beispill** Lëtzebuerg ass e Groussherzogtum **Synonym** Grand-Duché

i Variant: Groossherzogtum

Grouss Huffeisennues [grəʊsh'uvaiʒənʊəs] Femininum (Pluriel Grouss Huffeisennuesen) *Rhinolophus ferrumequinum* DE *Große Hufeisennase* • FR *grand rhinolophe* • EN *greater horseshoe bat* • PT *morcego-de-ferradura-grande* **Beispill** zu Lëtzebuerg leeft eng vun de gréisste Reproduktiounskolonien aus der Groussregion vun där ganz seelener Grousser Huffeisennues

groussjäreg [gr'əʊsʒɛ:rəç] Adjektiv DE *volljährig* • FR *majeur* [adulte] • EN *adult, of age* • PT *maior* [adulto] **Beispill** fir den Autofürerschäin ze kréien, muss een zu Lëtzebuerg groussjäreg sinn **Synonym** volljäreg

Groussmamm [gr'əʊsmam] Femininum (Pluriel Groussmammen) DE *Großmutter* • FR *grand-mère* • EN *grandmother* • PT *avó* **Beispill** seng Groussmamm ass direkt nom Krich op d'Welt komm **Synonym** Boma

Grousspapp [gr'əʊspap] Maskulinum (Pluriel Grousspappen) DE *Großvater* • FR *grand-père* • EN *grandfather* • PT *avó* **Beispill** säi Grousspapp war Buergermeeschter **Synonym** Bopa

i Et fënnt een och de Pluriel **Grousspäpp**.

Groussrabbiner [gr'əʊsrabine] Maskulinum (Pluriel Groussrabbiner)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Groussregioun Femininum (kee Pluriel) DE *Großregion* [Kooperationsraum bestehend aus Luxemburg und den angrenzenden Regionen der Nachbarländer] • FR *Grande Région* [espace de coopération regroupant le Luxembourg et les régions limitrophes des pays voisins] • PT *Grande Região* [espaço de cooperação que reúne o Luxemburgo e as regiões limítrofes dos países vizinhos] **Beispill** an der Groussregioun fueren all Dag e sëllege Leit iwwer d'Grenz schaffen

groussschreiwenn [gr'əʊsʃraivɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé groussgeschriwwen) » **transitiv** DE *großschreiben* • FR *écrire avec majuscule, écrire en majuscules* • EN *to write in capitals* • PT *escrever com maiúscula, escrever em maiúsculas* **Beispiller** am Lëtzebuergesche ginn d'Substantive groussgeschriwwen; an eisem Familjebetrieb gëtt d'Zefriddenheet vum Client groussgeschriwwen [an eisem Familjebetrieb ass d'Zefriddenheet vum Client wichteg]

Groussschreiwung [gr'əʊsʃraivʊŋ] Femininum (Pluriel Groussschreiwungen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Grousstad [gr'əʊsʃta:t] Femininum (Pluriel Grousstied) DE *Großstadt* • FR *grande ville, métropole* • EN *large city* • PT *grande cidade, metrópole* **Beispiller** ech wéilt net an enger Grousstad liewen; a ville Grousstied gëtt et e Metro

Grousstatta [gr'əʊstata:] Femininum (Pluriel Grousstattaen) DE *Großtante* • FR *grand-tante* • EN *great aunt* • PT *tia-avó* **Beispill** ech hunn eng Grousstatta an Amerika, déi ech nach ni gesinn hunn

Grousst Mausouer [gr'əʊstma'æ:ʒəʊə] Neutrum (Pluriel Grouss Mausoueren) *Myotis myotis* DE *Großes Mausohr* • FR *grand murin* • EN *greater mouse-eared bat* • PT *morcego-rato-grande* **Beispill** d'Grousst Mausouer lauschtert bei der Juegd um Buedem op allméiglech Geräischer

Grouss Trapp [grəʊstʁ'ap] Femininum (Pluriel Grouss Trappen) *Otis tarda* DE *Großtrappe* • FR *grande outarde* • EN *great bustard* • PT *abetarda-comum* **Beispill** wéi laang bréien d'Grouss Trappen?

Grousst Wisel [grəʊstvi'izəl] Neutrum (Pluriel Grouss Wiselen) *Mustela erminea* DE *Hermelin* • FR *hermine* • EN *stoat* • PT *arminho* **Beispill** d'Grousst Wisel ass am Summer gréisstendeels am Dag an am Wanter an der Nuecht aktiv **Synonym** Hermelin

grousszéien [gr'əʊststʒiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé groussgezunn) » **transitiv** DE *großziehen, aufziehen* • FR *élever* [jusqu'à la pleine autonomie] • PT *criar* [até à sua plena autonomia] **Beispill** meng Grousselteren hu siwe Kanner groussgezunn

grousszillen [gr'əʊstsilən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé groussgezillt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Gro-Zon Femininum (Pluriel Gro-Zonen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Grozon Femininum (Pluriel Grozonen) - Variant vun ♀Gro-Zon

Gruecht Femininum (Pluriel Gruechten) - Variant vun ♀Griecht

Gruef [gruəf] Maskulinum (Pluriel Grief) DE *Graben* • FR *fossé, tranchée* • EN *ditch, trench* • PT *fosso, vala, trincheira* **Beispiller** dee jonke Chauffer ass mat sengem Auto am Gruef gelant; mam Bagger war de Gruef séier ausgehewen; do, wou dat grousst Gebai steet, ware viru Méint nach déif Grief

gruewen [gr'ʊəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gegruewen) » **transitiv 1.** **DE** graben [durch Graben anlegen] • **FR** creuser [pratiquer en creusant] • **EN** to dig [a hole] • **PT** cavar [fazer escavando] **Beispill** eisen Hond huet e Lach gegruewen, fir seng Schank ze verstoppen **2.** **DE** umgraben • **FR** bêcher [retourner la terre de] • **EN** to dig over, to turn over [soil] • **PT** cavar [revolver a terra de] **Beispill** ech gruewe mä ganze Gaart an engem Nomëtteg » **intransitiv 3.** gruewen no **DE** graben nach • **FR** faire des fouilles en vue de trouver • **EN** to dig for • **PT** fazer escavações à procura de **Beispill** d'Piraten hunn no engem Schatz gegruewen

I Verben, déi **gruewen** als Basis hunn: ↗agruewen, ↗ausgruewen, ↗ëmgruewen an ↗ënnergruewen

grujeleg [gr'ʊzələç] Adjektiv **1.** **DE** grauenhaft [entsetzlich] • **FR** horrible, affreux [effroyable] • **EN** gruesome, terrible • **PT** horrível [aterrador] **Beispill** op der Autobunn ass an der Nuecht e **grujelegt** Accident geschitt **Synonymmen** schrecklech, terribel **2.** **DE** hässlich, scheußlich • **FR** horrible [hideux, laid] «Adverb horriblement» • **EN** hideous, horrible «Adverb horribly» • **PT** horrível [extremamente feio] «Adverb horrivelmente» **Beispiller** wéi kann e Mënsch esou **grujeleg** Riddeen ophänken?; de Gesangveräin huet nach ni esou **grujeleg** gesongen ewéi de Moien **Synonymmen** ellen, gräisslech **3.** **DE** gruselig • **FR** effrayant [qui donne des frissons] • **EN** scary • **PT** assustador [que causa arrepios] **Beispill** op der Geeschterbunn ass et schéi **grujeleg**!

grujelen [gr'ʊzələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gegrujelt) » **transitiv 1.** **DE** gruseln • **FR** donner le frisson [faire peur] • **EN** to give the creeps, to give the shivers • **PT** arrepiar, fazer estremecer [de medo] **Beispiller** et huet mech nach ëmmer gegrujelt, fir an en däischtere Keller ze goen; dat äiskaalt Waasser **grujelt** mech » **reflexiv 2.** **DE** sich gruseln • **FR** avoir le frisson [avoir peur] • **EN** to be scared • **PT** arrepiar-se, estremecer [de medo] **Beispill** ech **grujele** mech, fir bei den Zändokter ze goen

Grumm [grum] Maskulinum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

grunzen [gr'ʊntsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gegrunzt) » **intransitiv DE** grunzen • **FR** grogner [porc, sanglier] • **EN** to grunt [pig] • **PT** grunhir [porco, javali] **Beispill** d'Schwäin am Stall hunn haart gegrunzt

Grupp [grup] Maskulinum/Femininum (Pluriel Gruppen) **1.** **DE** Gruppe [Schar] • **FR** groupe [réunion de plusieurs personnes] • **EN** group [number of people] • **PT** grupo [conjunto de pessoas reunidas] **Beispill** e Grupp vun zeng Leit huet sech fir eng Visite guidée ugemellt **2.** **DE** Gruppe [Interessengemeinschaft] • **FR** groupe, association • **EN** group [association] • **PT** grupo, associação **Beispill** ech si Member vun engem Grupp, dee sech fir d'Promotioun vum Lëtzebuurger Wäin asetzt **3.** **DE** Gruppe [Team] • **FR** groupe, équipe • **EN** group, team • **PT** grupo, equipa **Beispill** d'Joffer huet d'Kanner an zwou Gruppen opgedeelt **4.** **DE** Gruppe [Musikgruppe] • **FR** groupe [de musique] • **EN** group [band] • **PT** conjunto [grupo musical] **Beispill** eise Kollegeen hir Grupp spillt d'nächst Woch hiren eiséchte Concert am Ausland **Synonymmen** Band, Museksgrupp **5.** **DE** Gruppe [Kategorie] • **FR** groupe [catégorie] • **EN** group [category] • **PT** grupo

[categoria] **Beispill** dës gëfteg Produkter kann een a verschidde Gruppen ënnerdeelen **Synonym** Kategorie **6.** **DE** Unternehmensgruppe, Konzern • **FR** groupe (industriel) • **EN** concern, group, corporation • **PT** grupo (industrial), grupo (de empresas) **Beispiller** eis Firma ass vun engem grouse Grupp opkaaft ginn; eise Grupp plangt fir d'nächst Joer Investitiounen an der Héicht vun 250 Milliounen Euro **Synonym** Konzern

gruppéieren [grup'ʒiə:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gruppéiert) » **transitiv 1.** **DE** gruppieren • **FR** grouper [assembler, réunir] • **EN** to group • **PT** agrupar [juntar, reunir] **Beispill** d'Kanner goufen dem Alter no gruppéiert » **reflexiv 2.** **DE** sich gruppieren • **FR** se grouper • **EN** to group together • **PT** agrupar-se **Beispill** d'Géigner vum Projet hu sech ronderëm de fréiere Buergermeeschter gruppéiert

Gruppéierung [grup'ʒiə:rən] Femininum (Pluriel Gruppéierungen) **DE** Gruppierung • **FR** groupement, association • **EN** group, organization • **PT** agrupamento, associação **Beispill** hien ass Member an enger politescher Gruppéierung, déi sech fir de Klimaschutz staark mécht

Gruppenaarbecht [gr'ʊpəna:bəçt] Femininum (Pluriel Gruppenaarbechten) **DE** Gruppenarbeit • **FR** travail en groupe • **EN** group work • **PT** trabalho de grupo **Beispill** de frontalen Unterrecht soll bei eis an der Schoul duerch Gruppenaarbecht ergänzt ginn

Gruyère [gr'ʊjɛ:r] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Greyerzer, Gruyère • **FR** gruyère • **EN** Gruyère [cheese] • **PT** gruyère **Beispill** vun den haarde Kéise schmaacht mir de Gruyère nach ëmmer am beschten

Guell Maskulinum (Pluriel Guallen) pejorativ graff **DE** Portugiese • **FR** Portugais • **EN** Portuguese • **PT** português [pessoa] **Beispill** wat hätt deen houere Guall gär, ech verstinn en net! **Synonymmen** Gis, Portugis

I Opgepasst! „Guall“ ass e staark ofwäertende Begrëff.

Guatemala [gwatem'a:la:] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum **DE** Guatemala • **FR** Guatemala, Guatemala [pays] • **EN** Guatemala • **PT** Guatemala **Beispiller** ech war schonn dräimol am Guatemala; ech fueren d'nächst Woch an de Guatemala; ech kommen aus dem Guatemala; ech war schonn dräimol a Guatemala; ech fueren d'nächst Woch a Guatemala; ech kommen aus Guatemala

I männlech Persoun: ↗Guatemalteek weiblech Persoun: ↗Guatemalteekin Adjektiv: ↗guatemalteekesch Haaptstad: ↗Guatemala-Stad

Guatemala-Stad Eegennumm **DE** Guatemala-Stadt • **FR** Guatémala, Guatemala [ville] • **PT** Cidade da Guatemala **Beispill** Guatemala-Stad ass d'Haaptstad vum Guatemala

Guatemalteek [gwatemalt'e:k] Maskulinum (Pluriel Guatemalteeken) **DE** Guatemalteke • **FR** Guatémaltèque • **EN** Guatemalan • **PT** guatemalteco **Beispill** mäi beschte Frënd ass Guatemalteek

guatemalteekesch [gwatemalt'e:kəʃ] Adjektiv **DE** guatemalteekisch • **FR** guatémaltèque • **EN** Guatemalan • **PT** guatemalteco **Beispill** op eiser Rees hu mir déi guatemalteekesch Kultur kenne geléiert

Guatemalteekin [gwatemala'te:ki:n] Femininum (Pluriel Guatemalteekinnen) **DE** *Guatemaltekin* • **FR** *Guatémaltèque* • **EN** *Guatemalan* [*female*] • **PT** *guatemalteca* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Guatemalteekin

Guckelchen [g'ukəlçən] Neutrum (Pluriel Guckelcher) - Diminutivform vun ↗Gucki

Gucki Neutrum (Pluriel Guckien)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Guckuck [g'ukuk] Maskulinum (Pluriel Guckucken) Cuculus canorus **DE** *Kuckuck* • **FR** *coucou gris* • **EN** *common cuckoo* • **PT** *cuco-canoro* **Beispiller** et gëtt gesot, d'Guckucke géifen hir Eeër a friem Näschter leeën; du schiele Guckuck! **égs** [↔ seet een zu engem, deen net genee kuckt]

Guckucksauer [g'ukuksəø] Femininum (Pluriel Guckucksauerer) **DE** *Kuckucksuhr* • **FR** *coucou, pendule à coucou* • **EN** *cuckoo clock* • **PT** *cuco, relógio de cuco* **Beispill** si hunn sech am Schwarzwald eng Guckucksauer kaaft

Guckuckskand [g'ukukskant] Neutrum (Pluriel Guckuckskanner) **égs** **DE** *Kuckuckskind* • **FR** *bâtard* [*enfant illégitime*] • **EN** *illegitimate child* [*not the legal father's child*] • **PT** *bastardo* [*criança ilegítima*] **Beispill** de Mann war entsat, wéi en héieren huet, datt säi Bouf e Guckuckskand ass

Guddelt [g'udəlt] Eegennumm **DE** *Goudelt* • **FR** *Gouldelt* • **EN** *Gouldelt* • **PT** *Gouldelt* **Beispiller** ech wunnen um Guddelt; fiert dëse Bus op de Guddelt?

Gudrong [g'udrɔŋ] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Godrong

Gudrongsfabréck [g'udrɔŋsfabrek] Femininum (Pluriel Gudrongsfabrécken) - Variant vun ↗Godrongsfabrick

Gudrongsfabrick [g'udrɔŋsfabrik] Femininum (Pluriel Gudrongsfabricken) - Variant vun ↗Godrongsfabrick

Gudrongsfabrik Femininum (Pluriel Gudrongsfabricken) - Variant vun ↗Gudrongsfabrick

Gued [guət] Femininum (Pluriel Gueden) **1. DE** *Patin, Patentante* • **FR** *marraine* • **EN** *godmother* • **PT** *madrinha* **Beispill** meng Gued kënnt och op meng Gebuertsdaagsfeier **Synonym** Giedel **2. égs** **DE** *Großmutter* [*alte Frau*] • **FR** *grand-mère* [*vieille femme*] • **EN** *granny* [*old woman*] • **PT** *velhinha* **Beispill** d'Gued huet de Kanner verzielt, wéi d'Leit fréier geliefte hunn **Synonym** Giedel

Guedber [g'uatbø] Eegennumm **DE** *Godbringen* • **FR** *Godbrange* • **EN** *Godbrange* • **PT** *Godbrange* **Beispiller** ech wunnen zu Guedber; fiert dëse Bus op Guedber?

gueden Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geguet)

i Hei entsteet en neien Artikel.

guer [gu:ɐ̯] Adverb guer net **DE** *gar nicht, überhaupt nicht* • **FR** *pas du tout, rien du tout, absolument rien, absolument aucun* • **EN** *not at all* • **PT** *não de todo, nenhum, absolutamente nada* **Beispiller** d'Meenung vun de Leit

gouf guer net berücksichtegt; ech drénke guer keen Alkohol méi!; ech hu (glat a) guer näscht verstanen! **Synonym** iwwerhaapt net

Guergel [g'uəzəl] Femininum (Pluriel Guergelen) **égs** **DE** *Gurgel, Kehle* • **FR** *gorge, cou* [*partie antérieure*] • **PT** *garganta, pescoço* [*parte anterior*] **Beispiller** de Mäerder hat dem Affer d'Guergel duerchgeschnidden; ech wier him am léifsten un d'Guergel gesprongen (ech war ganz rose mat him)

guergelen [g'uəzələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geguergelt) » **intransitiv** **DE** *gurgeln* • **FR** *se gargariser* • **EN** *to gargle* • **PT** *gargarejar* **Beispill** wann hien den Hals wéi huet, da guergelt e mat Kamillentéi

Guët [guət] Maskulinum (kee Pluriel) **vereelt** **DE** *Gegegenstück* [*eines paarigen Gegenstands*] • **FR** *pendant* [*d'une paire*] • **EN** *fellow* [*matching piece*] • **PT** *par* [*outra peça de um par*] **Beispill** ech fannen de Guët vu menger Händsch net méi

Guichet [g'ijɛ:] Maskulinum (Pluriel Guicheten) **DE** *Schalter* [*zur Bedienung von Kunden*] • **FR** *guichet* [*d'un bureau*] • **EN** *counter, window* [*for serving customers*] • **PT** *guiché, balcão* [*de atendimento*] **Beispiller** am Guichet Nummer 8 kann ee Suen ophiewen; ëm siwen Auer maachen d'Guicheten zou; de Guichet beklot sech iwwer déi nei Horairen [*d'Personal aus dem Guichet beklot sech iwwer déi nei Horairen*] **Synonym** Schalter

Guide [gi:t] Maskulinum (Pluriel Guiden) **1. DE** *Führer* [*Begleitperson einer Gruppe*] • **FR** *guide* [*accompagnant un groupe*] • **EN** *guide* [*person accompanying a group*] • **PT** *guia* [*que acompanha um grupo*] **Beispill** eise Guide wouss zu all Gebai eppes ze verzielen **2. DE** *Führer, Reiseführer* [*Buch*] • **FR** *guide* [*livre*] • **EN** *guidebook* • **PT** *guia* [*livro*] **Beispill** dëse Restaurant gëtt vun e puer Guidé recommandéiert

i Weiblech Form: ↗Guide

Guide [gi:t] Femininum (Pluriel Guiden) **1. DE** *Führerin* [*Begleitperson einer Gruppe*] • **FR** *guide* [*accompagnatrice d'un groupe*] • **EN** *guide* [*of a tourist group*] • **PT** *guia* [*mulher que acompanha um grupo*] **Beispill** meng Kusine schafft als Guide bei der Stad Lëtzebuerg **2. DE** *Pfadfinderin* • **FR** *guide* [*adhérente du guidisme*] • **EN** *Girl Guide* • **PT** *guia, escuteira* **Beispill** meng Schwëster ass Chef-taine bei de Guiden

i Männlech Form: ↗Guide

guidéieren [gi:d'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé guidéiert) » **transitiv** **1. DE** *führen* [*begleiten*] • **FR** *guider* [*accompagner*] • **EN** *to guide* [*to accompany*] • **PT** *guiar* [*acompanhar*] **Beispill** dës Hënn ginn ausgebilt, fir blann Persounen ze guidéieren **Synonym** féieren **2. DE** *leiten, führen, steuern* • **FR** *guider* [*diriger, orienter*] • **EN** *to guide* [*to direct, to lead*] • **PT** *guiar* [*indicar o caminho a, orientar*] **Beispiller** ech kennen de Wee net, du muss mech guidéieren; am Musée ginn d'Leit mat faarwege Feiler duerch d'Ausstellung guidéiert

Guidon [g'idõ:] Maskulinum (Pluriel Guidonen) **DE** *Lenker, Lenkstange* • **FR** *guidon* [*d'un deux-roues*] • **EN** *handlebars* • **PT** *guiador* [*de velocipedes, de motociclos*] **Beispiller** ech hu mer en neie Guidon op mäi Vélo mon-

téiert; rapp dech um Guidon! [ɛ̃s] [huel dech zesummen!]

Guillemeten Maskulinum (kee Singulier)

[i] Hei entsteet en neien Artikel.

guillotinéieren [gijotin'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé guillotiniéiert)

[i] Hei entsteet en neien Artikel.

Guinea [gin'e:a:] Eegennumm, Neutrum **DE** *Guinea* • **FR** *Guinée* • **EN** *Guinea* • **PT** *Guiné* **Beispiller** ech war schonn dräimol a Guinea; ech fueren d'nächst Woch a Guinea; ech kommen aus Guinea

[i] männlech Persoun: ↗Guineeeër weiblech Persoun: ↗Guineeeërin Adjektiv: ↗guineeesch Haaptstad: ↗Conakry

Guinea-Bissau [gin'e:a:bis'ɑʊ] Eegennumm, Neutrum **DE** *Guinea-Bissau* • **FR** *Guinée-Bissau* • **EN** *Guinea-Bissau* • **PT** *Guiné-Bissau* **Beispiller** ech war schonn dräimol a Guinea-Bissau; ech fueren d'nächst Woch a Guinea-Bissau; ech kommen aus Guinea-Bissau

[i] männlech Persoun: ↗Guinea-Bissauer weiblech Persoun: ↗Guinea-Bissauerin Adjektiv: ↗guinea-bissauesch Haaptstad: ↗Bissau

Guinea-Bissauer [gin'e:a:bis'ɑø] Maskulinum (Pluriel *Guinea-Bissauer*) **DE** *Guinea-Bissauer* • **FR** *Bissau-guinéen* • **EN** *Guinean* [person from *Guinea-Bissau*] • **PT** *guineense* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Guinea-Bissauer

Guinea-Bissauerin [gin'e:a:bis'ɑøʁin] Femininum (Pluriel *Guinea-Bissauerinnen*) **DE** *Guinea-Bissauerin* • **FR** *Bissau-guinéenne* • **EN** *Guinean* [female person from *Guinea-Bissau*] • **PT** *guineense* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Guinea-Bissauerin

guinea-bissauesch [gin'e:a:bis'ɑøʃ] Adjektiv **DE** *guinea-bissausch* • **FR** *bissau-guinéen* • **EN** *Guinea-Bissauan* • **PT** *guineense* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi guinea-bissauesch Kultur kenne geléiert

Guineeeër [gin'e:ɛ] Maskulinum (Pluriel *Guineeeër*) **DE** *Guineer* • **FR** *Guinéen* • **EN** *Guinean* [person from *Guinea*] • **PT** *guineense* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Guineeeër

Guineeeërin [gin'e:ɛʁin] Femininum (Pluriel *Guineeeërinne*) **DE** *Guineerin* • **FR** *Guinéenne* • **EN** *Guinean* [female person from *Guinea*] • **PT** *guineense* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Guineeeërin

guineeesch [gin'e:əʃ] Adjektiv **DE** *guineesch* • **FR** *guinéen* • **EN** *Guinean* • **PT** *guineense* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi guineeesch Kultur kenne geléiert

Guirlande [gʁl'ɑ̃t] Femininum (Pluriel *Guirlanden*) - Variant vun ↗Guirland

Gulasch [g'ulaf] Maskulinum (Pluriel *Gulaschen*) **DE** *Gulasch* • **FR** *goulache* • **EN** *goulash* • **PT** *gulache* **Beispill** et feelt eng Grëtz Paprika an dengem Gulasch

Gulli Maskulinum (Pluriel *Gullien*) **DE** *Gully* • **FR** *bouche d'égout* [avaloir] • **EN** *drain hole* [of a sewer] • **PT** *bueiro*, *sarjeta* [abertura] **Beispill** haut huet d'Gemeng d'Gullien an eiser Strooss botze gelooss, well se verstoppt waren **Synonym** Stroossegrill

Gully Maskulinum (Pluriel *Gullyen*) - Variant vun ↗Gulli

gülteg [g'yltəç] Adjektiv **DE** *gültig* • **FR** *valable*, *valide* • **EN** *valid* • **PT** *válido* [*vigente*, *legítimo*] **Beispiller** wie kee gültege Parkticket huet, muss mat engem Protokoll rechnen; mäi Pass ass nach zwee Joer gülteg; déi dote Behauptung ass allgemeng gülteg **Synonym** valabel

[i] Variant: gëlteg

Gültegkeet [g'yltəçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Gültigkeit* • **FR** *validité* • **EN** *validity* • **PT** *validade* **Beispill** firwat stells de d'Gültegkeet vun deene Prinzippien a Fro?

[i] Variant: Gëltegkeet

Gumm [gum] Maskulinum (Pluriel *Gummen*) **DE** *Gummen* • **FR** *palais* [*voûte de la bouche*] • **EN** *palate* [roof of the mouth] • **PT** *palato*, *céu da boca* **Beispiller** d'Kamell ass mer um Gumm peche bliwwen!; wa meng Allergie akut ass, bässt et mech um Gumm

[i] Variant: Gomm

Gummi [g'umi:] Maskulinum 1. (kee Pluriel) **DE** *Gummi* [Substanz] • **FR** *caoutchouc* [substance] • **EN** *rubber* [substance] • **PT** *borracha* [substância] **Beispill** dës Stiwwele sinn aus Gummi 2. (Pluriel *Gummien*) **DE** *Gummi* [Radiergummi] • **FR** *gomme* [à effacer] • **EN** *rubber* [eraser] • **PT** *borracha* [para apagar] **Beispill** d'Schülerin huet de Feeler mam Gummi ausgemaach 3. (Pluriel *Gummien*) [ɛ̃s] **DE** *Gummi* [Kondom] • **FR** *capote* [préservatif] • **EN** *rubber*, *condom* • **PT** *camisinha* [preservativo] **Beispill** während der Aidskampagne goufe Gummie verdeelt **Synonymmen** Kapëttchen, Kondom

Gummibärchen Maskulinum (Pluriel *Gummibärcher*)

[i] Hei entsteet en neien Artikel.

gummis [g'umi:s] onverännerbaart Adjektiv **DE** *aus Gummi* • **FR** *en caoutchouc* • **EN** *rubber* • **PT** *de borracha* **Beispill** déi deng gummis Stiwwelen un, fir fëschen ze goen!

Gummisstiwwel [gumi:sft'ivəl] Maskulinum (Pluriel *Gummisstiwwelen*) **DE** *Gummistiefel* • **FR** *botte en caoutchouc* • **EN** *welly*, *rubber boot* • **PT** *bota de borracha*, *galocha* **Beispill** fir de Scoutscamp brauch all Kand Gummisstiwwelen

Gurjett [g'urʒæt] Femininum (Pluriel *Gurjetten*) - Variant vun ↗Courgette

Gurmang [g'urman] Maskulinum (Pluriel *Gurmangen*) [ɛ̃s] **DE** *Vielfraß* [Mensch] • **FR** *gourmand*, *glouton* • **EN** *greedy* *guts*, *glutton* • **PT** *comilão*, *glutão* **Beispill** hues de gesinn, wéi vill Tranchen Ham dee Gurmang sech geholl huet?

gurmangseg [g'urmanʃəç] Adjektiv [ɛ̃s] **DE** *gefräßig*, *gierig* • **FR** *goulu*, *glouton*, *goïnfre* <Adverb *goulument*> • **EN** *greedy*, *piggish* <Adverb *greedily*> • **PT** *guloso*, *glutão* <Adverb *gulosamente*> **Beispiller** sief net esou gurmangseg, et ass genuch dol; drénk net esou gurmangseg, du verschlécks dech nach!

[i] Variant: gurmangzeg

Gurmangsegheet [g'ʊrmaŋsɛ̃kɛ:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Gefräßigkeit* • **FR** *gourmandise, glotonnerie* • **EN** *greediness, gluttony* • **PT** *gula, glotonaria* **Beispill** him wäert seng Gurmangsegheet och nach eng Kéier vergoien

i Variant: Gurmangzegheet

gurmangzeg [g'ʊrmaŋtsɛ̃ç] Adjektiv - Variant vun ↗gurmangseg

Gurmangzegheet [g'ʊrmaŋtsɛ̃kɛ:t] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Gurmangsegheet

Gurt [gurt] Maskulinum (Pluriel Gurten / Gurter) **DE** *Gurt [Sicherheitsgurt]* • **FR** *ceinture (de sécurité)* • **EN** *(safety) belt* • **PT** *cinto (de segurança)* **Beispill** do däi Gurt un, soss fueren ech net! **Synonymmen** Ceinture, Sécherheetsgurt

Gürtelrous [g'yrtɛ̃lʁøʊs] Femininum (Pluriel Gürtelrousen) **DE** *Gürtelrose* • **FR** *zona* • **EN** *shingles, herpes zoster, zona* • **PT** *zona, herpes zóster* **Beispill** eng Gürtelrous kann een nème kréien, wann ee virdrun och schonn d'Waasserpouken hat

Guru Maskulinum (Pluriel Guruen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Guss [gus] Neutrum (Pluriel Gussen) **1.** **[Kannersprooch]** **DE** *Schwein [Tier]* • **FR** *cochon [animal]* • **EN** *pig [animal]* • **PT** *porco [animal]* **Beispill** kuck emol, wat läit do am Stall en déckt Guss! **Synonym** Schwäin **2.** **[Kannersprooch]** **DE** *Ferkel, Schmutzfink* • **FR** *(petit) cochon [enfant]* • **EN** *little pig [child]* • **PT** *porcalhão [criança]* **Beispill** wou hues de dech dann e lo nees esou knaschteg gemaach, du bass awer e richtegt Guss! **Synonymmen** Fierkel, Gissi, Schwéngchen

Gutt [gut] Neutrum (Pluriel Gidder) **1.** **DE** *Gut [Landgut]* • **FR** *domaine, propriété* • **EN** *estate [possessions]* • **PT** *domínio, propriedade* **Beispill** well sech d'Ierwen net eens ginn, gétt elo dat ganzt Gutt versteet **Synonym** Domän **2.** (kee Singulier) **DE** *Güter [Frachtgut]* • **FR** *merchandises* • **EN** *goods* • **PT** *mercadorias* **Beispill** d'Frachtgesellschaft transportéiert geféierlech Gidder a speziell ekipéierte Containeren

gutt [gut] Adjektiv **1.** **DE** *gut [hervorragend, ausgezeichnet]* • **FR** *bon [remarquable]* <Adverb bien> • **EN** *good [excellent, remarkable]* <Adverb well> • **PT** *bom [excelente]* <Adverb bem> **Beispiller** wann s de weider esou vill üübs, da gëss de e ganz gudde Pianist!; fir hiren Alter ass d'Bom nach bei gudder Gesondheet; dee Wäin do ass wierklech gutt!; ech wouss net, datt s du esou gutt kéints sängen!; du wäerts dach net mam gudde Gezei eraus spille goen! [du wäerts dach net mam neien, deiere Gezei eraus spille goen!]; zu gudder Lescht hu mer dach nach en Zëmmer fonnt **[ëgs]** [schlussendlech hu mer dach nach en Zëmmer fonnt] **2.** **DE** *gesund, wohlauf* • **FR** *en bonne santé, bien* • **EN** *fit, good [healthy]* • **PT** *de boa saúde, bem* **Beispiller** et kann eng Woch daueren, bis d'Patientin erëm gutt ass; mir fueren haut léiwer net an d'Vakanz, eist Krappet ass net gutt; mir sinn op dat Schlëmmst gefaast, eise Bopi ass (guer) net gutt imir sinn op dat Schlëmmst gefaast, eise Bopi riskéiert geschwënn ze stierwen] **3.** **DE** *gut [erfreulich, angenehm]* • **FR** *bon [réjouissant,*

agréable] • **EN** *good [welcome, pleasant]* • **PT** *bom [feliz, agradável]* **Beispiller** dat ass eng ganz gutt Nouvelle!; (ech wënschen dir) alles Gutts!; (ech wënschen dir) all Guddes!; dat do ass däers Gudden e bëssen (ze) vill! [dat do ass iwwerdriwwen] **4.** **DE** *gut [zuverlässig, vertrauenswürdig]* • **FR** *bon [proche, digne de confiance]* • **EN** *good [reliable, trustworthy]* • **PT** *bom [chegado, digno de confiança]* **Beispill** du bass e gudde Frënd, deem ech alles ka soen! **5.** **DE** *gut [wirksam, geeignet]* • **FR** *bon [efficace, approprié]* • **EN** *good [effective, suitable]* • **PT** *bom [eficaz, adequado]* **Beispiller** Salz ass e gutt Mët-tel géint Wäiflecken; dës Scheier ass gutt, fir graffe Stoff ze schneiden **6.** net gutt **DE** *schlecht [übel, unwohl]* • **FR** *nauséux, malade* • **EN** *sick, nauseous, unwell* • **PT** *maldispuesto, enjoado* **Beispiller** et ass mer net gutt, well ech duerchernee giess a gedronk hunn; et gétt mer net gutt, ech muss mech setzen **Synonym** iwwel **7.** gutt sinn **DE** *gut so sein [zufriedenstellend sein, ausreichend sein]* • **FR** *être bon [être satisfaisant, être suffisant]* • **EN** *to be OK [to be satisfactory, to be enough]* • **PT** *estar bem [ser satisfatório, ser suficiente]* **Beispill** et ass gutt, du kanns elo ophale mat nätzen! **8.** **DE** *gut [günstig]* • **FR** *bon [avantageux, intéressant, pas cher]* • **EN** *good [reasonable, affordable]* • **PT** *bom [vantajoso, interessante, barato]* **Beispill** de Vendeur huet eis e gudde Präis gemaach **9.** **DE** *gut [tugendhaft, gutherzig]* • **FR** *bon [vertueux, généreux]* • **EN** *good [virtuous, charitable]* • **PT** *bom [virtuoso, generoso]* **Beispiller** dat Kand huet e gudde Charakter; de Benefice vum Fest ass fir e gutt Wierk; dës engagéiert Doktesch huet an hirem Liewe vill Gutts gelescht; dee Lausbouf huet keng Gutt an der Kopp! **[ëgs]** Idee Lausbouf sticht der stänneg! **10.** gutt sinn **DE** *gültig sein* • **FR** *être bon, être valable* • **EN** *to be valid* • **PT** *ser válido [ter validade]* **Beispill** ass deen Ticket nach gutt? **Synonym** gültig sinn **11.** **[ëgs]** **DE** *ordentlich [gehörig]* • **FR** *bon [gros, intense]* <Adverb bien> • **EN** *good [large]* <Adverb well, thoroughly> • **PT** *bom [grande, valente, intenso]* <Adverb bem> **Beispiller** maach nach e gudde Schotz Esseg an d'Vinaigrette!; eng gutt Schauer géif de Gäert guttdoen!; mir si gutt vun der Joffer verannt ginn; ech louch e gudde Mount (laang) an der Klinik lech louch méi wéi ee Mount an der Klinik] **12.** esou gutt ewéi **DE** *so gut wie [fast]* • **FR** *pratiquement, quasiment* • **EN** *as good as [almost]* • **PT** *praticamente, quase* **Beispill** mir sinn esou gutt ewéi faerdeg mat der Aarbecht **13.** ewéi all näischt Gutts **DE** *so was von, wie sonst was* • **FR** *plus ... que tout, extrêmement* • **EN** *like anything, extremely* • **PT** *como o caneco, como o caraças* **Beispill** dee Krappert ass frech ewéi all näischt Gutts! **Synonym** ewéi der Däiwel

gutt [gut] Adverb **1.** **DE** *einfach, leicht* • **FR** *facilement, sans peine* • **EN** *easily [without difficulty]* • **PT** *facilmente, sem dificuldade* **Beispill** d'Grompere loossen sech mam neie Messer gutt schielen **Synonymmen** einfach, liicht **2.** **DE** *gut [mindestens]* • **FR** *(bel et) bien [au moins]* • **EN** *easily [at least]* • **PT** *bem [pelo menos]* **Beispiller** seng Famill ass viru gutt 40 Joer an eist Land komm; dee Kärel weit gutt a gâr seng 120 Kilo

gutt- **Verbpartikel** **DE** *abtrennbares Erstglied eines Verbs* • **FR** *[particule séparable d'un verbe]* • **EN** *[separable verb particle]* • **PT** *[partícula separável de um verbo]* **Beispiller** ech ka soen, wat ech wëll, du häls mer näischt gutt!; du hëllef mer ëmmer, ech weess guer

net, wéi ech dat ka guttmaachen

i Verben, déi **gutt-** als Partikel hunn: **gutt**dinn, **gutt**doen, **gutt**halen, **gutt**theeschen, **gutt**maachen

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: **gutt** Adjektiv

guttaarteg [g'uta:rtəç] Adjektiv **DE** gutartig [Krankheit] • **FR** bénin [maladie, tumeur] • **EN** benign [tumour] • **PT** benigno [doença, tumor] **Beispill** d'Doktesch huet him déi guttaarteg Tumeur operéiert

guttdinn [g'utdin] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé guttgedoen) - Variant vun **gutt**doen

guttdoen [g'utdo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé guttgedoen) » **intransitiv** **DE** guttun • **FR** faire du bien (à) • **EN** to do good • **PT** fazer bem (a) **Beispill** d'frësch Loft deet mer gutt

i Variant: guttdinn

guthalen [g'utha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé guttgehalen / guttgehal) » **transitiv** **1.** **DE** gelten lassen • **FR** admettre (de la part de) [juger acceptable] • **EN** to accept, to agree, to go along with • **PT** admitir (da parte de) [julgar aceitável] **Beispill** ech ka soen, wat ech wëll, en hält mer näischt gutt » **reflexiv** **2.** sech gutthale mat **DE** ein gutes Verhältnis pflegen mit • **FR** rester en bons termes avec • **EN** to stay on good terms with • **PT** manter boas relações com **Beispill** du hues all Interessé, dech mat denger Cheffin guttzehalen

guttheeschen [g'uthe:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé guttgeheescht) » **transitiv** **DE** guttheißen • **FR** approuver [juger bon] • **EN** to approve [to agree to] • **PT** aprovar [achar bom] **Beispill** d'Generalversammlung huet d'Ännerung vun de Statute guttgeheescht **Synonym** approvéieren

Gutheet [g'uthe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Güte, Gutherzigkeit • **FR** bonté, gentillesse • **EN** goodness, kindness • **PT** bondade, gentileza **Beispiller** et wonert mech, datt s du mat denger Gutheet nach net bäigelaf bass!; d'Gutheet ass e Stéck vun der Dommheet! [egs] [d'Gutheet kann och Nodeeler mat sech bréngen]

Guttland [g'utlant] Eegennumm (kee Pluriel) **DE** Gutland [Region Luxemburgs] • **FR** Gutland [région luxembourgeoise] • **EN** Gutland, Guttland [region in Luxembourg] • **PT** Gutland [região luxemburguesa] **Beispill** mir sinn aus dem Guttland an d'Éislek geplënnert

guttmaachen [g'utma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé guttgemach / guttgemacht) » **transitiv** **1.** **DE** gutmachen [bereinigen] • **FR** réparer [remédier aux conséquences de] • **EN** to put right, to make up for • **PT** reparar [remediar as consequências de] **Beispill** ech hoffen, datt s de dat, wat s de gëschter verduerwen has, nees guttgemach hues **2.** **DE** gutmachen [sich revanchieren für] • **FR** rendre la pareille pour [un bienfait] • **EN** to return the favour • **PT** compensar [retribuir, corresponder] **Beispill** du hëllef mer ëmmer, ech weess guer net, wéi ech dat ka guttmaachen

guttmiddeg [g'utmideç] Adjektiv **DE** gutmütig • **FR** gentil, débonnaire <Adverb de façon débonnaire> • **EN** good-natured • **PT** gentil, bondoso <Adverb bondosamente> **Beispill** säi Frënd ass e guttmiddege Kärel, deen

net liicht rose gëtt

Guttmiddegkeet [g'utmideçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Gutmütigkeit • **FR** bonté, bonhomie • **EN** good nature • **PT** bondade, bonomia **Beispill** du solls dech schummen, fir d'Guttmiddegkeet vun de Leit esou auszenotzen!

guttwëlleg [g'utvələç] Adjektiv **DE** gutwillig • **FR** plein de bonne volonté • **EN** willing <Adverb willingly> • **PT** cheio de boa vontade **Beispiller** d'Iesele si guttwëlleg Déieren, wann ee weess, mat hinnen ëmzegoen; d'Gemeng huet eisem Veräin de Subsid guttwëlleg eropgesat

Guttwëllegkeet [g'utvələçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Gutwilligkeit • **FR** bonne volonté • **EN** goodwill • **PT** boa vontade **Beispill** an där Saach si mir op hir Guttwëllegkeet ugewisen

Guyana [guj'a:na:] Eegennumm, Neutrum **DE** Guyana • **FR** Guyana • **EN** Guyana • **PT** Guiana **Beispiller** ech war schonn dräimol a Guyana; ech fueren d'nächst Woch a Guyana; ech kommen aus Guyana

i männlech Persoun: **guy**aner weiblech Persoun: **guy**aner-in Adjektiv: **guy**anesch Haaptstad: **g**eorgetown

Guyaner [guj'a:nə] Maskulinum (Pluriel Guyaner) **DE** Guyaner • **FR** Guyanais • **EN** Guyanese • **PT** guianês **Beispill** mäi beschte Frënd ass Guyaner

Guyanerin [guj'a:nərin] Femininum (Pluriel Guyanerinnen) **DE** Guyanerin • **FR** Guyanaise • **EN** Guyanese [female] • **PT** guianesa **Beispill** meng bescht Frëndin ass Guyanerin

guyanesch [guj'a:nəç] Adjektiv **DE** guyanisch • **FR** guyanais • **EN** Guyanese • **PT** guianês **Beispill** op eiser Rees hu mir déi guyanesch Kultur kenne geléiert

Gymnastik [g'imnastik] Femininum (kee Pluriel) **DE** Gymnastik • **FR** gymnastique • **EN** exercises [callisthenics] • **PT** ginástica **Beispiller** meng Groussmamm mécht nach all Dag eng hallef Stonn Gymnastik; dat do ass Gymnastik fir d'Gehier [egs] [dat do verlaangt, datt een intensiv iwwerleert]

Gynekolog [zinekol'o:k] Maskulinum (Pluriel Gynekologen) **DE** Gynäkologe • **FR** gynécologue • **EN** gynaecologist • **PT** ginecologista **Beispill** wéinst enger Entzündung am Énnerleif sinn ech bei mengem Gynekolog a Behandlung **Synonym** Fraendokter

i Weiblech Form: **g**ynekologin

gynekologesch [zinekol'o:gəç] Adjektiv **DE** gynäkologisch • **FR** gynécologique <Adverb gynécologiquement> • **EN** gynaecological <Adverb gynaecologically> • **PT** ginecológico **Beispill** bei enger gynekologescher Kontroll ass erauskomm, datt ech géif erwaarden

Gynekologie [zinekolɔ'zi:] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Gynäkologie [Fachgebiet] • **FR** gynécologie [spécialité médicale] • **EN** gynaecology [branch of medicine] • **PT** ginecologia [especialidade médica] **Beispill** mäi Brudder studéiert Gynekologie zu Frankfurt **2.** (Pluriel Gynekologien) **DE** Gynäkologie [Abteilung] • **FR** service de gynécologie • **EN** gynaecology [hospital department] • **PT** serviço de ginecologia **Beispill** d'Sekretariat vun der Gynekologie fannt Der um éischte Stack, riets wann

Der aus dem Lift kommt

Gynekologin [ʒinekol'o:gin] Femininum (Pluriel Gynekologinnen) **DE** *Gynäkologin* • **FR** *gynécologue* [femme] • **PT** *ginecologista* [mulher] **Beispill** meng Gy-

nekologin huet mech iwwer d'Niewewierkunge vun der Pëll opgekläert **Synonym** Fraendoktesch

i Männlech Form: ↗Gynekolog

H

H Maskulinum (Pluriel H-en / H) DE H [Buchstabe] • FR *h [lettre]* **Beispill** nenn mer e Virnumm, dee mat engem H ufänkt

Haalsbaach [h'a:lsba:χ] Eegennumm DE *Halsbaach* • FR *Halsbaach* • EN *Halsbaach* • PT *Halsbaach* **Beispiller** ech wunnen an der Haalsbaach; fiert dëse Bus an d'Haalsbaach?

Haalwerweis [h'a:lvevɑis] Maskulinum (Pluriel Haalwerweis / Haalwerweisen) - Variant vun ↗Hallwerweis

Haaptaarbecht [h'a:pta:bəçt] Femininum (Pluriel Haaptaarbechten) DE *Hauptarbeit* • FR *gros du travail* • EN *bulk of the work* • PT *grosso do trabalho* **Beispill** an eisein neien Haus ass d'Haaptaarbecht vun Handwierker gemaach ginn

Haaptacteur [h'a:ptaktœ:r] Maskulinum (Pluriel Haaptacteurs) 1. DE *Hauptdarsteller* [Schauspieler] • FR *acteur principal* [comédien] • EN *leading actor* [profession] • PT *ator principal* [artista] **Beispill** d'Projektere waren all op den Haaptacteur gericht 2. DE *Hauptakteur* [Beteiligte(r)] • FR *acteur principal* [participant] • EN *key player, principal actor* [participant] • PT *ator principal* [participante] **Beispiller** d'Haaptacteurs vum neie Bauprojet sinn zesummekommm; an enger Demokratie soll de Bierger den Haaptacteur sinn

W Weiblech Form: ↗Haaptactrice

Haaptactrice [h'a:ptaktris] Femininum (Pluriel Haaptactrices) DE *Hauptdarstellerin* [Schauspielerin] • FR *actrice principale* [comédiennel] • PT *atriz principal* [artista]

W Männlech Form: ↗Haaptacteur

Haaptallee [h'a:bdalɛ:] Femininum (Pluriel Haaptalleeën) DE *Hauptallee* • FR *allée principale* • EN *main path* [way] • PT *alameda principal* **Beispill** am Park sinn d'Beeter symmeetresch ronderëm d'Haaptallee ugeluecht

Haaptälter [h'a:ptælte] Maskulinum (Pluriel Haaptälteren) - Variant vun ↗Haaptaltor

Haaptaltor [h'a:ptalto:r] Maskulinum (Pluriel Haaptaltär) DE *Hauptaltar* • FR *maître-autel* • EN *high altar* • PT *altar-mor* **Beispill** de Kiercherot wëllt den Haaptaltor restauréiere loosse

W Variant: Haaptälter

Haaptargument [h'a:ptɑrgumænt] Neutrum (Pluriel Haaptargumenter) DE *Hauptargument* • FR *argument principal* • EN *main argument* • PT *argumento principal* **Beispill** de Buergermeeschter huet seng Haaptargumenter eréischt um Enn vun der Diskusioun bruecht

Haaptattraktioun [h'a:ptatraksjəʊn] Femininum (Pluriel Haaptattraktiounen) DE *Hauptattraktion* • FR *attraction principale* • EN *main attraction* • PT *atração principal* **Beispill** d'Haaptattraktioun an der neier Schwämm ass dat grousst Sprangbriet

haaptberufflech [h'a:ptbɛrʉflɛç] Adverb DE *hauptberuflich* • FR *(exerçant) à temps plein* • EN *full-time* [permanent] • PT *(exercendo) a tempo inteiro* **Beispill** mäin Dram ass et, enges Daags haaptberufflech als Museker ze schaffen

Haaptbetounung [h'a:ptbətəʊnʊŋ] Femininum (Pluriel Haaptbetounungen)

W Hei entsteet en neien Artikel.

Haaptbut Maskulinum (kee Pluriel) DE *Hauptziel* • FR *but principal, objectif principal* • EN *main goal* • PT *objetivo principal, finalidade principal* **Beispiller** den Haaptbut vun der Campagne ass et, méi Jugendlecher fir d'Handwierk ze begeeschteren; der Partei hiren Haaptbut ass et, fir op d'mannst zwee Sätz an der Chamber ze kréien **Synonymmen** Haaptobjektiv, Haaptzil

Haaptentrée [ha:pt'ɑ:tre:] Femininum (Pluriel Haaptentréeën) DE *Haupteingang* • FR *entrée principale* • EN *main entrance* • PT *entrada principal* **Beispill** d'Toilette ass direkt niewent der Haaptentrée

Haaptevenement [h'a:bdevenəmænt] Neutrum (Pluriel Haaptevenementer) DE *Hauptereignis* • FR *événement principal* • EN *main event* • PT *evento principal, acontecimento principal* **Beispill** am Joresréckbléck goufen d'Haaptevenementer nach eng Keier opgezitt

Haaptfach [h'a:ptfɑχ] Neutrum (Pluriel Haaptfächer) DE *Hauptfach* • FR *matière principale, branche principale* [d'enseignement] • EN *main subject* [branch] • PT *matéria principal, disciplina principal* [de ensino] **Beispiller** op der Uni war Geschicht mäin Haaptfach; an den Haaptfächer sinn ech ënner deene Beschten aus menger Klass

Haaptfigur [h'a:ptfigu:ɔ] Femininum (Pluriel Haaptfiguren) DE *Hauptfigur* • FR *personnage principal, protagoniste* • EN *main character* • PT *personagem principal, protagonista* **Beispill** d'Haaptfigur am Theaterstück war eng Hex **Synonymmen** Haaptpersonnage, Haaptpersoun

Haaptgang [h'a:ptgɑŋ] Maskulinum (Pluriel Haaptgäng) DE *Hauptgang* [Hauptgericht] • FR *plat principal, plat de résistance* • EN *main course* [of a meal] • PT *prato principal, prato de resistência* **Beispiller** als Haaptgang gouf et eng Entrecôte mat Fritten an Zalot; an dësem Restaurant sinn d'Haaptgäng ëmmer gutt a räichlech **Synonym** Haaptplat

W Variant: Haaptgank

Haaptgank [h'a:ptgɑŋk] Maskulinum (Pluriel Haaptgäng) - Variant vun ↗Haaptgang DE *Hauptgang* [zentraler Flur] • FR *couloir central* • EN *main corridor* • PT *corredor central* **Beispiller** den Haaptgank féiert direkt an de Festsall; d'Haaptgäng vun der Schoul ware mat Girlanden dekoréiert

W Opgepasst! D'Wuert **Haaptgank** kann niewent deem, wat hei beschriwwen ass, och nach dat selwecht bedeiten ewéi d'Wuert ↗Haaptgang.

Haaptgebai [h'a:ptgəbɑi] Neutrum (Pluriel Haaptgebaier) **DE** Hauptgebäude • **FR** bâtiment central, bâtiment principal • **EN** main building • **PT** edifício central, edifício principal **Beispill** direkt niewent dem Haaptgebai gi Parkplaze fir Leit mat enger Behënnerung amengiert

Haaptgewënn [h'a:ptgəvən] Maskulinum (Pluriel Haaptgewënner) **DE** Hauptgewinn • **FR** gros lot • **EN** first prize • **PT** primeiro prémio [num sorteio] **Beispill** wat ass den Haaptgewënn bei der Tombola?

Haaptgrond [ha:ptgr'ont] Maskulinum (Pluriel Haaptgrënn) **DE** Hauptgrund • **FR** raison principale • **EN** main reason • **PT** razão principal **Beispill** eisen Haaptgrond fir ze plënnere war de Kaméidi vum Verkéier

Haaptgrondsaz [h'a:ptgrontza:ts] Maskulinum (Pluriel Haaptgrondsätz)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Haaptmolzecht Femininum (Pluriel Haaptmolzechten) **DE** Hauptmahlzeit • **FR** repas principal • **EN** main meal • **PT** refeição principal **Beispill** ass bei iech d'Haaptmolzecht mëttes oder owes?

Haaptmoolzecht [ha:ptm'o:ltʂɛt] Femininum (Pluriel Haaptmoolzechten) - Variant vun ↗Haaptmolzecht

Haaptobjektiv Neutrum (Pluriel Haaptobjektiven / Haaptobjektiver) **DE** Hauptziel • **FR** but principal, objectif principal • **EN** main goal • **PT** objetivo principal, finalidade principal **Beispiller** d'Haaptobjektiv vun der Campagne ass et, méi Jugendlecher fir d'Handwierk ze begeeschten; der Partei hiert Haaptobjektiv ass et, fir op d'mannst zwee Sätz an der Chamber ze kréien **Synonymmen** Haaptbut, Haaptzil

Haaptoder [h'a:pto:de] Femininum (Pluriel Haaptoderen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Haaptpersonnage [h'a:ptpɛrsona:ʃ] Maskulinum (Pluriel Haaptpersonnagen) **DE** Hauptfigur [Hauptperson] • **FR** personnage principal • **EN** main character • **PT** personagem principal **Beispill** den Haaptpersonnage am Film ass e skurrillen Affekot **Synonymmen** Haaptfigur, Haaptpersoun

Haaptpersoun [h'a:ptpɛrsəʊn] Femininum (Pluriel Haaptpersounen) **DE** Hauptperson • **FR** personnage principal, protagoniste • **EN** main character • **PT** personagem principal, protagonista **Beispill** d'Haaptpersoun vum Drama ass um Enn gestuerwen **Synonymmen** Haaptfigur, Haaptpersonnage

Haaptplat [h'a:ptpla:] Maskulinum (Pluriel Haaptplatten) **DE** Hauptgericht • **FR** plat principal • **EN** main course [of a meal] • **PT** prato principal **Beispill** wéi den Haaptplat zerwéiert gouf, hat ech scho keen Honger méi **Synonym** Haaptgang

Haaptportal [h'a:ptpɔrta:l] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Haaptportaler) **DE** Hauptportal • **FR** portail principal • **EN** main portal • **PT** portal principal **Beispill** d'Haaptportal vun der Cathedral gött renovéiert

Haaptpräis [h'a:ptpɛ:ɪs] Maskulinum (Pluriel Haaptpräisser) **DE** Hauptpreis • **FR** premier prix [récompense] • **EN** first prize • **PT** primeiro prémio [num concurso] **Beispill** wat ass den Haaptpräis beim Concours?

Haaptproblem [h'a:ptpɔble:m] Maskulinum (Pluriel Haaptproblemer) - Variant vun ↗Haaptproblem

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Haaptproblem / Haaptproblem

Haaptproblem [ha:ptpɔ'ble:m] Maskulinum (Pluriel Haaptproblemer) **DE** Hauptproblem • **FR** problème principal, problème majeur • **EN** main problem • **PT** problema principal, problema maior **Beispill** dëser Schülerin hiren Haaptproblem ass de Mangel u Konzentratioun

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Haaptproblem / Haaptproblem

Haaptpunkt [h'a:ptpʊŋt] Maskulinum (Pluriel Haaptpunkten) **DE** Hauptpunkt • **FR** point principal, point essentiel • **EN** main point • **PT** ponto principal, ponto essencial **Beispill** an der leschter Sätzung si mer guer net bis bei den Haaptpunkt vum Ordre du jour komm

Haaptregel [h'a:ptre:ʒɛl] Femininum (Pluriel Haaptregelene)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Haaptriedner [h'a:ptriədne] Maskulinum (Pluriel Haaptriedner) **DE** Hauptredner • **FR** orateur principal • **EN** main speaker, keynote speaker • **PT** orador principal **Beispill** als Haaptriedner war e bekannte Politiker invitéiert ginn

i Weiblech Form: ↗Haaptriednerin

Haaptriednerin [h'a:ptriədnerin] Femininum (Pluriel Haaptriednerinnen) **DE** Hauptrednerin • **FR** oratrice principale • **EN** main speaker, keynote speaker [female] • **PT** oradora principal **Beispill** d'Haaptriednerin huet d'Diskussioun moderéiert

i Männlech Form: ↗Haaptriedner

Haaptroll [h'a:ptɔl] Femininum (Pluriel Haaptrollen) **DE** Hauptrolle • **FR** rôle principal, premier rôle • **EN** main part, lead role • **PT** papel principal **Beispill** hien huet nach mat siwwenzeg Joer d'Haaptroll an engem Film gespillt

Haaptsaach [h'a:ptsa:χ] Femininum (Pluriel Haaptsaachen) **DE** Hauptsache • **FR** essentiel, principal • **EN** main thing • **PT** essencial, principal **Beispill** et ass egal, wat s de undees, (d') Haaptsaach (ass), et gött der net kal!

haaptsächlech [ha:pts'æçləç] Adjektiv **DE** hauptsächlich • **FR** principal, essentiel <Adverb surtout, principalement, essentiellement> • **EN** main <Adverb mainly> • **PT** principal, essencial <Adverb sobretudo, principalmente, essencialmente> **Beispiller** d'haaptsächlech Ursach fir de Sträit tëschent de Bridder war d'Ierfschaft; am Hotel waren haaptsächlech Famillje mat Kanner

Haaptsaz [h'a:ptza:ts] Maskulinum (Pluriel Haaptsätz) **DE** Hauptsatz • **FR** principale, proposition principale [unité syntaxique] • **EN** main clause • **PT** oração principal

[*unidad sintática*] **Beispill** den Haaptsaz ass duerch e Komma vum Niewesaz getrennt

Haaptschold [h'a:ptʃolt] Femininum (kee Pluriel) **DE** Hauptschuld • **FR** responsabilité principale • **EN** main responsibility [blame] • **PT** responsabilidade principal **Beispill** et ass net erwisen, datt de Camionschauffer d'Haaptschold um Accident hat

Haaptstad [h'a:ptʃta:t] Femininum (Pluriel Haaptstied) **DE** Hauptstadt • **FR** capitale [ville] • **EN** capital [city] • **PT** capital [cidade] **Beispill** haut hu mer an der Schoul d'Haaptstied vun Europa geléiert

Haaptstrooss [ha:ptʃr'o:s] Femininum (Pluriel Haaptstroossen) **DE** Hauptstraße • **FR** rue principale, grand-rue, route principale, grand-route • **EN** high street, main road • **PT** rua principal, estrada principal **Beispill** d'Miwwelgeschäft läit direkt un der Haaptstrooss

Haaptsujet [h'a:ptsyʒɛ:] Maskulinum (Pluriel Haaptsujeten) **DE** Hauptthema • **FR** sujet principal • **EN** main topic, main subject • **PT** tema principal, assunto principal **Beispill** iwwerem Diskutéieren ass den Haaptsujet an de Vergiess geroden **Synonym** Haapttheema

Haapttheema [h'a:pte:ma:] Neutrum (Pluriel Haapttheemaen / Haapttheemen) **DE** Hauptthema • **FR** sujet principal • **EN** main theme • **PT** tema principal, assunto principal **Beispiller** de Riedner huet d'Haapttheema nëmme gestraift; et war net genuch Zäit, fir d'Haapttheemaen all ze behandelen **Synonym** Haaptsujet

Haapttheema [h'a:pte:ma:] Neutrum (Pluriel Haapttheemaen / Haapttheemen) - Variant vun ↗Haapttheema

Hauptsaach Femininum (Pluriel Hauptsaachen) **DE** Hauptursache • **FR** cause principale • **PT** causa principal **Beispill** déi héich Pétrolspräisser sinn eng vun den Hauptsaache fir déi zolidd Präisdeierecht

Haaptvariant [h'a:ptva:R̥ant] Femininum (Pluriel Haaptvarianten)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Haaptwalbureau [ha:ptv'a:lby:ro:] Maskulinum (Pluriel Haaptwalbureauen) - Variant vun ↗Haaptwalbüro

Haaptwalbüro [ha:ptv'a:lby:ro:] Maskulinum (Pluriel Haaptwalbüroen) **DE** Hauptwahlbüro • **FR** bureau de vote principal • **PT** assembleia de voto principal **Beispill** déi eenzel Walbüroen deelen dem Haaptwalbüro hir Resultater mat

Haaptzeien [ha:pts'aɪən] Maskulinum (Pluriel Haaptzeien) **DE** Hauptzeuge • **FR** témoin principal • **EN** key witness • **PT** testemunha principal **Beispill** haut seet den Haaptzeien viru Geriicht ass

I Weiblech Form: ↗Haaptzeien

Haaptzeien [h'a:pts'aɪən] Femininum (Pluriel Haaptzeien) **DE** Hauptzeugin • **FR** témoin principal [femelle] • **EN** key witness [female] • **PT** testemunha principal [mulher] **Beispill** d'Haaptzeie vum Virfall huet misse viru Geriicht aussoen

I Männlech Form: ↗Haaptzeien

Haaptzil [h'a:ptsi:l] Neutrum (Pluriel Haaptziler) **DE** Hauptziel • **FR** but principal, objectif principal • **PT** objetivo principal, finalidade principal **Beispiller** d'Haaptzil vun der Campagne ass et, méi Jugendlecher fir d'Handwierk ze begeeschteren; der Partei hiert Haaptzil ass et, fir op d'mannst zwee Sätz an der Chamber ze kréien **Synonymmen** Haaptbut, Haaptobjektiv

Haarderbaach [h'a:rdeba:χ] Eegennumm **DE** Haarderbaach • **FR** Haarderbaach • **EN** Haarderbaach • **PT** Haarderbaach **Beispiller** ech wunnen an der Haarderbaach; fiert dëse Bus an d'Haarderbaach?

haart [ha:rt] Adjektiv **1. DE** hart [fest] • **FR** dur [compact, ferme, résistant] • **EN** hard [solid, firm] • **PT** duro [rijo, resistente] **Beispiller** d'Brout ass haart ewéi Steen!; mäi Frënd huet en haarde Kapp [égs] [mäi Frënd ass stuer]; hien ass en Haarden [égs] [hien hält vill aus]; bei de Verhandlung goug et haart op haart! [égs] [bei de Verhandlung goufen déi verschidde Meenunge veheement vertrueden] **2. DE** hart [kalkhaltig] • **FR** dur [riche en calcaire] • **EN** hard [water] • **PT** duro [rico em calcário] **Beispill** mir hunn doheem haart Waasser **3. DE** hart [schlimm, streng] • **FR** dur, rigoureux, sévère <Adverb durement, sévèrement> • **EN** hard [difficult, severe] <Adverb hard> • **PT** duro, rigoroso, severo <Adverb duramente, severamente> **Beispiller** meng Léierjore waren eng haart Zäit; d'lescht Joer hate mer en haarde Wanter; et ass haart, all Moien um véier Auer opzestoen!; et hat kee mat esou engem haarden Urteel gerechent **4. DE** laut • **FR** fort [volume sonore] • **EN** loud [sound] • **PT** alto [volume sonoro] **Beispiller** d'Musek ass ze haart, ech verstü kee Wuert!; schwätz e bësse méi haart, wannechgelift!; et misst een emol en haart Wuert mat deem Kand schwätzen! [égs] [et misst een dat Kand emol zurechtweisen]

haartgefruer [h'a:rtgəfru:ɐ] Adjektiv **DE** hartgefroren • **FR** fermement gelé • **EN** frozen hard • **PT** completamente congelado [solidificado] **Beispill** de Buedem war wochelaang haartgefruer

haartgekacht [h'a:rtgəkəχt] Adjektiv **DE** hartgekocht [Ei] • **FR** dur [œuf] • **PT** cozido [ovo] **Beispill** ech hu gären haartgekachten Eeër op menger Bettseech-esch

haarthäerzeg [h'a:rthe:ɐtsəç] Adjektiv **DE** hartherzig • **FR** implacable, dur [de cœur] <Adverb implacablement, durement> • **EN** hard-hearted <Adverb hard-heartedly> • **PT** implacável, duro [de coração] <Adverb implacavelmente, duramente> **Beispiller** hëllef dengem Brudder, sief net esou haarthäerzeg!; géi net esou haarthäerzeg mat den Déieren ëm!

Haarthaff [h'a:rthaf] Eegennumm **DE** Hardhaff • **FR** Hardhaff • **EN** Hardhaff • **PT** Hardhaff **Beispiller** ech wunnen um Haarthaff; fiert dëse Bus op den Haarthaff?

Haartnol Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Tüpfel-Hartheu • **FR** millepertuis perforé • **EN** perforate St John's-wort • **PT** milfurada **Beispill** den Haartnol wiisst laanscht de Bësch an op Stécker, déi broochleien

Haarz [ha:rts] Maskulinum (Pluriel Haarzer) **DE** Harz • **FR** résine • **EN** resin • **PT** resina **Beispill** setz dech net op

dee Plach, soss hues de herno d'Box voller Haarz!

Haascht [ha:fʃt] Femininum (Pluriel Haaschten) **DE** Rauchfang • **FR** hotte de cheminée • **EN** smoking-chamber, chimney hood [for smoking food] • **PT** fumeiro [vão da chaminé] **Beispill** de Bauer huet eng hallef Dosen Hamen an der Haascht hänken

Haass [ha:s] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Hass • **FR** haine • **EN** hatred • **PT** ódio **Beispill** den Haass steet him am Gesiicht geschriwwen

Haassel [h'a:səl] Eegennumm **DE** Hassel • **FR** Hassel • **EN** Hassel • **PT** Hassel **Beispiller** ech wunnen zu Haassel; fiert dese Bus op Haassel?

haassen [h'a:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehaasst) » **transitiv** **DE** hassen, verabscheuen • **FR** haïr, détester • **EN** to hate, to detest • **PT** odiar, detestar **Beispiller** wéi kann een e Mënsch nëmmen esou haassen!; ech haassen dat grot Wiederl!; ech haassen et, owes spéit nach erauszegoen!

Haaster [h'a:stə] Eegennumm - Variant vun ↗Haastert

Haastert [h'a:stet] Eegennumm **DE** Hagelsdorf • **FR** Hagelsdorf • **EN** Hagelsdorf • **PT** Hagelsdorf **Beispiller** ech wunnen zu Haastert; fiert dese Bus op Haastert?

I Lokalvariant: Haaster

Habilitatioun [habilitas|'əʊn] Femininum (Pluriel Habilitatiounen) **1. DE** Ermächtigung, Vollmacht • **FR** habilitation • **EN** authorization [empowerment] • **PT** habilitação **Beispill** mir brauchen eng Habilitatioun, fir am Fall vun enger internationaler Kris séier kënnen ze handeln **Synonym** Ermächtigung **2. DE** Habilitation • **FR** doctorat d'État • **EN** habilitation • **PT** doutoramento de Estado **Beispill** hatt huet no senger Habilitatioun op enger däitscher Universitét geschafft

habilitéieren [habilit|'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé habilitéiert) » **transitiv** **1. DE** ermächtigen, bevollmächtigen • **FR** habilitier • **EN** to authorize [to empower] • **PT** habilitar [autorizar] **Beispill** hie gouf net habilitéiert, fir dëst Dokument ze ënnerschreiw **Synonymmen** autoriséieren, ermächtigen » **reflexiv** **2. DE** sich habilitieren • **FR** passer son doctorat d'État • **EN** to habilitate • **PT** passar o doutoramento de Estado **Beispill** mäi Kolleeg huet sech op der Universitét vu München habilitéiert

Habscht [həpʃt] Eegennumm **DE** Hobscheid • **FR** Hobscheid • **EN** Hobscheid • **PT** Hobscheid **Beispiller** ech wunnen zu Habscht; fiert dese Bus op Habscht?

hackeleg Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

hackelen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehackelt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

hacken [h'ækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehackt) » **transitiv** **DE** hacken [ein informatisches System] • **FR** pirater [un système informatique] • **EN** to hack [a computer system] • **PT** aceder ilicitamente a, atacar [um sistema informático] **Beispill** d'Computere vun der Bourse si gehackt ginn

hacken Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehackt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Hacker [h'ækə] Maskulinum (Pluriel Hacker) **DE** Hacker • **FR** hacker, pirate informatique • **EN** hacker [computer pirate] • **PT** hacker **Beispill** e gewëtzten Hacker huet op eise Server zougegraff

I Weiblech Form: ↗Hackerin

hackerdjéft [hakertz'əft] Interjektion - Variant vun ↗zackerdjéss

hackerdjéss [hakertz'əs] Interjektion - Variant vun ↗zackerdjéss

Hackerin [h'ækərin] Femininum (Pluriel Hackerinnen) **DE** Hackerin • **FR** hackeuse, pirate informatique • **EN** (female) hacker [computer pirate] • **PT** hacker [mulher] **Beispill** eng Hackerin huet sech Zougrëff op meng E-Maile verschafft

I Männlech Form: ↗Hacker

Hackernoss [haken'os] Femininum (Pluriel Hackernöss) **DE** Walnuss • **FR** noix [fruit du noyer] • **EN** walnut [nut] • **PT** noz [fruto da noqueira] **Beispiller** dëst Joer si vill Hackernöss; ech iessen d'Hackernöss, wann s du mer se opmëchs **Synonym** Déck Noss

hackerstiwel [hakeft'ivəl] Interjektion **[égs vereeltz]** **DE** verflìxt und zugenäht, Himmel, Arsch und Zwirn, Himmel nochmal • **FR** nom d'une pipe, nom d'un chien, sapristi • **PT** irra, com os diabos, com a breca **Beispiller** géff dech mat demeng Gesouers, hackerstiwel!; hackerstiwel, elo hunn ech mer mäin Hiem begladdert! **Synonym** zackerdjéss

häckselen [h'æksələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehäckelt) » **transitiv** **DE** häckseln • **FR** hacher, broyer [des végétaux] • **EN** to shred, to chip [organic waste] • **PT** moer, triturar [vegetais] **Beispill** mir müssen déi ofgeschnidden Äscht häckselen

Häckseler [h'æksələ] Maskulinum (Pluriel Häckseler) **DE** Häcksler • **FR** hache-paille, broyeur • **EN** chaff-cutter, shredder, chipper • **PT** corta-palha, triturador **Beispill** gëschter ass e Bauer mat der Hand an den Häckseler geroden

haen [h'a:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehaen) » **transitiv** **1. DE** hacken [spalten, zerlegen] • **FR** fendre, couper [à la hache] • **EN** to chop [wood, meat] • **PT** fender, rachar, partir [com a machada] **Beispiller** ech hunn de ganze Mëtteg Holz gehaen; de Metzler huet d'Schanke mam Beilen a Stécker gehaen **2. DE** fällen [einen Baum] • **FR** abattre [un arbre] • **EN** to chop down • **PT** abater [uma árvore] **Beispiller** déi krank Eech huet misse gehae ginn; haut gëtt am Bësch gehaen **[égs]** [haut ginn am Bësch Beem gehaen] **Synonymmen** ëmhaen, ëmleeën **3. DE** hauen [prügeln] • **FR** frapper [battre] • **EN** to hit, to strike • **PT** bater [sovar] **Beispiller** wann een dech heet, dann ha en zeréck!; pass op, dee wëllt dich iwuer d'Ouer(en) haen! **[égs]** [pass op, dee wëllt dech bedreien!] **Synonym** schloen **4. engem eng haen** **DE** jemandem eine herunterhauen • **FR** gifler quelqu'un, frapper quelqu'un • **EN** to slap, to hit • **PT** esbofetear alguém, bater em alguém

Beispill ennerstéi dech, mir eng ze haen! » **intransitiv** 5. **DE** *hauen* [schlagen] • **FR** *frapper, taper* • **EN** *to bang, to hit* • **PT** *bater, dar uma pancada* **Beispiller** de Generol huet mat der Fauscht op den Dësch **gehaen**; **ha** emol mat engem décken Hummer op dee Potto! **Synonym** schloen

i Verben, déi **haen** als Basis hunn: ↗**anhaen**, ↗**ëmhaen**, ↗**erofhaen** an ↗**ewechhaen**

Häerd [hɛ:ɔt] **Femininum** (Pluriel Häerden) 1. **DE** *Herde* [Tierherde] • **FR** *troupeau* [d'animaux] • **EN** *flock, herd, troop* • **PT** *rebanho* [de animais] **Beispill** matzen an der Strooss steet eng **Häerd** Schof 2. [ɛgs] **DE** *Haufen, Masse, Menge* • **FR** *flopée* (de), *grand nombre* (de) • **EN** *pack* (of), *large number* (of) • **PT** *rebanho* (de), *grande número* (de) **Beispiller** mir waren doheem zu enger **Häerd** Kanner; ech hunn hoffentlech nach eng **Häerd** Jore viru mer

Häerdenimmunitéit [h'ɛ:ɔdɔnimunitɛit] **Femininum** (kee Pluriel) **DE** *Herdenimmunität* • **FR** *immunité collective* • **EN** *herd immunity* • **PT** *imunidade coletiva* **Beispill** fir eng **Häerdenimmunitéit** ze errechen, muss en héije Prozentsaz vun der Populatioun de Virus gehat hunn oder dergéint geimpft sinn

Häert [hɛ:ɔt] **Femininum** 1. (Pluriel Häerten) **DE** *Härte* [Festigkeit, Dichte] • **FR** *durété* [fermeté physique] • **EN** *hardness* [of materials] • **PT** *dureza* [rjeza] **Beispill** dat Material gëtt et a verschiddenen **Häerten** 2. (kee Pluriel) **DE** *Härte* [Schärfe, Vehemenz, Strenge] • **FR** *fermeté, rigueur* • **EN** *firmness, severity* • **PT** *firmeza, rigor* **Beispill** de Mënschenhandel muss mat aller **Häert** bekämpft ginn

Häerz [hɛ:ɔts] **Neutrum** (Pluriel Häerzer) 1. **DE** *Herz* [Organ] • **FR** *cœur* [organe] • **EN** *heart* [organ] • **PT** *coração* [órgão] **Beispiller** Ausdauersport ass gutt fir d'**Häerz**; dat jonkt Meedchen ass gëschter mam **Häerz** operéiert ginn; mäi Brudder muss Medikamenter huelen, well en et um **Häerz** huet; mir fällt e Stee vum **Häerz**! [ech sinn erliichtert!]; Hand op d'**Häerz**! [ɛgs] [sief éierlech mat dir selwer!]; géff dengem **Häerz** e Stouss! [iwirerwann dech!]; déi al Madamm huet e gutt **Häerz** [déi al Madamm ass e guttmiddege Mënsch]; et kënnt vun **Häerzen**! [et ass léif an éierlech gemengt!]; him ass näischt un d'**Häerz** gewuess [hien hânt net u senge Saachen]; hei erkaalt een sech d'**Häerz** am Leif! [ɛgs] [hei ass et ganz kall!]; huel der mäi Rot zu **Häerz(en)**! [maach, wéi ech der roden!]; deem ass näischt un d'**Häerz** gewuess [ɛgs] [deen ass mëtschgieweg]; huel der dat net esou zu **Häerz**! [reeg dech net esou doriwwer op!]; hues de eppes um **Häerz**? [wëlls de eppes soen?]; bedréckt eppes dech?]; ech ginn der meng al Diske vun **Häerze** gär [ech ginn der meng al Diske ganz gär!]; d'Kand huet senger Mamm säin **Häerz** ausgeschott [ɛgs] [d'Kand huet senger Mamm verzielt, wat et bedréckt!]; bei deem Buffet kritt een, **Häerz**, wat begiers de! [ɛgs] [bei deem Buffet kritt een alles, wat een sech ka wënschen!]; d'**Häerz** huet mer gegluckst, wéi ech de Kuch gesinn hunn [ɛgs] [ech war begeeschtert, wéi ech de Kuch gesinn hunn!]; meng Schreifmaschinn ass mer un d'**Häerz** gewuess [ɛgs] [ech kéint nëmme schwéier op meng Schreifmaschinn verzichten!]; der Mamm ass d'**Häerz** gebrach, wéi hire Jong ausgewandert ass [ɛgs]

[d'Mamm war ganz trauereg, wéi hire Jong ausgewandert ass]; ech hunn et net iwirer d'**Häerz** bruecht, dir d'Wouerecht ze soen [ɛgs] [ech konnt mech net iwirerwannen, dir d'Wouerecht ze soen]; ech hu mengem Mann un d'**Häerz** geluecht, den Owend matzäit heemzekommen [ɛgs] [ech hu mengem Mann gesot, ech géif drop halen, datt en den Owend matzäit heemkéim]; wéi de Patron de Léierbouf an de Büro geruff huet, ass deem d'**Häerz** an d'Schong gerëtscht [ɛgs] [wéi de Patron de Léierbouf an de Büro geruff huet, huet deen et elle mat der Angscht ze di kritt] 2. um oppenen **Häerz** **DE** *am offenen Herzen* • **FR** *à cœur ouvert* • **EN** *open heart* • **PT** *de coração aberto* **Beispill** et besteet ëmmer nach e grouse Risiko fir de Patient, wann en um oppenen **Häerz** operéiert gëtt 3. **DE** *Herz* [Zentrum, Mittel] • **FR** *cœur* [milieu, centre] • **EN** *heart* [centre, middle] • **PT** *coração, centro, núcleo* **Beispill** am **Häerz** vun der Stad steet e Schlass; déi hëlzen Dunne si faul bis an d'**Häerz** **Synonym** Mëtt

Häerzblutt **Neutrum** (kee Pluriel)

i Hei entstee en neien Artikel.

Häerzchen [h'ɛ:ɔtsjən] **Neutrum** (Pluriel Häerzcher) - Diminutivform vun ↗**Häerz**

Häerzchirurg [h'ɛ:ɔtsʃirurɔ] **Maskulinum** (Pluriel Häerzchirurgen) **DE** *Herzchirurg* • **FR** *chirurgien cardiaque* • **EN** *cardiac surgeon, heart surgeon* • **PT** *cirurgião cardíaco* **Beispill** dësen **Häerzchirurg** ass op Transplantatiounen bei Puppelcher spezialiséiert

i Weiblech Form: ↗**Häerzchirurgin**

Häerzchirurgie [h'ɛ:ɔtsʃirurɔzi:] **Femininum** 1. (kee Pluriel) **DE** *Herzchirurgie* [Fachgebiet] • **FR** *chirurgie cardiaque* [spécialité médicale] • **EN** *heart surgery* [branch of medicine] • **PT** *cirurgia cardíaca* [especialidade médica] **Beispill** deen Dokter ass eng **Capaciteit** um Gebitt vun der **Häerzchirurgie** 2. (Pluriel Häerzchirurgien) **DE** *Herzchirurgie* [Abteilung] • **FR** *service de chirurgie cardiaque* • **EN** *heart surgery* [hospital department] • **PT** *serviço de cirurgia cardíaca* **Beispill** d'**Häerzchirurgie** ass elo an deen neien Trakt vun der Klinik geplënnert

Häerzchirurgin [h'ɛ:ɔtsʃirurɔzin] **Femininum** (Pluriel Häerzchirurginnen) **DE** *Herzchirurgin* • **FR** *chirurgienne cardiaque* • **EN** *cardiac surgeon, heart surgeon* [female] • **PT** *cirurgiã cardíaca* **Beispill** no sengem Häerzinfarkt huet d'**Häerzchirurgin** mengem Bop e Bypass gesat

i Männlech Form: ↗**Häerzchirurg**

Häerzdokter [h'ɛ:ɔtsdɔkte] **Maskulinum** (Pluriel Häerzdokteren) **DE** *Kardiologie* • **FR** *cardiologue* • **EN** *cardiologist* • **PT** *cardiologista* **Beispill** no menger Operatioun huet den **Häerzdokter** mir geroden, aktiv ze bleiwen **Synonym** Kardiolog

i Weiblech Form: ↗**Häerzdoktesch**

Häerzdoktesch [h'ɛ:ɔtsdɔktəʃ] **Femininum** (Pluriel Häerzdokteschen) **DE** *Kardiologin* • **FR** *cardiologue* [femme] • **EN** *cardiologist* [female] • **PT** *cardiologista* [mulher] **Beispill** de Patient krut vun der **Häerzdoktesch** en EKG gemaach **Synonym** Kardiologin

i Männlech Form: ↗**Häerzdokter**

häerzeg [h'ɛ:ɣtsəç] Adjektiv **DE** *herzig* • **FR** *mignon, adorable* <Adverb adorablement> • **EN** *lovely, charming, adorable* <Adverb adorably> • **PT** *fofo, adorável* <Adverb adoravelmente> **Beispiller** si hunn häerzeg Kanner; de Puppelche kann esou häerzeg laachen **Synonymmen** aartlech, séiss

häerzensgutt [hɛ:ɣtsənsɣ'ut] Adjektiv **DE** *herzensgut* • **FR** *plein de bonté, qui a un cœur d'or* • **EN** *good-hearted, with a heart of gold* • **PT** *muito bondoso, que tem um coração de ouro* **Beispill** meng Mamm war eng häerzensgutt Fra

Häerzer Femininum (Pluriel Häerzer) **1.** (kee Singulier) **DE** *Herz* [Kartenfarbe] • **FR** *cœur* [couleur au jeu de cartes] • **PT** *copas* [naipe] **Beispiller** an dëser Partie ass Häerzer Tromp; a mengem ale Kaartespill sinn d'Häerzer net méi komplett, d'Néngtche feelt **2.** **DE** *Herz* [Spielkarte] • **FR** *cœur* [carte à jouer] • **PT** *carta de copas* **Beispill** am leschte Streech waren nach dräi Schëppen an eng Häerzer

Häerzeräss [hɛ:ɣtsɛ'æs] Maskulinum (Pluriel Häerzerässen) - Variant vun ↗Häerzer-Äss

Häerzer-Äss [h'ɛ:ɣtsɛ'ræs] Maskulinum (Pluriel Häerzer-Ässen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Häerzer-Damm [h'ɛ:ɣtsɛdam] Femininum (Pluriel Häerzer-Dammen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Häerzerdamm [hɛ:ɣtsɛd'am] Femininum (Pluriel Häerzerdammen) - Variant vun ↗Häerzer-Damm

Häerzfeeler [h'ɛ:ɣtsfɛ:lɛ] Maskulinum (Pluriel Häerzfeeler) **DE** *Herzfehler* • **FR** *malformation cardiaque* • **EN** *heart defect* • **PT** *malformação cardíaca* **Beispill** de Bébee ass mat engem Häerzfeeler op d'Welt komm

Häerzgeräisch [h'ɛ:ɣtsɣɛræ:ɪʃ] Neutrum (Pluriel Häerzgeräischer) **DE** *Herzgeräusch* • **FR** *souffle au cœur* • **EN** *heart murmur, cardiac murmur* • **PT** *sopro cardíaco* **Beispill** wéi en d'Kand ofgelauschttert huet, sinn dem Dokter verdächtg Häerzgeräischer opgefall

häerzhaft [h'ɛ:ɣtshaft] Adjektiv **DE** *herzhaft* [Lachen] • **FR** *franc* [rire] <Adverb de bon cœur> • **EN** *heartly* [laugh] <Adverb heartily> • **PT** *franco* [riso] <Adverb de bom grado> **Beispiller** dat häerzhaft Laachen deet engem gutt; mat denger Frëndin kann een häerzhaft laachen

Häerzi Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Schatz, Liebling* • **FR** *chérie* [bien-aimé(e)] • **EN** *darling, love, sweetheart* • **PT** *querido, querida* **Beispill** Häerzi, solle mer fir eisen Hochzäitsdag net e puer Deeg fortfuereen? **Synonymmen** Huesi, Mausi, Stuppi

Häerzinfarkt [h'ɛ:ɣtsinfarkt] Maskulinum (Pluriel Häerzinfakter / Häerzinfakten) **DE** *Herzinfarkt* • **FR** *infarctus* (du myocarde), *crise cardiaque* • **EN** *heart attack* • **PT** *enfarte* (do miocárdio), *ataque cardíaco* **Beispill** no sengem Häerzinfarkt huet e besser op seng Gesondheet opgepasst

Häerzkatheeter [h'ɛ:ɣtskate:tɛ] Maskulinum (Pluriel Häerzkatheeteren) **DE** *Herzkatheter* • **FR** *sonde cardiaque, cathéter cardiaque* • **EN** *heart catheter, car-*

diac catheter • **PT** *sonda cardíaca, cateter cardíaco* **Beispill** bei Problemer mécht en Häerzkatheeter d'Duerchbluddung vum Häerz fir de Kardiolog siichtbar

Häerzkatheter [h'ɛ:ɣtskate:tɛ] Maskulinum (Pluriel Häerzkatheteren) - Variant vun ↗Häerzkatheeter

Häerzkapp [h'ɛ:ɣtsklap] Femininum (Pluriel Häerzkappen) **DE** *Herzklappe* • **FR** *valvule cardiaque* • **EN** *heart valve, cardiac valve* • **PT** *válvula cardíaca* **Beispill** beim Belaaschtungstest ass erauskomm, datt ech e Problem mat enger Häerzkapp hunn

Häerzkappen [h'ɛ:ɣtsklapən] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Herzklopfen* • **FR** *palpitations* [cardiaques] • **EN** *palpitations* • **PT** *palpitações* [cardíacas] **Beispiller** hie kritt ëmmer Häerzkappen, wann en an den Exame geet; dat Medikament léist ganz staarkt Häerzkappe bei mir aus

häerzkrank [h'ɛ:ɣtskrɑŋk] Adjektiv **DE** *herzkrank* • **FR** *cardiaque* [malade du cœur] • **EN** *suffering from a heart condition* • **PT** *cardíaco* [doente do coração] **Beispiller** mir spenden all Joer fir déi häerzkrank Kanner; de Leefer, dee beim Marathon gestuerwen ass, war häerzkrank

Häerz-Kreeslaf-Krankheet [hɛ:ɣtskr'e:sla:fkɛr'ɑŋkhe:t] Femininum (Pluriel Häerz-Kreeslaf-Krankheeten) **DE** *Herz-Kreislauf-Erkrankung* • **FR** *maladie cardiovasculaire* • **EN** *cardiovascular disease* • **PT** *doença cardiovascular* **Beispill** mäi Papp ass wéinst enger chronischer Häerz-Kreeslaf-Krankheet beim Kardiolog a Behandlung

häerzlech [h'ɛ:ɣtsləç] Adjektiv **DE** *herzlich* • **FR** *cordial, chaleureux* <Adverb cordialement, chaleureusement> • **EN** *warm, heartfelt* <Adverb warmly> • **PT** *cordial, caloroso* <Adverb cordialmente, calorosamente> **Beispiller** mir gefält déi häerzlech Ambiente an denger Famil; mäin häerzlecht Bäileed!; mir goufen häerzlech empfaangen

häerzlech [h'ɛ:ɣtsləç] Adverb **[ëgs]** häerzlech wéineg **DE** *herzlich wenig* • **FR** *franchement peu, très peu, pas le moins du monde* • **EN** *precious little* • **PT** *de modo nenhum, de modo algum, muito pouco, pouquissimo* **Beispiller** säi Geschwätz interesséiert mech häerzlech wéineg; et waren häerzlech wéineg Leit um Concert

Häerzlechkeet [h'ɛ:ɣtsləçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Herzlichkeit* • **FR** *cordialité* • **EN** *warmth* [friendliness] • **PT** *cordialidade* **Beispill** mir goufe mat grousser Häerzlechkeet empfaangen

Häerzmassage [h'ɛ:ɣtsmasa:f] Femininum (Pluriel Häerzmassagen) **DE** *Herzmassage* • **FR** *massage cardiaque* • **EN** *cardiac massage, heart massage* • **PT** *massagem cardíaca* **Beispill** am Éischt-Hëllef-Cours hu mer geléiert, wéi een eng Häerzmassage mécht

Häerzmuskel [h'ɛ:ɣtsmuskəl] Maskulinum (Pluriel Häerzmuskelen) **DE** *Herzmuskel* • **FR** *myocarde* • **EN** *myocardium, heart muscle* • **PT** *miocárdio* **Beispill** duerch Viren oder Bakterie kann den Häerzmuskel sech entzünden

Häerzoperatioun [h'ɛ:ɣdzopɛrasjəʊn] Femininum (Pluriel Häerzoperatiounen) **DE** *Herzoperation* • **FR** *opération du cœur* • **EN** *heart surgery* • **PT** *operação do cora-*

ção **Beispill** déi Häerzoperatioun war e Meilesteen an der Kardiologie

Häerzrhythmus [h'ɛ:ɣtsrɪtmʊs] Maskulinum (Pluriel Häerzrhythmen / Häerzrhythmusen) **DE** *Herzrhythmus* • **FR** *rythme cardiaque* • **EN** *cardiac rhythm* • **PT** *ritmo cardíaco* **Beispill** de Kardiolog huet erausfonnt, datt d'Patientin en onreegelméissegeng Häerzrhythmus huet

Häerzrhythmusstéierung [hɛ:ɣtsr'itmʊsʃtɛɪərʊŋ] Femininum (Pluriel Häerzrhythmusstéierungen) **DE** *Herzrhythmusstörung, Arrhythmie* • **FR** *arythmie (cardiaque)* • **EN** *cardiac arrhythmia* • **PT** *arritmia cardíaca* **Beispill** nom Test krut ech vum Häerzdokter eng gefeierlech Häerzrhythmusstéierung diagnostizéiert **Synonym** Arrhythmie

Häerzschlag [hɛ:ɣtsʃl'a:χ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Herzschlag [Herzversagen]* • **FR** *arrêt cardiaque* • **EN** *heart attack* • **PT** *paragem cardíaca* **Beispill** mäi Papp krut de leschte Summer en Häerzschlag **Synonymmen** Attack, Schlag

Häerzstëllstand [h'ɛ:ɣtsʃtɔlʃtant] Maskulinum (Pluriel Häerzstëllstänn) **DE** *Herzstillstand* • **FR** *arrêt cardiaque* • **EN** *cardiac arrest* • **PT** *paragem cardíaca* **Beispill** en Häerzstëllstand kann all Mënsch zu all Moment treffen

Hafen [h'a:fən] Maskulinum (Pluriel Hafen / Häfen) **DE** *Hafen* • **FR** *port [pour les bateaux]* • **EN** *port, harbour* • **PT** *porto [para barcos]* **Beispill** d'Touristen hunn am Hafen de Schëffer nogekuckt

Haff [haf] Maskulinum (Pluriel Häff) **1. DE** *Hof [eines Gebäudes]* • **FR** *cour [d'un bâtiment]* • **EN** *courtyard* • **PT** *pátio [de um edifício]* **Beispill** mir hunn de Pawee am Haff virun eisem Haus nei gemaach **2. DE** *Hof [Bauernhof]* • **FR** *ferme [domaine agricole]* • **EN** *farm* • **PT** *quinta [propriedade agrícola]* **Beispiller** an de Vakazen hëllef en ech mengem Monni um Haff; hien huet Haus an Haff versoff ^[ëgs] [hien huet alles droggemaach] **Synonym** Bauerenhaff **3. DE** *Hof [eines Herrschers]* • **FR** *cour [d'un souverain]* • **EN** *court [of a sovereign]* • **PT** *corte [de um soberano]* **Beispill** e Bekannte vun eis ass schonn zënter zéng Joer Kach um Haff

Haff Ahl [haf'a:l] Eegennumm **DE** *Hof Ahl* • **FR** *Hof Ahl* • **EN** *Hof Ahl* • **PT** *Hof Ahl* **Beispiller** ech wunnen um Haff Ahl; fiert dese Bus op den Haff Ahl?

Hafnium [h'afnɪjʊm] Maskulinum (kee Pluriel) ^[Chimie] **DE** *Hafnium [chemisches Element]* • **FR** *hafnium [élément chimique]* • **EN** *hafnium [chemical element]* • **PT** *hafnio [elemento químico]* **Beispill** d'Element Hafnium gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller

hafteg [h'aftɛç] Adjektiv ^[vereezelt] hafteg sinn **DE** *aufbrausend sein, aggressiv sein* • **FR** *être coléreux, être emporté* • **EN** *to be short-tempered, to be irascible* • **PT** *estar colérico, estar irascível* **Beispill** hie verdréit keng Kritik, esoubal een em widdersprécht, gétt en hafteg **Synonym** rosen

haften [h'aftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehaft) » **intransitiv** hafte fir **DE** *haften für* • **FR** *être responsable de, répondre de* • **EN** *to be responsible for, to be liable for* • **PT** *ser responsável por, responder por*

Beispill all Elteren hafte fir hir Kanner, wann se eppes futti maachen

Haftpflicht [h'aftʃlɪçt] Femininum (Pluriel Haftpflichten) **DE** *Haftpflichtversicherung* • **FR** *assurance responsabilité civile* • **EN** *personal liability insurance, third party insurance* • **PT** *seguro de responsabilidade civil* **Beispill** eis Haftpflicht ass fir de Schued opkomm, deen eis Kanner gemaach hunn

i Variant: Haftpflicht

Haftpflicht [h'aftʃlɪçt] Femininum (Pluriel Haftpflichten) - Variant vun ↗Haftpflicht

Hai [haɪ] Maskulinum (Pluriel Haien) **1. DE** *Hai [Fischart]* • **FR** *requin [espèce]* • **EN** *shark [fish]* • **PT** *tubarão [espécie]* **Beispill** ech hunn d'lescht Joer en Hai am Mier gesinn **Synonym** Haifësch **2. DE** *Hai [Nahrungsmittel]* • **FR** *requin [aliment]* • **EN** *shark [food]* • **PT** *tubarão [alimento]* **Beispill** hues de schonn eng kéier Hai giess? **Synonym** Haifësch

Haifchen [h'aɪfçən] Femininum (Pluriel Haiwercher) - Diminutivform vun ↗Hauf

Haifësch [h'aɪfəʃ] Maskulinum (Pluriel Haifësch) **1. DE** *Haifisch [Fischart]* • **FR** *requin [espèce]* • **PT** *tubarão [espécie]* **Beispill** ech hunn d'lescht Joer en Haifësch am Mier gesinn **Synonym** Hai **2. DE** *Haifisch [Nahrungsmittel]* • **FR** *requin [aliment]* • **PT** *tubarão [alimento]* **Beispill** hues de schonn eng kéier Haifësch giess? **Synonym** Hai

Häip [hæ:ɪp] Femininum (Pluriel Häipen) **DE** *Hütte [kleines Haus]* • **FR** *cabane, bicoque* • **EN** *hut* • **PT** *cabana, barraca* **Beispill** hie wunnt an enger Häip, direkt beim Bësch

i Variant: Heip

Häipchen [h'æ:ɪpçən] Femininum (Pluriel Häipercher) - Diminutivform vun ↗Häip

Häipi Maskulinum (Pluriel Häipien)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Haischen [h'aɪsçən] Neutrum (Pluriel Haisercher) **1. DE** *Häuschen* • **FR** *maisonnette, remise* • **EN** *shed* • **PT** *casinha, barracão* **Beispiller** ech hu mäi ganz Gaardegeschier an engem Haischen hanner der Garage; d'Kanner waren aus dem Haische vu Freed! ^[ëgs] [d'Kanner waren ausser sech vu Freed] **2. DE** *Feld, Kästchen* • **FR** *case, carreau* • **EN** *box, square* • **PT** *quadrado, quadrícula* **Beispiller** maach däi Krop an dat richtegt Haischen!; am Rechne brauchen d'Kanner en Heft mat Haisercher **3.** am Haische sprangen **DE** *Himmel und Hölle spielen* • **FR** *jouer à la marelle* • **EN** *to play hopscotch* • **PT** *jogar à macaca* **Beispill** am Haische sprangen ass fir d'Kanner e bëllege Spaass **4.** ^[ëgs] **DE** *Klo, Töpfchen* • **FR** *W.-C.* • **EN** *loo* • **PT** *casinha [casa de banho]* **Beispill** ech muss séier op d'Haischen, soss geet et an d'Box! **Synonymmen** Cabinet, Dëppen, Toilette

haislech [h'aɪslɛç] Adjektiv **DE** *häuslich [gern zu Hause bleibend]* • **FR** *casanier* • **EN** *stay-at-home* • **PT** *caseiro [amigo de estar em casa]* **Beispill** zënter hie bestuet ass, gétt en ëmmer méi haislech

haiteg [h'aɪtɛç] Adjektiv **DE** *heutig [gegenwärtig, derzeitig]* • **FR** *actuel [du moment présent]* • **EN** *current, pre-*

sent • PT *atual* [do momento presente] **Beispiller** den haitege President setzt sech méi fir säi Veräin an ewéi deen alen; an den haitegen Zäiten ass et net méi einfach, eng Aarbechtsplaz ze fannen

haiten [h'aitən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehait)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Haiti [ha'iti:] Eegennumm, Neutrum DE *Haiti* • FR *Haiti* • EN *Haiti* • PT *Haiti* **Beispiller** ech war schonn dräimol op Haiti; ech fueren d'nächst Woch op Haiti; ech komme vun Haiti; ech war schonn dräimol an Haiti; ech fueren d'nächst Woch an Haiti; ech kommen aus Haiti

I männlech Persoun: ↗Haitianer weiblech Persoun: ↗Haitianerin Adjektiv: ↗haitianesch Haaptstad: ↗Port-au-Prince

Haitianer [haisj'a:nə] Maskulinum (Pluriel Haitianer) DE *Haitianer* • FR *Haitien* • EN *Haitian* • PT *haitiano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Haitianer

Haitianerin [haisj'a:nərin] Femininum (Pluriel Haitianerinnen) DE *Haitianerin* • FR *Haitienne* • EN *Haitian* [female] • PT *haitiana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Haitianerin

haitianesch [haisj'a:nəf] Adjektiv DE *haitianisch* • FR *haitien* • EN *Haitian* • PT *haitiano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi haitianesch Kultur kenne geléiert

Hakekräiz [h'a:kəkræ:its] Neutrum (Pluriel Hakekräizer) DE *Hakenkreuz* • FR *croix gammée* • EN *swastika* • PT *cruz gamada* **Beispill** an der Nuecht war e grousst Hakekräiz op d'Monument gemoolt ginn

Hakenhaff [h'a:kənhaf] Eegennumm DE *Hakenhaff* • FR *Hakenhaff* • EN *Hakenhaff* • PT *Hakenhaff* **Beispiller** ech wunnen um Hakenhaff; fiert dëse Bus op den Hakenhaff?

Hal [ha:l] Femininum (Pluriel Halen) DE *Halle* • FR *halle*, *hall*, *grande salle* • EN *hall* [large room] • PT *pavilhão*, *salaõ* **Beispiller** ech kennen e Sammler, deen huet eng ganz Hal voller aler Autoen; bei schlechtem Wieder gëtt de Match an der Hal gespilt

halal Adjektiv - Variant vun ↗halall

halall Adjektiv

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Halbzeit [h'albtsait] Femininum (Pluriel Halbzeiten) **1.** DE *Halbzeit* • FR *mi-temps* [moitié de la compétition sportive] • EN *half* [of a sports game] • PT *meio-tempo*, *parte* [metade de competição desportiva] **Beispill** an der éischter Halbzeit si schonn zwee Goler gefall **Synonymmen** Hallschecht, Hallschent **2.** DE *Pause* [zur Halbzeit] • FR *mi-temps* [pause entre les deux parties d'une compétition sportive] • EN *half-time* • PT *intervalo* [entre as duas partes de uma competição desportiva] **Beispill** an der Halbzeit kruten d'Spiller Tëi

halen [h'a:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehalen / gehal) » transitiv **1.** DE *halten* [stützen] • FR *tenir*, *maintenir* • EN *to hold*, *to hold up* [to support] • PT *segurar*, *amparar*, *suportar* **Beispiller** ech schëdden, hal du den Triichter; hält wannegelift ee mer d'Leeder?; déi ganz Dall gëtt vun zwee Pliere gehalten; an dëser Fotell ass ee gutt gehalten [an dëser Fotell huet

een de Réck gutt gestäipt] **2.** DE *halten* [in eine bestimmte Stellung bringen] • FR *mettre* [dans une certaine position] • EN *to put*, *to hold* [in a certain position] • PT *pôr*, *colocar* [em determinada posição] **Beispiller** et soll een d'Hand virun de Mond halen, wann ee gaapst; hal de Film géint d'Luucht! **3.** DE *behalten* [in seinem Besitz] • FR *garder* [en sa possession] • EN *to keep* [in one's possession] • PT *guardar* [em sua posse] **Beispiller** du kanns de Rescht Suen halen; ech hu meng Schoulbicher gehalten, ech brauch se vläicht nach **4.** DE *halten* [in einem bestimmten Zustand] • FR *garder*, *maintenir* [dans un certain état] • EN *to keep* [in a certain condition] • PT *guardar*, *manter* [em determinado estado] **Beispiller** probéier, deng Wunneng propper ze halen!; dat ganz Appartement ass a Pastellfaarwe gehalten [dat ganz Appartement ass a Pastellfaarwen ugestrach an dekoréiert]; deen Artikel ass schaarf gehalten [égs] [deen Artikel ass schaarf formuléiert]; wéi d'Kanner de Clown gesinn hunn, waren se net méi ze halen [égs] [wéi d'Kanner de Clown gesinn hunn, waren se net méi ze berouegen] **5.** DE *halten* [an einem bestimmten Ort] • FR *garder*, *retenir* [dans un certain endroit] • EN *to keep* [in a certain place] • PT *guardar*, *reter* [em determinado lugar] **Beispiller** d'Doktesch sot zur Mamm, si misst d'Kand eng Woch am Bett halen; haalt Ären Hond am Haus, wann d'Kanner am Haff spillen!; mech hält näischt méi hei!; hal deng Hänn bei dir! [égs] [pak mech net un!; pak näischt un!; de Pneu hält d'Loft net méi [de Pneu ass net méi dicht] **6.** DE *halten* [nicht aufgeben, verteidigen] • FR *tenir*, *maintenir* [défendre] • EN *to hold*, *to keep* [to defend] • PT *manter*, *defender* **Beispill** d'Zaldoten hunn et fäerdegbruecht, fir 14 Deeg laang hir Stellung ze halen **7.** DE *halten* [durchführen, veranstalten] • FR *faire* [un discours], *donner* [un cours, une prestation musicale], *lire* [une messe] • EN *to make*, *to give* [a speech], *to give* [a lesson], *to hold* [a service] • PT *fazer* [um discurso], *dar* [uma aula], *dizer* [uma missa] **Beispiller** op eiser Hochzäit huet mäi Monni eng Ried gehalten; haut huet en anere Professor d'Stonn gehalten; den neie Kaploun hält haut d'Mass; den Owend ginn ech mat mengem Kollege eng halen [égs] [den Owend ginn ech mat mengem Kollege vill Alkohol drénken] **8.** DE *halten* [den Mund, zum Schweigen] • FR *fermer* [la bouche, pour se taire] • EN *to keep* [one's mouth shut] • PT *calar* [a boca] **Beispiller** hal de Mond!; ziel him näischt dovun, well e kann de Mond net halen! **9.** DE *halten* [Tiere] • FR *avoir* [des animaux] • EN *to keep* [animals] • PT *ter* [animais] **Beispiller** ech hale keng Päerd méi, well et ze vill Aarbecht ass; eis Nopere hale Kanéngercher; bei deenen Alen ass ee gutt gehalten [égs] [bei eelere Leit ass ee gutt versuergt] **10.** DE *halten* [sich halten an, einhalten] • FR *tenir* [un engagement] • EN *to keep* [a promise] • PT *cumprir* [um compromisso] **Beispill** hien huet säi Versprechen net gehalten **11.** fir sech halen DE für sich behalten [nicht weiterzählen] • FR *garder pour soi* [ne pas répéter] • EN *to keep to oneself* [to keep quiet about] • PT *guardar para si* [não repetir] **Beispill** wat ech der elo zielen, hals de fir dech! **12.** hale fir DE halten für [verwechseln mit] • FR *prendre pour* [confondre avec] • EN *to take for* [to confuse with] • PT *tomar por* [confundir com] **Beispill** ech hat deen Här fir den neie Chef gehalten! **13.** hale fir DE halten für [betrachten als] • FR *considérer comme* • EN *to consider as*, *to view as* • PT *considerar* (como) **Beispiller**

d'Leit **halen** hie fir e grouse Kënschtler; ech **halen** déi Reform fir iwwerflësseg; fir wéi al **häls** de mech? [wéi al sinn ech denger Meenung no?] **14.** hale vun **DE halten** von [eine bestimmte Meinung haben von] • **FR penser de** [avoir une certaine opinion de] • **EN to think of** [to have a certain opinion about] • **PT achar de, ter** (grande) **opinião de** **Beispiller** wat **häls** du von der Reform?; ech **halen** net vill vun deem neuen Auto **15.** eppes op sech **halen** **DE auf sich halten** • **FR se soucier de** son image • **EN to care about one's appearance** • **PT importar-se** com a sua imagem **Beispiller** wien eppes op sech hält, deen deet sech anstännege u fir op esou e Concert; zënter seng Fra dout ass, **hält** en näscht méi op sech » **intransitiv 16.** **DE halten** [fest sein] • **FR tenir** [tenir en place, ne pas se défaire] • **EN to stay in place, to hold** • **PT ficar no lugar, manter-se fixo** **Beispiller** d'Tapéit **hält** net; maach en duebele Knuet, soss **hält** de Putsch net! **17.** **DE halten** [Bestand haben] • **FR tenir** [durer, se conserver] • **EN to last** [to continue], to last [to stay fresh] • **PT manter-se, aguentar-se** [durar, conservar-se] **Beispiller** meng Bezéiungen **halen** ni laang; d'Blumme ware schéin, mee se **hunn** net laang **gehalen** **18.** **DE halten, anhalten** [stehen bleiben] • **FR s'arrêter** [conducteur, véhicule] • **EN to stop** [(with a) vehicle] • **PT parar** [conductor, veiculo] **Beispiller** de Bus **hält** net hei!; du **däerfs** hei net **halen!** **Synonym** stoe bleiwen **19.** **DE halten** [das Fahrzeug abstellen] • **FR être à l'arrêt, stationner** • **EN to park** [to leave a vehicle] • **PT estar parado, estacionar** **Beispiller** hei **däerf** ee just eng **hallef Stonn halen**; wéi **halen** ech elo hei? [⇒ seet een, wann een an enger dommer Situatioun ass] **20.** **halen** op **DE halten auf** [Wert legen auf] • **FR tenir à, attacher de** l'importance à • **EN to consider important, to insist on** • **PT fazer questão de, dar importância a** **Beispiller** ech **halen** drop, un där Reunion deelzehuelen; an eisem Betrib **hale** mer op Pénktelechkeet **21.** **halen** zu **DE halten zu** [unterstützen, stehen hinter] • **FR soutenir** [prendre parti en faveur de, appuyer] • **EN to stand by, to back** • **PT tomar o partido de, apoiar** **Beispiller** ech **hunn** nach **ëmmer** zu dir **gehalen**; zu wat fir enger **Ekip** **häls** du? **22.** **halen** un **DE liegen an** [zurückzuführen sein auf] • **FR tenir à** [être dû à] • **EN to be dependent on** • **PT depender de, ser devido a** **Beispill** et **hält** net u mir, datt d'Saach nach net erleedegt ass » **reflexiv 23.** **DE sich halten** [eine bestimmte Position einnehmen, bewahren] • **FR se tenir** [avoir une certaine position] • **EN to hold oneself, to keep** [in a certain position] • **PT manter-se** [em determinada posição] **Beispiller** **hal** dech richt!; **hal** dech riets! [fuer op der rietscher Säit vun der Strooss!] **24.** **DE sich halten** [in einem guten Zustand] • **FR se conserver, se maintenir** [en bon état, en bonne forme] • **EN to keep** [in good condition, in good shape] • **PT conservar-se, manter-se** [em bom estado, em boa forma] **Beispiller** frësch **Mëllech hält** sech just am Frigo; d'Wieder **hält** sech nach e puer Deeg; meng Mamm **huet** sech gutt **gehalen**; eis **Ekip** **huet** sech bis elo gutt **gehalen** leis **Ekip** **huet** bis elo gutt **gespillt** **25.** **sech halen** un **DE sich halten an** [sich richten nach, sich orientieren an] • **FR respecter, s'en tenir à** • **EN to keep to, to follow** [the rules], to follow [an authority] • **PT respeitar, seguir, guiar-se por** **Beispiller** wann s de wëlls matspillen, da muss de dech un d'Reegelen **halen!**; fir d'Orthografie **hale** mir eis un e Spezialist

i Verben, déi **halen** als Basis hunn: **anhalen, ausenannerhalen, ausenannerhalen, ausenannehalen, aushalen, bäihalen,**

abereethalen, déckhalen, dergéinhalen, dohalen, dohinalen, drunhalen, duerchhalen, duerhalen, entgéinhalen, eraushalen, erophalen, ewechhalen, festhalen, fräihalen, gutthalen, héichhalen, hinalen, klenghalen, mathalen, ofhalen, ophalen, stallhalen, unhalen, virhalen, vuneneanerhalen, vuneneenhalen, zeréckhalen, zesammenhalen an **zouhalen**

Haler [h'a:lə] Eegennumm **DE Haller** • **FR Haller** • **EN Haller** • **PT Haller** **Beispiller** ech wunnen zu **Haler**; fiert dëse Bus op **Haler**?

Häll [hæ:l] Femininum (kee Pluriel) **Relioun** **DE Hölle** • **FR enfer** • **EN hell** • **PT Inferno** **Beispiller** op verschiddene Kierchemoleerie gétt d'**Häll** durgestallt; wann een d'**Häll** gewinnt ass, fährt een der Däiwel net **egs** [et kann net nach méi schlëmm ginn]; hien huet Himmel an **Häll** a Bewegung gesat, fir déi **Plaz** ze kréien **egs** [hien huet mat alle Mëttele probéiert, déi **Plaz** ze kréien]

Hall [hɔ:l] Maskulinum (Pluriel **Hallen**) **DE Diele** [Vorraum] • **FR hall** [d'entrée, vestibule] • **EN hall** [hallway] • **PT hall, vestibulo** **Beispill** mir **hunn** eisen **Hall** frësch ugestrach

hallef [h'aləf] Adjektiv **DE halb** • **FR demi** <Adverb à moitié> • **EN half** • **PT meio** <Adverb meio> **Beispiller** ech **hunn** eng **hallef** Dosen **Eeër** kaaft; dee **Film** dauert just eng **hallef** Stonn; de **Kuch** ass nëmme **hallef** gebak; o vreck, ass et schonn **hallwer** dräi!; ech **sinn** an der **hallwer** Trap gefall [ech **sinn** an der Mëtt vun der Trap gefall]; ech hu wëlles, d'nächst **Joer** nëmme **hallef** ze schaffen [ech hu wëlles, d'nächst **Joer** nëmme eng **hallef** Tache ze schaffen]; ech **sinn** **hallef** erhéngert! **egs** [ech hu groussen **Honger**]

hallefdaags [h'aləfda:xs] Adverb **Neologismus** **DE halbtags** • **FR à la demi-journée, à mi-temps** • **EN part-time, half-day** • **PT a meio tempo** **Beispiller** den **Ament** schafft meng **Schwëster hallefdaags** als **Educatrice** an enger **Crèche**; meng **Hausdoktesch** schafft **hallefdaags** an **hired Praxis** an de **Rescht** vun der **Zäit** an engem **Spidol**

i Kuckt och den etablierten Term **hallef**.

i Variant: **hallefdeegs**

hallefdeegs [h'aləfde:gs] Adverb - Variant vun **hallefdaags**

Hallefaaschten [h'aləfa:tən] Neutrum (kee Pluriel) **DE Mittfastensonntag** • **FR dimanche de Laetare** • **EN Laetare Sunday** • **PT Domingo Laetare** **Beispill** fréier **huet** d'**Kierch** op **Hallefaaschten** de **Leit** munches erlaabt, wat soss an der **Faaschtenzäit** verbuede war

i **Hallefaaschten** a **Bretzelsonndeg** ginn op deem selwechte **Sonndeg** gefeiert, **sinn** awer net synonym. **Hallefaaschten** **huet** e reliéisen a **Bretzelsonndeg** en traditionellen **Hannergrond**. Fir gleeeweg **Leit** markéiert dee **Sonndeg** d'**Mëtt** vun der **Faaschtenzäit**. Gläichzäiteg ass et de **Brauch**, datt de **Mann** der **Fra** eng **Bretzel** schenkt. Als **Géigeleeschung** kritt hien dann **Ouschterdag** e **schockelaast** **Ee**. An de **Schaltjore** wiesselen d'**Rolle** vu **Mann** a **Fra**.

Halleffinall [h'aləfina:l] Femininum (Pluriel **Halleffinallen**) **DE Halbfinale** • **FR demi-finale** • **EN semi-final** • **PT meia-final** **Beispill** eis **Fussballsekkipp** ass bis an d'**Halleffinall** komm

Hallefinsel [h'ɑləfɪnzəl] Femininum (Pluriel Hallefinselen) **DE** Halbinsel • **FR** péninsule • **EN** peninsula • **PT** península **Beispill** Portugal a Spuenie gehéieren zu der Ibeerischer Hallefinsel

Hallefkrees [h'ɑləfkrɛ:s] Maskulinum (Pluriel Hallefkreeser) **DE** Halbkreis • **FR** demi-cercle • **EN** semi-circle • **PT** semicírculo **Beispill** mir stoungen am Hallefkrees ronderëm eisen Trainer

Hallefkugel [h'ɑləfkuə] Femininum (Pluriel Hallefkugelen) **DE** Halbkugel • **FR** hémisphère • **EN** hemisphere • **PT** hemisfério **Beispill** eist Land läit op der südlecher Hallefkugel

Hallefmetall [h'ɑləfmətal] Maskulinum (Pluriel Hallefmetaller) **Chimie** **DE** Halbmetall • **FR** métalloïde • **EN** metalloid • **PT** semimetal **Beispill** zum Grupp vun den Hallefmetaller gehéieren de Bor, de Silizium, de Germanium, den Arsen, den Antimon, an den Tellur

Hallefnuecht [h'ɑləfnuəçt] Femininum (kee Pluriel) **DE** Mitternacht • **FR** minuit • **EN** midnight • **PT** meia-noite **Beispill** hien ass eréischt no Hallefnuecht heemkomm **Synonym** Mëtternuecht

Hallefpensiou [h'ɑləfɛnsi:ə] Femininum (kee Pluriel) **DE** Halbpension • **FR** demi-pension [à l'hôtel] • **EN** half board • **PT** meia-pensão **Beispiller** mir hu fir eng Woch mat Hallefpensiou reservéiert; d'Hallefpensiou ass am Präis abegraff

hallefronn [h'ɑləfrɔn] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

hallefweegs Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

Hallefzäit Femininum (Pluriel Hallefzäiten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Hallem [h'ɑləm] Maskulinum (Pluriel Hällem) **DE** Halm • **FR** brin, tige [de céréale] • **EN** stalk [corn stalk] • **PT** haste, caule [de cerea] **Beispiller** et waren emol zwee Himmelsdéiercher, déi souzen op engem Hallem; et war esou naass, datt d'Fruucht um Hallem gefault ass

Hällemchen [h'æləmçən] Maskulinum (Pluriel Hällemchen) - Diminutivform vun ↗Hallem

Halloween Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Hallschecht [h'ɑlfəçt] Femininum (Pluriel Hallschechten) - Variant vun ↗Hallschent

Hallschent [h'ɑlfənt] Femininum (Pluriel Hallschent) **1. DE** Hälfte • **FR** moitié • **EN** half • **PT** metade **Beispiller** mir hunn d'Hallschent vum Kuch scho giess!; d'Hallschent vun de Beneficer ass fir e gudden Zweck; d'Hallschent vun der Zäit geet de Lift net! **[égs]** [de Lift geet dacks net] **2. DE** Halbzeit [Hälfte der Spielzeit] • **FR** mi-temps [moitié du temps de jeu] • **EN** half of a match, of a game] • **PT** meio-tempo [metade do tempo de jogo] **Beispill** an der éischer Hallschent huet d'Ekip dräi Goler geschoss **Synonym** Halbzeit **3. Drëtt Hallschent** **DE** dritte Halbzeit • **FR** troisième mi-temps • **EN** after-match • **PT** terceiro meio-tempo [festejos após um jogo] **Beispill** an der Drëtter Hallschent hunn d'Fans

vun deenen zwou Ekippe friddlech zesumme gefeiert

i Variant: Hallschecht

Halluzinatioun [halutsinaʃi'əʊn] Femininum (Pluriel Halluzinatiounen) **DE** Halluzination • **FR** hallucination • **EN** hallucination • **PT** alucinação **Beispiller** de Konsum vu bestëmmten Droge féiert zu Halluzinatiounen; ech mengen, du hues Halluzinatiounen! **[égs]** [lech mengen, du fuebels!]

Hallwerweis [h'ɑlvɛvaɪs] Maskulinum (Pluriel Hallwerweis / Hallwerweisen) **[égs]** **DE** Dummkopf, Bekloppter • **FR** demeuré, taré • **EN** halfwit • **PT** parvo, tarado **Beispiller** op deen Hallwerweis do ass kee Verlooss; si hu gelaacht ewéi Hallwerweis

i Variant: Haalwerweis

Halogen [hɑlog'e:n] Maskulinum (Pluriel Halogeenen / Halogeener) **Chimie** **DE** Halogen • **FR** halogène • **EN** halogen • **PT** halogénio **Beispill** zum Grupp vun den Halogeene gehéieren de Fluor, den Natrium, de Chlor, de Brom, de Jod an den Astat

Halogen [hɑlog'e:n] Maskulinum (Pluriel Halogenen / Halogener) - Variant vun ↗Halogeen

Hals [hɑls] Maskulinum (Pluriel Håls) **1. DE** Hals [Körperteil] • **FR** cou [partie du corps] • **EN** neck [part of the body] • **PT** pescoço [região do corpo] **Beispiller** meng Frëndin hat e wonnerschéine Schal ëm den Hals; am Zoo hunn d'Giraffe mat hire laangen Håls iwuer d'Mauer ewechgekuckt; haut erënnert just nach eng Narb um Hals un déi kriddeleg Operatioun; déi zwee Frënn sinn sech ëm den Hals gefall [déi zwee Frënn hunn sech ëmäerbelt]; dat ass, fir sech Hals a Been ze briechen! **[égs]** [dobäi kann ee falen an sech uerg weidoen!]; ech kéint der den Hals këmdréien! **[égs]** [lech kéint dech ëmbréngen!]; ech wëll kee mam Hals huelen! **[égs]** [lech wëll keng onverschimmt Fuerderung stellen]; d'Waasser steet deem Typ bis un den Hals! **[égs]** [deen Typ huet (finanziell) Schwierigkeeten] **2. DE** Hals, Rachen, Kehle • **FR** gorge, pharynx, larynx • **EN** throat • **PT** garganta [faringe, laringe] **Beispiller** ech hunn den Hals wéi; an der Urgence krut ech d'Sprenz erausgeholl, déi mer am Hals stieche bliwwen war; dat hânt mer zum Hals eraus! **[égs]** [lech sinn däers sat!]; de Riedner huet e Fräsch am Hals **[égs]** [de Riedner muss hemsen!]; dee kritt den Hals net voll! **[égs]** [dee kritt ni genuch!]; de Chef hat meng Bemierkung an de falschen Hals kritt **[égs]** [de Chef hat mer meng Bemierkung iwelgeholl] **Synonymmen** Strass, Schléck **3. DE** Hals [eines Gefäßes] • **FR** cou, col [d'un récipient] • **EN** neck [of a bottle] • **PT** pescoço [gargalo] **Beispill** Fläsche mat Wäissem Wäin hunn dacks e laangen Hals

Halsband [h'ɑlsbant] Neutrum (Pluriel Halsbänner) **DE** Halsband [für Tiere] • **FR** collier [pour animaux domestiques] • **EN** collar [for animals] • **PT** coleira [para animais domésticos] **Beispill** dem Noper säi Kueder huet en Halsband mat enger Schell **Synonym** Collier

Hålschen [h'ælsjən] Maskulinum (Pluriel Hålscher) - Diminutivform vun ↗Hals

Halsgenéck [halsgən'ek] Neutrum (Pluriel Halsgenécker) **DE** Genick • **FR** nuque • **EN** neck • **PT** nuca **Beispiller** vum ville Leien hunn ech d'Halsgenéck wéi;

meng Bom ass an der Trap gefall an hätt sech bal d'Halsgenéck gebrach **Synonym** Genéck

Hals-Nuesen-Ouerendokter [halsn'ueəzən'əʊərəndoktə] Maskulinum (Pluriel Hals-Nuesen-Ouerendokteren) **DE** Hals-Nasen-Ohren-Arzt • **FR** otorhinolaryngologiste, otorhino, O. R. L. • **EN** ear, nose and throat doctor, ENT doctor, otorhinolaryngologist • **PT** otorrinolaringologista **Beispill** eise Klengen huet dacks Anginnen, mir gi mat em bei den Hals-Nuesen-Ouerendokter **Synonym** ORL

i Weiblech Form: ↗Hals-Nuesen-Ouerendoktesch

Hals-Nuesen-Ouerendoktesch [halsn'ueəzən'əʊərəndoktəʃ] Femininum (Pluriel Hals-Nuesen-Ouerendokteschen) **DE** Hals-Nasen-Ohren-Ärztin • **FR** otorhinolaryngologiste, otorhino, O. R. L. [femme] • **EN** ear, nose and throat doctor, ENT doctor, otorhinolaryngologist [female] • **PT** otorrinolaringologista [mulher] **Beispill** deemools huet eng Hals-Nuesen-Ouerendoktesch mir d'Polypfen erausgeholl **Synonym** ORL

i Männlech Form: ↗Hals-Nuesen-Ouerendokter

Halstablett [h'alstablæt] Femininum (Pluriel Halstabletten) **DE** Halstablette • **FR** pastille pour la gorge • **EN** throat lozenge • **PT** pastilha para a garganta **Beispill** ech sinn hees, kanns de mer eng Halstablett ginn?

Halswéi [h'alsvɛi] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Hals-schmerzen • **FR** mal de gorge • **EN** sore throat • **PT** dor de garganta **Beispiller** dréck Mëllech mat Hunneg, da vergeet d'ain Halswéi!; ech hunn Halswéi a mäin Zäp-pchen ass geschwollen

Halswierbel [h'alsvi:ɣbəl] Maskulinum (Pluriel Halswierbelen) - Variant vun ↗Halswirbel

Halswirbel [h'alsvi:ɣbəl] Maskulinum (Pluriel Halswirbelen) **DE** Halswirbel • **FR** vertèbre cervicale • **EN** neck vertebra, cervical vertebra • **PT** vértebra cervical **Beispill** an der Schivakanz sinn ech uerg gefall an hu mer en Halswirbel gebrach

i Variant: Halswierbel

Halt [halt] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** Halt [physische Stütze] • **FR** appui, prise [physique] • **EN** hold, footing • **PT** apoio [físico], presa **Beispill** den Alpinist huet den Halt verluer an ass erofgefall **2. DE** Halt [Rückhalt, moralische Unterstützung] • **FR** appui, soutien (moral) • **EN** (moral) support • **PT** apoio [moral], amparo **Beispiller** d'Kanner waren der Mamm hiren Halt a schweieren Zäiten; hien huet keen Halt méi am Liewen **Synonym** Stäip

Halt [halt] Maskulinum / Femininum (Pluriel Halten) **1. DE** Halt, Zwischenstopp • **FR** halte, arrêt • **EN** stop, break [during a journey] • **PT** paragem [interrupção de viagem] **Beispill** op der Rees an d'Provence maache mir eng Halt zu Lyon **Synonymmen** Arrêt, Statioun **2. DE** Haltestelle • **FR** arrêt, station [de transports en commun] • **EN** stop [bus stop, station] • **PT** paragem [de transporte público] **Beispill** bei der nächster Halt musse mer erausklammen **Synonymmen** Arrêt, Haltestell, Statioun

halt Interjektion **1. DE** halt, stopp [als Aufforderung zum Stehenbleiben] • **FR** halte(-là), stop • **PT** alto (lá), stop

Beispill halt, Dir dierft hei net eran! **Synonym** stopp **2. DE** halt, stopp, Moment mal • **FR** stop, un instant • **PT** alto, espera aí, um momento **Beispill halt**, dat do hunn ech elo net verstanen! **Synonymmen** ee Moment, stopp

haltbar [h'altba:r] Adjektiv **1. haltbar** sinn **DE** haltbar sein [brauchbar, genießbar sein] • **FR** se conserver [aliment] • **PT** conservar-se [alimento] **Beispill** am Tifküler sinn d'Liewensmëttel laang haltbar **2. net haltbar** sinn **DE** nicht haltbar sein, untragbar sein • **FR** être intenable, être non tenable [situation, personne] • **PT** ser insustentável, não ser defensável [situação, pessoa] **Beispiller** d'Gewerkschafte fuerdere Moosnamen, well d'Situatioun um Aarbechtsmaart an hiren Aen net méi haltbar ass; no där leschter Affär ass hien als Buergermeeschter net méi haltbar

Haltbarkeet Femininum (kee Pluriel) **DE** Haltbarkeit • **FR** durée de conservation • **PT** prazo de conservação **Beispill** d'Haltbarkeet vun de Liewensmëttel hânt virun allem dervun of, wéi se gelagert ginn

Haltelinn [h'altəlin] Femininum (Pluriel Haltelinnen) **DE** Haltelinie • **FR** ligne d'arrêt • **EN** stop line • **PT** linha de paragem **Beispill** bei deem Stoppschéld ass d'Haltelinn schonn zimmlech verblatzt

Haltestell [h'altəftæl] Femininum (Pluriel Haltestellen) **DE** Haltestelle • **FR** arrêt [de bus, de train] • **EN** stop, bus stop, station, halt • **PT** paragem [de autocarro, de comboio] **Beispill** mir klammen op der nächster Haltestell eraus **Synonymmen** Arrêt, Halt, Statioun

Haltung [h'altuŋ] Femininum (Pluriel Haltungen) **1. DE** Haltung [Körperhaltung] • **FR** attitude, tenue, port [du corps] • **EN** posture [position of the body] • **PT** atitude, postura, porte [do corpo] **Beispill** eng gutt Haltung ass wichtig, wann ee mam Réck geplot ass **2. DE** Haltung [Einstellung] • **FR** attitude [comportement, état d'esprit] • **EN** attitude • **PT** atitude [comportamento, estado de espírito] **Beispiller** hien huet bei allem, wat en net kennt, eng negativ Haltung; an där Affär hate mer ze vill eng passiv Haltung

Halzebockel [h'altsəbokəl] Maskulinum (kee Pluriel) um Halzebockel **DE** huckepack • **FR** sur le dos, sur son dos [pour porter] • **EN** piggyback • **PT** às costas **Beispiller** hien dréit d'Kand um Halzebockel; hëls de mech op den Halzebockel?

i Variant: Hatzebockel

Ham [ha:m] Femininum (Pluriel Hamen) **1. DE** Schinken [Keule vom Schwein] • **FR** jambon • **EN** ham • **PT** presunto, fiambre **Beispiller** deng réi an deng gekachten Ham sinn e Genoss!; eise Metzler huet d'Hamen agesolpert **2. [ɛgs] DE** Schenkel [Oberschenkel] • **FR** cuisse [partie de la jambe] • **EN** thigh • **PT** coxa [parte da perna] **Beispiller** an der Nuecht hat ech eng terribel Péng an der lénksier Ham; den Infirmier huet mer d'Sprézt dës Kéier an d'Ham gemaach

Hämatom [həmat'o:m] Maskulinum (Pluriel Hämatomen / Hämatomer) **DE** Hämatom, Bluterguss • **FR** hématome • **EN** haematoma, bruise • **PT** hematoma **Beispill** no menger Chute an der Trap hat ech Hämatomen um ganze Kierper **Synonym** Bluterguss

Hamburger [h'amburʒe] Maskulinum (Pluriel Hamburger) **DE** Hamburger [Fleischgericht] • **FR** hamburger • **EN** hamburger • **PT** hambúrguer **Beispill** mir hunn op der Kiermes en Hamburger an eng Portioun Fritte giess

I Kuerzform: Burger

Hameschmier [ha:məʃm'i:ʒ] Femininum (Pluriel Hameschmieren) **DE** Schinkenbrot • **FR** tartine de jambon • **EN** slice of bread and ham, ham sandwich • **PT** fatia de pão com presunto, fatia de pão com fiambre **Beispill** no eisem Tréppeltour si mir eng Hameschmier iesse gaangen

Hamm [h'am] Eegennumm **DE** Hamm • **FR** Hamm • **EN** Hamm • **PT** Hamm **Beispiller** ech wunnen zu Hamm; fiert dëse Bus op Hamm?

Hammbier [h'ambi:ʒ] Femininum/Neutrum (Pluriel Hammbieren) **DE** Himbeere [Frucht] • **FR** framboise [fruit] • **EN** raspberry [fruit] • **PT** framboesa [fruta] **Beispiller** mir hunn e ganzen Eemer Hammbiere gepléckt; et géif een net mengen, datt een eenzegt Hammbier esou e Fleck ka maachen!; dëst Joer waren d'Hammbiere fréi zeideg

I De Genre vum Wuert **Hammbier**, wann et am Singulier d'Uebstzort oder méi Käre bezechent, ass sächlech: **Ech hu gutt zeidegt Hammbier vum Maart matbruecht**. An deem Fall gétt et keng Plurielsform. Wann d'Wuert am Singulier en eenzele Kär bezechent, kann et weiblech oder sächlech sinn: **Ech hunn eng Hammbier giess** oder **Ech hunn en Hammbier giess**. An deem Fall gétt et eng Plurielsform: **Et si mer zwou Hammbieren op de Buedem gefall** oder **Et si mer zwee Hammbieren op de Buedem gefall**. Dee weibliche Genre ass haut méi gebräichlech ewéi dee sächlechen.

Hammbier Neutrum (kee Pluriel) **DE** Himbeeren [Früchte] • **FR** framboises [fruits] • **EN** raspberries [fruits] • **PT** framboesas [frutos] **Beispiller** mir hunn e ganzen Eemer Hammbier gepléckt; et géif een net mengen, datt een eenzege Kär Hammbier esou e Fleck ka maachen!

I De Genre vum Wuert **Hammbier**, wann et am Singulier d'Uebstzort oder méi Käre bezechent, ass sächlech: **Ech hu gutt zeidegt Hammbier vum Maart matbruecht**. An deem Fall gétt et keng Plurielsform. Wann d'Wuert am Singulier en eenzele Kär bezechent, kann et weiblech oder sächlech sinn: **Ech hunn eng Hammbier giess** oder **Ech hunn en Hammbier giess**. An deem Fall gétt et eng Plurielsform: **Et si mer zwou Hammbieren op de Buedem gefall** oder **Et si mer zwee Hammbieren op de Buedem gefall**. Dee weibliche Genre ass haut méi gebräichlech ewéi dee sächlechen.

Hammbierscrème [h'ambi:ʒskRE:m] Femininum (Pluriel Hammbierscrëmen) **DE** Himbeercreme • **FR** crème de framboises • **EN** raspberry cream [dessert] • **PT** creme de framboesa **Beispill** am Summer ass eng licht Hammbierscrème ëmmer e gudden Dessert

Hammbiersgebeess [h'ambi:ʒsgəbe:s] Neutrum (Pluriel <seelen> Hammbiersgebeesser) **DE** Himbeermarmelade • **FR** confiture de framboises • **EN** raspberry jam • **PT** doce de framboesa **Beispill** de Moien hunn ech eng gutt Schmier mat Hammbiersgebeess giess

Hammbiersjelli [hambi:ʒs'æli:] Maskulinum (Pluriel <seelen> Hammbiersjellien) **DE** Himbeergelee • **FR** gelée de framboises • **PT** geleia de framboesa **Beispill** kanns de e Glas Hammbiersjelli aus der Spënnche matbréngen?

Hammel [h'aməl] Maskulinum (Pluriel Hämmel) **1. DE** Hammel [kastrierter Schafbock] • **FR** mouton [mâle châtré] • **EN** sheep, wether • **PT** carneiro castrado **Beispill** de Bauer huet seng Hämmel all geschluecht **2. [ëgs] [pe-jorativ] DE** Hammel [Dummkopf] • **FR** andouille [idiot] • **EN** fathead, fool • **PT** pateta [idiota] **Beispill** mat deem Hammel kann een net zesummeschaffen! **Synonymmen** Dabo, Hännes

Hämmelfleesch [h'æməlfle:ʃ] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Hammel(fleisch), Lamm(fleisch) • **FR** (viande de) mouton, (viande d')agneau • **EN** mutton, lamb [meat] • **PT** carne de carneiro, carne de borrego **Beispill** wann ech Fleesch iessen, hunn ech am léifsten Hämmelfleesch

Hammhaff [h'amhəf] Eegennumm **DE** Hammhaff • **FR** Hammhaff • **EN** Hammhaff • **PT** Hammhaff **Beispiller** ech wunnen um Hammhaff; fiert dëse Bus op den Hammhaff?

Hämophilie [he:mo:fil'i:] Femininum (kee Pluriel) **DE** Hämophilie, Bluterkrankheit • **FR** hémophilie • **EN** haemophilia • **PT** hemofilia **Beispill** bei Hämophilie, enger Krankheet, déi ierflech ass, mussen oppe Wonen onbedéngt verhënnert ginn **Synonym** Bluterkrankheet

Hämorrhoid [hæ:mo:rho'i:t] Femininum (Pluriel Hämorrhoiden) **DE** Hämorrhoid • **FR** hémorroïde • **EN** haemorrhoid • **PT** hemorroïda **Beispill** ze vill haarde Stullgang kann zu Hämorrhoide féieren

Hampelmann [h'ampəlman] Maskulinum (Pluriel Hampelänner) **1. DE** Hampelmann [Spielzeug] • **FR** pantin [jouet] • **EN** jumping jack [toy] • **PT** titere, fantoche **Beispiller** d'Kand krut fir säi Gebuertsdag en Hampelmann geschenkt; als Kand hunn ech Hampelänner gesammelt **2. [ëgs] DE** Hampelmann [unbeständiger Mensch] • **FR** pantin, girouette [personne inconsistante] • **EN** puppet, weathercock [fickle person] • **PT** bonifrate, cata-vento **Beispill** deen Hampelmann huet seng Meeung schonn erëm eng Keier geännert!

Hamster [h'amstɛ] Maskulinum (Pluriel Hamsteren) **DE** Hamster, Goldhamster • **FR** hamster (doré) • **EN** hamster • **PT** hamster (dourado) **Beispill** no zwou Wochen hunn d'Kanner net méi no hirem Hamster gekuckt

hamsteren [h'amstɛRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehamstert) » **transitiv 1. DE** hamstern [sich verschaffen] • **FR** se procurer, faire des provisions de [en temps de disette, de guerre] • **EN** to procure, to obtain [supplies on the black market in time of war or shortage] • **PT** abastecer-se de [em tempo de penúria, de guerra] **Beispill** am Krich hunn d'Leit Iesswuere gehamstert » **intransitiv 2. DE** hamstern [Hamsterkäufe machen] • **FR** s'approvisionner [en temps de disette, de guerre] • **EN** to obtain supplies [on the black market in time of war or shortage] • **PT** abastecer-se [em tempo de penúria, de guerra] **Beispill** am Krich huet ee misse wëssen, bei wien een hamstere goug

Hamsterkaf [h'amsteka:f] Maskulinum (Pluriel Hamsterkeef) **DE** Hamsterkeuf • **FR** achat en masse [pour se constituer des réserves] • **EN** panic buying, stockpiling • **PT** compras em massa [para constituir uma reserva] **Beispill** duerch d'Hamsterkeef krut een

zäitweis am Supermarché keen Toilettëpabeier méi

Hand [hant] Femininum (Pluriel Hänn) **DE** *Hand* • **FR** *main* • **EN** *hand* • **PT** *mão* **Beispiller** mäi Papp schreift mat der lénksker **Hand**; dee Blesséierten ass e Bauer, dee mat der **Hand** an den Häckseler geroden ass; ech sinn esou onglécklech gefall, datt ech mer d'**Hand** gebrach hunn; d'**Hand** ass him ausgerëtscht [égs] [hien huet drageschloen]; pak mer eng **Hand** (mat) un! [égs] [hëllef mer bei menger Aarbecht!]; hues de en Äschebecher bei **Hand**? [égs] [hues de en Äschebecher nobäi?]; ech hu just zwou **Hänn**! [égs] [lech kann net alles gläichzäiteg maachen!]; fréier gouf d'Wäsch op der **Hand** ageseeft [fréier gouf d'Wäsch manuell age-seeft]; als Chirurg brauch een eng roueg **Hand**; als Chirurg brauch een eng sécher **Hand** [als Chirurg muss ee prezis a sécher schaffen]; um Konveniat gongen déi al Fotoe vun **Hand** zu **Hand** [um Konveniat hunn d'Leit sech déi al Fotoe weiderginn]; d'Police hat deen Owend all **Hänn** voll ze doen [d'Police hat deen Owend vill ze doen]; dat läit jo op der **Hand** [dat ass jo evident!]; ech gi mäi Liblingsbuch net gär aus der **Hand** [ech verléine mäi Liblingsbuch net gär]; um leschte Kilometer huet de Favorit d'Victoire missen aus der **Hand** ginn [um leschte Kilometer huet de Favorit seng Chance op d'Victoire missen opginn]; eng **Hand** wäscht déi aner [ech hëllef dir, du hëllef mir]; et geet alles duerch eisem Direkter seng **Hänn** [égs] [leisen Direkter kontrolléiert alles]; de Chef gëtt eis fräi **Hand** [égs] [de Chef léisst eis virgoen, wéi mer wëllen]; den Hond ass bei eis a gudden **Hänn** [dem Hond geet et gutt bei eis]; d'Aarbecht geet dir gutt vun **Hand**! [égs] [du méchs d'Aarbecht séier a gutt]; hien ass dem Chef seng riets **Hand** [égs] [hien ass dem Chef säin éischten Assistent]; eise Jéngsten huet zwou lénksker **Hänn** [égs] [eise Jéngsten ass ongeschécklech]; eisen Auto ass aus éischer **Hand** [égs] [eisen Auto hat eréischt ee Besëtzer virun eis]; eisen Auto ass aus zweeter **Hand** [égs] [eisen Auto hat méi ewéi ee Besëtzer virun eis]; d'Demonstranten hunn sech mat **Hänn** a Féiss gewiert [égs] [d'Demonstranten hunn sech mat alle Mëttele gewiert]; mäi jéngste Brudder gëtt säi Geld mat béiden **Hänn** aus [égs] [mäi jéngste Brudder gëtt säi Geld ewech, ouni ze iwwerleeën]; dat do énnerschreiwen ech mat béiden **Hänn** [égs] [domat sinn ech komplett averstanen]; eis Stagiairë friessen dem Chef aus der **Hand** [égs] [eis Stagiairë maachen alles, wat de Chef vun hinne verlaangt]; mir wussten eiser **Hänn** kee Rot méi [égs] [mir wusste guer net méi, wéi mer eis sollten hëllef]; déi Iwwerleeung ass net vun der **Hand** ze weisen [égs] [déi Iwwerleeung ass plausibel a stéckhalteg]; no all deene Jore stoung d'Geschäftsfra mat eidelen **Hänn** do [égs] [no all deene Joren hat d'Geschäftsfra um Enn näischt opzeweisen]; bei där Entscheidung si mir d'**Hänn** gebonnen [égs] [bei där Entscheidung kann ech net maachen, ewéi ech wëll]; dee jonke Kënschtler leeft vun der **Hand** an de Mond [égs] [dee jonke Kënschtler verdéngt just genuch, fir sech Iessen ze kafen; dee jonke Kënschtler gëtt ewech, wat en huet, ouni u spéider ze denken]; ech hunn d'Elteren ëm d'**Hand** vun hirer Duechter gefrot [lech hunn d'Eltere gefrot, ob ech hir Duechter däerft bestueden]; meng Mamm huet d'**Hänn** iwwerem Kapp zesummegeschoen, wéi ech mat enger Glatz vum Coiffer kouw [égs] [meng

Mamm war entsat, wéi ech mat enger Glatz vum Coiffer kouw]; ech krut déi vertraulech Informatioun ënner der **Hand** [égs] [lech krut déi vertraulech Informatioun op eng inoffiziell Manéier]

Handaarbecht [h'anda:bæçt] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Handarbeit* [mit der Hand verrichtete Arbeit] • **FR** *travail fait main, travail manuel* • **EN** *handwork, work crafted by hand* • **PT** *trabalho feito à mão, trabalho manual* **Beispill** dee Produit ass esou deier, well vill **Handaarbecht** drastécht **2.** (Pluriel **Handaarbechten**) **DE** *Handarbeit* [Nadelarbeit, Stickarbeit] • **FR** *travail d'aiguille, travail de couture* • **EN** *needlework, embroidery* [piece of work] • **PT** *trabalho de agulha, trabalho de costura* **Beispill** um Basar goufe schéin **Handaarbechte** verkaaft **3.** (Pluriel **Handaarbechten**) **DE** *Handarbeitsunterricht* • **FR** *cours de couture* • **EN** *needlework, embroidery* [lessons] • **PT** *aulas de costura* **Beispill** wat goufen d'Meedercher fréier mat **Handaarbecht** gepéngelt!

Handball [h'antbal] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Handball* [Sportart] • **FR** *handball* • **EN** *handball* [team game] • **PT** *andebol* **Beispiller** hie spillt schonn zënter zéng Joer **Handball**; den **Handball** organiséiert e Bal [den Handballveräin organiséiert e Bal]

Handballsekip [h'antbalzèkip] Femininum (Pluriel **Handballsekippen**) **DE** *Handballteam* • **FR** *équipe de handball* • **EN** *handball team* • **PT** *equipa de andebol* **Beispill** no hirer leschter Victoire steet eis **Handballsekip** un der Spëtzt vun der Tabell

Handballsequipe [h'antbalzèkip] Femininum (Pluriel **Handballsequippen**) - Variant vun ↗**Handballsekip**

Handballveräin [h'antbalfərə:in] Maskulinum (Pluriel **Handballveräiner**) **DE** *Handballverein* • **FR** *club de handball* • **EN** *handball club* • **PT** *clube de andebol* **Beispiller** den **Handballveräin** organiséiert e Bal; de Komitee vum **Handballveräin** huet déi laangjäreg Spiller geéiert

Handbreet [h'antbrɛ:t] Femininum (kee Pluriel) eng **Handbreet** **DE** *eine Handbreit* • **FR** *de la largeur d'une main* • **EN** *hand's breadth* • **PT** *da largura de uma mão* **Beispill** de Moniteur huet d'Dier vum Dortoir eng **Handbreet** opstoe gelooss

Handbrems [hantbr'æms] Femininum (Pluriel **Handbremsen**) **DE** *Handbremse* • **FR** *frein à main* • **EN** *handbrake* • **PT** *travão de mão* **Beispill** vergiess net, d'**Handbrems** ze zéien, soss rullt den Auto der an de Gruef!

Händchen [h'æntçən] Femininum (Pluriel **Händercher**) - Diminutivform vun ↗**Hand**

Handdusch [h'antdux] Neutrum (Pluriel **Handdicher**) **DE** *Handtuch* • **FR** *essuie-main, serviette* • **EN** *hand towel* • **PT** *toalha de mãos* **Beispill** hëllef de mer, d'**Handdicher** falen?

Handel [h'andəl] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Handel* [Geschäftswelt] • **FR** *commerce* [monde des affaires] • **EN** *trade* [world of business] • **PT** *comércio* [mundo dos negócios] **Beispill** den internationalen **Handel** spillt eng ëmmer méi grouss Roll **Synonym** Commerce **2.** (kee Pluriel) **DE** *Handel* [Geschäftsverkehr] • **FR** *commerce*

[*activité commerciale*] • **EN** *trade* [business transactions] • **PT** *comércio, negócio* [atividade comercial] **Beispiller** den Handel mat illegale Waffen huet an der Lescht zougeholl; deen Artikel ass net méi am Handel [deen Artikel gétt net méi verkaaft] **Synonym** Commerce **3.** (Pluriel Händel) **DE** *Handel, Geschäft* [geschäftliche Vereinbarung] • **FR** *affaire* [transaction] • **EN** *deal* [transaction] • **PT** *negócio* [transação] **Beispiller** ech hunn e gudde Handel gemaach, wéi ech mäin Auto kauft hunn; aus deenen Händel halen ech mech eraus

handelen [h'andələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehandelt) » **intransitiv 1.** **DE** *handeln* [tätig werden, tätig sein] • **FR** *agir* [entrer en action, être en action] • **EN** *to act* [to do something] • **PT** *agir* [entrar em ação, estar em ação] **Beispiller** amplaz ze schwätzen, solle mer endlech handelen!; well d'Pompjeeë séier gehandelt hunn, huet d'Feier net op d'Ställ iwvergegraff **Synonym** agéieren **2.** handele mat **DE** *handeln mit* [verkaufen] • **FR** *faire le commerce de, vendre* (en gros) • **EN** *to trade in, to wholesale* • **PT** *fazer negócio de, vender* (por grosso) **Beispill** eis Firma handelt enner anerem mat Kaffi **3.** handele mat **DE** *handeln mit* [Handelsbeziehungen haben mit] • **FR** *faire du commerce avec, être en relation commerciale avec* • **EN** *to trade with* [to do business with] • **PT** *comerciar com, fazer negócios com* **Beispill** mir handelen neierdengs och mat groussen auslännesche Firmaen **4.** **DE** *handeln* [über den Preis verhandeln] • **FR** *marchander* [négocier] • **EN** *to haggle, to bargain* • **PT** *regatear* [negociar] **Beispill** meng Mamm handelt mat all Vendeur, fir e gudde Präis ze kréien **5.** handele vun **DE** *handeln von* [zum Thema haben] • **FR** *traiter de, avoir pour sujet* • **EN** *to deal with, to discuss, to be about* • **PT** *tratar de, ter por assunto* **Beispill** de Film handelt vun engem klenge Jong, dee seng Mamm verluer huet » **reflexiv - onperséinlech 6.** sech handelen ëm **DE** *sich handeln um* • **FR** *s'agir de* • **EN** *the ... in question is, the ... in question are* • **PT** *tratar-se de* **Beispiller** bei der Läch handelt et sech ëm eng jonk Fra; et handelt sech elei ëm eng kriddeleg Fro

i Verben, déi **handelen** als Basis hunn: » **aushandelen** an » **erofhandelen**

Handelsechange [h'andəlsəʃɑːʃ] Maskulinum (Pluriel Handelsechangen) **DE** *Handelsaustausch* • **FR** *échange commercial* • **EN** *trade, trading* • **PT** *intercâmbio comercial* **Beispill** d'Liberaliséierung vun de Mäert huet zu engger Expansioun vun den Handelsechangé geféiert

Handelsermächtigung [h'andəlsɛmæçtɛʒʊŋ] Femininum (Pluriel Handelsermächtigungen) **1.** **DE** *Gewerbezulassung* • **FR** *autorisation de commerce* [approbation] • **EN** *business licence* [approval] • **PT** *autorização de comércio, licença* (profissional) [licenciamento] **Beispill** fir e Commerce opzemaachen, brauchs de eng Handelsermächtigung vum Ministère **2.** **DE** *Gewerbeschein* • **FR** *autorisation de commerce* [document] • **EN** *business licence* [document] • **PT** *autorização de comércio, licença* (profissional) [documento] **Beispill** eise Metzler huet seng Handelsermächtigung hannerem Comptoir hänken

handfest [h'antfæst] Adjektiv **1.** **DE** *stichhaltig* • **FR** *solide* [avéré, pertinent] • **EN** *solid* [well-founded] • **PT** *sólido* [averiguado, pertinente] **Beispill** oui handfest Beweiser

kënnen si hien net aspären **2.** **DE** *handfest* [eklatant] • **FR** *sérieux, grave, de taille* • **EN** *full-blown* • **PT** *sério, grave, descomunal* **Beispill** mat hiren Aktiounen hunn si en handfeste Skandal provozéiert

Handfläch [h'antflæç] Femininum (Pluriel Handflächen) **DE** *Handfläche* • **FR** *paume* (de la main) • **EN** *palm* (of the hand) • **PT** *palma* (da mão) **Beispill** d'Coiffeusé sinn dacks mat Ekzeema op den Handfläche geplot

Handgelenk [h'antgələŋk] Neutrum (Pluriel Handgelenker) **DE** *Handgelenk* • **FR** *poignet* • **EN** *wrist* • **PT** *pulso* [parte do corpo] **Beispiller** dee Bracelet ass ze kleng fir mäin Handgelenk; ech hunn eng Arthritt am rietsen Handgelenk; de Patient ass mat engem déck geschwollenen Handgelenk an d'Urgence komm; e begaabe Schüler rëselt dat esou aus dem Handgelenk le begaabe Schüler mécht dat oui vill Ustrengung

handgemaach [h'antgəmaːç] Adjektiv **DE** *handgefertigt, handgemacht* • **FR** *fait main* • **EN** *handmade* • **PT** *feito à mão* **Beispill** ech hu mer um Maart en handgemaache Kamp kauft

i Variant: handgemaacht

handgemaacht [h'antgəmaːçt] Adjektiv - Variant vun »handgemaach

Handgepäck [h'antgəpæk] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Handgepäck* • **FR** *bagage(s) à main* • **EN** *hand luggage* • **PT** *bagagem de mão* **Beispill** ier d'Passagéier an de Fliger klammen, gétt hiert Handgepäck duerchlicht

handgeschriwwen [hantgəʃriˈvən] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

handgräiflech [h'antgræːfləç] Adjektiv handgräiflech ginn **DE** *handgreiflich* werden • **FR** *en venir aux mains* • **EN** *to come to blows* • **PT** *chegar a vias de facto* **Beispill** um Bal sinn e puer jonk Kärelen handgräiflech ginn

Handgrëff [h'antgrəf] Maskulinum (Pluriel Handgrëffer) **1.** **DE** *Handgriff* [zum Festhalten] • **FR** *poignée d'appui* • **EN** *handgrip, handle* [support] • **PT** *pega de apoio* **Beispill** ech hu menger Mamm bei der Bidden en Handgrëff ugemaach **2.** **DE** *Handgriff* [Handbewegung] • **FR** *geste, mouvement* [de la main] • **EN** *hand movement* • **PT** *gesto, movimento* [da mão] **Beispill** an der Fabrick mécht hatt all Dag déi selwecht Handgrëffer

Handicap [h'ændikæp] Maskulinum (Pluriel Handicappen) **1.** **DE** *Behinderung* [körperliches, geistiges Handicap] • **FR** *handicap* [infirmité] • **EN** *disability* [handicap] • **PT** *deficiência* [física, mental] **Beispiller** hiren Handicap war fir meng Frëndin ni e Grond, d'Liewen net kënnen ze genéissen; mäi Cousin ass mat engem geeschtegen Handicap op d'Welt komm **Synonym** Behënerung **2.** **DE** *Behinderung* [Nachteil, Hindernis] • **FR** *handicap* [désavantage, entrave] • **EN** *handicap* [obstacle] • **PT** *desvantagem, obstáculo, dificuldade* **Beispiller** et ass dacks en Handicap, nëmmen eng Sprooch ze schwätzen; seng Verletzung war fir de Leefer en Handicap, an awer ass en d'Course ganz gelaf

handicapéiert [hændikæp'ɹiɛt] Adjektiv **DE** behindert • **FR** handicapé • **EN** disabled [handicapped] • **PT** deficiente [que sofre de deficiência] **Beispiller** zënter sengem schwéieren Accident ass hien handicapéiert a sëtzt am Rollstull; mäi Brudder schafft an engem Foyer fir geeschteg handicapéiert Leit **Synonym** behënner

Handkesselchen Maskulinum (Pluriel Handkesselchen) [ɛ̃ɡs] **DE** Helfertein [Person] • **FR** personne serviable et travailleuse • **EN** good little helper • **PT** pessoa prestável e trabalhadora **Beispill** wat hu mir eng Chance mat eisem Léiermeedchen, et ass e richtegen Handkesselchen!

Handlaanger [h'antla:ŋɐ] Maskulinum (Pluriel Handlaanger) **DE** Handlanger [Hilfsarbeiter] • **FR** manoeuvre [ouvrier non qualifié] • **EN** labourer, unskilled worker • **PT** servente [operário não especializado] **Beispill** hie schafft als Handlaanger um Bau

Handlaf [h'antla:f] Maskulinum (Pluriel Handleef) **DE** Handlauf • **FR** main courante [rampel] • **EN** handrail • **PT** corrimão **Beispill** bei menger Mamm am Alterssheem ass op all Sait vum Gank en Handlaf

handlech [h'antlɛç] Adjektiv **DE** handlich • **FR** maniable, pratique • **EN** handy [convenient] • **PT** maneável, prático **Beispill** huel dee klenge Staubsauger, deen ass méi handlech! **Synonym** manibel

Händler [h'ændlɛ] Maskulinum (Pluriel Händler) **DE** Händler • **FR** négociant, marchand • **EN** merchant, trader • **PT** negociante, comerciante **Beispill** dësen Händler huet sech op den Export vu Lëtzebuurger Wäiner spezialiséiert

W Weiblech Form: ↗Händlerin

Händlerin [h'ændlɛrɪn] Femininum (Pluriel Händlerinnen) **DE** Händlerin • **FR** négociante, marchande • **EN** merchant, trader [female] • **PT** negociante, comerciante [mulher] **Beispill** dës Kéier huet d'Händlerin op der Foire e gutt Geschäft gemaach

M Männlech Form: ↗Händler

Handlung [h'andluŋ] Femininum (Pluriel Handlungen) **1. DE** Handlung [Tat] • **FR** acte [action, geste] • **EN** act, deed [action] • **PT** ato [ação, gesto] **Beispill** bestrooft gëtt net d'Absicht, mee d'Handlung **2. DE** Handlung [Geschehen] • **FR** action [intrigue, scénario] • **EN** plot [story] • **PT** ação [intriga, cenário] **Beispill** d'Handlung vum Film ass schwéier ze verstoen

Handréck [h'andrek] Maskulinum (Pluriel Handrécker) **DE** Handrücken • **FR** revers de la main, dos de la main • **EN** back of the hand, dorsum of the hand • **PT** dorso da mão, costas da mão **Beispill** de Kach huet eng grouss Brandwonn um lénksen Handréck

Hands [hænts] Maskulinum (Pluriel <seelen> Hands) **DE** Handspiel • **FR** (faute de) main • **EN** handball [foul] • **PT** mão na bola, falta por mão **Beispill** de Schidsrrichter huet der Spillerin weínt (engem) Hands d'Giel Kaart gewisen

Händsch [hæntʃ] Femininum (Pluriel Händschen) **DE** Handschuh • **FR** gant • **EN** glove • **PT** luva **Beispiller** do deng Händschen un, fir am Schnéi ze spillen!; en Zän-

ndokter huet ëmmer Händschen un, wann en e Patient behandelt; zousätzlech zu den obligatoresche Masken hu vill Leit Händschen un, fir sech géint de Coronavirus ze schützen; dat Kand do muss ee mat Händschen upaken! [ɛ̃ɡs] [dat Kand do muss een duuss behandeln!]; zéi mer eng Händsch aus! [ɛ̃ɡs] [ech kann der näischt ginn, wat ech selwer net hunn]

Händschekëscht [h'æntʃəkɛʃt] Femininum (Pluriel Händschekëschten) **DE** Handschuhfach • **FR** boîte à gants • **EN** glove compartment • **PT** porta-luvas **Beispill** mäi Führerschäi läit an der Händschekëscht **Synonym** Handschufach

Handschell [h'antʃæl] Femininum (Pluriel Handschellen) (meeschtens Pluriel) **DE** Handschelle • **FR** menottes • **EN** handcuffs • **PT** algema **Beispill** de Verbriecher huet Handschellen ugedoe kritt

Handschlag [h'antʃla:χ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Handschlag [Händedruck] • **FR** tape dans la main [pour confirmer un marché] • **EN** handshake • **PT** aperto de mão [para confirmar um negócio] **Beispill** d'Geschäft gouf mat engem Handschlag ofgeschloss

Handschrëft [h'antʃrɛft] Femininum (Pluriel Handschrëften) **DE** Handschrift [Manuskript] • **FR** manuscrit • **EN** manuscript • **PT** manuscrito **Beispill** an der Bibliothék sinn den Ament schéin Handschrëften ausgestellt **Synonym** Manuskript

handschrëftlech [h'antʃrɛftlɛç] Adjektiv **DE** handschriftlich • **FR** manuscrit, écrit à la main • **EN** handwritten • **PT** manuscrito, escrito à mão **Beispill** en handschrëftleche Liewenslaf mécht ëmmer e besseren Androck

Handschufach [h'antʃu:faχ] Neutrum (Pluriel Handschufächer) **DE** Handschuhfach • **FR** boîte à gants • **EN** glove compartment • **PT** porta-luvas **Beispill** mäi Führerschäi läit am Handschufach **Synonym** Händschekëscht

Handschuhfach [h'antʃu:faχ] Neutrum (Pluriel Handschufächer) - Variant vun ↗Handschufach

Handstand [h'antʃtant] Maskulinum (Pluriel Handstänn) **DE** Handstand • **FR** poirier [position en équilibre sur deux mains] • **EN** handstand • **PT** pino (de braços) **Beispill** am Turnen hu mer geléiert, den Handstand ze maachen

Handwierk [h'antvi:ɛk] Neutrum **1.** (Pluriel Handwierker) **DE** Handwerk [Beruf, Gewerbe] • **FR** métier (manuel) • **EN** trade [craft, skill] • **PT** ofício [profissão, atividade] **Beispiller** ech wëll en Handwierk léieren; alles ass en Handwierk! [ɛ̃ɡs] [alles muss geléiert ginn] **2.** (kee Pluriel) **DE** Handwerk [Berufsstand] • **FR** artisanat [corps de métier] • **EN** trade organizations [for skilled manual work] • **PT** artesanato [conjunto de artesãos] **Beispill** d'Handwierk organiséiert am Summer eng grouss Foire

Handwierker [h'antvi:ɛke] Maskulinum (Pluriel Handwierker) **DE** Handwerker • **FR** artisan • **EN** artisan, workman • **PT** artesão, artífice **Beispiller** den Handwierker huet seng Leeder vergiess; mir hunn d'Handwierker am Haus [ɛ̃ɡs] [an eisem Haus ginn Aarbechte gemaach]

1 Weiblech Form: ↗Handwierkerin

Handwierkerin [h'antvi:ɣkərin] Femininum (Pluriel Handwierkerinnen) **DE** *Handwerkerin* • **FR** *artisan* • **EN** *artisan, workwoman* • **PT** *artesã, artifice* **Beispill** et war schonn ëmmer kloer, datt meng Schwëster eng Këier géif Handwierkerin ginn

1 Männlech Form: ↗Handwierker

Handwierkerkammer Femininum (Pluriel Handwierkerkammeren) **DE** *Handwerkskammer* • **FR** *Chambre des Métiers* • **EN** *Chamber of Trade* • **PT** *Câmara das Artes e Ofícios* **Beispill** d'Handwierkerkammer muss nach hiren Avis zur Reform vun der Berufsausbildung ofginn

1 Varianten: Handwierkerkummer, Handwierkskammer, Handwierkskummer

Handwierkerkummer Femininum (Pluriel Handwierkerkummeren) - Variant vun ↗Handwierkerkammer

Handwierkerschoul [h'antvi:ɣkɛʃəʊl] Femininum (Pluriel Handwierkerschoulen) **1. DE** *Berufsschule* [Einrichtung zum Erlernen eines Handwerks] • **FR** *école des arts et métiers* [institution de formation professionnelle] • **EN** *technical school, technical college* [institution] • **PT** *escola de artes e ofícios, escola profissional* [instituição de formação] **Beispiller** ech hunn an der Handwierkerschoul fir Elektriker geléiert; gees du op de Basar vun der Handwierkerschoul? [gees du op de Basar vun der Schüler an dem Léierpersonal aus der Handwierkerschoul?] **2. DE** *Berufsschule* [Gebäude] • **FR** *école des arts et métiers* [bâtiment] • **EN** *technical school, technical college* [building] • **PT** *escola de artes e ofícios, escola profissional* [edifício] **Beispill** hannert der Handwierkerschoul ass e grouse Parking

handwierklech [h'antvi:ɣklɛç] Adjektiv

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Handwierksbetrib [h'antvi:ɣksbɛtri:p] Maskulinum (Pluriel Handwierksbetreiber) **DE** *Handwerksbetrieb* • **FR** *entreprise artisanale* • **EN** *artisanal business, workshop* • **PT** *oficina artesanal* **Beispill** hie mécht seng Léier an engem klengen Handwierksbetrib

Handwierksgeschier [h'antvi:ɣksgəʃi:ɣ] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Handwerkszeug* • **FR** *outils* • **EN** *tools* [implements] • **PT** *ferramentas* **Beispill** mir kruten de Pneu net vum Vélo, well mir net dat richteg Handwierksgeschier haten **Synonym** Geschier

Handwierkskammer Femininum (Pluriel Handwierkskammeren) - Variant vun ↗Handwierkerkammer

Handwierkskummer Femininum (Pluriel Handwierkskummeren) - Variant vun ↗Handwierkerkammer

Handwierksleit [h'antvi:ɣkslɛit] Substantiv (kee Singulier) **DE** *Handwerker* [Gewerbetreibende] • **FR** *artisans* • **EN** *artisans, workmen, craftsmen* • **PT** *artesãos, artífices* **Beispill** bei der leschter Rezessioun si vill Handwierksleit op d'Fabrick schaffe gaangen

Handy [h'ændi:] Maskulinum (Pluriel Handyen) **DE** *Handy* • **FR** *portable* [téléphone] • **EN** *mobile, cell phone* • **PT** *telemóvel* **Beispill** an der Schoul mussen d'Schüler den Handy ausmaachen

Handysnummer [h'ændi:snumɛ] Femininum (Pluriel Handysnummern) **DE** *Handynummer* • **FR** *numéro de (téléphone) portable* • **EN** *mobile number* • **PT** *numero de telemóvel* **Beispill** op menger Handysnummer kanns de mech praktesch ëmmer errechen

Hanenhaff [h'a:nənhaf] Eegennumm **DE** *Haanenhaff* • **FR** *Haanenhaff* • **EN** *Haanenhaff* • **PT** *Haanenhaff* **Beispiller** ech wunnen um Hanenhaff; fiert dése Bus op den Hanenhaff?

Hanf Maskulinum (kee Pluriel)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Hanfkr [h'anfkɛ:ɣ] Maskulinum (Pluriel Hanfkären) **DE** *Hanfkrorn, Hanfsamen* • **FR** *grain de chanvre* • **EN** *hempseed* • **PT** *semente de cânhamo* **Beispiller** et ass net esou einfach, en Hanfkär un de Krepche vun der Aangel ze maachen; aus Hanfkäre gëtt e speziellen Ueleg gemaach

Hang [haŋ] Maskulinum **1.** (Pluriel Häng) **DE** *Hang* [Abhang] • **FR** *penne, versant* • **EN** *slope* [hillside] • **PT** *encosta, vertente* **Beispill** déi räich Koppel huet hir Villa an den Hang gebaut **Synonym** **Pente** **2.** (kee Pluriel) **DE** *Hang, Neigung* • **FR** *tendance, penchant* • **EN** *tendency, inclination* • **PT** *tendência, pendor* **Beispill** meng Frëndin huet en Hang fir ze dramatiséieren **3.** den Hang kréien **DE** *sich neigen* [sich senken] • **FR** *s'incliner, fléchir, ployer* • **EN** *to hang down, to dangle* • **PT** *inclinarse, fletir, vergar* **Beispiller** et ass Juli an d'Drauwe kréie schonn den Hang; d'Deeg kréie schonn den Hang ^[ɛg] [d'Deeg gi scho méi kuerz]

1 Variant: Hank

Hangar [h'ã:ga:R] Maskulinum (Pluriel Hangaren) **DE** (offener) *Schuppen, Hangar* • **FR** *hangar* • **EN** *hangar* • **PT** *hangar* **Beispiller** stell den Heewon ënner den Hangar!; den neie Fliger gouf fir eng éischt Revisioun an den Hangar gefouert

Hängebréck Femininum (Pluriel Hängebrécken) **DE** *Hängebrücke* • **FR** *pont suspendu* • **PT** *ponte suspensa* **Beispiller** iwwer d'Schlucht féiert eng laang Hängebréck; op der Spillplaz sinn déi zwee hëlzen Tiern duerch eng Hängebréck matenee verbonnen

Hängematt [h'æŋəmat] Femininum (Pluriel Hängematten) **DE** *Hängematte* • **FR** *hamac* • **EN** *hammock* • **PT** *cama de rede* **Beispill** an der Vakanz louch ech deeglaang an der Hängematt ze liesen

Hänk [hæŋk] Femininum (Pluriel Hänken) **1. DE** *Henkel* • **FR** *anse* [(petite) poignée] • **EN** *handle* • **PT** *asa, pega* **Beispill** d'Hänk vu menger Taass ass beim Spullen ofgebrach **2. DE** *Tragegriff, Trageriemen* [einer Handtasche] • **FR** *anse, sangle* [d'un sac à main] • **EN** *strap, handle* [of a handbag] • **PT** *alça, tiracolo* [de carteira, de mala] **Beispill** ech hu mer d'Hänk vu menger Posch futti gerappt **3. DE** *langer Abend* (in geselliger Runde) • **FR** *soirée* (conviviale) *prolongée* • **EN** *late night* (in good company) • **PT** *serão* (convivial) *prolongado* **Beispill** mir hate gëschter Owend Konveniat, wat war dat eng Hänk

ginn! **Synonym** Hänkecht

Hank [hɑŋk] Maskulinum (Pluriel Häng) - Variant vun
 ↗Häng

hänkebleiwen Verb (Hëllefverb sinn, Participe
 passé hänkebliwwen)

I Hei entstee en neien Artikel.

Hänkecht [h'æŋkɛçt] Femininum (Pluriel Hänkecht-
 en) **DE** langer Abend (in geselliger Runde) • **FR** soirée
 (conviviale) prolongée • **EN** late night (in good company)
 • **PT** serão (convivial) prolongado **Beispill** mir hate
 gëschter Owend Konveniat, wat war dat eng
 Hänkecht ginn! **Synonym** Hänk

hänkeg [h'æŋkɛç] Adjektiv **1. DE** hängend [Pflanzel] •
FR pendante [plante] • **EN** trailing, hanging [plant] • **PT** pen-
 dente [planta] **Beispiller** si hunn op der Fënster hänkeg
 Geranie stoen; déi heite Jardinière ass ideal fir hänkeg
 Blummen **2. DE** schlaff, Hänge... • **FR** pendante [ballant,
 affaissé] • **EN** drooping, sagging • **PT** pendente, caída
Beispiller hien huet hänkeg Schëlleren; wann een op
 eemol ganz extreem ofhëlt, kann een hänkeg Brëscht
 kréien

hänken [h'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe
 passé gehaangen / gehaang) » **transitiv 1. DE** hängen
 [aufhängen] • **FR** pendre, accrocher • **EN** to hang (up) [a
 picture, washing] • **PT** pendurar, suspender **Beispiller** ech
 hunn eis zwee nei Tabloen an de Salon gehaangen;
 hänk d'Wäsch an de Gaart, dann drécht se bess-
 er!; mir hu scho vill un eist Haus gehaangen! [égs] [mir
 hu scho vill Sue fir den Énnerhalt vun eisem Haus
 ewechginn] **Synonym** ophänken **2. DE** erhängen, henken
 • **FR** pendre [tuer par pendaison] • **EN** to hang [to kill by
 hanging] • **PT** enforçar **Beispill** d'Woch geet gutt un, sot
 de Mann, dunn ass e méindes gehaange ginn » **intran-**
sitiv 3. DE hängen [befestigt sein] • **FR** pendre, être accro-
 ché • **EN** to be hanging [to be suspended] • **PT** pender, es-
 tar pendurado **Beispiller** eis Jacketten hänken am Gank
 um Mantelbriet; de Manager hänkt de ganzen Dag
 um Telefon [égs] [de Manager telefonéiert de ganzen
 Dag]; op der Feier hat eisen Direkter eng hänken [égs]
 [op der Feier hat eisen Direkter e wéineg ze vill Alko-
 hol gedronk] **4. DE** festhängen, feststecken • **FR** être blo-
 qué [être immobilisé] • **EN** to be stuck [to be immobilized]
 • **PT** estar bloqueado [estar imobilizado] **Beispiller** wéi
 d'Police kouw, houngen d'Gangster mat hirem Auto
 am Rampli; mir houngen de ganze Mueren am Stau
5. [égs] DE rumhängen • **FR** traîner [s'attarder] • **EN** to hang
 around, to hang about • **PT** passar [demorar-se] **Beispill**
 dee Soff hänkt all Owend am Bistrot **Synonym** klun-
 schen **6. hänke bleiwen DE** hängen bleiben • **FR** rester
 accroché [physiquement] • **EN** to get caught on • **PT** ficar
 preso, ficar agarrado **Beispill** ech si mat mengem neie
 Pullover am pickegen Drot hänke bliwwen **7. hänken**
 un **DE** hängen an [nicht missen wollen] • **FR** tenir à, être
 attaché à • **EN** to be attached to [to be fond of] • **PT** estar
 apegado a, estar afeiçoado a **Beispill** eis Bomi hänkt un
 hirer Kaz **8. hänken** un **DE** hängen an [liegen an] • **FR** dé-
 pendre de, être dû à • **EN** to depend on • **PT** depender de,
 ser devido a **Beispiller** et hänkt just un dir, ob mer an
 den Zirkus ginn oder net; et houg um Wieder, datt
 mer net komm sinn

I Verben, déi **hänken** als Basis hunn: ↗anhänken, ↗aushänken,
 ↗emhänken, ↗eraushänken, ↗eremhänken, ↗erofhänken,
 ↗ewevehänken, ↗iwwerhänken, ↗ofhänken, ↗ophänken, ↗un-
 hänken, ↗zesammenhängen an ↗zouhängen

hannebäi [hanəb'æ:ɪ] Adverb **DE** auf das Gesäß • **FR**
 sur les fesses, au derrière • **EN** on the behind, on the
 backside [on the buttocks] • **PT** no rabo, no traseiro
Beispiller d'Mamm huet hirem Kand eng hannebäi
 ginn; hal elo op, soss kriss de e Fouss hannebäi;
 hien huet eng ellen hannebäi kritt [égs] [hien ass elle ver-
 nannt ginn; hien huet eng schlëmm Enttäuschung er-
 lieft]

hannelaanscht [hanə'lɑ:nʃt] Adverb **DE** hinten, hin-
 tenherum, hinten entlang, entlang der Rückseite • **FR**
 à l'arrière, (par) derrière • **PT** atrás, por trás, nas traseiras
Beispiller mäin Auto ass hannelaanscht ganz
 geschréipst; bei eis hannelaanscht geet e Wee an de
 Bësch

hannen [h'anən] Adverb **1. DE** hinten [auf der Rücksei-
 tel] • **FR** à l'arrière, derrière [sur la face arrière, au verso] •
EN at the back [at the rear end], on the back [on the re-
 verse side], from the back [from behind] • **PT** atrás, de-
 trás, nas costas [na face posterior, no verso] **Beispiller**
 mäin Auto huet hannen eng Téitsch; den Absender
 steet hannen op der Enveloppe; d'Politikerin ass vun
 hannen erschoss ginn; deng Rechnung geet hannen
 a vir net op [égs] [deng Rechnung geet guer net opl]; et
 ass mer net hannen ewei vir [égs] [ech fille mech net
 wuel] **2. DE** hinten [im hinteren Teil] • **FR** au fond, à l'ar-
 rière [dans la partie arrière] • **EN** in the back [in the rear],
 at the back [in the last part] • **PT** no fundo, atrás, na
 parte de trás **Beispiller** hannen am Gaart steet en Äp-
 pelbam; d'Kanner muss sech hannen an den Auto
 setzen; hannen am Buch sinn déi technesch Wieder
 definéiert **3. vun hannen** no vir **DE** von hinten nach vorn,
 rückwärts • **FR** à rebours, à l'envers • **EN** backwards • **PT**
 de trás para a frente **Beispill** kanns du vun hannen no
 vir zielen?

hannenaus [hanən'æ:ʊs] Adverb **1. DE** hinter dem
 Haus • **FR** derrière la maison • **EN** behind the house •
PT atrás da casa **Beispill** am Summer sëtze mir dacks
 hannenaus op der Terrass **2. DE** im hinteren Teil • **FR**
 au fond [dans la partie arrière] • **EN** in the back [of the
 house] • **PT** nas traseiras [na parte de trás] **Beispiller**
 mir schlofen neierdéngs hannenaus, viraus ass ze vill
 Kaméidi; ech gi bis hannenaus [égs] [ech ginn op d'Toi-
 lettel]

I Variant: hannenausser

hannenausser [hanən'æ:ʊsɛ] Adverb - Variant vun
 ↗hannenaus

hannendran [hanəndr'an] Adverb **1. DE** im Hinter-
 treffen • **FR** à la traîne, en retard • **EN** behindhand [behind
 schedule], behind [in a race] • **PT** atrás, em atraso **Beispill**
 ech si mat menger Aarbecht hannendran **2. DE** hinten
 [im hinteren Teil] • **FR** à l'arrière, au fond [dans la partie
 arrière] • **EN** in the back [of a vehicle] • **PT** atrás, no fundo
 [na parte traseira] **Beispill** et war déi ganz Rees roueg
 hannendran, well d'Kanner no zéng Kilometer Auto-
 bunn scho fest geschlof hunn

hannendrop [hanəndr'op] Adverb **1. DE** hintendrauf,
 auf der Rückseite • **FR** au verso, au dos • **EN** on the back

• **PT** *no verso, nas costas* **Beispiller** um Deckel vum Pak steet de Präis an hannendrop de Verfallsdatum; op der Kräizung ass ee mer hannendrop gefuer [op der Kräizung ass ee mer hannen an den Auto gerant] **2.** **DE** *zusätzlich, zu guter Letzt* • **FR** *ensuite, pour finir [en guise de conclusion]* • **EN** *finally, to finish off* • **PT** *em seguida, para terminar* **Beispill** nom Dessert gouf et nach e Kaffi an hannendrop nach eng gutt Mirabell

hannendrun [hanəndrʰun] Adverb **DE** *dahinter* • **FR** *derrière* • **EN** *behind* • **PT** *atrás [na parte traseira, detrás]* **Beispiller** d'Ambassade ass direkt niewent dem Lycée, mee e bësse verstoppt hannendrun; mir hate kee gudden Hotel, virdu war d'Strooss, hannendru war d'Bunn

i Variant: hannendrunner

hannendrunner [hanəndrʰunə] Adverb - Variant vun ↗hannendrun

hannenerëm [hanənər'əm] Adverb **1.** **DE** *hintenherum [hinten entlang]* • **FR** *par-derrrière, par l'arrière* • **EN** *round the back* • **PT** *por detrás, pelas traseiras* **Beispill** fuer hannenerëm, da brauchs de d'Kéier net ze maachen! **2.** **DE** *hintenherum [heimlich]* • **FR** *par-derrrière [en secret], de façon illicite* • **EN** *behind one's back [deceitfully]* • **PT** *por trás das costas [pela calada], de modo ilícito* **Beispiller** hatt laacht de Leit an d'Gesicht an hannenerëm geet et se beschäissen!; hien huet sech déi Informatiounen hannenerëm beschaaft; pass op deen do op, deen ass e bëssen hannenerëm! ^[égs] [pass op deen do op, deen ass e bëssen hannerléschtég!]

hannenerlaanscht Adverb

i Hei entstee en neien Artikel.

hannenhin [hanənh'in] Adverb bis hannenhin **DE** *bis zum Anschlag* • **FR** *à fond [autant que possible]* • **EN** *right up [as far as it goes]* • **PT** *a fundo, no máximo* **Beispill** hien dréit d'Musek ëmmer bis hannenhin op

hannenno [hanən'o:] Adverb **1.** **DE** *nachher, später* • **FR** *après, plus tard, tout à l'heure* • **EN** *afterwards, later* • **PT** *depois, logo, mais tarde* **Beispill** hannenno däerfs de spillen, iess elo! **Synonymmen** derno, dono, herno **2.** **DE** *nachher [letzten Endes]* • **FR** *après, à la fin du compte* • **EN** *afterwards, in the end* • **PT** *no fim de contas, ao fim e ao cabo* **Beispill** ech maachen net mat bei där Affär, well hannenno sinn ech erëm schold! **Synonymmen** derno, dono, herno

hannenop Adverb eng hannenop ginn ; eng hannenop kréien **DE** *einen Klaps geben, einen Klaps bekommen [auf den Hintern]* • **FR** *donner une tape, recevoir une tape [sur le derrière]* • **PT** *dar uma palmada, levar uma palmada [no rabo]* **Beispiller** wa fréier d'Kanner erëmgemault hunn, da gouf et eng hannenop!; géff dech, soss kriss de eng hannenop!

hanner [h'anə] Prepositioun » **mam Akkusativ / mam Dativ** **DE** *hinter* • **FR** *derrière* • **EN** *behind, after* • **PT** *atrás* **de** **Beispiller** hanner der Heck sëtzt en Hues; déi kleng Inte sinn, eng hanner där anerer, iwuer d'Wiss gewatschelt; an enger alphabetescher Lëscht kënnt hien hanner mir; op der Achterban huet de Papp sech hanner säi Bouf gesat, fir en unzehalen; ech hunn e

puer ustrengend Deeg hanner mer [déi puer lescht Deeg waren ustrengend fir mech]; d'Mamm muss stänneg hanner hirem Eelste sinn, fir datt e léiert [d'Mamm muss hiren Eelste stänneg undreiwen, fir datt e léiert]

i Varianten: hannert, hannerun

hannerem [h'anəɾəm] ↗hanner + ↗dem

hannerenaner [hanəɾən'a:nə] Adverb - Variant vun ↗hannereneen

hannerenaner [hanəɾən'a:nə] Adverb ↗hanner + ↗-enaner

hannereneen [hanəɾən'e:n] Adverb **DE** *hintereinander [nacheinander]* • **FR** *de suite, consécutivement* • **EN** *in a row, in succession* • **PT** *de enfiada, consecutivamente* **Beispill** d'Meedchen huet fénnef Mol hannereneen op d'Tromm geschloen **Synonym** noeneen

i Varianten: hannerenaner, hannertenaner, hannerteneen

hannereneen [hanəɾən'e:n] Adverb ↗hanner + ↗-eneen

hannerfroen [hanəfr'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hannerfrot) » **transitiv** **DE** *hinterfragen* • **FR** *remettre en question, vérifier le bien-fondé de* • **EN** *to question, to analyse* • **PT** *questionar, pôr em questão* **Beispill** a sengem Artikel hannerfreet de Journalist d'Positioun vun der Regierung

Hannergedanken [h'anəgədaŋkən] Maskulinum (Pluriel Hannergedanken) **DE** *Hintergedanke* • **FR** *arrière-pensée* • **EN** *ulterior motive* • **PT** *segundas intenções* **Beispill** ech hoffen, datt s de bei dësem Kaddo keng Hannergedanken hues!

hannergoen [hanəg'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hannergaangen / hannergaang) » **transitiv** **DE** *hintergehen* • **FR** *tromper, abuser de la confiance de, duper* • **EN** *to go behind someone's back, to deceive* • **PT** *enganar, abusar da confiança de* **Beispill** hien hannergeet seng Kolleegen op eng schänterlech Aart a Weis **Synonym** bedréien

Hannergrond [h'anəgront] Maskulinum (Pluriel Hannergrënn) **1.** **DE** *Hintergrund [des Blickfeldes]* • **FR** *arrière-plan [du champ visuel], fond* • **EN** *background [in the field of vision]* • **PT** *segundo plano [do campo visual], fundo* **Beispiller** am Vierdergrond vun der Bün hunn d'Leit gedantzt, am Hannergrond huet d'Musek gespilt; am Hannergrond huet een d'Alpe gesinn; leider ass den Hannergrond vu menger Foto ënnerbelicht **2.** **DE** *Hintergrund [Umstände, Zusammenhänge]* • **FR** *dessous [face cachée], contexte [circonstances]* • **EN** *background [circumstances]* • **PT** *pano de fundo, contexto* **Beispiller** d'Hannergrënn vum Attentat sinn nach net bekannt; de Riedner ass op de geschichtlechen Hannergrond vum Konflikt agaangen **3.** am Hannergrond **DE** *im Hintergrund* • **FR** *en retrait, au second plan* • **EN** *in the background, into the background [of less importance]* • **PT** *na sombra, em segundo plano* **Beispiller** obwuel de Pensionnaire alles selwer geplangt hat, wollt e bei der Feier am Hannergrond bleiwen; duerch déi schlëmm Noriicht ass alles anescht an den Hannergrond geréckelt

Hannerhaff [h'anehaf] Maskulinum (Pluriel Hannerhäff) **DE** Hinterhof • **FR** arrière-cour • **EN** backyard • **PT** pátio traseiro **Beispill** wéi ech zu Berlin studéiert hunn, huet meng Wunneng op en Hannerhaff gekuckt

hannerhälteg [h'anehæltæg] Adjektiv **DE** hinterhältig • **FR** sournois <Adverb sournoisement> • **EN** shifty, deceitful <Adverb shiftily, deceitfully> • **PT** sonso, insidioso <Adverb sonsamente, insidiosamente> **Beispiller** maach keng Geschäfte mat deem hannerhältege Kärel!; firwat belitts du deng Frënd esou hannerhälteg?

Hannerhasselt [haneh'asəlt] Eegennumm **DE** Hinterhassel • **FR** Hinterhassel • **EN** Hinterhassel • **PT** Hinterhassel **Beispiller** ech wunnen zu Hannerhasselt; fiert dese Bus op Hannerhasselt?

Hannerkapp [h'anekap] Maskulinum (Pluriel Hannerkäpp) **DE** Hinterkopf • **FR** occiput • **EN** occiput, back of the head • **PT** occipital **Beispiller** nodeem d'Kand vun der Klunsch op den Hannerkapp gefall war, hat et eng Gehirnerschütterung; hal déi Iddi am Hannerkapp! [vergiess déi Iddi net!]

Hannerland [h'anelant] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Hinterland • **FR** arrière-pays • **EN** hinterland • **PT** interior [região] **Beispill** si sinn en Tour an d'Hannerland maachen

hannerleeën [hanel'e:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hannerluecht) » **transitiv** **DE** hinterlegen [in Verwahrung geben] • **FR** déposer [en lieu officiel] • **EN** to lodge (with), to leave (with) [for safekeeping] • **PT** depositar [em lugar oficial] **Beispill** mäi Bop huet säin Testament beim Nottär hannerluecht

hannerlëschteg [h'aneləʃtæg] Adjektiv **DE** hinterlistig • **FR** sournois [fourbe] <Adverb sournoisement> • **EN** sly, deceitful <Adverb slyly> • **PT** sonso, dissimulado <Adverb sonsamente, dissimuladamente> **Beispiller** esou engem hannerlëschtege Mënsch kann een net trauen; ech hu kee gutt Gefill, wann s du esou hannerlëschteg laachs

hannerloossen [hanel'o:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hannerlooss) » **transitiv** **1. DE** hinterlassen [zurücklassen] • **FR** laisser [derrière soi] [en quittant un lieu, en mourant] • **EN** to leave (behind) [after departing, after dying] • **PT** deixar [por ter abandonado um lugar, por ter morrido] **Beispiller** d'Kanner hunn doheem e risege Chaos hannerlooss; d'Brigangen hate keng Spueren hannerlooss; eisen Noper hannerlëisst eng Wittfra an zwee kleng Bouwen **2. DE** hinterlassen [vererben] • **FR** laisser, léguer • **EN** to leave, to bequeath • **PT** deixar, legar **Beispill** dee räiche Mann huet sengen Ierwe vill Lännereien hannerlooss **3. DE** hinterlassen [verursachen] • **FR** laisser [causer, avoir pour conséquence] • **EN** to leave [to cause] • **PT** deixar [causar, ter como consequência] **Beispill** d'Operatioun huet keng Länzechen hannerlooss

hannerrécks [h'anereks] Adverb **1. DE** rückwärts [nach hinten] • **FR** en arrière, en marche arrière, à reculons • **EN** backwards [movement] • **PT** para trás, em marcha atrás, às arreas **Beispiller** de wibbelege Schüler ass mam Stull hannerrécks ëmgefall; ech fieren ëmmer hannerrécks mam Auto an d'Garage eran; an der Reha léiert d'Patientin nees, hannerrécks ze goen **Syn-**

onym hannerezeg **2. DE** rückwärts [von hinten nach vorn] • **FR** à rebours, à l'envers • **EN** backwards [in reverse] • **PT** de trás para a frente, em sentido inverso **Beispiller** de Schoulmeeschter huet d'Kanner gedoen, vun honnert un hannerrécks ze zielen; als Kanner ware mir versieess drop, witzeg Filmzeenen hannerrécks ze kucken **Synonym** hannerezeg

hannert [h'anet] Prepositioun - Variant vun ↗hanner

hannertenaner [hanədən'a:nə] Adverb - Variant vun ↗hannereneen

hannertenaner [hanədən'a:nə] Adverb ↗hannert + ↗-enaner

hannerteneen [hanədən'e:n] Adverb - Variant vun ↗hannereneen

hannerteneen [h'anədəne:n] Adverb ↗hannert + ↗-eneen

hannerum [h'anərum] ↗hannerun + ↗dem

hannerun [hanər'un] Prepositioun - Variant vun ↗hanner

hannerwands [hanev'ants] Adverb **DE** an einem geschützten Ort • **FR** à l'abri • **EN** in a sheltered spot, in a safe place • **PT** ao abrigo, em lugar protegido **Beispiller** si souzen hannerwands; wéi mir et héieren hu knuppen, hu mer eis hannerwands gemaach; hien hält sech léiwer hannerwands [ëgs] [hien hält sech léiwer zeréck]

hannerezeg [h'anetsæg] Adverb **1. DE** rückwärts [nach hinten] • **FR** en arrière, en marche arrière, à reculons • **EN** backwards [movement] • **PT** para trás, em marcha atrás, às arreas **Beispiller** de wibbelege Schüler ass mam Stull hannerezeg ëmgefall; ech fieren ëmmer hannerezeg mam Auto an d'Garage eran; an der Reha léiert de Patient nees, hannerezeg ze goen **Synonym** hannerrécks **2. DE** rückwärts [von hinten nach vorn] • **FR** à rebours, à l'envers • **EN** backwards [in reverse] • **PT** de trás para a frente, em sentido inverso **Beispiller** de Schoulmeeschter huet d'Kanner gedoen, vun honnert un hannerezeg ze zielen; als Kanner ware mir versieess drop, witzeg Filmzeenen hannerezeg ze kucken **Synonym** hannerrécks

hannerezeggoen [h'anetsæggo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé hannerezeggaangen / hannerezeggaang) » **intransitiv** [ëgs] **DE** vom Hocker fallen, aus den Latschen kippen [erstaut, entsetzt sein] • **FR** tomber à la renverse [être stupéfait] • **PT** cair de cu [ficar estupefacto] **Beispill** ech si bal hannerezeggaangen, wéi ech d'Rechnung krut

hannerzéien [hanets'zɔɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hannerzunn) » **transitiv** Steieren hannerzéien **DE** Steuern hinterziehen • **FR** frauder le fisc • **PT** defraudar o fisco **Beispill** den Ugeklote kritit virgehäit, Steieren am grouse Stil hannerzunn ze hunn

Hännes [h'ænəs] Maskulinum (Pluriel Hännessen) [ëgs] **DE** Dummkopf • **FR** imbécile • **EN** fool • **PT** imbecil **Beispiller** deen Hännes geet mer mat sengem Gebradels déck op d'Strëmp!; wat bass du en Hännes! **Synonymmen** Dabo, Dräibiz, Eefalt, Hammel, Klautjen, Topert

hannescht Adverb

I Hei entsteet en neien Artikel.

hannescht- Verbpartikel **DE** {abtrennbares Erstglied eines Verbs} • **FR** {particule séparable d'un verbe} • **EN** {separable verb particle} • **PT** {partícula separável de um verbo} **Beispill** stell d'Méllech hannescht an de Frigidaire, soss geet se ëm!; nom Iessen huet hien eis mam Auto hanneschtgefouert **Synonym** zeréck-

I Verben, déi **hannescht-** als Partikel hunn: ↗hanneschtbréngen, ↗hanneschtdroen, ↗hanneschtféieren, ↗hanneschtféieren, ↗hanneschtfuere, ↗hanneschtginn, ↗hanneschtgoen, ↗hanneschtlafen, ↗hanneschtleëën, ↗hanneschtschécken, ↗hanneschtsetzen, ↗hanneschtsoen, ↗hanneschtstellen

I Dës Verbpartikel steet och am Zesammenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗hannescht Adverb

hanneschtbréngen [h'anəʃtbrɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hanneschtbruecht)

I Hei entsteet en neien Artikel.

hanneschtdroen [h'anəʃtdrɔ:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hanneschtdroen) » **transitiv DE** zurückbringen • **FR** rapporter [acheminer, rendre] • **EN** to take back [to return] • **PT** devolver [dar de volta, restituir] **Beispill** mir hunn déi eidel Fläschchen hanneschtdroen; dro der Nopesch hiert Kachbuch hannescht! **Synonym** zeréckdroen

hanneschtféieren [h'anəʃtfɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hanneschtgefouert) » **transitiv DE** zurückbringen, zurückfahren • **FR** ramener, reconduire [conducteur, véhicule] • **EN** to drive back, to take back • **PT** levar de volta [conductor, veículo] **Beispill** nom Iessen huet hien eis mam Auto hanneschtgefouert

hanneschtféieren [h'anəʃtfɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hanneschtgefördert / hanneschtgefouert) » **transitiv DE** zurückbringen, zurückbegleiten [zu Fuß] • **FR** ramener, reconduire [à pied] • **EN** to accompany back, to take back [on foot] • **PT** acompanhar de volta [a pé] **Beispill** mir hätten hie gär hanneschtgefördert, mee e wollt eleng goen

hanneschtfuere [h'anəʃtfu:ɾən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé hanneschtgefuer) » **intransitiv DE** zurückfahren [zum Ausgangspunkt] • **FR** rebrousser chemin, faire demi-tour [conducteur, véhicule] • **EN** to drive back, to return • **PT** voltar atrás [conductor, veículo] **Beispill** mir sinn hanneschtgefuer, well mer eise Portmonni vergiess haten **Synonym** zeréckfuere

hanneschtginn [h'anəʃtgin] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hanneschtginn) » **transitiv DE** zurückgeben [zurückbringen] • **FR** restituer, rendre • **EN** to give back • **PT** restituir, devolver **Beispill** ech hunn dat Buch nëmme geléint, ech muss et muer hanneschtginn; wann een der eng heet, géff em eng hannescht! [ëgs] [wann een der eng heet, dann ha du em och eng!]

hanneschtgoen [h'anəʃtgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé hanneschtgaangen / hanneschtgaang) » **intransitiv DE** zurückgehen, zurückkehren • **FR** retourner [rebrousser chemin, aller de nouveau] • **EN** to go back [to return] • **PT** voltar [regressar, tornar a ir] **Beispill** ech muss nach eng Kéier hanneschtgoen, fir hinne Bescheed ze soen; ech muss nach zweemol bei den Zänn Dokter hanneschtgoen **Synonym** zeréck-

goen

hanneschtlafen [h'anəʃtla:fən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé hanneschtgelaf) » **intransitiv DE** zurücklaufen [zum Ausgangspunkt] • **FR** retourner (en courant) [au point de départ] • **EN** to run back [to the point of departure] • **PT** voltar (a correr) [para o ponto de partida] **Beispill** laf séier hannescht bei den Auto de Prabbeli sichen! **Synonym** zerécklafen

hanneschtleëën [h'anəʃtle:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hanneschtgeluecht) » **transitiv DE** zurücklegen [an seinen Platz] • **FR** reposer, remettre (à sa place) • **EN** to put back [in its place] • **PT** repor (no seu lugar) **Beispill** lee dat Messer hannescht an den Tirang!

hanneschtschécken [h'anəʃtʃekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hanneschtschéckt) » **transitiv DE** zurückschicken • **FR** renvoyer, réexpédier • **EN** to send back • **PT** reenviar, reexpedir, devolver **Beispill** si hunn den Zerwiss hanneschtschéckt, well e puer Stécker gebrach waren

hanneschtsetzen [h'anəʃtʒɛtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hanneschtgesat) » **transitiv DE** zurücksetzen, zurückstellen [an seinen Platz] • **FR** remettre (à sa place) • **EN** to put back [in its place] • **PT** repor (no seu lugar), recolocar (no seu lugar) **Beispill** d'Botzfra huet d'Blummendéppe geréckelt, awer net hanneschtgesat **Synonymen** hanneschtstellen, zerécksetzen

hanneschtsoen [h'anəʃtʒo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hanneschtgesot) » **transitiv DE** hinterbringen [mitteilen] • **FR** rapporter [des propos] • **EN** to pass on, to tell • **PT** revelar, repetir [ditos] **Beispill** du kanns him dat roueg hanneschtsoen! **Synonymen** erëmsoen, hanneschterzielen, hanneschtverzielen, hanneschtzielen

hanneschtstellen [h'anəʃtʃtælən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hanneschtgestallt) » **transitiv DE** zurückstellen [an seinen Platz] • **FR** remettre (à sa place) • **EN** to put back, to put away • **PT** repor (no seu lugar), recolocar (no seu lugar) **Beispill** no der Versammlung hu mer d'Still hanneschtgestallt **Synonymen** hanneschtsetzen, zeréckstellen

hannevir [hanə'vi:ɾ] Adverb **DE** verkehrt herum • **FR** devant derrière [à l'envers] • **EN** back to front • **PT** de trás para a frente [ao contrário] **Beispill** hien deet seng Kap ëmmer hannevir un **Synonymen** de falsche Wee, de verkéierte Wee

hannewidder [hanə'vide] Adverb bis hannewidder fuere **DE** so weit wie möglich rückwärts fahren • **FR** reculer autant que possible [conducteur, véhicule] • **EN** to reverse as far as possible • **PT** recuar tanto quanto possível [conductor, veículo] **Beispill** fuer an der Garage bis hannewidder, da kréie mer déi zwee Autoen eran!

Hänni [h'æni:] Femininum (Pluriel Hännien) [Kanner-sprooch] **DE** Händchen • **FR** mimine, menotte • **EN** (little) hand • **PT** mãozinha **Beispill** géff schéin dem Monni d'Hänni!

Hännwäschen Neutrum (kee Pluriel) **DE** Händwäschen • **FR** lavage des mains • **PT** lavagem das mãos **Beispill** reegelméisseg Hännwäsche schützt virun

Infektiounen; ech hunn eréischt beim Hännwäsche gemierkt, datt ech mech an de Fanger geschnidden hat

Hanoi Eegennumm **DE** *Hanoi* • **FR** *Hanoi* • **PT** *Hanoi*
Beispill Hanoi ass d'Haaptstad vum Vietnam

hänselen [h'ænzələn] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé gehänsetl)

i Hei entsteet en neien Artikel.

hantéieren [hant'ziərən] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé hantéiert) » **intransitiv 1.** **DE** *werkeln* • **FR** *bricoler* [s'occuper, travailler] • **EN** *to potter about* • **PT** *fazer pequenos trabalhos manuais* **Beispiller** ech héiere mäi Papp am Keller **hantéieren**; wat **hantéiers** de do? **Synonymmen** knätzelen, knéchelen, kniwwelen, koschteren **2.** **hantéieren** un **DE** *hantieren an, tüfteln an* • **FR** *bidouiller, bricoler* • **EN** *to tinker with* • **PT** *remexer em, mexer em* **Beispill** laanscht dem Wee huet e Bauer u sengem Frontlader **hantéiert** **Synonymmen** knätzelen un, knéchelen un, kniwwelen un **3.** **hantéiere** mat **DE** *hantieren mit* • **FR** *manipuler, manier, gesticuler avec* • **EN** *to handle, to use* • **PT** *manipular, manejar, gesticular com* **Beispill** pass op, wann s de mat deem scharfe Messer **hantéiers**!

Hantel [h'antəl] **Femininum** (Pluriel **Hantelen**) **DE** *Hantel* • **FR** *haltère* • **EN** *dumb-bell* • **PT** *halteres* **Beispill** beim Trainéieren ass mer eng **Hantel** op de Fous gefall

haperen [h'a:pərən] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé gehapert) - **Variant** vun **happeren**

Happ [hap] **Maskulinum** (kee Pluriel) **DE** *Hopfen* • **FR** *houblon* • **EN** *hops* • **PT** *lúpulo* **Beispiller** ouni **Happ** kann ee kee Béier maachen; bei him ass **Happ** a Malz verluer **égs** [bei him ass all Méi émsoss]

Häppchen **Neutrum** (Pluriel **Häppercher**) **1.** **DE** *Häppchen, (kleiner) Bissen* • **FR** *(petite) bouchée, (petit) bout* • **PT** *qualquer coisa (para comer), bocado (de comida)* **Beispiller** ech iessen nach séier en **Häppchen**, ier mer ginn; d'Matière verhäls de besser, wann s de se a klengen **Häppercher** léiers [d'Matière verhäls de besser, wann s de se a klenge Quantitéite léiers] **Synonymmen** Klengegkeet, Maufel **2.** **DE** *Häppchen* [Appetitthappen] • **FR** *amuse-gueule, amuse-bouche* • **PT** *canapé, aperitivo, amuse-bouche* **Beispill** beim Eierewäi goufen och e puer **Häppercher** zerwéiert

happeren [h'apərən] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé gehapert) » **intransitiv** - **onperséinlech 1.** **happeren** un **DE** *hapern an* [fehlen] • **FR** *manquer* [faire défaut] • **EN** *to be lacking, to be wanting* • **PT** *faltar, não haver* **Beispill** Zäit, fir an d'Vakanz ze fueren, hätt ech, et **happert** just un de Suen! **2.** **égs** **DE** *hapern* [nicht klappen] • **FR** *cafouiller, marcher mal* • **EN** *to be shaky in, to be weak in* • **PT** *haver dificuldades, funcionar mal* **Beispill** am Rechnen **happert** et bei him

i Variant: haperen

Happy End [h'æpi:ənt] **Maskulinum** (Pluriel **Happy Enden** / **Happy Ends**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Har [ha:r] **Neutrum** (Pluriel **Haren**) **DE** *Horn* [eines Tiers] • **FR** *corne* • **EN** *horn* [of an animal] • **PT** *corno* **Beispiller** de Bauer ass vun engem Stéier op d'**Hare** geholl ginn; de Schleek zitt d'**Haren** an; et ass, fir **Haren** op d'**Stier** ze kréien! **égs** [et ass fir ze verzweiwelen!]; d'**Fra** huet hirem Mann **Haren** opgesta **égs** [d'**Fra** huet hire Mann hannergaangen]; de **Bouf** ass mat engem **Har** op der **Stier** heemkomm **égs** [de **Bouf** ass mat enger **Bëlz** op der **Stier** heemkomm]; elo musse mer de **Stéier** mat den **Haren** huelen! **égs** [elo musse mer, ouni ze zécken, un d'**Schwieregkeet** eru-goen]; mäi **Brudder** huet sech bestuet, noodeem en sech d'**Haren** ofgestouss hat **égs** [mäi **Brudder** huet sech bestuet, noodeem en Erfahrung gesammelt hat]

Här [hɛ:g] **Maskulinum** (Pluriel **Hären**) **1.** **DE** *Herr* [Mann] • **FR** *monsieur* [homme] • **EN** *gentleman, man* • **PT** *senhor* [homem] **Beispiller** et huet en eeleren **Här** no dir gefrot; wéi ech bei de **Coiffer** koum, souze schonn e puer **Hären** do ze waarden **Synonym** **Monsieur 2.** **DE** *Herr* [Anrede] • **FR** *monsieur* [titre] • **EN** *Mr, sir, gentleman* [title, form of address] • **PT** *senhor* [tratamento] **Beispiller** den **Här** **Minister** léisst sech entschëllegen, en huet eng wichteg **Reunioun**; dir **Hären**, huet Iech **Plaz**! **3.** **DE** *Herr* [Gebietler] • **FR** *seigneur, maître* • **EN** *lord of the manor* • **PT** *senhor, amo* **Beispiller** eemol am **Joer** huet den **Här** seng **Leit** op d'**Schlass** invitéiert; ech war mäin **Här** net méi! **égs** [ech war entsat]; hien ass säin eegenen **Här** **égs** [hien ass selbstänneg]; ech sinn nach ëmmer den **Här** am **Haus**! **égs** [ech bestëmmen nach ëmmer, wat am **Haus** geschitt]; bei sengem neie **Chef** huet teen **Aarbechter** säin **Här** fonnt! **égs** [bei sengem neie **Chef** kann teen **Aarbechter** net maachen, wat e wëllt]; eis **Clienté** kommen aus aller **Häre** **Länner** **égs** [eis **Clienté** kommen aus der ganzer Welt]; **Här** ass **Här**, a **Max** ass **Max**! **égs** [dési sozial **Hierarchie** muss respektéiert ginn!] **4.** **DE** *Pfarrer* • **FR** *curé* • **EN** *priest* • **PT** *padre* **Beispiller** den **Här** huet dee **Kranke** versinn; dee **Politiker** ass net mam **Här** begruewe ginn **égs** [Idee **Politiker** ass zivil begruewe ginn] **Synonym** **Paschtouer 5.** (kee **Singulier**) **DE** *Herrenmannschaft* • **FR** *équipe masculine* [équipe sportive] • **EN** *men's team* • **PT** *equipa masculina* [equipa desportiva] **Beispill** eis **Hären** hunn dës **Saison** net gutt gespillt **Synonym** **Härenekipp**

i Weiblech Form: **hÄrin**

Harare Eegennumm **DE** *Harare* • **FR** *Harare, Hararé* • **PT** *Harare* **Beispill** **Harare** ass d'Haaptstad vum **Simbabwe**

harceléieren **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé harceléiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Härchen [h'ɛ:çən] **Maskulinum** (Pluriel **Härercher**) - **Diminutivform** vun **hÄr**

Harddisk [h'a:rtisk] **Maskulinum** (Pluriel **Harddisken**) **DE** *Festplatte, Harddisk* • **FR** *disque dur* • **EN** *hard disk* • **PT** *disco rígido, disco duro* **Beispill** mäin **Harddisk** ass geschwé voll, ech muss e puer **déck** **Fichieren** drop läschen **Synonym** **Festplack**

hardi **Adjektiv**

i Hei entsteet en neien Artikel.

Hardware [h'a:twɛ:ɐ̯] Femininum (kee Pluriel) **DE** Hardware • **FR** hardware, matériel (informatique) • **EN** hardware [computing equipment] • **PT** hardware, equipamento (informático) **Beispill** all Joer gëtt en Deel vun der Hardware am Betrib erneiert

Härebauer [h'ɛ:rəbɔʊɐ̯] Maskulinum (Pluriel Härebaueren) **DE** Gutsbesitzer • **FR** grand propriétaire agricole • **EN** landowner • **PT** grande proprietário agrícola **Beispill** säin Urgrousspapp huet bei engem Härebauer geschafft

Härebierg [h'ɛ:rəbi:ɐ̯ç] Eegennumm **DE** Herrenberg • **FR** Herrenberg • **EN** Herrenberg • **PT** Herrenberg **Beispill** d'Kasäre vun der Arméi sinn um Härebierg; fiert dese Bus op den Härebierg?

i Zënter 1955 steet zu Dikrech, méi prezis um Dikrecher Härebierg, d'Arméiskasär, an där jonk Leit hir Militärausbildung kënnen maachen. Émgangssproochlech steet **den Härebierg** dowéinst fir de Militärdéngscht zu Lëtzebuerg. En Ausdrock ewéi „um Härebierg sinn“ bedeit deemno, datt een eng Ausbildung an der Arméi mécht oder eng Funktioun beim Militär huet.

Härekächen [h'ɛ:rəkæçən] Femininum (Pluriel Härekächen) **DE** Pfarrersköchin, Pfarrhaushälterin • **FR** gouvernante (du curé), bonne (du curé) • **EN** housekeeper [for a priest] • **PT** governanta (do padre), criada (do padre) **Beispill** d'Härekächen hat vill Aarbecht, well den Dechen zéng Leit op d'Kiermes invitéiert hat

Harel [h'a:rəl] Eegennumm **DE** Harlingen • **FR** Harlange • **EN** Harlange • **PT** Harlange **Beispill** ech wunnen zu Harel; fiert dese Bus op Harel?

Hareler Poteau [h'a:rəlep'oto:] Eegennumm **DE** Harlange-Poteau • **FR** Harlange-Poteau • **EN** Harlange-Poteau • **PT** Harlange-Poteau **Beispill** ech wunnen um Hareler Poteau; fiert dese Bus op den Hareler Poteau?

Harem [h'a:ræm] Maskulinum (Pluriel Haremen / Haremer) **DE** Harem • **FR** harem • **EN** harem • **PT** harém **Beispill** de Sultan hat en Harem vu 25 Fraen

Härenekipp [h'ɛ:rənɛkɪp] Femininum (Pluriel Härenekippen) **1. DE** Herrenmannschaft • **FR** équipe masculine [équipe sportive] • **EN** men's team • **PT** equipa masculina [equipa desportiva] **Beispill** eis Härenekipp huet dës Saison net gutt gespilt **2. DE** Altherrenmannschaft • **FR** équipe des vétérans • **EN** veterans team, senior team • **PT** equipa de veteranos **Beispill** eis Härenekipp huet sech fir d'Finall vum Tournoi qualifizéiert

Härenequipe [h'ɛ:rənɛkɪp] Femininum (Pluriel Härenequippen) - Variant vun ↗Härenekipp

Härenhaus [h'ɛ:rənɦæ:ʊs] Neutrum (Pluriel Härenhaiser) **1. DE** Herrenhaus • **FR** maison de maîtres • **EN** mansion • **PT** solar [casa] **Beispill** an eiser Strooss stinn e puer schéin al Härenhaiser **2. DE** Pfarrhaus • **FR** presbytère • **EN** presbytery [house] • **PT** presbitério [residência paroquial] **Beispill** d'Härenhaus ass meeschtens direkt niewent der Kierch **Synonym** Paschtoueschhaus

Hären toilette [h'ɛ:rəntwalæt] Femininum (Pluriel Hären toiletten) **DE** Herrentoilette • **FR** toilettes pour hommes • **EN** gents [men's toilet] • **PT** casa de banho dos senhores **Beispill** op der Hären toilette ass ee vun de Pissoire verstoppt

Harespel [ha:r'æspəl] Femininum (Pluriel Harespelen) **DE** Wespe • **FR** guêpe • **EN** wasp • **PT** vespa [inseto] **Beispill** ech sinn dese Summer schonn zweemol vun enger Harespel gepickt ginn

Harespelsfrësser [ha:r'æspəlsfrɛsɛ] Maskulinum (Pluriel Harespelsfrësser) **Pernis apivorus DE** Wespenbussard • **FR** bondrée apivore • **EN** European honey buzzard • **PT** bútio-vespeiro **Beispill** wéi laang bréien d'Harespelsfrësser?

Harespelsnascht Neutrum (Pluriel Harespelsnäschter) **DE** Wespennest • **FR** nid de guêpes • **PT** vespeiro [ininho] **Beispill** ech fäerte ganz, mir hunn en Harespelsnascht an enger vun eise Rolluedekëschten

Härevestiaire [h'ɛ:rəvɛstjɛ:r] Maskulinum (Pluriel Härevestiären) - Variant vun ↗Härevestiär

Härevestiär [h'ɛ:rəvɛstjɛ:r] Maskulinum (Pluriel Härevestiären) **DE** Herrenumkleide, Umkleideraum für Herren • **FR** vestiaire pour messieurs • **EN** male locker room, male changing room • **PT** vestiário masculino **Beispill** d'Toilette si léns niewent dem Härevestiär

Harf [harf] Femininum (Pluriel Harfen) **DE** Harfe • **FR** harpe • **EN** harp • **PT** harpa [instrumento] **Beispill** si spilt Harf an engem groussen Orchester

Härgott Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Hergott

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun deem Wuert änneren: Härgott / Herrgott

Härgottsfréi Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Herrgottsfréi

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun deem Wuert änneren: Härgottsfréi / Herrgottsfréi

Härgottsträteler Maskulinum (Pluriel Härgottsträteler) - Variant vun ↗Herrgottsträteler

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun deem Wuert änneren: Härgottsträteler / Herrgottsträteler

Härgottsträtelesch Femininum (Pluriel Härgottsträteleschen) - Variant vun ↗Herrgottsträtelesch

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun deem Wuert änneren: Härgottsträtelesch / Herrgottsträtelesch

Härin [h'ɛ:rɪn] Femininum (Pluriel Härinnen) **DE** Herrin [Gebierterin] • **FR** dame, maîtresse • **PT** senhora, dona

i Männlech Form: ↗Här

Härläichendag Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Fronleichnam • **FR** Fête-Dieu • **EN** Corpus Christi (feast) • **PT** Corpo de Deus **Beispill** bei eis an der Por ass op Härläichendag eng Pressessioun

i Variant: Erläichendag

harmlos [h'armlo:s] Adjektiv **1. DE** harmlos [ungefährlich] • **FR** inoffensif [non agressif] • **EN** harmless [not dangerous] • **PT** inofensivo [não agressivo] **Beispill** du kanns mäi Mupp roueg heemelen, hien ass ganz harmlos **2. DE** harmlos [brav, unschuldig, arglos] • **FR** inoffensif, anodin • **EN** harmless [inoffensive] • **PT** inofensivo, anódino **Beispill** du wäerts dech dach elo net wéinst esou engem harmlose Witz opreegen!

harmonieieren [hɑRMON'ziƏRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé harmoniéiert) » **intransitiv** harmonieiere mat **DE** harmonieren mit [passen zu] • **FR** aller avec, s'accorder avec • **EN** to match, to go with • **PT** harmonizar-se com [condizer com] **Beispiller** déi nei Rid-doer harmonieiere gutt mat eiser Tapéit; d'Membere vun eiser Ekipp harmonieiere gutt mateneen [égs] [d'Membere vun eiser Ekipp schaffe gutt zesammen]

harmonesch [hɑRM'o:nəʃ] Adjektiv **DE** harmonisch • **FR** harmonieux <Adverb harmonieusement> • **EN** harmonious <Adverb harmoniously> • **PT** harmonioso <Adverb harmoniosamente> **Beispiller** duerch d'Restauratioun huet d'Uergel hiren harmonesche Klang erëmkritt; dat harmonesch Spill vun de Faarwen an dësem Tablo gefält mir ganz gutt; eis Aarbechtsséztzung ass ganz harmonesch verlaf

Harmonie [hɑRMON'i:] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Harmonie [Ausgeglichenheit, Ausgewogenheit] • **FR** harmonie [équilibre] • **EN** harmony [balance] • **PT** harmonia [equilíbrio] **Beispill** d'Harmonie vun de Faarwen an dësem Tablo gefält mir besonnesch gutt **2.** (kee Pluriel) **DE** Harmonielehre • **FR** harmonie [discipline musicale] • **EN** harmonics, harmony [musical study] • **PT** harmonia [disciplina musical] **Beispill** ier e mam Piano ugefaangen huet, hat e schonn Harmonie geléiert **3.** (Pluriel Harmonien) **DE** Musikkapelle • **FR** harmonie [société de musique] • **EN** brass band • **PT** harmonia [sociedade de música] **Beispill** déi zwou Harmonië spillen zesammen e Concert **Synonym** Musek

harmoniséieren [hɑRM'oni:ziƏRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé harmoniséiert) » **transitiv** **DE** harmonisieren [aufeinander abstimmen] • **FR** harmoniser [coordonner, standardiser] • **EN** to harmonize [to make consistent] • **PT** harmonizar [coordenar, estandardizar] **Beispill** déi grouss Botzfirmen hunn hir Lounpolitik landeswäit harmoniséiert

Harmoniséierung [hɑRMONiz'ziƏRƏŋ] Femininum (Pluriel Harmoniséierungen) **DE** Harmonisierung [Abstimmung] • **FR** harmonisation • **EN** harmonization • **PT** harmonização **Beispill** verschidde Gewerkschafte wëllen eng Harmoniséierung vun de Mindestlëin a ganz Europa

Harmonium [hɑRM'o:njum] Maskulinum (Pluriel Harmoniumen) **DE** Harmonium • **FR** harmonium • **EN** harmonium • **PT** harmónio **Beispill** den Harmonium an eiser Kierch ass komplett verstëmmt

Harnleiter [h'ɑRnlai:te] Maskulinum (Pluriel Harnleitern) **DE** Harnleiter • **FR** uretère • **EN** ureter • **PT** uréter **Beispill** wann e grësseren Nieresteen an den Harnleiter wandert, ass meeschtens en Agrëff néideg

Harnsaier [h'ɑRNzai:ə] Femininum (kee Pluriel) **DE** Harnsäure • **FR** acide urique • **EN** uric acid • **PT** ácido úrico **Beispill** mä Wéi an de Gelenker kënnst vum ze vill Harnsaier am Kierper

hartnäckeg [h'ɑRTnækəç] Adjektiv **DE** hartnäckig [beharrlich] • **FR** persévérant <Adverb de manière persévérante> • **PT** perseverante, tenaz <Adverb tenazmente> **Beispiller** ech ka ganz hartnäckeg sinn, wann ech eppes onbedéngt wëll erreechen; d'Rebellen hunn hir Positiounen ganz hartnäckeg géint d'Arméi

verdeedegt

Hasch [hɑʃ] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Haschisch

haschen [h'ɑʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehascht) » **intransitiv** [égs] **DE** haschen, kiffen • **FR** fumer du haschich • **EN** to smoke pot, to smoke weed • **PT** fumar haxixe **Beispill** e puer Jonker souzen an der Garage ze haschen **Synonym** kiffen

Haschisch [h'ɑʃiʃ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Haschisch • **FR** haschich • **EN** weed, pot • **PT** haxixe **Beispill** seng Eltere wëssen net, datt hien Haschisch fëmmt

i Variant: Hasch

Hasel Femininum (Pluriel Haselen) - Variant vun ↗Haselesch

haseleg [h'azələç] Adjektiv **DE** hastig, fahrig • **FR** précipité [geste, mouvement], agité, nerveux [personnel] <Adverb avec précipitation> • **EN** hasty, jittery <Adverb hastily> • **PT** precipitado [gesto, movimento], agitado, nervoso [pessoa] <Adverb com precipitação> **Beispiller** eng haseleg Beweegung beim Schéisse ka fatal sinn; hien ass esou haseleg, datt e bal all gudden Dag eppes brécht; schreif net esou haseleg, et kann een näischt liesen!

haselen [h'azələŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehaselt) » **intransitiv** **DE** fahrig handeln • **FR** agir avec précipitation • **EN** to act hastily • **PT** agir com precipitação **Beispiller** wann s de net esou gehaselt häss, da wier der dat doten net geschitt; an dëser Affär dierf net gehaselt ginn **Synonym** rubbelen

Haseler Maskulinum (Pluriel Haseler)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Weiblech Form: ↗Haselesch

Haselesch Femininum (Pluriel Haseleschen)

i Variant: Hasel

i Männlech Form: ↗Haseler

Hashtag Maskulinum (Pluriel Hashtaggen / Hash-tags)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Hasselter Maskulinum (Pluriel Hasselter) Leuciscus leuciscus **DE** Hasel [Tier] • **FR** vandoise • **PT** escalo-do-sul **Beispill** den Hasselter gëtt dacks mam Wäisskapp verwiesselt **Synonymmen** Lau, Spatzminn

Hassium [h'asjum] Maskulinum (kee Pluriel) [Chimie] **DE** Hassium [chemisches Element] • **FR** hassium [élément chimique] • **EN** hassium [chemical element] • **PT** hássio [elemento químico] **Beispill** d'Element Hassium gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller

Hasteen [ha:ʃte:n] Maskulinum (Pluriel Hasteng) **DE** Quaderstein • **FR** pierre de taille • **EN** ashlar • **PT** pedra de cantaria **Beispill** d'Fënstere vum Haus si mat Hasteng agerummt

hätschelen [h'ætʃələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehätschelt) » **transitiv** **DE** hätscheln [lieb-kosen] • **FR** câliner, dorloter • **EN** to cuddle • **PT** acarinhar, afagar **Beispill** eise Bouf léisst sech vu kengem

Friemen hätschelen

Hatt [hat] Femininum (Pluriel Hatten) DE *Kiepe, Rückentragkorb* • FR *hotte* [panier] • EN *basket* [carried on the back] • PT *cesto vindimo* **Beispiller** de Wënzer kippt d'Drauwen aus der **Hatt** an d'Bidden; d'Schüler hu sech eng **Hatt** voll beklot [égs] [d'Schüler hu sech vill beklot]; deen ass dem Eefalt aus der **Hatt** gefall! [égs] [Ideen ass ganz eefälgl]

hatt [hat] Personalpronomen » 3. Persoun Singulier / weiblech Ëmgangsform / sächlech / Nominativ 1. DE *sie* • FR *elle* • EN *she* • PT *ela* **Beispill** wat ass **hatt** eng schéi Fra! » 3. Persoun Singulier / weiblech Ëmgangsform / sächlech / Akkusativ 2. DE *sie* • FR *la* • EN *her* • PT *a* **Beispill** mir gesinn **hatt** all Dag

Hatrick [h'æ:trik] Maskulinum (Pluriel Hattricken / Hatricks) DE *Hatrick* • FR *coup du chapeau, triplé* • EN *hat-trick* • PT *hat trick, trifeta* **Beispiller** der beschter Stiermerin aus der Liga ass et dës Saison gelongen, fënnef **Hattricken** ze schéissen; no senge Victoirë beim Marathon an de leschten zwee Joer ass dem Leefer dëst Joer den **Hatrick** gelongen

Hat-Trick Maskulinum (Pluriel Hat-Tricken / Hat-Tricks) - Variant vun ↗**Hatrick**

Hatzebockel [h'atstəbokəl] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗**Halzebockel**

Hauch [hæ:ʊχ] Maskulinum (kee Pluriel) 1. DE *Hauch* [Atemluft] • FR *souffle* [respiration] • EN *breath* [from the lungs] • PT *bafo* [respiração] **Beispiller** et ass esou kal dobaussen, datt ee säin eegenen **Hauch** gesäit; et war där Summerdeeg een, wou een net emol en **Hauch** gespuert huet [et war där Summerdeeg een, wou een net emol eng Léftche gespuert huet] **Synonym** Otem 2. en **Hauch** DE *ein Hauch* (von) *leine Spur* (von) • FR *un soupçon* (de), *une pointe* (de) [une très petite quantité (de)] • EN *a hint* (of), *a trace* (of) • PT *uma sombra* (de), *uma ponta* (de) [uma ínfima quantidade (de)] **Beispill** hien huet kee **Hauch** guddé Wëlle gewisen! **Synonym** eng Onz

hauchdënn [hæ:ʊχd'ən] Adjektiv DE *hauchdünn* • FR *très fin* [sans épaisseur] <Adverb très finement> • EN *wafer-thin* <Adverb very thinly> • PT *finíssimo, muito fino* [sem espessura] <Adverb muito finamente> **Beispiller** hien huet et eraus, fir **hauchdënn** Tranchen Ham ze schneiden; déi Faarf muss **hauchdënn** opgedroe ginn

hauchen [h'æ:ʊχən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **gehaucht**) » **intransitiv** 1. DE *hauchen* [Atemluft ausstoßen] • FR *souffler* [doucement] [exhaler de la buée, de l'air chaud] • EN *to breathe* (on), *to blow* (on) • PT *bafejar, soprar* (brandamente) [exalar bafo] **Beispiller** ech **hauchen** ëmmer op meng Brëllleglieser, fir se ze botzen; si **hunn** sech an d'Hänn **gehaucht**, fir se ze wieren » **transitiv** 2. DE *hauchen* [flüstern] • FR *souffler, susurrer, chuchoter* • EN *to breathe, to whisper* • PT *soprar, sussurrar, cochichar* **Beispill** déi zwee Verléift **hunn** sech allerhand an d'Ouer **gehaucht**

i Verb, dat **hauchen** als Basis huet: ↗**unhauchen**

Hauf [haʊf] Femininum (Pluriel Hauwen) 1. DE *Haube* [Kopfbedeckung] • FR *coiffe* [couvre-chef] • EN *bonnet* [headgear] • PT *touca* **Beispiller** an der Ausstellung si

vill schéin **Hauwen** ze gesinn; ech **hunn** héieren, **hatt** wier elo ënner der **Hauf** [égs] [ech **hunn** héieren, **hatt** wier elo bestuet]; dee Paltong geet der ewéi enger **Sau** eng spëtzen **Hauf!** [égs] [Idee Paltong geet der **guer** net] 2. DE *Trockenhaube* • FR *casque* [sèche-cheveux] • EN *(hood) dryer* • PT *secador* [de cabelo] **Beispill** ech souz eng hallef Stonn beim Coiffer ënner der **Hauf** **Synonym** Kask

haulen [h'æ:ʊlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **gehault**) » **intransitiv** 1. DE *heulen* [jaulen] • FR *hurler* [animal] • EN *to howl* [animal] • PT *uivar* [animal] **Beispiller** eisen Hond **huet** déi ganz Nuecht **gehault**; hien **hault** mat de Wëllef [égs] [hie passt sech deenen aneren hirer Meenung un] **Synonym** huerelen 2. DE *heulen* [ein lang gezogenes Geräusch machen] • FR *hurler* [produire un son prolongé] • EN *to howl* [wind] • PT *uivar* [emitir um som prolongado] **Beispill** déi ganz Nuecht **huet** de Wand **gehault** **Synonym** huerelen

Hauli [h'æ:ʊli:] Maskulinum (Pluriel Haulien) [égs] DE *Tölpel, Dummkopf* • FR *imbécile* • EN *fool, blockhead* • PT *imbecil* **Beispiller** deen **Hauli** huet den Autoschlüssel an d'Toilette fale gelooss; wat bass du en **Hauli!**

Haupteschaff [h'æ:ʊpə[haf] Eegennumm DE *Hubertushof* • FR *Hubertushof* • EN *Hubertushof* • PT *Hubertushof* **Beispiller** ech **wunnen** um **Haupteschaff**; fiert dëse Bus op den **Haupteschaff?**

Haus [hæ:ʊs] Neutrum 1. (Pluriel Haiser / <seelen> Haus) DE *Haus* [Wohngebäude] • FR *maison* [habitation] • EN *house* [building] • PT *casa* [habitação] **Beispiller** mir **hunn** nach vill **Aarbecht** ronderëm eist neit **Haus**; an eiser Strooss ginn dräi **Haiser** gebaut; zënter datt e pensionéiert ass, geet mäi Papp net méi aus dem **Haus**; d'Kanner gi vun **Haus** zu **Haus** liichten; de Koschter **wunnt** dräi **Haus** méi uewen an der Strooss; mir **hunn** d'Usträicher am **Haus** [bei eis dohem gëtt ugestrach]; dee **Boxer** ass e Mann ewéi en **Haus!** [égs] [Idee **Boxer** ass e groussen, kräftege Mann]; deen Typ **bleift** mir aus dem **Haus!** [égs] [deen Typ ass bei mir dohem net erwünscht]; nomëttes geet d'Doktesch an d'**Haiser** [nomëttes geet d'Doktesch bei d'Leit heem]; d'**Haus** verléiert näischt! [wat een am **Haus** verluer huet, fënnst een enges Daags erëm] 2. (kee Pluriel) DE *Haus* [Hausgemeinschaft, Familie] • FR *maison* [maisonnée, famille] • EN *house* [household, family] • PT *casa* [gente da casa, família] **Beispiller** du **hues** dat ganzt **Haus** erwächt, wéi s de hënt heemkomm bass; hie kënnt aus engem gudden **Haus** [hie kënnt aus enger respektabeler Famil] 3. (Pluriel **Haiser**) DE *Haus* [Dynastie] • FR *maison* [dynastie] • EN *house* [dynasty] • PT *casa* [dinastia] **Beispill** de Groussherzog Adolphe **koum** aus dem **Haus** Nassau-Weilburg 4. (Pluriel **Haiser**) DE *Haus* [Firma] • FR *maison* [entreprise] • EN *house* [business] • PT *casa* [empresa] **Beispiller** d'Vendeuse **schafft** scho 25 Joer an deem selwachten **Haus**; eist **Haus** **feiert** dëst Joer säin 100. Anniversaire

Hausaarbecht [h'æ:ʊsa:bəçt] Femininum (Pluriel Hausaarbechten) DE *Hausarbeit* [im Haushalt] • FR *travail de ménage* • EN *housework* • PT *trabalho doméstico* **Beispill** bei der **Hausaarbecht** soll d'ganz **Famill** hëllef

Hausarrest [h'æ:ʊzɑræst] Maskulinum (Pluriel Hausarrester) **DE** Hausarrest • **FR** résidence surveillée, privation de sortie • **EN** house arrest • **PT** detenção domiciliária, castigo em casa **Beispiller** den Diktator huet seng politesch Géigner ënner Hausarrest setze gelooss; ech krut vu mengen Elteren zwou Wochen Hausarrest, well ech eng schlecht Zensur hat

Hausaufgab [h'ʌʊzɑʊfga:p] Femininum (Pluriel Hausaufgaben) **DE** Hausaufgabe • **FR** devoir à domicile [travail scolaire] • **EN** homework • **PT** trabalho de casa, deveres **Beispiller** du däerfs eréischt eraus spille goen, wann s de deng Hausaufgabe gemaach hues!; et wier net zu dëser Situatioun komm, wann déi zoustänneg Leit hir Hausaufgab gemaach hätten [ëgs] (et wier net zu dëser Situatioun komm, wann déi zoustänneg Leit hir Aarbecht zerguttst gemaach hätten)

Hausdauf [h'æ:ʊsdɑʊf] Femininum (Pluriel Hausdauwen) Columba livia f. domestica **DE** Straßentaube • **FR** pigeon biset f. domestique • **EN** feral common pigeon • **PT** pombo-doméstico **Beispill** wéi laang bréien d'Hausdauwen?

Hausdéier [h'æ:ʊsdɛiə] Neutrum (Pluriel Hausdéieren) **DE** Haustier, Heimtier • **FR** animal domestique, animal de compagnie • **EN** pet [tame animal] • **PT** animal doméstico, animal de companhia **Beispiller** zënter Joerdausenden hält de Mënsch Hausdéieren; a mengem Appartement däerf ech keng Hausdéieren halen

Hausdier [hæ:ʊsd'i:ɐ] Femininum (Pluriel Hausdieren) **DE** Haustür • **FR** porte d'entrée [d'une maison] • **EN** front door • **PT** porta da rua **Beispill** ech hat an Ongedanke vergiess, fir d'Hausdier zouzespären **Synonym** Viischt Dier

Hausdokter [hæ:ʊsd'oktɐ] Maskulinum (Pluriel Hausdokteren) **DE** Hausarzt • **FR** médecin de famille • **EN** GP, family doctor • **PT** médico de família **Beispill** mäin Hausdokter huet mech bei e Spezialist geschéckt

W Weiblech Form: ↗Hausdoktesch

Hausdoktesch [hæ:ʊsd'oktɛʃ] Femininum (Pluriel Hausdokteschen) **DE** Hausärztin • **FR** (femme) médecin de famille • **EN** GP, family doctor [female] • **PT** médica de família **Beispill** meng Hausdoktesch hélt sech ëmmer vill Zäit fir hir Patienten

M Männlech Form: ↗Hausdokter

hauséieren [hɑʊz'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hauséiert) » **intransitiv** **DE** hausieren • **FR** faire du porte-à-porte [comme colporteur] • **EN** to hawk, to peddle • **PT** fazer o porta-a-porta [para vender] **Beispiller** et ass verbueden ze hauséieren; hie geet mat där Geschicht iwwehall hauséieren [ëgs] [hie geet déi Geschicht iwwehall verzielen]

Hauséierer [hɑʊz'ziəɐɐ] Maskulinum (Pluriel Hauséierer) **DE** Hausierer • **FR** colporteur • **EN** peddler, hawker • **PT** vendedor ambulante **Beispill** et gëtt ewell laang keng professionell Hauséierer méi

hausen [h'ʌʊzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehaust) » **intransitiv** [ëgs] **DE** hausen [wohnen] • **FR** créer [habiter] • **EN** to doss down, to live • **PT** habitar, morar **Beispill** si hausen zu fënnef an engem klenge Chalet beim Bësch

Hausfra [h'æ:ʊsfra:] Femininum (Pluriel Hausfraen) **DE** Hausfrau • **FR** femme au foyer, ménagère • **EN** housewife • **PT** dona de casa **Beispill** all Hausfra huet hir eegen Aart a Weis, fir de Stot ze féieren

Hausgebrauch [h'æ:ʊsgɛbræ:ʊχ] Maskulinum (kee Pluriel) fir den Hausgebrauch **DE** für den Hausgebrauch • **FR** pour un usage domestique, pour un usage de tous les jours • **EN** for domestic use, for everyday use • **PT** para o uso doméstico, para o uso quotidiano **Beispill** fir den Hausgebrauch sinn déi al Glieder nach gutt genuch

hausgemaach [h'æ:ʊsgəma:χ] Adjektiv **DE** hausgemacht • **FR** fait maison • **EN** home-made • **PT** caseiro, feito em casa **Beispiller** du muss onbedéngt de Pâté an de Jelli schmaachen, se sinn hausgemaach; hausgemaache Kniddele sinn nach ëmmer déi bescht!; d'Problemer vun dëser Administratioun sinn zum gréissten Deel hausgemaach [d'Problemer vun dëser Administratioun sinn zum gréissten Deel selwer verursaacht]

W Variant: hausgemaacht

hausgemaacht [h'æ:ʊsgəma:χt] Adjektiv - Variant vun ↗hausgemaach

Haushalt [h'æ:ʊshalt] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** Haushalt [Hausarbeit] • **FR** ménage [tâches ménagères] • **EN** housework • **PT** lida da casa **Beispill** d'Bomi hëlleft nach am Haushalt **Synonym** Stot **2. DE** Haushalt [Hausgemeinschaft, Familie] • **FR** ménage [communauté domestique] • **EN** household [family] • **PT** agregado familiar, lar **Beispill** zu hirem Haushalt gehéiert och eng Tatta an e Knecht **Synonym** Stot

Haushälterin [h'æ:ʊshæltərin] Femininum (Pluriel Haushälterinnen) **DE** Haushälterin • **FR** gouvernante • **EN** housekeeper • **PT** governanta **Beispill** bei deem ale Wittmann féiert eng Haushälterin de Stot

W Variant: Haushältesch

Haushältesch [h'æ:ʊshæltɛʃ] Femininum (Pluriel Haushälteschen) - Variant vun ↗Haushälterin

haushéich [hæ:ʊsh'zi:ç] Adjektiv **1. DE** haushoch [sehr hoch] • **FR** immense, énorme [très haut] • **EN** as high as a house, gigantic • **PT** imenso, enorme [muito alto] **Beispill** aus der Scheier sinn haushéich Flame geschoss **2. DE** haushoch, eindeutig [Niederlage, Sieg] • **FR** écrasant [défaite, victoire] <Adverb haut la main> • **EN** resounding [victory, defeat] <Adverb resoundingly> • **PT** esmagador [derrota, vitória] <Adverb com uma perna às costas> **Beispiller** mat esou enger haushéijer Nidderlag hat kee gerechent; eis Nationalekip huet hire leschte Match haushéich gewonnen

hausmaacher [h'æ:ʊsma:χɐ] onverännerbaart Adjektiv **DE** hausgemacht, nach Art des Hauses • **FR** (fait) maison • **EN** home-made • **PT** caseiro, à moda da casa **Beispiller** bréng mer wannechgelift e gutt Stéck hausmaacher Pâté vum Metzler mat; ech eïss nawell nach e gudden Teller Ärer hausmaacher Kniddelen!

Hausmann [h'æ:ʊsman] Maskulinum (Pluriel Hausmänner) - männlech Form vun ↗Hausfra

Hausmaus [h'æ:ʊsmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Hausmaus) *Mus domesticus* DE *Westliche Hausmaus* • FR *souris domestique* • EN *western house mouse* • PT *rato-caseiro* **Beispill** d'Hausmaus ass haut op der ganzer Welt verbreet, mee staamt aus de Steppen an Hallefwüsten tëschent Russland an dem Iran

Hausmëttel [h'æ:ʊsmətəl] Neutrum (Pluriel Hausmëttelen / Hausmëttel) DE *Hausmittel* • FR *remède de bonne femme* • EN *household remedy* • PT *remédio caseiro* **Beispill** Grog ass e gutt Hausmëttel géint eng Erkältung

Hausnummer [h'æ:ʊsnume] Femininum (Pluriel Hausnummern) DE *Hausnummer* • FR *numéro (d'immeuble)* • EN *house number* • PT *número da casa, número da porta* **Beispiller** mäi GPS meckert, wann ech keng Hausnummer uginn; mir hunn nach keng Hausnummer op der Fassad

Hausrat [h'æ:ʊsra:t] Femininum (Pluriel Hausraten) *Rattus rattus* DE *Hausratte* • FR *rat noir* • EN *black rat* • PT *rato-preto* **Beispill** ass d'Hausrat wierklech zu Lëtzebuerg ausgestuerwen?

Hausregel [h'æ:ʊsre:zəl] Femininum (Pluriel Hausreegelen) (meeschtens Pluriel) DE *Hausregel* • FR *règlement interne* • EN *house rule(s)* • PT *regra interna* **Beispill** de Moniteur huet de Kanner d'Hausreegelen nach eng Kéier widderholt

Hausroutschwanz [h'æ:ʊsrəʊtʃwants] Maskulinum (Pluriel Hausroutschwänz) *Phoenicurus ochurus* DE *Hausroutschwanz* • FR *rouge-queue noir* • EN *black redstart* • PT *rabirruivo-preto* **Beispill** wéi laang bréien d'Hausroutschwänz?

Hausschlëssel [h'æ:ʊsʃləsəl] Maskulinum (Pluriel Hausschlësselen) DE *Hausschlüssel* • FR *clé de la maison* • EN *house key* • PT *chave de casa* **Beispill** ech hunn dir mäin Hausschlëssel nomaache gelooss

Haussmuebel [h'æ:ʊsʃmuəbəl] Femininum (Pluriel Haussmuebelen) *Delichon urbicum* - Variant vun ↗Haussmuewel

Haussmuewel [h'æ:ʊsʃmuəvəl] Femininum (Pluriel Haussmuewelen) *Delichon urbicum* DE *Mehlschwalbe* • FR *hirondelle de fenêtre* • EN *common house martin* • PT *andorinho-dos-beirais* **Beispill** wéi laang bréien d'Haussmuewelen? **Synonym** Fëenstermuewel

Variant: Haussmuebel

Hausse [hos] Femininum (Pluriel Haussen) DE *Steigerung, Anstieg* • FR *hausse [augmentation]* • EN *increase* • PT *aumento, subida* **Beispill** fir d'nächst Joer ass eng Hausse vun de Präisser ze erwaarden **Synonym** Erhéijung

Hausspatz [h'æ:ʊsʃpats] Maskulinum (Pluriel Hausspatzen) *Passer domesticus* DE *Hausspärting* • FR *moineau domestique* • EN *house sparrow* • PT *pardal-comum* **Beispill** wéi laang bréien d'Hausspatzen?

Hauspëtzmäus [h'æ:ʊsʃpətsmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Hausspëtzmäus) *Crocicidura russula* DE *Hauspëtzmäus* • FR *crocicidure musette* • EN *greater white-toothed shrew* • PT *musaranho-de-dentes-brancos*

Beispill d'Hauspëtzmäus muss all Dag d'Hallschent vun hirem Kierpergewicht friessen

Haustelefon [h'æ:ʊstələfo:n] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Festnetztelefon, Festnetzanschluss* • FR *téléphone fixe, réseau fixe* • EN *landline (phone), home phone* • PT *telefone fixo, rede fixa* **Beispill** well ech nëmme méi mäin Handy benotzen, hunn ech den Haustelefon ofgemellt

Haustelephon [h'æ:ʊstələfo:n] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Haustelefon

Hausuerdnung [h'æ:ʊzu:ədnun] Femininum (Pluriel Hausuerdnungen) **1.** DE *Hausordnung [Vorschriften]* • FR *règlement (d'ordre) intérieur [ensemble de règles]* • EN *house rules [set of rules]* • PT *regulamento interno [conjunto de regras]* **Beispill** de Jonke gouf aus der Jugendherberg verwisen, well en e puermol géint d'Hausuerdnung verstouss hat **2.** DE *Hausordnung [Schriftstück]* • FR *règlement (d'ordre) intérieur [document]* • EN *house rules [document]* • PT *regulamento interno [documento]* **Beispill** d'Hausuerdnung vum Gebai hânt direkt bei der Entrée

haut [haut] Adverb **1.** DE *heute [am heutigen Tage]* • FR *aujourd'hui [en ce jour]* • EN *today [this present day]* • PT *hoje [neste dia]* **Beispiller** ech hunn haut Gebuertsdag; mir hunn eis haut virun engem Joer bestuet; haut (an) aacht Deeg geet d'Fréijoer un (an engem Woch geet d'Fréijoer un); déi Fra ass net vun haut a gësch! [égs] [déi Fra ass net naiv]; eise Guide ass net méi vun haut a gësch! [égs] [eise Guide ass schonn al]; kënn de net haut, da kënn de muer! [égs] [=> seet een, wann en anere sech (ze) vill Zäit léisst] **2.** DE *heute [heutzutage]* • FR *aujourd'hui [de nos jours]* • EN *today [nowadays]* • PT *hoje [hoje em dia]* **Beispill** dovou schwätzt haut kee méi **Synonym** hautdesdaags

Haut [hæ:ʊt] Femininum (Pluriel Hait) **1.** DE *Haut [Organ]* • FR *peau [organe]* • EN *skin [human tissue]* • PT *pele [órgão]* **Beispiller** ech wéilt, ech hätt esou eng reng Haut; eng hell Haut gëtt an der Sonn méi séier rout; de Kierper kann Hormone mat engem Gel iwuer d'Haut ophuelen; um Affer sengem rietsen Aarm war d'Haut bal komplett verbrannt; mir goufen naass bis op d'Haut (mir goufen duerch an duerch naass); ech si bal aus der Haut gefuer! [égs] [ech si ganz rose ginn]; meng Frëndin huet eng dënn Haut [égs] [meng Frëndin ass empfindlech]; de Patient ass nëmme nach Haut a Schank [égs] [de Patient ass ganz gouereg]; dee stécht a kenger gudder Haut! [égs] [dein huet keng gutt Gesondheet]; d'Haut ass him méi no ewéi d'Hiem [égs] [hien denkt fir d'eischt u sech]; hien ass eng eierlech Haut [égs] [hien ass en eierleche Mënsch]; ech kann net aus menger Haut [égs] [ech ka mäi Charakter net änneren]; ech wéilt net an deem Chaos senger Haut stiechen! [égs] [ech wéilt net an deem Chaos senger Plaz sinn]; déi Musek geet engem ënner d'Haut [égs] [déi Musek ergräift een]; an der Pubertéit fille jonk Leit sech dacks net wuel an hirer Haut (an der Pubertéit si vill jonk Leit net zefridde mat sech selwer); bei där Decisioun fillen ech mech net wuel a menger Haut [ech sinn net sécher, ob déi Decisioun gutt ass] **2.** DE *Haut [Fell]* • FR *peau [pelage]* • EN *skin [animal skin, hide, fur]* • PT *pele [pelagem]* **Beispiller** ech loosse d'Hait vun eise Schof ëmmer gjerwen; du muss dech

denger Haut wieren! [ɛ̃ɡs] [du muss dech wieren!]; deem kanns de d'Haut iwuer de Kapp zéien! [ɛ̃ɡs] [dee léisst sech alles gefalen] **3.** **DE** Haut [dünne Schicht, dünne Hülle, dünne Schate] • **FR** peau [fine pellicule, fine enveloppe] • **EN** skin [thin layer] • **PT** pele [fina película, fino invólucro] **Beispiller** als Kand hat ech d'Haut op der waarmer Mëllech net gär; huel mer wannechgelift d'Haut vun der Zoossiss erof!

Hautbois [h'o:bwa] Maskulinum (Pluriel Hautboisen) **DE** Oboe • **FR** hautbois • **EN** oboe • **PT** oboé **Beispill** ech spillen Hautbois an engem Orchester

hautdesdaags [h'ɑ̃tɛsda:ɣs] Adverb **DE** heutzutage • **FR** de nos jours • **EN** nowadays • **PT** hoje em dia **Beispill** hautdesdaags schwätze vill Leit Englesch **Synonym** haut

i Varianten: hautjesdaags, hautzedaags, hautzudaags

Hautdokter [h'æ:ɔ̃dɔktɛ] Maskulinum (Pluriel Hautdokteren) **DE** Hautarzt • **FR** dermatologue • **EN** dermatologist • **PT** dermatologista **Beispiller** mäin Hautdokter huet mir eng Sallef géint den Ausschlag opgeschriwwen; ech hunn e Rendez-vous beim Hautdokter, fir en opfällige Liewerfleck kontrolléieren ze loossen **Synonym** Dermatolog

i Weiblech Form: ↗Hautdoktesch

Hautdoktesch [h'æ:ɔ̃dɔktɛʃ] Femininum (Pluriel Hautdokteschen) **DE** Hautärztin • **FR** dermatologue [femme] • **EN** dermatologist [female] • **PT** dermatologista [mulher] **Beispill** ech loosse meng Schéinheetsflecken all Joer vu menger Hautdoktesch kontrolléieren **Synonym** Dermatologin

i Männlech Form: ↗Hautdokter

Haute couture [ho:tkut'y:R] Femininum (Pluriel <seelen> Haute-couturen) **DE** Haute Couture • **FR** haute couture • **PT** alta-costura [criação de vestuário] **Beispill** Mailand géllt als eng vun den Haaptstied vun der Haute couture

Hautfaarf [h'æ:ɔ̃tfa:f] Femininum (Pluriel Hautfaarwen) **DE** Hautfarbe • **FR** couleur de peau • **EN** skin colour • **PT** cor da pele **Beispill** et soll kee wéinst senger Hautfaarf diskriminéiert ginn

hautjesdaags Adverb - Variant vun ↗hautdesdaags

Hautkrankheet [h'æ:ɔ̃tkrɑ̃khe:t] Femininum (Pluriel Hautkrankheeten) **DE** Hautkrankheit • **FR** maladie de la peau • **EN** skin disease • **PT** doença de pele **Beispiller** du brauchst net ze fäerten, meng Hautkrankheet stécht net un; ech hunn eng Hautkrankheet, déi méi schlëmm gétt, wann ech Stress hunn

Hautkriibs [h'æ:ɔ̃tkri:ps] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Hautkrebs • **FR** cancer de la peau, cancer cutané • **EN** skin cancer • **PT** cancro da pele **Beispill** an engem fréie Stadium erkannt, huet den Hautkriibs gutt Heelungschancen

Haut-parleur [ho:p'ɑ̃lœ:r] Maskulinum (Pluriel Haut-parleuren) **DE** Lautsprecher • **FR** haut-parleur • **EN** loudspeaker • **PT** altifalante **Beispill** mat deenen Haut-parleure kléngt d'Musek besser **Synonymmen** Box, Lautsprecher

Hauttumeur [h'æ:ɔ̃tumo:R] Femininum (Pluriel Hauttumeuren) **DE** Hauttumor • **FR** tumeur cutanée • **EN** skin tumour • **PT** tumor cutâneo **Beispill** Hauttumeure kënnen no villen ënnerschiddleche Krittären agedeelt ginn **Synonym** Hauttumor

Hauttumor [h'æ:ɔ̃tumɔ:R] Maskulinum (Pluriel Hauttumoren) **DE** Hauttumor • **FR** tumeur cutanée • **EN** skin tumour • **PT** tumor cutâneo **Beispill** Hauttumore kënnen no villen ënnerschiddleche Krittären agedeelt ginn **Synonym** Hauttumeur

hautzedaags Adverb - Variant vun ↗hautdesdaags

hautzudaags Adverb - Variant vun ↗hautdesdaags

Hauwekormoran [h'ɑ̃vɛkɔ̃rmɔ:Rɑ:n] Maskulinum (Pluriel Hauwekormoranen) Phalacrocorax aristotelis **DE** Krähenscharbe • **FR** cormoran huppé • **EN** shag • **PT** corvo-marinho-de-crista **Beispill** wéi laang bréien d'Hauwekormoranen?

Hauweléierchen [h'ɑ̃vɛlɛiɛʁʃɛ̃] Femininum (Pluriel Hauweléiercher) Galerida cristata **DE** Haubenlerche • **FR** cochevis huppé • **EN** crested lark • **PT** cotovia-de-poupa **Beispill** wéi laang bréien d'Hauweléiercher?

Hauwemees [h'ɑ̃vɛmɛ:s] Femininum (Pluriel Hauwemeesen) Parus cristatus **DE** Haubenmeise • **FR** mésange huppée • **EN** European crested tit • **PT** chapim-de-poupa **Beispill** wéi laang bréien d'Hauwemeesen?

hauwen [h'ɑ̃vɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehauft) » **transitiv** [ɛ̃ɡs] engem eng hauwen **DE** jemandem eine herunterhauen • **FR** en flanquer une à quelqu'un • **EN** to give somebody a clip round the ear, to give somebody a slap • **PT** dar um tabefe a alguém **Beispill** hien huet em e puer Gudder gehauft

Hauwendaucher [h'ɑ̃vɛndæ:ʃɛ] Maskulinum (Pluriel Hauwendaucher) Podiceps cristatus **DE** Haubentaucher • **FR** grèbe huppé • **EN** great crested grebe • **PT** mergulhão-de-crista **Beispill** wéi laang bréien d'Hauwendaucher?

Havana Eegennumm **DE** Havanna • **FR** La Havane • **PT** Havana **Beispill** Havana ass d'Haaptstad vu Kuba

havaréiert [hɑvɑ'rɛiɛt] Adjektiv **DE** havariert • **FR** avarié [qui a subi une avarie] • **EN** wrecked [ship, aircraft] • **PT** avariado [que sofreu avaria] **Beispill** den Equipage vum havaréierte Schëff ass mat Hëllef vun Helikopteren evakuéiert ginn

Havarie [hɑvɑ'r'i:] Femininum (Pluriel Havarien)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Header Maskulinum (Pluriel Headeren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Headset [h'ætsæt] Maskulinum (Pluriel Headsetten / Headsets) **DE** Headset • **FR** casque micro • **PT** (par de) auscultadores com microfone **Beispiller** et ass verbueden, iwwerem Fuere mat engem Headset ze telefonéieren; well ech dacks Videokonferenzen hunn, hunn ech mer en Headset gelescht

hechelen [h'æçəlɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehechelt) » **intransitiv** **1.** **DE** hecheln [latmen] • **FR** haleter • **EN** to pant • **PT** ofegar **Beispill** wann et

engem Hond waarm ass, dann **hechelt** en **2.** [égs] **DE** *hecheln* [lästern] • **FR** *jaser* [dire des méchancetés] • **EN** *to tittle-tattle* • **PT** *murmurar* [dizer mal] **Beispill** déi al Fraen hu gehechelt, esoubal den Noper de Réck gedréit hat

héchstens [h'ɛkstəns] **Adverb** **DE** *höchstens* • **FR** *tout au plus* • **EN** *at the most* • **PT** *quando muito, no máximo* **Beispill** ech brauch héchstens dräi Stonnen, fir déi Aarbecht ze maachen **Synonymmen** maximal, maximum

héchstperséinlech [h'ɛkstpɛrɛzɪnlɛç] **Adverb** **DE** *höchstpersönlich* • **FR** *en personne* • **EN** *in person* • **PT** *em pessoa* **Beispill** eise Minister huet d'Diplomer héchstperséinlech iwwerrecht

héchstwahrscheinlech [hɛkstvɑːf'ɑɪnlɛç] **Adverb** **DE** *höchstwahrscheinlich* • **FR** *très probablement* • **EN** *most likely, most probably* • **PT** *muito provavelmente* **Beispill** du hues de Prabbeli héchstwahrscheinlech am Bus leie gelooss

héchstzoulässeg [h'ɛkstsɔʊlæsɛç] **Adjektiv** **DE** *höchstzulässig* • **FR** *maximal autorisé* • **EN** *maximum permissible* • **PT** *máximo autorizado* **Beispill** dee Reesbus huet eng héchstzoulässeg Gesamtmass vun zwanzeg Tonnen

Heck [hæk] **Femininum** (Pluriel Hecken) **DE** *Hecke* [Gebüsch] • **FR** *arbuste, buisson, haie* • **EN** *hedge, bush* • **PT** *arbusto, sebe* **Beispiller** de Papp ass amgaang, hannenaus am Gaart d'Hecken ze schneiden; dee Jong ass net vun der Heck gepléckt! [égs] [dee Jong ass e Lousen]; hien téint wuel vill, mee et ass näischt haner der Heck! [égs] [hien téint wuel vill, mee wat e seet, ass ouni Substanz]; do läit d'Kromm an der Heck! [égs] [do ass e Problem!]; bleif bei der Heck, mir iesse gläich! [égs] [Igéi net wäit fort, mir iesse gläich!]

Heckefransous **Maskulinum** (Pluriel Heckefransousen) [pejorativ] [égs] **DE** *Franzose* [aus Lothringen] • **FR** *Français* [de Lorraine] • **EN** *French* [from Lorraine] • **PT** *francês* [da Lorena] **Beispill** ech stoung um Beetebuenger Kräiz am Stau, do rennt jo net esou en Heckefransous mer hannendrop!

Heckegraatsch [h'ɛkɛgrɑːtʃ] **Femininum** (Pluriel Heckegraatschen) **Sylvia communis** **DE** *Dorngrasmücke* • **FR** *fauvette grisette* • **EN** *common whitethroat* • **PT** *papa-amoras-comum* **Beispill** wéi laang bréien d'Heckegraatschen?

Heckejäizert [h'ɛkɛzæːɪtset] **Maskulinum** (Pluriel Heckejäizerten) **Acrocephalus dumetorum** **DE** *Buschrohrsänger* • **FR** *rousserolle des buissons* • **EN** *Blyth's reed warbler* • **PT** *rouxinol-dos-caniços-africano* **Beispill** wéi laang bréien d'Heckejäizerten?

Heckeknuewelek **Maskulinum** (kee Pluriel) **DE** *Bärlauch* • **FR** *ail des ours, ail sauvage* • **EN** *ramsons, wild garlic* • **PT** *alho-dos-ursos* **Beispill** ech war haut an de Bësch Heckeknuewelek plécken, fir e Pesto dermat ze maachen **Synonymmen** Bärlauch, Wëlle Knuewelek

Heckenhaff [h'ɛkənhaf] **Eegennumm** **DE** *Heckenhaff* • **FR** *Heckenhaff* • **EN** *Heckenhaff* • **PT** *Heckenhaff* **Beispiller** ech wunnen um Heckenhaff; fiert dëse Bus op den Heckenhaff?

Heckequisel [h'ɛkəkwiːzəl] **Femininum** (Pluriel Heckequiselen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Heckerous [h'ɛkɛrəʊs] **Femininum** (Pluriel Heckerousen) **DE** *Heckenrose* • **FR** *églantier* • **EN** *dog rose* • **PT** *roseira-brava* **Beispill** mir hunn Heckerousen hannenaus am Gaart

Heckeschéier [h'ɛkɛʃɛiɛ] **Femininum** (Pluriel Heckeschéieren) **DE** *Heckenschere* • **FR** *cisaille à haies, taille-haie* • **EN** *hedge shears* • **PT** *tesoura corta-sebas* **Beispill** huel d'Heckeschéier, fir de Pällem ze schneiden

Heckeschlëffer [h'ɛkɛʃlɛfɛ] **Maskulinum** (Pluriel Heckeschlëffer) **Prunella modularis** **DE** *Heckenbraunelle* • **FR** *accenteur mouchet* • **EN** *duncock* • **PT** *ferreirinha-comum* **Beispill** wéi laang bréien d'Heckeschlëffer? **Synonym** Heckestéisser

Heckesproochmates [h'ɛkɛʃpɔːçmɑːtəs] **Maskulinum** (Pluriel Heckesproochmatesen) **Hippolais caligata** **DE** *Buschspötter* • **FR** *hypolais bottée, hypolais rama* • **EN** *booted warbler, Sykes's warbler* • **PT** *felosa-citica* **Beispill** wéi laang bréien d'Heckesproochmatesen?

Heckestéisser [h'ɛkɛʃtɛɪsɛ] **Maskulinum** (Pluriel Heckestéisser) **Prunella modularis** **DE** *Heckenbraunelle* • **FR** *accenteur mouchet* • **EN** *duncock* • **PT** *ferreirinha-comum* **Beispill** wéi laang bréien d'Heckestéisser? **Synonym** Heckeschlëffer

Hee [heː] **Neutrum** (kee Pluriel) **DE** *Heu* • **FR** *foin* • **EN** *hay* • **PT** *feno* **Beispiller** mir hunn d'ganz Woch Hee erageholl; et louch alles do ewéi Hee a Stréi! [égs] [et louch alles duercherneen]; déi Leit hu Geld ewéi Hee! [égs] [déi Leit si ganz räich]; maach gemälleg, mir sinn net am Hee! [égs] [maach gemälleg, et gëtt kee Grond, fir sech ze tommelen!]

Heebott [h'eːbot] **Femininum** (Pluriel Heebotten) **DE** *Heuballen* • **FR** *botte de foin, balle de foin, ballot de foin* • **PT** *fardo de feno* **Beispill** de Bauer probéiert, seng Heebotten nach séier virum Reen eranzehuelen

Heed [heːt] **Maskulinum** (Pluriel Heeden) **DE** *Heide* [Ungläubige(r)] • **FR** *païen* [infidèle] • **EN** *pagan* [non-believer] • **PT** *pagão* [infel] **Beispill** an der Zäit sinn d'Missionaren an d'ganz Welt gezunn, fir d'Heeden ze bekéieren

Heed [heːt] **Femininum 1.** (Pluriel Heeden) **DE** *Heide* [Heideland] • **FR** *lande* • **EN** *heath* • **PT** *charneca, gândara* **Beispill** d'Leit ginn op d'Heed Molbier plécken **2.** (kee Pluriel) **DE** *Heidekraut, Erika* • **FR** *bruyère* [arbrisseau] • **EN** *heather* • **PT** *urze* [planta] **Beispill** d'Heed steet an der Bléi **Synonym** Erika

Heedegeld [heːdɛg'ælt] **Neutrum** (kee Pluriel) [égs] **DE** *Heidengeld* • **FR** *petite fortune* [grosse somme d'argent] • **EN** *small fortune* [a lot of money] • **PT** *fortuna* [grande quantia de dinheiro] **Beispill** säin neie Sports-won kascht en Heedegeld

Heedeméi [heːdɛm'ɛɪ] **Femininum** (kee Pluriel) [égs] **DE** *Heidenmühe* • **FR** *mal de chien* [grosses difficultés, gros effort] • **EN** *hell of a job, hell of an effort* • **PT** *trabalhão* [grandes dificuldades, grande esforço] **Beispiller** mir haten eng Heedeméi, fir d'Dossiere richteg ze klasséieren; meng Schüler hunn sech dëst Trimester

eng Heedeméi ginn

Heedenaarbecht [he:dən'a:bæçt] Femininum (kee Pluriel) ^[ëgs] DE *Heidenarbeit* • FR *travail colossal, travail monstre* • EN *hell of a job* • PT *trabalhão* **Beispill** wat war dat eng Heedenaarbecht, fir meng Garage ze raumen!

Heedenangscht [he:dən'anjt] Femininum (kee Pluriel) DE *Heidenangst* • FR *peur bleue* • EN *mortal fear, blue funk* • PT *medo atroz, pavor* **Beispill** als Kand hat ech ëmmer eng Heedenangscht virum Noper sengem Hond

Heederzalot Femininum 1. (kee Pluriel) DE *Kopfsalat* [*Salatsort*] • FR *laitue* [*variété de salade*] • EN *lettuce* • PT *alface* [*hortaliça*] **Beispill** d'Heederzalot muss ëmmer gutt genat ginn **Synonym** Laitue 2. (Pluriel Heederzaloten) DE *Kopfsalat* [*Kopf*] • FR *laitue* [*tête*] • EN *head of lettuce* • PT *alface* [*cabeça de alface*] **Beispill** ech hunn um Maart zwou Heederzalote kaaft **Synonym** Laitue

heednesch [h'e:tnə] Adjektiv ^[Relioun] DE *heidnisch* • FR *païen* • EN *pagan* • PT *pagão* **Beispill** dat Fest geet zeréck op en heednesche Brauch

Heedscheier [h'e:tʃaie] Eegennumm DE *Heidscheuer* • FR *Heidscheuer* • EN *Heidscheuer* • PT *Heidscheuer* **Beispiller** ech wunnen op der Heedscheier; fiert dese Bus op d'Heedscheier?

Heeërchen [h'e:ɛçən] Neutrum (Pluriel Heeërcher) - Diminutivform vun ↗Hoer

heefeg [h'e:fəç] Adjektiv DE *häufig* • FR *fréquent* <Adverb *fréquemment, souvent*> • EN *frequent* <Adverb *frequently*> • PT *frequente* <Adverb *frequentemente, muitas vezes*> **Beispiller** eng Sonnenfinsternis ass keng heefeg Erscheinung; meng Aarbechtskolleegin kennt heefeg ze spéit

Heefegkeet [h'e:fəçke:t] Femininum (kee Pluriel) DE (statistische) *Häufigkeit* • FR *fréquence* (statistique) • PT *freqüência* (estatística) **Beispill** eist Fuerschungsinstitut mécht eng Etüd iwver d'Heefegkeet vun Allergië bei klenge Kanner

heefen [h'e:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geheeft*) » **reflexiv** 1. DE *sich häufen* • FR *se multiplier* [*s'accumuler*] • EN *to become more frequent* • PT *multiplicar-se* [*crescer em número*] **Beispill** an der Lescht heefe sech d'Kloen iwver de Kaméidi an der Strooss » **transitiv** 2. DE *häufeln* • FR *butter* • EN *to earth up* • PT *amontoar* [*juntar terra à volta de*] **Beispill** si stinn am Gaart, d'Gromperen ze heefen

i Verb, dat **heefen** als Basis huet: ↗unheefen

Heekel [h'e:kəl] Femininum (Pluriel Heekelen) DE *Häkelarbeit* • FR *ouvrage au crochet* • EN *crochet* (work) • PT *trabalho de croché* **Beispill** meng Bomi leet hir Heekel owes an den Tirang

heekelen [h'e:kələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geheekelt*) » **transitiv** 1. DE *häkeln* • FR *réaliser au crochet* • EN *to crochet* • PT *fazer em croché* **Beispill** d'Tatta huet eng Jackett fir de Puppelche *geheekelt* » **intransitiv** 2. DE *häkeln* • FR *faire du crochet* • EN *to crochet* • PT *fazer croché* **Beispill** meng Schwëster sëtzt am Gaart ze heekelen

Heel [he:l] Maskulinum (Pluriel Heelen / Heeler) DE *Hacke* [*Gartengerät*] • FR *houe* • EN *hoe* [tool] • PT *enxada, sachola* **Beispill** du muss de Buedem mam Heel lasskappen, ier s de mat der Schëpp bäikënn

heelbar [h'e:lba:R] Adjektiv DE *heilbar* • FR *curable, guérissable* • EN *curable* • PT *curável* **Beispill** an deem Stadium ass de Kriibs net méi heelbar

heelen [h'e:lən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geheelt*) » **transitiv** 1. DE *heilen* • FR *guérir* • EN *to heal* • PT *curar* [*sacar*] **Beispill** et gëtt keng Medezin, déi alles heelt **Synonym** *kurieren* ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *geheelt*) » **intransitiv** 2. DE *heilen* • FR *guérir* • EN *to heal* • PT *sarar, curar(-se)* **Beispiller** esou kleng Brandwonden heele séier; ganz vill Patienten, déi wéinst dem Coronavirus op der Intensivstatioun louchen, si mëttlerweil *geheelt*; hien huet mech dräimol ugeschmiert, elo sinn ech *geheelt* ^[ëgs] [hien huet mech dräimol ugeschmiert, elo suergen ech derfir, datt dat mir net méi virkënt]

i Verb, dat **heelen** als Basis huet: ↗ausheelen

Heelkraaft [h'e:lkra:ft] Femininum (Pluriel Heelkräften) DE *Heilkraft* • FR *vertu curative* • EN *healing power* • PT *poder curativo* **Beispill** dem Waasser vun dëser Thermalquell gëtt eng grouss Heelkraaft no-gesot

Heelmëttel Neutrum (Pluriel Heelmëttelen / Heelmëttel) DE *Heilmittel* [*Arzneimittel*] • FR *remède* • PT *remédio* [*medicamento*] **Beispiller** d'Wëssenschaft fuer-scht ëmmer nach no engem Heelmëttel géint Aids; waarmen Zitrounejus mat Geimer ass e gutt Heelmëttel géint Halswéi

Heelplanz [h'e:|plants] Femininum (Pluriel Heelplanzen) DE *Heilpflanze* • FR *plante officinale, plante médicinale* • EN *medicinal plant* • PT *planta medicinal* **Beispill** an der alternativer Medezin spillen Heelplanzen eng grouss Roll

Heelung Femininum (kee Pluriel) DE *Heilung* • FR *guérison* • PT *cura* [*recuperação da saúde*] **Beispill** mat deem neien Traitement ginn d'Chancen op eng Heelung daitlech erop

Heelungschance [h'e:lunʃã:s] Femininum (Pluriel Heelungschancen) DE *Heilungschance* • FR *chance(s) de guérison* • EN *chance(s) of recovery* [*prognosis*] • PT *probabilidade de cura* **Beispill** beim Hodekriibs sinn d'Heelungschancen, wann e matzäit behandelt gëtt, ganz gutt

Heelungsprozess Maskulinum (Pluriel Heelungsprozesser)

i Hei entsteet en neien Artikel.

heem [he:m] Adverb DE *nach Hause* • FR *à la maison* • EN *home* • PT *para casa, a casa* **Beispiller** et ass net méi wäit bis heem; du kenns jo de Wee fir heem [du kenns jo de Wee fir heemzgoen]

Heem [h'e:m] Neutrum (Pluriel Heemer) 1. DE *Heim* [*Zuhause*] • FR *maison* [*domicile*], *chez-soi* • EN *home* [*house*] • PT *casa* [*domicilio*] **Beispill** d'Koppel huet sech hiert neit Heem richteg schéin ageriicht **Synonym** *Do-heem* 2. DE *Heim* [*Anstalt*] • FR *foyer* [*institution*] • EN *home*

[institution] • PT *estabelecimento* [instituição] **Beispill** d'Elteren hunn hire schwierege Bouf an en **Heem** ge-
doen

heem- Verbpartikel **DE** [abtrennbares Erstglied eines Verbs] • **FR** [particule séparable d'un verbe] • **EN** [separable verb particle] • **PT** [partícula separável de um verbo] **Beispiller** et liwweren ëmmer méi Restauranten **heem**; meng Kolleegin ass fréi **heemgaangen**, well se de Kapp wéi hat

i Verben, déi **heem-** als Partikel hunn: **heembréngen**, **heemféieren**, **heemfeieren**, **heemfuieren**, **heemgoen**, **heemkommen**, **heemlafen**, **heemliwweren**, **heemmaachen**, **heemschécken**

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: **heem** Adverb

heembréngen [h'e:mbɾɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **heembruecht**) » **transitiv** (mat) **heembréngen** **DE** nach Hause bringen, heimbringen • **FR** rapporter (à la maison), ramener (à la maison) • **EN** to bring home • **PT** trazer (para casa) **Beispiller** eise Bouf huet eng impeccabel Zensur mat **heembruecht**; ech hu vill schéin Impressiounen aus der Vakanz mat **heembruecht**; d'Monitrice huet d'Kanner nees gutt **heembruecht**; esou eent brauchs de net méi mat **heemzebréngen**!

Heemecht [h'e:mæçt] Femininum (Pluriel **Heemechten**) **DE** Heimat [Geburtsland] • **FR** patrie, pays d'origine, pays natal • **EN** native country, country of origin • **PT** pátria, país de origem, país natal **Beispiller** de Schrëftsteller huet seng **Heemecht** aus politesche Grënn verlooss; eis Frënn kachen dacks Spezialitéiten aus hirer **Heemecht**

Heemechtsduerf [h'e:mæçtsdu:ɣf] Neutrum (Pluriel **Heemechtsdierfer**) **DE** Heimatdorf • **FR** village natal • **EN** natal village, home village • **PT** aldeia natal **Beispill** all Joer gëtt a mengem **Heemechtsduerf** e Konschtmaart organiséiert

Heemechtshaus [h'e:mæçtshæ:ʊs] Neutrum (Pluriel **Heemechtshaiser**) **DE** Elternhaus [Gebäude] • **FR** maison natale • **EN** childhood home [the house where one was born] • **PT** casa paterna **Beispill** meng Kanner geséiche gär mäin **Heemechtshaus** **Synonym** Elterehaus

Heemechtsland [h'e:mæçtslant] Neutrum (Pluriel **Heemechtslänner**) **DE** Heimatland • **FR** pays natal, pays d'origine • **EN** native country, country of origin • **PT** país natal, país de origem **Beispill** de Student krut säin auslänneschen Diplom an sengem **Heemechtsland** net unerkannt

Heemechtsstad [h'e:mæçtsʃta:t] Femininum (Pluriel **Heemechtsstied**) **DE** Heimatstadt • **FR** ville natale • **EN** home town • **PT** cidade natal **Beispill** no zéng Joer am Ausland huet hien seng **Heemechtsstad** net méi erëmerkannt

Heemekipp Femininum (Pluriel **Heemekippen**) **DE** Heimmannschaft • **FR** équipe locale [de sport] • **EN** local team • **PT** equipa local [equipa desportiva] **Beispill** d'**Heemekipp** gouf de ganze Match vun hire Supporter-eren ënnerstëtzt **Synonym** Lokalekip

heemeleg [h'e:mələç] Adjektiv **1. DE** zutraulich, anschmiegsam • **FR** câlin, affectueux • **EN** friendly, cuddly • **PT** meigo, carinhoso **Beispill** du kanns meng Kaz roueg upaken, si ass ganz **heemeleg** **2. DE** heimelig • **FR** douillet, intime • **EN** cosy, congenial • **PT** aconchegado, íntimo **Beispill** owes war eng **heemeleg** Stëmmung ronderëm d'Feier

heemelen [h'e:mələŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **geheemelt**) » **transitiv** **DE** streicheln • **FR** caresser • **EN** to stroke • **PT** acariciar, afagar **Beispill** am Zoo hu mir Iesele **geheemelt** **Synonym** stréilen

Heemelmaus Femininum (Pluriel **Heemelmais**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Heemelsdéierchen Neutrum (Pluriel **Heemelsdéiercher**) - Variant vun **heemelsdéierchen**

Heemequipe Femininum (Pluriel **Heemequippen**) - Variant vun **heemekipp**

heemesch Adjektiv **DE** heimisch [Tier, Pflanze] • **FR** indigène [animal, plante] • **EN** native [animal, plant] • **PT** indígena [animal, planta] **Beispill** d'Kängurue sinn an Australien **heemesch**

heemféieren [h'e:mfɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **heemgeféiert** / **heemgefouert**) » **transitiv** **DE** nach Hause begleiten [zu Fuß] • **FR** accompagner (à la maison) [à pied] • **EN** to walk home [to accompany home on foot] • **PT** acompanhar a casa [a pé] **Beispill** soll ech iech **heemféieren**?

heemféieren [h'e:mfɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **heemgefouert**) » **transitiv** **DE** nach Hause fahren • **FR** accompagner (à la maison) [conducteur, véhicule] • **EN** to drive home [to accompany home in a vehicle] • **PT** levar a casa, conduzir a casa [condutor, veículo] **Beispill** nom Iessen huet hien eis **heemgefouert**

heemfuieren [h'e:mfu:ɣrən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **heemgefuer**) » **intransitiv** **DE** nach Hause fahren • **FR** rentrer chez soi, rentrer (à la maison) [conducteur, véhicule] • **EN** to drive home • **PT** ir para casa, regressar a casa [condutor, veículo] **Beispiller** dréink net esou vill, du muss nach **heemfuieren**!; an der Vakanz war esou schlecht Wieder, datt mir no dräi Deeg erëm **heemgefuer** sinn

heemgoen [h'e:mgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **heemgaangen** / **heemgaang**) » **intransitiv** **DE** nach Hause gehen • **FR** rentrer (chez soi), rentrer (à la maison) • **EN** to go home • **PT** ir para casa, regressar a casa **Beispiller** meng Kolleegin ass fréi **heemgaangen**, well se de Kapp wéi hat; **gees** de heem! [ɛgs] [⇒ seet een, wann een engem eppes net gleeft]; hie **geet** net méi **heem** [ɛgs] [⇒ well e Sträit mat der Famill huet]

heemkommen [h'e:mkomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **heemkomm**) » **intransitiv** **DE** nach Hause kommen • **FR** revenir (chez soi), revenir (à la maison), rentrer • **EN** to come home, to get home • **PT** chegar a casa, regressar a casa **Beispiller** wann ech owes no der Aarbecht **heemkommen**, da raschten ech gär e bëssen; hie **kënn** net méi **heem** [ɛgs] [⇒ well e Sträit mat der Famill huet]

heemlafen [h'e:m̩la:fən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé heemgelaf) » **intransitiv DE** nach Hause laufen • **FR** rentrer (chez soi) en courant, rentrer (à la maison) en courant • **EN** to run home • **PT** correr para casa **Beispill** dat klengt Meedche war esou erfieert, datt et séier heemgelaf ass

heemlech [h'e:m̩ləç] Adjektiv **DE** heimlich • **FR** secret, caché, clandestin <Adverb secrètement, en cachette, clandestinement> • **EN** secret <Adverb secretly> • **PT** secreto, escondido, clandestino <Adverb secretamente, às escondidas, clandestinamente> **Beispiller** déi schéi Fra blouf éiweg meng heemlech Léift; meng Tatta huet eng heemlech Mouk; hues de erëm heemlech gefëmmt?; hien ass där Heemlecher een [ëgs] [hie mécht villes hannenerëm]

Heemlechkeet [h'e:m̩ləçke:t] Femininum (Pluriel Heemlechkeeten) **DE** Heimlichkeit • **FR** secret, cachotterie • **EN** secret • **PT** segredo, segredinho **Beispiller** ech hu keng Heemlechkeete virun dir!; si hunn sech an aller Heemlechkeet bestuet [si hunn sech heemlech bestuet]

heemliwweren [h'e:m̩livəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé heemgeliiwwert) » **transitiv DE** nach Hause liefern • **FR** livrer à domicile • **PT** entregar ao domicílio **Beispill** zënter dem Confinement liwwere méi Restauranten heem

heemmaachen [h'e:ma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé heemgemaach / heemgemaacht) » **reflexiv [ëgs] DE** zusehen, dass man nach Hause kommt • **FR** rentrer (à la maison), rentrer (chez soi) [précipitamment] • **EN** to make one's way home [quickly] • **PT** ir para casa, regressar a casa [precipitadamente] **Beispill** wéi et ugefaangen huet mat reenen, hunn d'Leit sech séier heemgemaach

Heemmatch Maskulinum (Pluriel Heemmatcher) **DE** Heimspiel • **FR** match à domicile • **EN** home game • **PT** jogo em casa [encontro desportivo] **Beispiller** eis Ekip huet dés Saison all hir Heemmatcher gewonnen; den Opsteiger huet muer en Heemmatch géint den aktuelle Champion **Synonym** Heemspill

Heemount [h'e:m̩əʊnt] Maskulinum (Pluriel <see-len> Heeméint) [vereezelt] **DE** Zeit der Heuernte • **FR** période de la fenaison • **EN** haymaking month • **PT** época da ceifa do feno **Beispiller** am Heemount kann de Bauer kee Ree gebrauchen; d'Solde sinn de Geschäftsleit hiren Heemount [d'Solde si fir d'Geschäftsleit déi Zäit, wou se de meeschten Èmsaz maachen]

Heemrees [h'e:m̩rɛ:s] Femininum (Pluriel Heemreesen) **DE** Heimreise • **FR** retour, trajet du retour • **EN** journey home • **PT** viagem de regresso **Beispiller** eis Heemrees huet zwoo Deeg gedauert; op der Heemrees hat eise Bus eng Pann

heemschécken [h'e:m̩ʃekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé heemgeschéckt) » **transitiv 1. DE** nach Hause schicken [eine Person] • **FR** renvoyer chez soi • **EN** to send home [a person] • **PT** mandar para casa [uma pessoa], dar alta hospitalar a **Beispill** d'Cheffin huet de kranke Mataarbechter heemgeschéckt **2. DE** nach Hause schicken [zustellen lassen] • **FR** envoyer à domicile, envoyer à la maison [par la poste] • **EN** to send

home [by post] • **PT** enviar para casa [pelo correio] **Beispill** ech hunn Iech d'Äntwert op Är Demande mat der Post heemgeschéckt

Heemspill [h'e:m̩ʃpil] Neutrum (Pluriel Heemspiller) **DE** Heimspiel • **FR** match à domicile • **EN** home game • **PT** jogo em casa [encontro desportivo] **Beispill** eis Ekip huet d'Heemspill gewonnen

Heemwee [h'e:m̩vɛ:] Maskulinum (Pluriel Heemweeër) **DE** Heimweg • **FR** chemin du retour • **EN** way home • **PT** caminho para casa **Beispill** um Heemwee si mir an e Stau geroden

heemzou [h'e:m̩tsəʊ] Adverb op heemzou **DE** heimwärts • **FR** à la maison [vers son domicile] • **EN** homeward(s) • **PT** para casa [em direção ao domicílio] **Beispiller** mir ginn op heemzou; mir maachen eis esou lues op heemzou [mir gi geschwënn heem]; fir op heemzou sinn ech mengem Schwoer begéint [um Heemwee sinn ech mengem Schwoer begéint]

heen Personalpronomen - Variant vun ʒhien

hees [he:s] Adjektiv **DE** heiser • **FR** enroué <Adverb d'une voix enrouée, avec la voix enrouée> • **EN** hoarse <Adverb hoarsely> • **PT** rouca <Adverb de uma voz rouca, com a voz rouca> **Beispiller** vum Jäize waren der vill vun eis hees; ech schwätze ganz hees, well ech erkaalt sinn; bei deem kanns de dech hees schwätzen, e lauschtert net op dech [ëgs] [bei deem kanns de esou vill schwätzen, ewéi s de wëlls, e lauschtert net op dech]

Heesberhaff [h'e:sbeɦaf] Eegennumm **DE** Heisburgerhof • **FR** Heisburgerhof • **EN** Heisburgerhof • **PT** Heisburgerhof **Beispiller** ech wunnen um Heesberhaff; fiert dese Bus op den Heesberhaff?

Heeschbech [h'e:ʃbɛç] Eegennumm **DE** Heisbich • **FR** Heisbich • **EN** Heisbich • **PT** Heisbich **Beispiller** ech wunnen zu Heeschbech; fiert dese Bus op Heeschbech?

Heeschbreg [h'e:ʃbrɛç] Eegennumm **DE** Hersberg • **FR** Hersberg • **EN** Hersberg • **PT** Hersberg **Beispiller** ech wunnen zu Heeschbreg; fiert dese Bus op Heeschbreg?

Heeschdref [h'e:ʃdrɛf] Eegennumm **DE** Heisdorf • **FR** Heisdorf • **EN** Heisdorf • **PT** Heisdorf **Beispiller** ech wunnen zu Heeschdref; fiert dese Bus op Heeschdref?

Heeschefra [h'e:ʃɛfra:] Femininum (Pluriel Heeschefraen) [vereezelt] **DE** Bettlerin • **FR** mendicante [personnel] • **PT** mendiga, pedinte

i Männlech Form: ʒHeeschemann

Heescheleit [h'e:ʃɛlaɪt] Substantiv (kee Singulier) **DE** Bettler, Bettelleute • **FR** mendiants [personnes] • **PT** mendigos, pedintes **Beispill** d'Geschäftsleit hu sech bei der Gemeng iwuer déi vill Heescheleit an der Foussgängerzon beklot

Heeschemann [h'e:ʃɛman] Maskulinum (Pluriel Heeschemänner) [vereezelt] **DE** Bettler • **FR** mendiant [personnel] • **EN** beggar • **PT** mendigo, pedinte **Beispiller** ech ginn engem Heeschemann léiwer eng Schmier ewéi Suen; virun der Cathedral sätzt ëmmer dee selwechten Heeschemann **Synonym** Heeschert

i Weiblech Form: ʒHeeschefra

heeschen [h'e:ʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geheescht) » **intransitiv 1.** **DE** heißen [genannt werden] • **FR** s'appeler • **EN** to be called [to be named] • **PT** chamar-se **Beispiller** wéi heeschs du?; dës Strooss huet fréier anescht geheescht **2.** **DE** heißen [bedeuten] • **FR** signifier [avoir pour signification] • **EN** to mean [to signify] • **PT** significar, querer dizer **Beispiller** wat heescht dat do?; d'Wuert „Tournevis“ heescht dat selwecht ewéi d'Wuert „Schraubenzéier“; dat wëllt näischt heeschen [dat ass kee Beweis] **Synonym** bedeiten **3.** **DE** heißen [zur Folge haben, ankündigen] • **FR** signifier [impliquer, présager] • **EN** to mean [to imply, to be a sign of] • **PT** significar [implicar, pressagiar] **Beispill** bass de der bewosst, wat dat heescht? **Synonym** bedeiten » **intransitiv - onperséinlech 4.** **DE** heißen [gesagt werden, geschrieben stehen] • **FR** être dit, être écrit • **EN** to say [to be said, to be written] • **PT** ser dito, estar escrito **Beispill** an der Gebrauchsanweisung heescht et, d'Kaffinmaschinn soll eemol am Mount entkalkelt ginn **5.** **DE** heißen [behauptet werden] • **FR** paraître que • **EN** to be said, to be rumoured • **PT** parecer que, constar que **Beispill** et heescht, de Buergermeeschter wier friemgaangen **6.** heeschen ze **DE** heißen [notwendig sein] • **FR** s'agir de, falloir • **EN** to be necessary • **PT** ser preciso [ser necessário] **Beispill** hei heescht et opzepassen!

i Verb, dat **heeschen** als Basis huet: ↗guttheeschen

heeschen [h'e:ʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geheescht) » **intransitiv 1.** **DE** betteln [um Almosen bitten] • **FR** mendier • **EN** to beg [for food or money] • **PT** mendigar **Beispill** virun der Gare stoungen e puer Sans-abrien ze heeschen **2.** **DE** betteln [flehen] • **FR** supplier [prier instamment] • **EN** to beg [to implore] • **PT** pedir **Beispill** d'Kanner hu bei der Bomi gesouert a geheescht, fir Schockela ze kréien **Synonym** biedelen » **transitiv 3.** **DE** erbetteln • **FR** mendier • **EN** to beg for [food or money] • **PT** mendigar **Beispill** et war elo just een un der Dier, dee Sue geheescht huet **Synonym** fechten

i Verb, dat **heeschen** als Basis huet: ↗guttheeschen

Heeschepak [h'e:ʃəpə:k] Maskulinum (kee Pluriel) **pejorativ** **graff** **DE** Bettelpack • **FR** racaille (qui mendie) • **PT** gente reles (que mendiga) **Beispiller** vu mir kritt deen Heeschepak kee Su!; hal dech net mat deem Heeschepak op! [hal dech net mat deem Pak op]

Heeschert [h'e:ʃet] Maskulinum (Pluriel Heescherten) **DE** Bettler • **FR** mendiant [personne] • **EN** beggar • **PT** mendigo, pedinte **Beispill** den Heeschert ass iwwerall ofgewise ginn **Synonym** Heeschemann

Heescheverbuet Neutrum (Pluriel Heescheverbueter) **DE** Bettelverbot • **FR** interdiction de la mendicité **Beispiller** d'Heescheverbuet gouf zu Lëtzebuerg ganz kontrovers diskutéiert; opgrond vum Heescheverbuet däréf een op verschiddene Plaze keng Almose froen

Heeschnapp [he:ʃn'ap] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Heuschnupfen • **FR** rhume des foins • **EN** hay fever • **PT** febre dos fenos **Beispill** ech kréien all Joer den Heeschnapp

Heeschpelt [h'e:ʃpəlt] Eegennumm **DE** Heispelt • **FR** Heispelt • **EN** Heispelt • **PT** Heispelt **Beispiller** ech wunnen zu Heeschpelt; fiert dëse Bus op Heeschpelt?

Heesdref [h'e:sdrəf] Eegennumm **DE** Heisdorf • **FR** Hamville • **EN** Hamville **Beispiller** ech wunnen zu Heesdref; fiert dëse Bus op Heesdref?

Heespräenger [h'e:ʃprɛŋɐ] Maskulinum (Pluriel Heespräenger) **DE** Heuschrecke • **FR** sauterelle • **EN** grasshopper • **PT** gafanhoto [inseto] **Beispill** den Heespräenger ass ee Meter wäit gesprongen

Heet [he:t] Neutrum (Pluriel Heeder) **DE** Kopf [Salatkopf, Kohlkopf] • **FR** tête [d'une salade, d'un chou] • **EN** head [of lettuce, of cabbage] • **PT** cabeça, alho, pé [de alface, de couve] **Beispill** mir musse Geméis kafen, et si just nach zwee Heeder Zalot am Frigo

Heewon [h'e:vo:n] Maskulinum (Pluriel Heeween) **DE** Heuwagen • **FR** char à foin • **EN** hay cart • **PT** carro de feno **Beispill** dohannen an der Kéier ass en Heewon ëmgekippt

Hëff [həf] Femininum (Pluriel Hëffen) - Variant vun ↗Hëft

Heffen Femininum (kee Singulier)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Heffendrépp Femininum (Pluriel Heffendréppen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Hëft [həft] Femininum (Pluriel Hëften) **DE** Hüfte • **FR** hanche [partie du corps] • **EN** hip • **PT** anca, quadril **Beispiller** meng nei Box strämmt mech e bëssen ëm d'Hëften; scho mat zwou Woche krut eist Klengt eng Spreizbox, well seng Hëfte schif stoungen; mäi Bop huet eng nei Hëft [mäi Bop huet en neit Hëftgelenk]

i Variant: Hëff

Heft [hæft] Neutrum (Pluriel Hefter) **DE** Heft [Schreibheft] • **FR** cahier • **EN** notebook, exercise book • **PT** caderno **Beispill** haut de Moien huet de Schoulmeeschter d'Heft kontrolléiert

Heftchen [h'æftçən] Neutrum (Pluriel Heftercher) - Diminutivform vun ↗Heft

hefteg [h'æftəç] Adjektiv **DE** heftig • **FR** vif, violent <Adverb vivement, violemment> • **EN** violent, fierce [intense] <Adverb violently, fiercely> • **PT** vivo, violento <Adverb vivamente, violentamente> **Beispiller** mat esou enger hefteger Reaktioun hat kee gerechent; d'Komiteesmembere hu laang an hefteg diskutéiert

heften [h'æftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geheft) » **transitiv** heften (un) **DE** heften (an) • **FR**agrafer (à) • **EN** to staple (to) • **PT** agrafar (a) **Beispiller** d'Leierin huet d'Fotokopië mat de Kanner hire Rechenaufgaben hefte gelooss; soll ech Iech d'Quitting un d'Rechnung heften?

i Verben, déi **heften** als Basis hunn: ↗unennerheften an ↗unenheften

Hëftgelenk [h'æftgələŋk] Neutrum (Pluriel Hëftgelenker) **DE** Hüftgelenk • **FR** (articulation de la) hanche • **EN** hip joint • **PT** (articulação da) anca **Beispill** hien huet Arthroas an deenen zwee Hëftgelenker

hei [haɪ] Adverb **1.** **DE** hier [an diesem Ort] • **FR** ici [en cet endroit-ci] • **EN** here [in this place] • **PT** aqui [neste lugar] **Beispiller** hei stoung fréier eng Kapell; vun hei un

ass et verbueden ze stationéieren **Synonym** elei **2.** *DE hier [in diesem Fall] • FR ici [dans ce cas] • EN here [in this case] • PT aqui [neste caso]* **Beispill** hei handelt et sech ëm eng kriddleg Fro **Synonym** elei

hei- [hɑi] (bei Pronominaladverben) **DE** hier- [vertritt ein Nomen oder einen Satz] • **FR** ... ceci [représente un nom ou une phrase] • **EN** ... this [stands for a noun or sentence] • **PT** ... isto [representa um nome ou uma oração] **Beispill** hues du schonn eppes heivun héieren?

hei [hɑi] **1.** dat hei **DE** das • **FR** ceci • **EN** this • **PT** isto **Beispill** dat hei ass eng gutt verständlech Beschreiwung vun deem Apparat **2.** *DE* hier [verstärkt das Demonstrativpronomen] • **FR** -ci [renforce le pronom démonstratif] • **EN** this here [reinforces a demonstrative pronoun] • **PT** [reforça o pronome demonstrativo] **Beispiller** deen Auto hei gefält mir am beschten; ech hunn dee Pullover hei op der Braderie fir e Spottpräis kritt

heiansdo [hɑiansd'o:] **Adverb** **DE** manchmal, hin und wieder • **FR** parfois, de temps en temps • **EN** sometimes • **PT** às vezes, por vezes, de vez em quando **Beispill** ech ginn heiansdo sonndes Vëlo fueren **Synonymmen** alt, geleentlech, munchmol

heibäi [hɑib'æ:i] **Pronominaladverb** ↗hei- + ↗bei

heibannen [hɑib'anən] **Adverb** **DE** hier drinnen • **FR** ici, à l'intérieur • **EN** in here • **PT** aqui dentro **Beispiller** bleif heibannen, et reent!; ech wëll keng Kläpperei heibannen!

heibaussen [hɑib'æ:ʊsən] **Adverb** **DE** hier draußen • **FR** ici, à l'extérieur • **EN** out here • **PT** cá fora **Beispill** bréng e Schal mat, soss erkaals de dech heibaussen!

Heibleifskärchen [h'ɑiblaifskɛ:ççən] **Femininum** (kee Pluriel) ^[ɛgɔ] mat der Heibleifskärche fueren **DE** zuhause bleiben, den Urlaub auf Balkonien verbringen • **FR** rester à la maison, ne pas partir en vacances • **EN** to have a staycation, to holiday at home • **PT** ficar em casa, não ir de férias **Beispill** si fueren dëst Joer a Spuenien, mir fuere mat der Heibleifskärchen!

heibleiwen [h'ɑiblaivən] **Verb** (Hëllefverb sinn, Participle passé heibliwwen) » **intransitiv** **DE** hierbleiben • **FR** rester (ici), rester sur place • **EN** to stay (here) • **PT** ficar (aqui) **Beispiller** ech hätt léiwer, wann s de géifs heibleiwen; et bleift keen hei [jidderee muss stierwen]

héich [hɔiç] **Adjektiv** **1.** **DE** hoch [vertikal ausgedehnt] • **FR** haut (de) [étendu en hauteur] • **EN** high [from top to bottom] • **PT** (de) alto [extenso na vertical] **Beispiller** wat ass dat en héicht Haus!; déi Mauer ass véier Meter héich; hei däerf een net méi héich bauen ewéi véier Stäck **2.** *DE* hoch [in der Höhe, in die Höhe] • **FR** haut [en altitude, en hauteur] • **EN** high [in altitude] • **PT** alto [em altitude, em altural] **Beispiller** déi héich Wolleken do bréng kee Reen; gehei de Ball esou héich, wéi s de kanns!; dat ass mir ze héich! ^[ɛgɔ] [dat ass mir ze komplizéiert, ech verstinn et net] **3.** *DE* hoch [hochrangig] • **FR** haut, important [éminent] • **EN** high [high-ranking] • **PT** alto, importante [eminente] **Beispiller** hie war e Geléierte vun héijem Rang; mäi Cousin huet eng héich Plaz an der Politik **4.** *DE* hoch [beträchtlich] • **FR** haut, élevé, important [considérable] • **EN** high [above average] • **PT** alto, elevado, importante [considerável]

Beispiller d'Präisser vum Gold sinn am Ament zimmlech héich; an dësem Internat ginn héich Ufuerderungen un d'Kanner gestallt; dëst Land huet en héije sozialen Niveau; et gëtt héich Zäit, dat sech eppes ännert! [et muss sech dréngend eppes änneren] **5.** *DE* hoch [Klang, Ton] • **FR** haut, aigu [son] • **EN** high [sound] • **PT** alto, agudo [som] **Beispiller** mäi Bopa héiert déi héich Téin net méi; ech kann net méi esou héich sangen ewéi fréier

Héich **Neutrum** (Pluriel Héich) - **Kuerzform** vun ↗Héichdruckgebit

héich- **Verbpartikel** **DE** [abtrennbares Erstglied eines Verbs] • **FR** [particule séparable d'un verbe] • **EN** [separable verb particle] • **PT** [partícula separável de um verbo] **Beispiller** eise Comptabel rechent eis grad d'Depensen héich; mir wëllen eis al Traditionen héichhalen

i Verben, déi **héich-** als Partikel hunn: ↗héichhalen, ↗héichleëen, ↗héichrechnen

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗héich Adjektiv

héichdoséiert [h'ɔiçdo:zɔiɛt] **Adjektiv** **DE** hochdosiert • **FR** à haut dosage • **EN** highly dosed • **PT** em alta dosagem **Beispill** ech maache grad eng Therapie mat héichdoséiertem Vitaminn C

Héichdruck [h'ɔiçdʁɔk] **Maskulinum** (kee Pluriel) **1.** ^[Physik] **DE** Hochdruck • **FR** haute pression • **EN** high pressure • **PT** alta pressão **Beispiller** de klenge Behälter steet ënner Héichdruck; virun de Feierdeeg schaffen d'Traiteuren ënner Héichdruck ^[ɛgɔ] [virun de Feierdeeg schaffen d'Traiteure vill a séier] **2.** *DE* Hochdruck [hoher Luftdruck] • **FR** hautes pressions (atmosphériques) • **EN** high (atmospheric) pressure • **PT** altas pressões (atmosféricas) **Beispill** mam Héichdruck kënnt gutt Wieder

Héichdruckgebit [h'ɔiçdʁɔkgəbit] **Neutrum** (Pluriel Héichdruckgebidd / Héichdruckgebitter) **DE** Hochdruckgebiet • **FR** anticyclone, zone de haute pression (atmosphérique) • **EN** high pressure area, anticyclone • **PT** anticiclone, zona de alta pressão (atmosférica) **Beispill** iwuer dem Atlantik entsteet grad en Héichdruckgebit

i **Kuerzform:** Héich

Héichform [h'ɔiçfɔrm] **Femininum** (kee Pluriel) **DE** Hochform • **FR** pleine forme • **EN** top form • **PT** plena forma **Beispill** dës schwéier Course kann een nëmme gewannen, wann een an Héichform ass

héichgefëierlech [hɔiçgəf'ɛiɛləç] **Adjektiv** **DE** hochgefährlich • **FR** très dangereux • **EN** highly dangerous • **PT** muito perigoso **Beispiller** dës Pestizide sinn héichgefëierlech an däerfen an der Landwirtschaft net méi benotzt ginn; duerch de staarke Reen ass eng héichgefëierlech Stréimung am Floss entstanen

héichgëfteg [hɔiçg'əftəç] **Adjektiv** **DE** hochgiftig • **FR** hautement toxique, extrêmement vénéneux • **EN** highly toxic, extremely poisonous • **PT** altamente tóxico, altamente venenoso **Beispiller** d'Pompjeeën hunn déi héichgëfteg Flëssegkeet ofgepompelt; op dëser Streck ass den Transport vun héichgëftege Sub-

stanze verbueden; vill Leit wëssen net, datt d'Uuchtleblumm héichgéfteg ass

héichhalen [h'ʒiçha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé héichgehalen / héichgehal) » **transitiv** DE hochhalten, in Ehren halten • FR préserver, maintenir [par respect] • EN to uphold, to keep up • PT preservar, manter [por respeito] **Beispill** mir wëllen eis al Traditionen héichhalen

Héichhaus [h'ʒiçhæ:ʊs] Neutrum (Pluriel Héichhaiser) DE Hochhaus • FR tour immeuble de grande hauteur • EN high-rise building, tower block • PT torre [prédio alto] **Beispiller** niewent der Gare soll en Héichhaus gebaut ginn; am neie Quartier schéissen d'Héichhaiser ewéi Champignonen aus dem Buedem

héichleeën [h'ʒiçle:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé héichgeluecht) » **transitiv** d'Been héichleeën / d'Féiss héichleeën DE die Beine hochlegen, die Füße hochlegen • FR surélever les jambes, surélever les pieds • EN to raise one's leg, to put one's feet up • PT levantar as pernas **Beispill** wann een an d'Gette geet, soll een him d'Been héichleeën, fir säi Kreeslaf nees unzekierpen

Héichleeschtungssport [h'ʒiçle:ʃtʊŋsʃpɔʁt] Maskulinum (kee Pluriel) DE Hochleistungssport • FR sport de haut niveau • EN top-level sport • PT desporto de alto rendimento **Beispill** am Héichleeschtungssport ass et net einfach, iwwer laang Zäit ënner de Favoritten ze bleiwen

Héichleeschtungssportler [h'ʒiçle:ʃtʊŋsʃpɔʁtlɛ] Maskulinum (Pluriel Héichleeschtungssportler) DE Hochleistungssportler • FR sportif de haut niveau • EN top athlete, top-level sportsman • PT desportista de alto rendimento **Beispill** en Héichleeschtungssportler muss oppassen, wat en ësst

♀ Weiblech Form: **♂**Héichleeschtungssportlerin

Herzogtum [h'ɛrtsɔ:χtum] Neutrum (Pluriel Herzogtemer) **DE** Herzogtum • **FR** *duché* • **EN** *duchy* • **PT** *ducado* **Beispill** weess du, wien de Patréiner vun deem Herzogtum ass?; déi zwee Herzogtemer hunn éiweg Krich matenee geféiert

Herzschrittmacher [h'ɛrtsʃritmaxe] Maskulinum (Pluriel Herzschrittmacher) **DE** Herzschrittmacher • **FR** *pacemaker, stimulateur cardiaque* • **EN** (heart) *pacemaker* • **PT** *pacemaker, marca-passo cardíaco* **Beispill** et huet ee Méi ze gleewen, datt däi sportleche Papp en Herzschrittmacher huet

Hesper [h'æspɛ] Eegennumm **DE** Hesperingen • **FR** *Hesperange* • **EN** *Hesperange* • **PT** *Hesperange* **Beispill**er ech wunnen zu Hesper; fiert dës Bus op Hesper?

Hessemillen [h'æsəmilən] Eegennumm **DE** Hessemillen • **FR** *Hessemillen* • **EN** *Hessemillen* • **PT** *Hessemillen* **Beispill**er ech wunnen op der Hessemillen; fiert dës Bus op d'Hessemillen?

heteroogen [hetero:ʒ'e:n] Adjektiv **DE** heterogen • **FR** *hétérogène* • **PT** *heterogéneo* **Beispill**er fir eis heteroogen Schoule brauche mir vill verschidde Schoulbicher; an eiser heteroogeener Gesellschaft ass d'Integratioun e wichtige Facteur

heterogen [hetero:ʒ'e:n] Adjektiv - Variant vun ♀heteroogen

Heterogenitéit [heteroʒenit'ɛit] Femininum (kee Pluriel) **DE** Heterogenität • **FR** *hétérogénéité* • **EN** *heterogeneity* • **PT** *heterogeneidade* **Beispill**er d'Zil vun dëser Schoul besteet doran, d'Heterogenitéit vun de Schüler besser ze geréieren an all d'Kanner ze integréieren; d'Heterogenitéit an eiser Gesellschaft ass eppes, wat eis besonnesch auszeechent

Heterosexualitéit Femininum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

heterosexuell Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Hëttermillen [hətem'ilən] Eegennumm **DE** Hëttermillen • **FR** *Hëttermillen* • **EN** *Hëttermillen* • **PT** *Hëttermillen* **Beispill**er ech wunnen op der Hëttermillen; fiert dës Bus op d'Hëttermillen?

Hetz [hæts] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Hetze, Eile* • **FR** *précipitation, hâte* • **EN** *rush, hurry* • **PT** *precipitação, pressa* **Beispill**er an der Hetz hat hie vergiess, de Prabbeli matzehuelen; ech sinn an der Hetz [ech si presséiert]

hëtzeg [h'ætsəç] Adjektiv **1. DE** *hitzig* [impulsiv, heftig] • **FR** *impulsif, fougueux* • **EN** *hot-headed* • **PT** *impulsivo, fogo* **Beispill**er m'ai Cousin ass en hëtzege Kärel **2. DE** *rosig* • **FR** *en chaleur* • **EN** *on heat* • **PT** *com o cio* **Beispill** d'Mier ass hëtzeg

hëtzen [h'ætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehëtzt) » **transitiv** **DE** *heizen* [einen Raum, eine Wohnung] • **FR** *chauffer* [une pièce, une habitation] • **EN** *to heat* la room, a home] • **PT** *aquecer* lum compartimento, uma habitação] **Beispill**er et ass net einfach, en Haus ze hëtzen, dat schlecht isoléiert ass; mir hëtzen (eis Wunneng) mat Mazout

i Verb, dat **hëtzen** als Basis huet: ♀ophëtzen

i Variant: heizen

hetzen [h'ætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehetzt) » **transitiv** **1. DE** *hetzen* [jagen] • **FR** *chasser* [poursuivre, pourchasser] • **EN** *to hunt* • **PT** *caçar* [perseguir, dar caça a] **Beispill** dat aarmt Déier gouf gehetzt, bis et net méi konnt **2. DE** *drängen, antreiben* • **FR** *presser, brusquer, bousculer* • **EN** *to rush, to hurry* • **PT** *apressar, apertar com, urgir com* **Beispill**er ech verdroen net, wann ee mech hetzt **3. hetzen** op **DE** *hetzen auf* • **FR** *lâcher sur* [faire courir après] • **EN** *to sick on, to set on* • **PT** *açular contra* **Beispill** hie behaupt, säin Noper hält den Hond op e gehetzt » **reflexiv** **4. DE** *sich hetzen* [sich beeilen] • **FR** *se presser* [se hâter] • **EN** *to rush, to hurry* • **PT** *apressar-se* [despachar-se] **Beispill**er mir hu gott Zäit, dir braucht Iech net ze hetzen **Synonym** hetzen

i Verben, déi **hetzen** als Basis hunn: ♀ofhetzen an ♀ophëtzen

Hëttschlag [h'ætsʃla:χ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Hitzschlag* • **FR** *coup de chaleur* • **EN** *heatstroke* • **PT** *golpe de calor* **Beispill**er m'ai Papp huet op der Plage en Hëttschlag kritt

Hëtzt [hətʒ] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Hitze* • **FR** (forte) *chaleur, canicule* • **EN** *heat* • **PT** *calor* (intenso), *canicula* **Beispill**er am Summer ass ëmmer eng fierchterlech Hëtzt an eiser Kichen; bei där Hëtzt gruewen ech bestëmmt de Gaart net ëm!; deen huet seng eischt Hëtzt nach [eggs] [deem gëtt et net seier kal] **2.** (kee Pluriel) **DE** *Wärme* [Temperatur] • **FR** *chaleur* [d'un corps] • **EN** *heat* [temperature] • **PT** *calor* [de um corpo] **Beispill**er eisen neien Uewen hält d'Hëtzt besser ewéi deen alen **Synonym** Wäermt **3.** (Pluriel Hëtzten, kee Singular) **DE** *Hitzewallungen* • **FR** *bouffées de chaleur* • **EN** *hot flushes* • **PT** *calores, afrontamentos* **Beispill**er an de Wiesseljore leide vill Patientinnen nuets ënner staarken

Hëtzen

Hëtztwell Femininum (Pluriel Hëtztwellen) **DE** *Hitze-welle* [heiβes Wetter] • **FR** *canicule* • **EN** *heatwave* • **PT** *onda de calor, canícula* **Beispill** während der Hëtztwell soll een sech wa méiglech am Schiet ophalen a vill drénken **Synonym** Canicule

Heuchler [h'ɔɪçlə] Maskulinum (Pluriel Heuchler) **DE** *Heuchler* • **FR** *hypocrite* • **EN** *hypocrite* • **PT** *hipócrita* **Beispill** deen Heuchler huet gemaach, wéi wann en et gutt mat eis géif mengen

i Weiblech Form: ♀Heuchlerin

heuchleresch [h'ɔɪçləɾəʃ] Adjektiv **DE** *heuchlerisch* • **FR** *hypocrite* • **EN** *hypocritical* • **PT** *hipócrita* **Beispill** ech ka säin heuchleresche Charakter net ausstoën

Heuchlerin [h'ɔɪçləɾɪn] Femininum (Pluriel Heuchlerinnen) **DE** *Heuchlerin* • **FR** (*femme*) *hypocrite* • **EN** *hypocrite* [*female*] • **PT** *hipócrita* [*mulher*] **Beispill** elo mécht déi Heuchlerin jo net, wéi wa mir bescht Frëndinne wieren!

i Männlech Form: ♂Heuchler

Hex [hæks] Femininum (Pluriel Hexen) **DE** *Hexe* • **FR** *sorcière* • **EN** *witch* • **PT** *bruxa, feitiçeira* **Beispiller** am Mët-telalter si vill Fraen als Hex verbrannt ginn; si ass eng Hex ^[ëgs] [si ass eng béis Persoun]

Hexebuch [h'æksəbʊχ] Neutrum (Pluriel Hexebücher) **DE** *Zauberbuch* • **FR** *livre de sorcellerie, grimoire* • **EN** *grimoire* • **PT** *livro de feitiçaria* **Beispill** si hunn déi magesch Formel an engem Hexebuch fonnt

Hexemeeschter [h'æksəme:ʃtɛ] Maskulinum (Pluriel Hexemeeschteren) **DE** *Hexenmeister, Zauberer* • **FR** *sorcier, magicien* • **EN** *wizard* **Beispill** de Pränz ass vum Hexemeeschter an e Steen verwandelt ginn **Synonym** Zauberer

i „Ech sinn e groussen Hexemeeschter“ gehéiert zu de bekanntste Lidder aus der Operett „D'Mumm Séiss oder De Geesch“ vum Dicks (Edmond de la Fontaine, 1823-1891). Se gouf fir d'éischte Kéier 1855 an der Stad am Cercle opgefëiert an zielt zu de beléifteste Wierker vum Dicks.

hexen [h'æksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehext) » **intransitiv** **DE** *hexen, zaubern* • **FR** *faire de la magie* • **EN** *to perform magic* • **PT** *fazer bruxarias, fazer feitiços* **Beispiller** wann ech hexe kéint, géif ech dech an e Fräsch verwandelen; wéi soll ech all déi Aarbecht gemaach kréien, ech kann dach net hexen! ^[ëgs] [wéi soll ech déi Aarbecht gemaach kréien, ech kann dach net nach méi séier schaffen!]

Hexerei [hæksəɾ'ɑɪ] Femininum (Pluriel <seelen> Hexereien) **DE** *Hexerei* • **FR** *sorcellerie* [*magie*] • **EN** *witchcraft* • **PT** *bruxaria, feitiçaria* **Beispiller** fréier goufe vill Frae wéinst Hexerei verbrannt; dat do ass keng Hexerei! ^[ëgs] [dat do ass net schwéier ze maachen]

Hexeschoss [h'æksəʃos] Maskulinum (Pluriel Hexeschöss) **DE** *Hexenschuss* • **FR** *lumbago, tour de reins* • **EN** *lumbago* • **PT** *lumbago* **Beispill** ech hunn en Hexeschoss a muss dowéinst bei den Dokter goen

Hiatus [hi'a:tus] Maskulinum (Pluriel Hiatussen / Hiatusser)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Hibléck [h'i:blek] Maskulinum am Hibléck op **DE** *im Hinblick auf* • **FR** *eu égard à, compte tenu de* • **EN** *in view of* • **PT** *tendo em vista, atendendo a* **Beispill** am Hibléck op déi grouss Evenementer huet den Direkter demissionéiert

Hick [hik] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Schluckauf* • **FR** *hoquet* • **EN** *hiccup* • **PT** *soluço* **Beispiller** vun elauter Laachen hunn ech den Hick kritt; medezinesch gesinn entsteet den Hick duerch eng Reizung vum Zwerchfellnerv

Hickecht [h'ikəçt] Femininum (Pluriel Hickechten) **1. DE** *Wurf, Junge* [*eines Tiers*] • **FR** *portée, petits* [*d'un animal*] • **EN** *litter* [*of an animal*] • **PT** *ninhada, crias* [*de um animal*] **Beispill** d'Wëll Sau ass mat hirer Hickecht am Bësch verschwonnen **2. [ëgs]** **DE** *Schar* [*Bande, Anhang*] • **FR** *ribambelle* [*de personnes*] • **EN** *gang* [*group of friends*], *brood* [*family*] • **PT** *bando, rancho* [*de pessoas, de crianças*] **Beispiller** mir waren an eiser Strooss zu enger ganzer Hickecht Kanner; de Koseng kënn mat senger ganzer Hickecht op d'Kiermes

i Variant: Huckecht

hicken [h'ikən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehickt) » **intransitiv** **DE** *Schluckauf haben, schlucksen* • **FR** *hoqueter* • **EN** *to hiccup* • **PT** *soluçar* **Beispiller** hien huet iwwer dem Mëttegessen déi ganzen Zäit gehickt; bei deem Präis hunn ech awer eng Kéier gehickt ^[ëgs] [ech war iwwer den deiere Präis erfëiert]

hidden [h'idən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehitt) » **transitiv** **1. DE** *hüten* [*beaufsichtigen*] • **FR** *garder* [*surveiller*] • **EN** *to tend, to keep an eye on* [*animals*] • **PT** *guardar* [*vigiar*] **Beispiller** als Bouf hunn ech missen d'Kéi hidden; déi Kanner sinn net ze hidden ^[ëgs] [déi Kanner si ganz wibbeleg] » **reflexiv** **2.** sech hidden ze **DE** *sich hüten* zu • **FR** *se garder de, éviter* de • **EN** *to take care not to* • **PT** *guardar-se de, evitar* **Beispill** ech wäert mech hidden, hinne vu mengem Plang ze erzielen

hiden Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehide)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Hiecht [hiəçt] Maskulinum (Pluriel Hiechten) **Esox lucius** **1. DE** *Hecht* [*Tier*] • **FR** (*grand*) *brochet* [*animal*] • **EN** *Northern pike* [*animal*] • **PT** *lúcio* [*animal*] **Beispill** hien huet getéint, en hätt dräi Hiechte gefaangen **2. DE** *Hecht* [*Nahrungsmittel*] • **FR** (*grand*) *brochet* [*aliment*] • **EN** *Northern pike* [*food*] • **PT** *lúcio* [*alimento*] **Beispill** Knid-delen aus püréiertem Hiecht sinn eng bekannt Spezialitéit vu Lyon

Hiechtepiisch Femininum (Pluriel Hiechtepijen) **Sander lucioperca** **DE** *Zander* • **FR** *sandre* • **PT** *lucioperca* **Beispill** d'Hiechtepiisch ass nuetsaktiv a frësst haapt-sächlech aner Fësch **Synonym** Zander

Hief [hiəf] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Hefe* • **FR** *levure* • **EN** *yeast* • **PT** *levedura* **Beispiller** ouni Hief méchs de kee klassesche Pizzasdeeg; d'Hief setzt sech ënnen an der Fläsch of

Hiefdeeg [h'iafde:ç] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Hefeteig* • **FR** *pâte levée* • **EN** *yeast dough* • **PT** *massa leve-*

dada **Beispill** den Hiefdeeg muss waarm stoe fir opze-
goen

Hiefenech [h'ɪəfənɛç] Eegennumm **DE** *Heffingen* • **FR** *Heffingen* • **EN** *Heffingen* • **PT** *Heffingen* **Beispiller** ech wunnen zu Hiefenech; fiert dëse Bus op Hiefenech?

Hiel [hiəl] Femininum (Pluriel Hielen) **DE** *Höhle* [im *Gestein, in der Erde*] • **FR** *caverne, grotte* • **EN** *cave* • **PT** *caverna, gruta* **Beispill** um Plaffong vun der Hiel houng eng ganz Kolonie Flantermais **Synonym** Hielecht

i Variant: Höl

Hielecht [h'ɪələçt] Femininum (Pluriel Hielechten) **1.** **DE** *Höhle* [im *Gestein, in der Erde*] • **FR** *caverne, grotte* • **EN** *cave* • **PT** *caverna, gruta* **Beispill** ouni Täscheluucht gees de mir net an déi Hielecht eran! **Synonym** Hiel **2.** **DE** *Bau, Höhle* [von *Tieren*] • **FR** *terrier, tanière* • **EN** *sett, burrow, den* • **PT** *toca, covil* **Beispill** den Dachs a seng Kleng setzen an der Hielecht

Hielem [h'ɪələm] Eegennumm **DE** *Helmdingen* • **FR** *Helmdange* • **EN** *Helmdange* • **PT** *Helmdange* **Beispiller** ech wunnen zu Hielem; fiert dëse Bus op Hielem?

Hielenner [h'ɪələnɛ] Maskulinum **1.** (Pluriel Hielenner) **DE** *Holunder* [*Strauch*] • **FR** *sureau* • **EN** *elder* • **PT** *sabugueiro* **Beispill** eis Heck besteet aus Hielenner an aus Hieselter **2.** (kee Pluriel) **DE** *Holunder* [*Holunderbeeren*] • **FR** *baies de sureau* • **EN** *elderberries* • **PT** *bagas de sabugueiro* **Beispill** mir hu Gebeess mat Hielenner aus menger Mamm hirem Gaart gekacht

i Variant: Hielenter

Hielennergebeess [h'ɪələnɛgəbe:s] Neutrum (Pluriel <seelen> Hielennergebeesser) **DE** *Holundermarmelade* • **FR** *confiture de sureau* • **PT** *doce de baga de sabugueiro* **Beispill** menger Tatta hiert Hielennergebeess hunn ech schrecklech gär

i Variant: Hielentergebeess

Hielennerjelli [hiələnɛz'æli:] Maskulinum (Pluriel <seelen> Hielennerjellien) **DE** *Holundergelee* • **FR** *gelée de sureau* • **PT** *geleia de baga de sabugueiro* **Beispill** schmach emol eng Kéier deen heiten Hielennerjelli!

i Variant: Hielenterjelli

Hielenter [h'ɪələntɛ] Maskulinum (Pluriel Hielenter) - Variant vun ↗Hielenner

Hielentergebeess [h'ɪələntɛgəbe:s] Neutrum (Pluriel <seelen> Hielentergebeesser) - Variant vun ↗Hielennergebeess

Hielenterjelli [hiələntɛz'æli:] Maskulinum (Pluriel <seelen> Hielenterjellien) - Variant vun ↗Hielennerjelli

Hiem [hiəm] Neutrum (Pluriel Hiemer) **DE** *Hemd* [*Oberhemd*] • **FR** *chemise* [*vêtement*] • **EN** *shirt* • **PT** *camisa* [*de homem*] **Beispiller** stiech däin Hiem an d'Box!; d'Haut ass him méi no ewéi d'Hiem [ɛgs] [hien denkt fir d'éischt u sech]; si hunn en ausgedoe bis op d'Hiem [ɛgs] [si hunn em alles geholl]

Hiemchen [h'ɪəmçən] Neutrum (Pluriel Hiemercher) - Diminutivform vun ↗Hiem **DE** *Unterhemd* • **FR** *maillot de corps* • **EN** *vest* [*underwear*] • **PT** *camisola interior*

Beispill ech dinn all Dag e frësche Kalzong an e frësch Hiechen un **Synonym** Kleedchen

hien [hiən] Personalpronomen » **3.** Persoun Singulier / männlech / Nominativ **1.** **DE** *er* • **FR** *il* • **EN** *he* • **PT** *ele* **Beispill** hien huet eng schéi Stëmm » **3.** Persoun Singulier / männlech / Nominativ **2.** **DE** *er* • **FR** *lui* • **EN** *him* • **PT** *ele* **Beispill** si kommen all un d'Rei, hien als Éischt » **3.** Persoun Singulier / männlech / Akkusativ **3.** **DE** *ihn* • **FR** *le* • **EN** *him* • **PT** *o* **Beispill** looss hien och emol eppes soen! » **3.** Persoun Singulier / männlech / Akkusativ **4.** **DE** *ihn* • **FR** *lui* • **EN** *him* • **PT** *o, a, ele* **Beispill** ech hunn iech alleguer gär, mee hie besonnesch!

i Variant: heen

hier [hi:g] Adverb **1.** **DE** *hierhin* • **FR** *ici* [*vers ici*] • **EN** *here* [*to this place*] • **PT** *aqui* [*para aqui*] **Beispill** hier kommen ech net méi erëm **Synonym** heihin **2.** hier sinn **DE** *her sein* [*zeitlich zurückliegen*] • **FR** *faire, y avoir* [*dater d'il y a*] • **EN** *to be ... ago* • **PT** *fazer, haver* [*datar de há*] **Beispiller** dat ass scho laang hier; et ass e Joer hier, datt ech e fir d'lescht gesinn hunn **3.** hier sinn hanner **DE** *her sein hinter* • **FR** *courir après* • **EN** *to be after* [*to chase*] • **PT** *correr atrás de, andar atrás de* **Beispiller** d'Police ass schonn e Mount laang hanner dem Déif hier; meng Schwëster ass hanner deem Kärel hier; hien ass hanner menger Plaz hier [ɛgs] [hien hätt meng Plaz gär]

Hier [hi:g] Neutrum (Pluriel Hieren) (meeschtens Pluriel) **DE** *Hirn* [*Speise*] • **FR** *cervelle* [*mets*] • **EN** *brains* [*food*] • **PT** *miolo* [*liguaria*] **Beispill** mir hu gëschter am Restaurant Hiere gress

hier- Verbpartikel **DE** [*abtrennbares Erstglied eines Verbs*] • **FR** [*particule séparable d'un verbe*] • **EN** [*separable verb particle*] • **PT** [*partícula separável de um verbo*] **Beispiller** dee knéckege Kärel gëtt net gär eppes hier; all eis Mëllechprodukter ginn zu Lëtzebuerg hiergestallt

i Verben, déi **hier-** als Partikel hunn: ↗hierfalen, ↗hierginn, ↗hiergoen, ↗hierhuelen, ↗hierhunn, ↗hierkommen, ↗hierkréien, ↗hierstamen, ↗hierstellen, ↗hin- an hierbeweegen, ↗hin- an hierféieren, ↗hin- an hierféieren, ↗hin- an hierféien, ↗hin- an hierfueren, ↗hin- an hiergeheien, ↗hin- an hiergoen, ↗hin- an hierlafen, ↗hin- an hierschécken, ↗hin- an hiersprangen, ↗hin- an hiertransportéieren, ↗hin- an hierwandere

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗hier Adverb

hierarchesch Adjektiv **DE** *hierarchisch* • **FR** *hiérarchique* <Adverb *hiérarchiquement*> • **PT** *hierárquico* <Adverb *hierarquicamente*> **Beispiller** komplex Satz hunn eng hierarchesch Struktur; eis Verwaltung ass ganz hierarchesch opgebaut

Hierarchie [hi:ɛrɑrç'i:] Femininum (Pluriel Hierarchien) **DE** *Hierarchie* • **FR** *hiérarchie* • **EN** *hierarchy* • **PT** *hierarquia* **Beispiller** hien huet sech am Laf vun de Joren an der Hierarchie eropgeschafft; hei gëtt d'Hierarchie vun de Wäerter op d'Kopp gehäit

Hierber [h'i:gbe] Eegennumm **DE** *Herborn* • **FR** *Herborn* • **EN** *Herborn* • **PT** *Herborn* **Beispiller** ech wunnen zu Hierber; fiert dëse Bus op Hierber?

Hierber Millen [h'i:gbe'm'ilən] Eegennumm **DE** *Herborn-Moulin* • **FR** *Herborn-Moulin* • **EN** *Herborn-Moulin* • **PT** *Herborn-Moulin* **Beispiller** ech wunnen op der Hierber

ber Millen; fiert dëse Bus op d'Hierber Millen?

Hierent Maskulinum (Pluriel Hierenter)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Hiereschlag [hi:ɛrəʃl'a:ɣ] Maskulinum (kee Pluriel)

DE Gehirnschlag • **FR** *attaque cérébrale, accident vasculaire cérébral* • **EN** *stroke [cerebrovascular accident]* • **PT** *derrame cerebral, acidente vascular cerebral* **Beispill** no sengem **Hiereschlag** war hien eng Sait geläämt **Synonymmen** AVC, Schlag

i Variant: Hierschlag

hierfalen [h'i:ɣfa:lən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé hiergefall) » **intransitiv 1.** hierfalen iwwer **DE** *herfallen über [sich stürzen auf]* • **FR** *se ruer sur, se jeter sur* • **EN** *to fall on, to pounce on* • **PT** *atirar-se a, lançar-se sobre* **Beispiller** esoubal d'Kichelcher fäerdeg waren, sinn d'Kanner driwwer hiergefall; den Déif ass iwwer de Mann hiergefall an huet him den Handy geklaut **2.** hierfalen iwwer **DE** *herfallen über [schlecht reden über]* • **FR** *trainer dans la boue [diffamer]* • **EN** *to malign, to denigrate* • **PT** *arrastar pelas ruas da amargura* **Beispill** de Mann war knapps zur Dier eraus, du sinn d'Kollegen iwwer en hiergefall

hierginn [h'i:ɣgin] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé hierginn) » **transitiv 1.** **DE** *hergeben [weggeben]* • **FR** *se séparer de, céder, donner* • **EN** *to part with, to give away* • **PT** *separar-se de, ceder, dar* **Beispiller** meng Spullmaschinn géif ech net méi hier; dee knéckege Kärel gëtt net gär eppes hier; géff dat Messer hier, ier s de der wéidees! **[égs]** [loost dat Messer lass a géff mir et, ier s de der wéidees!] **2.** **[égs]** **DE** *hergeben [ergiebig sein]* • **FR** *apporter [être fructueux]* • **EN** *to yield, to provide* • **PT** *render [ser proveitoso]* **Beispill** dat Thema gëtt net genuch hier, fir e Roman driwwer ze schreiwen » **reflexiv 3.** sech hiergi fir **DE** *sich bereifinden zu* • **FR** *accepter de faire* • **EN** *to agree to do, to be ready for* • **PT** *prestar-se a, consentir em fazer* **Beispill** hien huet sech fräiwëleg fir déi Aarbecht hierginn

hiergoen [h'i:ɣgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé hiergaangen / hiergaang) » **intransitiv - onperséinlech** héich hiergoen **DE** *hoch hergehen* • **FR** *chauffer, y avoir du grabuge, y avoir de l'ambiance* • **EN** *to heat up, to be lively* • **PT** *haver grande alvoroço, haver muita animação* **Beispiller** an der Debatt tëschent de Presidentschaftskandidaten ass et mat Momenter héich hiergaangen; op eiser Gaardeparty ass et héich hiergaangen

Hierheck [h'i:ɣhæk] Eegennumm **DE** *Herheck* • **FR** *Herheck* • **EN** *Herheck* • **PT** *Herheck* **Beispiller** ech wunnen op der Hierheck; fiert dëse Bus op d'Hierheck?

hierhuelen [h'i'əhuələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé hiergeholl) » **transitiv** **DE** *herholen* • **FR** *aller chercher, trouver, dénicher* • **EN** *to get hold of, to rustle up* • **PT** *ir buscar, encontrar* **Beispiller** ech weess net, wou ech d'Sue soll hierhuelen, fir e Computer ze kafen; dee Verglach do ass wäit hiergeholl [dee Verglach liicht net an]

hierhunn [h'i:ɣhun] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé hiergehat) » **transitiv** **[égs]** **DE** *herhaben* • **FR** *tenir de [avoir obtenu]* • **EN** *to come by, to get from* • **PT** *ter*

arranjado, ter obtido **Beispiller** wou **hues** du déi Suen hier?; ech weess net, wou se déi Informatiounen hierhunn; a wou der Däiwel huet deen déi Naupen hier?

Hierjem Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Hierk [hi:ɣk] Maskulinum (Pluriel Hierken) **DE** (*eingelegter*) *Hering* • **FR** *hareng mariné* • **EN** (*pickled*) *herring* • **PT** *arenque marinado* **Beispiller** all Joer am Januar si mir bei meng Schwëster invitiert, fir **Hierke** mat gequellte Gromperen z'iessen; d'Leit stoungen am Bus ewéi d'Hierken an der Tonn **[égs]** [d'Leit stoungen am Bus enk zesummegeedrückt]

hierkommen [h'i:ɣkomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé hierkomm) » **intransitiv 1.** **DE** *herkommen [plötzlich da sein]* • **FR** *venir de, sortir de [être soudainement là]* • **EN** *to come from [to materialize]* • **PT** *vir de, sair de* **Beispiller** wou kommen dann op eemol all déi Leit hier?; weess een, wou dee fierchterleche Geruch hierkënn? **2.** **DE** *herkommen [herühren]* • **FR** *venir de [résulter de]* • **EN** *to come from [to result from]* • **PT** *vir de [resultar de]* **Beispill** ech froe mech, wou deen Iertum hierkënn **3.** **DE** *herkommen [aus einer Gegend, aus einer sozialen Schicht]* • **FR** *venir de, être originaire de, être issu de* • **EN** *to come from [to originate]* • **PT** *vir de, ser originário de* **Beispiller** wou kënnt däin neie Frënd hier?; do, wou ech hierkommen, schwätzt een net mam volle Mond! **[égs]** [ech hunn doheem geleiert, datt een net mam volle Mond schwätzt!]; deen huet vergiess, wou en hierkënn **[égs]** [deen huet vergiess, a wéi enge Verhältnisser en opgewuess ass]; géi duer, wou s de hierkënn! **[égs]** [géi, ech wëll dech net méi gesinn!]

Hierkonft [h'i:ɣkonft] Femininum (kee Pluriel) **[Administratioun]** **DE** *Herkunft* • **FR** *origine, provenance* • **EN** *origin* • **PT** *origem, proveniência* **Beispill** d'Resultater vun der Émfro ginn no Alter, Geschlecht an Hierkonft klassiert **Synonym** Originn

Hierkonftsland [h'i:ɣkonftslant] Neutrum (Pluriel Hierkonftslänner) **[Administratioun]** **DE** *Herkunftsland* • **FR** *pays d'origine* • **PT** *país de origem* **Beispiller** um Formulaire fir e Visa unzefroen, muss ee säin Hierkonftsland uginn; bei Liewensmëttel sollt d'Hierkonftsland vum Produkt op der Verpackung stoen **Synonym** Pays d'origine

hierkréien [h'i:ɣkrɛiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé hierkritt) » **transitiv** **DE** *sich beschaffen* • **FR** *se procurer* • **EN** *to get hold of [to obtain]* • **PT** *arranjar, conseguir* **Beispill** a wou soll ech elo esou séier en neie Brëll hierkréien?

Hierschlag Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun **↑**Hiereschlag

Hierscht [h'i:ɣft] Maskulinum (Pluriel Hierschter) **DE** *Herbst* • **FR** *automne* • **EN** *autumn* • **PT** *outono* **Beispiller** am Hierscht falen d'Blieder vun de Beem; hie steet am Hierscht vu sengem Liewen **[égs]** [hien ass schonn all]

Hierschatmosphär [h'i:ɣɛzdatmosfe:g] Femininum (kee Pluriel) **DE** *herbstliche Atmosphäre* • **FR** *atmosphère d'automne* • **EN** *autumnal atmosphere* • **PT** *ambiente outonal* **Beispill** de Moler huet d'Hierschatmosphär gutt

agefaangen

Hierschtfoire [h'i:ɣftwa:R] Femininum (Pluriel Hierschtfoiren) DE *Herbstmesse* • FR *foire d'automne* • EN *autumn fair* • PT *feira de outono* [para expositores] **Beispill** eisen Handwerksbetrib ass aljoers op der Hierschtfoire vertraueden

Hierschkollektioun [h'i:ɣftkolæksjəʊn] Femininum (Pluriel Hierschkollektiounen) DE *Herbstkollektion* • FR *collection d'automne* • EN *autumn collection* • PT *coleção de outono* **Beispill** d'nächst Woch kréien d'Kleedergeschäfte d'Hierschkollektioun eran

Hierschkueb [h'i:ɣftkuəp] Maskulinum (Pluriel Hierschkueben) Corvus frugilegus DE *Saatkrähe* • FR *corbeau freux* • EN *rook* • PT *gralha-calva* **Beispill** wéi laang bréien d'Hierschkueben?

Hierschtmount [h'i:ɣftmøʊnt] Maskulinum (Pluriel Hierschtméint) DE *Herbstmonat* [Monat im Herbst] • FR *mois de l'automne* • EN *autumn month* • PT *mês de outono* **Beispill** dëst Joer hate mer aussergewéinlech dréchen Hierschtméint

Hierschstuerm [h'i:ɣfttu:ɣm] Maskulinum (Pluriel Hierschstiurm) DE *Herbststurm* • FR *tempête d'automne* • EN *autumn storm* • PT *tempestade de outono* **Beispill** nom Hierschstuerm war keen eenzegt Blat méi um Bam

Hierschtufank Maskulinum (kee Pluriel) DE *Herbstanfang* • FR *début de l'automne* • PT *inicio do outono* **Beispiller** wéinst de Schaltjore fällt de kalendareschen Hierschtufank entweeder op den 22. oder op den 23. September; de meteorologeschen Hierschtufank ass ëmmer den éischte September

Hierschtwieder Neutrum (kee Pluriel) DE *Herbstwetter* • FR *temps d'automne* • PT *tempo outonal* **Beispill** dat naast Hierschtwieder mécht mech richtig depressiv

hierstamen [h'i:ɣfta:mən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hiergestaamt) » **intransitiv** DE *herstamen* [aus einer Gegend, aus einer sozialen Schicht] • FR *venir de l'être originaire de, être issu de* • EN *to stem from* [to originate] • PT *provir de* [ser originário de] **Beispill** kee Mënsch weess, wou déi Famill hierstaamt

hierstellen [h'i:ɣftæ:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hiergestallt) » **transitiv** DE *herstellen, anfertigen* • FR *fabriquer, confectionner, produire* • EN *to make, to produce* • PT *fabricar, confeccionar, produzir* **Beispill** all eis Mëllechprodukter ginn zu Lëtzebuerg hiergestallt **Synonymmen** maachen, produzéieren

Hiert [hi:ɣt] Maskulinum (Pluriel Hiertten) DE *Hirte* • FR *berger* • EN *shepherd* • PT *pastor* [guardador de rebanho] **Beispill** all Mueren dreift den Hiert seng Schof op d'Weed

W Weiblech Form: ↗Hiertin

hiert [hi:ɣt] Possessivpronomen » 3. Persoun Singulier / weiblich / Nominativ • Singulier / sächlech 1. DE *ihr, ihres, das ihre* • FR *son, sa, le sien, la sienne* • EN *her, hers* • PT *seu, sua* **Beispiller** hiert Liewe war eng eenzeg Plo; géff Uecht, dat ass net däi Glas, mee hiert! » 3. Persoun Singulier / weiblich / Akkusativ • Singulier / sächlech 2. DE *ihr, ihres, das ihre* • FR *son, sa,*

le sien, la sienne • EN *her, hers* • PT *seu, sua* **Beispiller** si huet hiert Meedchen an en Internat gedoen; op hiert Wuert kann een sech verloossen!; ech hu mäi Liewen, meng Fra huet hiert! » 3. Persoun Pluriel / Nominativ • Singulier / sächlech 3. DE *ihr, ihres, das ihre* • FR *leur, le leur, la leur* • EN *their, theirs* • PT *seu, sua* **Beispiller** schonn eleng hiert Behuele weist, datt se sech eppes virzweifen hunn; äert Behuele war gradesou deplacéiert ewéi hiert » 3. Persoun Pluriel / Akkusativ • Singulier / sächlech 4. DE *ihr, ihres, das ihre* • FR *leur, le leur, la leur* • EN *their, theirs* • PT *seu, sua* **Beispiller** meng Elteren zillen hiert Geméis selwer; ech ginn all Dag laansch hiert Haus; mir hu si net op eist Fest agelueden, well si haten eis och net op hiert invitéiert; d'lescht Joer huet een eist Weekendhaischen ugestach an dëst Joer een hiert

Hiertchen [h'i:ɣtçən] Femininum (Pluriel Hiertcher) DE *Tortenrost, Kuchengitter* • FR *grille à pâtisserie* • EN *cooling rack* • PT *rede* (para bolos), *grelha* (para bolos) **Beispill** déi d'Taart op eng Hiertchen, wann s de se aus dem Schäffchen hëls!

Hiertin [h'i:ɣtin] Femininum (Pluriel Hiertinnen) DE *Hirtin* • FR *bergère* • EN *shepherdess* • PT *pastora* [guardadora de rebanho] **Beispill** d'Hiertin huet hir Schof de Moien op eng aner Wiss gedriwwen

M Männlech Form: ↗Hiert

Hiertskraitchen Neutrum (kee Pluriel) DE (Gewöhnliche(s)) *Hirtentäschel, Hirtentäschelkraut* • FR *bourse-à-pasteur* • EN *shepherd's purse* • PT *bolsa-de-pastor, erva-do-bom-pastor* **Beispill** d'Hiertskraitchen ass eng Heelplanz, déi schonn am Mëttelalter an der Medezin agesat gouf **Synonymmen** Beidelschneider, Täschekraitchen

Hierzenhaff [hi:ɣtsənh'af] Eegennumm DE *Hirtzenhof* • FR *Hirtzenhof* • EN *Hirtzenhof* • PT *Hirtzenhof* **Beispiller** ech wunnen um Hierzenhaff; fiert dëse Bus op den Hierzenhaff?

Hieschen [h'i:əsçən] Maskulinum (Pluriel Hiesercher) - Diminutivform vun ↗Hues

Hieselmaus [h'i:əsəlma:ʊs] Femininum (Pluriel Hieselmais) *Muscardinus avellanarius* DE *Haselmaus* • FR *muscardin* • EN *common dormouse* • PT *arganaz-castanho* **Beispill** d'Hieselmaus ass eigentlech keng Maus, mee gehéiert zur selwechter Famill ewéi de Siweschléifer

Hieselnoss [h'i:əsəlno:s] Femininum (Pluriel Hieselnëss) DE *Haselnuss* • FR *noisette* • EN *hazelnut* • PT *avelã* **Beispiller** d'Kaweechelche knabbert un enger Hieselnoss; et gouf dëst Joer net vill Hieselnëss

Hieselter [h'i:əsəlte] Maskulinum (Pluriel Hieselter) DE *Haselnussstrauch* • FR *noisetier, coudrier* • EN *hazel, hazelnut* [tree] • PT *aveleira* **Beispiller** mir hunn en décken Hieselter am Gaart stoen; hei vir am Bësch stinn elauter Hieselter

Hiestgriechter Haff [h'i:əstɣri:ɛtç'h'af] Eegennumm DE *Hiestgriechterhof* • FR *Hiestgriechterhof* • EN *Hiestgriechterhof* • PT *Hiestgriechterhof* **Beispiller** ech wunnen um Hiestgriechter Haff; fiert dëse Bus op den Hiestgriechter Haff?

Hiewamm [h'iəvəm] Femininum (Pluriel Hiewammen) - Variant vun **➤Hiewan**

Hiewan [h'iəva:n] Femininum (Pluriel Hiewanen) **DE** Hebamme • **FR** sage-femme • **EN** midwife • **PT** parteira **Beispill** d'Hiewan huet der Mamm hire Bëbee an d'Äerm geluecht

Hiewan [h'iəvən] Femininum (Pluriel Hiewannen) - Variant vun **➤Hiewan**

Hiewel [h'iəvəl] Maskulinum (Pluriel Hiewelen) **DE** Hebel • **FR** levier • **EN** lever • **PT** alavanca **Beispiller** fir d'Terrassendier opzemaachen, muss de den Hiewel no ënnen drécken; wa mer d'Clientë wëlle besser erreechen, muss mer den Hiewel bei der Publicitéit einsetzen **[ëgs]** [wa mer d'Clientë wëlle besser erreechen, muss mer eppes bei der Publicitéit ënnerhuelen]

Hiewelchen [h'iəvəlçən] Maskulinum (Pluriel Hiewelcher) - Diminutivform vun **➤Hiewel**

hiewen [h'iəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehuewen) » **transitiv 1. DE** heben, hochheben • **FR** lever, soulever • **EN** to lift • **PT** levantar, erguer **Beispiller** déi schwéier Bléck goufe mam Kran op de Camion gehuewen; ech hunn de Réck wéi, well ech schwéier Késchte gehuewen hunn; hien huet sech e Broch gehuewen [hien huet beim Hiewen e Broch kritt]; ech kann hie weeder hiewen nach droen **[ëgs]** [ech kann hie guer net ausstoen] **2. DE** heben leinen Körperteil • **FR** lever [une partie du corps] • **EN** to put up, to lift, to raise [a part of the body] • **PT** levantar [uma parte do corpo] **Beispiller** wien derfir ass, soll d'Hand hiewen!; hief d'Féiss (an d'Luucht), hei sinn héich Träppleken!; hien huet de Kapp emol net gehuewen, wéi ech erakomm sinn **3. DE** heben, erheben [auf ein höheres Niveau] • **FR** relever, augmenter • **EN** to raise [to a higher level] • **PT** levantar, subir, aumentar **Beispiller** den Niveau vum Waasser an der Schleis ass em zwee Meter gehuewe ginn; fir meng Moyenne ze hiewen, muss ech méi béchsen **4. hiewen** ënner **DE** unterheben, behutsam unterführen • **FR** incorporer délicatement à • **EN** to fold in • **PT** incorporar delicadamente em **Beispill** du muss de Schnéi ënner den Deeg hiewen » **intransitiv 5. DE** abheben [beim Kartenspiel] • **FR** couper [au jeu de cartes] • **EN** to cut [a pack of cards] • **PT** partir [no jogo das cartas] **Beispill** u wíem ass et fir ze hiewen? » **intransitiv - onperséinlech 6. DE** übel werden • **FR** donner envie de vomir à, donner la nausée à • **EN** to make one feel sick • **PT** dar vontade de vomitar a, causar náuseas a **Beispiller** et hieft mer, wann ech un dat fetlegt Iesse vun de Mëtteg denken; hieft et dir och, wann s de dee gesäis? » **reflexiv 7. DE** aufstehen, sich erheben • **FR** se lever [se mettre debout] • **EN** to rise, to stand • **PT** levantar-se [pôr-se de pé] **Beispiller** wéi de Riichter erakoum, hunn d'Leit sech all gehuewen; elo hiewe mer eis geschwënn **[ëgs]** [elo gi mer geschwënn heem] **Synonym** opstoen **8. DE** sich heben [sich nach oben bewegen] • **FR** se lever, s'élever, se soulever [se déplacer vers le haut] • **EN** to lift, to rise • **PT** levantar-se, elevar-se [deslocar-se para cima] **Beispiller** den Niwwel huet sech am Laf vum Muere gehuewen; de Loftballon hieft sech lues iwuer d'Diech; duerch d'Hëtzt hunn d'Plättercher um Trottoir sech gehuewen

1 Verben, déi **hiewen** als Basis hunn: **➤**aushiewen, **➤**ervirhiewen, **➤**ophiewen an **➤**unhiewen

hifälleg [h'ifæləç] Adjektiv **DE** hinfällig [gegenstandslos, überflüssig] • **FR** caduc, dépassé, superflu • **EN** invalid, superfluous • **PT** caduco, ultrapassado, superfluo **Beispiller** deng Argumenter sinn heimat hifälleg; mam Computer goufe vill Aarbechtsplazen hifälleg

hiféieren [h'ifɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hige fouert) » **transitiv DE** hinfahren • **FR** conduire, amener [conducteur, véhicule] • **EN** to drive, to take • **PT** conduzir, levar [conductor, veículo] **Beispill** wou soll ech meng futtis Wäschmaschinn hiféieren?

hiféieren [h'ifɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hige féiert / hige fouert) » **intransitiv DE** hinführen [Weg, Straße] • **FR** mener, conduire [chemin, route] • **EN** to go, to lead [path, road] • **PT** conduzir, levar [caminho, estrada] **Beispiller** weess de, wou déi Strooss hiféiert?; wie weess, wou déi Affär hiféiert? [wie weess, wat d'Konsequenze vun där Affär sinn?] **Synonym** higoen

hifueren [h'ifu:ɛɾən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé hige fuer) » **intransitiv DE** hinfahren • **FR** aller, se rendre [conducteur, véhicule] • **EN** to drive [to a place] • **PT** ir, dirigir-se [conductor, veículo] **Beispiller** wou fiert den Noper esou spéit nach hin?; kuck emol, wou déi rout Camionnette hiefert!

higehéieren [h'igəhɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hige héiert) » **intransitiv DE** hingehören • **FR** se ranger [avoir sa place] • **EN** to belong, to go [to be kept] • **PT** colocar-se, pertencer [em determinado lugar] **Beispill** wou gehéieren d'Tasen hin?

Highlight [h'aɪlaɪt] Maskulinum (Pluriel Highlighten / Highlights)

1 Hei entsteeft en neien Artikel.

High Society [h'aɪsɔs'aɪətɪ] Femininum (kee Pluriel)

1 Hei entsteeft en neien Artikel.

higinn Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé higin)

1 Hei entsteeft en neien Artikel.

higoen [h'igo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé higaangen / higaang) » **intransitiv 1. DE** hingehen [an einen bestimmten Ort] • **FR** aller [à un certain endroit] • **EN** to go [to a certain place] • **PT** ir [deslocar-se] **Beispiller** ech hu mech verlaft a weess net, wou ech soll higoen; mat dir kann een néierens higoen! **[ëgs]** [mat dir kann een net ënner d'Leit goen!]; wéinst dem Kaméidi an der Strooss si mer higaangen, an hunn eist Haus verkaaft [de Kaméidi an der Strooss huet eis derzou beweegt, eist Haus ze verkafen] **2. DE** hinführen [Weg, Straße] • **FR** mener, conduire [chemin, route] • **EN** to go, to lead [path, road] • **PT** levar, conduzir [caminho, estrada] **Beispiller** komm, mir gi kucken, wou dee Wee higeet!; wou geet dat nach hin? **[ëgs]** [wat fir eng Konsequenze soll dat nach hunn?] **Synonym** hiféieren

hikommen [h'ikomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé hikomm) » **intransitiv 1. DE** hinkommen [gebaut werden, angelegt werden] • **FR** être aménagé • **EN** to be located [in the future] • **PT** ser criado, ser instalado

Beispill anscheinend soll hei en Naturpark hikommen
2. DE *hinkommen* [hingetan werden] • **FR** *être mis, être placé* • **EN** *to go* [to have to be put] • **PT** *ser colocado, ser posto* **Beispill** de Mëtteg gëtt de Sand geliiwert, wou soll dee genee hikommen?

hikréien [h'ikrɛiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hikritt) » **transitiv** [ɛgs] **DE** *hinkriegen, fertigkriegen* • **FR** *réussir* [mener à bien], *être en mesure de faire* • **EN** *to manage* [to succeed in doing] • **PT** *conseguir* (fazer) [levar a cabo], *ser capaz de fazer* **Beispiller** ouni deng Hëllef kréien ech dat doten nimools hin!; ech hunn déi selwecht Recette, kréien de Kuch awer ni esou hi wéi meng Mamm **Synonym** fäerdegréngen

hikucken [h'ikukən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé higekuckt) » **intransitiv** **DE** *hinsehen* • **FR** *regarder* [fixer son regard] • **EN** *to look* (at) • **PT** *olhar* (para) [fixar o olhar] **Beispill** du kanns ju anzwousch anescht hikucken, wann der meng Coiffure net gefält!

him [him] Personalpronomen » **3. Persoun Singulier / männlech / Dativ** **1. DE** *ihm* • **FR** *lui, à lui* • **EN** *him, to him* • **PT** *lhe, ele, a ele* **Beispiller** vergiess net, him Bescheed ze soen!; ech hu kengem dat verroden, nëmmen him » **3. Persoun Singulier / weiblech Ëmgangsform / sächlech / Dativ** **2. DE** *ihr* • **FR** *lui, elle, à elle* • **EN** *her, to her* • **PT** *lhe, ela, a ela* **Beispiller** huel him e schéine Bonjour mat, ech hunn hatt scho laang net méi gesinn!; ech war mat him an de Guiden; mir géing dee Bikini passen, him awer guer net » **3. Persoun Singulier / sächlech / Dativ** **3. DE** *ihm* • **FR** *lui, elle, à lui, à elle* • **EN** *him, her, to him, to her* • **PT** *lhe, ele, ela, a ele, a ela* **Beispiller** d'Kand fänkt un ze kräischen, géff him d'Spillsaach dach erëm!; wann dat klengt Kand net esou gekrasch hätt, wiere seng Elteren net mat him bei den Dokter gaangen; d'Chrëschtikëndchen huet him eleng e Kran bruecht; de Kleeschen huet him eleng eng Popp bruecht

Himatch Maskulinum (Pluriel Himatcher) **DE** *Hinspiel* • **FR** *match aller* • **EN** *away game* • **PT** *jogo fora de casa* [encontro desportivo] **Beispill** eis Nationalekipp huet hiren Himatch haushéich gewonnen **Synonymmen** Allersmatch, Hispill

Himmel [h'iməl] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Himmel* [Firmament] • **FR** *ciel* [firmament] • **EN** *sky* • **PT** *céu* [firmamento] **Beispiller** wat ass den Himmel haut esou schéi blo!; den Himmel zitt sech zou; de Concert ass ënner fräiem Himmel [de Concert ass dobaussen]; et ass nach kee Meeschter vum Himmel gefall [ɛgs] [et muss ee laang léieren, ier een eppes gutt kann]; si hunn Himmel an Äerd beweegt, fir déi Bauplaz ze kréien [ɛgs] [si hunn alles gemaach, fir déi Bauplaz ze kréien]; d'Beem wuessen net an den Himmel! [ɛgs] [all Entwécklung stéisst iergendwann un hir Grenzen] **2.** (kee Pluriel) **DE** *Himmel* [Himmelreich] • **FR** *ciel* [royaume des cieux] • **EN** *heaven* [kingdom of God] • **PT** *Céu* [reino dos Céus] **Beispiller** dai Wëlle soll geschéien, ewéi am Himmel, esou op der Äerd; du kénnst nach riicht an den Himmel! [ɛgs] [du bass ganz naiv]; ech sinn am siwenten Himmel! [ɛgs] [ech sinn iwweglécklech] **3.** (Pluriel Himmelen) **DE** *Himmel*, Baldachin • **FR** *baldaquin* • **EN** *baldachin* • **PT** *baldaquino* **Beispill** d'Pompjeeën droen an der Pressessioun den Himmel

himmelblo [himəlblo:] Adjektiv **DE** *himmelblau, azurblau* • **FR** *bleu ciel* • **EN** *sky blue* • **PT** *azul-celeste* **Beispill** déi Blus passt gutt bei deng himmelblo Aen

himmelen [h'imələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehimmelt) » **transitiv** [ɛgs] **DE** *kaputtmachen, ruinieren* • **FR** *ruiner, bousiller* • **EN** *to bust* [to break] • **PT** *estragar, lixar* **Beispiller** d'Kanner haten hiert neit Spillgezei schonn no fënnef Minutte gehimmelt; ech war mat menger Auer schwammen an elo ass se gehimmelt

i Verb, dat **himmelen** als Basis huet: ↗unhimmelen

Himmelfaart [h'iməlfɑ:rt] Femininum (Pluriel Himmelfaarten) **1. DE** *Himmelfahrt* • **FR** *montée aux cieux* • **EN** *ascension* [to heaven] • **PT** *subida ao Céu* **Beispiller** verschidde Plazen erënneren um Elias seng Himmelfaart; et ass eng Himmelfaart, fir bei si op Besuch ze goen [ɛgs] [et ass eng laang a beschwéiert Faart, fir bei si op Besuch ze goen] **2. Christi Himmelfaart** **DE** *Christi Himmelfahrt* • **FR** *Ascension* • **EN** *Ascension* (Day) • **PT** *Ascensão* **Beispill** Christi Himmelfaart fällt ëmmer op en Donneschdeg **3. Maria Himmelfaart** **DE** *Mariä Himmelfahrt* • **FR** *Assomption* • **EN** *Assumption* (of the Virgin) • **PT** *Assunção* **Beispill** de 15. August feieren d'Katholice Maria Himmelfaart **Synonym** Léiffrawëschdag

himmelliichten [h'iməli:çtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehimmelliicht) » **intransitiv** - **onperséinlech** **DE** *wetterleuchten* • **FR** *y avoir des éclairs de chaleur* • **EN** *there is sheet lightning* • **PT** *coriscar, relampejar* [ao longe] **Beispill** et huet um Horizont gehimmelliicht

himmelnondidjö Interjektioun - Variant vun ↗nondidjö

himmelnondikass Interjektioun - Variant vun ↗nondikass

Himmelsdéierchen [h'iməlsdɛiɛçən] Neutrum (Pluriel Himmelsdéiercher) **DE** *Marienkäfer* • **FR** *coccinelle, bête à bon Dieu* • **EN** *ladybird* • **PT** *joaninha* **Beispill** kuck, du hues en Himmelsdéierchen um Aarm sätzen!

i Variant: Heemelsdéierchen

Himmelskierper [h'iməlski:çpɛ] Maskulinum (Pluriel Himmelskierper / Himmelskierperen) **DE** *Himmelskörper* • **FR** *corps céleste* • **EN** *celestial body, heavenly body* • **PT** *corpo celeste* **Beispill** jidder Planéit ass en Himmelskierper

Himmelsrichtung [h'iməlsriçtuŋ] Femininum (Pluriel Himmelsrichtungen) **DE** *Himmelsrichtung* • **FR** *point cardinal, direction* (géographique) • **EN** *cardinal point, direction* • **PT** *ponto cardeal, direção* (geográfica) **Beispill** fir d'Himmelsrichtungen ze bestëmmen, kann een sech un der Sonn orientéieren

Himmerchen [h'imɛçən] Maskulinum (Pluriel Himmercher) - Diminutivform vun ↗Hummer

himmlesch [h'imləʃ] Adjektiv **DE** *himmlisch* [wundervoll] • **FR** *divin, merveilleux* <Adverb divinement> • **EN** *heavenly, divine* [delightful] <Adverb divinely> • **PT** *celeste, divino* [maravilhoso] <Adverb divinamente> **Beispiller** et ass eng himmlesch Rou an de Bierger; menger Fra hir

Gromperekichelcher schmaachen himmlesch

hin Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

hin- Verbpartikel **DE** [*abtrennbares Erstglied eines Verbs*] • **FR** [*particule séparable d'un verbe*] • **EN** [*separable verb particle*] • **PT** [*partícula separável de um verbo*] **Beispiller** wou fiert den Noper esou spéit nach hin?; decidéier dech, du kanns d'Leit net esou hinhalen!; anscheinend soll hei en Naturpark hikommen

i Verben, déi **hin-** als Partikel hunn: *hiféieren*, *hiféieren*, *hifueren*, *higehéieren*, *higinn*, *higoen*, *hikommen*, *hikréien*, *hikucken*, *hindoen*, *hinhalen*, *hinzéien*, *hipassen*, *hiplénneren*, *hirichten*, *hischaffen*, *hiweisen*

i Bei dëser Verbpartikel gëllt d'n-Reegel: hinhalen, hi_goen

hin an hier Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

hin- an hierbeweegen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hin- an hierbeweegt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

hin- an hierféieren Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hin- an hiergeféiert / hin- an hiergefouert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

hin- an hierféieren Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hin- an hiergefouert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

hin- an hierféien ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé hin- an hiergefunn) ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hin- an hiergefunn)

i Hei entsteet en neien Artikel.

hin- an hierfueren Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé hin- an hiergefuer)

i Hei entsteet en neien Artikel.

hin- an hiergeheien Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hin- an hiergeheit / hin- an hiergehät)

i Hei entsteet en neien Artikel.

hin- an hiergerappt Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

hin- an hiergoen Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé hin- an hiergaangen / hin- an hiergaang)

i Hei entsteet en neien Artikel.

hin- an hierlafen Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé hin- an hiergelaft)

i Hei entsteet en neien Artikel.

hin- an hierschécken Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hin- an hiergeschéckt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

hin- an hiersprangen Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé hin- an hiergesprongen / hin- an hiergesprong)

i Hei entsteet en neien Artikel.

hin- an hiertransportéieren Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hin- an hiertransportéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

hin- an hierwanderen Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé hin- an hiergewandert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Hindernis [h'indenis] Neutrum (Pluriel Hindernisser)

1. DE *Hindernis* [*Verkehrshindernis*] • **FR** *obstacle* (*à la circulation*) • **EN** *obstruction* [*on a road*] • **PT** *obstáculo* (*à circulação*) **Beispill** e blot Schëld mat engem wäisse Feil markéiert d'Richtung, wéi een en Hindernis muss ëmfueren **2. DE** *Hindernis* [*Schwierigkeit*] • **FR** *obstacle* [*difficulté*] • **EN** *obstacle* [*difficulty*] • **PT** *obstáculo* [*dificuldade*] **Beispill** d'Sprooch ass heiansdo en Hindernis, fir sech an enger Gesellschaft ze integréieren

i Variant: Hënnernes

hindoen [h'indo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé higeodoen) » **transitiv** **DE** *hintun* • **FR** *mettre, ranger, caser* • **EN** *to put down, to leave* • **PT** *pôr, arrumar, meter* **Beispiller** ech weess net méi, wou ech meng Auer higeodoen hunn; ech kennen hien, awer ech weess net, wou ech e soll hindoen ^[ëgs] lech kennen hien, awer ech weess net méi wouhier

Hindu [h'indu:] Maskulinum (Pluriel Hindu / Hinduen) ^[Relioun] **DE** *Hindu* • **FR** *hindou, hindouiste* • **EN** *Hindu* • **PT** *hindu, hinduista* **Beispill** an engem Virtrag huet en Hindu eis d'Grondlage vu senger Relioun beschriwwen

i Weiblech Form: *h'indue*

Hindu [h'indu:] Femininum (Pluriel Hindu / Hinduen) ^[Relioun] **DE** *Hindu, Hindufräi* • **FR** *hindoue, hindouiste* • **EN** *Hindu* [*female*] • **PT** *hindu, hinduista* [*mulher*] **Beispill** meng Nopesch ass Hindu a kann dir gär eppes iwuer hir Relioun erzielen

i Männlech Form: *h'indu*

Hinduismus [hindu'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) ^[Relioun] **DE** *Hinduismus* • **FR** *hindouisme* • **EN** *Hinduism* • **PT** *hinduísmo* **Beispill** en indesche Reliounswëssenschaftler huet eis d'Grondlage vum Hinduismus erklärt

hinduistes [hindu'istəʃ] Adjektiv ^[Relioun] **DE** *hinduistisch* • **FR** *hindouiste, hindou* • **EN** *Hindu* • **PT** *hinduista* **Beispiller** beim Empfang op der Botschaft hu mir en hinduistesche Yogi virgestallt kritt; wärend eiser Vakanz ware mir eng ganz Rei hinduistesche Tempelen kucken

Hingerhaff [h'ingehaf] Eegennumm **DE** *Hingerhaff* • **FR** *Hingerhaff* • **EN** *Hingerhaff* • **PT** *Hingerhaff* **Beispiller** ech wunnen um Hingerhaff; fiert dëse Bus op den Hingerhaff?

hinhalen [h'inha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé higehalen / higehal) » **transitiv** **DE** *hinhalten* [*warten lassen*] • **FR** *faire attendre, tenir en haleine* • **EN** *to keep waiting, to keep in suspense* • **PT** *fazer esperar, manter na expectativa* **Beispiller** decidéier dech, du kanns d'Leit net esou hinhalen!; an deem Film gëtt ee bis zum Enn higehalen

Hinnchen [h'ɪŋçən] Maskulinum (Pluriel Hinnercher) - Diminutivform vun \nearrow Hunn

hinnen [h'ɪnən] Personalpronomen \gg 3. Persoun Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Dativ **DE** *ihnen* • **FR** *leur, eux, elles, à eux, à elles* • **EN** *them, to them* • **PT** *lhes, eles, elas, a eles, a elas* **Beispiller** ech hu mech missen iwwerwannen, fir **hinnen** d'Wouerecht ze soen; mir fuere virun **hinnen**, well mir kennen de Wee; d'Kanner sinn hongereg, ech maachen **hinnen** eng Schmier

Hinsicht [h'ɪnzɪçt] Femininum (Pluriel Hinsichten) - Variant vun \nearrow Hisiicht

hinzéien [h'ɪntsɛɪən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participle passé **higezunn**)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

hipassen [h'ɪpasən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participle passé **higeepasst**) \gg **intransitiv** **DE** *hinpassen* • **FR** *aller bien, être à sa place* • **EN** *to fit, to look good* • **PT** *ficar bem, estar no seu lugar* **Beispill** do **passt** dat Bild net hin!

Hiphop Maskulinum (kee Pluriel)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Hip-hop Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun \nearrow Hiphop

hiplënneren [h'ɪplənərən] \blacklozenge Verb (Hëllefverb **hunn**, Participle passé **higeplënnert**) \blacklozenge Verb (Hëllefverb **sinn**, Participle passé **higeplënnert**)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

hippen [h'ɪpən] \blacklozenge Verb (Hëllefverb **hunn**, Participle passé **gehippt**) \gg **intransitiv** **1. DE** *hinken* [gehbehindert sein] • **FR** *boiter* [être boiteux] • **EN** *to limp, to have a limp* • **PT** *manquejar, coxear* **Beispiller** hien **hippt** vu Gebuert un; dee Verglach **hippt** ^[egs] [dee Verglach passt net] \blacklozenge Verb (Hëllefverb **sinn**, Participle passé **gehippt**) \gg **intransitiv** **2. DE** *hinken* [humpeln] • **FR** *boiter* [se déplacer en boitant] • **EN** *to limp* [to walk with a limp] • **PT** *ir a manquejar, ir a coxear* **Beispill** hien **ass** mat senger bluddeger Zeif an d'Buedzëmmer **gehippt** **Synonym** humpelen

Honicht [h'o:nɪçt] Eegennumm **DE** *Honicht* • **FR** *Honicht* • **EN** *Honicht* • **PT** *Honicht* **Beispiller** ech wunnen op der **Honicht**; fiert dëse Bus op d'**Honicht**?

honnert [h'onet] Kardinalzuel **DE** *hundert* • **FR** *cent* • **EN** *hundred* • **PT** *cem* **Beispiller** **honnert** Pond maachen een **Zenner**; ech brauch en neit **Puer Schong**, ech hunn dat hei schonn **honnert** Joer [ëgs] [ech brauch en neit **Puer Schong**, ech hunn dat hei scho ganz laang] mat **Zifferen** 100

honnerttausend Kardinalzuel **DE** *hunderttausend* • **FR** *cent mille* • **PT** *cem mil* **Beispiller** de leschte **Mount goufe** bal **honnerttausend** **Ufrozen** iwwer eisen **Internet**site gemaach; d'**Vas** ass mer gefall an en **honnerttausend** **Stécker** gefuer [ëgs] [d'**Vas** ass mer gefall an a ganz vill **Stécker** gefuer] mat **Zifferen** 100000

Honnerten [h'onetən] Substantiv (kee Singulier) **DE** *Hunderte* • **FR** *centaines* • **EN** *hundreds* • **PT** *centenas*

Beispiller den **Owend** sinn **Honnerte** vun **Hoergänse** laanschtgeflunn; esoubal et eppes fir näischt gëtt, kommen d'**Clientë** mat den **Honnerten**; am **Summer** kommen d'**Touristen** all **Dag** zu den **Honnerten** an eis **Stad**

honnertlerlee [honedel'e:] Indefinitpronomen **DE** *hunderterlei* • **FR** *une certaine de* • **EN** *hundreds of* • **PT** *uma centena de* **Beispiller** eise **Gäertner** huet **honnertlerlee** verschidde **Rousestäck** a sengem **Sortiment**; ech hunn haut nach **honnertlerlee** **Saachen** ze erleedegen, ier **Feierowend** ass

honnertjäreg [h'onetjɛ:rɛɕ] Adjektiv **DE** *hundertjährig* • **FR** *centenaire* • **EN** *hundred-year-old* • **PT** *centenário* **Beispiller** nom **honnertjärege** **Kalenner** misste mer e waarmen **August** kréien; de **Kellermeeschter** huet duerch **Zoufall** an der **Reserv** en **honnertjärege** **Cognac** fonnt; d'**Direktioun** huet déi **Honnertjäreg** aus dem **Altersheem** op enger **klenger** **Feier** geéiert

Honnertjoerfeier [honetj'o:ɛfaɪɛ] Femininum (Pluriel **Honnertjoerfeieren**) **DE** *Hundertjahrfeier* • **FR** *(festivités du) centenaire [centième anniversaire]* • **EN** *centenary celebration* • **PT** *(festividades do) centenário* **Beispill** d'**Stad** hat fir hir **Honnertjoerfeier** e **flotten** **Ëmzuch** organiséiert

honnertmol [h'onetmo:] Adverb **DE** *hundertmal* • **FR** *cent fois* • **EN** *a hundred times* • **PT** *cem vezes* **Beispiller** ech hunn dat **Lidd** bestëmmt schonn **honnertmol** gelauschtert, mee ech ginn es einfach net **midd!**; ech hunn der dat schonn **honnertmol** erkläert! [ëgs] [ech hunn der dat scho ganz **dacks** erkläert]; ech verzeien der net, a wann s de dech **honnertmol** bei mer entschëllegs! [ëgs] [ech verzeien der net, egal, wéi **dacks** de dech bei mir entschëllegs] mat **Zifferen** 100-mol

honnertprozenteg Adjektiv **1.** **DE** *hundertprozentig [pur]* • **FR** *(à) cent pour cent [pur]* **Beispiller** kann een **honnertprozentegen** **Alkohol** huele fir ze **desinfizéieren**?; den **honnertprozentege** **Schockela** schmaacht deene **meeschte** **Leit** net, well keen **Zocker** dran ass **2.** **DE** *hundertprozentig [absolut]* • **FR** *(à) cent pour cent [absolu]* **Beispiller** eis **Ekip** huet verluer, well eise **Stiermer** zwou **honnertprozenteg** **Chancen** net **genotzt** huet; ech si mer nach net **honnertprozenteg** **sécher**, ob ech den **Owend** ka kommen

honnertst [h'onetst] Ordinalzuel **DE** *hundertste* • **FR** *centième* • **EN** *hundredth* • **PT** *centésimo* **Beispiller** fir den **honnertsten** **Anniversaire** vun eisem **Veräi** sinn eng **Rei** **Festivitéite** **virgesinn**; an eiser **Diskussioun** **goung** et vum **Honnertst** an d'**Dausendst** [ëgs] [am **Laf** vun eiser **Diskussioun** koumen allméglech verschidden **Theemaen** op] mat **Zifferen** 100.

Honnertstelsekonn [honetstɛlɛk'on] Femininum (Pluriel **Honnertstelsekonnen**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Honoraire [ɔnɔr'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel **Honorairen**) **DE** *Honorar* • **FR** *honoraires* • **EN** *fee* • **PT** *honorários* **Beispill** den **Dokteren** hir **Honorairë** si **gesetzlech** **gereegelt**

honoréieren [ɔnɔ:r'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé honoréiert) » **transitiv** DE *würdigen, anerkennen* • FR *reconnaître* [manifeste de la gratitude envers], *apprécier* (à sa juste valeur) • EN *to acknowledge, to appreciate* • PT *dar valor a, reconhecer* **Beispill** hien huet jorelaang fir de Veräi geschafft, mee seng Aarbecht gouf ni honoréiert

honzen [h'ɔntsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehonzt) » **intransitiv** [égs] DE *Zoten reißen* • FR *raconter des cochonneries* • EN *to tell dirty jokes* • PT *dizer obscenidades* **Beispill** d'Mamm verdréit einfach net, wann ee virun de Kanner honzt

hopp Interjektion 1. [égs] hopp (hopp) / (allez) hopp DE *hopp (hopp)* [verstärkt eine Aufforderung] • FR *allez hop* [renforce l'expression d'une incitation, d'un encouragement] • PT *anda, vá (lá), vamos (lá)* [para exprimir uma incitação, um encorajamento] **Beispiller** hopp, maach virun!; maach en Effort, allez hopp!; hopp hopp, soss verpasse mer den Zuch! **Synonymmen** da-jee, allez 2. [égs] DE *zack* • FR *hop* [renforce l'expression d'une action imminente, rapide] • PT *pumba, zás* [indica uma ação iminente, rápida] **Beispiller** ech hunn et esou gemaach, wéi s du mer et erkläert has, an hopp ass et gaangen!; elo geet et hopp an d'Bett!; hopp, fort war en! **Synonymmen** ruckzuck, zack 3. [égs] hopp hopp hopp DE *ach was* • FR *penses-tu, sans blague* • PT *qual quê, qual carapuça* **Beispill** hopp hopp hopp, dat do gleefs de jo selwer net! **Synonymmen** a wouhier, ma gewass

Variant: hépp

hoppelen [h'ɔpələn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gehoppelt) » **intransitiv** DE *hoppeln* • FR *avancer par petits bonds, avancer en sautillant* • EN *to hop* [to move by jumping forward] • PT *avançar aos saltinhos* **Beispill** eng brong Kanéngchen hoppelt iwwer d'Wiss

hopsen [h'ɔpsən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gehopst) » **intransitiv** [égs] DE *hopsen* • FR *sautiller* • EN *to jump around* • PT *saltar* **Beispiller** d'Kanner sinn am Krees gehopst an hu gesongen; et ass gehopst ewéi gesprongen (et kéint op dat selwecht eraus)

Hopsert [h'ɔpsət] Maskulinum (Pluriel Hopserten) [égs] DE *Hopsert* [kleiner Sprung] • FR *petit bond* • EN *little jump* • PT *pulo, saltinho* **Beispill** den Auto huet nach en Hopsert gemaach, an du blouf e stoen

Horaire [ɔr'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel Horairen) 1. DE *Zeitplan, Stundenplan* • FR *horaire* [emploi du temps] • EN *timetable* [in a school] • PT *horário* [agenda] **Beispill** eis Schoul huet en aneren Horaire kritt **Synonym** Stonneplang 2. DE *Fahrplan, Flugplan* • FR *horaire* [d'un moyen de transport] • EN *timetable, schedule* [for transport] • PT *horário* [de um meio de transporte] **Beispill** ech weess den Horaire vum Bus net auswenneg

Hörapparat [h'ø:rapara:t] Maskulinum (Pluriel Hörapparaten / Hörapparater) DE *Hörgerät* • FR *appareil acoustique* • EN *hearing aid* • PT *aparelho acústico* **Beispill** am Alter brauche vill Leit en Hörapparat

Horas [ho:r'a:s] Eegennumm DE *Horas* • FR *Horas* • EN *Horas* • PT *Horas* **Beispiller** ech wunnen op der Horas; fiert dëse Bus op d'Horas?

Hörbuch Neutrum (Pluriel Hörbücher) DE *Hörbuch, Audiobook* • FR *livre audio, audiolivre* • EN *audio book* • PT *audiolivro* **Beispill** ech lauschten am Auto gären englesch Hörbücher

Variant: Héierbuch

horeg [h'ɔ:rəç] Adjektiv DE *haarig* [behaart] • FR *poilu, velu* • EN *hairy* [covered with hair] • PT *cabeludo, peludo* **Beispill** hien huet horeg Been **Synonym** buuschteg

Hörer [h'ø:rɛ] Maskulinum (Pluriel Höreren) DE *Hörer* [beim Telefon] • FR *écouteur* [téléphonique] • EN *receiver* [telephone] • PT *auscultador* [do telefone] **Beispill** eisen Telefon ass net futti, mee den Hörer louch net richtig op

Horgershaff [h'ɔrgeshaf] Eegennumm DE *Horgershaff* • FR *Horgershaff* • EN *Horgershaff* • PT *Horgershaff* **Beispiller** ech wunnen um Horgershaff; fiert dëse Bus op den Horgershaff?

hörgeschädegt Adjektiv - Variant vun ↗héiergeschädegt

hörgeschiedegt Adjektiv - Variant vun ↗héiergeschiedegt

Horizont [h'ɔritsɔnt] Maskulinum 1. (Pluriel Horizonten) DE *Horizont* [Grenze zwischen Himmel und Erde] • FR *horizon* [séparation entre ciel et terre] • EN *horizon* [boundary at which earth and sky seem to meet] • PT *horizonte* [separação entre céu e terra] **Beispiller** ech hunn dem Schëff nogekuckt, bis et um Horizont verschwonne war; bei deem Moler fasziniere mech d'Horizonten ëmmer erëm 2. (kee Pluriel) DE *Horizont* [intellektuelle Reichweite] • FR *horizon* [portée intellectuelle] • EN *horizon* [intellectual range] • PT *horizonte* [alcance intelectual] **Beispill** déi Rees huet mäin Horizont erweidert

horizontal [horitsɔnt'a:l] Adjektiv DE *horizontal* • FR *horizontal* <Adverb à l'horizontale, horizontalement> • EN *horizontal* <Adverb horizontally> • PT *horizontal* <Adverb horizontalmente> **Beispiller** mol emol en horizontale Stréch un d'Mauer!; schneit de Kuch horizontal an zwou Hallschenten!

Hormon [hɔrm'o:n] Neutrum (Pluriel Hormonen / Hormoner) DE *Hormon* • FR *hormone* • EN *hormone* • PT *hormona* **Beispiller** well der Fra d'Hoer ausginn, muss se Hormonen huelen; mam Alter léisst d'Produktioun vu verschiddenen Hormonen am mënschleche Kierper dacks no

Hormonbehandlung [hɔrm'o:nbəhandlung] Femininum (Pluriel Hormonbehandlungen) DE *Hormonbehandlung* • FR *traitement hormonal* • EN *hormonal treatment* • PT *tratamento hormonal* **Beispill** eng Hormonbehandlung ass fir eng Koppel heiansdo déi eenzeg Manéier, fir op natierlech Wee e Kand ze kréien

hormonell [hɔrmɔn'æ:l] Adjektiv DE *hormonell* • FR *hormonal* • EN *hormonal* • PT *hormonal* **Beispiller** dëst Medikament huet eng hormonell Wierkung; der Patientin hir Problemer sinn hormonell bedéngt

Hormonproductioun Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Hormonproduktioun

Hormonproduktioun [hɔʁm'o:nprɔduksjəʊn] Femininum (kee Pluriel) DE *Hormonproduktion* • FR *production hormonale* • EN *hormone production* • PT *produção hormonal* **Beispill** an de Wiesseljore geet d'Hormonproduktioun an den Eeërstäck vun enger Fra abrupt erof

Hormonspigel [hɔʁm'o:nʃpizəl] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Hormonspiegel* • FR *taux d'hormones* • EN *hormone level* • PT *níveis hormonais* **Beispill** den Hormonspigel seet sécher aus, ob eng Fra schonn an de Wiesseljoren ass

Hornhautverkrümmung [hɔʁnhæ:ʊtfekr'yʊn] Femininum (Pluriel Hornhautverkrümmungen) DE *Hornhautverkrümmung* • FR *astigmatisme* • EN *astigmatism* • PT *astigmatismo* **Beispill** an de meeschte Fäll ass eng Hornhautverkrümmung ugebuer

Hornochs [hɔʁnoks] Maskulinum (Pluriel Hornochsen) ^[graf] DE *Hornochse* • FR *con, andouille* • EN *stupid idiot, blockhead* • PT *burro, imbecil* **Beispill** mat esou engem Hornochs ass net zesummeschaffen!

Horoskop [hɔrosk'o:p] Maskulinum (Pluriel Horoskoper) DE *Horoskop* • FR *horoscope* • EN *horoscope* • PT *horóscopo* **Beispill** meng Fra liest mir all Mueren mäin Horoskop vir

horrend [hɔr'ænt] Adjektiv DE *horrend* • FR *exorbitant, excessif* <Adverb *excessivement*> • EN *horrendous* <Adverb *horrendously*> • PT *exorbitante, excessivo* <Adverb *excessivamente*> **Beispiller** déi horrend Präisser ka sech kee méi leeschten; d'Epidemie huet sech horrend séier verbreet

Horror [h'ɔʁɔ:r] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Horror* • FR *horreur* • EN *horror* • PT *horror* **Beispill** deen Horror wéllt ech net nach eng Kéier erliewen!

Hörsturz [h'ø:ɣʃtʊrts] Maskulinum (Pluriel Hörstürzen) DE *Hörsturz* • FR *surdité brusque, perte soudaine de l'audition* • EN *(sudden) hearing loss* • PT *surdez repentina, perda súbita de audição* **Beispill** en Hörsturz kënnt meeschtens ouni Virwarnung oder Ursach vu baussen

Hosbich [h'o:sbiç] Eegennumm DE *Hosbich* • FR *Hosbich* • EN *Hosbich* • PT *Hosbich* **Beispiller** ech wunnen um Hosbich; fiert dese Bus op d'Hosbich?

Hospitalisatioun [hɔspitalizasi'ʊʊn] Femininum (Pluriel Hospitalisatiounen) DE *Hospitalisierung* • FR *hospitalisation* • EN *hospitalization* • PT *hospitalização* **Beispill** all Spidol kann nëmmen eng bestëmmten Zuel Hospitalisatiounen den Dag unhuelen

hospitaliséieren [hɔspitaliz'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé hospitaliséiert) » transitiv DE *ins Krankenhaus einliefern* • FR *hospitaliser* • EN *to hospitalize* • PT *hospitalizar* **Beispiller** mäi Papp gouf mam Verdacht op en Häerzinfarkt hospitaliséiert; no e puer Deeg mam Coronavirus huet d'Patientin keng Loft méi kritt a gouf hospitaliséiert

Hospiz [hɔsp'its] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Hospizer)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Hosseberg [h'osəbi:ɛç] Eegennumm DE *Hossenberg* • FR *Hossenberg* • EN *Hossenberg* • PT *Hossenberg* **Beispiller** ech wunnen um Hosseberg; fiert dese Bus op den Hosseberg?

Hostchen [h'ostçən] Femininum (Pluriel Hostercher) - Diminutivform vun **Hostie**

hosten [h'əʊstən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehost)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Hostie [h'ostjə] Femininum (Pluriel Hostien) DE *Hostie* • FR *hostie* • EN *Host* • PT *hóstia* **Beispill** de Paschtouer huet d'Hostien an d'Luucht gehalen

Hotel ['o:təl] Maskulinum (Pluriel Hotellen / Hoteller) **1.** DE *Hotel* [Betrieb] • FR *hôtel* [entreprise] • EN *hotel* [business] • PT *hotel* [estabelecimento] **Beispill** wéi vill Hotelle mat iwwer 100 Better gëtt et hei am Land? **2.** DE *Hotel* [Gebäude] • FR *hôtel* [bâtiment] • EN *hotel* [building] • PT *hotel* [edifício] **Beispill** wéinst engem Chantier konnt den Taxichauffer eis net virum Hotel erausloossen

Hotelier [o:t'æljɛ:] Maskulinum (Pluriel Hotelieren) DE *Hotelier* • FR *hôtelier* • EN *hotelier* • PT *hoteleiro* **Beispill** d'Hoteliere bereede sech elo schonn op déi nächst Touristesaison vir

I Weiblech Form: **Hotelière**

Hotelière [o:t'æljɛ:ʀ] Femininum (Pluriel Hoteliären) DE *Hotelierin* • FR *hôtelière* • EN *hotelier* [female] • PT *hoteleira* **Beispill** d'Hotelière wéllt hiren Hotel virum der Touristesaison renovéieren

I Männlech Form: **Hotelier**

Hotellerie [hotælar'i:] Femininum (kee Pluriel) DE *Hotelgewerbe* • FR *hôtellerie* • EN *hotel trade* • PT *hotalaria* **Beispill** an der Hotellerie gi vill Saisonsaarbechter beschäftegt

Hotelschoul ['o:tæljəʊl] Femininum (Pluriel Hotelschoulen) **1.** DE *Hotelfachschule* [Bildungseinrichtung] • FR *école hôtelière* [institution] • EN *hotel management school, catering school* [institution] • PT *escola de hotelaria* [instituição] **Beispiller** an der Hotelschoul léiert een, wéi een e Plat schéi presentéiert; gees du op d'Essen, dat d'Hotelschoul fir e gudden Zweck organiséiert? [gees du op d'Essen, dat d'Schüler an d'Léierpersonal aus der Hotelschoul fir e gudden Zweck organiséieren?] **2.** DE *Hotelfachschule* [Gebäude] • FR *école hôtelière* [bâtiment] • EN *hotel management school, catering school* [building] • PT *escola de hotelaria* [edifício] **Beispill** den Daach vun der Hotelschoul muss dréngend renovéiert ginn

Hotelskäschten ['o:tælskæʃtən] Substantiv (kee Singulier) DE *Hotelkosten* • FR *fraîs d'hôtel* • EN *hotel costs* • PT *despesas de hotel* **Beispill** meng Eltere bezuele mer de Fluchticket, d'Hotelskäschten iwwerhuelen ech selwer

Hotelszëmmer ['o:tælstzəmə] Neutrum (Pluriel Hotelszëmmer / Hotelszëmmeren) DE *Hotelzimmer* • FR *chambre d'hôtel* • EN *hotel room* • PT *quarto de hotel* **Beispill** wéinst der Foire waren an der ganzer Géigend keng Hotelszëmmere méi ze kréien

i Variant: Hotelzëmmer

Hotelzëmmer [ˈoːtælt͡səmə] Neutrum (Pluriel Hotelzëmmer / Hotelzëmmeren) - Variant vun ↗Hotelszëmmer

Hotline [h'otlɔɪn] Femininum (Pluriel Hotlinen) **DE** Hotline • **FR** hot-line • **EN** hotline • **PT** linha direta [para serviço de apoio] **Beispill** mir hunn eng Hotline, op där d'Leit sech kënnen iwwer d'Orthografie informéieren

Hotspot [h'ɔtspɔt] Maskulinum (Pluriel Hotspots / Hotspots) **1. DE** Hotspot [Zentrum, Brennpunkt] • **FR** foyer [épicerie] • **EN** hotspot [epicerie] • **PT** foco, hotspot **Beispiller** an Europa war Norditalien ee vun den éischten Hotspotte vun der Coronakris; de Quartier hanner där aler Gare ass zu engem Hotspot vum Drogenhandel **2. DE** Hotspot [Zugangspunkt zum Internet] • **FR** zone d'accès sans fil [à Internet] • **EN** hotspot [for internet access] • **PT** hotspot [ponto de acesso à Internet] **Beispill** am Ausland sichen d'Touristen dacks no engem Hotspot, wann se wëllen an den Internet goen

Hott [hot] Femininum (Pluriel Hotten) **DE** Abzugshaub • **FR** hotte (aspirante) • **EN** extractor hood • **PT** exaustor **Beispill** eis Hott zitt net méi richtig, de Filter wäert verstoppt sinn

hott an har [hodanh'a:r] Adverb **[ëgs]** **DE** kreuz und quer, bunt durcheinander • **FR** à hue et à dia, de-ci de-là, dans tous les sens, pêle-mêle • **EN** hither and thither, pell-mell, all over the place • **PT** aqui e ali, em todos os sentidos, à toa **Beispiller** d'Kanner sinn hott an har gelaf, fir déi verstoppte Kamellen ze fannen; nom Abroch louchen d'Dossieren hott an har

houbescht [həʊb'æft] Adjektiv **DE** allerfeinste • **FR** du dimanche, d'apparat • **EN** Sunday best • **PT** domingueiro, de aparato **Beispill** hien hat fir d'Receptioun säin houbeschte Kostüm ugedoen **Synonym** sonndes

houer [h'əʊe] Adjektiv **[graff]** **DE** verflucht [verflixt] • **FR** foutu, putain de • **EN** fucking • **PT** puta de, merda de **Beispiller** ech kréien deen houeren Tirang einfach net op!; wat hate mir do eng hou(er) Chance! [wat hate mir do vill Chance!]

Houer [h'əʊe] Femininum (Pluriel Houeren) **[graff]** **[pe-jorativ]** **DE** Nutte, Hure • **FR** pute • **EN** whore • **PT** puta **Beispill** an dëser Strooss gesäit een nuets d'Houeren op hir Clienté waarden

houeren [h'əʊəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehouert) » **intransitiv** **[vulgär]** **DE** huren • **FR** aller baiser à droite et à gauche • **EN** to go whoring • **PT** foder com qualquer um(a) **Beispill** dee kennt soss nâischt ewéi saufen an houeren

Houerepak Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Houf [həʊf] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Hornhaut [Schwiele] • **FR** callosité(s) • **EN** callus • **PT** calo(s) **Beispill** ech hunn Houf un de Foussuelen **2.** (Pluriel Houf) **DE** Huf • **FR** sabot [des animaux ongulés] • **EN** hoof • **PT** casco [dos animais unguados] **Beispiller** eist Pony huet e Rass an engem Houf; de Schmadd botzt de Päerd d'Houf

i Variant: Huff

Houfeisen [h'əʊvaɪzən] Neutrum (Pluriel Houfeisen) **DE** Hufeisen • **FR** fer à cheval • **EN** horseshoe • **PT** ferradura **Beispill** haut kréien eis Päerd nei Houfeisen

i Variant: Huffeisen

Houfelt [h'əʊfəlt] Eegennumm **DE** Hoffelt • **FR** Hoffelt • **EN** Hoffelt • **PT** Hoffelt **Beispiller** ech wunnen zu Houfelt; fiert dëse Bus op Houfelt?

houfereg [h'əʊfərəç] Adjektiv **1.** houfereg (op) **DE** stolz (auf) • **FR** fier (de) <Adverb fièrement> • **EN** proud (of) <Adverb proudly> • **PT** orgulhoso (de) <Adverb orgulhosamente> **Beispiller** déi houfereg Grousseltere weise jidderengem Fotoe vun hirem éischten Enkelchen; op der Diplomiwwerrechung huet ee gesinn, wéi houfereg d'Professorin op hir Schüler war; op déi Leeschtung brauchs de net houfereg ze sinn! [déi Leeschtung ass lamentabel] **Synonym** stolz (op) **2.** **[vereelzt]** **DE** adrett, schmuck • **FR** coquet [soucieux de sa personne, élégant] <Adverb coquettement> • **EN** stylish, modish <Adverb stylishly, modishly> • **PT** coquete, janota <Adverb elegantemente> **Beispiller** de Bauer hat zwee dichteger Jongen an zwee houfereger Meedercher; kuck, wéi ass eist Klengt esou houfereg gekleet! **3. DE** eitel [selbstgefällig] • **FR** vain [vaniteux] • **EN** vain, conceited • **PT** vaidoso [enfatuado] **Beispill** deen houferege Geck muss sech an all Stügel kucken!

Houfert [h'əʊfət] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** Stolz [Befriedigung] • **FR** fierté [satisfaction] • **EN** pride [satisfaction] • **PT** orgulho [satisfação] **Beispiller** voller Houfert huet d'Bomi de Frëndinnen hiren Enkel virgestallt; du bass mäi ganzen Houfert lech sinn op nâischt méi houfereg ewéi op dech! **Synonym** Stolz **2. DE** Gefallsucht, Koketterie • **FR** coquetterie [souci d'élégance, souci de plaire] • **EN** vanity, preoccupation with elegance • **PT** coquetismo **Beispiller** deem wäert den Houfert och nach vergoen; meng Tatta hänkt all hir Suen un den Houfert; Houfert leit Gewalt **[ëgs]** [wien houfereg ass, muss vill erdroe kënnen]

houfreg [h'əʊfrəç] Adjektiv - Variant vun ↗houfereg

Houfsmadd [h'əʊffmat] Maskulinum (Pluriel Houfsmadden) **DE** Hufschmied • **FR** maréchal-ferrant • **EN** blacksmith • **PT** ferrador **Beispill** den Houfsmadd ass bei de Päerd am Stall

i Variant: Huffsmadd

Houfsmatteschen Femininum (Pluriel Houfsmatteschen) - weiblech Form vun ↗Houfsmadd

i Variant: Huffsmatteschen

Houltz [həʊlt͡s] Eegennumm - Variant vun ↗Holz

Houmass [həʊm'as] Femininum (Pluriel Houmassen) **DE** Hochamt • **FR** grand-messe • **EN** High Mass • **PT** missa cantada **Beispiller** no der Houmass gi mir op de Stamminee; hie versteet esou vill dovun ewéi d'Kou vun der Houmass **[ëgs]** [hie versteet guer nâischt dovun]

Hourebud [h'əʊrəbu:t] Femininum (Pluriel Hourebuden) **[vulgär]** **DE** Puff [Bordell] • **FR** bordel [maison close] • **EN** brothel • **PT** bordel **Beispill** dat Haus war fréier eng Hourebud **Synonym** Bordell

Houreejēër [h'əʀrəjɛ:ɐ] Maskulinum (Pluriel Houreejēër) ^(vulgär) DE Hurenbock • FR baiseur • EN whoremonger • PT fornicador **Beispill** hien ass iwwehall als Houreejēër bekannt

Houschent [h'əʊfənt] Eegennumm DE Hoscheid • FR Hoscheid • EN Hoscheid • PT Hoscheid **Beispiller** ech wunnen zu Houschent; fiert dēse Bus op Houschent?

Houscht [həʊʃt] Maskulinum (kee Pluriel) 1. DE Husten • FR toux • EN cough • PT tosse **Beispiller** ech kann net mat an d'Schwämm goen, well ech den Houscht hunn; den Houscht gehéiert mat zu den heefege Symptomter vum Coronavirus 2. dréchenen Houscht DE trockener Husten, unproduktiver Husten • FR toux sèche • EN dry cough, hacking cough • PT tosse seca **Beispill** en dréchenen Houscht ass e Reizhouscht, bei deem kee Schläim gebilt gëtt 3. nervösen Houscht DE nervöser Husten, psychogener Husten • FR toux nerveuse • EN nervous cough • PT tosse nervosa **Beispill** en nervösen Houscht huet an der Reegel keng organesch Ursach 4. Bloen Houscht DE Keuchhusten • FR coqueluche [maladie] • EN pertussis, whooping cough • PT coqueluche [doença] **Beispill** géint de Bloen Houscht gëtt et eng Impfung **Synonym** Coqueluche

houschten [h'əʊʃtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehouscht) » **intransitiv** DE husten • FR tousser • EN to cough • PT tossir **Beispiller** wann ech muer nach ëmmer esou vill muss houschten, da ginn ech bei den Dokter; am Sall war d'Loft esou dréchen, datt ech net konnt ophale mat houschten

Houschter Déckt [h'əʊʃtəd'ekt] Eegennumm DE Hoscheiderdickt • FR Hoscheid-Dickt • EN Hoscheid-Dickt • PT Hoscheid-Dickt **Beispiller** ech wunnen op der Houschter Déckt; fiert dēse Bus op d'Houschter Déckt?

Houschter Haff [h'əʊʃteh'af] Eegennumm DE Hoscheiderhof • FR Hoscheidterhof • EN Hoscheidterhof • PT Hoscheidterhof **Beispiller** ech wunnen um Houschter Haff; fiert dēse Bus op den Houschter Haff?

Houschtsirop Maskulinum (Pluriel Houschtsiropen) DE Hustensirup, Hustensaft • FR sirop contre la toux • PT xarope para a tosse **Beispill** deen Houschtsirop schmaacht gradesou eekeleg wéi e richt!

Houschtzocker [h'əʊʃtsoke] Maskulinum (kee Pluriel) DE Kandiszucker • FR sucre candi • EN candy sugar • PT açúcar-cândi **Beispill** ech drénken den Téi am léifste mat Houschtzocker **Synonym** Kandiszocker

House Maskulinum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Houseker [h'əʊʃekɛ] Maskulinum (kee Pluriel) DE Knecht Ruprecht • FR père Fouettard • EN Bogeyman [Knecht Ruprecht, Saint Nicholas' helper] • PT ajudante do São Nicolau **Beispill** wann s de dech net schécks, da bréngt den Houseker der eng Rutt!

Housen [h'əʊzən] Eegennumm DE Hosingen • FR Hosingen • EN Hosingen • PT Hosingen **Beispiller** ech wunnen zu Housen; fiert dēse Bus op Housen?

Housener Barrière [h'əʊzənəb'arjɛ:R] Eegennumm DE Hosingen-Barrière • FR Hosingen-Barrière • EN

Hosingen-Barrière • PT Hosingen-Barrière **Beispiller** ech wunnen op der Housener Barrière; fiert dēse Bus op d'Housener Barrière?

Housse [hus] Femininum (Pluriel Houssen) 1. DE Bezug, Überzug, Schutzhülle • FR housse • EN cover [protection] • PT capa, fronha, cobertura [de proteção] **Beispiller** meng Mamm huet nei Houssé fir d'Kessen um Kanapee kaaft; eng Housse schützt de Smartphone, wann en op de Buedem fällt; mat där neier Housse kënnen d'Gaardemiwelen am Wanter dobausse stoe bleiwen 2. DE Sichtmappe, Sichthülle • FR chemise transparente [pour documents] • EN clear pocket, plastic sleeve • PT capa transparente [para documentos] **Beispill** ech hunn all d'Dokumente, déi ech muss mat op d'Gemeng huelen, an eng Housse gemaach **Synonym** Schmis

Houwald [h'əʊvəlt] Eegennumm DE Howald • FR Howald • EN Howald • PT Howald **Beispiller** ech wunnen um Houwald; fiert dēse Bus op den Houwald?

Huckecht [h'ukæçt] Femininum (Pluriel Huckechten) - Variant vun ^ɹHickecht

hucken [h'ukən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehuckt) » **intransitiv** DE hocken [sitzen] • FR se calfeutrer, rester (longtemps) assis [sans faire grand-chose] • EN to sit around, to hang around • PT ficar (longamente) sentado [sem fazer grande coisa] **Beispiller** eise Pätter huckt de ganzen Dag hannerem Uewen, d'Zeitong ze liesen; si hunn zesummen op enger Bänk gehuckt a sech stonnelaang Geschichte gezielt

I Variant: hocken

Huddel [h'udəl] Femininum (kee Pluriel) 1. ^{égs} DE Unordnung, Durcheinander, Kuddelmuddel • FR fouillis, désordre • EN muddle, mess • PT barafunda, desordem, confusão **Beispiller** wéi fënns du an där Huddel op dengem Schreifdësch nach eppes erëm?; et gouf e bëssen Huddel beim Verdeele vun den Ticketen; dat daacht der Huddel näischt! [dat daacht iwwehaapt näischt] **Synonym** Duercherneen 2. ^{égs} Huddel a Fatz DE zerfetzt, kurz und klein, komplett zerstört • FR déchi-queté, en pièces, en mille morceaux • EN torn to shreds, smashed to pieces • PT esfranghado, em pedaços, todo destruído **Beispiller** nodeem ech mam Vëlo op d'Sabbel gaang war, war meng Box Huddel a Fatz; nom Accident war säin neien Auto Huddel a Fatz; no der Party waren der e puer nees Huddel a Fatz [no der Party waren der e puer nees déck voll]

Huddel [h'udəl] Maskulinum (kee Pluriel) ^{vereeltz} ^{égs} DE Streit, Stress, Probleme • FR dispute, querelle, problèmes • EN dispute, row, problems • PT disputa, querela, problemas **Beispiller** wéinst Lännereien hunn déi zwou Famillje scho jorelaang Huddel mateneen; den Huddel mat eise Locatairen huet eis scho vill Nerve kascht

huddelen [h'udələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehuddelt) » **transitiv** 1. DE (zu sehr) hätscheln • FR (trop) cajoler [(trop) dorloter] • EN to cuddle (too much) • PT acariciar [demais], afagar [demais] **Beispill** déi zwou Bomien hunn dat Klengt gehuddelt, bis et ugefaangen huet mat kräischen **Synonymmen** tëlteren, triwwelen » **intransitiv** 2. DE pfuschen [bei der

Arbeit) • **FR** *bâcler le travail* • **EN** *to cut corners [to do sloppy work]* • **PT** *aldrabar o trabalho [trabalhar sem cuidado]* **Beispill** hätt den Usträicher net esou gehuddelt, misste mer elo net schonn erëm alles frëschmaachen! **Synonym** fuschen **3.** [ëgs] **DE** *mogeln, schummeln* • **FR** *tricher [au jeu]* • **EN** *to cheat [at a game]* • **PT** *fazer batota [no jogo]* **Beispill** pass op, mäi Monni ass een, dee beim Kaartespill huddelt a fuddelt! **Synonym** fuddelen

Hueflach [h'uaɛflaχ] **Eegennumm** **DE** *Hueflach* • **FR** *Hueflach* • **EN** *Hueflach* • **PT** *Hueflach* **Beispiller** ech wunnen am Hueflach; fiert dëse Bus an d'Hueflach?

huel [huɛl] **Adjektiv** **DE** *hohl [leer, ohne Inhalt]* • **FR** *creux [vide]* • **EN** *hollow* • **PT** *oco [vazio]* **Adverb** *a oco* **Beispiller** d'Kaweechelchen huet säin Nascht an engem huele Bam; wann d'Faass huel klängt, ass et eidel; hien huet en huele Réck [ëgs] [säi Réck ass no banne gekrëmmt]

Hueldauf [h'uaɛdaʊf] **Femininum** (Pluriel **Hueldauwen**) **Columba oenas** **DE** *Hohltaube* • **FR** *pigeon colombin* • **EN** *stock dove* • **PT** *pombo-bravo* **Beispill** wéi laang bréien d'Hueldauwen? **Synonym** Kleng Bëschdau

huelen [h'uaɛlən] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **geholl**) » **transitiv** **1.** **DE** *nehmen [greifen]* • **FR** *prendre [saisir]* • **EN** *to take [to grab, to grasp]* • **PT** *pegar em, tomar [agarrar]* **Beispiller** huel (der) e Stull, et sinn der genuch do!; de Papp huet de Bouf mat der Hand **geholl** **2.** **DE** *(auf die Welt) holen [ein Kind]* • **FR** *extraire, faire naître [à l'aide d'une intervention médicale]* • **EN** *to deliver [to assist in the birth of]* • **PT** *retirar, fazer nascer [por intervenção médica]* **Beispiller** Puppelcher, déi bei der Gebuert mat der Ventouse **geholl** ginn, hu meeschens fir eng Zäit de Kapp verformt; se hunn d'Kand missen **huelen**, well d'Plazenta sech geléist hat **3.** **DE** *nehmen, annehmen* • **FR** *prendre, accepter* • **EN** *to take [to accept]* • **PT** *tomar, aceitar* **Beispiller** de Garçon wollt d'Dränkeld net **huelen**; **huet** en déi Plaz **geholl** oder sicht en nach no enger besserer?; den Automat **huet** deen zerkniewwelte Parkticket net **geholl** **Synonym** unhuelen **4.** **DE** *nehmen [an eine bestimmte Stelle bringen]* • **FR** *mettre [en un certain endroit]* • **EN** *to place [in a certain position]* • **PT** *levar, pôr, colocar [em determinado lugar]* **Beispiller** de Bauer **huet** d'Béischte virum Wanter an de Stall **geholl**; an der Garage **hunn** se den Auto op de Bock **geholl** **5.** **DE** *nehmen, einnehmen [Arzneimittel]* • **FR** *prendre [des médicaments]* • **EN** *to take [medicine]* • **PT** *tomar [medicamentos]* **Beispill** hie muss all Muere Medikamenter **huelen** **Synonym** anhuelen **6.** **DE** *nehmen [benutzen, in Anspruch nehmen]* • **FR** *prendre [utiliser, recourir à]* • **EN** *to take [to use, to employ]* • **PT** *apanhar, utilizar, recorrer a* **Beispiller** mir **huelen** de Bus fir op Esch; am Krich gouf de Schiggeri als Ersatz fir de Kaffi **geholl**; déi geigneresch Partei **huet** en aneren Affekot **geholl** **7.** **DE** *treffen, ergreifen* • **FR** *prendre [adopter, mettre en place]* • **EN** *to take [measures]* • **PT** *tomar [adotar, levar a efeito]* **Beispiller** déi adequat Mesurë si **geholl** ginn, fir dat Schlëmmst ze verhënnere; hinne liichten d'Moosnamen, déi d'Verwaltung **geholl** **huet**, glät a guer net an **8.** **DE** *nehmen [sich entscheiden für, wählen]* • **FR** *prendre [se décider pour, choisir]* • **EN** *to take [to choose]* • **PT** *querer, escolher [decidir-se por]* **Beispiller** wat fir eng Tapéit **huet** der?;

wat **hëls** de als Dessert?; hien **huet** déi Fra just wéinst de Sue **geholl** [ëgs] [hien **huet** déi Fra just wéinst de Sue bestuet] **9.** **DE** *nehmen [überwinden]* • **FR** *prendre [franchir]* • **EN** *to take [to negotiate, to cope with]* • **PT** *transport [atravessar]* **Beispiller** déi Kéier kanns de net mat 80 **huelen**!; de Bouf **hëlt** dräi Träppleke mateneen; de Cyclist **huet** de Bierg mat Liichtgekeet **geholl** **10.** **DE** *nehmen [aufnehmen, deuten, betrachten]* • **FR** *prendre [considérer]* • **EN** *to take [to consider]* • **PT** *tomar, levar [considerar, interpretar]* **Beispiller** dat kann een **huelen**, wéi ee wëllt; du däärs déi Virwërf net eescht **huelen**! **11.** **DE** *nehmen [sich gönnen, sich einräumen]* • **FR** *prendre [s'offrir, s'accorder]* • **EN** *to take [a holiday, time]* • **PT** *gozar, levar [oferecer-se, conceder-se]* **Beispiller** ech **hunn** am Summer dräi Woche Congé **geholl**; fir déi Aarbecht muss mer eis e bëssen Zäit **huelen**; ech **huele** mer et haut gutt! [ëgs] [ech loosse mer et haut gutt goen] **12.** **DE** *nehmen [wegnehmen, stehlen]* • **FR** *prendre [voler]* • **EN** *to take [to steal]* • **PT** *levar [roubar]* **Beispiller** pass op, datt keen der däi Portmonni **hëtt**!; de Fuuss **huet** dem Bauer en Hong **geholl**; et **huet** ee mer d'Virfaart **geholl** [et **huet** ee mäi Recht op d'Virfaart net respektéiert] **13.** **DE** *nehmen [zulassen, einstellen]* • **FR** *prendre [ladmettre, embaucher]* • **EN** *to take [to admit, to employ]* • **PT** *aceitar [admitir, contratar]* **Beispiller** fir déi Sektoung **ginn** all Joer nëmmen 20 Kandidat **geholl**; mat sengen Diplomer **gëtt** Äre Jong dach op all Bank **geholl** **Synonym** unhuelen **14.** [ëgs] **DE** *einstecken [hinnehmen, ertragen]* • **FR** *encaisser, digérer [supporter]* • **EN** *to take [to endure]* • **PT** *engolir, digerir [suportar]* **Beispill** hien **huet** dee Schicksalsschlag nach gutt **geholl** **15.** [ëgs] een **huelen** / e Patt **huelen** **DE** *einen heben* • **FR** *boire un coup* • **EN** *to go for a drink* • **PT** *beber um copo* **Beispill** gees de no der Aarbecht mat een **huelen**? **Synonym** een duuschten, ee pouzen, ee sippen **16.** [ëgs] sech net **huele** loossen **DE** *sich nicht lumpen lassen* • **FR** *ne pas mégoter, ne pas faire son radin* • **EN** *to not be stingy* • **PT** *não ser forreta* **Beispill** hien **huet** sech net **huele** gelooss an zwou Turnéee ginn **Synonym** sech net lompe loossen **17.** [ëgs] sech (et) net **huele** loossen **DE** *(es) sich nicht nehmen lassen* • **FR** *profiter de l'occasion (de), ne pas laisser passer l'occasion (de)* • **EN** *to take the opportunity (to), to not miss the chance (to)* • **PT** *aproveitar a oportunidade (para), não deixar passar a oportunidade (de)* **Beispill** an der Versammlung **hunn** ech mer et net **huele** gelooss, d'Wuert ze froen

i Verben, déi **huelen** als Basis **hunn**: ↗anhuelen, ↗ausenanerhuelen, ↗ausernanerhuelen, ↗auserneenhuelen, ↗aushuelen, ↗bäihuelen, ↗deelhuelen, ↗duerchhuelen, ↗entgéinhuelen, ↗eranhuelen, ↗eraushuelen, ↗erbäihuelen, ↗erëmhuelen, ↗eriwuerhuelen, ↗erofhuelen, ↗erophuelen, ↗ewechhuelen, ↗festhuelen, ↗fräihuelen, ↗hierhuelen, ↗iwuelhuelen, ↗mathuelen, ↗nohuelen, ↗ofhuelen, ↗ophuelen, ↗queeschhuelen, ↗unhuelen, ↗virhuelen, ↗vunenanerhuelen, ↗vuneneenhuelen, ↗wuerhuelen, ↗zeréckhuelen, ↗zesummenhuelen an ↗zouhuelen

Huelmes [h'uaɛlməs] **Eegennumm** **DE** *Hollenfels* • **FR** *Hollenfels* • **EN** *Hollenfels* • **PT** *Hollenfels* **Beispiller** ech wunnen zu Huelmes; fiert dëse Bus op Huelmes?

Huelorgan [h'uaɛɔrga:n] **Neutrum** (Pluriel **Huelorganer**) **DE** *Hohlorgan* • **FR** *organe creux* • **EN** *hollow organ* • **PT** *órgão oco* **Beispill** wann ee Krämp **huet**, zitt sech dat **Huelorgan**, an deem een de Wéi spiert, zesummen

Huelraum [h'ʊəlræ:ʊm] Maskulinum (Pluriel Huelraim / Huelräim) **DE** *Hohlraum* • **FR** *creux, cavité* • **EN** *hollow space, cavity* • **PT** *espaço oco, cavidade* **Beispill** bei Aarbechte gouf en natierlechen Huelraum ënner dem Gebai fonnt

Huer [hu:ɔ] Maskulinum (Pluriel Hueren) **Accipiter gentilis** **DE** *Habicht* • **FR** *autour des palombes* • **EN** *north-ern goshawk* • **PT** *açor* **Beispill** wéi laang bréien d'Hueren? **Synonym** Héngerdéif

Huereil [h'u:ɔ̃ɑ̃] Femininum (Pluriel Huereilen) **Asio otus** **DE** *Waldohreule* • **FR** *hibou moyen-duc* • **EN** *long-eared owl* • **PT** *bufo-pequeno* **Beispill** wéi laang bréien d'Huereilen? **Synonym** Bëscheil

huerelen [h'u:ɔ̃rələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gehuerelt) » **intransitiv 1.** **DE** *heulen* [Tier] • **FR** *hurler* [animal] • **EN** *to howl* [animal] • **PT** *uivar* [animal] **Beispill** dän Hond huet déi ganz Nuecht gehuerelt **Synonym** haulen **2.** **DE** *heulen* [ein lang gezogenes Geräusch machen] • **FR** *hurler* [produire un son prolongé] **Beispiller** de Wand huerelt am Kamäin; de Motor huerelt, schalt e Gank erop! **Synonym** haulen **3.** [égs] **DE** *schreien, brüllen* [vor Schmerzen] • **FR** *brailler* [de douleur] **Beispill** wéi de Patient an d'Urgence koum, huet e gehuerelt vu Péng **Synonym** jäizen

Huergäns [h'u:ɔ̃gæns] Femininum (Pluriel Huergänsen / Huergäns) **Grus grus** - Variant vun ↗Hoergäns

huerteg [h'u:ɔ̃təɔ] Adverb **DE** *schnell, rasch* • **FR** *rapidement, vite* • **EN** *quickly* • **PT** *rapidamente, depressa* **Beispiller** si huet huerteg eng aner Ried ugefaangen; haut gëtt et huerteg däischter **Synonymmen** schnell, séier

Hues [huəs] Femininum (Pluriel Huesen) (meeschtens Pluriel) [vereezelt] **DE** *Strumpf, Socke* • **FR** *bas, chaussette* • **EN** *stocking, sock* • **PT** *meia, peúga* **Beispiller** hien huet éiweg Lächer an den Huesen!; hien ass um Dill, ier der Däiwel Schong an Huesen unhuet [égs] [hien ass mueresch ganz fréi aktiv]; den éischten Dag vum Examen hat ech scho Schong an Huese verluer [égs] [den éischten Dag vum Exame war ech schonn iwuerfuerdert] **Synonym** Strëmp

Hues [huəs] Maskulinum (Pluriel Huesen) **Lepus europaeus 1.** **DE** *Hase, Feldhase* • **FR** *lièvre, lièvre d'Europe* • **EN** *hare, brown hare* • **PT** *lebre, lebre-europeia* **Beispiller** jonk Huese sëtzen dacks oui hir Mamm an der Wiss a sollen net vum Mënsch ugepaakt ginn; dee ka lafen ewéi en Hues [égs] [Idee ka ganz séier lafen]; hien ass en alen Hues [égs] [hien huet vill Erfahrung]; ech weess, wéi den Hues leeft [égs] [ech weess, wéi een sech soll uleeën; ech weess, wéi déi Saache viruginn] **2.** [égs] (mäin) Hues **DE** (mein) *Hase, (mein) Schatz, (mein) Liebling* • **FR** (mon) *lapin, (mon) chéri, (ma) chérie* • **EN** (my) *darling, (my) sweetheart* • **PT** (meu) *amor, (meu) querido, (minha) querida* **Beispill** feelt der eppes, mäin Hues?

Hueschtert [h'ʊəftət] Eegennumm **DE** *Hostert* • **FR** *Hostert* • **EN** *Hostert* • **PT** *Hostert* **Beispiller** ech wunnen zu Hueschtert; fiert dëse Bus op Hueschtert am Éislek?

Hueschtert [h'ʊəftət] Eegennumm **DE** *Hostert* • **FR** *Hostert* • **EN** *Hostert* • **PT** *Hostert* **Beispiller** ech wunnen zu Hueschtert; fiert dëse Bus op Hueschtert bei Nidder-

aanwen?

Huesenziwwi [huəzənts'ivi:] Maskulinum (Pluriel Huesenziwwien) **DE** *Hasenragout, Hasenpfeffer* • **FR** *ci-vet de lièvre* • **EN** *jugged hare* • **PT** *quisado de lebre* **Beispill** gëschter hu mir en ausgezeechten Huesenziwwi giess

Huesi Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Schatz, Liebling* • **FR** *chéri(e)* [bien-aimé(e)] • **EN** *darling, love, sweetheart* • **PT** *querido, querida* **Beispill** Huesi, solle mer fir eisen Hochzäitsdag net e puer Deeg fortfuieren? **Synonymmen** Häerzi, Mausi, Stuppi

Huwel [h'ʊəvəl] Eegennumm **DE** *Howelingen* • **FR** *Hovelange* • **EN** *Hovelange* • **PT** *Hovelange* **Beispiller** ech wunnen zu Huwel; fiert dëse Bus op Huwel?

Huwer [h'ʊəvə] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Hafer* • **FR** *avoine* • **EN** *oats* • **PT** *aveia* **Beispiller** eis Huwer steet schéin; gëff de Pærd nach e weéneeg Huwer!

Huff [huf] Maskulinum (Pluriel Huff) - Variant vun ↗Houf

Huffeisen [h'ʊvɑizən] Neutrum (Pluriel Huffeisen) - Variant vun ↗Houfeisen

Huffschmadd [h'ʊfʃmɑt] Maskulinum (Pluriel Huffschmatten) - Variant vun ↗Houfschmadd

Huffschmattes Femininum (Pluriel Huffschmatteschen) - Variant vun ↗Houfschmattes

Huissier [u'ʃisje:] Maskulinum (Pluriel Huissieren) **1.** **DE** *Gerichtsvollzieher* • **FR** *huissier* (de justice) • **EN** *bailliff* • **PT** *oficial de justiça* **Beispill** op Uerder vum Geriicht huet den Huissier den Auto beschlagnaamt **Synonym** Dierwiechter **2.** **DE** *Amtsdiener* • **FR** *huissier* [préposé au service] • **EN** *clerk, official* • **PT** *continuo* [de ministério] **Beispill** ech schaffen als Huissier am Ausseministère

Huissière Femininum (Pluriel Huissières) - weiblech Form vun ↗Huissier

Huitième [u'ʃitjæm] Femininum (Pluriel Huitiëmen) **DE** [Definitiou] *achte Klasse im Luxemburger Schulsystem [technischer Sekundarunterricht bis 2018]* • **FR** [Definitiou] *huitième année d'études dans l'enseignement luxembourgeois [enseignement secondaire technique jusqu'en 2018]* • **EN** [Definitiou] *year eight of the school system in Luxembourg [technical secondary education until 2017-2018]* • **PT** [Definitiou] *oitavo ano de escolaridade no sistema de ensino luxemburguês [ensino secundário técnico até 2018]* **Beispiller** op Huitième hat ech e ganz engagéierten Däitschproff; bei eis am Lycée gouf et sechs Huitiëmen

Huldang [h'uldɑŋ] Eegennumm **DE** *Huldungen* • **FR** *Huldange* • **EN** *Huldange* • **PT** *Huldange* **Beispiller** ech wunnen zu Huldang; fiert dëse Bus op Huldang?

Huldanger Millen [h'uldɑŋem'ilən] Eegennumm **DE** *Huldange-Moulin* • **FR** *Huldange-Moulin* • **EN** *Huldange-Moulin* • **PT** *Huldange-Moulin* **Beispiller** ech wunnen op der Huldanger Millen; fiert dëse Bus op d'Huldanger Millen?

Humanismus [human'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Humanismus* • **FR** *humanisme* • **EN** *humanism* • **PT** *humanismo* **Beispill** d'Toleranz ass e Grondprinzip

vum Humanismus

Humanist [human'ist] Maskulinum (Pluriel Humanisten) **DE** *Humanist* • **FR** *humaniste* • **EN** *humanist* • **PT** *humanista* **Beispill** den Erasmus vu Rotterdam war e beidenden Humanist

i Weiblech Form: ♀Humanistin

humanistesch [human'istəʃ] Adjektiv **DE** *humanistisch* • **FR** *humaniste* • **EN** *humanist, humanistic* • **PT** *humanista* **Beispill** hie beschäftegt sech mat humanistescher Philosophie

Humanistin [human'istin] Femininum (Pluriel Humanistinnen) **DE** *Humanistin* • **FR** *humaniste [femme]* • **EN** *humanist [female]* • **PT** *humanista [mulher]* **Beispill** als Humanistin gleef si drun, datt all Mënsch soll selwer iwwer säi Liewe kënnen bestëmmen, ouni dobäi aneren ze schueden

i Männlech Form: ♂Humanist

humanitär [humanit'ɛ:R] Adjektiv **DE** *humanitär* • **FR** *humanitaire* • **EN** *humanitarian* • **PT** *humanitário* **Beispiller** d'Arméi gétt haaptsächlech fir humanitär Hëllef agesat; de Krich huet och am Nopeschland zu enger humanitärer Kris geféiert

Hummer [h'umɐ] Maskulinum (Pluriel Himmer / Hummeren) **DE** *Hammer* • **FR** *marteau* • **EN** *hammer* • **PT** *martelo* **Beispiller** schlo dech net mam Hummer op den Daum!; de Schmadd huet Zaangen an Himmer an alle Gréissten; ech hunn eng mam Hummer [égs] [ech hu keng Energie méi]; no der zéngter Drépp koum de Mann mam Hummer [égs] [no der zéngter Drépp ass hien entschlof]

hammeren [h'uməɾən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gehummert) » **intransitiv** **DE** *hämmern* • **FR** *donner des coups de marteau* • **EN** *to hammer* • **PT** *martelar* **Beispill** um Chantier gétt de ganzen Dag gehummert

Hummus Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ♀Humus

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Hummus / Humus

Humor [hum'o:R] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Humor* • **FR** *humour* • **EN** *humour* • **PT** *humor [graça]* **Beispiller** Leit mat vill Humor si mir sympathesch; de schwaarzen Humor a sengen Texter gefält mir besonnesch gutt

humoristesch [humo:r'istəʃ] Adjektiv **DE** *humoristisch* • **FR** *humoristique* • **EN** *humorous* • **PT** *humorístico* **Beispiller** den Auteur huet e puer vu sengen humoristeschen Texter zum Beschte ginn; viru Kuerzem koum eng humoristesche Zeitung eraus

humorvoll [hum'o:rʋɔl] Adjektiv **DE** *humorvoll* • **FR** *plein d'humour* • **EN** *humorous* • **PT** *cheio de humor* **Beispill** mat hiner humorvoller Ried huet d'Buergermeeschtesch fir eng gutt Stëmmung gesuert

humpelen [h'umpələn] Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé gehumpelt) » **intransitiv** **DE** *humpeln* • **FR** *boiter, clopiner* • **EN** *to limp* • **PT** *ir a manquejar, ir a coxe-ar* **Beispill** nom Match ass déi blesséiert Spillerin an de Vestiar gehumpelt **Synonym** hippen

Humpen [h'umpən] Maskulinum (Pluriel Humpen) **1. DE** *Glas Bier [vom Fass]* • **FR** *demi, bière pression* • **EN** *half-pint [draught beer]* • **PT** *caneca de cerveja, cerveja [de pressão]* **Beispill** bestell mir en Humpe mat, wannechgelift! **2. DE** *Bierglas* • **FR** *verre à bière* • **EN** *beer glass* • **PT** *caneca de cerveja [recipiente]* **Beispill** spill deen Humpen aus, en ass net propper!

Humus Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Humus* • **FR** *humus* • **PT** *húmus [matéria orgânica]* **Beispill** am Bësch ginn d'Blieder mat de Joren zu Humus

Humus Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Humus / Hummus

Hunchereng [h'uncəɾɛŋ] Eegennumm **DE** *Hüncheringen* • **FR** *Huncherange* • **EN** *Huncherange* • **PT** *Huncherange* **Beispiller** ech wunnen zu Hunchereng; fiert dëse Bus op Hunchereng?

Hung Neutrum (Pluriel Hinger) - Variant vun ♀Hong

hunn [hun] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gehat) » **transitiv** **1. DE** *haben, besitzen* • **FR** *avoir, posséder* • **EN** *to have [to own]* • **PT** *ter, possuir* **Beispiller** mäi Schwoer huet dräi Autoen, e fiert awer nëmmen mat engem; et muss ee vill Suen hunn, fir sech esou en Haus kënnen ze leeschten; meng Tatta huet eng heemlech Mouk; wie vill huet, ass vill gehäit!; gleef mer es, déi doten hunn et! [égs] [gleef mer es, déi doten hu vill Suen!]; wat wëlls de hunn! [égs] [dat ass eeben esou!]; ech si fortgerannt, wat gëss de, wat hues de! [égs] [ech si ganz séier fortgerannt] **2. DE** *haben [durch soziale Bindung]* • **FR** *avoir [par relation sociale]* • **EN** *to have [through a relationship]* • **PT** *ter [por vínculo social]* **Beispiller** fréier haten d'Leit gewéinlech méi Kanner ewéi haut; hien hat nach ni eng Frëndin; et ass gutt, Kolleegen ze hunn, op déi ee kann zielen **3. DE** *haben [verfügen über]* • **FR** *avoir [sous la main], disposer de* • **EN** *to have [at one's disposal]* • **PT** *ter (à mão), dispor de* **Beispiller** hues du e Fixspoun, fir d'Käerz unzefänken?; et ass ellen, wann een näischt méi z'iessen huet; eis Äerd huet keng onbegrenzt Ressourcen; mir hunn d'nächst Woch keng Zäit; weess du e Geschäft, dat nach Kenken huet? [weess du e Geschäft, an deem een nach Kenken ze kafe kritt?]; hien huet keng Gutt an der Kopp [égs] [hie sticht der stänneg!]; du hues se net méi all! [égs] [du bass verréckt!] **4. DE** *haben [eine Eigenschaft]* • **FR** *avoir [une caractéristique]* • **EN** *to have [a characteristic]* • **PT** *ter [uma característica]* **Beispiller** dat Kand huet e gudden Charakter; hien huet ze vill laang Been, fir sech an dee klengen Auto ze setzen; pass op, dat Medikament huet eng Rei Niewewierkungen!; hien huet nawell Geschéck am Émgang mat Kanner; hien huet iergendeppes (u sech), wat mir net geet!; hief e Bësse Gedold!; hien huet dat esou un sech [égs] [dat ass bei him eng Gewunnecht!]; dat huet näischt op sech [égs] [dat ass net relevant!]; dat huet munches fir sech [égs] [dat huet eng Rei Virdeeler!]; pass op, dee Wäin huet et an sech! [égs] [pass op, dee Wäin ass méi staark, wéi ee kéint mengen!] **5. DE** *haben [pflegen, unterhalten]* • **FR** *avoir [entretenir]* • **EN** *to have [to be in touch with, to be involved with]* • **PT** *ter [manter]* **Beispiller** hutt dir nach ëmmer Kontakt mat ärer Famill an

Ierzebulli [i:ɣtsəbuli:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Erbseneintopf, Erbsensuppe* • FR *soupe de pois cassés* • EN *split pea soup* • PT *sopa de ervilhas secas* **Beispill** am Wanter mécht meng Boma dacks Ierzebulli mat Mettwurscht

i Variant: Ierbessbulli

Ierzenzieler [i:ɣtsəntsɪələ] Maskulinum (Pluriel Ierzenzieler) - Variant vun ↗Ierbessenzieler

Ierzenzielerei [i:ɣtsəntsɪələr'aɪ] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Ierbessenzielerei

Ierzenzielert [i:ɣtsəntsɪələt] Maskulinum (Pluriel Ierzenzielerten) - Variant vun ↗Ierbessenzieler

Ierzenzopp [i:ɣtsənts'op] Femininum (Pluriel Ierzenzoppen) **Gastronomie** DE *Erbsensuppe* • FR *soupe de petits pois* • EN *pea soup* • PT *sopa de ervilhas* **Beispill** no der Wanderung krut jiddereen eng Ierzenzopp mat Mettwurscht opgedëscht

i Variant: Ierbessenzopp

Iesel ['i:əzəl] Maskulinum (Pluriel Ieselen) **1.** DE *Esel* [Tier] • FR *âne* [animal] • EN *donkey* [animal] • PT *burro* [animal] **Beispiller** den Iesel erkennt een u senge laangen Oueren; ech sinn net dän Iesel! **égs** [ech sinn net do, fir deng Aarbecht ze maachen!]; dee Kârel ass verhouert ewéi dem Jupp säin Iesel **graff** [Idee Kârel ass ganz verhouert!]; wann et dem Iesel ze wuel ass, da geet en op d'Äis danzen **égs** [wann et engem ze gutt geet, da gött ee muttwëlleg!]; e gudden Iesel stéisst sech nëmmen eemol **égs** [wann ee gescheit ass, da mécht een dee selwechte Feeler keng zweemol!]; du kanns den Iesel bei d'Waasser féieren, mee saufe muss e selwer! **égs** [⇒ seet een, wann ee sech net wëllt hëllef loossen] **2.** **égs** DE *Esel* [Dummkopf] • FR *imbécile* • EN *donkey*, ass [fool] • PT *burro*, *imbecil* **Beispill** du (dommen) Iesel!

Ieselchen ['i:əzəlçən] Maskulinum (Pluriel Ieselcher) - Diminutivform vun ↗Iesel

Ieselsbréck ['i:əzəlsbræk] Femininum (Pluriel Ieselsbrécken) DE *Eselsbrücke* • FR *astuce mnémotechnique* • EN *mnemonic* • PT *truque mnemotécnico* **Beispill** wann s de déi Formele schlecht verhëls, da schaff mat Ieselsbrécken!

Ieselsouer ['i:əzəlzøʊə] Maskulinum (Pluriel Ieselsoueren) DE *Eselsohr* • FR *corne* [d'une feuille de papier] • EN *dog-ear* • PT *dobra* [numa folha de papel] **Beispill** maach mer keng Ieselsoueren a mäin neit Buch!

ieselzeg ['i:əzətsəç] Adjektiv **égs** DE *eselig*, *töricht* • FR *sot* <Adverb sottement> • EN *stupid* <Adverb stupidly> • PT *burro*, *estúpido* <Adverb estupidamente> **Beispiller** dat do war eng ieselzeg Bemierkung; behuel dech net esou ieselzeg!

Ieselzegkeet ['i:əzətsəçke:t] Femininum (Pluriel Ieselzegkeeten) **égs** DE *Eselei*, *Unsinn* • FR *ânerie*, *connerie*, *idiotie* • EN *folly*, *idiocy*, *foolishness* • PT *burrice* *lasneiral* **Beispill** mat dengen Ieselzegkeeten hues de dech erëm eng Kéier déck blaméiert! **Synonymmen** Bauzegkeet, Kallefzegkeet, Rëndvéizegkeet

Iessdësch ['i:əsðəʃ] Maskulinum (Pluriel Iessdëscher) DE *Esstisch* • FR *table* [qui sert aux repas] • EN *dining table* • PT *mesa* (da sala de jantar), *mesa de refeição* **Beispill** mir hunn eisen Iessdësch vun engem Schräiner op d'Mooss maache gelooss

Iessen ['i:əsən] Neutrum **1.** (Pluriel Iessen) DE *Essen*, *Gericht* • FR *repas*, *plat* (préparé) • EN *meal*, *food* • PT *comida*, *refeição*, *prato* (preparado) **Beispiller** dir kënt iech usetzen, d'Esse steet um Dësch!; de Kanner huet d'Essen de Mëtteg net geschmaacht; déi dräi Iessen hunn zesummen 90 Euro kascht **2.** (Pluriel Iessen) DE *Essen* [Mahlzeit] • FR *repas* [temps du repas, l'heure du repas] • EN *meal* [lunch, dinner] • PT *refeição* [tempo da refeição, hora da refeição] **Beispiller** nom Esse si mir e groussen Tour trëppe gaangen; iwwerem Iesse schwätzt een net! **3.** (Pluriel Iessen) DE *Geschäftessen*, *Festessen* • FR *repas* (de fête), *diner* (de fête), *diner* (d'affaires) • EN (formal) *dinner*, *business dinner*, *business lunch* • PT *refeição* (festiva), *jantar* (festivo), *jantar* (de negócios) **Beispiller** meng Eltere ginn den Owend op e grousst Iesse bei hir Frënn; ech sinn och op d'Esse geruff; de Manager huet dës Woch zwee Iesse mat Clienten **4.** (kee Pluriel) DE *Ernährung* • FR *alimentation*, *nutrition* • EN *diet*, *nutrition* [eating habits] • PT *alimentação*, *nutrição* **Beispill** d'Regierung lancéiert eng Campagne fir méi e gesond Iessen

iessen ['i:əsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé giess) » **transitiv 1.** DE *essen* • FR *manger* • EN *to eat* • PT *comer* **Beispiller** mir iessen de Mëtteg Nuddelen; hues du eppes fir z'iessen derbäi?; déi Zopp ass net z'iessen! [déi Zopp ass net gutt!] » **intransitiv 2.** DE *essen* • FR *manger* • EN *to eat* • PT *comer* **Beispiller** ech hunn de Bauch wéi, well ech ze séier giess hunn; mir ginn den Owend (an de Restaurant) iessen; Iessen an Drénken hält Leif a Séil zesummen [Iessen an Drénken hält Kierper a Geescht gesond]

i Verben, déi **iessen** als Basis hunn: ↗wechiessen, ↗mattessen an ↗opiessen

Iessgeschier ['i:əsçəʃi:ç] Neutrum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Iessgewunnecht ['iəsgəvunəçt] Femininum (Pluriel Iessgewunnechten) (meeschstens Pluriel) DE Essgewohnheit • FR *habitude alimentaire* • EN *eating habits* • PT *hábito alimentar* **Beispill** an der Vakanz hu mir eis missen op friem Iessgewunnechten ëmstellen

Iessläffel ['iəslæfəl] Maskulinum 1. (Pluriel Iessläffelen) DE *Esstlöffel* [Besteckteil] • FR *cuillère à soupe* [couvert] • EN *soup spoon* • PT *colher de sopa* [peça de talher] **Beispill** d'Iessläffele komme riets niewent den Teller **Synonym** Zoppeläffel 2. (Pluriel Iessläffelen / Iessläffelen) DE *Esstlöffel* [Mengenangabe] • FR *cuillère à soupe* [contenu] • EN *tablespoon* [content] • PT *colher de sopa* [conteúdo] **Beispill** kuerz virum Zerweiere kann een d'Zooss mat engem Iessläffel Moschter verfeinere **Synonym** Zoppeläffel

Iesssall ['iəszal] Maskulinum (Pluriel Iesssäll) DE Speisesaal • FR *réfectoire, salle à manger* (commune) • EN *dining hall, dining room* • PT *refeitório, sala de refeições* (comum) **Beispill** den Iesssall vun eiser Kantin gött lues a lues ze kleng

Iessstéierung ['iəstʃtɛiəruŋ] Femininum (Pluriel Iessstéierungen) DE *Essstörung* • FR *trouble(s) du comportement alimentaire* • EN *eating disorder* • PT *problemas de comportamento alimentar* **Beispill** eng Iessstéierung ka bedeuten, datt de Patient ze vill oder net genuch Iessen zou sech hëlt

Iessverhalen Neutrum (Pluriel <seelen> Iessverhalen) DE *Essverhalten* • FR *comportement alimentaire* • PT *comportamento alimentar* **Beispill** Sport an e gesond Iessverhale solle géint héije Bluttdrock hëllefen

Iesswueren ['iəsvu:ɔ̯rən] Femininum (kee Singular) DE *Esswaren* • FR *denrées alimentaires* • EN *food, provisions* • PT *géneros alimentícios* **Beispiller** am Krich hunn d'Leit Iesswuere gehamstert; Iesswueren, déi am Vakuum verpaakt sinn, halen sech méi laang

Iesszëmmer ['iəstzəmə] Neutrum (Pluriel Iesszëmmer / Iesszëmmeren) DE *Esszimmer* • FR *salle à manger* • EN *dining room* • PT *sala de jantar* **Beispill** meng Eltere kafe sech gär en neien Dësch fir an d'Iesszëmmer

Iesszerwiss ['iəstzɛrvɪs] Maskulinum (Pluriel Iesszerwiss) DE *Tafelservice* • FR *service de table* [vaisselle] • EN *dinner service, table set* • PT *serviço de mesa, baixela* **Beispill** no zwanzeg Joer hu mir eis en neien Iesszerwiss gelescht **Synonym** Zerwiss

Iewerleng ['iəvələŋ] Eegennumm DE *Everlingen* • FR *Everlange* • EN *Everlange* • PT *Everlange* **Beispiller** ech wunnen zu Iewerleng; fiert dëse Bus op Iewerleng?

Iewerlenger Millen ['iəvələŋem'ilən] Eegennumm DE *Everlange-Moulin* • FR *Everlange-Moulin* • EN *Everlange-Moulin* • PT *Everlange-Moulin* **Beispiller** ech wunnen op der Iewerlenger Millen; fiert dëse Bus op d'Iewerlenger Millen?

iewesch ['iəvəft] Adjektiv 1. DE *obere, oberste* (loben befindlich) • FR *supérieur, d'en haut* • EN *upper, uppermost, top* (in a hierarchy) • PT *superior, de cima* **Beispiller** mäi Brudder huet mir déi iewesch Léps bluddeg geschloen; deng Schlëssele leien am ieweschten Tirang 2. DE *obere* (in einer Rangordnung) • FR *supérieur* [dans une hiérarchie] • EN *upper, upper-*

most, top (in a hierarchy) • PT *superior* [numa hierarquia] **Beispiller** an der ieweschter Karriär ass eng Plaz fräi; déi iewesch Schoukllassen hunn haut fräi

Iewesch Schlënner ['iəvəftʃl'əne] Eegennumm DE *Oberschlinder* • FR *Oberschlinder* • EN *Oberschlinder* • PT *Oberschlinder* **Beispiller** ech wunnen an der Iewesch Schlënner; fiert dëse Bus an d'Iewesch Schlënner?

Igel ['i:zəl] Maskulinum (Pluriel Igelen) Erinaceus europaeus DE *Igel, Braunbrüstigel* • FR *hérisson, hérisson d'Europe* • EN *hedgehog, western hedgehog* • PT *ouriço-cacheiro* **Beispill** den Igel däerf net mat Mëllech gefiddert ginn, well déi staarken Duerchfall bei em ausléist an zum Doud ka féieren **Synonymen** Kéiseker, Däreldeier

Iglu ['i:glu:] Maskulinum (Pluriel Igluen) DE *Iglu* • FR *igloo* • EN *igloo* • PT *iglu* **Beispill** ech géif esou gär eng Kéier an engem Iglu schlofen

Ignorant [iɲor'ant] Maskulinum (Pluriel Ignoranten) DE *Ignorant* • FR *ignorant, inculte* • EN *ignoramus* • PT *ignorante, inculto* **Beispill** mäin neien Assistent ass en Ignorant

Ignoranz [iɲor'ants] Femininum (kee Pluriel) DE *Ignoranz* • FR *ignorance* [manque de culture et d'information] • EN *ignorance* • PT *ignorância* [falta de cultura e de informação] **Beispill** déi Behauptung do ass en Zeeche vun Ignoranz

ignoréieren [iɲor'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ignoréiert) » **transitiv** DE *ignorieren* • FR *ignorer* [ne pas considérer] • EN *to ignore* • PT *ignorar* [não considerar] **Beispiller** de Chauffer huet d'Stoppschëld ignoréiert, an ass einfach weidergefuert; d'Politikerin huet d'Reporter mat hire Froen ignoréiert

Iischpelt ['i:ʃpəlt] Eegennumm - Variant vun ↗Eeschpelt

Ikon [ik'o:n] Femininum (Pluriel Ikonen) 1. DE *Ikone* [Heiligenbild] • FR *icône* [image sacrée] • EN *icon* [devotional image] • PT *ícone* [imagem sacra] **Beispill** an den orthodoxe Kierchen hänke wäertvoll Ikonen 2. DE *Ikone* [Kultfigur] • FR *icône* [personnage marquant] • EN *icon* [leading figure] • PT *ícone* [figura marcante] **Beispill** déi kierzlech verstuerwe Sängerin war eng Ikon vun der Popmusek 3. DE *Symbol, Icon* • FR *icône* [pictogramme en informatique] • EN *icon* [graphic symbol] • PT *ícone* [símbolo usado em informática] **Beispill** du muss zweemol op déi Ikon do klicken, fir dat Dokument opzemaachen

illegal ['i:lega:l] Adjektiv DE *illegal* • FR *illégal* <Adverb illégalement> • EN *illegal* <Adverb illegally> • PT *ilegal* <Adverb ilegalmente> **Beispiller** vun dësem Dokument existéieren illegal Kopien; hien hält sech illegal am Land op

Illegalitéit [ilegalit'ɛit] Femininum (kee Pluriel) DE *Illegalität* • FR *illégalité* • EN *illegality* • PT *ilegalidade* **Beispill** wann s de ouni Förserschäin Auto fiers, bass de an der Illegalitéit

illimitéiert [ilimit'ɛit] Adjektiv DE *unbegrenzt* • FR *illimité* <Adverb de façon illimitée> • EN *unlimited* <Adverb unlimitedly> • PT *ilimitado* <Adverb de forma ilimitada> **Beispiller** mir hu keng illimitéiert finanziell Mëttelen zur

Verfügung; fir zéng Euro kanns de hei illimitéiert telefonieren

Illusioun [iluzi'əʊn] Femininum (Pluriel Illusioune) **DE** *Illusion* [falsche Hoffnung] • **FR** *illusion* [faux espoir, chimère] • **EN** *illusion* [false hope] • **PT** *ilusão* [falsa esperança, quimera] **Beispiller** maach dir keng Illusioune!; et wier eng Illusioun ze gleewen, datt deen sech eng kéier ännert

illusoresch [iluz'o:rəʃ] Adjektiv **DE** *illusorisch* • **FR** *illusoire* • **EN** *illusionary* • **PT** *ilusório* **Beispill** et ass illusoresch ze gleewen, mir géife bis den Owend mat der Aarbecht fäerdeg ginn

Illustratioun [ilustrasi'əʊn] Femininum 1. (Pluriel Illustratioune) **DE** *Illustration* [Bild] • **FR** *illustration* [image] • **EN** *illustration* [picture] • **PT** *ilustração* [imagem] **Beispill** d'Illustratioune am Buch sinn all vun deem selwechte Kënschtler 2. (kee Pluriel) **DE** *Illustration* [Bebilderung] • **FR** *illustration* [ajout d'images] • **EN** *illustrations* [pictures accompanying a text] • **PT** *ilustração* [acrescento de imagens] **Beispill** d'Illustratioun vun der Broschür ass vun enger Agence gemaach ginn 3. (kee Pluriel) **DE** *Veranschaulichung* • **FR** *illustration* [par des exemples] • **EN** *illustration* [example] • **PT** *ilustração* [a partir de exemplos] **Beispill** als Illustratioun vu senger Theorie huet hien eis e puer Beispiller ginn

illustréieren [ilustr'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé illustréiert) » **transitiv** 1. **DE** *illustrieren* [bebildern] • **FR** *illustrer* [par des images] • **EN** *to illustrate* [with pictures] • **PT** *ilustrar* [com imagens] **Beispill** dëst Buch gouf vun engem bekannte Grafiker illustréiert 2. **DE** *illustrieren* [veranschaulichen] • **FR** *illustrer* [par des explications, des exemples] • **EN** *to illustrate* [with examples] • **PT** *ilustrar* [esclarecer, exemplificar] **Beispill** d'Professesch huet d'Theorie mat e puer Beispiller illustréiert

Iltis ['iltis] Maskulinum (Pluriel Iltissen) **Mustela putorius** **DE** *Iltis*, *Waldiltis* • **FR** *putois*, *putois d'Europe* • **EN** *polecat*, *western polecat* • **PT** *toirão* **Beispill** den Iltis ass zu Lëtzebuerg duerch de Réckgang vun Amphibie rar ginn **Synonym** Sténkert

Image ['imitʃ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Image* • **FR** *image* [de marque] • **EN** *image* [public persona] • **PT** *imagem* [de marca] **Beispiller** mat sengem sozialen Engagement wëllt de Rockstar säin Image opbesseren; de rezente Skandal huet der Firma hirem Image zolidd geschuet

imaginär Adjektiv **DE** *imaginär* • **FR** *imaginaire* • **PT** *imaginário* **Beispill** dee Film spillt an enger imaginärer Welt am 22. Joerhonnert

Imaginär Maskulinum (Pluriel <seelen> Imaginären) **DE** *Vorstellungswelt* • **FR** *imaginaire* • **PT** *imaginário* [campo da imaginação] **Beispill** an der Kënschtlerin hirem Imaginär spillen iwwernatierlech Wiesen eng wichteg Roll

Imaginatioun [imazi'asj'əʊn] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Imagination* [Einbildungsvermögen] • **FR** *imagination* [créativité mentale] • **EN** *imagination* [creativity] • **PT** *imaginação* [criatividade mental] **Beispill** dat Kand huet vill Imaginatioun! **Synonym** Fantasie

Imam [im'a:m] Maskulinum (Pluriel Imamen) **DE** *Imam* • **FR** *imam* • **EN** *imam* • **PT** *imã* **Beispill** den Imam huet aus dem Koran virgelies

Imitatioun [imitasi'əʊn] Femininum (Pluriel Imitatioune) **DE** *Imitation* • **FR** *imitation* • **EN** *imitation* [copy] • **PT** *imitação* **Beispill** deng Auer ass eng bëlleg Imitatioun

imitéieren [imit'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé imitéiert) » **transitiv** **DE** *nachahmen* • **FR** *imiter* [une personne, un animal] • **EN** *to imitate* [a person, an animal] • **PT** *imitar* [uma pessoa, um animal] **Beispiller** ech hat e Kolleeg, dee konnt all eis Proffen imitéieren; de Fierschter ka vill Vullestëmme imitéieren **Synonym** nomaachen

Imker ['imkə] Maskulinum (Pluriel Imker / Imkeren) **DE** *Imker* • **FR** *apiculteur* • **EN** *beekeeper* • **PT** *apicultor* **Beispill** ech kafe mäin Hunneg direkt beim Imker **Synonym** Beienziichter

i Weiblech Form: ♀Imkerin

Imkerin ['imkərin] Femininum (Pluriel Imkerinnen) **DE** *Imkerin* • **FR** *apicultrice* • **EN** *beekeeper* [female] • **PT** *apicultora* **Beispill** ech kafe mäin Hunneg bei enger Imkerin um Maart **Synonym** Beienziichterin

i Männlech Form: ♂Imker

immateriell Adjektiv **DE** *immateriell* • **FR** *immatériel* [abstrait] • **PT** *imaterial* [abstrato] **Beispiller** Patenter a Lizenze gehéieren zum immaterielle Verméigen; zënter 2010 gehéiert d'Techternacher Sprangpressesioun zu den immaterielle Kulturgidder vun der UNESCO

immatriculéieren [imatrickyl'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé immatriculéiert) - Variant vun ♀immatrikuléieren

Immatrikulatioun [imatrickulasj'əʊn] Femininum (Pluriel Immatrikulatioune) 1. **DE** *Kfz-Zulassung* [eines Kraftfahrzeugs] • **FR** *immatriculation* [d'un véhicule] • **EN** *registration* [of a vehicle] • **PT** *registo* [automóvel] **Beispill** wou ass de Büro vun der Immatrikulatioun fir d'Autoen? 2. **DE** *Kfz-Zulassung* [Dokument] • **FR** *immatriculation* [document] • **EN** *vehicle log book* • **PT** *certidão de registo* [automóvel] **Beispill** fir déi Prozedur muss de deng Immatrikulatioun presentéieren

Immatrikulatiounsplack Femininum (Pluriel Immatrikulatiounsplacken)

i Hei entsteet en neien Artikel.

immatrikuléieren [imatrickul'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé immatrickuléiert) » **transitiv** **DE** *zulassen* [ein Kraftfahrzeug] • **FR** *immatriculer* [un véhicule] • **EN** *to register* [a vehicle] • **PT** *matricular* [um veículo] **Beispill** wou muss ech higoen, fir mäin Auto immatrickuléieren ze loossen? **Synonym** umellen

i Variant: immatrickuléieren

immens [im'æns] Adjektiv 1. **DE** *sehr groß* • **FR** *très grand* • **EN** *enormous* • **PT** *imenso*, *muito grande* **Beispill** an deem Beruff muss een eng immens Gedold hunn **Synonym** enorm 2. **DE** *ausgezeichnet*, *genial*, *grandios* • **FR** *excellent*, *épatant* • **EN** *fantastic*, *excellent* • **PT** *exce-*

lente, estupendo **Beispill** déi Iddi ass immens!

immens [im'æns] Adverb **DE** *sehr* • **FR** *très* • **EN** *very* • **PT** *muito* **Beispill** hatt kann immens gutt tanzen **Synonymmen** enorm, ganz

Immigrant [imigr'ant] Maskulinum (Pluriel Immigranten) **DE** *Immigrant* • **FR** *immigré* • **EN** *immigrant* • **PT** *imigrante* **Beispill** ech liesen den Ament en interessant Buch iwver déi italiénesch Immigranten **Synonym** Awanderer

i Weiblech Form: ♀Immigrantin

Immigrantin [imigr'antin] Femininum (Pluriel Immigrantinnen) **DE** *Immigrantin* • **FR** *immigrée* • **EN** *immigrant [female]* • **PT** *imigrante [mulher]* **Beispill** d'Immigrantin léiert Lëtzebuergesch an Owescoursen **Synonym** Awanderin

i Männlech Form: ♂Immigrant

Immigratioun [imigrasj'əʊn] Femininum (Pluriel Immigratiounen) **DE** *Einwanderung* • **FR** *immigration* • **EN** *immigration* • **PT** *imigração* **Beispill** d'Immigratioun muss vun enger konsequenter Integratioun begleet ginn **Synonym** Awanderung

Immigrationsgesetz [imigrasj'əʊnsɡəzæts] Neutrum (Pluriel Immigrationsgesetze) **DE** *Einwanderungsgesetz* • **FR** *loi sur l'immigration* • **EN** *immigration law* • **PT** *lei de imigração* **Beispill** e puer Nationalisten hu géint dat neit Immigrationsgesetz demonstréiert **Synonym** Awanderungsgesetz

Immigrationsland Neutrum (Pluriel Immigrationsländer) **DE** *Einwanderungsland* • **FR** *pays d'immigration* • **PT** *país de imigração* **Beispill** Amerika an Australien zielen zu den typeschen Immigrationsländer **Synonym** Awanderungsland

immigréieren [imigr'zjəʀən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé immigréiert) » **intransitiv** **DE** *einwandern* • **FR** *immigrer* • **EN** *to immigrate* • **PT** *imigrar* **Beispill** seng Famill ass viru gutt 40 Joer an eist Land immigréiert **Synonym** awandere

imminent Adjektiv **DE** *imminent* • **FR** *imminent* **Beispiller** der Police no geet vum Prisonéier, dee fortgelaf ass, keng imminent Gefor aus; d'Leit goufen evakuéiert, well de Geologen no den Ausbruch vum Vulkan imminent ass

Immobilie [imob'i:ljə] Femininum (Pluriel Immobilien) (meeschtens Pluriel) **DE** *Immobilie* • **FR** *bien immobilier* • **EN** *property, real estate* • **PT** *(bem) imóvel* **Beispiller** den Ament ass et interessant, seng Suen an Immobilien ze investéieren; d'Successioun ëmfaasst Immobilien an Aktien

Immobilienmarkt [imob'i:ljəma:rt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Immobilienmarkt* • **FR** *marché immobilier* • **EN** *property market* • **PT** *mercado imobiliário* **Beispill** d'Präisser um Immobilienmarkt sinn nach ëmmer ze héich **Synonym** Immobilienmarché

Immobilienmarché Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Immobilienmarkt* • **FR** *marché immobilier* • **EN** *property market* • **PT** *mercado imobiliário* **Beispill** d'Präisser um Immobilienmarché sinn nach ëmmer ze héich **Synonym** Immobilienmarkt

Immobilienagence Femininum (Pluriel Immobilienagencen) **1. DE** *Immobilienmaklerbüro [Unternehmen]* • **FR** *agence immobilière [société]* **Beispill** meng Schwëster huet hiert Appartement iwver eng Immobilienagence verkaaft **Synonymmen** Agence immobilière, Immobilière **2. DE** *Immobilienmaklerbüro [Geschäftsstelle]* • **FR** *agence immobilière [local]* **Beispill** wann ech laanscht d'Immobilienagence trëppelen, kucken ech ëmmer d'Präisser vun den Appartemen-ter an der Fënster **Synonymmen** Agence immobilière, Immobilière

Immobilienhändler [imob'i:ljənhændlɛ] Maskulinum (Pluriel Immobilienhändler) **DE** *Immobilienhändler* • **FR** *agent immobilier* • **EN** *estate agent* • **PT** *agente imobiliário* **Beispill** mir hunn engem Immobilienhändler den Optrag ginn, eist Haus ze verkafen

i Weiblech Form: ♀Immobilienhändlerin

Immobilienhändlerin [imob'i:ljənhændlɛrin] Femininum (Pluriel Immobilienhändlerinnen) **DE** *Immobilienhändlerin* • **FR** *agente immobilière* • **EN** *estate agent [female]* • **PT** *agente imobiliária* **Beispill** fir mäin Appartement ze verkafen, sinn ech mat enger Immobilienhändlerin a Kontakt

i Männlech Form: ♂Immobilienhändler

Immobilière [imobilj'ɛ:r] Femininum (Pluriel Immobilienen) **1. DE** *Immobilienmaklerbüro [Unternehmen]* • **FR** *agence immobilière [société]* **Beispill** meng Schwëster huet hiert Appartement iwver eng Immobilienagence verkaaft **Synonymmen** Agence immobilière, Immobilienagence **2. DE** *Immobilienmaklerbüro [Geschäftsstelle]* • **FR** *agence immobilière [local]* **Beispill** wann ech laanscht d'Immobilière trëppelen, kucken ech ëmmer d'Präisser vun den Appartemen-ter an der Fënster **Synonymmen** Agence immobilière, Immobilienagence

immobiliséieren [imobiliz'zjəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé immobiliséiert) » **transitiv** **DE** *immobilisieren, ruhigstellen [ein Gelenk, ein Glied]* • **FR** *immobiliser [une articulation, un membre]* • **EN** *to immobilize [a limb]* • **PT** *imobilizar [uma articulação, um membro]* **Beispill** nom Accident huet säi gebrauchent Bee missen immobiliséiert ginn

immun [im'u:n] Adjektiv **1. DE** *immun [gegen Krankheiten]* • **FR** *immunisé* • **EN** *immune [to infection]* • **PT** *imune* **Beispiller** verschidde Leit si vu Gebuert un immun géint d'Malaria; an dësem Beruff gëtt ee mat der Zäit immun géint d'Frechheeten [ëgs] [an dësem Beruff maachen engem d'Frechheete mat der Zäit näischt méi aus] **2. DE** *immun [gegen Strafverfolgung]* • **FR** *inviolable, irresponsable [devant la loi]* • **EN** *immune [from legal action]* • **PT** *inviolável, irresponsável [perante a lei]* **Beispill** a ville Länner sinn d'politesch Mandatairen immun

immuniséieren [imuniz'zjəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé immuniséiert) » **transitiv** **DE** *immunisieren* • **FR** *immuniser* • **EN** *to immunize* • **PT** *imunizar* **Beispill** eng Impfung soll de Patient géint eng bestëmmt Krankheet immuniséieren

Immuniséierung [imuniz'zjəʀuŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Immunisierung* • **FR** *immunisation* • **EN** *immu-*

nisation • **PT** imunização **Beispill** bei der aktiver Immunisierung gëtt dem Kierper eng Infektioun virgetauscht, op déi en Antikierper bilt

Immunitéit [imunité:'ɛit] Femininum (kee Pluriel) **1.** **DE** Immunität [gegen Krankheiten] • **FR** immunité [contre des pathologies] • **EN** immunity [to infection] • **PT** imunidade [contra patologias] **Beispiller** deen neie Vaccin garantéiert d'Immunitéit géint e puer Krankheeten; nach ka kee soen, wéi laang e Patient, dee mam Coronavirus infizéiert war, eng Immunitéit dergéint huet **2.** **DE** Immunität [vor dem Gesetz] • **FR** immunité [devant la loi] • **EN** immunity [from legal action] • **PT** imunidade [perante a lei] **Beispill** wéinst hirer parlamentarescher Immunitéit kann déi Politikerin net viru Geriicht ugeklot ginn

Immunitéitsspass [imunité:'ɛitspas] Maskulinum (Pluriel Immunitéitsspäss) **DE** Immunitätsspass • **FR** passeport d'immunité • **PT** passaporte de imunidade **Beispill** a verschiddene Länner ass d'Iddi vun engem Immunitéitsspass als méiglech Mesure géint de Coronavirus am Gespréich

Immunplasma [im'u:nplasma:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Immunplasma • **FR** plasma immunitaire • **EN** immune plasma • **PT** plasma convalescente **Beispiller** eng Therapie mat Immunplasma gëtt ville Patienten Hoffnung; beim Immunplasma handelt et sech ëm Blutplasma mat Antikierper vu geheelte Patienten

Immunreaktioun [im'u:nreaksjøŋ] Femininum (Pluriel Immunreaktiounen) **DE** Immunreaktion • **FR** réaction immunitaire, immunoréaction • **PT** reação imunitária, imunorreacção **Beispill** eng Immunreaktioun kann hëllef, de mënschleche Kierper viru Virussen ze schützen

Immunsystem [im'u:nsiste:m] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Immunsystemer) **DE** Immunsystem • **FR** système immunitaire • **EN** immune system • **PT** sistema imunitário **Beispill** eng gesond Liewensweis dréit vill zu engem gudden Immunsystem bäi

Impakt [imp'akt] Maskulinum (Pluriel Impakter) **DE** Auswirkung • **FR** impact [effet] • **EN** impact [effect] • **PT** impacto [efeito] **Beispill** déi demografesch Evolutioun huet en direkten Impakt op d'Ekonomie **Synonym** Auswirkung

Imparfait [ɛ̃:pɑrfe:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Imperfekt, Präteritum • **FR** imparfait • **EN** imperfect (tense) • **PT** imperfeito **Beispill** dat Verb steet am Imparfait

Impeachment [imp'i:çmənt] Maskulinum (Pluriel Impeachmenten) **DE** Impeachment • **FR** impeachment • **PT** impeachment **Beispill** d'Oppositioun huet d'Prozedur fir den Impeachment géint de President ageleet

impeccabel [ɛ̃:pæk'a:bəl] Adjektiv **DE** tadellos • **FR** impeccable [irréprochable, parfait] <Adverb impeccablement> • **EN** impeccable <Adverb impeccably> • **PT** impecável [irrepreensível, perfeito] <Adverb impeccavelmente> **Beispiller** eise Bouf huet eng impeccabel Zensur mat heembuecht; däin neie Kostüm sëtzt impeccabel **Synonym** tadellos

Imperativ ['impɛrati:f] Maskulinum (Pluriel Imperativen / Imperativer) **DE** Imperativ [Befehlsform] • **FR** im-

pératif [mode du verbe] • **EN** imperative [verb form] • **PT** imperativo [modo verbal] **Beispill** an den Tabelle vum LOD fënnt een all d'Verben am Infinitiv, am Indicatif, am Conditionnel an am Imperativ

Imperfekt Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Imperfekt, Präteritum • **FR** imparfait • **EN** imperfect (tense) • **PT** imperfeito **Beispill** setzt d'Verben aus dem Text an den Imperfekt! **Synonymmen** Imparfait, Preteritum

imperial [impeɾi'a:] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

impertinent [impɛrtin'ænt] Adjektiv **DE** unverschämt • **FR** impertinent <Adverb de façon impertinente> • **EN** impertinent <Adverb impertinently> • **PT** impertinente <Adverb de forma impertinente> **Beispiller** ech géif Iech bieden, Är impertinent Bemierkungen ze ënnerloossen; dat ass emol eng impertinent Persoun!; hal op, esou impertinent ze äntweren! **Synonymmen** affrontéiert, onverschimmt

Impertinez [impɛrtin'ænts] Femininum (kee Pluriel) **DE** Unverschämtheit [Respektlosigkeit] • **FR** impertinence [effronterie] • **EN** impertinence • **PT** impertinência [atitude] **Beispill** dee Schnuddeler war vun enger exemplarescher Impertinez **Synonym** Onverschimmtheit

Impetigo [imp'e:tigo:] Maskulinum (Pluriel Impetigoen) **DE** Eiterflechte, Impetigo • **FR** impétigo • **EN** impetigo • **PT** impetigo **Beispill** en Impetigo ass eng héich ustiechend Hautkrankheet, déi sech bakteriell iwwerdreit **Synonym** Eiterflecht

Impfcampagne Femininum (Pluriel Impfcampagnen) **DE** Impfkampagne • **FR** campagne de vaccination • **EN** vaccination campaign • **PT** campanha de vacinação **Beispiller** no der Impfcampagne sinn en ettlech Impfdosissen zerstéiert ginn; d'Santé lanciéiert eng langeswäit Impfcampagne géint den Tetanus

Impfdos Femininum (Pluriel Impfdosen) - Variant vun ↗Impfdosis

Impfdosis Femininum (Pluriel Impfdosissen / Impfdosen) **DE** Impfdosis • **FR** dose de vaccin • **EN** vaccination dose • **PT** dose de vacina **Beispiller** ech ginn haut bei den Dokter, fir meng zweet Impfdosis ze kréien; no der Impfcampagne sinn en ettlech Impfdosissen zerstéiert ginn

i Variant: Impfdos

Impfdrängler Maskulinum (Pluriel Impfdrängler)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Impfdränglerin Femininum (Pluriel Impfdränglerinnen) - weiblech Form vun ↗Impfdrängler

impfen ['impfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geimpft) » transitiv **DE** impfen • **FR** vacciner • **EN** to vaccinate • **PT** vacinar **Beispiller** mir loossen eis Kanner géint d'Gripp impfen; ech si géint allméiglech Krankheete geimpft; elo, wou ee sech ka géint de Coronavirus impfe loossen, gëtt d'Liewen hoffentlech erëm lues a lues normal **Synonym** vaccinéieren

Impflicht Femininum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

I Variant: Impfpflicht

Impfpass [ˈɪmpfɔs] Maskulinum (Pluriel Impfpäss) DE *Impfpass* • FR *carte de vaccination* • EN *vaccination card* • PT *boletim de vacinas* **Beispill** huet däin Impfpass mat bei den Dokter!

Impfpflicht Femininum (kee Pluriel) - Variant vun \nearrow Impfpflicht

Impfstoff [ˈɪmpfstɔf] Maskulinum (Pluriel Impfstoffer) DE *Impfstoff* • FR *vaccin [substance]* • EN *vaccine* • PT *vacina [substância]* **Beispiller** eise Laboratoire schafft un der Entwécklung vun engem neien Impfstoff; et kann nach Joren daueren, bis et en Impfstoff géint déi Krankheet gétt **Synonym** Vaccin

Impfung [ˈɪmpfʊŋ] Femininum (Pluriel Impfungen) **1.** DE *Impfung* • FR *vaccination* • EN *vaccination* • PT *vacinação* **Beispiller** du muss deng Impfungen an den Impfpass andree loosse; d'Impfung géint de Covid-19 schützt an den allermeschte Fäll géint e schweiere Verlaf vun der Krankheet **Synonymmen** Schutzimpfung, Vaccinatioun **2.** DE *Impfstoffdosis* • FR *vaccin [dose]* • EN *vaccine [dose]* • PT *vacina [dose]* **Beispiller** den Apdikter huet nach genuch Impfungen géint d'Gripp am Frigo leien; et gouf Engpäss bei der Liwwerung vun den Impfungen géint de Coronavirus **Synonym** Vaccin

Impfzenter Maskulinum (Pluriel Impfzentren) DE *Impfzentrum* • FR *centre de vaccination* • PT *centro de vacinação* **Beispill** fir méiglechst vill Leit a kuerzer Zäit kënnen ze impfen, mécht d'Santé e puer zousätzlech Impfzentren op

Implant [ˈɛːplɑː] Maskulinum (Pluriel Implanten) DE *Implantat [Zahnersatz]* • FR *implant (dentaire)* • EN *dental implant* • PT *implante (dentário)* **Beispill** als Ersatz fir mäi viischten Zant huet mäin Zänn Dokter mer zu engem Implant geroden

Implantat [ɪmplantˈa:t] Neutrum (Pluriel Implantater) DE *Implantat* • FR *implant* • EN *implant* • PT *implante* **Beispill** an der Zäit gouf et vill Diskussiounen iwwer d'Sécherheet vum Silikon als Implantat

Implantatioun [ɪmplantasjˈəʊŋ] Femininum (Pluriel Implantatiounen) **1.** DE *Niederlassung [Ansiedlung]* • FR *implantation [établissement]* • EN *establishment, setting up* • PT *implantação [estabelecimento]* **Beispill** nei Infrastrukture sollen d'Implantatioun vun Entreprisén féerden **2.** DE *Implantation* • FR *implantation [opération chirurgicale]* • EN *implantation* • PT *implantação [operação]* **Beispill** d'Implantatioun vun engem Herzschrittmacher ass haut eng gängeg Operatioun

implantéieren [ɪmplantˈzɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé implantéiert) » **transitiv** DE *implantieren* • FR *implanter [par opération chirurgicale]* • EN *to implant* • PT *implantar [por intervenção cirúrgica]* **Beispill** ech kréien d'nächst Woch eng kënschtlech Héft implantéiert **Synonym** asetzen

implementéieren [ɪmplemɛntˈzɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé implementéiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

implizéieren [ɪmplitˈzɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé implizéiert) » **transitiv** **1.** implizéieren an DE *verwickeln in* • FR *impliquer dans, mêler à* • EN *to implicate (in)* • PT *implicar em, envolver em* **Beispill** hie gouf duerch seng Onvirsiichtegkeet an déi Affär implizéiert **Synonymmen** eranzéien an, verweckelen an **2.** DE *implizieren* • FR *impliquer [avoir comme conséquence]* • EN *to imply, to entail* • PT *implicar [ter como consequência]* **Beispill** eng besser Qualitéit implizéiert méi en héije Präis **3.** DE *voraussetzen, erfordern* • FR *impliquer [présupposer, demander]* • EN *to imply, to presuppose* • PT *implicar [pressupor, requerer]* **Beispill** de Bau vun der neier Schoul implizéiert en décke Subsid vun Staat

implizit [ɪmplitˈit] Adjektiv - Variant vun \nearrow implizitt

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: implizit / implizitt

implizitt [ɪmplitˈit] Adjektiv DE *implizit* • FR *implicite* <Adverb *implicitement*> • PT *implícito* <Adverb *implicitamente*> **Beispiller** fir d'Autorisatioun ze kréien, sinn e puer implizitt Oploen ze erfëllen; muss déi Klausel explizitt an de Kontrakt stoe kommen oder ass se schonn implizitt ofgedeckt?

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: implizitt / implizit

imponéieren [ɪmponˈzɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé imponéiert) » **intransitiv** DE *imponieren* • FR *impressionner, en imposer (à)* • EN *to impress* • PT *impressionar, infundir respeito (a)* **Beispiller** Wëlls du de Fraleit mat dengem neien Auto imponéieren?; mäi Professor imponéiert duerch seng Allgemengbildung

Import [ɪmpˈɔrt] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE *Import* [Einfuhr] • FR *import [action d'importer]* • EN *import, importing* • PT *importação [ato de importar]* **Beispill** den Import vu schwarzem Téi huet an de leschte Joren zougéhol **2.** (Pluriel Importer) DE *Importware, Importartikel* • FR *import [produit importé]* • EN *imports, imported goods* • PT *importação [mercadoria importada]* **Beispill** d'Taxen op den Importer goufen eropgesat

Importateur [ɛːpɔrtatˈœːr] Maskulinum (Pluriel Importateuren) DE *Importeur* • FR *importateur* • EN *importer* • PT *importador* **Beispill** hien ass deen eenzeggen Importateur vun indeschem Béier hei am Land

Importatrice Femininum (Pluriel Importatricen) - weiblech Form vun \nearrow Importateur

importéieren [ɪmpɔrtˈzɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé importéiert) » **transitiv** **1.** DE *importieren [einführen]* • FR *importer [introduire dans un pays]* • EN *to import [into a country]* • PT *importar [introduzir num país]* **Beispill** eise Kéis gétt direkt aus der Schwäiz importéiert **2.** DE *importieren [digitale Daten]* • FR *importer [des données numériques]* • EN *to import [digital data]* • PT *importar [dados digitais]* **Beispill** wéi kann ech déi Donnéeën an eis Datebank importéieren?

Importenz [ɪmpɔrtˈænts] Femininum (kee Pluriel) DE *Wichtigkeit, Gewicht* • FR *importance [poids, portée]* • EN *importance* • PT *importância [peso, alcancel]* **Beispill** den neie Schäfferot wëllt der Sozialpolitik eng méi grouss Importenz ginn

imposant [impoz'ant] Adjektiv **DE** *imposant* • **FR** *imposant, impressionnant* • **EN** *imposing* • **PT** *imponente, impressionante* **Beispill** op eiser Rees hu mir e puer **imposant** Schlässer gesinn

imposéieren [ɛ̃:poz'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **imposéiert**) » **transitiv DE** *vorschreiben, auferlegen* • **FR** *imposer [prescrire]* • **EN** *to impose, to prescribe* • **PT** *impor [prescrever]* **Beispiller** all Kandidat krut vum Jury zwee Museksstécker **imposéiert**; et ass net eis Aufgab, eng Léisung ze **imposéieren** **Synonym** *verschreiwen*

impotent [impot'ænt] Adjektiv **DE** (*sexuell*) *impotent* • **FR** *impuissant [sexuellement], stérile* • **EN** (*sexually*) *impotent* • **PT** *impotente [sexualmente]* **Beispill** zënter senger schwéierer Operatioun ass de Patient **impotent**

Impotenz ['impotænts] Femininum (kee Pluriel) **DE** (*sexuelle*) *Impotenz* • **FR** *impuissance (sexuelle), stérilité* • **EN** (*sexual*) *impotence* • **PT** *impotência (sexual)* **Beispill** hien ass wéinst **Impotenz** bei engem Spezialist a Behandlung

imprägnéieren [imprɛ:ɲ'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **imprägnéiert**) - Variant vun **impregnéieren**

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert ännern: **imprägnéieren / impregnéieren**

impregnéieren [imprɛɲ'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **impregnéiert**) » **transitiv DE** *imprägnieren* • **FR** *imprégner [imbiber]* • **EN** *to waterproof, to impregnate [to soak]* • **PT** *impregnar [embeber]* **Beispiller** mä Reemantel muss frësch **impregnéiert** ginn; vill Gaardemiwelle sinn aus **impregnéiertem** Holz

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert ännern: **impregnéieren / imprägnéieren**

impressionant [impræsj'on'ant] Adjektiv - Variant vun **impressionnant**

impressionéieren [impræsj'on'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **impressionéiert**) » **transitiv DE** *beeindrucken* • **FR** *impressionner, épater* • **EN** *to impress [to cause admiration]* • **PT** *impressionar [produzir efeito em]* **Beispiller** säin Optrëtt huet eis alleguer **impressionéiert**; d'Leit ware vum Freedefeier **impressionéiert** **Synonym** *beandroocken*

Impressionismus [impræsj'on'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Impressionismus* • **FR** *impressionnisme* • **EN** *Impressionism* • **PT** *impressionismo* **Beispill** am Musée ass eng Ausstellung iwver de franséischen **Impressionismus**

Impressionist [impræsj'on'ist] Maskulinum (Pluriel **Impressionisten**) **[Konscht]** **DE** *Impressionist* • **FR** *impressionniste* • **EN** *Impressionist* • **PT** *impressionista* **Beispill** de Sammler huet Tabloe vu verschiddenen **Impressionisten** kaaft

I Weiblech Form: **Impressionistin**

impressionistesches [impræsj'on'istəʃ] Adjektiv **[Konscht]** **DE** *impressionistisch* • **FR** *impressionniste* • **EN** *impressionist* • **PT** *impressionista* **Beispill** hien huet e puer schéin **impressionistesches** Tabloen a sengem Haus hängen

Impressionistin [impræsj'on'istin] Femininum (Pluriel **Impressionistinnen**) **[Konscht]** **DE** *Impressionistin* • **FR** *impressionniste [femme]* • **EN** *Impressionist [female]* • **PT** *impressionista [mulher]* **Beispill** ech hu mer e **Konschtwierk** vun enger bekannter **Impressionistin** gelescht

I Männlech Form: **Impressionist**

impressionnant [impræsj'on'ant] Adjektiv **DE** *beeindruckend* • **FR** *impressionnant* • **EN** *impressive* • **PT** *impressionante* **Beispill** si hunn och dëst Joer nees en **impressionnanten** Ëmzuch organiséiert **Synonym** *beandroockend*

Impressioun [impræsj'i'øʊn] Femininum **1.** (Pluriel **Impressiounen**) **DE** *Eindruck [prägende Wirkung, Erinnerung]* • **FR** *impression [effet marquant, souvenir]* • **EN** *impression [impact, memory]* • **PT** *impressão [efeito marcante, recordação]* **Beispiller** seng Ausso huet eng grouss **Impressioun** gemaach; säi Behuelen hannerléisst keng gutt **Impressioun**; ech hu vill schéin **Impressiounen** aus der Vakanz mat heembrecht **Synonym** *Androck 2.* (kee Pluriel) **DE** *Eindruck [Empfindung, Gedanke]* • **FR** *impression [opinion, idée, intuition]* • **EN** *impression [feeling, opinion]* • **PT** *impressão [opinião, ideia, intuição]* **Beispiller** d'Schwéierleit hunn eng gutt **Impressioun** vun hirer neier Schnauer; ech hunn d'**Impressioun**, datt hien sech express domm stellt **Synonym** *Androck*

Imprevu Maskulinum (Pluriel **Imprevuen**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Imprimante [ɛ̃:mprim'ã:nt] Femininum (Pluriel **Imprimanten**) **DE** *Drucker, Printer* • **FR** *imprimante* • **EN** *printer [device]* • **PT** *impressora [periférico informático]* **Beispill** déi schwaarz Kartusch an der **Imprimante** misst gewiesselt ginn **Synonymmen** *Drucker, Printer*

Improvisatioun [improvizasi'øʊn] Femininum (Pluriel **Improvisatiounen**) **DE** *Improvisation* • **FR** *improvisation* • **EN** *improvisation* • **PT** *improvisação* **Beispill** dësen Organist ass e Meeschter an der **Improvisatioun**

improviséieren [improviz'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **improviséiert**) » **transitiv 1.** **DE** *improvisieren* • **FR** *improviser* • **EN** *to improvise* • **PT** *improvisar* **Beispill** ech hu meng Ried aus Zäitgrënn missen **improviséieren** » **intransitiv 2.** **DE** *improvisieren* • **FR** *improviser* • **EN** *to improvise* • **PT** *improvisar* **Beispill** well eis Käche krank gi war, hu mir missen **improviséieren**

Impuls [imp'uls] Maskulinum (Pluriel **Impulser**) **1.** **DE** *Impuls [Anregung]* • **FR** *impulsion [incitation]* • **EN** *impulse [stimulus]* • **PT** *impulso [incitação]* **Beispill** vun eiser Jugend koume staark **Impulser** fir eng besser Naturschutzpolitik **2.** **DE** *Impuls [innerer Antrieb]* • **FR** *impulsion [instinct]* • **EN** *impulse [urge]* • **PT** *impulso [instinto]* **Beispill** du däärfst dengem éischten **Impuls** net noginn

impulsiv [impulz'i:f] Adjektiv **DE** *impulsiv* • **FR** *impulsif* <Adverb *impulsivement*> • **EN** *impulsive* <Adverb *impulsively*> • **PT** *impulsivo* <Adverb *impulsivamente*> **Beispiller** mä Papp ass en **impulsive** Mënsch; ech war erféiert, wéi hien esou **impulsiv** reagéiert huet

in [in] Adjektiv [ɛ̃ɡs] in sinn **DE** *in sein* [im Trend sein] • **FR** *être tendance, être in* • **EN** *to be in* [to be fashionable] • **PT** *estar na moda, estar in* **Beispill** mäin Outfit gefält mir net, en ass net méi in!

inacceptable [ˈinaksæpta:bəl] Adjektiv - Variant vun ↗inakzeptabel

inakzeptabel [inaksɛptəˈa:bəl] Adjektiv **DE** *inakzeptabel* • **FR** *inacceptable* • **EN** *unacceptable* • **PT** *inaceitável* **Beispiller** däin inakzeptabelt Behuele wäert Konsequenzen hunn; verschidde Klauselen am Vertrag si fir eist Land inakzeptabel

i Variant: inacceptable

Inauguratioun [inogyʁasj'əʊn] Femininum (Pluriel Inauguratiounen) **DE** *Einweihung* [offizielle Feier] • **FR** *inauguration* [cérémoniel] • **EN** *inauguration* [opening ceremony] • **PT** *inauguração* [cerimónia] **Beispill** et ware vill Gäscht op der Inauguratioun vun der neier Schoul **Synonym** Aweigung

inaugurieren [inogyʁ'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé inauguréiert) » **transitiv** **DE** *einweihen* [ein Bauwerk, ein Monument] • **FR** *inaugurer* [un édifice, un monument] • **EN** *to inaugurate* [a building, a monument] • **PT** *inaugurar* [um edificio, um monumento] **Beispill** déi nei Schoul ass vun eiser Ministesch inauguréiert ginn **Synonym** aweien

incapabel [ɛ̃:kap'a:bəl] Adjektiv **1.** incapabel sinn ze **DE** *unfähig sein zu* • **FR** *être incapable de* • **EN** *to be incapable of* • **PT** *ser incapaz de* **Beispill** hien ass incapabel, d'Leit richt an d'Aen ze kucken **Synonym** onfäeg sinn ze **2.** **DE** *unfähig* [linkompetent] • **FR** *incapable* [linkompetent] • **EN** *incompetent* • **PT** *incapaz* [linkompetente] **Beispill** du messs sécher, hei géifen nëmmen incapabel Leit schaffen! **Synonymmen** inkompetent, onfäeg

incitéieren [ɛ̃:sit'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé incitéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

inclus Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Inclusioun [ɛ̃:klyzj'əʊn] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Inklusioun

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Inclusion / Inklusion

Indefinitpronomen [indefin'itprono:mən] Maskulinum (Pluriel Indefinitpronomen) **DE** *Indefinitpronomen* • **FR** *pronom indéfini, adjectif indéfini* • **EN** *indefinite pronoun* • **PT** *pronome indefinido* **Beispill** am leschten Exercice hu mer missen déi richteg Indefinitpronomen asetzen

indemnisieren [ɛ̃:dæmniz'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé indemniséiert) » **transitiv** **DE** *entschädigen* • **FR** *indemniser, dédommager* • **EN** *to indemnify, to compensate* [financially] • **PT** *indemnizar, compensar* **Beispill** déi betraffe Bierger goufe vun hirer Assurance indemniséiert **Synonym** entschueden

Indemnitéit [ɛ̃:dæmnit'zɪt] Femininum (Pluriel Indemnitéiten) **DE** *Entschädigung* [Schadenersatz] • **FR** *in-*

dennité [prime de dédommagement] • **EN** *indemnity, compensation* [financial] • **PT** *indenização* [verba de compensação] **Beispill** wéinst deem miserabele Summer kréien d'Bauern eng Indemnitéit **Synonym** Entschuedung

Independant Maskulinum (Pluriel Independanten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Independante Femininum (Pluriel Independanteën) - weiblech Form vun ↗Independant

Inder [ˈindɛ] Maskulinum (Pluriel Inder) **DE** *Inder* • **FR** *Indien* • **EN** *Indian* • **PT** *indiano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Inder

Inderin [ˈindɛʁin] Femininum (Pluriel Inderinnen) **DE** *Inderin* • **FR** *Indienne* • **EN** *Indian* [female] • **PT** *indiana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Inderin

indesch [ˈindɛʃ] Adjektiv **DE** *indisch* • **FR** *indien* • **EN** *Indian* • **PT** *indiano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi indesche Kultur kenne géleiert

Indesch Rupie Femininum (Pluriel Indesch Rupien) **DE** *Indische Rupie* • **FR** *roupie indienne* • **PT** *rupia indiana* **Beispiller** an Indie gëtt mat (Indescher) Rupie bezuelt; mat wéi vill Indesche Rupie muss ee fir eng Nuecht am Hotel rechnen?; hues de nach e puer Indesch Rupien am Portmonni?

i Indesch Rupie gëtt mat INR ofgekierzt.

i Kuerzform: Rupie

Index [ˈɪndæks] Maskulinum **1.** (Pluriel Indexen) **DE** *Index, Verzeichnis* • **FR** *index* [liste, table] • **EN** *index* [alphabetical list] • **PT** *índice* [lista, tabela] **Beispiller** hannen am Buch ass en Index mat den Uertschaften, déi am Text virkommen; dës Bicher stoung fréier um Index [dës Bicher stoung fréier um Index vun de Bicher, déi d'Kierch verbueden hat] **2.** (kee Pluriel) **DE** *Index* [der Lebenshaltungskosten] • **FR** *indice, index* [des prix] • **EN** *cost-of-living index, retail price index* • **PT** *índice* [do custo de vida] **Beispill** d'Evolutioun vun de Paien ass un den Index gebonnen

indexéieren [ɪndæks'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé indexéiert) » **transitiv** **DE** *indexieren, an erhöhte Lebenshaltungskosten anpassen* • **FR** *indexer, augmenter parallèlement au coût de la vie* • **EN** *to link to the cost-of-living index* • **PT** *indexar* [ajustar ao custo de vida] **Beispill** dës Primm gëtt net indexéiert

Indexpatient [ˈɪndækspatsjənt] Maskulinum (Pluriel Indexpatienten) **DE** *Indexpatient* • **FR** *cas index* [patient] • **PT** *caso índice* [paciente] **Beispill** fir de Verlaf vun enger Pandemie ze verstoen, ass et wichteg erauszefannen, mat wem en Indexpatient a Kontakt kum

i Weiblech Form: ↗Indexpatientin

Indexpatientin [ˈɪndækspatsjəntin] Femininum (Pluriel Indexpatientinnen) **DE** *Indexpatientin* • **FR** *cas index* [patiente] • **PT** *caso índice* [primeira mulher ou rapariga infetada]

i Männlech Form: ↗Indexpatient

Indextranche Femininum (Pluriel Indextranchen) **DE** ^[Definitiou] *periodische Lohnerhöhung zum Ausgleich der Preissteigerung in Luxemburg* • **FR** *tranche indiciaire (de l'indice des prix à la consommation) [au Luxembourg]* • **PT** ^[Definitiou] *indexação periódica dos salários e das pensões no Luxemburgo para compensar a inflação* **Beispill** wann d'Präisser weider esou klammen, ass geschwënn eng Indextranche fälleg

Indianer [ɪndiˈa:nə] Maskulinum (Pluriel Indianer) **DE** *Indianer* • **FR** *indien [d'Amérique]* • **EN** *(American) Indian, Native American* • **PT** *índio, ameríndio* **Beispill** fir d'Fuesent hunn ech mech als Indianer verkleet

i Opgepass! De Begrëff „Indianer“ kann als pejorativ empfonnt ginn.

i Weiblech Form: ♀Indianerin

Indianerin [ɪndiˈa:nəriːn] Femininum (Pluriel Indianerinnen) **DE** *Indianerin* • **FR** *indienne [d'Amérique]* • **EN** *(American) Indian, Native American [female]* • **PT** *índia, ameríndia* **Beispill** wéi ech kleng war, wollt ech mech ëmmer als Indianerin verkleeden

i Opgepass! De Begrëff „Indianerin“ kann als pejorativ empfonnt ginn.

i Männlech Form: ♂Indianer

Indianerzelt [ɪndiˈa:netsælt] Neutrum (Pluriel Indianerzelter) **DE** *Indianerzelt* • **FR** *tipi* • **EN** *tepee* • **PT** *tenda índia* **Beispill** fir en Indianerzelt ze bauen, brauch een eng Rei hëlze Staangen

Indicateur [ɛ̃ːdikɑ̃tˈœːR] Maskulinum (Pluriel Indicateuren) **DE** *Indikator [Anzeichen]* • **FR** *indicateur [indice, facteur]* • **PT** *indicador [índice, sinal]* **Beispill** eng Rei Indicateure weisen drop hin, datt deen neie Virus net séier mutéiert

Indicatioun [ɛ̃ːdikɑ̃sɪˈøʊn] Femininum (Pluriel Indicatioune) - Variant vun ♂Indikatioun

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Indicatioun / Indikatioun

Indice Maskulinum (Pluriel Indicen) - Variant vun ♂Indiz

Indien [ˈɪndiən] Eegengnumm, Neutrum **DE** *Indien* • **FR** *Inde* • **EN** *India* • **PT** *Índia* **Beispiller** ech war schonn dräimol an Indien; ech fueren d'nächst Woch an Indien; ech kommen aus Indien

i männlech Persoun: ♂Inder weiblech Persoun: ♀Inderin Adjektiv: ♂indesch Haaptstad: ♂New Delhi

Indifferenz [ˈɪndifərənts] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Gleichgültigkeit* • **FR** *indifférence [détachement, froideur]* • **EN** *indifference* • **PT** *indiferença [desinteresse, frieza]* **Beispill** seng Indifferenz der Famill géintiwwer ass net ze iwwersinn **Synonym** Gläichgültgeket

indigène Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

instruéieren [instru'ʒiəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé instruéiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Instruktioun [instruksj'əʃən] Femininum (Pluriel Instruktiounen) (meeschtens Pluriel) **DE** *Instruktion, Anweisung* • **FR** *instruction, consigne* • **EN** *instruction* [order] • **PT** *instrução* [ordem, indicação] **Beispill** d'Personal huet kloer Instruktiounen krit **Synonym** Uweisung

instruktiv [instrukt'i:f] Adjektiv **DE** *instruktiv* • **FR** *instructif* • **EN** *instructive* • **PT** *instrutivo* **Beispill** d'Visitt vun der Bibliothék war wierklech instruktiv

Instrument [instrum'ænt] Neutrum (Pluriel Instrumenter) **1.** **DE** *Instrument* [Apparat, Gerät] • **FR** *instrument* [appareil, outil] • **EN** *instrument* [device, tool] • **PT** *instrumento* [aparelho, utensilio] **Beispiller** virum Start iwverpréift de Pilot d'Instrumenter am Cockpit; d'Chirurgie schaffe mat sterillen Instrumenter **2.** **DE** *Instrument* [Musikinstrument] • **FR** *instrument* [de musique] • **EN** *musical instrument* • **PT** *instrumento* [de música] **Beispiller** fir mech ass d'Uergel dat schéinst Instrument; eng Geschäftsfra huet eiser Muek dräi nei Instrumenter gestéft **3.** **DE** *Instrument* [Hilfsmittel] • **FR** *instrument* [moyen] • **EN** *instrument* [means] • **PT** *instrumento* [meio] **Beispill** d'Press ass e wichtegt Instrument an der Lutte géint de Rassismus

instrumental [instrumænt'a:a] Adjektiv **DE** *instrumental* [Musik] • **FR** *instrumental* [musique] • **EN** *instrumental* [music] • **PT** *instrumental* [música] **Beispill** duuss instrumentale Musek berouegt mech

instrumentaliséieren [instrumæntaliz'ʒiəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé instrumentaliséiert) » **transitiv** **DE** *instrumentalisieren* [missbrauchen] • **FR** *instrumentaliser, utiliser* (abusivement) • **EN** *to exploit* [to misuse] • **PT** *instrumentalizar, utilizar* (abusivamente) **Beispill** hir Initiativ gouf vun anere Leit fir nationalistesch Zwecker instrumentaliséiert

Insulin [inzul'i:n] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Insulin* • **FR** *insuline* • **EN** *insulin* • **PT** *insulina* **Beispill** wéinst mengem Zocker maachen ech mer all Dag eng Pickür mat Insulin

Int [int] Femininum (Pluriel Inten) **DE** *Ente* • **FR** *canard* • **EN** *duck* • **PT** *pato* **Beispill** de Fuuss huet dës Nuecht erëm zwou Inten geholl

intakt [int'akt] Adjektiv **DE** *intakt* • **FR** *intact* [préservé, entier] • **EN** *intact* • **PT** *intacto* [preservado, inteiro] **Beispiller** an eiser Géigend ass d'Natur nach intakt; d'Vertraue vun de Bierger an d'Institutionen ass intakt

Intchen ['intçən] Femininum (Pluriel Intercher) - Diminutivform vun \rightarrow Int

Intebinnes [ˈintebinəs] Maskulinum (Pluriel Intebinnesen) ^[ëgs] DE *Trottel* • FR *imbécile, idiot, abruti* • EN *blockhead* • PT *imbecil, idiota* **Beispill** et kann een deen Intebinnes wierklech näischt ustellen!

i Variant: Intebinni

Intebinni [ˈintebini:] Maskulinum (Pluriel Intebinien) - Variant vun ↗Intebinnes

inteegeer Adjektiv DE *integer* • FR *intègre [honnète]* • EN *honest [full of integrity]* • PT *íntegro [honesto]* **Beispill** hie war schonn ëmmer eng **inteegeer** Perséinlechkeet

integer [intˈe:ge] Adjektiv - Variant vun ↗inteegeer

integral [integrˈa:l] Adjektiv **1.** DE *integral [ganz]* • FR *intégral [entier]* <Adverb *intégralement*> • EN *integral [whole]* <Adverb *integrally*> • PT *integral [inteiro]* <Adverb *integralmente*> **Beispiller** ech hunn dat **integraalt** Wierk vu mengem Liblingsauteur an der Bibliothéik stoen; meng Assurance huet de Schued **integral** bezuelt **2.** DE *integral [wesentlich, unerlässlich]* • FR *intégrant* • EN *integral [essential]* • PT *integrante* **Beispill** Stagen a Projekte sinn **integral** Bestanddeeler vun eiser Formatioun

Integratioun [integrasiˈʊʃn] Femininum (kee Pluriel) DE *Integration* • FR *intégration [assimilation sociale]* • EN *integration* • PT *integração [assimilação social]* **Beispiller** d'Integratioun vun den Ausländer ass eng politesch Prioritéit; eis Associatioun setzt sech a fir d'Integratioun vu Kanner mat enger Behënnerung

integréieren [integrˈʒiəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **integréiert**) » **transitiv 1.** DE *integrieren, eingliedern, einbauen* • FR *intégrer [inclure, incorporer]* • EN *to integrate [to include, to incorporate]* • PT *integrar [incluïr, incorporar]* **Beispiller** verschidde Propose vun de Bierger goufen an dat neit Gemengereglement **integréiert**; d'Antenn ass am Gehais vum Handy **integréiert** » **reflexiv 2.** DE *sich integrieren, sich eingliedern* • FR *s'intégrer* • EN *to integrate* • PT *integrar-se* **Beispill** déi auslännesch Famill **huet** sech gutt an d'Duerfliewen **integréiert**

Integritéit [integritˈɛit] Femininum (kee Pluriel) DE *Integrität [Unbestechlichkeit]* • FR *intégrité [honnêteté]* • EN *integrity [honesty]* • PT *integridade [honestidade]* **Beispill** kee Mënsch bezweiwelt d'Integritéit vum Ar-bitter

intellektuell [intælxæktwˈæ] Adjektiv DE *intellektuell* • FR *intellectuel* • EN *intellectual* • PT *intelectual* **Beispiller** d'Elterenhaus huet en Afloss op d'intellektuell Entwécklung vum Kand; hien huet e Brëll op, fir méi intellektuell auszegesinn

intelligent [intælixˈænt] Adjektiv **1.** DE *intelligent [klug]* • FR *intelligent [doué d'intelligence]* <Adverb *intelligemment*> • EN *intelligent [clever, bright]* <Adverb *intelligently*> • PT *inteligente [dotado de inteligência]* <Adverb *inteligentemente*> **Beispiller** si menge sech mat hiren **intelligente** Kanner; d'Kandidaten hunn net ëmmer **intelligent** op d'Froe geäntwert; hien ass där **Intelligenter** keen!; dat do war keng **Intelligent!** ^[ëgs] [dat do war eng Dommheet!] **Synonym** gescheit **2.** DE *intelligent, vernünftig* • FR *raisonnable, sensé* • EN *intelligent [reasonable, sensible]* • PT *razoável, sensato* **Beispiller** d'Kanner sinn heiansdo méi **intelligent** ewéi d'Elteren; du

wäerts dach **intelligent** genuch sinn, fir dech net op seng Provokatiounen anzeloossen!; et ass net vill **Intelligentes** bei de Gespréicher erauskomm **Synonym** gescheit

Intelligenz [intælixˈænts] Femininum (Pluriel <seelen> Intelligenzen) DE *Intelligenz* • FR *intelligence* • EN *intelligence* • PT *inteligência* **Beispill** de Jury war vun hirer **Intelligenz** impressiounéiert **Synonym** Gescheitheet

Intensitéit [intænzitˈɛit] Femininum (kee Pluriel) DE *Intensität* • FR *intensité [force, puissance]* • EN *intensity* • PT *intensidade [força]* **Beispill** mir gefält d'Intensitéit vun de Faarwen a senge Biller

intensiv [intænzˈi:f] Adjektiv DE *intensiv* • FR *intensif, intense* <Adverb *intensivement, intensément*> • EN *intensive* <Adverb *intensively*> • PT *intensivo, intenso* <Adverb *intensivamente, intensamente*> **Beispiller** duerch säin **intensiven** Training huet eise Champion et bis an d'Weltelit gepackt; no **intensive** Verhandlungen hunn déi zwee Länner eng **Léisung** fir hire Konflikt fonnt; eis ganz Ekipp huet sech **intensiv** op dësen Optritt virbereet

Intensivbett [intænzˈi:fbæt] Neutrum (Pluriel Intensivbetter) (meeschstens Pluriel) DE *Intensivbett, Bett auf einer Intensivstation* • FR *lit de soins intensifs [capacité hospitalière]* • EN *intensive care bed [critical care capacity]* • PT *cama em cuidados intensivos [capacidade hospitalar]* **Beispill** weinst der Epidemie gouf d'Zuel vun den **Intensivbetter** an de Spideeler eropgesat

intensivéieren [intænzivˈʒiəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **intensivéiert**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Intensivstatioun [intænzˈi:ftasjəʃn] Femininum (Pluriel Intensivstatiounen) DE *Intensivstation* • FR *(service de) soins intensifs* • EN *intensive care unit* • PT *(unidade de) cuidados intensivos* **Beispiller** mä Papp läit schonn zënter e puer Deeg op der **Intensivstatioun**; weinst der **limitéierter** Zuel vu **Better** op den **Intensivstatiounen** därerf de **Virus** sech op kee Fall exponentiell ausbreeden **Synonym** Reanimatioun

Intentioun [intænsjˈʊʃn] Femininum (Pluriel Intentiounen) DE *Absicht* • FR *intention [but, dessein]* • EN *intention* • PT *intenção [propósito]* **Beispill** et war net meng **Intentioun**, Tech mat menger Bemierkung ze beleidegen **Synonym** Absicht

interagéieren Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **interagéiert**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Interaktioun Femininum (Pluriel Interaktiounen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

interaktiv [intəʀaktˈi:f] Adjektiv DE *interaktiv* • FR *interactif* • EN *interactive* • PT *interativo* **Beispill** déi nei **interaktiv** Léiermethod soll besser Resultater bréngen

intercaléieren [ɛ̃:ʧɛʀka:lˈʒiəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **intercaléiert**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

interessant [intræsˈant] Adjektiv DE *interessant* • FR *intéressant* <Adverb *de façon intéressante*> • EN *interesting*

<Adverb interestingly> • **PT** *interessante* <Adverb de forma interessante> **Beispiller** ech hunn e ganz **interessante** Beruff; et wier **interessant** ze wëssen, wat hanner deem Gespréich ass; ech lauschteren him gär no, e kann esou **interessant** erzielen

i Variant: **interessant**

interesséieren [intərəs'ɛ:ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **interesséiert**) » **transitiv** **1. DE** *interessieren* • **FR** *intéresser [éveiller l'intérêt de]* • **EN** *to interest* • **PT** *interessar [despertar o interesse de]* **Beispill** dee Film **interesséiert** kee Mënsch » **reflexiv** **2.** sech **interesséiere** fir **DE** *sich interessieren für* • **FR** *s'intéresser à* • **EN** *to be interested in* • **PT** *interessar-se por* **Beispill** hien huet sech nach ëmmer fir d'Politik **interesséiert**

i Variant: **interesséieren**

Interessant [intərəs'ænt] Maskulinum (Pluriel Interessenten) **DE** *Interessant* • **FR** *personne intéressée, acheteur (potentiel)* • **EN** *interested party, potential buyer* • **PT** *pessoa interessada, comprador (potencial)* **Beispiller** huet sech schon en **Interessant** fir déi fräi Plaz fonnt?; och no engem hallwe Joer huet sech nach ëmmer keen **Interessant** fir eist Haus fonnt **Synonym** Amateur

i Weiblech Form: **Interessentin**

Interessentin [intərəs'æntin] Femininum (Pluriel Interessentinnen) **DE** *Interessentin* • **FR** *personne intéressée, acheteuse (potentielle)* • **PT** *pessoa interessada, compradora (potencial)*

i Männlech Form: **Interessant**

Interesseverriedung [intərəs'æsəfetriədʊŋ] Femininum (Pluriel Interesseverriedungen) **DE** *Interessenvertretung, Interessengruppe* • **FR** *groupement d'intérêts* • **EN** *interest group* • **PT** *agrupamento de interesses* **Beispill** déi fräi Beruffer hunn hir eegen **Interesseverriedung**

Interessi [intərə'sæsi:] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Interessen / Interessen) **1. DE** *Interesse [Aufmerksamkeit]* • **FR** *intérêt [attention]* • **EN** *interest [attention]* • **PT** *interesse [atenção]* **Beispill** d'Leit hunn dem Riedner mat vill **Interessi** nogelauschert **Synonym** Interêt **2. DE** *Interesse [Vorteil]* • **FR** *intérêt [avantage]* • **EN** *interest [advantage, benefit]* • **PT** *interesse [vantagem]* **Beispiller** dee mécht nëmmen aus eegenem **Interessi** um Projet mat; et ass an dengem **Interessi**, deng Schoul fäerdeg ze maachen **Synonym** Interêt **3. DE** *Interesse [Vorliebe]* • **FR** *intérêt [préférence, attrait]* • **EN** *interest [preference, predilection]* • **PT** *interesse [preferência, apego]* **Beispiller** mir hunn déi selwecht **Interessien**; hien huet nach keen **Interessi** un de Meedercher **Synonym** Interêt

i Variant: **Intressi**

Interêt [ˈɛ:terɛ:] Maskulinum (Pluriel Interêten) **1. DE** *Interesse [Vorteil]* • **FR** *intérêt [avantage]* • **EN** *interest [advantage, benefit]* • **PT** *interesse [vantagem]* **Beispiller** dee mécht nëmmen aus eegenem **Interêt** um Projet mat; et ass an dengem **Interêt**, deng Schoul fäerdeg ze maachen **Synonym** Interessi **2. DE** *Interesse [Vorliebe]* • **FR** *intérêt [préférence, attrait]* • **EN** *interest [preference, predilection]* • **PT** *interesse [preferência, apego]* **Beispiller**

mir hunn déi selwecht **Interêten**; hien huet nach keen **Interêt** un de Meedercher **Synonym** Interessi **3. DE** *Interesse [Aufmerksamkeit]* • **FR** *intérêt [attention]* • **EN** *interest [attention]* • **PT** *interesse [atenção]* **Beispill** d'Leit hunn dem Riedner mat vill **Interêt** nogelauschert **Synonym** Interessi

Interferenz [intefər'ænts] Femininum (Pluriel Interferenzen) **1. [Physik] DE** *Interferenz [Überlagerung von Wellen]* • **FR** *interférence [d'ondes, de mouvements vibratoires]* • **PT** *interferência [de ondas, de movimentos vibratórios]* **Beispill** fir **Interferenzen** tëschent den elektreschen Apparater ze vermeiden, sollen se vu Fachleit installéiert ginn **2. DE** *Interferenz [Überschneidung]* • **FR** *interférence [interaction, influence réciproque]* • **PT** *interferência [interação, influência recíproca]* **Beispill** bei Kanner, déi méisproocheg opwuessen, kënt et dacks zu sproochlechen **Interferenzen**

Interieur [ˈɛ:terjœ:r] Maskulinum (Pluriel Interieuren) **DE** *Interieur, Innenausstattung* • **FR** *intérieur [aménagement, équipement]* • **EN** *interior [finish, trim]* • **PT** *interior [decoração, equipamento]* **Beispill** mir wënschen eis en Auto mat engem hellen **Interieur**

Interjection Femininum (Pluriel Interjectionen) - Variant vun **Interjektion**

Interjektion Femininum (Pluriel Interjektionen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: **Interjektion**

Interlocuteur Maskulinum (Pluriel Interlocuteurs) **1. DE** *Gesprächspartner* • **FR** *interlocuteur [personne à laquelle on parle]* • **PT** *interlocutor [pessoa com quem se está a falar]* **Beispill** ech fannen et onmanéierlech, wa mäin **Interlocuteur** mer stänneg an d'Ried fällt **Synonym** Gesprächspartner **2. DE** *Anspruchspartner* • **FR** *interlocuteur, personne de contact* • **PT** *interlocutor, pessoa de contacto* **Beispill** et wier méi einfach fir eise Betrib, wa mer bei der Verwaltung een eenzeggen **Interlocuteur** hätten **Synonymen** Kontaktperson, Usprichpartner

i Weiblech Form: **Interlocutrice**

Interlocutrice Femininum (Pluriel Interlocutricen) **1. DE** *Gesprächspartnerin* • **FR** *interlocutrice [personne à laquelle on parle]* • **PT** *interlocutora [pessoa com quem se está a falar]* **Beispill** ech hunn et onmanéierlech fonnt, datt meng **Interlocutrice** mer stänneg an d'Ried gefall ass **Synonym** Gesprächspartnerin **2. DE** *Anspruchspartnerin* • **FR** *interlocutrice, personne de contact* • **PT** *interlocutora, pessoa de contacto* **Beispill** zënter Kuerzem hu mir eng nei **Interlocutrice** am Ministère **Synonym** Usprichpartnerin

i Männlech Form: **Interlocuteur**

Intermediaire [ɛ:termedi'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel Intermediairen) **DE** *Mittelsperson, Zwischenglied* • **FR** *intermédiaire* • **PT** *intermediário* **Beispill** eis Agence ass den **Intermediaire** tëschent dem Verkeefer an dem Client

intern [int'ɛrn] Adjektiv **DE** *intern [im inneren Kreis]* • **FR** *interne [non public]* <Adverb en interne> • **EN** *internal, private* <Adverb internally, privately> • **PT** *interno [não publi-*

co] <Adverb internamente> **Beispiller** déi lescht Virschléi vum President hu fir intern Diskussiounen gesuergt; d'Associatioun huet de Problem intern gereegelt

Internat [intɛRN'a:t] Neutrum (Pluriel Internater) **1.** DE *Internat [Heim]* • FR *internat, pensionnat* • EN *boarding school [establishment, institution]* • PT *internato, colégio interno [estabelecimento]* **Beispiller** si hunn hire Bouf an en Internat gedoen; d'Internat fiert zesummen op e Chrëschtmaart [d'Personal an d'Schüler aus dem Internat fueren zesummen op e Chrëschtmaart] **2.** DE *Internat [Gebäude]* • FR *internat [bâtiment]* • EN *boarding school [building]* • PT *internato, colégio interno [edificio]* **Beispill** mäi Papp huet mir d'Internat gewisen, wou hien als Jugendleche gelieft huet

international [intɛnatsjɔn'a:l] Adjektiv DE *international* • FR *international* <Adverb au niveau international> • EN *international* <Adverb internationally> • PT *internacional* <Adverb a nível internacional> **Beispiller** dëse Vertrag verstärkt déi international Kooperatioun; verschidde Froe mussen international gereegelt ginn

internéieren [intɛRN'ziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé internéiert) » **transitiv** DE *internieren* • FR *interner* • EN *to intern* • PT *internar* **Beispill** et dæerf keen unni legal Basis internéiert ginn

Internéierung [intɛRN'ziəRUŋ] Femininum (Pluriel Internéierungen) DE *Internierung* • FR *internement* • EN *internment* • PT *internamento* **Beispiller** d'Internéierung vun Immigranten unni Pabeieren ass ëmstridden; seng Internéierung huet zwielf Méint gedauert

Internet ['intɛnæt] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *Internet [Netzwerk]* • FR *Internet [réseau]* • EN *Internet [network]* • PT *Internet [rede]* **Beispill** um Internet fënnt een Informatiounen zu esou zimmlech allem, wat een sech ka virstellen **2.** DE *Internet [Internetanschluss]* • FR *Internet [accès à l'internet]* • EN *Internet [Internet connection]* • PT *Internet [acesso à Internet]* **Beispill** wéi, hues du keen Internet?

Internetsäit ['intɛnætzæ:it] Femininum (Pluriel Internetsäiten) DE *Website, Internetseite* • FR *site Internet, page Internet* • EN *website, web page* • PT *site da Internet, página da Internet* **Beispiller** eis Internetsäit ass eng Plattform fir all d'Leit, déi sech fir d'Reiden interesséieren; du kanns der déi néideg Formulairé vun dëser Internetsäit eroflueden **Synonym** Internetsite

Internetsite ['intɛnætsit] Maskulinum (Pluriel Internetsitten) DE *Website* • FR *site Internet* • EN *website* • PT *site da Internet* **Beispill** bei der offizieller Ouverture vum Musée gouf och säin Internetsite virgestallt **Synonymmen** Internetsäit, Site

Internet-Site ['intɛnætsit] Maskulinum (Pluriel Internet-Sitten) - Variant vun Internetsite

Internetuschloss Maskulinum (Pluriel Internetuschlëss) DE *Internetanschluss* • FR *branchement (à) Internet* • PT *ligação à Internet* **Beispiller** am Haus vun menge Grousseltere gëtt et keen Internetuschloss; d'Informatikerin kontrolléiert, ob et e Problem mam Internetuschloss gëtt

Internetverbindung Femininum (Pluriel Internetverbindungen) DE *Internetverbindung* • FR *connexion*

à Internet • PT *conexão à Internet* **Beispill** fir Filmer an engem héijer Opléisung ze streamen, brauch een eng gutt Internetverbindung

Internist [intɛRN'ist] Maskulinum (Pluriel Internisten) DE *Internist* • FR *interniste* • EN *internist* • PT *internista* **Beispill** zu engem Internist sengem Fachgebitt gehéieren ënner anerem d'Gefäässer an d'Verdauung

♀ Weiblech Form: Internistin

Internistin [intɛRN'istin] Femininum (Pluriel Internistinnen) DE *Internistin* • FR *interniste [femme]* • EN *internist [female]* • PT *internista [mulher]* **Beispill** mat Hëllef vun engem Ultraschall ënnersicht d'Internistin meng Verdauungsorganer

♂ Männlech Form: Internist

Interpellant [intɛpəl'ant] Maskulinum (Pluriel Interpellanten) DE *Interpellant* • FR *interpellateur [parlementaire]* • EN *interpellator [in parliament]* • PT *interpelador [parlamentar]* **Beispill** de Chamberspresident huet dem Interpellant d'Wuert ginn

♀ Weiblech Form: Interpellantin

Interpellantin [intɛpəl'antin] Femininum (Pluriel Interpellantinnen) DE *Interpellantin* • FR *interpellatrice [parlementaire]* • EN *(female) interpellator [in parliament]* • PT *interpeladora [parlamentar]* **Beispill** de Chamberpresident huet der Interpellantin d'Wuert ginn

♂ Männlech Form: Interpellant

Interpellatioun [intɛpələsɪ'əʊŋ] Femininum (Pluriel Interpellatiounen) DE *Interpellation* • FR *interpellation (parlementaire)* • EN *interpellation [in parliament]* • PT *interpeação (parlamentar)* **Beispill** a senger Interpellatioun huet den Deputéierten op verschidde Mësstänn higewisen

interpelléieren [intɛpəl'ziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé interpelléiert) » **transitiv** **1.** DE *interpellieren* • FR *interpeller [sur une action politique]* • EN *to interpellate [in parliament]* • PT *interpelar [sobre uma ação política]* **Beispill** de Minister ass iwwer dat neit Gesetz vun zwee Deputéierten interpelléiert ginn **2.** DE *auffordern sich auszuweisen* • FR *interpeller [contrôler l'identité de]* • EN *to stop for questioning, to stop for an ID check* • PT *interpelar, controlar a identidade de* **Beispill** zwee Polizisten hunn de jonke Mann interpelléiert **Synonym** kontrolléieren **3.** DE *bewegen, beschäftigen* • FR *interpeller [susciter une prise de conscience chez]* • EN *to move, to preoccupy* • PT *mexer com, dar que pensar a* **Beispill** de Reportage vu gëschter Owend iwwer d'Schicksal vun deem klengen Meedchen huet vill Spectateuren interpelléiert

Interpretatioun [intɛpɛratsɪ'əʊŋ] Femininum (Pluriel Interpretatiounen) **1.** DE *Interpretation [Auslegung]* • FR *interprétation [explication]* • EN *interpretation [explanation, explication]* • PT *interpretação [explicação]* **Beispill** vun deem Gedicht gëtt et e puer Interpretatiounen **2.** DE *Interpretation [künstlerische Wiedergabe]* • FR *interprétation [artistique]* • EN *interpretation [artistic representation]* • PT *interpretação [artística]* **Beispill** vun där Sinfonie hunn ech scho véier verschidden Interpretatiounen héieren

interpretéieren [ɪntɛpɾɛtˈziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **interpretéiert**) » **transitiv** **1.** **DE** *interpretieren* [auslegen] • **FR** *interpréter* [expliquer, comprendre d'une certaine façon] • **EN** *to interpret* [to construe] • **PT** *interpretar* [explicar, dar certo sentido a] **Beispiller** ech hu seng Äntwert falsch **interpretéiert**; an der Prüfung sollen d'Schüler e Gedicht **interpretéieren** **2.** **DE** *interpretieren* [künstlerisch wiedergeben] • **FR** *interpréter* [jouer] • **EN** *to interpret* [to represent artistically] • **PT** *interpretar* [desempenhar, executar, tocar] **Beispill** de Pianist huet dat kllassescht Stéck modern **interpretéiert**

Interpunktouen [ɪntɛpʊŋktsj'əʊŋ] Femininum (Pluriel **Interpunktouenen**) **DE** *Interpunktion* • **FR** *punctuation* • **EN** *punctuation* • **PT** *pontuação* **Beispill** du muss an dengem Text besser op d'**Interpunktouen** oppassen

Interrogativpronomen [ɪntɛɾogɑt'i:fɾono:mən] Maskulinum (Pluriel **Interrogativpronomen**)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Intervall [ɪntev'ɑl] Maskulinum (Pluriel **Intervallen**) **1.** **DE** *Intervall* [Zeitabstand] • **FR** *intervalle* [temps] • **EN** *interval* [time] • **PT** *intervalo* [tempo] **Beispill** haut fueren d'Bussen a kuerzen **Intervallen** **Synonym** Ofstand **2.** **DE** *Abstand* [räumliche Distanz] • **FR** *intervalle* [espace] • **EN** *interval* [interval] • **PT** *intervalo* [espaço] **Beispill** looss tëschent den Abschnitter méi e groussen **Intervall!** **Synonymmen** Ofstand, Sputt **3.** **DE** *Intervall* [zwischen zwei Tönen] • **FR** *intervalle* [entre deux sons] • **EN** *interval* [between two sounds] • **PT** *intervalo* [entre dois sons] **Beispill** an där selwechter Oktav ass den **Intervall** tëschent dem Re an dem Si méi grouss ewéi deen tëschent dem Mi an dem La

Intervenant Maskulinum (Pluriel **Intervenanten**) **1.** **DE** *Diskussionsteilnehmer* • **FR** *intervenante* [qui participe à une discussion] • **PT** *interveniante* [que toma parte numa discussão] **Beispill** ech hunn haut als **Intervenant** un enger Table ronde iwuer de Logement deelgeholl **2.** **DE** (an einem Arbeitsprozess beteiligte) Person • **FR** *intervenante* [qui intervient dans un processus] • **PT** *interveniante* [que participa num processo] **Beispiller** fir dese Projet si mer informatesch net gutt opgestallt, mir sinn op **Intervenanté** vu baussen ugewisen; an der Schoul gëtt et haut niewent dem Léierpersonal och nach aner **Intervenanten**

Intervenante Femininum (Pluriel **Intervenanteën**) - weiblech Form vun **Intervenant**

intervenéieren [ɪntevənˈziəɾən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **intervenéiert**) » **intransitiv** **1.** **DE** *eingreifen, einschreiten* • **FR** *intervenir, s'intéposer* • **EN** *to intervene* [to step in] • **PT** *intervir, interpor-se* **Beispill** wann d'Demonstrante friddlech bliwwen wieren, hätt d'Police net missen **intervenéieren** **2.** **DE** *sich einschalten, das Wort ergreifen* • **FR** *intervenir* [verbalement] • **EN** *to intervene* [to interrupt, to cut in] • **PT** *intervir* [verbalmente] **Beispill** ech konnt deenen Dommheeten net méi nolauscheren, ouni ze **intervenéieren**

Interventioun [ɛ:ɛrvü:sj'əʊŋ] Femininum (Pluriel **Interventiouenen**) **1.** **DE** *Eingriff, Einschreiten* • **FR** *intervention* [fait de s'intéposer] • **EN** *intervention* [stepping in, in-

volvement] • **PT** *intervenção* [ato de interpor-se] **Beispill** no der **Interventioun** vun der Police war d'Klapperei direkt eriwwer **Synonym** Agrëff **2.** **DE** *Wortbeitrag, Wortmeldung* • **FR** *intervention* [verbale] • **EN** *intervention* [interruption, cutting-in] • **PT** *intervenção* [verbal] **Beispiller** nom Minister senger **Interventioun** ass vill geklappt ginn; matzen an hirem Referat hunn ech missen eng **Interventioun** maachen

Interview ['ɪntɛrvju:] Maskulinum (Pluriel **Interviewen**) **1.** **DE** *Interview* • **FR** *interview* • **EN** *interview* • **PT** *entrevista* [jornalística] **Beispill** den Trainer wollt nom Match keen **Interview** ginn **2.** **DE** *Vortragsgespräch* • **FR** *entretien* (d'embauche) • **EN** (job) *interview* • **PT** *entrevista* (de emprego) **Beispill** et hu sechs Leit sech op d'Plaz gemellt, mir hunn der dräi an den **Interview** geruff **Synonymmen** Entretien, Virstellungsgespräch

interviewen ['ɪntɛrvju:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **interviewt**) » **transitiv** **DE** *interviewen* • **FR** *interviewer* • **EN** *to interview* • **PT** *entrevistar* **Beispiller** hien ass am Ausland, dofir mussen mer en iwuer Telefon **interviewen**; d'Coureure gi schonn **interviewt**, wann se nach ausser Otem sinn

intim [ɪnt'i:m] Adjektiv **1.** **DE** *intim* [privat, vertraulich] • **FR** *intime* [privé, confidentiel] • **EN** *intimate* [private, confidential] • **PT** *intimo* [privado, confidencial] **Beispill** dat sinn **intim** Detailer, déi keen eppes uginn **2.** **DE** *intim* [behaglich, gemütlich] • **FR** *intime* [confortable, douillet] <Adverb *douillettement*> • **EN** *intimate* [comfortable, cosy] <Adverb *intimately*> • **PT** *intimo* [tranquilo, confortável] <Adverb *intimamente*> **Beispiller** wann mer ginn an d'Stiffchen, do ass et méi **intim**; si hunn hir Schlofkummer **intim** agericht **3.** **DE** *intim* [sexuell] • **FR** *intime* [sexuel] • **EN** *intimate* [sexual] • **PT** *intimo* [sexual] **Beispill** si zwee haten eng **intim** Relatioun

Intimberäich [ɪnt'i:mbɛræ:ɪç] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Intimbereich* [Geschlechtsorgane] • **FR** *parties intimes* • **EN** *private parts* [genitals] • **PT** *partes íntimas* **Beispill** wann een ëmmer erëm Bass am **Intimberäich** huet, sollt een am beschte bei en Dokter goen

intimidéieren [ɪntimidˈziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **intimidéiert**) » **transitiv** **DE** *einschüchtern* • **FR** *intimider* • **EN** *to intimidate* • **PT** *intimidar* **Beispill** ech loosse mech vun him net **intimidéieren** **Synonym** aschüchteren

Intimitéit [ɪntimitˈzi:t] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Intimität* [Intimsphäre] • **FR** *intimité* [vie intime] • **EN** *privacy* • **PT** *intimidade* [vida íntima] **Beispiller** mat esou ville Leit am Dortoir huet ee guer keng **Intimitéit**; si wollten eng Feier an aller **Intimitéit** [si wollten eng Feier mat Famill a Frënn] **2.** (Pluriel **Intimitéiten**) **DE** *Intimität* [Privatangelegenheit] • **FR** *détail personnel, affaire privée* • **EN** *intimate details* • **PT** *coisa íntima, assunto privado* **Beispill** esou **Intimitéite** soll ee fir sech behalen

Intimsphär [ɪnt'i:msfɛ:ç] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Intimsphäre* • **FR** *intimité* [espace privé] • **EN** *privacy* • **PT** *privacidade, intimidade* **Beispill** mat esou ville Leit am Dortoir huet ee guer keng **Intimsphär**

intolerant ['ɪntolɛrɑnt] Adjektiv **DE** *intolerant* • **FR** *intolérant* • **EN** *intolerant* • **PT** *intolerante* **Beispiller** mat **intolerante** Leit ginn ech net eens; sief net esou **intolerant!**

Intoleranz [ˈɪntolərənts] Femininum 1. (kee Pluriel) **DE** *Intoleranz* [Unduldsamkeit] • **FR** *intolérance* [intransigeance] • **EN** *intolerance* [non-acceptance] • **PT** *intolerância* [intransigência] **Beispill** Haass an **Intoleranz** hu keng Plaz an eiser Gesellschaft **2.** (Pluriel **Intoleranzen**) **DE** *Intoleranz*, *Unverträglichkeit* • **FR** *intolérance* [alimentaire] • **EN** *intolerance* [to a food, to a drug] • **PT** *intolerância* [alimentar] **Beispill** wa bei enger Persoun eng **Intoleranz** géint Weess diagnostizéiert gëtt, muss se meeschtens hir ganz Ernährung ëmstellen

intonéieren [ɪntonˈziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé intonéiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

intransitiv [ɪnˈtranzitiːf] Adjektiv **DE** *intransitiv* • **FR** *intransitif* <Adverb intransitivement> • **EN** *intransitive* <Adverb intransitively> • **PT** *intransitivo* <Adverb intransitivamente> **Beispiller** intransitiv Verbe kann een net an de Passiv setzen; d'Verb „drénken“ gëtt och intransitiv benotzt

intransparent Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Intransparenz Femininum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

intravenös [ɪnˈtraːvenˈøːs] Adjektiv **DE** *intravenös* • **FR** *intraveineux* • **EN** *intravenous*, *intravenously* • **PT** *intravenoso* **Beispill** intravenös Infusione gi gären iwwer d'Veene vum Handréck gemaach

interessant [ɪnˈtræsˈant] Adjektiv - Variant vun **Interessant**

interesséieren [ɪnˈtræsˈziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé interesséiert) - Variant vun **Interesséieren**

Intressi [ɪnˈtræsiː] Maskulinum/Neutrum (Pluriel **Intressien** / **Intressen**) - Variant vun **Interessi**

Intrig [ɪnˈtriːk] Femininum (Pluriel **Intrigen**) **DE** *Intrige* • **FR** *intrigue* • **EN** *intrigue* • **PT** *intriga* **Beispill** dës Kéier hu se sech mat hiren **Intrige** selwer geschuet

Intrigant [ɪnˈtriɡˈant] Maskulinum (Pluriel **Intriganten**) **DE** *Intrigant* • **FR** *intrigant* • **EN** *intriguer*, *schemer* • **PT** *intriguista* **Beispill** pass op, hien ass en **Intrigant**!

I Weiblech Form: **Interigantin**

intrigant [ɪnˈtriɡˈant] Adjektiv **DE** *intrigant* • **FR** *intrigant* • **EN** *scheming* • **PT** *intriguista* **Beispill** deng Schwëster ass eng **intrigant** Louder!

Intrigantin [ɪnˈtriɡˈantin] Femininum (Pluriel **Intrigantinnen**) **DE** *Intrigantin* • **FR** *intrigante* • **EN** *intriguer*, *schemer* [female] • **PT** *intriguista* [mulher] **Beispill** déi **Intrigantin** huet eis mat hirer Hannerhåltegkeet iergefouert

I Männlech Form: **Interigant**

intrigéieren [ɪnˈtriɡˈziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé intrigéiert) » **transitiv 1.** **DE** *stutzig machen*, *zu denken geben* • **FR** *intriguer* [éveiller la curiosité de] • **EN** *to intrigue*, *to interest* • **PT** *intrigar* [excitar a curiosidade de] **Beispill** déi Affär do fänkt un, mech ze **intrigéieren** » **intransitiv 2.** **DE** *intrigieren* • **FR** *intriguer* [ma-

nigancer] • **EN** *to intrigue*, *to scheme* • **PT** *intrigar* [maquinar, tramar] **Beispill** hal op, stänneg hanner dem Réck vun denger Mataarbechter ze **intrigéieren**!

Introducioun Femininum (Pluriel **Introduciounen**) - Variant vun **Introduktioun**

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert ännern: **Introducioun** / **Introduktioun**

Introduktioun Femininum (Pluriel **Introduktiounen**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert ännern: **Introduktioun** / **Introducioun**

introvertéiert [ɪnˈtrovɛrtˈziɛt] Adjektiv **DE** *introvertiert* • **FR** *introverti* • **EN** *introverted* • **PT** *introvertido* **Beispill** et ass schwéier, mat **introvertéierte** Leit an d'Gespréich ze kommen

Intubatioun [ɪntubaˈsiːʊn] Femininum (Pluriel **Intubatiounen**) **DE** *Intubation* • **FR** *intubation* • **EN** *intubation* • **PT** *intubação* **Beispiller** duerch d'**Intubatioun** bleiwen dem Patient seng Otemweeër während der Operation fräi; wann e Patient weinst dem Coronavirus keng Loft méi kritt, kann e mat enger **Intubatioun** gehollef kréien

intubéieren [ɪntubˈziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé intubéiert) » **transitiv** **DE** *intubieren* • **FR** *intuber* • **EN** *to intubate* • **PT** *intubar* **Beispiller** während enger Vollnarkos gëtt de Patient **intubéiert**, fir datt seng Otemweeër fräi bleiwen; op den Intensivstatioun mussen vill Corona-Patienten **intubéiert** ginn

Intuitioun [ɪntuiˈsiːʊn] Femininum (Pluriel **Intuitiounen**) **DE** *Intuition* • **FR** *intuition* • **EN** *intuition* • **PT** *intuição* **Beispill** an dëser Affär verloossen ech mech nëmmen op meng **Intuitioun**

intuitiv [ɪntuiˈiːf] Adjektiv **DE** *intuitiv* • **FR** *intuitif* <Adverb intuitivement> • **EN** *intuitive* <Adverb intuitively> • **PT** *intuitivo* <Adverb intuitivamente> **Beispiller** seng **intuitiv** Approche huet e vill Sue kascht; ech weess zwar net firwat, mee **intuitiv** ginn ech der Recht

Inuit Maskulinum (Pluriel **Inuiten**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Inuitin Femininum (Pluriel **Inuitinnen**) - weiblech Form vun **Interuit**

invalid [ɪnˈvalˈiːt] Adjektiv **DE** *invalide* • **FR** *invalide* • **EN** *disabled* • **PT** *inválido* [incapaz de trabalhar] **Beispiller** duerch en Aarbechtsaccident gouf den Daachdecker **invalid**; dat hei ass eng Parkplaz fir **Invalider**

Invaliderent [ɪnˈvalˈiːdərənt] Femininum (Pluriel **Invaliderenten**) **DE** *Erwerbsunfähigkeitsrente* • **FR** *pension d'invalidité* • **EN** *incapacity pension*, *ill health pension* • **PT** *pensão de invalidez* **Beispill** zënter sengem Accident kritt mäi Pätter eng **Invaliderent**

Invaliditéit [ɪnˈvaliditˈziːt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Invalidität* • **FR** *invalidité* • **EN** *disability* • **PT** *invalidez* **Beispill** de Schmelzbecher krut weinst **Invaliditéit** d'Pensioun

Invasioun [ɪnˈvaziːʊn] Femininum (Pluriel **Invasiounen**) **DE** *Invasion* • **FR** *invasion* [incursion] • **EN** *inva-*

sion • **PT** *invasão* [incursão] **Beispiller** déi international Gemeinschaft huet d'Invasioun vum Land verurteelt; am Summer erlieft déi kleng Insel eng Invasioun vun Touristen [égs] [am Summer komme ganz vill Touristen op déi kleng Insel]

invasiv Adjektiv **1.** **DE** *invasiv* [Tumor] • **FR** *invasif* [tumeur] **Beispill** den IRM huet gewisen, datt de Patient eng **invasiv** Tumeur un der Liewer huet **2.** **DE** *invasiv* [medizinischer Eingriff] • **FR** *invasif* [intervention médicale] **Beispill** bei all **invasivem** Agréiff kann et zu enger Infektioun kommen **3.** [Biologie] **DE** *invasiv* [mit einheimischen Arten in Konkurrenz stehend] • **FR** *invasif* [en concurrence avec les espèces indigènes] **Beispiller** duerch déi **invasiv** Verbreedung vun den Nilgänse ginn aner Vulle verdréiwven; de Risenbärenklau kënnt aus Asien a gehéiert zu den **invasiivste** Planzen a Westeuropa; den Nutria verbreet sech **invasiv** an ass dowéinst eng Gefor fir aner Aarten **4.** **DE** *die Privatsphäre verletzend* • **FR** *envahissant* [touchant à la vie privée] **Beispill** ech empfangen déi vill Froen iwweier mä Privatliwwen an deem Questionnaire als **invasiv**

Inventaire [ɛ̃:vɑːt'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel Inventairen) **DE** *Inventur* • **FR** *inventaire* • **EN** *inventory* [listing] • **PT** *inventário* **Beispill** d'Bibliothecairë sinn amgang, den **Inventaire** ze maachen

Inventar [ɪnvænt'ɑ:r] Maskulinum (Pluriel Inventarer) **DE** *Inventar* • **FR** *stock et équipement* [éléments d'inventaire] • **EN** *inventory* [entire business stock] • **PT** *stock e equipamento* [elementos de inventário] **Beispill** wéi d'Geschäft iwweholl gouf, ass den **Inventar** separat verkaaft ginn

inverséieren [ɛ̃:vɛrs'ɛ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **inverséiert**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Inverssioun [ɪnvɛrzi'øʊn] Femininum (Pluriel Inverssiounen) **DE** *Inversion*, *Umkehrung* • **FR** *inversion* • **EN** *inversion* • **PT** *inversão* **Beispill** bei enger Fro kënnt et dacks zu enger **Inverssioun** vu Sujet a Verb

Invest [ɪnv'æst] Maskulinum (Pluriel Investen) **1.** **DE** *Investition* [Kapitalanlage] • **FR** *investissement*, *placement* • **EN** *investment* • **PT** *investimento* **Beispill** duerch dësen **Invest** hues de e steierlechen Avantage **Synonym** **Investissement** **2.** **DE** *Investition* [Geldausgabe] • **FR** *investissement* [dépense] • **EN** *investment* [expenditure] • **PT** *investimento* [dispêndio] **Beispiller** eise Konzern plangt fir d'nächst Joer **Investen** an der Héicht vun 250 Milliounen Euro; d'Holzheizung an eisem Weekendhaische war e gudden **Invest** **Synonym** **Investissement**

investéieren [ɪnvæst'ɛ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **investéiert**) » **transitiv** **1.** **DE** *investieren* [Kapital] • **FR** *investir* [du capital] • **EN** *to invest* [money] • **PT** *investir* **Beispiller** d'Firmaen **investéieren** ëmmer méi Geld an d'erneierbar Energien; seng Elteren hu vill Suen a seng Ausbildung **investéiert** **2.** **DE** *investieren*, *einsetzen*, *aufwenden* • **FR** *investir* [du temps, de l'énergie] • **EN** *to invest* [time, energy] • **PT** *investir* [tempo, energia] **Beispill** d'Museker hu vill Zäit **investéiert**, fir datt de Concert sollt e Succès ginn » **reflexiv** **3.** sech **investéieren** (an) **DE** *sich engagieren* (bei), *sich einset-*

zen (bei) • **FR** *s'investir* (dans) **Beispiller** mir hunn eis voll a ganz an dee Projet **investéiert**; hätte mer eis dach nëmme méi **investéiert**, da wier d'Resultat nach besser gewiescht!

Investissement [ɪnvæstisəm'ænt] Maskulinum/Neutrum (Pluriel **Investissementer**) **1.** **DE** *Investition* [Kapitalanlage] • **FR** *investissement*, *placement* • **EN** *investment* • **PT** *investimento* **Beispill** duerch dëst **Investissement** hues de e steierlechen Avantage **Synonymen** **Invest**, **Investitioun** **2.** **DE** *Investition* [Geldausgabe] • **FR** *investissement* [dépense] • **EN** *investment* [expenditure] • **PT** *investimento* [dispêndio] **Beispiller** eise Konzern plangt fir d'nächst Joer **Investissementer** an der Héicht vun 250 Milliounen Euro; d'Holzheizung an eisem Weekendhaische war e gutt **Investissement** **Synonymen** **Invest**, **Investitioun**

Investisseur Maskulinum (Pluriel **Investisseuren**) **DE** *Investor* • **FR** *investisseur* • **PT** *investidor* **Beispill** eise **Betrieb** ass op der Sich no neien **Investisseuren**, fir weider kënne ze **expandéieren**

I Variant: **Investor**

I Weiblech Form: **Investisseuse**

Investisseuse Femininum (Pluriel **Investisseusen**) **DE** *Investorin* • **FR** *investisseuse* • **PT** *investidora* **Beispill** déi nei **Investisseuse** huet frëscht Kapital an nei **Iddie** mat an eis Gesellschaft **bruecht**

I Variant: **Investorin**

I Männlech Form: **Investisseur**

Investitioun [ɪnvæstisj'øʊn] Femininum (Pluriel **Investitiounen**) **1.** **DE** *Investition* [Kapitalanlage] • **FR** *investissement*, *placement* • **EN** *investment* • **PT** *investimento* **Beispill** duerch dës **Investitioun** hues de e steierlechen Avantage **Synonym** **Investissement** **2.** **DE** *Investition* [Geldausgabe] • **FR** *investissement* [dépense] • **EN** *investment* [expenditure] • **PT** *investimento* [dispêndio] **Beispiller** eise Konzern plangt fir d'nächst Joer **Investitiounen** an der Héicht vun 250 Milliounen Euro; d'Holzheizung an eisem Weekendhaische war eng gutt **Investitioun** **Synonym** **Investissement**

Investitionsfong [ɪnvæstisj'øʊnsfɔŋ] Maskulinum (Pluriel **Investitionsfongen**) **DE** *Investmentfonds* • **FR** *fonds d'investissement* • **EN** *investment fund* • **PT** *fundo de investimento* **Beispill** d'Hallschent vun de Recetten, déi duerch déi nei **Steier** erakommen, ginn an en **Investitionsfong** **transferéiert**

Investitionskäschten [ɪnvæstisj'øʊnskæftən] Substantiv (kee Singulier) **DE** *Investitionskosten* • **FR** *coûts d'investissement* • **EN** *investments costs* • **PT** *custos de investimento* **Beispill** de **Projet** ass mat enormen **Investitionskäschten** **verbonden**

Investitionsprogramm [ɪnvæstisj'øʊnsprɔɡrɑm] Maskulinum (Pluriel **Investitionsprogramme** / **Investitionsprogrammer**) **DE** *Investitionsprogramm* • **FR** *programme d'investissement* • **EN** *investment programme* • **PT** *programa de investimento* **Beispiller** de **Mëtteg** stellt de **Verwaltungsrot** deem neien **Investitionsprogramm** vir; d'**Parlament** huet den **Investitionsprogramm** vun der **Regierung** an Héicht vun 200 Milliounen Euro **gestëmmt**

Investor Maskulinum (Pluriel Investoren) - Variant vun *Investisseur*

Investorin Femininum (Pluriel Investorinnen) - Variant vun *Investisseuse*

Invitatioun [ɛ̃:vitasjə'øʊn] Femininum (Pluriel Invitatiounen) **1.** *DE Einladung* [Bitte, Aufforderung] • *FR invitation* [demande] • *EN invitation* [request] • *PT convite* [ato de convidar] **Beispill** du kanns déi Invitatioun net refuséieren; brauchst du eng schrëftlech Invitatioun? [ironesch] [muss een dir besonnesch fléiwen?] **Synonym** Aluedung **2.** *DE Einladung* [Einladungsschreiben, Einladungskarte] • *FR invitation* [lettre, carton d'invitation] • *EN invitation* [letter, card] • *PT convite* [carta, cartão de convite] **Beispill** den Datum vum Fest steet op der Invitatioun **Synonym** Aluedung

Invité [ɛ̃:v'ite:] Maskulinum (Pluriel Invitéen) *DE eingeladener Gast* • *FR invité* • *EN guest* • *PT convidado* **Beispill** d'Hallschent vun den Invitéen ass ze spéit op d'Feier komm

i Weiblech Form: *Invitée*

Invitée [ɛ̃:v'ite:] Femininum (Pluriel Invitéeën) *DE eingeladene Gästin* • *FR invitée* • *EN guest* [female] • *PT convidada* **Beispill** eng Invitée huet den Event op de soziale Medien kommentéiert

i Männlech Form: *Invité*

invitéieren [ɛ̃:vit'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé invitéiert) » **transitiv** *DE einladen* [bitten zu kommen] • *FR inviter* [convier] • *EN to invite* • *PT convidar* [chamar] **Beispill** ech hunn zwanzeg Leit op mëi Gebuertsdag invitéiert **Synonym** alueden

invoquéieren [ɛ̃:vok'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé invoquéiert) » **transitiv** Administratioun *DE sich berufen auf, sich beziehen auf* • *FR invoquer, se référer à* • *EN to invoke, to refer to* • *PT invocar, referir-se a* **Beispill** ech invoquéieren den Artikel 81 vun eisem Reglement

inzenéieren [ɪntsɛn'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé inzenéiert) » **transitiv** **1.** *DE inszenieren* [in Szene setzen] • *FR mettre en scène* [un spectacle] • *EN to stage* [a performance] • *PT encenar* [um espetáculo] **Beispill** de jonke Regisseur huet säin éischt Stéck inzenéiert **2.** *DE inszenieren* [einfädeln, anstiften] • *FR mettre en scène, manigancer* • *EN to stage-manage, to engineer* • *PT encenar* [tramar, maquinar] **Beispill** déi ganz Affär ass vun e puer Intriganten inzenéiert ginn

Inzenéierung [ɪntsɛn'ziəʀəŋ] Femininum (Pluriel Inzenéierungen) **1.** *DE Inszenierung* [einer Vorstellung] • *FR mise en scène* [d'un spectacle] • *EN staging, production* • *PT encenação* [de um espetáculo] **Beispill** déi modern Inzenéierung vun klassisches Drama huet mir gutt gefall **2.** *DE Inszenierung* [Vorbereitung, Anstiftung] • *FR mise en scène, manigance* • *EN set piece, mise en scène* [machination] • *PT encenação* [trama, maqui-nação] **Beispill** de Putsch war vu vir bis hannen eng Inzenéierung

Inzidenz Femininum (Pluriel Inzidenzen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Inzidenzwäert Femininum (Pluriel Inzidenzwärter)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Inzucht ['ɪntsʊxt] Femininum (kee Pluriel) *DE Inzucht* • *FR consanguinité* • *EN inbreeding* • *PT consanguinidade* **Beispill** verschidden iwwerziichten Déiererasse riskéiere wéinst Inzucht ze degeneréieren

IPA-Transkriptioun Femininum (Pluriel IPA-Transkriptiounen) - Variant vun *IPA-Transkriptioun*

Ipa-Transkriptioun Femininum (Pluriel Ipa-Transkriptiounen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Ir [i:'ɛ] Maskulinum (Pluriel Iren) *DE Ire* • *FR Irlandais* • *EN Irishman* • *PT irlandês* **Beispill** mëi beschte Frënd ass Ir

i Variant: *Irlänner*

Irak [i'r'a:k] Eegennumm, Maskulinum *DE Irak* • *FR Irak* • *EN Iraq* • *PT Iraque* **Beispill** ech war schonn dräimol am Irak; ech fueren d'nächst Woch an den Irak; ech kommen aus dem Irak

i männlech Persoun: *Iraker* weiblech Persoun: *Irakerin* Ad-jektiv: *Irakesch* Hauptstadt: *Bagdad*

Iraker [i'r'a:kɛ] Maskulinum (Pluriel Iraker) *DE Iraker* • *FR Irakién* • *EN Iraqi* • *PT iraquiano* **Beispill** mëi beschte Frënd ass Iraker

Irakerin [i'r'a:kəri:n] Femininum (Pluriel Irakerinnen) *DE Irakerin* • *FR Irakienne* • *EN Iraqi* [female] • *PT iraquiana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Irakerin

irakesch [i'r'a:kɛʃ] Adjektiv *DE irakisch* • *FR irakién* • *EN Iraqi* • *PT iraquiano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi irakesch Kultur kenne geléiert

Iran [i'r'a:n] Eegennumm, Maskulinum *DE Iran, Islamische Republik Iran* • *FR Iran, République islamique d'Iran* • *EN Iran* • *PT Irão, República Islâmica do Irão* **Beispill** ech war schonn dräimol am Iran; ech fueren d'nächst Woch an den Iran; ech kommen aus dem Iran

i männlech Persoun: *Iraner* weiblech Persoun: *Iranerin* Ad-jektiv: *Iranesch* Hauptstadt: *Teheran*

Iraner [i'r'a:nɛ] Maskulinum (Pluriel Iraner) *DE Iraner* • *FR Iranien* • *EN Iranian* • *PT iraniano* **Beispill** mëi beschte Frënd ass Iraner

Iranerin [i'r'a:nəri:n] Femininum (Pluriel Iranerinnen) *DE Iranerin* • *FR Iranienne* • *EN Iranian* [female] • *PT iraniana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Iranerin

iranesch [i'r'a:nɛʃ] Adjektiv *DE iranisch* • *FR iranien* • *EN Iranian* • *PT iraniano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi iranesch Kultur kenne geléiert

iresch ['i:rɔʃ] Adjektiv *DE irisch* • *FR irlandais* • *EN Irish* • *PT irlandês* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi iresch Kultur kenne geléiert

i Variant: *irlännesch*

Iridium [i'r'i:djʊm] Maskulinum (kee Pluriel) Chimie *DE Iridium* [chemisches Element] • *FR iridium* [élément chimique] • *EN iridium* [chemical element] • *PT irídio* [elemento químico] **Beispill** d'Element Iridium gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller

Irin [i:'Rin] Femininum (Pluriel Irinnen) DE *Irin* • FR *Irlandaise* • EN *Irishwoman* • PT *irlandesa* **Beispill** meng beschd Frëndin ass Irin

i Variant: Irlännerin

Iris Femininum (Pluriel Irissen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Irland [i:'rlant] Eegennumm, Neutrum DE *Irland* • FR *Irlande* • EN *Ireland* • PT *Irlanda* **Beispiller** ech war schonn dräimol an Irland; ech fueren d'nächst Woch an Irland; ech kommen aus Irland

i männlech Persoun: ♂Ir weiblech Persoun: ♀Irin Adjektiv: ♂iresch Haaptstad: ♂Dublin

Irlänner Maskulinum (Pluriel Irlänner) - Variant vun ♂Ir

Irlännerin Femininum (Pluriel Irlännerinnen) - Variant vun ♀Irin

irlännesch Adjektiv - Variant vun ♂iresch

IRM [i:ER'Em] Maskulinum (Pluriel IRMen) **1.** DE *Kernspintomographie, Magnetresonanztomographie, MRT* • FR *IRM [examen médical]* • EN *magnetic resonance imaging, MRI scan [examination]* • PT *ressonância magnética, IRM [exame]* **Beispill** den IRM huet dem Kardiolog säi Verdacht op en Hiereschlag confirméiert **2.** DE *Kernspintomograph, Magnetresonanztomograph* • FR *(appareil d')IRM* • EN *magnetic resonance imaging system, MRI scanner* • PT *ressonância magnética, IRM [aparêlho]* **Beispill** déi zwee Spideeler hunn sech zesummegegoen, fir en IRM ze kafen

ironesch [i'r'o:nəʃ] Adjektiv DE *ironisch* • FR *ironique* <Adverb *ironiquement*> • EN *ironic* <Adverb *ironically*> • PT *irónico* <Adverb *ironicamente*> **Beispiller** vill Leit hunn dem Riedner seng ironesch Remarque guer net verstanen; a sengem Artikel huet de Journalist der Politikerin hir Ausso ganz ironesch kommentéiert

Ironie [i'ron'i:] Femininum (kee Pluriel) DE *Ironie* • FR *ironie* • EN *irony* • PT *ironia* **Beispill** seng Remark war puer Ironie!

irreal [i're'a:l] Adjektiv DE *irreal* • FR *irréel* • EN *unreal* • PT *irreal* **Beispiller** ech war hënt a mengen Droom an enger irrealer Landschaft; de Film spillt an enger irrealer Welt

irrelevant Adjektiv DE *irrelevant* • FR *sans importance, insignifiant* • PT *irrelevante, insignificante* **Beispill** dat Argument ass an dësem Kontext komplett irrelevant

irreprochabel [i'rəp'roʃ'a:bəl] Adjektiv DE *tadellos, einwandfrei* • FR *irréprochable* <Adverb *irréprochablement*> • EN *irreproachable* <Adverb *irreproachably*> • PT *irrepreensível* <Adverb *irrepreensivelmente*> **Beispiller** säi Behuelen eis géintiwuer war irreprochabel; hien huet sech irreprochabel beholl

irresponsabel [i'rəspõ:'s'a:bəl] Adjektiv DE *unverantwortlich* • FR *irresponsable [irréfléchi, insouciant]* <Adverb *de façon irresponsable*> • EN *irresponsible* <Adverb *irresponsibly*> • PT *irresponsável [irrefletido, leviano]* <Adverb *de maneira irresponsável*> **Beispiller** et ass irresponsabel, mat glate Pneuen ze fueren; wéi kann e Mënsch sech nëmmen esou irresponsabel behuelen? **Syn-**

onym onverantwortlech

irreversibel [i'rɛvɛrs'i:bəl] Adjektiv DE *irreversibel, unumkehrbar* • FR *irréversible* • EN *irreversible* • PT *irreversível* **Beispiller** ech reeche meng Kënnegung an a meng Decisioun ass irreversibel; am Prinzip ass eng Vasektomie en irreversibele Schrëtt fir de Mann

Irritatioun [i'ritasi:'əʊn] Femininum (Pluriel Irritatiounen) **1.** DE *Irritation [Verärgerung]* • FR *irritation [agacement, exaspération]* • EN *irritation [annoyance]* • PT *irritação [exasperação]* **Beispill** d'Coursen op der Bourse hunn haut fir Irritatioun gesuergt **2.** DE *Reizung [Entzündung]* • FR *irritation [inflammation]* • EN *irritation [inflammation]* • PT *irritação [inflamação]* **Beispill** ech hunn eng Irritatioun am lénksen A

irritéieren [i'rit'ziə'rən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé irritéiert) » **transitiv** DE *irritieren [ärgern, reizen]* • FR *irriter [agacer, exaspérer]* • EN *to irritate [to annoy]* • PT *irritar [agastar, exasperar]* **Beispiller** déi frech Bemierkung huet mech esou irritéiert, datt ech mech net méi konnt konzentréieren; wann een en anotemt, irritéiert Ammoniak d'Nues, de Mond an den Hals

Ischpelt ['iʃpəlt] Eegennumm DE *Urspelt* • FR *Urspelt* • EN *Urspelt* • PT *Urspelt* **Beispiller** ech wunnen zu Ischpelt; fiert dëse Bus op Ischpelt?

Islam [isl'a:m] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Islam* • FR *islam* • EN *Islam* • PT *islão* **Beispill** vill Leit hu keng richtig Virstellung vum Islam

Islamabad Eegennumm DE *Islamabad* • FR *Islamabad* • PT *Islamabade* **Beispill** Islamabad ass d'Haaptstad vum Pakistan

islamesch ['isla:məʃ] Adjektiv DE *islamisch* • FR *islamique, musulman* • EN *Islamic* • PT *islâmico* **Beispill** ech ginn e Virtrag iwwer islamesch Traditiounen lauschteren

Island ['islant] Eegennumm, Neutrum DE *Island* • FR *Islande* • EN *Iceland* • PT *Islândia* **Beispiller** ech war schonn dräimol an Island; ech fueren d'nächst Woch an Island; ech kommen aus Island

i männlech Persoun: ♂Islänner weiblech Persoun: ♀Islännerin Adjektiv: ♂islännesch Haaptstad: ♂Reykjavik

Islänner ['islænə] Maskulinum (Pluriel Islänner) DE *Isländer* • FR *Islandais* • EN *Icelander* • PT *islandês* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Islänner

Islännerin ['islænərin] Femininum (Pluriel Islännerinnen) DE *Isländerin* • FR *Islandaise* • EN *Icelander [female]* • PT *islandesa* **Beispill** meng beschd Frëndin ass Islännerin

islännesch ['islænəʃ] Adjektiv DE *isländisch* • FR *islandais* • EN *Icelandic* • PT *islandês* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi islännesch Kultur kenne geléiert

Isolatioun [izolasi:'əʊn] Femininum (Pluriel Isolatiounen) **1.** DE *Isolation [Absonderung, Trennung]* • FR *isolement [solitude, séparation]* • EN *isolation [solitude]* • PT *isolamento [solidão, separação]* **Beispiller** hien huet e ganz Joer op enger klenger Insel an der totaler Isolatioun gelieft; esoulaang e Symptomer huet, muss de Corona-Patient an Isolatioun bleiwen **2.** DE *Isolatioun [Abdichtung]* • FR *isolation [action d'isoler]* • EN *insu-*

lation, insulating • **PT** *isolamento* [ação de isolar] **Beispill** mat der **Isolatioun** vum Daach brauche mer manner Mazout **3. DE** *Isolation* [*Isolationsmaterial*] • **FR** *isolation* [*matériau, équipement d'isolation*] • **EN** *insulation* [*material*] • **PT** *isolamento* [*material, equipamento isolador*] **Beispill** mir mussen d'**Isolatioun** vum Daach nei maachen

Isoléierband [izol'ɛɪəbɑ̃t] Neutrum (Pluriel **Isoléierbänner**) **DE** *Isolierband* • **FR** *ruban isolant* • **EN** *insulating tape* • **PT** *fita isoladora* **Beispill** ech fannen de Rullo **Isoléierband** net

isoléieren [izol'ɛɪəʀɑ̃] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **isoléiert**) » **transitiv 1. DE** *isolieren* [*absondern, trennen*] • **FR** *isoler* [*mettre à l'écart*] • **EN** *to isolate* • **PT** *isolar* [*pôr à parte*] **Beispill** d'Prisonéier, déi de Virus hunn, **gi** vun deenen aneren **isoléiert 2. DE** *isolieren* [*abdichten*] • **FR** *isoler* [*étanchéiser*] • **EN** *to insulate* • **PT** *isolar* [*estancar*] **Beispill** et zitt eran, well d'Fënsteren net gutt **isoléiert** sinn

israeelesch [isʀa'e:ɛlɕ] Adjektiv **DE** *israelisch* • **FR** *israélien* • **EN** *Israeli* • **PT** *israelita, israeliano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **israeelesch** Kultur kenne geléiert

Israeeli [isʀa'e:li:] Maskulinum (Pluriel **Israeelien**) **DE** *Israeli* • **FR** *Israélien* • **EN** *Israeli* • **PT** *israelita, israeliano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Israeeli**

Israelin [isʀa'e:lin] Femininum (Pluriel **Israeelinnen**) **DE** *Israeli* • **FR** *Israélienne* • **EN** *Israeli* [*female*] • **PT** *israelita, israeliana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Israelin**

Israel ['isʀa:ɛl] Eegennumm, Neutrum **DE** *Israel* • **FR** *Israël* • **EN** *Israel* • **PT** *Israel* **Beispiller** ech war schonn dräimol an **Israel**; ech fueren d'nächst Woch an **Israel**; ech kommen aus **Israel**

i männlech Persoun: ↗**Israeeli** weiblech Persoun: ↗**Israelin** Adjektiv: ↗**israeelesch** Haaptstad: ↗**Jerusalem**

Italieener [itali'e:ne] Maskulinum (Pluriel **Italieener**) **DE** *Italiener* • **FR** *Italien* • **EN** *Italian* • **PT** *italiano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Italieener**

i Variant: **Italiéiner**

Italieenerin [itali'e:nərin] Femininum (Pluriel **Italieenerinnen**) **DE** *Italienerin* • **FR** *Italienne* • **EN** *Italian* [*female*] • **PT** *italiana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Italieenerin**

i Variant: **Italiéinerin**

italieenesch [itali'e:nɕ] Adjektiv **DE** *italienisch* • **FR** *italien* • **EN** *Italian* • **PT** *italiano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **italieenesch** Kultur kenne geléiert

i Variant: **italiéenesch**

Italiéiner [itali'ɛɪnɛ] Maskulinum (Pluriel **Italiéiner**) - Variant vun ↗**Italieener**

Italiéinerin [itali'ɛɪnɛrin] Femininum (Pluriel **Italiéinerinnen**) - Variant vun ↗**Italieenerin**

italiéenesch [itali'ɛɪnɛɕ] Adjektiv - Variant vun ↗**italieenesch**

Italien [it'a:liən] Eegennumm, Neutrum **DE** *Italien* • **FR** *Italie* • **EN** *Italy* • **PT** *Itália* **Beispiller** ech war schonn dräi-

mol an **Italien**; ech fueren d'nächst Woch an **Italien**; ech kommen aus **Italien**

i männlech Persoun: ↗**Italieener** weiblech Persoun: ↗**Italieenerin** Adjektiv: ↗**italieenesch** Haaptstad: ↗**Roum**

Item Maskulinum (Pluriel **Itemen**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Item Maskulinum (Pluriel **Items**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Ivorer [iv'o:ʀe] Maskulinum (Pluriel **Ivorer**) **DE** *Ivorer* • **FR** *Ivoirien* • **EN** *Ivorian* • **PT** *costa-marfinense* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Ivorer**

Ivorerin [iv'o:ʀərin] Femininum (Pluriel **Ivorerinnen**) **DE** *Ivorerin* • **FR** *Ivoirienne* • **EN** *Ivorian* [*female*] • **PT** *costa-marfinense* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Ivorerin**

ivoresch [iv'o:ʀɕ] Adjektiv **DE** *ivorisch* • **FR** *ivoirien* • **EN** *Ivorian* • **PT** *costa-marfinense* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **ivoresch** Kultur kenne geléiert

Iwwel ['ivəl] Neutrum (Pluriel **Iwwelen**) **DE** *Übel* • **FR** *mal* [*inconvenient*] • **EN** *ill, evil* [*annoyance, problem*] • **PT** *mal* [*inconveniente*] **Beispill** déi knaschteg Dusche waren dat geréngst **Iwwel** am Hotel

iwwel ['ivəl] Adjektiv **1.** net **iwwel** **DE** *nicht* *übel* [*gut aussehend*] • **FR** *pas mal, plutôt mignon* • **EN** *not bad* [*good-looking*] • **PT** *nada feio, bastante giro* **Beispiller** menger Schwëster hiren neie Frënd ass net **iwwel**; hien ass keen **iwwel** Kärel **2. DE** *übel, schlecht* [*Brechreiz verspürend*] • **FR** *nauséeux, malade* • **EN** *sick, nauseous* • **PT** *maldisposto, enjoado* **Beispill** ech kann net liesen am Auto, soss gétt et mer **iwwel** **Synonym** schlecht

iwwelhuelen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **iwwelgeholl**) » **transitiv** **DE** *übel nehmen* • **FR** *prendre de travers* • **EN** *to take offence* • **PT** *levar a mal* **Beispiller** hien hat meng Bemierkung **iwwelgeholl**; **huel** mer et wannechgelift net **iwwel**! **Synonym** veriwuelen

iwwelzeg Adjektiv **DE** *übel, schlecht* [*Brechreiz verspürend*] • **FR** *nauséeux, mal, malade* • **PT** *maldisposto, enjoado* **Beispiller** et ass mer **iwwelzeg**, well ech duerchernee giess a gedronk hunn; de Kanner gétt et hannen am Auto séier **iwwelzeg** **Synonymmen** **iwwel**, net gutt, schlecht

Iwwelzegkeet ['ivəltɕe:kɛ:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Übelkeit, Brechreiz* • **FR** *nausée, haut-le-cœur* • **EN** *nausea* • **PT** *náusea* **Beispill** vill schwanger Fraen hunn déi éischt Zäit mat **Iwwelzegkeet** ze kämpfen

iwwer ['ivɛ] Prepositioun » **mam** **Akkusativ** / **mam** **Dativ 1. DE** *über* [*oberhalb*] • **FR** *au-dessus de* • **EN** *over, above* • **PT** *por cima de, acima de* **Beispiller** hänk der däin Diplom **iwwer** d'Bett!; **iwwer** dem Agang vum Hotel houg eng grouss Auer; an der Hierarchie steet den Direkter **iwwer** dem Personalchef **2. DE** *über, auf* • **FR** *par-dessus, sur* • **EN** *over, on top of* • **PT** *por cima de, sobre* **Beispiller** lee deng Jackett **iwwer** de Stull!; ech di léiwer nach e Pullover **iwwer** d'Blus un » **mam** **Akkusativ 3. DE** *über* [*darüber hinweg*] • **FR** *par-dessus* [*en traversant, en franchissant*] • **EN** *over, across* • **PT** *por cima de* [*atravessando, transpondo*] **Beispiller** ech

sinn **iwwer** d'Gelänner geklommen; mir mussen **iwwer** d'Baach sprangen; mir hu genuch Brennholz, fir **iwwer** de Wanter ze kommen [mir hu genuch Brennholz fir dee ganze Wanter] **4. DE** *über* [darüber hinaus] • **FR** *au-delà de* • **EN** *over, beyond* • **PT** *além de* **Beispiller** de Camion huet missen **iwwer** de wäisse Stréch fueren, fir en Trakter ze **iwwer**huelen; de Coût vum Projet geet **iwwer** d'Mëttele vun eiser Gemeng eraus **5. DE** *über* [via] • **FR** *via, en passant par* • **EN** *via, by way of* • **PT** *via, passando por* **Beispill** mir sinn **iwwer** Madrid op Toledo gefuer » **mam Akkusativ / mam Dativ** **6. DE** *über, während* • **FR** *durant, pendant (que)* • **EN** *over, during* • **PT** *durante, enquanto* **Beispiller** d'Doktesch ass **iwwer** d'Feierdeeg net do; mir ginn **iwwer** Päischten op eng Croisière; déi ganz Woch **iwwer** ass mäi Mann am Ausland; d'Schüler sinn **iwwer** dem Cours ageschlof; **iwwer** dem Schwätze koum mer eng Iddi » **mam Akkusativ** **7. DE** *über* [betreffend] • **FR** *sur, de* [au sujet de] • **EN** *over, about* [on the subject of] • **PT** *sobre, de* [acerca de] **Beispiller** an der Zeitung steet en Artikel **iwwer** den Terrorismus; mir mussen eng Kéier **iwwer** eis Vakanz schwätzen; laach net **iwwer** mech! **8. DE** *über* [wegen] • **FR** *de, à cause de* • **EN** *over, about* [because of] • **PT** *por, de, por causa de* **Beispiller** ech hu mech ganz vill **iwwer** däi Kaddo gefreet!; de Schoulmeeschter ass fuerchtbar rose ginn **iwwer** déi Ligen; all Mënsch klot **iwwer** déi deier Präisser

i Variant: **iwwert**

iwwer ['i:və] Adverb **DE** *über* [mehr als] • **FR** *plus de* • **EN** *over, more than* • **PT** *mais de* **Beispiller** mäi Cousin war schonn an **iwwer** 30 Länner an der Vakanz; d'Schüler hunn **iwwer** eng Stonn gebraucht, fir déi Rechenaufgab ze léisen **Synonym** méi ewéi

iwwer- Verbpartikel **DE** [abtrennbares Erstglied eines Verbs] • **FR** [particule séparée d'un verbe] • **EN** [separable verb particle] • **PT** [partícula separável de um verbo] **Beispiller** dréi de Gas zou, soss leeft d'Mëllech **iwwer**!; lee d'Brieder esou openeen, datt keent **iwwer**steet

i Verben, déi **iwwer-** als Partikel hunn: **iwwer**belaauchten, **iwwer**goen, **iwwer**gräifen, **iwwer**hänken, **iwwer**lafen, **iwwer**leeden, **iwwer**schaimen, **iwwer**schnapen, **iwwer**schnappen, **iwwer**sprangen, **iwwer**stoen, **iwwer**trieden

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: **iwwer** Prepositioun

iwwerall [i:və'r'al] Adverb **DE** *überall* • **FR** *partout* • **EN** *everywhere* • **PT** *por toda a parte, em todo o lado* **Beispiller** ech hu schonn **iwwerall** gesicht, mee ech fanne meng Schlüsselen net; d'Souvenirsbutteker si bal **iwwerall** d'selwecht

iwwerallhin [i:və'r'al'h'in] Adverb **DE** *überallhin* • **FR** (un peu) *partout* [indique une destination] • **PT** *para todos os lados* **Beispill** fir eis ze beschwéieren, hu mir **iwwerallhi** geschriwwen

iwweraus [i:və'r'æ:ʊs] Adverb **DE** *überaus* • **FR** *extrêmement* • **PT** *extremamente, muito* **Beispill** mir sinn **iwweraus** dankbar fir Är wäertvoll Ennerstétzung **Synonymen** extreem, immens

iwwerbaken [i:və'b'a:kən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **iwwerbak**) » **transitiv** **DE** *überbacken* • **FR** *gratiner* • **EN** *to gratinate* • **PT** *gratinar* **Beispill** hien huet d'Grompere mat Kéis **iwwerbak**

iwwerbehidden Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **iwwerbehitt**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

iwwerbelaauchten ['i:və'bə:l'ɔ:tən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **iwwerbelaaucht**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Iwwerbelaaachtung ['i:və'bə:l'ɔ:tʊŋ] Femininum (Pluriel **Iwwerbelaachtungen**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

iwwerbelichten ['i:və'bə:l'ɔ:tən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **iwwerbelicht**) » **transitiv** **DE** *überbelichten* • **FR** *surexposer* • **EN** *overexpose* • **PT** *sobre-expor* **Beispill** well d'Foto **iwwerbelicht** ass, kennt ee kee méi drop erëm

Iwwerbelichtung ['i:və'bə:l'ɔ:tʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Überbelichtung* • **FR** *surexposition* • **EN** *overexposure* • **PT** *sobre-exposição* **Beispill** dëse speziellen Effekt erreecht een duerch **Iwwerbelichtung**

iwwerbewäerten ['i:və'bə:v'ɛ:ɣtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **iwwerbewäert**) » **transitiv** **1. DE** *überbewerten* [zu hoch bewerten] • **FR** *surestimer* (la valeur de) • **EN** *to overrate* • **PT** *sobrestimar* (o valor de) **Beispill** seng Aarbecht gouf **iwwerbewäert** **2. DE** *überbewerten* [zu viel Bedeutung beimessen] • **FR** *attacher trop d'importance à* • **EN** *to overvalue* • **PT** *atribuir demasiada importância a* **Beispill** du däerfs dat Resultat net **iwwerbewäerten**

Iwwerbewäertung ['i:və'bə:v'ɛ:ɣtʊŋ] Femininum (Pluriel **Iwwerbewäertungen**) **DE** *Überbewertung* • **FR** *surestimation, surévaluation* • **EN** *overrating* • **PT** *sobrestimação, sobrevalorização* **Beispill** dem Kritiker säin Artikel ass eng krass **Iwwerbewäertung** vum Kënschtler senger Leeschtung

iwwerbidden [i:və'b'ɪdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **iwwerbueden**) » **transitiv** **1. DE** *überbieten* [mehr bieten als] • **FR** *surenchérir sur* • **EN** *to outbid* • **PT** *fazer uma oferta superior à de* **Beispill** op der Stee huet kee mäin Noper **iwwerbueden** **2. DE** *überbieten* [übertreffen] • **FR** *dépasser, battre* [une performance] • **EN** *to outdo* • **PT** *ultrapassar, bater* [um desempenho] **Beispill** bis elo konnt keen déi Leeschtungen do **iwwerbidden**

Iwwerbléck ['i:və'blɛk] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Überblick, Übersicht* • **FR** *aperçu général, idée d'ensemble* • **EN** *overview* • **PT** *visão de conjunto, ideia geral* **Beispiller** ech hunn den **Iwwerbléck** **iwwer** meng Finanzen verluer; ier ech der kann hëllef, muss ech mer en **Iwwerbléck** **iwwer** deng Situatioun verschafen

iwwerblécken ['i:və'blɛkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **iwwerbléckt**) » **transitiv** **1. DE** *überblicken* [betrachten] • **FR** *embrasser du regard* • **EN** *to overlook* [to have a view of] • **PT** *abarcар, alcançar com a vista* **Beispill** vun dësem Tuerm aus kann een déi ganz Stad **iwwerblécken** **2. DE** *überblicken* [erfassen, ermessen] • **FR** *se faire une vue d'ensemble de* • **EN** *to have an overview of, to grasp* • **PT** *fazer uma ideia geral de* **Beispill** am Ament ass et schwéier, d'Ausmoosse vun

der Katastroph ze iwwerblécken

iwwerbrécken [i'vebr'ekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé iwwerbréckt) » **transitiv 1.** DE überbrücken [eine Zeitspanne] • FR s'en sortir pendant, réussir à traverser [un espace de temps] • EN to get through, to survive [a period] • PT governar-se durante [um período de tempo] **Beispill** mat de Sue vum Spuerbuch kënne mer déi nächst puer Wochen iwwerbrécken **2.** DE überbrücken [eine Schwierigkeit, eine Hürde] • FR surmonter [une difficulté, un obstacle] • EN to overcome [a difficulty, an obstacle] • PT superar [uma dificuldade, um obstáculo] **Beispill** d'Geigesätz téschent deenen zwou Parteie sinn net ze iwwerbrécken

iwwerbréngen [i'vebr'ejən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé iwwerbruecht)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Iwwerdaach [i'veda:χ] Maskulinum (Pluriel Iwwerdiech) DE Überdach, Schutzdach • FR auvent • EN canopy, shelter • PT apendre [cobertura] **Beispill** mir hunn ënner engem Iwwerdaach gewaart, bis de Schluet eriwwer war

iwwerdauern [i'ved'ɑʊərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé iwwerdauert) » **transitiv DE** überdauern • FR survivre à [durer plus longtemps que] • EN to survive [to outlast] • PT transpor, sobreviver a [uma época] **Beispill** déi Theorie wäert net emol dëst Joerhonert iwwerdauern

iwwerdecken [i'ved'ækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé iwwerdeckt) » **transitiv DE** überdecken, bedecken • FR recouvrir, couvrir • EN to cover • PT recobrir, cobrir **Beispiller** wéi et gereet huet, hunn d'Maartleit hir Stänn mat Baatschen iwwerdeckt; d'Baach ass op enger Längt vun zwee Kilometer iwwerdeckt

iwwerdeem [i'ved'e:m] Konjunktioun - Variant vun ↗iwwerdeems

iwwerdeem [i'ved'e:m] Adverb - Variant vun ↗iwwerdeems

iwwerdeems [i'ved'e:ms] Adverb DE währenddessen • FR pendant ce temps • EN meanwhile [at the same time] • PT enquanto isso, ao mesmo tempo **Beispill** ech kann net d'Zeitung liesen an iwwerdeems mat dir schwätzen **Synonym** währenddeems

I Variant: iwwerdeem

iwwerdeems [i'ved'e:ms] Konjunktioun DE während [zur gleichen Zeit] • FR pendant que • EN while • PT enquanto [durante] **Beispill** iwwerdeems hien d'Zeitung gelies huet, ass en entschlof **Synonymmen** während, währenddeems

I Variant: iwwerdeem

iwwerdeiert [i'ved'ɑiɛt] Adjektiv DE überteuert • FR (d'un prix) exorbitant • EN excessive, overpriced • PT (de preço) exorbitante **Beispiller** ech sinn net bereet, esou en iwwerdeierte Präis fir en hondsgewéinleche Bifdeck ze bezuelen; an där Bar kréien d'Clienté vun de Serveusen iwwerdeierte Schampes ugedréit

iwwerdenken [i'ved'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé iwwerduecht) » **transitiv DE** über-

denken • FR reconsidérer • EN to think over, to reconsider • PT reconsiderar **Beispill** huel der Zäit, fir deng Entschuedung ze iwwerdenken!

iwwerdimensional [i'vedimænzjona:l] Adjektiv DE überdimensional • FR démesuré, exagérément grand • EN oversized [excessively large] • PT desmesurado, exageradamente grande **Beispill** de Clown hat iwwerdimensional Schong un

iwwerdimensionéiert [i'vedimænsjɔniɛt] Adjektiv DE überdimensioniert • FR surdimensionné • EN oversized [excessively large] • PT de dimensões desmesuradas **Beispill** de geplangte Kinoskomplex ass iwwerdimensionéiert

Iwwerdosis [i'vedɔ:zi:s] Femininum (Pluriel <see-len> Iwwerdosisen / <seeelen> Iwwerdosen) DE Überdosis • FR surdose, overdose • EN overdose • PT overdose **Beispill** dee jonke Ménsch ass un enger Iwwerdosis Heroin gestuerwen

iwwerdreiwén [i'vedr'ɑivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé iwwerdréiwén) » **intransitiv DE** übertreiben • FR exagérer • EN to exaggerate, to overindulge • PT exagerar **Beispiller** muss du beim Erzielen ëmmer esou iwwerdreiwén?; et ass him schlecht, well e gëschter mam Iessen iwwerdréiwén huet **Synonym** exageréieren

iwwerdréiwén [i'vedr'ivən] Adjektiv DE übertrieben, überhöht • FR exagéré, excessif <Adverb trop, excessivement> • EN exaggerated, excessive <Adverb excessively> • PT exagerado [excessivo] <Adverb exageradamente> **Beispiller** mat iwwerdréiwéienem Éiergäiz mécht een sech keng Frënn; d'Wunneng ass zwar ganz schéin, mee de Loyer ass iwwerdréiwén; dee Restaurant ass iwwerdréiwén deier

I „iwwerdréiwén“ kann och de Participle passé vum Verb ↗iwwerdréiwén sinn.

Iwwerdrock [i'vedrɔk] Maskulinum (kee Pluriel) DE Überdruck • FR surpression • PT pressão excessiva **Beispill** wann de Kessel Iwwerdrock kritt, riskéiert en ze baschten

iwwerdroen [i'vedrɔ:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé iwwerdroen) » **transitiv 1.** DE übertragen [senden] • FR retransmettre [diffuser] • EN to broadcast [to transmit] • PT retransmitir [emitir] **Beispiller** d'Krankemass ass um Radio iwwerdroe ginn; wéi e Sender iwwerdréit d'Weltmeeschterschaft? **Synonym** difuséieren **2.** DE übertragen [eine Krankheit, eine Infektion] • FR transmettre [une maladie, une infection] • EN to transmit [a disease] • PT transmitir [uma doença, uma infeção] **Beispill** de Virus gëtt duerch Kontakt iwwerdroen **3.** DE übertragen [abschreiben, kopieren] • FR reporter [recopier] • EN to copy, to transfer • PT passar [copiar] **Beispiller** d'Sekretärin iwwerdréit d'Donnéee vun de Clienten an eng Tabell; ech hu vergiess, de Betrag op déi nächst Sait ze iwwerdroen **4.** DE übertragen [übersetzen] • FR traduire [un texte écrit] • EN to translate [a written text] • PT traduzir [um texto escrito] **Beispill** hien huet d'Psalmen an d'Lëtzebuergesch iwwerdroen **5.** DE übertragen [übergeben] • FR déléguer à [confier à] • EN to delegate, to entrust • PT passar para [delegar a, confiar a] **Beispill** den Direkter huet sengem Adjoint en Deel vun der Verantwortung iwwerdroen **6.** iwwerdroen op

DE übertragen auf [anwenden auf] • FR *appliquer à [utiliser comme principe, comme règle pour]* • EN *to apply to* • PT *aplicar a [empregar como principio, como regra para]* **Beispill** déi Interpretatioun kanns de net op aner Fäll iwwerdroen

iwwerdroen ['ivɛdrɔːən] Adjektiv DE übertragen [metaphorisch] • FR *figuré [métaphorique]* <Adverb au sens figuré> • EN *figurative, metaphorical* • PT *figurado [metafórico]* <Adverb no sentido figurado> **Beispiller** huet dat Wuert net och nach en iwwerdroene Sënn?; dat Wuert gëtt dacks iwwerdroe gebraucht

i „iwwerdroen“ kann och de Participe passé vum Verb **iwwerdroen** sinn.

Iwwerdroung [ivɛdrɔːuŋ] Femininum (Pluriel Iwwerdroungen) **1.** DE Übertragung [Sendung] • FR *retransmission [diffusion]* • EN *transmission, broadcast* • PT *retransmissão [emissão]* **Beispill** eis Männer waarden op d'Iwwerdroung vum Fussballsmatch **2.** DE Übertragung [von Krankheiten] • FR *transmission [de maladies]* • EN *transmission [of a disease]* • PT *transmissão [de doenças]* **Beispill** d'Fuerscher versichen erauszefannen, wéi et zur Iwwerdroung vum Virus vum Déier op de Mënsch konnt kommen

Iwwerdroungswee [ivɛdrɔːuŋsveː] Maskulinum (Pluriel Iwwerdroungsweeër) DE Übertragungsweg [von Krankheitsregern] • FR *mode de transmission [d'un agent pathogène]* • EN *mode of transmission* • PT *modo de transmissão [de um agente patogénico]* **Beispill** d'Virologe probéieren, déi verschidden Iwwerdroungsweeër vum Virus nozevollzéien

iwwerdubberen [ivɛd'ubɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwerdubbert) » **transitiv 1.** [égs] DE *überraumpeln* • FR *prendre par surprise* • EN *to take by surprise* • PT *tomar de surpresa* **Beispill** mir goufe vun den Evenementer iwwerdubbert **2.** [égs] DE *übertrumpfen [übertreffen]* • FR *surpasser* • EN *to outdo, to surpass* • PT *superar, ultrapassar* **Beispill** hien huet seng ganz Klass iwwerdubbert

iwwereg ['ivɛrɛç] Adverb iwwereg sinn DE *übrig sein* • FR *rester [subsister, être encore disponible]* • EN *to be left (over)* • PT *sobrar, ficar, restar* **Beispill** et ass nach eng ganz Taart iwwereg **Synonym** Rescht sinn

i Variant: iwwereg

iwwereg- Verbpartikel DE [abtrennbares Erstglied eines Verbs] • FR [particule séparable d'un verbe] • EN [separable verb particle] • PT [partícula separável de um verbo] **Beispiller** et bleift eis näischt anescht iwwereg; mer haten esou derbäigemaach, datt vum Buffet näischt iwweregblouf

i Verben, déi **iwwereg-** als Partikel hunn: **iwweregbleiwen**, **iwwereghunn**, **iwweregloossen**

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: **iwwereg** Adverb

iwweregbleiwen ['ivɛrɛçblaivən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé iwweregbleiwen) » **intransitiv** DE *übrig bleiben* • FR *rester [subsister, être encore disponible]* • EN *to be left (over)* • PT *sobrar, ficar, restar* **Beispiller** et waren esou vill Leit op der Feier, datt vum Buffet näischt iwweregblouf; nom Test sinn nëmmen nach dräi vun zéng Kandidaten iwweregblei-

wwen; et bleift eis näischt anescht iwwereg [mir hu keng aner Wiel] **Synonym** Rescht bleiwen

iwweregens ['ivɛrɛzəns] Adverb DE *übrigens* • FR *au fait, d'ailleurs* • EN *by the way* • PT *de propósito, aliás* **Beispiller** iwweregens, wou mer grad vun dengem Papp schwätzen, wéi geet et him?; an iwweregens, dat geet dech näischt un! **Synonym** iwwerhaapt

iwwereghunn Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwereggehath) » **transitiv 1.** DE *übrig haben* • FR *avoir [en tant que reste]* • PT *ter [como resto]* **Beispill** ech sinn ëmmer frou, wann ech um Enn vum Mount nach e puer Su iwwereghunn **Synonym** Rescht hunn **2.** eppes iwwereghu fir DE *etwas übrighaben für [Sympathie empfinden für]* • FR *avoir de la sympathie pour* • EN *to be fond of* • PT *ter simpatia por* **Beispill** ech hu fir mäi Cousin net vill iwwereg

iwweregloossen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwereggelooss) » **transitiv** DE *übrig lassen* • FR *laisser [ne pas prendre (pour soi)]* • EN *to leave [to not take]* • PT *deixar [não tomar (para si)]* **Beispill** looss mer nach e Maufel iwwereg! **Synonym** Rescht loossen

iwwerem ['ivɛrɛm] **iwwer** + **dem**

iwwerenaner [ivɛrɛn'a:nɛ] Adverb **iwwer** + **-enaner**

iwwereneen [ivɛrɛn'e:n] Adverb **iwwer** + **-eneen**

iwwereneestëmmen [ivɛr'ɛneːtəmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwereneestëmmt) » **intransitiv** iwwereneestëmmen (mat) DE *übereinstimmen (mit)* • FR *coïncider (avec), s'accorder (avec)* • EN *to coincide (with), to agree (with)* • PT *coincidir (com), concordar (com), condizer (com)* **Beispiller** déi verschidden Zeienaussoen hunn iwwereneestëmmt; an deem Punkt stëmmen är Meenungen net mat eisen iwwereneen **Synonym** sech decken (mat)

i Variant: iwwereneestëmmen

Iwwerfaart ['ivɛfaːrt] Femininum (Pluriel Iwwerfaarten) DE Überfahrt • FR *traversée [d'une étendue d'eau]* • EN *crossing [journey]* • PT *travessia [de uma extensão de água]* **Beispill** während der Iwwerfaart hunn ech mech iwwerginn

iwwerfalen [ivɛf'a:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwerfall) » **transitiv** DE *überfallen* • FR *agresser, attaquer, braquer* • EN *to mug, to rob, to hold up* • PT *agredir, assaltar* **Beispiller** et ass en eelere Mann am Park iwwerfall ginn; dës Bank ass elo scho fir d'drëtt iwwerfall ginn!; d'Fra huet hire Mann mat der Noricht iwwerfall [égs] [d'Fra huet hire Mann mat der Noricht iwwerrascht]

Iwwerfall ['ivɛfal] Maskulinum (Pluriel Iwwerfälle) DE Überfall • FR *agression, braquage* • EN *assault, hold up, raid* • PT *agressão, assalto* **Beispiller** der Police gouf en Iwwerfall op eng jonk Fra gemellt; et gouf schonn erëm en Iwwerfall op eng Tankstell!

iwwerfälleg ['ivɛfælɛç] Adjektiv DE *überfällig* • FR *qui se fait attendre, qui s'impose depuis longtemps* • EN *overdue [pending]* • PT *(há muito) aguardado, neces-*

sário, vencido **Beispill** d'Renovéierung vun der neier Schoul war scho laang **iwwerfällg**

iwwerféieren [ˈiʋɛfʒiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **iwwerféiert** / **iwwerfouert**) » **transitiv** **1. DE** überführen [Schuld nachweisen] • **FR** convaincre, confondre [prouver la culpabilité de] • **EN** to convict [to prove guilty] • **PT** provar a culpa de **Beispill** d'Police huet de Verbräicher **iwwerféiert** **2. DE** überführen, verlegen • **FR** transférer [faire changer de lieu] • **PT** trasladar, transferir [para outro local] **Beispill** dem Kinnek seng stierflech Iwwerreschter goufen an d'Krypta **iwwerféiert**; muer gëtt de Prisonéier an en anere Prisong **iwwerfouert** **Synonym** transferéieren

Iwwerféierung [iʋɛfʒiəɾuŋ] Femininum (Pluriel Iwwerféierungen) **DE** Überführung [Schuldnachweis] • **FR** conviction, preuve de culpabilité • **EN** conviction [proof of guilt] • **PT** prova de culpa **Beispill** mir hunn net genuch Beweiser fir eng **Iwwerféierung** vum Beschëllegen

iwwerfëllt [iʋɛf'ɛlt] Adjektiv **DE** überfüllt • **FR** bondé, surchargé • **EN** overfilled, congested • **PT** a cunha, sobrecarregado **Beispiller** ech klammen net an deen **iwwerfëllte** Bus!; d'Escher Autobunn war de Mueren **iwwerfëllt**

iwwerfidderen [iʋɛf'idəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **iwwerfiddert**) » **transitiv** **DE** überfüttern • **FR** donner trop à manger à, gaver • **EN** to overfeed • **PT** superalimentar, encher de comida **Beispill** si hunn hiren Hond **iwwerfiddert**

iwwerflächlech [ˈiʋɛflæçlɛç] Adjektiv **1. DE** oberflächlich [äußerlich] • **FR** superficiel [extérieur] • **EN** superficial, surface • **PT** superficial [externo] **Beispill** déi **iwwerflächlech** Wonn ass liicht ze behandelen **2. DE** oberflächlich [lungenau, nachlässig] • **FR** superficiel [approximatif] <Adverb superficiellement> • **EN** superficial, sketchy <Adverb superficially> • **PT** superficial [aproximativo] <Adverb superficialmente> **Beispiller** mat deenen **iwwerflächleche** Recherchë ka keen eppes ufänken; hie schafft mir ze vill **iwwerflächlech** **3. DE** oberflächlich [leichtfertig] • **FR** superficial [irréfléchi, frivole] • **EN** superficial [shallow] • **PT** superficial [irrefletido, frívolo] **Beispiller** säin neie Frënd wierkt e bëssen **iwwerflächlech**; an der Primärschoul war hien ze vill **iwwerflächlech**

iwwerfléien [ˈiʋɛflɛiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **iwwerflunn**) » **transitiv** **1. DE** überfliegen [hinwegfliegen über] • **FR** survoler [voler au-dessus de] • **EN** to overfly, to fly over • **PT** sobrevoar **Beispill** wéi mir d'Schwäiz **iwwerflunn** hunn, hunn d'Leit all aus der Fënster gekuckt **2. DE** überfliegen [flüchtig lesen] • **FR** survoler [un texte] • **EN** to skim [a text] • **PT** ler por alto **Beispill** hatt huet de Bréif just **iwwerflunn** **Synonym** iwwerkucken

iwwerflësseg [ˈiʋɛfləsɛç] Adjektiv **DE** überflüssig • **FR** superflu, inutile • **EN** superfluous, pointless • **PT** supérfluo, inútil **Beispiller** d'Äschentellere sinn den Owend **iwwerflësseg**, well eis Gäscht net fëmmen; et ass **iwwerflësseg** ze jéimeren, wann et ze spéit ass!

Iwwerfloss [ˈiʋɛflɔs] Maskulinum (kee Pluriel) **1. am Iwwerfloss** **DE** im Überfluss • **FR** en abondance • **EN** in abundance • **PT** em abundância **Beispill** dësen Hierscht gëtt et Äppel am **Iwwerfloss** **2. zu allem Iwwerfloss** **DE**

zu allem Überfluss • **FR** pour couronner le tout • **EN** to top it all • **PT** para cúmulo **Beispill** mir stoungen am Stau, an zu allem **Iwwerfloss** huet et och nach ugefaangen ze schneien

iwwerfrot [iʋɛfɾ'o:t] Adjektiv **iwwerfrot** sinn **DE** überfragt sein • **FR** être dépassé [manquer de connaissances] • **PT** não saber o que responder, não saber dizer [por falta de conhecimentos] **Beispill** bei deem Theema sinn ech **iwwerfrot**

iwwerfuereeren [iʋɛf'u:ɔdərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **iwwerfuertert**) » **transitiv** **DE** überfordern • **FR** en demander trop à, trop solliciter, surmener • **EN** to overtax, to overburden • **PT** exigir demais de, solicitar demasiado **Beispiller** et soll een d'Kanner net **iwwerfuereeren**, soss verléieren se d'Freed un der Saach; deen neie Gerant ass komplett **iwwerfuertert**!

Iwwerfuereerung [iʋɛf'u:ɔdərəuŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Überforderung • **FR** surmenage • **EN** overload, overstrain • **PT** esgotamento [exaustão] **Beispill** déi stänneg **Iwwerfuereerung** mécht ee mat der Zäit krank

iwwerfuereen [iʋɛf'u:ɔrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **iwwerfuereen**) » **transitiv** **DE** überfahren [verletzen, töten] • **FR** écraser, faucher, renverser • **EN** to run over [with a vehicle] • **PT** atropelar [ferir, matar] **Beispill** gëschter hat ech bal en Hues **iwwerfuereen** **Synonym** iwwerrennen

Iwwerfunktoun [ˈiʋɛfʉnksjəʊn] Femininum (Pluriel Iwwerfunktounen) **DE** Überfunktion • **FR** hyperfonctionnement [d'un organe, d'une glande] • **EN** increased function, hyperfunction [of an organ] • **PT** hiperfuncionamento [de um órgão, de uma glândula] **Beispill** bei enger **Iwwerfunktoun** läit engem Organ seng Leeschtung **iwwer** dem Duerchschnëtt

Iwwergang [ˈiʋɛgəŋ] Maskulinum (Pluriel **Iwwergäng**) **1. DE** Übergang [Weg] • **FR** passage [chemin] • **EN** pedestrian crossing • **PT** passagem [caminho] **Beispill** op dëser Plaz feelt en **Iwwergang** fir Foussgänger **Synonym** Passage **2. DE** Übergang [Wechsel] • **FR** passage [changement] • **EN** transition • **PT** passagem [mudança] **Beispill** den **Iwwergang** vun der Primärschoul an de Lycée fält ville Kanner net liicht **Synonym** Passage

i Variant: Iwwergank

Iwwergangsmetall [ˈiʋɛgəŋsmətəl] Maskulinum (Pluriel **Iwwergangsmetaller**) ^[Chimie] **DE** Übergangsmetall • **FR** métal de transition • **EN** transition metal • **PT** metal de transição **Beispill** zum Grupp vun den **Iwwergangsmetaller** gehéieren ënner anerem d'Gold an de Queckséilver

Iwwergangszäit [ˈiʋɛgəŋstsæ:it] Femininum (Pluriel <seelen> **Iwwergangszäiten**) **DE** Übergangszeit • **FR** période transitoire • **EN** transition period • **PT** período transitório **Beispill** an enger **Iwwergangszäit** vu sechs Méint haten d'Entreprise Zäit, sech op déi nei Bestëmmungen anzustellen

i Variant: Iwwergangszäit

Iwwergank [ˈiʋɛgəŋk] Maskulinum (Pluriel **Iwwergäng**) - Variant vun **Iwwergang**

Iwwergankszäit ['ivegɑŋkstsæ:ɪt] Femininum (Pluriel <seelen> Iwwergankszäiten) - Variant vun ↗Iwwergangszäit

iwwergéissen ['ivegɛɪsɔn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwergoss) » **transitiv** DE *übergießen* [eine Speise] • FR *arroser* [un mets] • EN *to baste* [a roast] • PT *regar* [uma iguaria] **Beispill** de Brot ass mat Wäin iwwergoss ginn

Iwwergewiicht ['ivegəvi:çt] Neutrum (kee Pluriel) **1. DE** *Übergewicht* [einer Person] • FR *excès de poids* [d'une personne] • EN *overweight* [of a person] • PT *excesso de peso* [de uma pessoa] **Beispiller** Iwwergewiicht féiert dacks zu Häerz- a Kreeslafkrankheeten; ech muss déi puer Kilo Iwwergewiicht erëm lassginn! **2. DE** *Übergewicht* [einer Sache, einer Ladung] • FR *excédent de poids* [d'un objet, d'une charge] • EN *overweight* [of a thing, a load] • PT *excesso de peso* [de um objeto, de uma carga] **Beispill** beim Anchecke krute mer gesot, eis Bagagen hätten zéng Kilo Iwwergewiicht **3. d'Iwwergewiicht kréien** DE *Übergewicht bekommen* [das Gleichgewicht verlieren] • FR *perdre l'équilibre, culbuter* • EN *to lose one's balance* • PT *perder o equilíbrio* **Beispill** wéi hie sech gebéckt huet, krut en d'Iwwergewiicht an ass gefall

iwwergewiichteg ['ivegəvi:çtəç] Adjektiv DE *übergewichtig* • FR *en surcharge pondérale* • EN *overweight* • PT *em excesso de peso* [pessoa] **Beispill** et gétt vill Grënn, firwat et méttlerweil esou vill iwwergewiichteg Leit an eiser Gesellschaft gétt

iwwerginn [iveg'in] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwerginn) » **transitiv** **1. DE** *übergeben* [überreichen] • FR *remettre* [donner] • EN *to hand* [to give] • PT *entregar* [dar] **Beispill** d'Polizistin huet den Entféierer eng Wallis mat markéierte Schäiner iwwerginn **2. DE** *übergeben* [überreichen] • FR *transmettre* à [léguer à] • EN *to hand down* [to pass on] • PT *transmitir* a [legar a] **Beispill** zënter 150 Joer huet eng Generatioun där anerer d'Firma iwwerginn » **reflexiv** **3. DE** *sich übergeben* • FR *vomir* • EN *to vomit, to be sick* • PT *vomitar* **Beispill** wéi ech elo d'Mogripp hat, hunn ech mech de ganzen Dag iwwerginn **Synonymmen** brieche, sech iwwerschëdden, schëdden

iwwerglécklech [ivegl'eklɛç] Adjektiv DE *überglücklich* • FR *comblé de bonheur* • EN *overjoyed* • PT *cheio de felicidade* **Beispill** d'Eltere waren iwwerglécklech, wéi hire Jong aus dem Krich heemkoun

iwwergoen ['ivego:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé iwwergaangen / iwwergaang) » **intransitiv** **1. DE** *herübergehen, hinübergehen* • FR *traverser* [à pied] • EN *to cross* (over), *to go across* • PT *atravessar* [a pé] **Beispill** d'Luucht ass gréng, elo kënne mer iwwergoen **Synonym** eriwergoen **2. iwwergoen** zu DE *übergehen* zu [überwechseln zu] • FR *passer à* [autre chose] • EN *to move on to* • PT *passar a* [outra coisa] **Beispill** no der Diskussioun gi mer zum gemittlechen Deel vum Owend iwwer **3. iwwergoen** op DE *übergehen auf* [den Besitzer wechseln] • FR *revenir à, devenir la propriété de* • EN *to pass to* [to become the property of] • PT *passar para* [mudar de proprietário] **Beispill** nom Doud vum Papp ass dee ganze Besëtzer op d'Duechter iwwergaangen **4. DE** *versteigert werden* • FR *être vendu aux enchères* • EN

to be sold at auction • PT *ser vendido em leilão* **Beispill** dat Haus ass bëlleg iwwergaangen **5. iwwergoen** an DE *übergehen* in [sich verwandeln in, sich vermischen mit] • FR *passer à* [d'un état à un autre], *se fondre dans* [graduellement] • EN *to turn into, to blend into, to melt into* • PT *passar a* [de um estado a outro], *fundir-se em* [gradualmente] **Beispiller** am Laf vum Nomëtteg ass de Schnéi a Schnéieren iwwergaangen; dat Bild gefält mer gutt, well d'Faarwe fléissend aneneen iwwerginn

iwwergoen [iveg'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwergaangen / iwwergaang) » **transitiv** DE *übergehen* [nicht beachten, nicht berücksichtigen] • FR *ignorer, omettre* [ne pas considérer, ne pas tenir compte de] • EN *to disregard, to pass over* • PT *ignorar, omitir* [não considerar, não levar em conta] **Beispiller** hien huet säi Chef iwwergaangen, an d'Dokumenter selwer ënnerschriwwen; pass op, datt s de bei der Ierfschaft net iwwergaange géss!

iwwergräifen ['ivegræ:ɪfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwergegraff) » **intransitiv** iwwergräifen op DE *übergreifen auf* [sich ausbreiten] • FR *gagner, atteindre* [en se propageant] • EN *to spread to* • PT *chegar a, atingir* [propagando-se] **Beispill** d'Epidemie huet op d'Nopeschland iwwergegraff

iwwerhaapt [iveh'a:pt] Adverb **1. DE** *überhaupt* [insgesamt] • FR *en général, dans l'ensemble* • EN *anyway, in any case* • PT *em geral, globalmente* **Beispill** beko dech net, datt s de keng Parkplaz fënns, an der Stad ass et iwwerhaapt schweier ze parken! **2. iwwerhaapt** net DE *überhaupt nicht, gar nicht* • FR *pas du tout, rien du tout, absolument rien, absolument aucun* • EN *not at all* • PT *não de todo, nenhum, absolutamente nada* **Beispiller** d'Meenung vun de Leit gouf iwwerhaapt net berücksichtegt; ech hunn haut iwwerhaapt keng Zäit! **Synonym** guer net **3. DE** *überhaupt* [übrigens] • FR *d'ailleurs, du reste* • EN *by the way* [incidentally] • PT *alás, de resto* **Beispill** an iwwerhaapt, dat geet dech guer näischt un! **Synonym** iwweregens

Iwwerhand ['ivehant] Femininum (kee Pluriel) d'Iwwerhand hunn DE *überlegen sein* • FR *avoir le dessus* • EN *to have the upper hand* • PT *ficar por cima, levantar cabeça* **Beispill** den Haaptriedner huet an der Diskussioun d'Iwwerhand behalen

iwwerhand ['ivehant] Adverb iwwerhand huelen DE *überhand nehmen* • FR *prendre le dessus* • EN *to gain the upper hand* • PT *propagar-se, aumentar excessivamente* **Beispill** am Gaart fänkt d'Onkraut un, iwwerhand ze huelen

Iwwerhang ['ivehɑŋ] Maskulinum (Pluriel Iwwerhäng) **1. DE** *Überhang* [Vorsprung] • FR *surplomb, saillie* • EN *overhang* • PT *sacada, saliência* **Beispill** mir stoungen ënner engem Iwwerhang, bis de Reen eriwuer war **2. Iwwerhang** hunn DE *überhängen* [geneigt sein] • FR *pencer* [être incliné] • EN *to lean* [to slope] • PT *pender* [estar inclinado] **Beispill** d'Mauer ass an e Koup gefall, well se ze vill e groussen Iwwerhang hat

i Variant: Iwwerhank

Iwwerhank ['ivehɑŋk] Maskulinum (Pluriel Iwwerhäng) - Variant vun ↗Iwwerhang

iwwerhänken [ˈivɛhæŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwergehaangen / iwwergehaang) » **intransitiv DE** überhängen [hervorragen, überstehen] • **FR** être en surplomb, dépasser • **EN** to overhang • **PT** estar saliente, sobressair, sobrepujar **Beispiller** do, wou d'Fielsen iwwerhänken, ass den Agang vun enger Hiel; schneit emol eis Heck, d'Äscht hänke schonn iwwer bis an d'Strooss!

iwwerheefen [ivɛh'e:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwerheeft) » **transitiv DE** überheufen mit • **FR** couvrir de [donner à profusion], accabler de [surcharger de] • **EN** to shower with, to heap on • **PT** cobrir de [dar em abundância], encher de [sobrecarregar de] **Beispiller** ech gouf fir mäi Gebuertsdag mat Kaddoen iwwerheeft; mäi Chef huet mech haut mat Aarbecht iwwerheeft

iwwerhéieren [ivɛh'ziəɹən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwerhéiert) » **transitiv DE** überhören • **FR** ne pas enregistrer [ne pas entendre et mémoriser] • **EN** to miss, to fail to hear • **PT** não tomar nota de [não ouvir, não memorizar] **Beispiller** hien huet nach eng Kéier nogefrot, well en d'Auerzäit vum Rendez-vous iwwerhéiert hat; déi Frechheet do wëll ech iwwerhéiert hunn [égs] [déi Frechheet do ass total deplaciert]

iwwerhätzen [ivɛh'ətsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwerhätzt) » **transitiv DE** überhitzen, überheizen • **FR** surchauffer • **EN** to overheat • **PT** sobreaquecer **Beispiller** pass op, datt s de d'Frittefett net iwwerhätzt!; du däärfst d'Raim net iwwerhätzen

iwwerhiefléch [ivɛh'ɪəflɛç] Adjektiv **DE** überheblich • **FR** arrogant <Adverb de manière arrogante> • **EN** arrogant, conceited <Adverb arrogantly, conceitedly> • **PT** arrogante <Adverb de modo arrogante> **Beispiller** ech kann déi Persoun net ausstoen, well se esou iwwerhiefléch ass; laach net esou iwwerhiefléch! **Synonymmen** agebitt, arrogant

Iwwerhiefléchkeet [ivɛh'ɪəflɛçkɛ:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Überheblichkeit • **FR** arrogance, suffisance • **EN** arrogance, conceit • **PT** arrogância **Beispill** mat senger Iwwerhiefléchkeet mécht hien sech iwwerall onbeléift **Synonym** Arroganz

iwwerholl [ivɛh'ol] Adjektiv iwwerholl sinn **DE** überholt sein [veraltet sein] • **FR** être obsolète • **EN** to be outdated, to be obsolete • **PT** estar desatualizado, estar ultrapassado **Beispill** munches vun deem, wat dee Wëssenschaftler geschriwwen huet, ass scho komplett iwwerholl

i „iwwerholl“ kann och de Participe passé vum Verb **iwwerhuelen** sinn.

iwwerhuelen [ivɛh'uelən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwerholl) » **transitiv 1. DE** überholen [hintersich lassen] • **FR** doubler [dépasser] • **EN** to overtake [to move past] • **PT** ultrapassar [passar à frente de] **Beispiller** de Chauffeur acceleréiert, fir de Camion ze iwwerhuelen; hei ass et verbueden, (aner Geféierer) ze iwwerhuelen! **2. DE** übernehmen [als Nachfolger] • **FR** reprendre [une affaire, une entreprise] • **EN** to take over [la business] • **PT** pegar em [num negócio, numa empresa] **Beispill** den Neveu huet dem Monni säi Restaurant

iwwerholl 3. DE übernehmen [eine Aufgabe, eine Arbeit] • **FR** prendre en charge, se charger de • **EN** to take over [work, a task] • **PT** assumir, encarregar-se de **Beispill** ech hu mengem Kollege seng Schicht op der Schmelz iwwerholl **4. DE** übernehmen [auf sich nehmen] • **FR** assumer [endosser] • **EN** to take, to accept [responsibility] • **PT** assumir [chamar a si] **Beispill** ech iwwerhuelen d'Veantwortung fir de Schued **5. DE** übernehmen [sich aneignen] • **FR** reprendre [s'approprier] • **EN** to take over, to appropriate • **PT** assimilar [apropriar-se de] **Beispill** am Lëtzebuerger hu mir eng ganz Rei Wieder aus dem Franséischen iwwerholl » **reflexiv 6. DE** sich übernehmen [physisch] • **FR** se dépenser, s'épuiser • **EN** to overstretch oneself, to overexert oneself [physically] • **PT** esgotar-se, cansar-se **Beispill** den éischten Dag an de Bierger hat ech mech eng Grätz iwwerholl **7. DE** sich übernehmen [finanziell] • **FR** aller au-delà de ses moyens (financiers) • **EN** to overstretch oneself (financially) • **PT** ir além das suas possibilidades (financeiras) **Beispill** mat där Investitioun hu mir eis (finanziell) iwwerholl

Iwwerhuelmanöver [ivɛh'uelmənø:ve] Neutrum (Pluriel Iwwerhuelmanöveren) **DE** Überholmanöver • **FR** (manœuvre de) dépassement • **EN** overtaking manoeuvre • **PT** (manobra de) ultrapassagem **Beispill** den Automobilist ass bei engem Iwwerhuelmanöver vun der Strooss ofkomm

Iwwerhuelverbuet [ivɛh'uelfebuət] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Überholverbot • **FR** interdiction de dépassement • **EN** no overtaking sign • **PT** proibição de ultrapassagem **Beispill** trotz dem Iwwerhuelverbuet huet den Automobilist ugesat, fir de Bus ze iwwerhuelen

iwwerkliewen [ivɛk'lɪəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwerklieft) » **transitiv DE** überkleben • **FR** recouvrir [d'une surface adhésive] • **EN** to paste over, to cover • **PT** cobrir [com uma superfície adesiva] **Beispill** si hunn déi al Affiché mat neien iwwerklieft **Synonym** iwwerpechen

iwwerkommen [ivɛk'omən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé iwwerkomm) » **transitiv DE** überkommen • **FR** s'emparer de, envahir • **EN** to overcome, to come over • **PT** apoderar-se de, invadir **Beispiller** nom Training iwwerkënn mech dacks eng grouss Middegeek; wann et mech iwwerkënn, da fäerten ech mech selwer [égs] [iwann d'Roserei mech iwwerkënn, da fäerten ech mech selwer]

iwwerkucken [ivɛk'ukən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwerkuckt) » **transitiv 1. DE** durchgehen [durchsehen] • **FR** réviser [vérifier] • **PT** rever [verificar] **Beispill** mir hunn eis Steiererklärungen nach eng Kéier iwwerkuckt, ier mer se fortgeschéckt hunn **Synonym** duerchgoen **2. DE** überblicken [erfassen, ermessen] • **FR** se faire une vue d'ensemble de • **PT** fazer uma ideia geral de **Beispill** et ass esou vill Aarbecht, dat Ganz ass net ze iwwerkucken! **Synonym** iwwerblécken

iwwerlaaschten [ivɛl'a:fətən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwerlaascht) » **transitiv DE** überlasten [überbeanspruchen] • **FR** surcharger [encombrer, trop solliciter] • **EN** to overload, to overburden • **PT** sobrecarregar, saturar **Beispiller** Silvester hunn déi vill Uriff den Telefonsreseau iwwerlaascht; all Freidegabend sinn d'Autobunnen iwwerlaascht; eise Sekretär ass

mat all där Aarbecht iwwerlaascht

Iwwerlaaschtung [ivɛl'a:ʃtʊŋ] Femininum (Pluriel Iwwerlaaschtungen) **DE** Überlastung [Überbeanspruchung] • **FR** surcharge [encombrement, sollicitation excessive] • **EN** overloading • **PT** sobrecarga, saturação **Beispill** op Silvester kënt et reegelméisseg zu enger Iwwerlaaschtung vum Telefonsnetz

iwwerlafen [ivɛla:fən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé iwwergelaf) » **intransitiv 1. DE** überlaufen [Flüssigkeit] • **FR** déborder [liquide] • **EN** to overflow [liquid] • **PT** transbordar, extravasar [líquido] **Beispill** dréi de Gas zou, soss leeft d'Mëllech iwwer! **2. DE** überlaufen [Behälter] • **FR** déborder [récipient] • **EN** to overflow [container] • **PT** transbordar, extravasar [recipiente] **Beispiller** d'Bitchen ass iwwergelaf, well d'Kand vergiess hat, de Krunn zouzedréien; mir leeft d' Gal iwwer, wann ech dat dote gesinn [egs] lech gi fuerchtbar rosen, wann ech dat dote gesinn!

iwwerlafen [ivɛl'a:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwerlaf) » **transitiv iwwerlaf** ginn **DE** überlaufen werden, überrannt werden • **FR** être envahi, être pris d'assaut, être débordé [commerce, institution] • **EN** to be overrun • **PT** ser invadido, estar apinhado de gente **Beispiller** bei der Ouverture gouf dat neit Geschäft vu Clienten iwwerlaf; eist Sekretariat ass mat Amenter komplett iwwerlaf

iwwerleeden [ivɛle:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé iwwergeleet) » **intransitiv iwwerleeden** op **DE** überleiten zu • **FR** passer à [un autre sujet] • **EN** to lead into [a different subject] • **PT** passar a [outro assunto] **Beispill** mat engem Saz huet de Riedner et fäerdegbruecht, fléissend op dat nächst Thema iwwerzeleeden

Iwwerleedung [ivɛle:dʊŋ] Femininum (Pluriel Iwwerleedungen) **DE** Überleitung • **FR** transition [d'un sujet à un autre] • **EN** transition • **PT** transição [de um assunto para outro] **Beispill** ouni Iwwerleedung huet de Riedner en anert Thema ugeschnidden

Jangeli [z'ɑŋɛli:] Eegennumm **DE** Jangeli [ehemalige Luxemburger Schmalspurbahn] • **FR** Jangeli [ancien chemin de fer à voie étroite au Luxembourg] • **PT** Jangeli [antigo caminho de ferro de via estreita no Luxemburgo] **Beispill** mam Jangeli gouf um Enn vum 19. Joerhonert eng nei Ära fir den Transport zu Lëtzebuerg agehaut

I De Jangeli war en Zuch, deen tëschent 1882 an 1955 op méi Strecken uechter d'Land hin- an hiergefuehert ass. En huet esouwuel Persounen wéi och Gidder transportéiert. Benannt war de Jangeli nom Fielsseer Deputéierten a Buergermeeschter Jean Knaff.

Jangharishaff [jɑŋh'a:rɪshaf] Eegennumm **DE** Jean-Haris • **FR** Jean-Haris • **EN** Jean-Haris • **PT** Jean-Haris **Beispiller** ech wunnen um Jangharishaff; fiert dëse Bus op de Jangharishaff?

Jänni a Männi [j'æni:am'æni:] Indefinitpronomen **DE** Hinz und Kunz, Krethi und Plethi • **FR** tout le monde, Pierre et Paul • **EN** every Tom, Dick and Harry • **PT** toda a gente, fulano e sicrano **Beispiller** hien huet Jänni a Männi beméit, fir déi Plaz ze kréien; du gees dat do elo awer net Jänni a Männi erzielen!

Januar [j'ɑnu:a:r] Maskulinum (Pluriel <seelen> Januaren) **DE** Januar • **FR** janvier, mois de janvier • **EN** January • **PT** janeiro **Beispiller** de 6. Januar ass Dräkkinneksdag; mir hate scho laang keen esou e kalle Januar méi

Japan [j'a:pa:n] Eegennumm, Neutrum **DE** Japan • **FR** Japon • **EN** Japan • **PT** Japão **Beispiller** ech war schonn dräimol a Japan; ech fueren d'nächst Woch a Japan; ech kommen aus Japan

I männlech Persoun: ↗Japaner weiblech Persoun: ↗Japanerin Adjektiv: ↗Japanesch Haaptstad: ↗Tokyo

Japaner [j'ɑpa:nə] Maskulinum (Pluriel Japaner) **DE** Japaner • **FR** Japonais • **EN** Japanese • **PT** japonês **Beispill** mäi beschte Frënd ass Japaner

Japanerin [jɑp'a:nərin] Femininum (Pluriel Japanerinnen) **DE** Japanerin • **FR** Japonaise • **EN** Japanese [female] • **PT** japonesa **Beispill** meng bescht Frëndin ass Japanerin

japanesch [jɑp'a:nəʃ] Adjektiv **DE** japanisch • **FR** japonais • **EN** Japanese • **PT** japonês **Beispill** op eiser Rees hu mir déi japanesch Kultur kenne geleiert

japsen [z'ɑpsən] Verb » intransitiv **[ëgs]** net méi kënne japsen **DE** kaputt sein [völlig erschöpft sein] • **FR** être complètement crevé [être complètement épuisé] • **EN** to be done in, to be knackered • **PT** estar completamente arrasado [estar completamente exausto] **Beispill** wéi mer um Bierg ukoumen, konnte mer net méi japsen

Jardinière Femininum (Pluriel Jardinières) **DE** Blumenkasten • **FR** jardinière, bac à fleurs • **EN** planter, window box • **PT** floreira [recipiente para plantas] **Beispill** am Summer setze mer Jardinière mat Geranien op eis Fënsterbänken **Synonymmen** Blummebac, Blummekëscht

jären [j'ɛ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gejäert)

I Hei entstee en neien Artikel.

Jargon [z'ɑrgõ:] Maskulinum (Pluriel Jargonen) **DE** Fachsprache, Soziolekt • **FR** jargon [d'une profession, d'un groupe social] • **EN** jargon • **PT** jargão [de uma profissão, de um grupo social] **Beispill** de juristesche Jargon ass dacks schwéier ze verstoen

järlech [j'ɛ:çləç] Adjektiv **DE** jährlich • **FR** annuel • **EN** yearly, annual <Adverb yearly, annually> • **PT** anual **Beispill** eis Associatioun kritt e järleche Subsid vun 10.000 Euro

Jarnéier [zɑrn'ɛiə] Femininum/Neutrum (Pluriel Jarnéieren) **DE** Scharnier • **FR** charnière [pièce métallique] • **EN** hinge • **PT** charneira, dobradiça **Beispiller** déi ausgeleiert Jarnéier muss onbedéngt ersat ginn; ech hu mir e Pak Jarnéieren aus der Quincaillerie matbruecht

Jarret [z'ɑrɛ:] Maskulinum (Pluriel Jarreten) **DE** Haxenscheibe • **FR** rouelle de jarret • **EN** veal shank, veal shin, osso buco • **PT** rodela de chumbão com osso **Beispill** géi nach séier véier Jarrete bei de Metzler sichen!

Jarretelle [z'ɑrtæ] Femininum (Pluriel Jarretellen) - Variant vun ↗Jartell

Jartell [z'ɑrtæ] Femininum (Pluriel Jartellen) **DE** Strumpfhalter • **FR** jarretelle • **EN** suspender • **PT** liga (de meia) [presilha de elástico] **Beispill** e Collant ass méi praktesch ewéi Strémp mat Jartellen

jatscheleg [z'atʃələç] Adjektiv **[vereez]** **DE** wackelig • **FR** bancal [instable] • **EN** wonky, wobbly • **PT** manco [instável] **Beispill** et fäert ee bal, sech op dee jatschelege Stull ze setzen **Synonym** wackeleg

jatschelen [z'atʃələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gejätschelt) » intransitiv **[vereez]** **DE** wackeln [Möbelstück] • **FR** être bancal [meuble] • **EN** to wobble [furniture] • **PT** estar manco [móvel] **Beispill** ech hätt gär en anere Stull, deen heite jätschelt **Synonym** wackelen

Jatt [ʒat] Femininum (Pluriel Jatten) DE *henkellose Tasse* • FR *jatte, bol* • EN *bowl* [*for drinking*] • PT *tigela, malga* **Beispill** dat Klengt huet d'Jatt mat der Mëllech ëmgehäit **Synonym** Boll

jaulen [j'auʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gejault*)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Jaunde Eegennumm DE *Jaunde, Yaoundé* • FR *Yaoundé* • PT *Yaundé* **Beispill** Jaunde ass d'Haaptstad vum Kamerun

I Variant: Yaoundé

jaus [ʒaus] Adjektiv [ëgs] DE *verrückt, bekloppt, durchgeknallt* • FR *fou, cinglé, zinzin* • EN *dotty, nuts* • PT *doido, maluco, chalado* **Beispill** bass du *jaus*, hei esou ze brëllen?; dat Meedchen ass ganz sympathesch, mee et ass komplett *jaus*! **Synonymmen** geckeg, mätsch, mëll, mierf, plemmplemm, tibbi, verréckt

I Variant: jauseg

jauseg [ʒ'auʒəç] Adjektiv - Variant vun ↗*jaus*

jauwen [ʒ'auvən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *gejauft*) » **intransitiv 1.** [ëgs] DE *sausen* [*rasen*] • FR *foncer, filer* • EN *to dash, to career* • PT *precipitar-se, voar* **Beispill** d'Kanner hu mech bal mat ewechgeholl, wéi se um Skateboard ëm den Eck *gejauft* koumen **Synonymmen** cossen, ditzzen, rennen, schéissen » **transitiv 2.** [ëgs] engem eng *jauwen* DE *jemandem eine scheuern* • FR *en coller une à quelqu'un* [*une gifte*] • EN *to give someone a clout, to give someone a thump* • PT *dar uma chapada a alguém* **Beispill** maach, datt ech der net geschwënn eng *jauwen*! **Synonymmen** engem eng dauschen, engem eng klaken, engem eng tachtelen

Jazz [dʒæ:s] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Jazz* • FR *jazz* • EN *jazz* • PT *jazz* **Beispill** ech kéint vu mueres bis owes Jazz lauschteren! **Synonym** Jazzmusek

Jazzband [d'ʒæ:sbænt] Femininum (Pluriel Jazzbanden / Jazzbands) DE *Jazzband* • FR *groupe de jazz* • EN *jazz band* • PT *banda de jazz* **Beispill** de Perkussionist geet de Mëtteg bei eng Jazzband virspillen

Jazzmusek [dʒ'æ:smuzek] Femininum (kee Pluriel) DE *Jazz(musik)* • FR *(musique de) jazz* • EN *jazz music* • PT *(música) jazz* **Beispill** ech kéint vu mueres bis owes Jazzmusek lauschteren! **Synonym** Jazz

Jazzpianist [dʒ'æ:spjānist] Maskulinum (Pluriel Jazzpianisten) DE *Jazzpianist* • FR *pianiste de jazz* • EN *jazz pianist* • PT *pianista de jazz* **Beispill** d'Attraktioun vum Festival ass e Concert mat engem bekannten Jazzpianist

I Weiblech Form: ↗*Jazzpianistin*

Jazzpianistin [dʒ'æ:spjānistin] Femininum (Pluriel Jazzpianistinnen) DE *Jazzpianistin* • FR *pianiste de jazz* [*femme*] • EN *jazz pianist* [*female*] • PT *pianista de jazz* [*mulher*] **Beispill** den Haaptoptrëtt vum Owend ass dee vun enger bekannter Jazzpianistin

I Männlech Form: ↗*Jazzpianist*

Jeans [dʒi:ns] Femininum 1. (kee Pluriel) DE *Jeansstoff* • FR *jean* [*tissu*] • EN *denim* • PT *ganga* [*tecido*] **Beispill**

ech hu bal nëmmen Hiemer aus *Jeans 2.* (Pluriel *Jeanssen*) DE *Jeans* [*Hose*] • FR *jean* [*pantalon*] • EN *jeans* • PT *calças de ganga* **Beispill** ech hu schonn e Lach a menger neier *Jeans* **Synonym** Jeansbox

Jeansbox [dʒi:nsb'oks] Femininum (Pluriel *Jeansboxen*) DE *Jeans, Jeanshose* • FR *jean* • EN *jeans* • PT *calças de ganga* **Beispill** däerf ech an der *Jeansbox* op d'Diplomiwwerreechung goen? **Synonym** Jeans

Jeanshiem [dʒi:nsh'iəm] Neutrum (Pluriel *Jeanshiemer*) DE *Jeanshemd* • FR *chemise en jean* • EN *denim shirt* • PT *camisa de ganga* **Beispill** wann ech en *Jeanshiem* unhunn, wëll ech net och nach eng *Jeansbox* undoen

Jeansjackett [dʒi:nsʒ'akæʔ] Femininum (Pluriel *Jeansjacketten*) DE *Jeansjacke* • FR *veste en jean* • EN *denim jacket* • PT *casaco de ganga* **Beispill** ech fannen, déi *Jeansjackett* geet der immens gutt

Jeansjupe [dʒi:nsʒ'yp] Femininum (Pluriel *Jeansjuppen*) DE *Jeansrock* • FR *jupe en jean* • EN *denim skirt* • PT *saia de ganga* **Beispill** ech hu mer op der Braderie eng flott *Jeansjupe* kaaft

jee [je:] Adverb 1. DE *je, jemals* • FR *jamais* [*un jour*] • EN *ever* [*at any time*] • PT *alguma vez, jamais* **Beispill** wann ech *jee* sollt am Lotto gewannen, da maachen ech eng Weltrees; hunn ech dech *jee* am Stach gelooss? **Synonym** jeemools 2. *jee* no DE *je nach* • FR *selon, suivant, en fonction de* • EN *according to, depending on* • PT *segundo, consoante, em função de* **Beispill** beim Gebeesskache muss de, *jee* nom Gewiicht vum Uebst, Zocker derbäimaachen 3. *jee* nodeem(s) (ob) DE *je nachdem, (ob)* • FR *selon (que)* • EN *depending (on), according as* • PT *conforme, segundo, dependendo de (que)* **Beispill** mir kommen op d'Fest, *jee* nodeem ob mer Zäit a Loscht hunn; *jee* nodeems wou ee wunnt, kritt een no nëng Auer owes kee Bus méi; sonndes ginn ech an d'Schwämm oder an de Kino, *jee* nodeem 4. DE *kurzum* • FR *bref* [*en résumé*] • EN *in short* • PT *enfim* [*lem suma*] **Beispill** mir hu Kaart gespillt a vill gesongen, *jee*, et war e flotten Owend

Jeeër [j'e:e] Maskulinum (Pluriel *Jeeëer*) DE *Jäger* • FR *chasseur* • EN *hunter* • PT *caçador* **Beispill** op der leschter Klappjued hunn d'*Jeeër* eng Dose Wëllschwäi geschoss

I Weiblech Form: ↗*Jeeërin*

Jeeërhaischen [j'e:ehaisjən] Eegennumm DE *Jaegerhaeuschen* • FR *Jaegerhaeuschen* • EN *Jaegerhaeuschen* • PT *Jaegerhaeuschen* **Beispill** ech wunne beim *Jeeërhaischen*; wéi kommen ech vu Rammeldang bei d'*Jeeërhaischen*?

Jeeërin [j'e:ərin] Femininum (Pluriel *Jeeëringen*) DE *Jägerin* • FR *chasseuse* • PT *caçadora*

I Männlech Form: ↗*Jeeëer*

Jeeërlatäin [j'e:elata:ɪn] Neutrum (kee Pluriel) DE *Jägerlatein* • FR *fanfaronnades* [*de chasseur*] • EN *hunter's tales* • PT *fanfarronices* [*de caçador*] **Beispill** no der Juedg gouf beim Patt vill *Jeeërlatäi* geschwat

jeehier [je:'hi:g] Adverb säit *jeehier* / vu *jeehier* / zënter *jeehier* DE *von jeher* • FR *de tout temps, depuis*

toujours • EN *ever* [of all times], *always* [for a long period] • PT *desde sempre* **Beispiller** ech kennen däi Papp scho vu jeehier; meng Famill wunnt zënter jeehier hei an der Gemeng

jeemools [j'e:mo:ls] Adverb DE *jemals*, *je* • FR *jamais* [un jour] • EN *ever* [at any time] • PT *alguma vez*, *jamais* **Beispill** dat ass déi bescht Zopp, déi s de jeemools gekacht hues! **Synonym** jee

Jeep [dʒi:p] Maskulinum/Femininum (Pluriel Jeepen) DE *Geländewagen* • FR *jeep* • EN *jeep* • PT *jipe* **Beispill** hien huet sech eng Jeep kaaft, fir op d'Juegd ze goen

Jeep Maskulinum (Pluriel Jeepen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

jeeweileg [j'e:vaiɪɔç] Adjektiv DE *jeweilig* • FR *respectif* • EN *relevant* • PT *respetivo* [correspondente] **Beispill** déi verschidde Prozedure ginn an deene jeeweilegen Texter erkläert **Synonym** respektiv

jeeweils [j'e:vaiɪs] Adverb DE *je*, *jeweils* [für sich] • FR *chaque fois*, *chacun(e)* [considéré individuellement] • EN *each* [individually] • PT *cada vez*, *cada um(a)* [considerado individualmente] **Beispiller** déi nei Bréck huet op all Säit eng Vëlospist vu jeeweils 1,5 Meter Breet; an deene fënnef Büroes sëtze jeeweils zwee Leit **Synonym** allkéiers

Jëfferchen [z'əfɛçən] Femininum (Pluriel Jëffercher) - Diminutivform vun **Joffer**

jéimere [z'ɔimərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gejéimert*) » **intransitiv 1**. DE *wimmern* • FR *gémir* [plaintivement] • EN *to whine*, *to whimper* • PT *gemer* [queixosamente] **Beispill** den Hond *jeimert* bei der Dier **2**. DE *jammern* [sich beklagen] • FR *se plaindre*, *se lamenter* • EN *to whine*, *to moan* [to complain] • PT *queixar-se*, *lamentar-se* **Beispill** si verdénge masseg Suen, an da *jeimere* se nach! **Synonym** lamentéieren

jein [jaɪn] Partikel

i Hei entsteet en neien Artikel.

Jéinesch Neutrum (kee Pluriel) DE *Jenisch* • FR (*langue*) *yéniche* • EN *Yenish* [language] • PT *ieniche* **Beispiller** zu Weimeschkerch an am Pafendall gouf *Jéinesch* geschwat; d'Verb „zoppen“ kënnt aus dem *Jéineschen*

Jelli [z'æli:] Maskulinum (kee Pluriel) **1**. DE *Gelee*, *Aspik* • FR *gelée* [bouillon gélatiné] • EN *aspic*, *meat jelly* [congealed stock] • PT *geleia* [caldo gelatinoso] **Beispiller** mir hu beim Metzler dräi Kotletten am Jelli kaaft; hien huet Jelli an den Äerm [eggs] (hien huet keng Kraaft); hie läit nach am Jelli [eggs] (hie läit nach am Bett, well e gëschter ze vill gedronk huet) **2**. DE *Sülze* [Fleisch-, Fischzubereitung] • FR *aspic* • EN *brawn* • PT *geleia de carne*, *geleia de peixe* **Beispiller** munch Leit maache Moschter op de Jelli; ech muss bei den Dokter, ech hunn de Knéi am Jelli (ech muss bei den Dokter, ech hunn e Problem mat mengem Knéigelenk) **3**. DE *Gelee* [aus Früchten] • FR *gelée* [de fruits] • EN *jelly* [of fruit] • PT *geleia* [de fruta] **Beispill** mat Quidde mécht ee kee Gebeess, mee Jelli

Jelliskapp [z'æli:skap] Maskulinum (Pluriel Jelliskäpp) DE *Qualle* • FR *méduse* • EN *jellyfish* • PT *medusa*,

alforreca **Beispill** et gesäit een d'Jelliskäpp bal net, wa se am Mier schwammen

Jemen [j'e:mən] Eegennumm, Maskulinum DE *Jemen* • FR *Yémen* • EN *Yemen* • PT *Jémen* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Jemen; ech fueren d'nächst Woch an de Jemen; ech kommen aus dem Jemen

i männlech Persoun: **Jemenitt** weiblech Persoun: **Jemenittin** Adjektiv: **Jemenittesch** Haaptstad: **Sanaa**

Jemenitt [jemen'it] Maskulinum (Pluriel Jemenitten) DE *Jemenit* • FR *Yéménite* • EN *Yemenite* • PT *imenita* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Jemenitt

jemenittesch [jemen'itəʃ] Adjektiv DE *jemenitisch* • FR *yéménite* • EN *Yemeni* • PT *imenita* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi jemenittesch Kultur kenne geléiert

Jemenittin [jemen'itin] Femininum (Pluriel Jemenittinnen) DE *Jemenitin* • FR *Yéménite* • EN *Yemenite* [female] • PT *imenita* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Jemenittin

Jéngelchen [z'ɛŋəɔçən] Maskulinum (Pluriel Jéngelcher) - Diminutivform vun **Jong**

jéngere [z'ɛŋərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gejéngert*) » **intransitiv** DE *Junge werfen*, *jungen* • FR *avoir des petits* • EN *to litter*, *to give birth* [animal] • PT *ter filhotes* [ter crias] **Beispiller** eiser Nopesch hir Kaz huet d'lescht Nuecht *gejéngert*; si *jeingere* ewéi d'Kanéngercher [graff] [si kréie vill Kanner]

Jénkenhaff [j'ɛŋkəhaf] Eegennumm DE *Jénkenhaff* • FR *Jénkenhaff* • EN *Jénkenhaff* • PT *Jénkenhaff* **Beispiller** ech wunnen um *Jénkenhaff*; fiert dese Bus op de *Jénkenhaff*?

Jerewan Eegennumm DE *Jerewan*, *Eriwan* • FR *Erevan*, *Yerevan* • PT *Erevã* **Beispill** *Jerewan* ass d'Haaptstad vun Armenien

i Variant: *Eriwan*

Jerusalem Eegennumm DE *Jerusalem* • FR *Jérusalem* • PT *Jerusalém* **Beispill** *Jerusalem* ass d'Haaptstad vun Israel

Jëses [j'əsəs] Interjektion **vereeltz** *Jëses* (Maria (Jousebett)) / (o) *Jëses*(se) Kanner DE *Jesses* (Maria) • FR *mon Dieu*, *doux Jésus* • EN (oh) *my God*, *my goodness*, *good heavens* • PT *meu Deus*, *ai Jesus* **Beispiller** *Jëses*, wat ass dat e penibelen Typ!; o *Jëses* Kanner, wéi laang muss mer eis nach mat där aler Maschinn ploen? **Synonymmen** Kanner Gottes, mäi Gott (a mäin Här)

Jesuitt Maskulinum (Pluriel Jesuitten) **Relioun** DE *Jesuit* [Angehöriger des Jesuitenordens] • FR *Jésuite* [membre de la compagnie de Jésus] • PT *jesuíta* [membro da Companhia de Jesus] **Beispill** woussst du, datt dës Schoul vu *Jesuitten* gegrënnt gouf?

Jetlag Maskulinum (Pluriel <seelen> *Jetlaggen*) DE *Jetlag* • FR *jet-lag* • EN *jet lag* • PT *jet lag* **Beispill** wéi et schéngt, ass den *Jetlag* méi schlëmm, wann ee vum Westen an den Oste flitt

Jeton [z'ətɔ:] Maskulinum (Pluriel Jetonen) **1**. DE *Jeton* • FR *jeton* [pièce] • EN *token*, *counter* • PT *ficha* [peçal] **Beispill** d'Bomi huet de Kanner e puer *Jetone* fir op

d'Knuppautoe kaaft **Synonym** Stong **2. DE** *Sitzungsgeld* • **FR** *jeton de présence [honoraires]* • **EN** *attendance fee* • **PT** *senha de presença [honorários]* **Beispill** all Member kritt pro Sätzung e **Jeton** vu 50 Euro

jett [jæt] Indefinitpronomen ^[ëgs] (eng) **jett** **DE** *viel(e), einige(s)* • **FR** *beaucoup (de), pas mal (de)* • **EN** *a lot, much, many* • **PT** *bastante, muito, bué* **Beispiller** an deem Dossier bleibt nach **jett** ze klären; an deem schweieren Exame sinn der eng **jett** duerchgefall; d'Press huet de Premier mat enger **jett** Froe bombardéiert; um Duerffest war eng **jett** lass lum Duerffest war immens vill lass!

jetten [dʒ'ætən] Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé **gejett**) » **intransitiv** ^[ëgs] **DE** *jetten [fliegen]* • **FR** *voyager en avion, se rendre en avion* • **EN** *to jet [to travel by jet plane]* • **PT** *viajar de avião, ir de avião* **Beispill** déi sinn amstand, fir zweek Deeg Shopping op New York ze **jetten** **Synonym** fléien

jëtzeg [j'ətsəç] Adjektiv **DE** *jetzig* • **FR** *actuel, présent* • **EN** *current* • **PT** *atual, presente* **Beispiller** déi **jëtzeg** Regierung wëllt méi staark géint den illegale Waffenhandel virgoen; zum **jëtzege** Zäitpunkt wësse mer nach net, wéi d'Walen ausginn **Synonym** aktuell

Jick [zik] Femininum (Pluriel **Jicken**) **1. DE** *Priem* • **FR** *chique [de tabac]* • **EN** *quid, plug [of tobacco]* • **PT** *pedaço de tabaco para mascar* **Beispiller** eise Bop hat éiweg eng **Jick** am Bak; hien ass keng **Jick** Tubak wäert! ^[ëgs] [hien daacht iwverhaapt näischtl!] **2. DE** *dicke Bache* • **FR** *joue gonflée* • **EN** *swollen cheek* • **PT** *bochecha inchada* **Beispill** ech hunn eng **Jick**, ech muss bei den Zändokter goen **3. DE** *Murmel* • **FR** *bille [jouet]* • **EN** *marble [small ball]* • **PT** *berlinde* **Beispill** an der Paus hunn d'Kanner mat de **Jicke** gespillt **Synonym** Wak **4.** (meeschtens Pluriel) ^[graf] **DE** *Ei [Hoden]* • **FR** *couille [testicule]* • **EN** *ball [testicle]* • **PT** *tomate [testículo]* **Beispiller** an där enker Box kriéien ech meng **Jicke** wéi; elo hänke mer mat de **Jicken!** [elo hu mer en décke Problem] **Synonym** Hoden

Jickeclub Maskulinum (Pluriel **Jickeclubben** / **Jickeclubb**) ^[ëgs] ^[pejorativ] **DE** *unbedeutender Verein, x-beliebiger Verein* • **FR** *club de seconde zone, club minable, club de rien du tout* • **EN** *second-class club, pathetic club* • **PT** *clube de meia-tigela, clube sem importância* **Beispiller** an eiser Gemeng kritt all **Jickeclub** en décke Subsid, just mir net!; déi Partei verkénnt lues a lues zu engem **Jickeclub**

jicken [z'ikən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gejickt**) » **transitiv** **1. DE** *kauen [einen Priem]* • **FR** *mâcher, chiquer* • **EN** *to chew* • **PT** *mascar* **Beispill** am Krich huet de Pätter Kléisom **gejickt** **2.** ^[ëgs] **DE** *schmausen* • **FR** *bouffer [manger]* • **EN** *to eat* • **PT** *morfar* **Beispill** wat sidd der do amgang ze **jicken?** » **intransitiv** **3.** ^[ëgs] **DE** *schmausen* • **FR** *bouffer [manger]* • **EN** *to eat* • **PT** *morfar* **Beispill** si hu mat grousem Appetit **gejickt**

jiddefalls [z'idəfəls] Adverb **DE** *jedenfalls* • **FR** *en tout cas* • **EN** *in any case* • **PT** *em todo o caso* **Beispill** am Komitee ware mer eis **jiddefalls** eens, datt mer d'Statute missten änneren **Synonym** allzäit

i Variant: jiddwerfalls

jidder [z'ide] Indefinitpronomen » Singulier / männlech / Nominativ **1. DE** *jeder* • **FR** *chaque* • **EN** *each, every* • **PT** *cada* **Beispill** **jidder** Mënsch huet seng Schwächten **Synonym** all » Singulier / männlech / Akkusativ **2. DE** *jeden* • **FR** *chaque* • **EN** *each, every* • **PT** *cada* **Beispill** de Komitee huet **jidder** Member op den Eierwäin agelueden **Synonym** all » Singulier / männlech / Dativ **3. DE** *jedem* • **FR** *chaque* • **EN** *each, every* • **PT** *cada* **Beispill** ech wëll **jidder** eenzele vun de Mataarbechter Merci soen **Synonym** all » Singulier / weiblech / Nominativ **4. DE** *jede* • **FR** *chaque* • **EN** *each, every* • **PT** *cada* **Beispill** **jidder** Kandidatin muss fir d'éischt eng Demande erarechen **Synonym** all » Singulier / weiblech / Akkusativ **5. DE** *jede* • **FR** *chaque* • **EN** *each, every* • **PT** *cada* **Beispill** de Mecanicien huet **jidder** Schrauf kontrolléiert **Synonym** all » Singulier / weiblech / Dativ **6. DE** *jeder* • **FR** *chaque* • **EN** *each, every* • **PT** *cada* **Beispill** hie profitéiert vu **jidder** fräier Minutt **Synonym** all » Singulier / sächlech / Nominativ **7. DE** *jedes* • **FR** *chaque* • **EN** *each, every* • **PT** *cada* **Beispill** **jidder** Kand, dat um Fest matgeholf hat, krut als Merci e Fräibilljee fir an de Kino **Synonym** all » Singulier / sächlech / Akkusativ **8. DE** *jedes* • **FR** *chaque* • **EN** *each, every* • **PT** *cada* **Beispill** d'Doktesch huet **jidder** Kand aus der Klass ennersicht **Synonym** all » Singulier / sächlech / Dativ **9. DE** *jedem* • **FR** *chaque* • **EN** *each, every* • **PT** *cada* **Beispill** um Enn vum Joer huet d'Joffer **jidder** Kand e Buch geschenkt **Synonym** all

i Variant: jiddwer

jiddereen [zidə'r'e:n] Indefinitpronomen » Singulier / männlech / Nominativ **1. DE** *jeder [jedermann]* • **FR** *chacun [toute personne]* • **EN** *everybody, everyone* • **PT** *cada qual, toda a gente, todos* **Beispill** mat deem Kompromëss war **jiddereen** zefridden » Singulier / männlech / Nominativ **2. DE** *jeder [jeder einzelne]* • **FR** *chacun [individuellement]* • **EN** *each, every one [individually]* • **PT** *cada um* **Beispill** **jidderee** vun de Jonge krut zum Schluss e klenge Kaddo » Singulier / männlech / Akkusativ **3. DE** *jeden [jedermann]* • **FR** *chacun [toute personne]* • **EN** *everybody, everyone* • **PT** *cada qual, toda a gente, todos* **Beispill** seng logesch Iwwerleeunge ware fir **jidderee** verständlech » Singulier / männlech / Akkusativ **4. DE** *jeden [jeden einzelnen]* • **FR** *chacun [individuellement]* • **EN** *each, every one [individually]* • **PT** *cada um* **Beispill** fir **jidderee** vun de Jonge war dee Camp eng flott Erfahrung

i Variant: jiddwereen

jiddereent [zidə'r'e:nt] Indefinitpronomen » Singulier / sächlech / Nominativ **1. DE** *jedes [jedes einzelne]* • **FR** *chacun, chacune [individuellement]* • **EN** *each, every one [individually]* • **PT** *cada um, cada uma* **Beispill** **jiddereent** vun de Kanner krut zum Schluss e klenge Kaddo » Singulier / sächlech / Akkusativ **2. DE** *jedes [jedes einzelnen]* • **FR** *chacun, chacune [individuellement]* • **EN** *each, every one [individually]* • **PT** *cada um, cada uma* **Beispill** fir **jiddereent** vun de Meedercher war dee Camp eng flott Erfahrung

i Variant: jiddwereent

jiddereng [zidə'r'æŋ] Indefinitpronomen » Singulier / weiblech / Nominativ **1. DE** *jede [jede einzelne]* • **FR** *chacune [individuellement]* • **EN** *each, every one [individually]*

ually) • **PT** *cada uma* **Beispill** jidderegem vun eisen Athleetinnen huet eng Medail gewonnen » **Singulier / weiblich / Akkusativ** **2. DE** *jede [jede einzelne]* • **FR** *chacune [individuellement]* • **EN** *each, every one [individually]* • **PT** *cada uma* **Beispill** ech ka mech op jidderegem vu menge Mataarbechterinne verloossen

i Variant: jiddwereng

jidderegem [ʒidəɾ'æŋəm] Indefinitpronomen » **Singulier / männlech / Dativ** **1. DE** *jedem [jedermann]* • **FR** *chacun [toute personne]* • **EN** *everybody, everyone* • **PT** *cada qual, toda a gente, todos* **Beispiller** et ass jidderegem opgefall, datt s de gëschter Owend net vill geschwat hues; hie verdréit sech mat jidderegem! » **Singulier / männlech / Dativ** **2. DE** *jedem [jedem einzelnen]* • **FR** *chacun [individuellement]* • **EN** *each, every one [individually]* • **PT** *cada um* **Beispill** de Moniteur huet jidderegem vun de Jonge gewisen, wéi een e platte Knuet mécht » **Singulier / sächlech / Dativ** **3. DE** *jedem [jedem einzelnen]* • **FR** *chacun, chacune [individuellement]* • **EN** *each, every one [individually]* • **PT** *cada um, cada uma* **Beispill** d'Cheftaine huet jidderegem vun de Meedercher gewisen, wéi een e platte Knuet mécht

i Variant: jiddwerengem

jiddereger [ʒidəɾ'æŋɐ] Indefinitpronomen » **Singulier / weiblich / Dativ** **DE** *jeder [jeder einzelnen]* • **FR** *chacune [individuellement]* • **EN** *each, every one [individually]* • **PT** *cada uma* **Beispill** de Buergermeeschter huet jiddereger vun de Jubilarinne perséinlech gratuléiert

i Variant: jiddwenger

jiddertzäit [ʒidɛts'æ:ɪt] Adverb **1. DE** *jederzeit [zu jeder Zeit]* • **FR** *à tout moment, en permanence* • **EN** *at any time* • **PT** *a cada momento* **Beispill** ech si jiddertzäit per E-Mail ze errechen, och de Weekend **Synonymmen** ëmmer, permanent **2. DE** *jederzeit [jeden Augenblick]* • **FR** *à tout moment, d'un moment à l'autre* • **EN** *at any moment* • **PT** *a qualquer momento* **Beispill** nom Brand kann d'Scheier jiddertzäit an e Koup falen **Synonymmen** all Abléck, all Ament, vun engem Moment zum aneren

jiddesch [j'ɪdɛʃ] Adjektiv **DE** *jüdisch* • **FR** *juif* • **EN** *Jewish* • **PT** *judeu* **Beispill** déi jiddesch Communautéit organiséiert e Concert an der Synagog

i Variant: jüddesch

jiddwer [ʒ'idfɐ] Indefinitpronomen - Variant vun **ʒjidd**

jiddweeren [ʒidfəɾ'e:n] Indefinitpronomen - Variant vun **ʒjiddereen**

jiddweerent [ʒidfəɾ'e:nt] Indefinitpronomen - Variant vun **ʒjiddereent**

jiddwereng [ʒitfəɾ'æŋ] Indefinitpronomen - Variant vun **ʒjidderegem**

jiddweringem [ʒidfəɾ'æŋəm] Indefinitpronomen - Variant vun **ʒjidderegem**

jiddwenger [ʒitfəɾ'æŋɐ] Indefinitpronomen - Variant vun **ʒjiddereger**

jiddwerfalls [jidfɛf'als] Adverb - Variant vun **ʒjiddwerfalls**

jiipfen [ʒ'i:psən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gejiipst**) » **intransitiv** **1. DE** *piepen* • **FR** *pépie* • **EN** *to chirp* • **PT** *piar* **Beispill** d'Jippelcher jiipfen, well se op hiert Fudder waarden **2. DE** *quietschen* • **FR** *grincer* • **EN** *to squeak* • **PT** *chiar, ranger* **Beispill** wann däi Skateboard jiipst, da schmier d'Achsen!

Jippelchen [ʒ'ipəlçən] Neutrum (Pluriel **Jippelcher**) **DE** *Küken [junges Geflügel]* • **FR** *poussin [jeune volaille]* • **EN** *chick [young bird]* • **PT** *pinto, pintainho* **Beispill** d'Kluck spadséiert mat hire **Jippelcher** iwwer den Haff

i Variant: Schippelchen

Jirrimirri Maskulinum (kee Pluriel) **1. [ëgs] DE** *Gerümpel, Krimskrams* • **FR** *bazar, bric-à-brac* • **EN** *stuff, junk [belongings]* • **PT** *tralha, cangalhada* **Beispiller** ech hunn deen ale **Jirrimirri** op den Tipp gefouert; bei menger Tatta steet esou vill **Jirrimirri** op de Schief, datt ee bal net gestéibst kritt **Synonymmen** Basar, Bataklang, Buttek, Gerëmpels, Krätz, Krëppeng **2. [ëgs] DE** *Chichi, Brimborium* • **FR** *chichi [élément superflu]* • **EN** *fuss, frou-frou* • **PT** *espavento, espalhafato* **Beispiller** mir wollte bewosst eng Feier ouni **Jirrimirri**; fir mäi Brautrack hätt ech gär eppes Einfaches, ouni vill **Jirrimirri** **Synonym** Chichi **3. [ëgs] DE** *Fisimatenten* • **FR** *manières, chichi* • **EN** *fuss, to-do* • **PT** *cerimónias, coisas [complicações]* **Beispill** hie mécht ëmmer **Jirrimirri**, wann et drëm geet, am Restaurant d'Rechnung ze deelen **Synonymmen** Chichi, Fisematenten

Jitz [ʒits] Maskulinum (kee Pluriel) **[vulgär] DE** *Wichse [Sperma]* • **FR** *foutre [sperme]* • **EN** *come, cum [semen]* • **PT** *esporra* **Beispill** de Moien hate mer eng Kapëttche mat **Jitz** am Virgäertche leien **Synonym** kale Bauer

jitzen [ʒ'itsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gejitzt**) » **intransitiv** **[vulgär] DE** *absprizen [ejakulieren]* • **FR** *foutre, juter [éjaculer]* • **EN** *to come, to cum [to ejaculate]* • **PT** *esporrar* **Beispill** do ass een amgang, an eng Heck ze **jitzen**!

jo [jɔ:] Partikel **1. DE** *ja [zur Bejahung]* • **FR** *oui* • **EN** *yes* • **PT** *sim* **Beispiller** **jo**, du hues Recht!; a sou, **jo**, dat kann ech maachen **2. jo an?** **DE** *na und?* • **FR** *et alors ? [pour exprimer l'indifférence]* • **PT** *e então? [para exprimir indiferença]* **Beispill** „du bass awer gëschter spéit heemkomm!“ – „jo an?“

Jo [jɔ:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Ja* • **FR** *oui [accord, réponse positive]* • **EN** *yes* • **PT** *sim [acordo, resposta positiva]* **Beispiller** ech waarden nach op e klore **Jo**; ech hunn nach net **Jo** gesot!; an Amen a **Jo** war d'Affär gedoen **[ëgs]** [d'Affär war ganz séier gedoen]

i Nieft **Jo soen** kann een och **jo soen** schreiwen.

jo Partikel **DE** *ja, doch, zwar* • **FR** *sert à nuancer l'expressivité d'un énoncé* • **EN** *used to nuance the expressiveness of a statement* • **PT** *[serve para matizar a expressividade de um enunciado]* **Beispiller** dat do ass **jo** de Combell!; du kenns et **jo**, et kënnt ëmmer matzäit; do bass de **jo**!; du hues **jo** Recht, mee leider ass d'Saach net esou einfach!; et ass **jo** e Feinen, mee en ass e bësse lues; ech hale wuel **jo**! [ganz sécher net!]

Job [dʒɔp] Maskulinum (Pluriel Jobben / Jobs) 1. [ëgs] DE *Job, Gelegenheitsarbeit, (vorübergehende) Beschäftigung* • FR *job, emploi (temporaire)* • EN *job (employment)* • PT *trabalho (temporário), emprego (temporário)*
Beispiller et ass net einfach, e gudden Job ze fannen; de Student sicht en Job fir d'Päischtvakanz **Synonym** Aarbecht 2. [ëgs] DE *Job [Aufgabe, Aufgabenbereich]* • FR *boulot, fonction [contribution], tâche* • EN *job [duty, responsibility]* • PT *função, tarefa* **Beispiller** d'Glieser ze spullen, dat ass net mäin Job!; däin Job ass et, mam Hond spadséieren ze goen **Synonym** Aufgab

jobben [dʒɔbən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gejobbt)

[i] Hei entsteet en neien Artikel.

Jockey [dʒ'ɔke:] Maskulinum (Pluriel Jockeyen) DE *Jockey* • FR *jockey* • EN *jockey* • PT *jóquei* **Beispill** fir e gud-den Jockey ze ginn, muss ee kleng a liicht sinn

Jod [jo:t] Maskulinum (kee Pluriel) [Chimie] DE *Jod [chemisches Element]* • FR *iode [élément chimique]* • EN *iodine [chemical element]* • PT *iodo [elemento químico]* **Beispill** d'Element Jod gehéiert zum Grupp vun den Halogee-nen

Jodeck [z'o:dæk] Maskulinum (Pluriel Jodecken) *Saxicola rubicola* DE *Schwarzkehlchen* • FR *tarier pâtre* • EN *common stonechat* • PT *cartaxo-comum* **Beispill** Wéi laang bréien d'Jodecken? **Synonym** Schwaarzbrëschtchen

jodelen [z'o:dələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gejodelt) » **intransitiv** DE *jodeln* • FR *iodler* • EN *to yodel* • PT *cantar à tirolesa* **Beispill** mäi Monni ka jodelen

joen [j'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gejot) » **transitiv** 1. DE *jagen [verfolgen]* • FR *chasser [poursuivre, pourchasser]* • EN *to chase [to pursue]* • PT *caçar [perseguir, acostrar]* **Beispill** d'Polizisten hunn d'Verbriecher duerch déi ganz Stad gejot 2. DE *jagen [treiben, vertreiben]* • FR *chasser [faire partir, faire sortir]* • EN *to chase [to drive away, to drive out]* • PT *afugentar, enxotar* **Beispiller** meng Mamm huet déi zwee Hauséierer vum Haff gejot; et joe keen Hond virun d'Dier, wann e Wieder ass! 3. DE *hetzen [zur Eile antreiben]* • FR *presser [faire se dépêcher]* • EN *to hurry, to hustle* • PT *apressar [fazer despachar-se]* **Beispill** de Guide huet eis vun engem Musée an deen anere gejot

[i] Verben, déi **joen** als Basis hunn: ↗erausjoen, ↗ewechjoen, ↗fortjoen an ↗opjoen

Joer [j'o:e] Neutrum (Pluriel Joer / Joren) 1. DE *Jahr [Zeitraum]* • FR *an, année [repère temporel, durée]* • EN *year [period of time]* • PT *ano [referência temporal, duração]* **Beispiller** mir ginn all Joer op de Mäertchen e Fësch iessen; vu Joer zu Joer komme méi Leit op d'Grillfest; dat Gesetz gouf d'lescht Joer gestëmmt; a senger Jugend ass hien dräi Joer laang ëm d'Welt gegondelt; dese Butték besteet schon zënter méi ewéi 100 Joer; hire Sträit huet Jore gedauert!; zënter Joer an Dag fuere si sonndes op d'Musel [si fuere schonn zënter ganz Laangem sonndes op d'Musel] 2. DE *Jahr [Lebensjahr]* • FR *an [unité de mesure de l'âge]* • EN *year [age]* • PT *ano [de idade]* **Beispiller** mäi Brudder huet am Juni fënnef Joer kritt; hiren Hond ass scho bei Joren [hiren Hond ass schonn all]; mäi Grousspapp

kënn an d'Joren [mäi Grousspapp fänkt un al ze ginn]; a jonke Joren hunn ech Gei gespilt [a menger Jugend hunn ech Gei gespilt]; et géif een him seng Joren net ginn [hie gesäit nach jonk aus]

Joerdausend [j'o:edaʊzənt] Neutrum (Pluriel Joer-dauseden) DE *Jahrtausend* • FR *millénaire* • EN *millennium* • PT *milénio* **Beispiller** mam Joer 2001 ass dat drëtt Joerdausend ugaangen; d'Evolutioun vun der Mën-schheet erstreckt sech iwwer Joerdauseden

Joergang [j'o:egəŋ] Maskulinum (Pluriel Joergäng) 1. DE *Jahrgang [Geburtsjahrgang]* • FR *année [classe d'âge]* • EN *year of birth* • PT *ano [classe etária]* **Beispill** d'Schoukanner vun de Joergäng 45 bis 50 hunn e Konveniat organiséiert; bass du vun deem selwechte Joergang ewéi ech? 2. DE *Jahrgang [Weinjahr]* • FR *mil-lésime [année de récolte]* • EN *year [vintage]* • PT *ano (de colheita)* **Beispill** d'Wäiner vun deem Joergang sinn net besonesch gutt **Synonym** Cru 3. DE *Jahrgang [leiner Serie]* • FR *année [livraison annuelle]* • EN *year [set of a series]* • PT *ano [publicações de um ano]* **Beispill** ech hu mir e ganze Joergang vun där Zäitschrëft als Buch banne gelooss

[i] Variant: Joergank

Joergank [j'o:egəŋk] Maskulinum (Pluriel Joergäng) - Variant vun ↗Joergang

Joerhonnert [jo:eh'onet] Neutrum (Pluriel Joerhon-nerten) DE *Jahrhundert* • FR *siècle* • EN *century* • PT *século* **Beispiller** d'Franséisch Revolutioun war um Enn vum 18. Joerhonnert; an dëser Cathedral gouf e puer Joer-honnerte gebaut

Joerhonnertfeier [jo:eh'onetfaiə] Femininum (Pluriel Joerhonnertfeieren) DE *Jahrhundertfeier* • FR *centenaire [cérémonie]* • EN *centenary celebration* • PT *centenário [comemoração]* **Beispill** d'Festlechkeete fir d'Joerhonnertfeier hunn eng ganz Woch gedauert

Joerhonnertwend Femininum (Pluriel Joerhonnertwenden)

[i] Hei entsteet en neien Artikel.

[i] Variant: Joerhonnertwenn

Joerhonnertwenn Femininum (Pluriel Joerhonnertwennen) - Variant vun ↗Joerhonnertwend

Joerzängt [j'o:etsəŋt] Neutrum (Pluriel Joerzängt) DE *Jahrzehnt* • FR *décennie* • EN *decade* • PT *decénio, década* **Beispiller** am leschte Joerzängt huet d'Wëssenschaft grouss Fortschrëtter gemaach; et kann nach Joerzängtgen daueren, bis et en Impfstoff géint déi Krankheet gëtt

[i] Variant: Joerzingt

Joerzingt Neutrum (Pluriel Joerzingten) - Variant vun ↗Joerzängt

Joffer [j'ɔfe] Femininum (Pluriel Jofferen) 1. [vereezelt] DE *Fräulein [unverheiratete Frau]* • FR *demoiselle [femme célibataire]* • EN *single woman, spinster* • PT *menina [se-hora solteira]* **Beispiller** niewent eis wunnt eng al Joffer; ech hunn enger Joffer gehollef, d'Wallis an den Zuch ze hiewen 2. DE *Grundschullehrerin* • FR *institutrice, professeure des écoles* • EN *teacher [female]* • PT *pro-*

fessora (primária) **Beispill** d'Joffer huet de Kanner haut keng Hausaufgabe ginn **Synonymmen** Léierin, Schouljoffer

i De Begrëff „Joffer“ huet ursprénglech eng net bestuete Fra bezeechent a gouf och als Uried fir jonk Frae benotzt. Dës Gebraich sinn haut vereelt. Bis 1939 gouf vun de Léierinnen zu Lëtzebuerg erwaart, datt se geïfen ophale mat schaffen, wa se bestuet goufen. Eng Léierin war also bis dohin am Prinzip eng Jonggesellin. Dofir ass de Begrëff „Joffer“ am Laf vun der Zäit zu engem Synonym fir „Léierin“ ginn. Och haut nach ass dese Begrëff wäit verbreet, wa rieds geet vun enger Enseignante am Fondamental. Besonnesch d'Schoulkanner benotzen d'Wuert „Joffer“, wa se hir Léierin uschwätzen.

joggen [d'ʒogən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **gejoggt**) » **intransitiv** **DE** joggen • **FR** faire du jogging • **EN** to jog • **PT** fazer jogging **Beispill** solle mer an de Bësch fuere fir ze joggen?

Jogger [dʒogɛ] Maskulinum (Pluriel Jogger) **DE** Jogger • **FR** joggeur • **EN** jogger • **PT** praticante de jogging **Beispiller** eisen Hond billt bei all Jogger, dee laanschtleeft; am Summer gesäit ee vill Jogger op de Bëschweeër

i Weiblech Form: **♂**Joggerin

Joggerin [d'ʒogərin] Femininum (Pluriel Joggerinnen) **DE** Joggerin • **FR** joggeuse • **EN** jogger [female] • **PT** praticante de jogging [mulher] **Beispill** wann ech mäin Tour ginn, kënt mer ëmmer déi selwecht Joggerin entgéintgelaf

i Männlech Form: **♂**Jogger

Jogging [d'ʒogɪŋ] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Jogging • **FR** jogging [course à pied] • **EN** jogging • **PT** corrida (ao ar livre), jogging **Beispill** Jogging ass gesond **2.** (Pluriel Joggingen) **DE** Jogginganzug • **FR** jogging, survêtement • **EN** tracksuit • **PT** fato de treino **Beispill** am Wanter doen ech en Jogging un, fir lafen ze goen

Joggingsbox Femininum (Pluriel Joggingsboxen) **DE** Jogginghose • **FR** pantalon de jogging • **EN** jogger bottoms • **PT** calças de treino **Beispill** et ass kal, déi eng Joggingsbox un, fir eraus lafen ze goen!

Joint [dʒɔɪnt] Maskulinum (Pluriel Jointen) **DE** Joint • **FR** joint [cigarette de haschisch] • **EN** joint [cannabis cigarette] • **PT** charro [cigarro de haxixe] **Beispill** d'Direktesch huet e puer Schüler derbäi erwëscht, wéi se sech en Joint gedréit hunn **Synonymmen** Titchen, Wick

Joint [ʒwɛ:] Maskulinum (Pluriel Jointen) **1.** **DE** Fuge [Zwischenraum] • **FR** joint [espace de raccord] • **EN** gap, space • **PT** junta [espaço de ligação] **Beispill** an der Küche muss verschidde Jointen tëschent de Plättercher frëschgemaach ginn **Synonym** Fou **2.** **DE** Dichtung [zum Abdichten] • **FR** joint [assurant l'étanchéité] • **EN** washer [seal] • **PT** junta [elemento de vedação] **Beispill** de Joint vum Krunn muss ersat ginn **Synonym** Dichtung

Joker [d'ʒøʁkɛ] Maskulinum (Pluriel Jokeren) - **Kuerzform** vun **♂**Jokerzeechen **DE** Joker • **FR** joker • **EN** joker [playing card] • **PT** joker **Beispill** ech verstinn net, wéi hatt et mécht, fir all Kéier den Joker ze zéien! **Synonym** Stippi

Jokerzeechen Neutrum (Pluriel Jokerzeechen) **DE** Platzhalter [Symbol] • **FR** métacaractère, caractère gé-

nérique • **EN** wild card [character] • **PT** metacaráter, caráter de substituição **Beispill** an de meeschten Datebanke kann een en Jokerzeeche benotzen, fir eng Sich ze verfeinere **Synonymmen** Platzhalter, Stippi, Wildcard

i **Kuerzform:** Joker

Jokesbiere [j'ɔ:kəsbɪ:ɛʁ] **Eegennumm** **DE** Jakobsbiere • **FR** Jakobsbiere • **EN** Jakobsbiere • **PT** Jakobsbiere **Beispiller** ech wunnen um Jokesbiere; wéi kommen ech vu Bech op de Jokesbiere?

Jomer [ʒ'o:mɛ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Teufel • **FR** diable • **EN** devil • **PT** Diabo **Beispiller** wie sech net schéckt, kënt bei der Jomer an d'Häll; wat der Jomer! **[ɛgɪ]** [= seet een, wann een negativ iwwer- rascht ass] **Synonym** Däiwel

Jong [jɔŋ] Maskulinum (Pluriel Jongen) **1.** **DE** Junge [Kind] • **FR** garçon [enfant masculin] • **EN** boy • **PT** rapaz [criança do sexo masculino] **Beispill** mir hu just zwee Jongen an der Klass **Synonym** Bouf **2.** **DE** Sohn • **FR** fils • **EN** son • **PT** filho **Beispiller** de Papp wunnt bei engem vu senger véier Jongen; dat ass dem Papp säi Jong! **[ɛgɪ]** Idee Jong huet sengem Papp seng Charaktereigenschaften geierft] **Synonymmen** Bouf, Fils **3.** **DE** Bursche, Kerl • **FR** gars, gaillard • **EN** lad, fellow • **PT** rapaz, moço **Beispill** mir bräichten e puer staark Jongen, fir de Piano ze plënnere

jong [jɔŋ] Adjektiv **DE** jung [noch vom Muttertier abhängig] • **FR** jeune, petit, non sevré [animal] • **EN** young [unweaned] • **PT** novo, pequeno [crial] **Beispiller** de Fuuss huet eis e jongt Schof geholl; mir hu jong Kazen ze verschenken; eis Kaz kritt Jonger

Jongentoilette [j'ɔŋɛntwalɛt] Femininum (Pluriel Jongentoiletten) **DE** Jungentoilette • **FR** toilettes pour garçons • **PT** casa de banho dos rapazes **Beispill** et ass kee Pabeier méi op der Jongentoilette

Jongevestiaire [j'ɔŋɛvɛstjɛ:r] Maskulinum (Pluriel Jongevestiaires) - Variant vun **♂**Jongevestiär

Jongevestiär [j'ɔŋɛvɛstjɛ:r] Maskulinum (Pluriel Jongevestiären) **DE** Jungenumkleide, Umkleideraum für Jungen • **FR** vestiaire pour garçons • **EN** boys' locker room, boys' changing room • **PT** vestiário dos rapazes **Beispill** d'Meedercher goufen derbäi erwëscht, wéi se duerch d'Schlëssellach vum Jongevestiär geluusst hunn

Jongfra [j'ɔŋfra:] Femininum **1.** (Pluriel Jongfraen) **DE** Jungfrau [Frau] • **FR** vierge [femme] • **EN** virgin [woman] • **PT** virgem [mulher] **Beispill** am Interview huet déi jonk Sängerin behaupt, se wier nach Jongfra **2.** (Pluriel Jongfraen) **DE** Jungfrau [Sternzeichen] • **FR** vierge [signe astrologique] • **EN** Virgo, the Virgin [sign of the zodiac] • **PT** Virgem [signo do zodíaco] **Beispiller** d'Jongfra ass eent vun den zweief Stärenzeechen; meng Kanner sinn allen zwee Jongfra; ech versti mech gutt mat Jongfraen **3.** **[Relioun]** Jongfra Maria **DE** Jungfrau Maria • **FR** Vierge Marie • **EN** Virgin Mary • **PT** Virgem Maria **Beispill** den Engel Gabriel ass vum Herrgott bei d'Jongfra Maria geschéckt ginn

Jonggesell [jɔŋgɛz'æɪ] Maskulinum (Pluriel Jonggesellen) **DE** Junggeselle • **FR** célibataire • **EN** bach-

elor • PT *solteiro* **Beispiller** als **Jonggesell** wunnt hien nach ëmmer bei sengen Elteren; hien ass säi ganz Liewe laang **Jonggesell** bliwwen

W Weiblech Form: ↗Jonggesellin

Jonggesellenabschid Maskulinum (Pluriel **Jonggesellenabschider**) DE *Junggesellenabschied* • FR *enterrement de vie de garçon* • PT *despedida de solteiro* **Beispill** du gees dach kee **Jonggesellenabschid** den Dag virun der Hochzäit maachen!

Jonggesellin [j'ɔŋgəzælin] Femininum (Pluriel **Jonggesellinnen**) DE *Junggesellin* • FR (*femme*) *célibataire* • EN *bachelorette* • PT *solteira* **Beispill** déi **Jonggesellin** wëllt sech ganz bewusst net bestueden

M Männlech Form: ↗Jonggesell

Jonggesellinnenabschid Maskulinum (Pluriel **Jonggesellinnenabschider**) DE *Junggesellinnenabschied* • FR *enterrement de vie de jeune fille* • PT *despedida de solteira* **Beispill** du gees dach kee **Jonggesellinnenabschid** den Dag virun der Hochzäit maachen!

jongléieren [ʒɔ̃:gl'ʒiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **jongléiert**) » **intransitiv** DE *jonglieren* • FR *jongler* • EN *to juggle* • PT *fazer malabarismo* **Beispiller** op der Bün hunn d'Artiste mat Bäll **jongléiert**; de Riedner huet vill mat Zuele **jongléiert** [eggs] [de Riedner huet iwwerem Schwätze vill mat Zuelen operéiert]

Jonglënster [jɔŋl'ənstɛ] Eegennumm DE *Junglinster* • FR *Junglinster* • EN *Junglinster* • PT *Junglinster* **Beispiller** ech wunnen zu **Jonglënster**; fiert dëse Bus op **Jonglënster**?

Jongleur [ʒɔ̃:gl'œ:r] Maskulinum (Pluriel **Jongleuren**) DE *Jongleur* • FR *jongleur* • EN *juggler* • PT *malabarista* **Beispill** um Fest si **Jongleure** mat Fakelen opgetratt

W Weiblech Form: ↗Jongleurin

Jongleurin [ʒɔ̃:gl'œ:rɪn] Femininum (Pluriel **Jongleurinnen**) DE *Jongleurin* • FR *jongleuse* • EN *juggler* [*female*] • PT *malabarista* [*mulher, rapariga*] **Beispill** am Zirkus huet eng **Jongleurin** mat Feier **jongléiert**

M Männlech Form: ↗Jongleur

Jongt [jɔŋt] Neutrum (Pluriel **Jong** / **Jonger**) DE *Junge(s)* [*junges Tier*] • FR *petit* [*jeune animal*] • EN *young one* [*animal*] • PT *cria* [*animal novo*] **Beispiller** zu wéi engem Mudderschof gehéiert dat schwaarzt **Jongt** do?; eist Mierschwéngche krut zwee **Jonger**; der Kaz hir **Jong** hunn d'Aen nach net op

jonk [jɔŋk] Adjektiv **1.** DE *jung* [*an Jahren*] • FR *jeune* [*d'âge*] • EN *young* [*in age*] • PT *jovem* [*de idade*] **Beispiller** um Bal waren elauter **jonk** Leit; du bass nach ze **jonk**, fir eleng an d'Vakanz ze fueren!; deene **Jonke** mécht de Kaméidi näischt aus **2.** DE *jung* [*jung wirkend*] • FR *jeune* [*caractéristique de la jeunesse*] • EN *young, youthful* [*in style*] <Adverb *youthfully*> • PT *jovem* [*característico da juventude*] <Adverb *à jovem*> **Beispiller** déi **jonk** Frisur geet der nawell gutt; meng Bom kleet sech ëmmer nach ganz **jonk** **Synonym** jugendlech **3.** DE *jung* [*frisch*] • FR *jeune* [*frais*] • EN *young* [*recent*] • PT *jovem* [*fresco*] **Beispill** wann de Kéis nach **jonk** ass, huet en net vill

Goût **4.** DE *jung* [*seit Kurzem existierend*] • FR *jeune* [*récent*] • EN *young* [*new*] • PT *jovem* [*recente*] **Beispill** dee **jonke** Stot huet schonn all Woch Kaméidi

jordanesch [ʒɔrd'a:nəʃ] Adjektiv DE *jordanisch* • FR *Jordanien* • EN *Jordanian* • PT *Jordano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **jordanesch** Kultur kenne geléiert

Jordanien [ʒɔrd'a:niən] Eegennumm, Neutrum DE *Jordanien* • FR *Jordanie* • EN *Jordan* • PT *Jordânia* **Beispiller** ech war schonn dräimol a **Jordanien**; ech fueren d'nächst Woch a **Jordanien**; ech kommen aus **Jordanien**

M männlech Persoun: ↗Jordanier weiblech Persoun: ↗Jordanierin Adjektiv: ↗jordanesch Haaptstad: ↗Amman

Jordanier [ʒɔrd'a:niɛ] Maskulinum (Pluriel **Jordanier**) DE *Jordanier* • FR *Jordanien* • EN *Jordanian* • PT *Jordano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Jordanier**

Jordanierin [ʒɔrd'a:niɛrɪn] Femininum (Pluriel **Jordanierinnen**) DE *Jordanierin* • FR *Jordanienne* • EN *Jordanian* [*female*] • PT *Jordana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Jordanierin**

jorelaang [j'ɔ:rəla:ŋ] Adjektiv DE *jahrelang* • FR *de plusieurs années* <Adverb *des années durant, (depuis) de longues années*> • EN *of many years* <Adverb *for years*> • PT *de muitos anos* <Adverb *durante muitos anos, há anos*> **Beispiller** Är **jorelaang** Erfahrung kénnst eisem Betrieb zegutt; ech hu **jorelaang** am Ausland gelieft; mir kennen eis scho **jorelaang**

Joresdag [j'ɔ:rəsda:χ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Jahrestag* • FR *anniversaire* [*commémoration*] • EN *anniversary* • PT *aniversário* [*comemoração*] **Beispill** 1989 hu mir den 150. **Joresdag** vun eiser Onofhängegkeet gefeiert

Joresrank [j'ɔ:rəsɾɔŋk] Maskulinum (Pluriel **Joresréng**) (meeschstens Pluriel) DE *Jahresring* • FR *cerne* [*anneau de croissance*] • EN *annual ring* • PT *cerne* [*anel de crescimento*] **Beispill** mat de **Joresréng** kann een den Alter vu ville Beem bestëmmen

Joresréckbléck [j'ɔ:rəsɾɛkblɛk] Maskulinum (Pluriel **Joresréckblécker**) DE *Jahresrückblick* • FR *rétrospective* (*des événements*) *de l'année* • EN *review of the year, year in review* • PT *retrospectiva* (*dos acontecimentos*) *do ano* **Beispill** am **Joresréckbléck** goufen d'Haaptevenementer nach eng Kéier opgezielt

Joreswiessel Maskulinum (Pluriel <seelen> **Joreswiesselen**) DE *Jahreswechsel* • FR (*passage au nouvel an*) • PT *passagem de ano* **Beispill** fir de **Joreswiessel** sinn ech am léifsten doheem bei der Famill

Joreszäit [j'ɔ:rəstsæ:it] Femininum (Pluriel **Joreszäiten**) DE *Jahreszeit* • FR *saison* • EN *season* • PT *estação* [*do ano*] **Beispiller** vun deene véier **Joreszäiten** hunn ech d'Fréijoer am léifsten; ëm dës **Joreszäit** gétt et fréi däischter

Joreszuel [j'ɔ:rəstsuel] Femininum (Pluriel **Joreszuelen**) DE *Jahreszahl* • FR *indication de l'année* • EN *date* [*year*] • PT *indicação do ano* **Beispill** bei alen Haiser steet dacks eng **Joreszuel** iwwer der Viischter Dier

Jostëmm [j'ɔːtəm] Femininum (Pluriel Jostëmmen) **DE** *Jastimme* • **FR** *voix pour, oui* • **EN** *vote in favour, yes* • **PT** *voto a favor, sim* **Beispill** de Gemegebudget gouf mat fënnef Jostëmmen, dräi Neestëmmen an enger Enthaltung ugeholl

Journal [ʒ'urnal] Maskulinum (Pluriel Journallen) **DE** *Nachrichten* [*Nachrichtensendung*] • **FR** *journal* [*émission*] • **EN** *news, news bulletin* • **PT** *journal, noticiário* **Beispill** eise Buergermeeschter war haut den Invité am Journal

Journalismus [ʒurnal'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Journalismus* • **FR** *journalisme* • **EN** *journalism* • **PT** *jornalismo* **Beispiller** professionelle Journalismus hält sech ëmmer neutral u Fakten; mäin Neveu studéiert am zweete Joer Journalismus

Journalist [ʒurnal'ist] Maskulinum (Pluriel Journalisten) **DE** *Journalist* • **FR** *journaliste* • **EN** *journalist* • **PT** *jornalista* **Beispill** hien ass Journalist bei enger grousser auslännescher Zeitung

1 Weiblech Form: **Journalistin**

journalistes [ʒurnal'istəʃ] Adjektiv **DE** *journalistisch* • **FR** *journalistique* • **EN** *journalistic* • **PT** *jornalístico* **Beispill** hien huet duerch seng journalistesch Recherchen e grouse Korruptiounsskandal opgedeckt

Journalistin [ʒurnal'istin] Femininum (Pluriel Journalistinnen) **DE** *Journalistin* • **FR** *journaliste* [*femme*] • **EN** *journalist* [*female*] • **PT** *jornalista* [*mulher*] **Beispill** d'Journalistin huet dem Politiker elauter pertinent Froe gestallt

1 Männlech Form: **Journalist**

Journée [ʒ'urneː] Femininum (Pluriel Journéeën) **DE** *Aktionstag* • **FR** *journée* [*d'action*] • **EN** *day of action* • **PT** *dia* [*de ação*] **Beispill** d'Regierung organiséiert muer an alle Lycéeën eng Journée iwwer d'Menscherechter

Käfeg [k'ɛ:fəç] Maskulinum (Pluriel Käfeger) **DE** *Käfig* • **FR** *cage* [à animaux] • **EN** *cage* [for animals] • **PT** *gaiola, jaula* **Beispiller** wien huet de Papagei aus dem **Käfeg** gelooss?; huet een un dengem **Käfeg** gerëstelt? [ég] [huet een dech deng Meinung gefrot?]

kafen [k'a:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kauft / kaf) » **transitiv** **DE** *kaufen* • **FR** *acheter* • **EN** *to buy* • **PT** *comprar* **Beispiller** ech **kafe** mir elo eng gutt Mettwurscht!; mir hunn net genuch Suen, fir eis en Haus ze **kafen**; vun dengem gudder Rot kann ech mer näischt **kafen** [ég] [däi gudder Rot hëlleft mer net virun]

i Verben, déi **kafen** als Basis hunn: **♂**kafen, **♂**erëmkafen, **♂**fräikafen, **♂**nokafer, **♂**ofkafen, **♂**opkafen an **♂**zeréckkafen

Käfer Maskulinum (Pluriel Käferen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Kaff [kaf] Maskulinum (Pluriel Kaffen) [ég] [pejorativ] **DE** *Kaff* • **FR** *bled* [localité isolée] • **EN** *dump, hole* [village] • **PT** *aldeola* [localidade isolada] **Beispill** eis Kollegee wunnen an iergendengem **Kaff** bei der Grenz **Synonymen** Bauerennascht, Kouduerf, Nascht

Käffer [k'æfe] Maskulinum (Pluriel Käfferen) **DE** *Kantholz* • **FR** *chevron* [pièce de bois équarri] • **EN** *squared timber, rafter* • **PT** *madeira esquadriada* **Beispill** de Schräiner huet d'**Käfferen** op déi richtig Mooss geschnidden

Kaffi [k'afi:] Maskulinum 1. (kee Pluriel) **DE** Kaffee [Pflanze] • **FR** café [plante] • **EN** coffee [plant] • **PT** café [plantal] **Beispill** bei eis wiisst kee **Kaffi** 2. (kee Pluriel) **DE** Kaffee [Bohnen] • **FR** café [graines] • **EN** coffee [beans] • **PT** café [sementes] **Beispill** wann de **Kaffi** geréischtert gëtt, entfaalt sech den Aroma 3. (kee Pluriel) **DE** Kaffee [Pulver] • **FR** café [poudre] • **EN** coffee [powder] • **PT** café [pó] **Beispill** maach mer just e klenge Löffel **Kaffi** an d'Taass 4. (kee Pluriel) **DE** Kaffee [Getränk] • **FR** café [boisson] • **EN** coffee [drink] • **PT** café [bebida] **Beispiller** mir hunn eng Taass **Kaffi** gedronk; hien drénkt nëmme schwaarze **Kaffi** [hien drénkt nëmme **Kaffi** ouni Mëllech]; déi Geschicht ass kale **Kaffi** [eggs] [déi Geschicht ass schonn all] 5. (Pluriel **Kaffi** / **Kaffien**) **DE** (Tasse) Kaffee • **FR** (tasse de) café • **EN** (cup of) coffee • **PT** (chávena de) café **Beispill** bestell eis nach zwee **Kaffien**! 6. (kee Pluriel) **DE** Frühstück • **FR** petit-déjeuner • **EN** breakfast • **PT** pequeno-almoço **Beispiller** mueres beim **Kaffi** iessen ech dacks eng Hunnegschmier; wa mer gutt **Kaffi** drénken, da brauche mer de Mëtteg net vill 7. (kee Pluriel) **DE** Abendbröt • **FR** repas du soir [froid] • **EN** tea, supper • **PT** jantar [refeição fria] **Beispiller** owes beim **Kaffi** iessen ech dacks eng Hameschmier; drénke mer den Owend **Kaffi** oder soll ech eis eppes Klenges kachen? 8. (kee Pluriel) **DE** Kaffee und Kuchen • **FR** tasse de café [collation conviviale dans l'après-midi] • **EN** (cup of) coffee [social get-together] • **PT** lanche, café [refeição convivial à tarde] **Beispiller** all Woch invitéiert eng aner Nopesch op de **Kaffi**; all Mëttnoch ginn déi zwou Frëndinnen zesumme shoppen an dono **Kaffi** drénken

i Fir vill Lëtzebuerger bedeit **Kaffi** méi ewéi nëmmen e Gedrénks: **Kaffi** steet haaptsächlech fir d'Molzecht vu moies. Den Ausdrock gëtt vill am private Beräich gebraucht, awer och zum Beispill bei der Reservatioun am Hotel, wou een en Zëmmer ka mat oder ouni **Kaffi** bestellen. Am private Kader gëtt och fir d'Owesiesse **Kaffi** gesot, awer nëmmen, wann et just Schmiere gëtt, also keng waarm Platen. Awer och am Nomëtteg kann ee **Kaffi** drénken. Do gëtt de **Kaffi** awer dacks zur Niewesaach, well et hei éischter em d'Pâtisserie **beim Kaffi** geet. Interessant beim Ausdrock **Kaffi** drénken, dee fir moies, nomëttes an owes passt, ass de Fait, datt ee beim **Kaffi**drénken am Prinzip méi ésst ewéi drénkt an datt dat, wat een drénkt, och kann Téi, Mëllech a sou weider sinn.

Kaffidrénken Neutrum (kee Pluriel) **DE** Frühstück • **FR** (prise du) petit-déjeuner • **PT** (tomada do) pequeno-almoço **Beispill** moies beim **Kaffidrénke** lauschteren ech ëmmer d'Neiegekeiten

Kaffisbiz [k'afi:sbi:ts] Maskulinum (Pluriel **Kaffisbizen** / **Kaffisbizer**) **DE** Kaffeekanne [aus Metall] • **FR** cafetière [en métal] • **EN** coffee pot • **PT** cafeteira [de metal] **Beispill** fréier hat meng Bomi de **Kaffisbiz** ëmmer prett op der Kachmaschinn stoen

Kaffisboun [k'afi:sbø:n] Femininum (Pluriel **Kaffisbounen**) **DE** Kaffebohne • **FR** grain de café • **EN** coffee bean • **PT** grão de café **Beispill** ech muele meng **Kaffisboun** selwer

Kaffisbräch Femininum (kee Pluriel) **DE** [Definitiou] in Kaffee eingebrocktes Brot • **FR** [Definitiou] pain rassis trempé dans du café • **EN** [Definitiou] stale bread soaked in coffee • **PT** [Definitiou] pão duro mergulhado em café, sopas de café **Beispill** meng Bomi mécht sech moies d'meescht eng **Kaffisbräch** mam ale Brout

Kaffisdësch [k'afi:sdɔʃ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Kaffeetisch, Frühstückstisch • **FR** table du petit déjeuner [table dressée pour le petit-déjeuner] • **EN** breakfast

table • **PT** mesa do pequeno-almoço [mesa posta para o pequeno-almoço] **Beispiller** ech si grad amgaang, de **Kaffisdësch** ze decken; hu mer nach e puer Eeër fir op de **Kaffisdësch**?; mir souze grad um **Kaffisdësch**, do huet et un der Dier geschellt [mir ware grad amgaang, **Kaffi** ze drénken, do huet et un der Dier geschellt]

Kaffishaff [k'afi:shaf] Eegennumm **DE** **Kaffishaff** • **FR** **Kaffishaff** • **EN** **Kaffishaff** • **PT** **Kaffishaff** **Beispiller** ech wunnen um **Kaffishaff**; fiert dese Bus op de **Kaffishaff**?

Kaffiskichelchen [kafi:sk'icɛlçən] Maskulinum (Pluriel **Kaffiskichelcher**) **DE** süßes Gebäckstück, Plunder(gebäck), Teilchen • **FR** viennoiserie • **EN** (sweet) pastry • **PT** bolo de pastelaria **Beispill** ech gi mer all Moien e **Kaffiskichelche** bei de Bäcker sichen **Synonym** Mëtsch

Kaffiskränzchen Maskulinum (Pluriel **Kaffiskränzcher**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Kaffiskrou Maskulinum (Pluriel **Kaffiskréi**) **DE** Kaffeekanne [aus Porzellan] • **FR** cafetière [en porcelaine] • **PT** cafeteira [de porcelana] **Beispill** mir haten de **Kaffiskrou** vun eisem sonndessen Zerwiss nach net eemol am Gebrauch

Kaffisläffel [k'afi:slæfəl] Maskulinum (Pluriel **Kaffisläffelen**) 1. **DE** Kaffeelöffel [Besteckteil] • **FR** cuillère à café [couvert] • **EN** coffee spoon, teaspoon [utensil] • **PT** colher de café [peça de talher] **Beispiller** déi bleche **Kaffisläffele** passen absolut net bei deng schéi Parzeläinstasen; fréier hu vill Leit sëlwer **Kaffisläffele** gesammelt 2. **DE** Kaffeelöffel [Mengenangabe] • **FR** cuillère à café, cuillerée • **EN** teaspoon, teaspoonful • **PT** colher de café, colherada **Beispiller** maach nach e **Kaffisläffel** Moschter an d'Vinaigrette!; Kanner sollen net méi ewéi dräi Mol am Dag e **Kaffisläffel** vun deem Sirop huelen

Kaffismaschinn [k'afi:sməʃɪn] Femininum (Pluriel **Kaffismaschinnen**) **DE** Kaffeemaschine • **FR** cafetière électrique • **EN** coffee machine • **PT** máquina de café **Beispill** um Büro hu mir eng ganz performant **Kaffismaschinn**

Kaffismillen [k'afi:smilən] Femininum (Pluriel **Kaffismillen**) **DE** Kaffeemühle • **FR** moulin à café • **EN** coffee grinder, coffee mill • **PT** moinho de café **Beispiller** dès al **Kaffismillen** hunn ech um Floumaart fonnt; bei menger neier **Kaffismille** kann een astellen, wéi reng ee sai **Kaffi** wëllt gemuel kréien

Kaffispaus [k'afi:spaus] Femininum (Pluriel **Kaffispausen**) **DE** Kaffeepause • **FR** pause café • **EN** coffee break • **PT** pausa para café **Beispiller** ech gi fir d'**Kaffispaus** bei de Bäcker Croissante sichen; um zéng Auer maache mir gewéinlech um Büro eng **Kaffispaus**

Kaffisstuff [k'afi:sʃtuf] Femininum (Pluriel **Kaffisstuffen**) **DE** Kaffeetreff, Kaffee- und Kuchenverkauf • **FR** coin café, coin pâtisserie • **EN** coffee corner, coffee and cake stall • **PT** espaço cafeteria, espaço pastelaria **Beispill** och dést Joer gëtt et um Basar nees déi traditionell **Kaffisstuff**

Kaffistaass [k'afi:sta:s] Femininum (Pluriel **Kaffistaasen**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Kaffistut [k'afi:stu:t] Femininum (Pluriel Kaffistuten) ^[ëgs] DE Kaffeetante • FR grand consommateur de café • EN coffee addict • PT viciado em café **Beispill** déi Kaffistut drénkt bal zwee Liter Kaffi den Dag!

Kafkraaft [k'a:fkra:ft] Femininum (kee Pluriel) DE Kaufkraft • FR pouvoir d'achat • EN purchasing power • PT poder de compra **Beispill** d'Kafkraaft an eisem Land ass net zeréckgaangen

Kafvertrag [k'a:fetra:χ] Maskulinum (Pluriel Kafverträ) DE Kaufvertrag [Schriftstück] • FR contrat de vente • EN contract of sale, sales contract • PT contrato de compra e venda **Beispill** mir ënnerschreiw muer de Kafvertrag vun eisem neie Seegelboot

Kagull [kag'ul] Femininum (Pluriel Kagullen) DE Kapuzenmütze, Schlupfmütze • FR cagoule, passe-montagne • EN balaclava • PT passa-montanhas, carapuço **Beispill** eng Kagull hält de Kapp an den Hals schéi waarm

käichen [k'æ:ɪçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekäicht) » **intransitiv** DE keuchen • FR haleter • EN to pant • PT ofegar, arquejar **Beispill** mir hu schéi gekäicht, wéi mir uewen um Bierg ukoumen **Synonymmen** keimen, këmmen

Käicher Maskulinum (Pluriel Käicher) DE Kichererbse • FR pois chiche • EN chickpea • PT grão-de-bico **Beispill** wéi vill Käicher brauch een, fir fir véier Leit Humus ze maachen? **Synonymmen** Kicherierbes, Pois chiche

Käil [kæ:ɪl] Maskulinum (Pluriel Käiler) DE Keil [zum Spalten von Holz] • FR coin [pour fendre du bois] • EN wedge [for splitting wood] • PT cunha [para rachar lenha] **Beispiller** ech hunn am Bësch ee vu menge Käiler verluer; klapp e Käil an den Heel, soss fiert en aus dem Stüll!

Kailchen [k'ailçən] Femininum (Pluriel Kailercher) - Diminutivform vun [♣]Kaul DE Grübchen [im Gesicht] • FR fossette [du visage] • EN dimple • PT covinha [na face] **Beispiller** dat Meedchen huet eng léif Kailchen am Kënn; wann s de laachs, gesäit een deng Kailercher an de Baken nach besser; maach emol eng Kailchen! ^[ëgs] [maach emol däi Glas eidel, datt ech der kann noschëdden!]

Käilrimm [k'æ:ɪrim] Maskulinum (Pluriel Käilrimmen) DE Keilriemen • FR courroie de transmission • EN fan belt • PT correia de transmissão **Beispill** bei der leschter Revisioun gouf de Käilrimm ersat

käipen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekäipt) » **transitiv 1.** DE treten, begatten [Geflügel] • FR côcher • EN to mate with • PT galar [aves de capoeira] **Beispill** wann eisen Hunn net geschwënn ufänkt, d'Hénger ze käipen, da lant en am Dëppen! **2.** ^[vulgär] DE vögeln, ficken • FR foutre, niquer • EN • PT foder, pinar **Beispill** du kanns esou vill Leit käipen, wéi s de wëlls, mee vergiess d'Kondomer net! **Synonymmen** biischten, bimmelen, buppen, fécken » **intransitiv 3.** ^[vulgär] DE vögeln, ficken • FR foutre, niquer • EN • PT foder, pinar **Beispill** kee vun eis war op der Sich no enger fester Bezéiung, mer wollte just käipen **Synonymmen** biischten, bimmelen, buppen, fécken

Kairo Eegennumm DE Kairo • FR Le Caire • PT Cairo **Beispill** Kairo ass d'Haaptstad vun Ägypten

Käizchen [k'æ:ɪtsjən] Maskulinum (Pluriel Käizcherer) - Diminutivform vun [♣]Kauz

Kajak [k'aja:k] Maskulinum (Pluriel Kajaken) DE Kajak • FR kayak • EN kayak • PT kayak **Beispill** kenns du d'Differenz tëschent engem Kanu an engem Kajak?

Kakao [k'akao:] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE Kakao [Pflanze] • FR cacao [plante] • EN cocoa [tree] • PT cacau [planta] **Beispill** deen heite Kakao wüsst nëmmen an enger bestëmmter Region an Afrika **2.** (kee Pluriel) DE Kakao [Bohnen] • FR cacao [fèves] • EN cocoa [beans] • PT cacau [sementes] **Beispill** eise Grosist kritt de Kakao a grouse Säck geliwwert **3.** (kee Pluriel) DE Kakao [Pulver] • FR cacao [poudre] • EN cocoa [powder] • PT cacau [pó] **Beispill** maach mer nach e Löffel Kakao an d'Mëllech! **4.** (kee Pluriel) DE Kakao [Getränk] • FR cacao [boisson] • EN cocoa [drink] • PT cacau [bebida] **Beispill** mueres drénken ech heiansdo eng Taass Kakao **Synonym** Schocki **5.** (Pluriel Kakao / Kakaoen) DE (Tasse) Kakao • FR (tasse de) cacao • EN (cup of) cocoa • PT (chá-vena de) cacau **Beispill** ech bestelle mir nach e Kakao, wëlls de och nach een? **Synonym** Schocki

Kakerlack [kake'l'ak] Femininum (Pluriel Kakerlacken) DE Küchenschabe, Kakerlake • FR cafard, blatte • PT barata [inseto] **Beispill** wann s de Kakerlacken an der Kichen hues, da bass de schéi gehäit

Kaki Femininum (Pluriel Kaki) DE Kaki [Frucht] • FR kaki [fruit] • EN kaki [fruit] • PT dióspiro **Beispill** d'Kakie sinn nach net zeideg genuch, fir se z'essen

Kaktus [k'aktus] Maskulinum (Pluriel Kaktussen) DE Kaktus • FR cactus • EN cactus • PT cato **Beispill** e Kaktus brauch een extreem wéineg ze nätzen

Kakuett [kakw'æt] Femininum (Pluriel Kakuetten) DE Erdnuss • FR cacahouète • EN peanut • PT amendoim [sementel] **Beispiller** beim Aperitif goufe Kakuetten zerweiert; wat ass dee Kärele do eng Kakuett! ^[ëgs] [wat ass dee Kärele do eng Topert!] **Synonym** Afenness

I Variant: Cacahouète

kal [ka:l] Adjektiv **1.** DE kalt [von niedriger Temperatur] • FR froid [à basse température] • EN cold [of low temperature] • PT frio [com temperatura baixa] **Beispiller** haut bléist eng kal Loft; et ass kal dobaussen, déi eng Mutz un!; iess deng Zopp, ier se kal ass!; dat do léisst mech kal ^[ëgs] [dat do reegt mech net opl; ech si kal a waarm gewinnt! ^[ëgs] [lech reege mech fir näischt méi opl]; säi Mann war nach net kal, dunn hat et schon en aneren! ^[graff] [säi Mann war nach net laang dout, dunn hat et schon en aneren] **2.** DE kalt [Kälte spürend] • FR (avoir) froid • EN (to be) cold, (to feel) cold • PT (ter) frio **Beispill** maach d'Fënster zou, wannechgelift, et ass mer kal!

Käl [kæ:l] Eegennumm - Variant vun [♣]Keel

Kalamar [kalam'a:r] Maskulinum (Pluriel Kalamaren) DE Kalmar • FR calmar, calamar • EN squid • PT lula **Beispiller** am Zoo gëtt et e Baseng mat iwwer honnert kleng Kalamaren; ech hunn d'Kalamaren net gär, se si mer ze zéi

Kalanderléierchen [kal'andɛlɛɪɛɕən] Femininum (Pluriel Kalanderléiercher) *Melanocorypha calandra* DE *Kalanderlerche* • FR *alouette calandre* • EN *calandra lark* • PT *calhandra-comum* **Beispill** wéi laang bréien d'Kalanderléiercher?

Kalbass [k'albas] Femininum (Pluriel Kalbassen) DE *Kürbis* • FR *citrouille, potiron, calebasse* • EN *pumpkin* • PT *abóbora* **Beispiller** mir hunn um Maart Porretten, Ēnnen an eng *Kalbass* kaaft; hien huet e Kapp ewéi eng *Kalbass* [ɛgs] [hien huet en décke Kapp] **Synonym** Kürbis

kalbliddeg [k'a:l|blidɛɕ] Adjektiv DE *kaltblütig, skrupellos* • FR *sans scrupules* <Adverb *froidement, de sang froid*> • EN *cold-blooded* [without pity] <Adverb *cold-bloodedly*> • PT *sem escrupulos* <Adverb *friamente, a sangue-frio*> **Beispiller** am Film spillt hien e *kalbliddegen* Affekot; d'Affer ass *kalbliddeg* ëmbruecht ginn

Kalchesbréck [ka:lçəsbr'ek] Eegennumm DE *Kalchesbruck* • FR *Kalchesbruck* • EN *Kalchesbruck* • PT *Kalchesbruck* **Beispiller** ech wunnen op der *Kalchesbréck*; fiert dëse Bus op d'*Kalchesbréck*?

kalendaresch Adjektiv DE *kalendarisch* • FR *calendaire* • PT *segundo o calendário* **Beispill** de *kalendaresche* Summerufank kann op den 20. oder op den 21. Juni falen

Kalenner [kal'æne] Maskulinum (Pluriel Kaleneren) **1.** DE *Kalender* [*Kalenderblock, Wandkalender*] • FR *calendrier* [*bloc de feuillets, calendrier mural*] • EN *calendar* [*printed*] • PT *calendário* [*bloco de folhas, calendário de parede*] **Beispiller** kuck um *Kalenner*, ob mir nächste Freideg doheim sinn!; ufangs September ginn déi nei *Kalennere* gedréckt; eise *Kalenner* ass déck gefëllt [ɛgs] [mir hu vill ze dinn] **2.** DE *Kalender* [*Zeitrechnung*] • FR *calendrier* [*système chronologique*] • EN *calendar* [*chronological system*] • PT *calendário* [*sistema cronológico*] **Beispiller** 1582 gouf de gregorianesche *Kalenner* ageféiert; nom honnertjärege *Kalenner* misste mer e waarmen August kréien **3.** DE *Neujahrstorte* [in Form eines Kalenderblatts] • FR *gâteau du Nouvel An* [*sous forme d'une feuille de calendrier*] **Beispiller** hies de schonn e *Kalenner* fir Neijoerschdag beim Bäcker bestallt?; op engem *Kalenner* dāerfen d'Houfeisen, de Schaarschtechbotzer an d'Schwéngchen aus Marzipan oder Schockela net feelen!

Kalennerblat [kal'ænebla:t] Neutrum (Pluriel Kalennerblieder) DE *Kalenderblatt* • FR *feuille* (*du calendrier*) • EN (*daily*) *calendar sheet* • PT *folha* (*do calendário*) **Beispill** du hies vergiess, e *Kalennerblat* erofzerappen

Kalennerblietchen [kal'ænebliɛɕən] Neutrum (Pluriel Kalennerbliedercher) - Diminutivform vun ↗*Kalennerblat*

Kalennerdag [kal'ænedɑ:ɕ] Maskulinum (Pluriel Kalennerdeeg)

i Hei entsteet en neien Artikel.

kalenneren [kal'æneɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *kalennert*) » **intransitiv** kalenneren (un) DE *grübeln* (*über*) • FR *ruminer, réfléchir* (*sur*) • EN *to brood* (*over*) • PT *cismar* (*em*), *matutar* (*em*) **Beispill** ech hu laang dru *kalennert*, wéi ech de Problem kéint léisen

Kalennerjoer [kal'ænejo:e] Neutrum (Pluriel Kalennerjoren) DE *Kalenderjahr* • FR *année civile* • EN *calendar year* • PT *ano civil* **Beispill** d'Schouljoer stëmmt net mam *Kalennerjoer* iwwereneen

Kaliber [kal'i:be] Maskulinum (Pluriel Kaliberen) **1.** DE *Kaliber* [*einer Feuerwaffe*] • FR *calibre* [*d'une arme à feu*] • EN *calibre* [*of a gun*] • PT *calibre* [*de uma arma de fogo*] **Beispill** hie sammelt *Waffe* vu verschidde Kaliberen **2.** DE *Format* [*Niveau, Schlag*] • FR *calibre* [*envergure*] • EN *calibre* [*of a person*] • PT *calibre* [*envergadura*] **Beispill** hie war e Sportler vun engem ganz anere *Kaliber*

kalibréieren [kalibr'ɛɪɛɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *kalibréiert*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Kalium [k'a:ljum] Maskulinum (kee Pluriel) [Chimie] DE *Kalium* [*chemisches Element*] • FR *potassium* [*élément chimique*] • EN *potassium* [*chemical element*] • PT *potássio* [*elemento químico*] **Beispill** d'Element *Kalium* gehéiert zum Grupp vun den Alkalimetaller

Kalkesbaach [k'alkəsba:ɕ] Eegennumm DE *Kalkesbach* • FR *Kalkesbach* • EN *Kalkesbach* • PT *Kalkesbach* **Beispiller** ech wunnen an der *Kalkesbaach*; fiert dëse Bus an d'*Kalkesbaach*?

Kalkulatioun [kalkulasj'əʊn] Femininum (Pluriel Kalkulatiounen) DE *Kalkulation* • FR *estimation, évaluation* • EN *calculation* • PT *estimativa, avaliação* **Beispill** den Expert huet direkt op der Plaz eng éischt *Kalkulatioun* vum Schued gemaach

kalkuléieren [kalkul'ɛɪɛɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *kalkuléiert*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Verb, dat **kalkuléieren** als Basis huet: ↗*kalkuléieren*

Kallef [k'alɔf] Neutrum (Pluriel *Kaalwer*) **1.** DE *Kalb* [*Tier*] • FR *veau* [*animal*] • EN *calf* [*animal*] • PT *vitelo* [*animal*] **Beispiller** d'Bauerefra huet d'*Kaalwer* mam Eemer gedränk; hal dach op, dech ze behuelen ewéi dat lescht *Kallef!* [ɛgs] [hal op, dech esou schlecht ze behuelen!]; hie kuckt dran ewéi en neigebuerent *Kallef* [ɛgs] [hie kuckt ganz verwonnert dran] **2.** [ɛgs] DE *Kalb* [*Mensch*] • FR *con* [*imbécile*] • EN *idiot* • PT *idiota* [*imbecil*] **Beispill** dat *Kallef* huet d'Police geruff amplaz d'*Pompjeeën!*

Kalleffleesch [k'alɔfle:ʃ] Neutrum (kee Pluriel) DE *Kalbfleisch* • FR *viande de veau* • EN *veal* • PT *carne de vitela* **Beispill** Schwéngfleesch ass gewéinlech méi bëlleg ewéi *Kalleffleesch*

Kallefsbrëschtchen [kalɔfsbr'əʃɕən] Femininum (Pluriel *Kallefsbrëschtchercher*) DE *Kalbsbrust* • FR *poitrine de veau* • EN *breast of veal* • PT *peito de vitela* **Beispill** eise Metzler mécht eng extra *Farce* fir seng *Kallefsbrëschtchen*

Kallefsbrot [kalɔfsbr'o:t] Maskulinum (Pluriel *Kallefsbroten*) DE *Kalbsbraten* • FR *rôti de veau* • EN *veal roast* • PT *vitela* (*para assar*), *vitela* (*assada*) **Beispill** wéi laang muss e *Kallefsbrot* vum Kilo am Schäffche goen?

Kallefsliewer [k'aləfsljəvə] Femininum **1.** (Pluriel Kallefslieweren) **DE** Kalbsleber [Organ] • **FR** foie de veau [organe] • **EN** veal liver [organ] • **PT** figado de vitela [lôrgão] **Beispill** fir de Pâté hunn ech zwou ganz Kallefsliewere verschafft **2.** (kee Pluriel) **[Gastronomie]** **DE** Kalbsleber [Nahrungsmittel] • **FR** foie de veau [produit alimentaire] • **EN** veal liver [food] • **PT** figado de vitela [alimento] **Beispill** vergiess net, beim Metzler e Pond Kallefsliewer ze bestellen!

Kallefsschnitzel [k'aləfsʃn'itsəl] Maskulinum (Pluriel Kallefsschnitzelen) **[Gastronomie]** **DE** Kalbsschnitzel • **FR** escalope de veau • **EN** veal escalope • **PT** escalope de vitela **Beispill** ech muss nach dräi Kallefsschnitzele bei de Metzler kafe goen

Kallefszong [k'aləfstʒɔŋ] Femininum **1.** (Pluriel Kallefszongen) **DE** Kalbszunge [Organ] • **FR** langue de veau [organe] • **EN** veal tongue [organ] • **PT** língua de vitela [lôrgão] **Beispill** ech hu beim Metzler zwou Kallefszonge bestallt **2.** (kee Pluriel) **[Gastronomie]** **DE** Kalbszunge [Nahrungsmittel] • **FR** langue de veau [produit alimentaire] • **EN** veal tongue [food] • **PT** língua de vitela [alimento] **Beispiller** fir datt d'Kallefszong gutt méll ass, muss de se bis zu dräi Stonnen op der Kachmaschinn zéie loossen; et gött vill Leit, déi Kallefszong net gär hunn

Kallefzegkeet [k'aləfstsəkə:t] Femininum (Pluriel Kallefzegkeeten) **[ëgs]** **DE** Dummheit, Unsinn • **FR** ânerie, idiotie, connerie • **EN** asininity, idiocy [word, action] • **PT** disparate, parvoíce **Beispill** wann s du elo nach esou eng Kallefzegkeet vun der gëss, da ginn ech heem! **Synonymmen** Bauzegkeet, Ieseligkeet, Rëndvéizegkeet

i Variant: Kaalwerzegkeet

Kallek [k'alək] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** Kalk [Kalziumkarbonat] • **FR** calcaire • **EN** lime [calcium carbonate] • **PT** calcário **Beispill** eis Wäschmaschinn ass weinst dem ville Kallek am Waasser futtigaangen **2.** **DE** Kalk [Baumaterial] • **FR** chaux • **EN** lime, whitewash • **PT** cal **Beispill** de Kallek un de Mauere bréckelt of

kalleken [k'aləkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekallekt) » **transitiv 1.** **DE** kalcken [streichen] • **FR** chauler, blanchir à la chaux • **EN** to whitewash [a wall] • **PT** caiar [branquear com cal] **Beispill** d'Mauere muss frësch gekallekt ginn **2.** **DE** kalcken [düngen] • **FR** chauler [la terre] • **EN** to lime [soil] • **PT** adubar com cal **Beispill** am Hierscht ginn d'Felder gekallekt

Kalligramm Maskulinum (Pluriel Kalligrammen) **DE** Kalligramm [Gedichtsform] • **FR** calligramme [forme poétique] • **PT** caligrama **Beispill** an dësem Kalligramm geet rieds vun engem Krees, mee den Text gouf och esou gesat, datt de Lieser e Krees dran erkennt

Källwin [k'ælvɪn] Femininum (Pluriel Källwinnen) **DE** Kalbe, Färs • **FR** génisse • **EN** heifer • **PT** bezerra, almatha **Beispill** de Bauer huet d'Källwin net mat op d'Weed geholl

kalmaachen [k'a:ɪma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kalgemaach / kalgemaacht) » **transitiv [ëgs]** **DE** kaltmachen • **FR** zigouiller, supprimer froidement [tuer] • **EN** to do in, to bump off, to ice • **PT** despatchar, mandar desta para melhor, limpar o sebo a

Beispill den Dealer soll säi Konkurrent kalgemaach hunn **Synonymmen** dout maachen, ëmbréngen, ermuerksen, killen

Kalorie [k'alor'i:] Femininum (Pluriel Kalorien) **1.** **DE** Kalorie [Nährwert] • **FR** calorie [valeur nutritive] • **EN** calorie [energy value] • **PT** caloria [valor nutritivo] **Beispill** Mëlleschockela huet vill Kalorien **2.** **[Physik]** **DE** Kalorie [Maßeinheit] • **FR** calorie [unité de mesure] • **EN** calorie [unit of heat energy] • **PT** caloria [unidade de medida] **Beispill** d'Hëtzt, déi ee brauch, fir Waasser waarm ze maachen, gött a Kalorien ausgedréckt

Kaloriëbomm [k'alor'i:əbɔm] Femininum (Pluriel Kaloriëbommen) **[ëgs]** **DE** Kalorienbombe • **FR** bombe à calories [aliment hypercalorique] • **EN** calorie bomb • **PT** alimento muito calórico **Beispill** dësen Dessert ass eng Kaloriëbomm!

Kalscheier [k'a:ʃajɛ] Eegennumm **DE** Kalscheier • **FR** Kalscheier • **EN** Kalscheier • **PT** Kalscheier **Beispiller** ech wunnen op der Kalscheier; fiert dëse Bus op d'Kalscheier?

Kalzium [k'altsjʊm] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Kalzium • **FR** calcium • **EN** calcium • **PT** cálcio **Beispiller** speziell am Wuesstum brauchen d'Kanner vill Kalzium; an de Mëllechprodukter ass ganz vill Kalzium

Kalzong [k'altsɔŋ] Maskulinum (Pluriel Kalzongen) **DE** Unterhose [Männerunterhose] • **FR** caleçon, slip [pour homme] • **EN** underpants • **PT** cuecas, slip [de homem] **Beispiller** wäsch deng knaschteg Kalzonge gefällegst selwer!; am Wanter doen ech e laange Kalzong un

Kamäin [kam'æ:ɪn] Maskulinum (Pluriel Kamäiner) **1.** **DE** Kamin [Feuerstelle] • **FR** cheminée [foyer,âtre] • **EN** fireplace • **PT** chaminé, lareira **Beispill** mir huele Reiser, fir d'Feier am Kamäin unzufänken **Synonym** Schminni **2.** **DE** Schornstein • **FR** cheminée [conduit de fumée] • **EN** chimney • **PT** chaminé [conduita de fumo] **Beispill** d'Kamäiner vun der Fabrick dämpfen Dag an Nuecht **Synonymmen** Schaarschtech, Schminni

Kambodja [kamb'odʒa:] Eegennumm, Neutrum **DE** Kambodscha • **FR** Cambodge • **EN** Cambodia • **PT** Camboja **Beispiller** ech war schonn dräimol a Kambodja; ech fueren d'nächst Woch a Kambodja; ech kommen aus Kambodja **Synonym** Cambodge

i männlech Persoun: ♀Kambodjaner weiblech Persoun: ♀Kambodjanerin Adjektiv: ♀kambodjanesch

Kambodjaner [kambodʒ'a:nɛ] Maskulinum (Pluriel Kambodjaner) **DE** Kambodschaner • **FR** Cambodgien • **EN** Cambodian • **PT** cambojano **Beispill** mäi beschte Frënd ass Kambodjaner

Kambodjanerin [kambodʒ'a:nɛrɪn] Femininum (Pluriel Kambodjanerinnen) **DE** Kambodschanerin • **FR** Cambodgienne • **EN** Cambodian [female] • **PT** cambojana **Beispill** meng bescht Frëndin ass Kambodjanerin

kambodjanesch [kambodʒ'a:nɛʃ] Adjektiv **DE** kambodschanisch • **FR** cambodgien • **EN** Cambodian • **PT** cambojano **Beispill** op eiser Rees hu mir déi kambodjanesch Kultur kenne geléiert

Kaméidi [kam'ɛidi:] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** Krach, Lärm • **FR** bruit, vacarme • **EN** noise • **PT** barulho, barulheira **Beispiller** den Auspuff vu mengem Auto

mécht e schreckleche **Kaméidi**; maach keen esou e **Kaméidi** wéinst där Klenggeheet! [égs] [reeg dech net esou op wéinst där Klenggeheet!] **Z.** DE *Krach, Streit* • **FR** *dispute, querelle* • **EN** *argument, row* • **PT** *disputa, zanga* **Beispiller** déi zwee hunn ëmmer **Kaméidi** mateneen; mat deem Typ kritt ee licht **Kaméidi** **Synonym** Sträit

Kaméidismécher [kam'ɛidismɛçɛ] Maskulinum (Pluriel **Kaméidismécher**) DE *Ruhestörer* • **FR** *individu tapageur* • **EN** *rowdy* • **PT** *pessoa barulhenta* **Beispill** d'Awunner niewent dem Bistro iergeren sech iwwer d'**Kaméidismécher**

Kaméidisstéck Neutrum (Pluriel **Kaméidisstécker**) - Variant vun ↗**Koméidisstéck**

Kaméidistéck Neutrum (Pluriel **Kaméidistécker**) - Variant vun ↗**Koméidisstéck**

Kaméil [kam'ɛil] Neutrum (Pluriel **Kaméilen** / **Kaméiler**) DE *Kamel* • **FR** *chameau* • **EN** *camel* • **PT** *camelo* **Beispiller** mir waren an den Zoo d'**Kaméiler** kucken; hie säift ewéi e **Kaméil** [égs] [hien drénkt vill Alkohol beieneen]

Kaméil Femininum (Pluriel **Kaméilen**) - Kuerzform vun ↗**Kaméileblumm**

Kaméileblumm Femininum (Pluriel **Kaméileblummen**) DE *Kamille* • **FR** *camomille [plante]* • **EN** *camomile* • **PT** *camomila* **Beispill** mat de gedréchente Bléie vun der **Kaméileblumm** kann een Téi maachen **Synonym** Kamill

K Kuerzform: Kaméil

Kamell [kam'æɛl] Femininum (Pluriel **Kamellen**) DE *Bonbon* • **FR** *bonbon* • **EN** *sweet [confectionery]* • **PT** *rebuçado* **Beispill** d'Kanner hunn d'**Kamellen** all beienee giess **Synonym** Bonbon

Kamelott [kaməl'ot] Maskulinum/Femininum (kee Pluriel) [égs] DE *Ramsch [minderwertige Ware]* • **FR** *camelote [marchandises de piètre qualité]* • **EN** *junk, rubbish* • **PT** *bugigangas, quinquilharias, pechisbeques* **Beispill** pass op, datt s de keng **Kamelott** ugedréit kritt! **Synonymmen** Kacka, Kreemchen, Krom, Wuscht

Kamera [k'amɛrɑ:] Femininum (Pluriel **Kameraen**) DE *Kamera* • **FR** *caméra* • **EN** *CCTV, video camera, film camera* • **PT** *câmara, máquina de filmar* **Beispiller** ech loosse mech net gäre vu **Kameraen** iwverwaachen; ech huelen op all Rees meng **Kamera** mat

Kamerafra [k'amɛrɑ:fra:] Femininum (Pluriel **Kamerafraen**) DE *Kamerafrau* • **FR** *cadreuse* • **EN** *camera-woman* • **PT** *operadora de câmara* **Beispill** d'**Kamerafra** befollegt exakt d'Instruktioune vum Regisseur

M Männlech Form: ↗**Kameramann**

Kameramann [k'amɛrɑ:man] Maskulinum (Pluriel **Kameramänner**) DE *Kameramann* • **FR** *cadreur* • **EN** *cameraman* • **PT** *operador de câmara* **Beispill** de **Kameramann** huet d'Zeen vun uewe gefilmt

W Weiblech Form: ↗**Kamerafra**

Kamerun [k'amɛrun] Eegennumm, Maskulinum DE *Kamerun* • **FR** *Cameroun* • **EN** *Cameroon* • **PT** *Camarões* **Beispiller** ech war schonn dräimol am **Kamerun**; ech fueren d'nächst Woch an de **Kamerun**; ech kommen

aus dem **Kamerun**

M männlech Persoun: ↗**Kameruner** weiblech Persoun: ↗**Kamerunerin** Adjektiv: ↗**kamerunesch** Haaptstad: ↗**Jaunde**

Kameruner [kamɛr'u:nɛ] Maskulinum (Pluriel **Kameruner**) DE *Kameruner* • **FR** *Camerounais* • **EN** *Cameroonian* • **PT** *camaronês* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Kameruner**

Kamerunerin [kamɛr'u:nɛrɪn] Femininum (Pluriel **Kamerunerinnen**) DE *Kamerunerin* • **FR** *Camerounaise* • **EN** *Cameroonian [female]* • **PT** *camaronesa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Kamerunerin**

kamerunesch [kamɛr'u:nɛʃ] Adjektiv DE *kamerunisch* • **FR** *camerounais* • **EN** *Cameroonian* • **PT** *camaronês* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **kamerunesch** Kultur kenne geléiert

kamëss [kam'əs] Adjektiv DE *(übertrieben) streng [gegenüber Untergebenen]* • **FR** *(exagérément) sévère, autoritaire* <Adverb de façon autoritaire> • **EN** *(overly) strict, authoritarian* <Adverb in an authoritarian way> • **PT** *(exageradamente) severo, autoritário* <Adverb de forma autoritária> **Beispiller** déi Schoul bräicht méi e **kamëssen** Direkter!; wat sinn déi Elteren esou **kamëss** mat hire Kanner; an der Arméi geet et dacks **kamëss** erof

Kamill Femininum (Pluriel **Kamillen**) DE *Kamille* • **FR** *camomille [plante]* • **EN** *camomile* • **PT** *camomila* **Beispill** mat de gedréchente Bléie vun der **Kamill** kann een Téi maachen **Synonym** Kaméileblumm

Kamillentéi [kam'ilɛntɛi] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE *Kamillente* [Getränk] • **FR** *(infusion de) camomille [boisson]* • **EN** *camomile tea [drink]* • **PT** *chá de camomila [bebida]* **Beispiller** ier ech schlofe ginn, drénken ech gär **Kamillentéi**; wann en den Hals wéi huet, da guergelt mäi Papp mat **Kamillentéi** **2.** (Pluriel **Kamillentéi** / **Kamillentéien**) DE *(Tasse) Kamillente* • **FR** *(infusion de) camomille [tasse]* • **EN** *camomile tea [cup]* • **PT** *(chávena de) chá de camomila* **Beispill** kanns de mir wannechgelift e **Kamillentéi** bestellen?

Kämmchen [k'æmçən] Maskulinum (Pluriel **Kämmcher**) - Diminutivform vun ↗**Kamp**

kämmen [k'æmən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gekämmt**) » **transitiv** DE *kämmen, bürsten* • **FR** *peigner, brosser* • **EN** *to comb, to brush [hair]* • **PT** *pentear, escovar* **Beispiller** ier mer ginn, muss ech mech nach **kämmen**; ech **kämme** mäin Hond all Dag; deen Zeitungsartikel huet sech gewäsch a **gekämmt**! [égs] [Ideen Zeitungsartikel ass perfekt!]; um Stamminee gouf d'Regierung **gekämmt** [égs] [um Stamminee gouf d'Regierung kritiséiert]

V Verb, dat **kämmen** als Basis huet: ↗**opkämmen**

Kammerchouer [kamek'əʊɐ] Maskulinum (Pluriel **Kammerchéier**) DE *Kammerchor* • **FR** *chœur de chambre* • **EN** *chamber choir* • **PT** *coro de câmara* **Beispill** eis Chorale huet beim Concours fir **Kammerchéier** den zweete Präis kritt

Kammermusek [k'amemuzek] Femininum (kee Pluriel) DE *Kammermusik* • **FR** *musique de chambre* • **EN** *chamber music* • **PT** *música de câmara* **Beispill** mat eisem Ensembl spille mer haauptsächlech **Kammermusek**

kamoud [kam'əʊt] Adjektiv **1.** **DE** *bequem* [praktisch] • **FR** *commode, pratique* • **EN** *convenient* • **PT** *cómodo, práctico* **Beispiller** et ass fir eis méi kamoud, mam Zuch op Paräis ze fueren ewéi mam Auto; pass op, hien ass kee Kamouden! [egs] [pass op, et ass net licht, mat him ëmzuegoen!] **Synonym** bequeem **2.** **DE** *bequem* [träge] • **FR** *indolent* • **EN** *idle, lazy* • **PT** *indolente, ocioso* **Beispill** hien ass ze vill kamoud, fir zu Fouss ze goen **Synonym** bequeem

Kamoud Femininum (Pluriel Kamouden / Kamouten) - Variant vun ↗Komoud

Kamoudheet [kam'əʊthe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Bequemlichkeit* [Trägheit] • **FR** *commodité* [confort, aises] • **EN** *laziness, convenience* • **PT** *comodidade* [conforto, comodismo] **Beispill** aus puerer Kamoudheet hält hie fir alles den Auto **Synonymmen** Bequeemlechkeet, Kamouditéit

Kamouditéit [kam'əʊdit'ɛit] Femininum **1.** (Pluriel Kamouditéiten) **DE** *Bequemlichkeit* [Annehmlichkeit] • **FR** *commodité* [équipement] • **EN** *convenience, amenity* • **PT** *comodidade* [equipamento] **Beispill** de Chalet huet all Kamouditéiten, déi ee brauch **2.** (kee Pluriel) **DE** *Bequemlichkeit* [Trägheit] • **FR** *commodité* [confort, aises] • **EN** *laziness, convenience* • **PT** *comodidade* [conforto, comodismo] **Beispill** aus puerer Kamouditéit hält hie fir alles den Auto **Synonymmen** Bequeemlechkeet, Kamoudheet

I Variant: Commoditéit

Kamp [kamp] Maskulinum (Pluriel Kämm) **1.** **DE** *Kamm, Haarkamm* • **FR** *peigne* [à cheveux] • **EN** *comb* [for hair] • **PT** *pente* [para cabelo] **Beispiller** ech hunn ëmmer e klenge Kamp an der Posch; déi Kämm sinn handgemaach; déi ganz Ekipp ass iwwee ee Kamp geschuer! [egs] [déi ganz Ekipp huet déi selwecht Naupen] **2.** **DE** *Kamm* [bei Hühnerköpfe] • **FR** *crête* [des gallinacés] • **EN** *comb, crest* [of a bird] • **PT** *crista* [das galináceas] **Beispill** dem Hunn säi Kamp war feierrou **3.** **DE** *Mähne* [Pferdemähne] • **FR** *crinière* [du cheval] • **EN** *mane* [of a horse] • **PT** *crina* [do cavalo] **Beispill** d'Ziichter hunn hire Päerd faarweg Woll an de Kamp geträtzt

Kampala Eegennumm **DE** *Kampala* • **FR** *Kampala* • **PT** *Campala* **Beispill** Kampala ass d'Haaptstad vun Uganda

Kampf [kampf] Maskulinum (Pluriel Kämpf) **DE** *Kampf* [Gefecht, Auseinandersetzung] • **FR** *combat* [bataille, bagarre] • **EN** *battle* [fight] • **PT** *combate, confronto* **Beispiller** beim Kampf ëm den Hafe koumen Honnerte vun Zaldoten ëm; an eenzele Quartiere koum et zu heftege Kämpf tëschent der Police a radikalen Demonstranten; d'Direktioun huet dem Drogekonsum am Lycée de Kampf ugekënnegt [d'Direktioun huet decidéiert, eppes géint den Drogekonsum am Lycée ze ënnerehuelen]; wat war dat e Kampf, fir eng Baugeneemegung ze kréien! [wat war dat ustrengend, fir eng Baugeneemegung ze kréien!]

kämpfen [k'æmpfən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participe passé gekämpft) » **intransitiv** **DE** *kämpfen* [sich große Mühe geben] • **FR** *se battre* [faire de grands efforts] • **EN** *to fight, to battle* [to strive] • **PT** *lutar* [fazer grandes esforços] **Beispiller** d'Ekipp huet haart fir déi éischt Plaz

gekämpft; mir si bereet, fir de Fridden ze kämpfen! d'Leit kämpfen mat alle Mëttele géint d'Héichwaasser

Kämpfer Maskulinum (Pluriel Kämpfer)

I Hei entstee en neien Artikel.

Kämpferin Femininum (Pluriel Kämpferinnen) - weiblech Form vun ↗Kämpfer

Kampfleefer [k'ampfle:fe] Maskulinum (Pluriel Kampfleefer) **Philomachus pugnax** **DE** *Kampfläufer* • **FR** *combattant varié* • **EN** *ruff* • **PT** *combatente* **Beispill** wéi laang bréien d'Kampfleefer? **Synonym** Wandmëcher

Kampfsport [k'ampfʃpɔrt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Kampfsport* • **FR** *sport de combat, art martial* • **EN** *martial art* • **PT** *desporto de combate, arte marcial* **Beispill** Karate ass e beléifte Kampfsport

Kan [ka:n] Femininum (Pluriel Kanen) **1.** **DE** *Kanne, Milchkanne* • **FR** *bidon* [à lait] • **EN** *churn* [milk can] • **PT** *bidão* [de leite] **Beispill** fréier gouf d'Mëllech a Kane gefëllt an an d'Molkerei gefouert **2.** **DE** *Kanister* • **FR** *bidon, jerricane* • **EN** *jerrycan, petrol can* • **PT** *bidão, jerricã* **Beispill** et ass verbueden, op der Tankstell Bensinn a Kanen ze fëllen **Synonymmen** Bidon, Kanister

Kanada [k'ana:da:] Eegennumm, Neutrum **DE** *Kanada* • **FR** *Canada* • **EN** *Canada* • **PT** *Canadá* **Beispiller** ech war schonn dräimol a Kanada; ech fueren d'nächst Woch a Kanada; ech kommen aus Kanada

I männlech Persoun: ↗Kanadier weiblech Persoun: ↗Kanadierin Adjektiv: ↗kanadesch Haaptstad: ↗Ottawa

Kanadagäns [k'ana:da:gæns] Femininum (Pluriel Kanadagänsen) **Branta canadensis** **DE** *Kanadagans* • **FR** *bernache du Canada* • **EN** *Canada goose* • **PT** *ganso-do-canadá* **Beispill** wéi laang bréien d'Kanadagänsen?

kanadesch [kan'a:dəʃ] Adjektiv **DE** *kanadisch* • **FR** *canadien* • **EN** *Canadian* • **PT** *canadiano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi kanadesch Kultur kenne geléiert

Kanadesche Biber [kan'a:dəʃ'bi:bə] Maskulinum (Pluriel Kanadesch Biberen) **Castor canadensis** **DE** *Kanadabiber* • **FR** *castor canadien* • **EN** *North American beaver* • **PT** *castor-americano* **Beispill** d'Kanadesch Bibere sinn invasiv Déieren, déi duerch eng staark Reproduktioun den heemesche Biber kéinte verdrängen

Kanadeschen Dollar Maskulinum (Pluriel Kanadesch Dollar / Kanadesch Dollaren) **DE** *Kanadischer Dollar* • **FR** *dollar canadien* • **PT** *dólar canadiano* **Beispiller** a Kanada gëtt mat Kanadeschem Dollar bezuelt; mat wéi vill Kanadeschen Dollar muss ee fir eng Nuecht am Hotel rechnen?; hues de nach e puer Kanadesch Dollaren am Portmonni?

I Kanadeschen Dollar gëtt mat CAD oder mat C\$ ofgekierzt.

Kanadier [kan'a:djɛ] Maskulinum (Pluriel Kanadier) **DE** *Kanadier* • **FR** *Canadien* • **EN** *Canadian* • **PT** *canadiano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Kanadier

Kanadierin [kan'a:djɛrin] Femininum (Pluriel Kanadierinnen) **DE** *Kanadierin* • **FR** *Canadienne* • **EN** *Canadian* [female] • **PT** *canadiana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Kanadierin

Kanal [kan'a:l] Maskulinum (Pluriel Kanäl) **1.** **DE** *Kanal* [Wasserstraße] • **FR** *canal* [voie d'eau] • **EN** *canal* [water-

way) • **PT** canal [*via de água*] **Beispill** dee Kanal huet op den éischte Kilometer fënnf Schleisen **2. DE** Kanal [*unterirdische Abwasserleitung*] • **FR** canal (*d'égout*) • **EN** sewer • **PT** canal (*de esgoto*) **Beispill** an eiser Cité gëtt de Kanal nei geluecht **3. DE** Kanal [*Frequenzbereich*] • **FR** canal [*bande de fréquence*] • **EN** channel [*band of frequencies*] • **PT** canal [*faixa de frequência*] **Beispill** ech kréien de Programm elo op engem anere Kanal

Kanaldeckel [kan'a:ldækəl] Maskulinum (Pluriel Kanaldeckelen) **DE** Kanaldeckel • **FR** plaque d'égout • **EN** manhole cover, drain cover • **PT** tampa de esgoto **Beispiller** wann ee mam Motorrad iwwer e Kanaldeckel fiert, besteet Retschgefor; d'Kanaldeckele sinn aus Goss

Kanalisioung [kanalɪzə'sjʊŋ] Femininum (Pluriel Kanalisatiounen) **1. DE** Kanalisation [*unterirdische Abwasserleitungen*] • **FR** égout • **EN** sewer • **PT** esgoto [*conduta subterrânea*] **Beispill** aus der Kanalisatioun kënt en eekelege Gestank **2. DE** Kanalisation [*eines Wasserlaufs*] • **FR** canalisation [*d'un cours d'eau*] • **EN** canalization [*of a watercourse*] • **PT** canalização [*de um curso de água*] **Beispill** zënter der Kanalisatioun fuere méi Schëffer op der Musel **Synonym** Kanaliséierung

kanaliséieren [kanalɪz'ɪəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kanaliséiert) » **transitiv DE** kanalisieren [*schiffbar machen*] • **FR** canaliser [*tendre navigable*] • **EN** to canalize [*to make navigable*] • **PT** canalizar [*tornar navegável*] **Beispiller** deen heite Floss gouf an de Sechzegerjore kanaliséiert; du muss deng Aggressivitéit kanaliséieren [égs] [du muss deng Aggressivitéit kontrolléieren]

Kanaliséierung [kanalɪz'ɪəʁuŋ] Femininum (Pluriel Kanaliséierungen) **DE** Kanalisation [*eines Wasserlaufs*] • **FR** canalisation [*d'un cours d'eau*] • **EN** canalization [*of a watercourse*] • **PT** canalização [*de um curso de água*] **Beispill** no der Kanaliséierung vun der Musel gouf zu Mäertert en Hafe gebaut **Synonym** Kanalisatioun

Kanälli [kan'æli:] Maskulinum (kee Pluriel) [égs] eng am Kanälli hunn **DE** einen in der Krone haben • **FR** avoir un verre dans le nez • **EN** to have had one too many • **PT** estar com um grão na asa **Beispill** eisen Noper hat um Grillfest eng zerguttst am Kanälli

Kanarievillchen [kan'a:riəfɪlçən] Maskulinum (Pluriel Kanarievillercher) **DE** Kanarienvogel • **FR** canari [*oiseau*] • **EN** canary • **PT** canário [*ave*] **Beispill** eise Kanarievillche séngt vu mueres bis owes

Kand [kant] Neutrum (Pluriel Kanner) **1. DE** Kind [*mittelbarer Nachkomme*] • **FR** enfant [*descendant*] • **EN** child [*son, daughter*] • **PT** filho, filha [*descendente*] **Beispiller** meng Schwëster erwaart hiert drëtt Kand; eis Noperen hu véier Kanner, zwee Jongen an zwee Meedercher; dee Knaschert huet senger Sekretärin e Kand gemaach!; hien huet kee Kand a kee Kënn! [égs] [hie brauch keng Verantwortung ze iwwerhuelen] **2. DE** Kind [*Person im Kindheitsalter*] • **FR** enfant [*personne dans l'enfance*] • **EN** child [*person in childhood*] • **PT** criança [*índividuo na infância*] **Beispiller** dat frecht Kand huet de Leit d'Zong erausgestreckt; d'Kanner hu sech iwwer d'Kaddoe gefreet; hie war vu Kand un e Kniwweler [hie war schon a senger Kandheet e Kni-

wweler]; hie steet do ewéi d'Kand beim Dreck [égs] [hie weess net, wat e soll soen oder maachen]; hien ass e grousst Kand [égs] [hien ass naiv]; hien huet d'Kand beim Numm genannt [égs] [hien huet riichterass gesot, wourëm et gaangen ass]; wann d'Kand am Pétz läit, kënt en Deckel drop [égs] [et gëtt dacks eréischt reagiert, wann et ze spët ass]; aus Kanner gëtt Leit lun de Kanner gesäit een, wéi d'Zäit vergeet!; du aarmt Kand! [⇒ seet een zu engem, deen ee beduert]

Kanddaf [k'antda:f] Maskulinum/Femininum (Pluriel Kanddafen) **DE** Taufe • **FR** baptême • **EN** baptism, christening • **PT** batizado, batismo **Beispill** de Pätter an d'Gued hunn nom Kanddaf Titercher mat Dragéeën ausgedeelt **Synonym** Daf

Kandelaber Maskulinum (Pluriel Kandelaberen) **DE** Kandelaber, Armleuchter • **FR** candélabre • **PT** candelabro [*castiçal*] **Beispill** am Krimi gouf de Koschter mam Kandelaber erschloen

Kandheet [k'anthe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Kindheit • **FR** enfance [*période de la vie*] • **EN** childhood • **PT** infância [*período da vida*] **Beispill** ech denke gären u meng Kandheet zeréck **Synonym** Kannerzäit

Kandidat [kandid'a:t] Maskulinum (Pluriel Kandidaten) **DE** Kandidat, Bewerber • **FR** candidat • **EN** candidate • **PT** candidato **Beispiller** de Jury huet dem Kandidat dräi Froe gestallt; hien ass als jéngste Kandidat an d'Wale gaangen

i Weiblech Form: ♀Kandidatin

Kandidatin [kandid'a:tin] Femininum (Pluriel Kandidatinnen) **DE** Kandidatin, Bewerberin • **FR** candidate • **EN** candidate [*female*] • **PT** candidata **Beispill** fir deen neie Poste kënt just eng Kandidatin a Fro

i Männlech Form: ♂Kandidat

Kandidatur [kandida:t'u:ɐ] Femininum (Pluriel Kandidaturen) **1. DE** Kandidatur • **FR** candidature [*démarche*] • **EN** candidature, application • **PT** candidatura [*processo*] **Beispill** hien huet seng Kandidatur fir de Kommittee gestallt **2. DE** Bewerbung, Bewerbungsschreiben • **FR** candidature, demande (*d'emploi*) [*document*] • **EN** application (*form*) • **PT** (carta de) candidatura **Beispill** d'Kandidature muss virum **1.** Mee ageschéckt ginn

kandidéieren [kandid'ɪəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kandidéiert) » **intransitiv DE** kandidieren (*für*) • **FR** poser sa candidature (*à*) • **EN** to stand as candidate, to run for • **PT** candidatar-se (*a*), concorrer (*a*) **Beispiller** wann s de wëlls fir d'Wale kandidéieren, muss de op d'mannst 18 Joer hunn; d'nächst Joer kandidéiert hien net méi fir dee Posten

Kandiszocker [k'andistsokə] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Kandiszucker • **FR** sucre candi • **EN** candy sugar • **PT** açúcar candi **Beispill** ech drénken den Téi am léifste mat Kandiszocker **Synonym** Houschtzocker

Kandskand Neutrum (Pluriel Kandskanner)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Kanech [k'a:nəç] Eegennumm **DE** Canach • **FR** Canach • **EN** Canach • **PT** Canach **Beispiller** ech wunnen zu Kanech; fiert dese Bus op Kanech?

Kanéil [kan'ɛɪ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Zimt* • **FR** *cannelle* • **EN** *cinnamon* • **PT** *canela* [condimento] **Beispill** an dese Kichelcher daerf Kanéil net feelen

Kanéngchen [kan'ɛŋçən] Femininum (Pluriel Kanéngercher) **DE** *Kaninchen* • **FR** *lapin* • **EN** *rabbit* • **PT** *coelho* **Beispiller** d'Kanner wënsche sech eng Kanéngchen als Hausdéier; dee leschte Sonndeg gouf et bei eis Kanéngchen (Z'essen)

Kanéngerchersdrot Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Kaninchendraht, Hasendraht* • **FR** *grillage à lapin, grillage à mailles fines* • **PT** *rede de galinheiro, rede hexagonal* **Beispill** wéinst de Wullmais hunn ech d'Wuerzele vu menge jonke Beem mat Kanéngerchersdrot geschützt

Kanéngerchersstall [kan'ɛŋçəsʃtal] Maskulinum (Pluriel Kanéngerchersstáll) **DE** *Kaninchenstall* • **FR** *clapier* [cabane à lapins] • **EN** *rabbit hutch* • **PT** *coelheira* [recinto para coelhos] **Beispiller** ech bräicht rengen Drot, fir meng Kanéngerchersstáll ze flécken; eist Hotel-szëmmer war eppes ewéi e Kanéngerchersstall ^[égs] leist Hotel-szëmmer war ganz kleng]

Känguru [k'æŋguru:] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Känguruen) **DE** *Känguru* • **FR** *kangourou* • **EN** *kangaroo* • **PT** *canguru* **Beispill** an Australien hu mir vill Kängurue fotograféiert

Kanister [kan'iste] Maskulinum (Pluriel Kanisteren) **DE** *Kanister* • **FR** *bidon, jerricane* • **EN** *jerrycan, can* • **PT** *bidão, jerricã* **Beispill** et ass verbueden, op der Tankstell Bensinn a Kanisteren ze féllen **Synonymmen** Bidon, Kan

Kannapee [k'anape:] Maskulinum (Pluriel Kannapeeën) **1. DE** *Sofa, Couch* • **FR** *canapé* [sofa] • **EN** *sofa, settee, couch* • **PT** *canapé, sofá* **Beispill** ech hu mer haut am Miwwelbuttek en neie Kannapee kaaft **Synonym** Kusch **2. DE** *Kanapee, Schnittchen* • **FR** *canapé* [tranche de pain garnie] • **EN** *canapé, hors d'oeuvre* • **PT** *canapé* [fatia de pão guarnecida] **Beispill** op hirer Receptioun huet d'Koppel de Gäscht Kannapeeën a Schampes zerwéiert **Synonym** Häppchen

Kännchen [k'æŋçən] Femininum (Pluriel Känncher) - Diminutivform vun [♂]Kan

Kanneraarbecht [k'æne:bæçt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Kinderarbeit* • **FR** *travail des enfants* • **EN** *child labour* • **PT** *trabalho infantil* **Beispill** an der Textilindustrie gëtt et leider a ville Länner nach ëmmer Kannerarbecht

Kannerbuch [k'anebuç] Neutrum (Pluriel Kannerbicher) **DE** *Kinderbuch* • **FR** *livre pour enfants* • **EN** *children's book* • **PT** *livro infantil* **Beispill** ech woussst guer net, datt deen Auteur och Kannerbicher schreift

Kannerchouer [kanek'əʃe] Maskulinum (Pluriel Kannerchéier) **DE** *Kinderchor* • **FR** *chœur d'enfants, chorale d'enfants* • **EN** *children's choir* • **PT** *coro infantil* **Beispiller** wéi ech jonk war, hunn ech an engem Kannerchouer gesongen; wéinst sengem Stëmmbroch huet hie missen am Kannerchouer ophalen

Kannerdokter [k'anedokte] Maskulinum (Pluriel Kannerdokteren) **DE** *Kinderarzt* • **FR** *pédiatre* • **EN** *paediatrician* • **PT** *pediatra* **Beispill** de Kannerdokter huet direkt erkannt, datt de Jong misst mam Blinddarm operéiert

ginn **Synonym** **Pediatr**

♀ Weiblech Form: [♂]Kannerdoktesch

Kannerdoktesch [k'anedoktəʃ] Femininum (Pluriel Kannerdokteschen) **DE** *Kinderärztin* • **FR** *pédiatre* [femme] • **EN** *paediatrician* [female] • **PT** *pediatra* [mulher] **Beispill** dës Kannerdoktesch ass op Prematuréé spezialiséiert **Synonym** **Pediatr**

♂ Männlech Form: [♀]Kannerdokter

kannereg [k'anəɾəç] Adjektiv **DE** *kindisch* • **FR** *puéril* [immature] <Adverb de manière puérile> • **EN** *childish* <Adverb childishly> • **PT** *pueril* [imatur] <Adverb de maneira puéril> **Beispiller** sief net esou kannereg!; däi Schwéierpapp huet sech alt erëm kannereg beholl

Kannerei [kanəɾ'oi] Femininum (Pluriel Kannereien) **1. DE** *Kinderei, Albernheit* • **FR** *enfantillage, gaminerie* • **EN** *childishness* • **PT** *criancice, infantilidade* **Beispill** ech hunn elo keng Zäit fir är Kannereien **2. DE** *Bagatelle* [Lappalie] • **FR** *bagatelle* [futilité] • **EN** *trifle* [bagatelle] • **PT** *bagatela, ninharia* **Beispill** reeg dech dach net op wéinst esou enger Kannerei! **Synonym** **Bagatell**

Karussell [karus'æ] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Karussellen / Karusseller) **DE** *Karussell* • **FR** *manège [attraction foraine]* • **EN** *roundabout, merry-go-round, carousel* • **PT** *carrossel* **Beispill** d'Kanner freeën sech, fir op d'Karussell ze goen **Synonym** Päerderchersspill

Karwoch [ka:rv'ɔχ] Femininum (Pluriel Karwochen) **DE** *Karwoche* • **FR** *semaine sainte* • **EN** *Holy Week* • **PT** *Semana Santa* **Beispill** an der Karwoch ginn d'Kanner klübben

Karzinom [kartsin'o:m] Maskulinum (Pluriel Karzinomen) **DE** *Karzinom, Krebsgeschwulst* • **FR** *carcinome* • **EN** *malignant tumour, cancerous tumour, carcinoma* • **PT** *carcinoma* **Beispill** d'Karzinome maache méi ewéi 75 % vun alle béisaartegen Tumeuren aus

Kasach [kaz'ɑχ] Maskulinum (Pluriel Kasachen) **DE** *Kasache* • **FR** *Kazakh* • **EN** *Kazakh* • **PT** *cazaque* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Kasach

kasachesch [kaz'ɑχə] Adjektiv **DE** *kasachisch* • **FR** *kazakh* • **EN** *Kazakh* • **PT** *cazaque* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi kasachesch Kultur kenne geléiert

Kasachin [kaz'ɑχin] Femininum (Pluriel Kasachinnen) **DE** *Kasachin* • **FR** *Kazakhe* • **EN** *Kazakh [female]* • **PT** *cazaque* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Kasachin

Kasachstan [k'azɑχsta:n] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum **DE** *Kasachstan* • **FR** *Kazakhstan* • **EN** *Kazakhstan* • **PT** *Cazaquistão* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Kasachstan; ech fueren d'nächst Woch an de Kasachstan; ech kommen aus dem Kasachstan; ech war schonn dräimol a Kasachstan; ech fueren d'nächst Woch a Kasachstan; ech kommen aus Kasachstan

[i] männlech Persoun: ↗Kasach weiblech Persoun: ↗Kasachin Adjektiv: ↗kasachesch Hauptstadt: ↗Astana

Kasär [kaz'ɛ:ɐ̯] Femininum (Pluriel Kasären) **DE** *Kaserne* • **FR** *caserne* • **EN** *barracks* • **PT** *caserna, quartel* **Beispiller** nom Manöver sinn d'Zaldoten zeréck an d'Kasär gefouert ginn; si wunnen a Kasären **[ëgs]** [si wunnen a klenge Reienhaiser]

Kascht [kɑft] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Kost* • **FR** *nourriture [mangée aux repas]* • **EN** *food [meals]* • **PT** *comida, passadio* **Beispiller** an dëser Klinik ass de Kascht ganz gutt; elo geet et op de Kascht! **[ëgs]** [lelo gi mer iessen]; dat do ass more Kascht! **[ëgs]** [dat Iesse mécht net sat]; hien ass bei eis am Kascht [hien ësst all Dag bei eis]; eisen Eelsten ass aus dem Kascht **[ëgs]** [leisen Eelste wunnt net méi doheem]; dat Theema do ass schwéiere Kascht **[ëgs]** [dat Theema do ass schwéier ze verstoen]

Käsch [kæft] Femininum (Pluriel Käschen) **1.** **DE** *Kastanie [Frucht]* • **FR** *châtaigne [fruit]* • **EN** *chestnut, conker* • **PT** *castanha-da-índia* **Beispill** am Oktober ginn d'Spillschoulskanner an de Park Käschte rafe fir ze bastelen **2.** (Séiss) Käscht **DE** *Esskastanie, Marone* • **FR** *châtaigne (cultivée), marron* • **EN** *(sweet) chestnut* • **PT** *castanha [fruto]* **Beispiller** geréischtert (Séiss) Käschte gëtt et bei eis nëmmen am Wanter; meng net, ech

géif fir dech d'Käschten aus dem Feier huelen! [égs] [meng net, ech géif däi Problem an denger Plaz léisen!] **Synonym** Maroun

Käschtebam [k'æftəba:m] Maskulinum (Pluriel Käschtebeem) **DE** Kastanienbaum • **FR** châtaignier, marronnier • **EN** chestnut (tree) • **PT** castanheiro [árvore] **Beispill** eise Käschtebam steet an der Bléi

Käschteblat [k'æftəbla:t] Neutrum (Pluriel Käschteblieder) **DE** Kastanienblatt • **FR** feuille de châtaignier, feuille de marronnier • **EN** chestnut leaf • **PT** folha de castanheiro **Beispill** de Kullang läit voller Käschteblieder

käschteflchtig [k'æftəflɪçtəç] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: käschtepflichteg

Käschtegrond [k'æftəgrɔnt] Maskulinum (Pluriel Käschtegrënn) (meeschtens Pluriel) **DE** Kostengrund • **FR** raison pécuniaire • **EN** financial grounds • **PT** razão de custos **Beispill** aus Käschtegrënn transferéiert eis Firma en Deel vun der Produktioun an d'Ausland

Käschten [k'æftən] Substantiv (kee Singulier) **DE** Kosten • **FR** frais [dépenses] • **EN** costs, expenses • **PT** custos, despesas **Beispill** an eisem Betrib mussen d'Käschten erfogedréckt ginn; déi Käschten iwwehëlt d'Assurance; wie muss fir d'Käschten opkommen?; dat geet op Är eege Käschten! [dat musst Dir selwer bezuelen!]; op deem Concert kënn's de op deng Käschten [égs] lop deem Concert kriss de dat gebueden, wat s' de der erwaart has!; si hu sech fir d'Hochzäit vun hirem Meedchen an d'Käschte gehäit [égs] [si hu fir d'Hochzäit vun hirem Meedche vill Suen ausginn]; vill fëmme geet op d'Käschte vun der Gesondheet [égs] [vill fëmme schuet der Gesondheet] **Synonym** Fraisen

kaschten [k'æftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kascht) » **transitiv 1.** **DE** kosten [Geld] • **FR** coûter [de l'argent] • **EN** to cost [money] • **PT** custar [dinheiro] **Beispill** d'Renovatiounsarbechte kaschten ëm déi 50.000 Euro; esou e Fotoapparat kascht en Heedegeld!; wat näischt kascht, dat ass näischt! [égs] [gutt Saache kaschte vill Suen] **2.** **DE** kosten [bringen um] • **FR** coûter [occasionner la perte de] • **EN** to cost [to cause the loss of] • **PT** custar [ocasionar a perda de] **Beispill** dat kascht hie seng Plaz; dee Feeler huet d'Pilotin d'Liewe kascht **3.** **DE** kosten [erfordern] • **FR** coûter [causer, exiger] • **EN** to cost [to require] • **PT** custar, exigir [determinado esforço] **Beispill** dat huet vill Méi kascht; et kascht mech Iwwerwannung, fir mat him ze schwätzen

Käschtezopp [kæftənts'op] Femininum (Pluriel Käschtezoppen) [Gastronomie] **DE** Maronensuppe • **FR** soupe aux marrons, velouté de marrons • **EN** chestnut soup • **PT** sopa de castanhas **Beispill** am Hierscht kachen ech heiansdo eng gutt Käschtezopp

käschtepflichteg [k'æftəpflɪçtəç] Adjektiv - Variant vun **käschteflchtig**

Käschtepunkt [k'æftəpʊnt] Maskulinum (Pluriel Käschtepunkten) **DE** Kostenpunkt • **FR** montant [des frais] • **EN** total cost • **PT** montante [dos custos] **Beispill**

mat engem Käschtepunkt vu 500 Milliounen Euro ass dee Projet ze deier

Kaschtgänger [k'æftgæŋgə] Maskulinum (Pluriel Kaschtgänger) **DE** Kostgänger • **FR** pensionnaire [qui prend le repas chez un particulier] • **EN** boarder [person who eats at a boarding house] • **PT** pensionista, hóspede [que come em casa de um particular] **Beispill** si haten zäitliwens e puer Kaschtgänger; du gëss en deiere Kaschtgänger [égs] [fir dech mussen vill Suen an d'Tessen investéiert ginn]; den Herrgott huet allerlee Kaschtgänger (, mee keng, déi näischt iessen) [égs] [et gétt vill Zorte Leit op der Welt]

Kaschthaus [k'æftθə:ʊs] Neutrum (Pluriel Kaschthaiser) **DE** Pension [nur für Kost] • **FR** pension (de famille) [pour la restauration seule] • **EN** boarding house [for meals only] • **PT** casa de hóspedes [apenas para refeições] **Beispill** dat ass e gutt Kaschthaus

Kasematt [kazəm'at] Femininum (Pluriel Kasematten) (meeschtens Pluriel) **DE** Kasematte • **FR** casemate • **EN** casemate • **PT** casamata **Beispill** dësen Deel vun de Kasematte gouf am 18. Joerhonnert ugeluecht

Kaseweck [k'æzəvæk] Maskulinum (Pluriel Kasewecken) [vereezlt] **DE** weiter, hemdartiger Kittel • **FR** blouse large, chasuble, casaque • **EN** gown, loose-fitting top • **PT** bata larga, camisa larga **Beispill** d'Musikanten hu beim Hämmlersmarsch meeschtens e bloe Kaseweck an e roude Fischli un

Kask [kask] Maskulinum (Pluriel Kasken) **1.** **DE** Helm [Kopfbedeckung] • **FR** casque [de protection] • **EN** helmet • **PT** capacete **Beispill** de Motocyclist gouf vun der Police ugehalen, well en ouni Kask gefuer ass; d'Pompjeeën hunn nei Kaske krit **Synonym** Helm **2.** **DE** Kopfhörer • **FR** casque [écouteurs] • **EN** headphones, earphones • **PT** [par de] auscultadores [acessório áudio] **Beispill** owes lauschteren ech Musek mam Kask, fir d'Noperen net ze stéieren **Synonym** Kopfhörer **3.** **DE** Trockenhaube • **FR** casque [séchoir à cheveux] • **EN** hood (hair) dryer • **PT** secador [de cabeleireiro] **Beispill** d'Madamm war beim Coiffer ennerem Kask agetompt **Synonym** Hauf

Kasko [k'asko:] Femininum (Pluriel Kaskoen) **DE** Vollkaskoversicherung • **FR** assurance tous risques • **EN** fully comprehensive insurance • **PT** seguro contra todos os riscos **Beispill** maach léiwer eng Kasko op däin neien Auto! **Synonym** Kaskoversécherung

Kaskoversécherung [k'asko:fɛzɛçərʊŋ] Femininum (Pluriel Kaskoversécherungen) **DE** Vollkaskoversicherung • **FR** assurance tous risques • **EN** fully comprehensive (car) insurance • **PT** seguro contra todos os riscos **Beispill** maach léiwer eng Kaskoversécherung op däin neien Auto! **Synonym** Kasko

Kasperl [k'aspəl] Maskulinum (Pluriel Kasperlen) **DE** Kasperle • **FR** guignol [marionnette] • **EN** puppet, Punch • **PT** fantoche, roberto **Beispill** de Kasperl huet sech mat der Hex zerklappt **Synonym** Kasperlek

Kasperlek [k'aspelek] Maskulinum (Pluriel Kasperleken) **1.** **DE** Kasperle [Puppe] • **FR** guignol [marionnette] • **PT** fantoche, roberto **Beispill** de Kasperlek huet sech mat der Hex zerklappt **Synonym** Kasperl **2.** **DE** Kasperletheater [Puppenspiel] • **FR** guignol [spectacle] • **PT** teatro de fantoches, teatro de robertos **Beispill** d'Spillschoul-

sjoffer huet de Kanner **Kasperlek** gespielt **3.** [égs] **DE** *Kasperle, Schelm, Hanswurst* • **FR** *guignol* [personne ridicule] • **PT** *polichinelo, palhaço* **Beispill** wat bass du mer e **Kasperlek!** **Synonym** Klunni

Kasperltheater [k'aspeltea:tɛ] Maskulinum (Pluriel Kasperltheateren) **DE** *Kasperletheater* • **FR** *guignol* [spectacle] • **EN** *puppet show, Punch and Judy* • **PT** *teatro de fantoches, teatro de robertos* **Beispill** mir hunn an der Schoul fir de **Kasperltheater** geüübt

Kaspesch Séischmuebel [k'aspəʃz'ziʃmuəbəl] Femininum (Pluriel Kaspesch Séischmuebelen) Hydroprogne caspia - Variant vun **↗Kaspesch Séischmuewel**

Kaspesch Séischmuewel [k'aspəʃz'ziʃmuəvəl] Femininum (Pluriel Kaspesch Séischmuewelen) Hydroprogne caspia **DE** *Raubseeschwalbe* • **FR** *sterne caspienne* • **EN** *Caspian tern* • **PT** *gaivina-de-bico-vermelho* **Beispill** wéi laang bréien d'**Kaspesch Séischmuewelen?**

i Variant: Kaspesch Séischmuebel

kasséieren [kas'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kasséiert) » **transitiv 1.** [égs] **DE** *kassieren, einstecken, einstreichen* • **FR** *encaisser, empocher* • **EN** *to pocket* [money] • **PT** *cobrar, embolsar, meter ao bolso* **Beispiller** fir déi wéineg Aarbecht huet de Plättercher-sleeër vill Sue **kasséiert**; deen onéierleche Kârel huet jorelaang Primme **kasséiert**, déi e guer net zegutt hat **Synonymmen** asäckelen, astiechen **2.** [égs] **DE** *kassieren* [hinnehmen müssen] • **FR** *encaisser* [subir] • **EN** *to have to take* [to undergo] • **PT** *sofrer, levar* [ser alvo de] **Beispiller** d'Ekipp huet no zwou Minutte schonn den éischte Gol **kasséiert**; well en Dommheete gemaach hat, huet dee Klengen eng kräfteg Panzrappecht **kasséiert**

i Verb, dat **kasséieren** als Basis huet: **↗kasséieren**

kasséieren Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kasséiert) » **transitiv DE** *kassieren, aufheben* [ein Gerichtsurteil] • **FR** *casser, annuler* [un jugement] • **PT** *anular, invalidar* [um julgamento] **Beispill** d'Urteel gouf an zweeter Instanz **kasséiert**

i Verb, dat **kasséieren** als Basis huet: **↗kasséieren**

Kasseroll [kasəɾ'ol] Femininum (Pluriel Kasserollen) **DE** *Topf* [mit Stiel] • **FR** *casserole* • **EN** *saucepan* • **PT** *caçarola* **Beispill** schëtt d'Mëllech an d'**Kasseroll** a stell se op d'**Kachmaschinn!**

Kassett [kas'æt] Femininum (Pluriel Kassetten) **1.** **DE** *Kassette* [Kästchen] • **FR** *cassette* [coffret] • **EN** *casnet, box* • **PT** *cofrezinho* **Beispill** meng Bom huet hir Mouk an enger **Kassett** am Kleederschaf verstoppt **2.** **DE** *Kassette* [Musikkassette, Videokassette] • **FR** *cassette* [audio, vidéo] • **EN** *cassette, tape* [audio, video] • **PT** *cassete* [áudio, vídeo] **Beispiller** als Kand hunn ech am léifsten d'**Kassette** vu menger grousser Schwëster gelauscht; ech hunn dee Film op enger **Kassett**

Kassetterekorder [kas'ætəɾəkɔɾdɛ] Maskulinum (Pluriel Kassetterekorderen) **DE** *Kassettenrekorder* • **FR** *magnétophone à cassettes* • **EN** *cassette recorder* • **PT** *gravador de cassetes* **Beispill** hues du nach en ale **Kassetterekorder?**

Kassler [k'asle] Maskulinum (Pluriel Kassler) [Gas-ironomie] **DE** *Kassler* [Nahrungsmittel] • **FR** *côte de porc salée et fumée façon Kassler* • **EN** *gammon* (steak) • **PT** *costela* "Kassler" **Beispill** de Mëtteg gëtt et an der Kantin **Kassler** mat Sauerkraut a gekachte Gromperen

Kastagnett [kastəɳ'æt] Femininum (Pluriel Kastagnetten) (meeschtens Pluriel) **DE** *Kastagnette* • **FR** *castagnette* • **EN** *castanets* • **PT** *castanholas* **Beispill** a Spuenie sinn d'**Kastagnetten** déi typesch rhythmesch Begleedung beim Flamenco

kastréieren [kastɾ'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kastréiert) » **transitiv DE** *kastrieren* • **FR** *castrer* • **EN** *to castrate* • **PT** *castrar* **Beispill** mir hunn eise Kueder **kastréiere** gelooss

Kasus Maskulinum (Pluriel Kasussen) **DE** *Kasus, Fall* [grammatikalisch] • **FR** *cas* [grammatical] **Beispill** am Lëtzebuergesche gëtt et dräi gebräichlech **Kasussen**: den Nominativ, den Akkusativ an den Dativ **Synonym** Fall

Katakomb [katak'omp] Femininum (Pluriel Katakomben) (meeschtens Pluriel) **DE** *Katakombe* • **FR** *catacombe* • **EN** *catacomb* • **PT** *catacumba* **Beispill** e renommierten Archeolog huet en Artikel iwwer déi al **Katakombe** redigéiert

Katalog [katal'ɔ:χ] Maskulinum (Pluriel Katalogen / Kataloger) **DE** *Katalog, Verzeichnis* • **FR** *catalogue* • **EN** *catalogue* • **PT** *catálogo* **Beispill** den Editeur huet de **Katalog** vu senger Publikatiounen aktualiséiert **Synonym** Verzeechnes

katalogéieren [katalo:g'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé katalogéiert) - Variant vun **↗katalogiséieren**

katalogiséieren [katalo:giz'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé katalogiséiert) » **transitiv DE** *katalogisieren* • **FR** *cataloguer* • **EN** *to catalogue* • **PT** *catalogar* **Beispill** d'Bibliothecairë **katalogiséieren** déi nei Bicher ëmmer direkt

i Variant: katalogéieren

Katalysater [katali:z'a:tɛ] Maskulinum (Pluriel Katalysater / Katalysateren) **DE** *Katalysator* [Abgasreiniger] • **FR** *pot catalytique* • **EN** *catalytic converter* • **PT** *conversor catalítico* **Beispill** de **Katalysater** vu mengem Auto ass futti

i Variant: Katalysator

Katalysator [kataliz'a:tɔ:ɾ] Maskulinum (Pluriel Katalysatoren) - Variant vun **↗Katalysater**

Katapult [katap'ult] Neutrum (Pluriel Katapulte) **DE** *Katapult* • **FR** *catapulte* • **EN** *catapult* • **PT** *catapulta* **Beispill** d'Réimer konnte mat hire **Katapulte** e Projektil iwwer 100 Meter wäit schéissen

katapultéieren [katapult'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé katapultéiert) » **transitiv DE** *katapultieren* • **FR** *catapulter* [projeter au loin] • **EN** *to catapult* • **PT** *catapultar* [lançar para longe] **Beispill** de Chauffer gouf beim Accident aus sengem Auto **katapultéiert**

Katar [kat'a:ɾ] Eegennumm, Maskulinum **DE** *Katar* • **FR** *Qatar* • **EN** *Qatar* • **PT** *Catar* **Beispiller** ech war schonn

dräimol am Katar; ech fueren d'nächst Woch an de Katar; ech kommen aus dem Katar

i männlech Persoun: *♂Katarer* weiblech Persoun: *♀Katarerin*
Adjektiv: *♂kataresch* Hauptstadt: *♂Doha*

Katarakt [katɑr'akt] Maskulinum (Pluriel Katarakten) **DE** *Katarakt, grauer Star* • **FR** *cataracte [maladie]* • **EN** *cataract [clouding of the lens of the eye]* • **PT** *catarata ocular* **Beispill** mam Alter gëtt de Risiko, e Katarakt ze kréien, ëmmer méi grouss **Synonym** groe Star

Katarer [kat'a:Rɛ] Maskulinum (Pluriel Katarer) **DE** *Katarer* • **FR** *Qatarien* • **EN** *Qatari* • **PT** *catariano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Katarer

Katarerin [kat'a:Rɛrin] Femininum (Pluriel Katarerinnen) **DE** *Katarerin* • **FR** *Qatarienne* • **EN** *Qatari [female]* • **PT** *catariana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Katarerin

kataresch [kat'a:Rɛ] Adjektiv **DE** *katarisch* • **FR** *qatarien* • **EN** *Qatari* • **PT** *catariano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi kataresch Kultur kenne geléiert

Katastroph [katɑstr'ɔ:f] Femininum (Pluriel Katastrophen) **DE** *Katastrophe* • **FR** *catastrophe* • **EN** *catastrophe* • **PT** *catástrofe* **Beispiller** am Zesammenhang mam Klimawandel gëtt et ëmmer méi Katastrophen uechter d'Welt; et wier eng Katastroph, wann ech den Examen net géif packen!

katastrophal [katɑstrɔf'a:l] Adjektiv **DE** *katastrophal* • **FR** *catastrophique* <Adverb très mal> • **EN** *catastrophic* <Adverb catastrophically> • **PT** *catástrófico* <Adverb muito mal> **Beispiller** wéinst deene katastrophale Verhältnisser am Stroosseverkéier huelen ech den Zuch fir op d'Aarbecht; d'Sängerin huet katastrophal gesongen, well se hees war

Katastrophegebit [katɑstr'ɔ:fəgəbit] Neutrum (Pluriel Katastrophegebidd / Katastrophegebitter) **DE** *Katastrophegebiet* / *Katastrophegebitter* **DE** *Katastrophegebiet* • **FR** *zone sinistrée* • **EN** *disaster area* • **PT** *zona sinistrada* **Beispill** d'Arméi wërft Päck mat Liewensmëttelen iwwer dem Katastrophegebit of

Katastrophenaffer [katɑstr'ɔ:fənəfɛ] Neutrum (Pluriel Katastrophenaffer) **DE** *Katastrophenopfer* • **FR** *sinistré* • **EN** *disaster victim* • **PT** *sinistrado* **Beispill** duerch d'international Hëllef konnt d'Evakuéierung vun de Katastrophenaffer beschleunegt ginn

Katastrophenasaz [katɑstr'ɔ:fənəza:ts] Maskulinum (Pluriel Katastrophenasätz) **DE** *Katastrophenasatz* • **FR** *opération de sauvetage, opération de secours [suite à une catastrophe]* • **EN** *emergency rescue operation* • **PT** *operação de salvamento, operação de socorro [após uma catástrofe]* **Beispill** de Mëtteg simuléieren d'Pompjeeën e Katastrophenasaz

Katastrophenhëllef [katɑstr'ɔ:fənəhələf] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Katastrophenhilfe* • **FR** *aide en cas de catastrophe* • **EN** *emergency relief, emergency aid* • **PT** *ajuda em caso de catástrofe* **Beispill** de Staat stellt Sue fir d'Katastrophenhëllef zur Verfügung

Katchësssem [katʃ'əsəm] Maskulinum (Pluriel Katchësssemen) **DE** *Katechismus [Lehrbuch]* • **FR** *catéchisme [livre d'instruction]* • **EN** *catechism* • **PT** *catecismo [livro de instrução]* **Beispill** de Paschtouer huet a senger Priedegt aus dem Katchësssem virgelies

Katecheet [katəç'e:t] Maskulinum (Pluriel Katecheeten) **DE** *Katechet* • **FR** *catéchiste* • **EN** *catechist* • **PT** *catequista* **Beispill** de Bistum ass zoustänneg fir d'Ausbildung vun de Katecheeten

i Weiblech Form: *♀Katecheetin*

Katecheetin [katəç'e:tin] Femininum (Pluriel Katecheetinnen) **DE** *Katechetin* • **FR** *(dame) catéchiste* • **PT** *catequista [mulher]*

i Männlech Form: *♂Katecheet*

Katechet [katəç'e:t] Maskulinum (Pluriel Katecheten) - Variant vun *♂Katecheet*

Katechetin [katəç'e:tin] Femininum (Pluriel Katechetinnen) - Variant vun *♀Katecheetin*

kategoresch [katəg'o:Rə] Adjektiv **DE** *kategorisch* • **FR** *catégorique [absolu]* <Adverb catégoriquement> • **EN** *categorical* <Adverb categorically> • **PT** *categórico [absoluto]* <Adverb categoricamente> **Beispiller** hien huet eng kategoresch Äntwert ginn; ech si kategoresch dergéint, fir bei esou enger Saach matzemaachen

Kategorie [katəgɔ'ri:] Femininum (Pluriel Kategorien) **DE** *Kategorie [Klasse]* • **FR** *catégorie [type]* • **EN** *category, class* • **PT** *categoria [classe]* **Beispiller** et gëtt verschidde Kategorië vu Leit; si hunn an hirer Kategorie d'Championnat gewonnen; hien denkt an anere Kategorien [hien denkt op eng aner Manéier] **Synonym** Klass

kategoriséieren [katəgɔriz'ziəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kategoriséiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Kathedral [katə:dʁ'a:l] Femininum (Pluriel Kathedralen) **DE** *Kathedrale* • **FR** *cathédrale* • **EN** *cathedral* • **PT** *catedral, sé* **Beispill** d'Portal vun där mëttelalterlecher Kathedral gëtt restauréiert

Katheeter [kat'e:tɛ] Maskulinum (Pluriel Katheeteren) **DE** *Katheter* • **FR** *cathéter* • **EN** *catheter* • **PT** *cateter* **Beispill** wann e Patient no enger Operatioun net däerf opstoen, kritt en dacks e Katheeter an d'Blos geluecht **Synonym** Sonde

Katheter [kat'e:tɛ] Maskulinum (Pluriel Katheteren) - Variant vun *♂Katheeter*

Kathmandu Eegennumm **DE** *Kathmandu* • **FR** *Katmandou* • **PT** *Catmandu* **Beispill** Kathmandu ass d'Hauptstad vum Nepal

Katholickin [katol'ikin] Femininum (Pluriel Katholickinnen) **DE** *Katholikin* • **FR** *(femme) catholique* • **EN** *Catholic [female]* • **PT** *católica* **Beispill** meng Nopesch ass eng gleeweg Katholickin, déi och praktizéiert

i Männlech Form: *♂Katholik*

Katholik [katol'ik] Maskulinum (Pluriel Katholicken) **DE** *Katholik* • **FR** *catholique* • **EN** *Catholic* • **PT** *católico* **Beispill** ronderëm de Globus hunn d'Katholicken deen neie Poopst gefeiert

i Weiblech Form: *♀Katholickin*

Katholizismus [katolits'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Katholizismus* • **FR** *catholicisme* • **EN** *Catholi-*

cism • **PT** *catolicismo* **Beispill** dat ass e Symbol vum Katholizismus

kathoulesch [kat'əʊləʃ] Adjektiv **DE** *katholisch* • **FR** *catholique* • **EN** *Catholic* • **PT** *católico* **Beispiller** déi kathoulesch Geeschtlech därefer sech net bestueden; hie kënt aus enger kathoulescher Famill; déi Affär do ass net ganz kathoulesch [ëgs] [Idéi Affär do ass net ganz korrekt]

Katrewang [katrəv'ɑŋ] Eegennumm **DE** *Quatre-Vents* • **FR** *Quatre-Vents* • **EN** *Quatre-Vents* • **PT** *Quatre-Vents* **Beispiller** ech wunnen um Katrewang; fiert dëse Bus op de Katrewang bei Eschduerf?

Katrewang [katrəv'ɑŋ] Eegennumm **DE** *Quatre-Vents* • **FR** *Quatre-Vents* • **EN** *Quatre-Vents* • **PT** *Quatre-Vents* **Beispiller** ech wunnen um Katrewang; fiert dëse Bus op de Katrewang bei Kielen?

Kättenuewen [k'ætənuəvən] Eegennumm **DE** *Kattenhofen* • **FR** *Cattenom* • **EN** *Cattenom* • **PT** *Cattenom* **Beispiller** ech wunnen zu Kättenuewen; fiert dëse Bus op Kättenuewen?

Katz [kats] Maskulinum/Femininum (kee Pluriel) [graf] **DE** *Kotze* • **FR** *dégueulis* • **EN** *puke* • **PT** *vômito, vomitado* **Beispiller** pass op, datt s de do vir net an d'Katz trëppels; ech sinn net do, fir däi Katz ewechzemaachen!

Kätzchen [k'ætsjən] Femininum (Pluriel Kätzercher) - Diminutivform vun ↗Kaz **DE** *Kätzchen* [der Weide, des Haselnussstrauchs] • **FR** *chaton* [du saule, du noisetier] • **EN** *catkin* • **PT** *amentilho* [do salgueiro, da avelaneiral] **Beispill** d'Weid hat dëst Fréijoer vill Kätzercher **Synonym** Miisschen

katzen [k'atsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekatzt) » **transitiv 1.** [graf] **DE** *katzen* • **FR** *dégueuler* [vomir] • **EN** *to puke up* • **PT** *vomitar* **Beispill** hien huet eis säi ganzt Mëttegiessen an den Auto gekatzt **Synonym** kübelen » **intransitiv 2.** [graf] **DE** *katzen* • **FR** *dégueuler* [vomir] • **EN** *to puke* • **PT** *vomitar* **Beispiller** wéinst senger Mogripp huet en de ganzen Dag gekatzt; dat do fannen ech fir ze katzen! [dat do revoltéiert mech!] **Synonym** kübelen **3.** [graf] **DE** *stark husten* • **FR** *tousser fortement, grailonner* • **EN** *to cough hard* • **PT** *tossir fortemente, pigarrear* **Beispill** hal endlech op mat katzen!

i Verben, déi **katzen** als Basis hunn: ↗erëmkatzen an ↗ukatzen

katzereg [k'atsəRƏÇ] Adjektiv [ëgs] **DE** *katzerig* • **FR** *nauséux, malade* • **EN** *queasy, nauseous* • **PT** *nauseado*, *enjoado* **Beispill** no der Achterban war et mer fir e Moment katzereg

i Variant: katzereg

katzreg [k'atsRƏÇ] Adjektiv - Variant vun ↗katzereg

Kaul [kaʊl] Femininum (Pluriel Kaulen) **DE** *Kuhle, Mulde, Schlagloch* • **FR** *creux* [enfonceement, trou], *nid-de-poule* • **EN** *pothole, hole, crater* [in a road] • **PT** *cova, concavidade, buraco* **Beispiller** de Won krut d'Kaul ze paken; dës Strooss war fréier voller Kaulen

kaum [kæ:ʊm] Adverb **1.** **DE** *kaum* [nur mit Mühe, fast nicht] • **FR** *à peine* [très peu, presque pas] • **EN** *hardly, scarcely* [almost not, with difficulty] • **PT** *mal* [muito pouco, quase não] **Beispiller** et huet een de Riedner kaum

héieren; mir goufen dat Gedéiesch kaum Meeschter **Synonym** knapps **2.** **DE** *kaum* [gerade erst] • **FR** *à peine* [juste] • **EN** *hardly, scarcely* [only just] • **PT** *mal* [apenas, ainda agora] **Beispiller** hien hat et kaum gesot, du war et och scho geschitt; kaum war hien dobannen, du gOUNG d'Gestreits erëm lass **Synonym** knapps

Kauneref [k'ʌʊnərəf] Eegennumm **DE** *Kaundorf* • **FR** *Kaundorf* • **EN** *Kaundorf* • **PT** *Kaundorf* **Beispiller** ech wunnen zu Kauneref; fiert dëse Bus op Kauneref?

kausal Adjektiv **DE** *kausal* • **FR** *de causalité, causal* **Beispill** déi kausal Relatioun tëschent de Kuelendioxidemissionen an der Äerderwärmung ass wëssenschaftlech bewisen

kauscher [k'æ:ʊʃe] Adjektiv net kauscher **DE** *nicht kosher* [nicht einwandfrei, zwielfichtig] • **FR** *pas très catholique, louche, douteux* • **EN** *not kosher* [dubious, shady] • **PT** *não muito católico, duvidoso, suspeito* **Beispiller** ech mengen, bei där Affär ass eppes net kauscher; deem Kârel seng Jovialitéit kënt mir net ganz kauscher vir

Kautebaach [k'æ:ʊtəba:χ] Eegennumm **DE** *Kautenbach* • **FR** *Kautenbach* • **EN** *Kautenbach* • **PT** *Kautenbach* **Beispiller** ech wunnen zu Kautebaach; fiert dëse Bus op Kautebaach?

Kautioun [kaʊtsj'əʊn] Femininum (Pluriel Kautiounen) **DE** *Kaution* • **FR** *caution* • **EN** *deposit* [returnable sum] • **PT** *caução, fiança* **Beispill** fir de Schlëssel vum Schaf froe mir eng Kautioun vun zwanzeg Euro

Kautsch [kæ:ʊtf] Femininum (Pluriel Kautschen) **DE** *Frühbeet* • **FR** *couche froide, serre basse* • **EN** *cold frame* • **PT** *estufim* **Beispill** vergiess net, den Owend d'Kautsch zouzemaachen

Kauz [kæ:ʊts] Maskulinum **1.** (Pluriel Käiz / Kauzen) **DE** *Kauz* [Vogel] • **FR** *chouette* • **EN** *(tawny) owl* • **PT** *coruja* **Beispill** géint der Owend hu mir e Kauz am Bësch gesinn **2.** (Pluriel Kauzen) **DE** *Kauz* [Sonderling] • **FR** *drôle d'oiseau, drôle d'individu* • **EN** *odd bird, oddball, weirdo* • **PT** *tipo esquisito* **Beispill** an deem Haus wunnt e riichtege Kauz

Kauz Maskulinum (Pluriel Käiz / Kauzen) Cottus gobio - Kuerzform vun ↗Kauzekapp

kauzeg [k'æ:ʊtsəç] Adjektiv **1.** **DE** *kauzig, schrullig* • **FR** *bizarre, étrange* <Adverb bizarrement> • **EN** *odd, queer* <Adverb oddly> • **PT** *esquisito, estranho* <Adverb estranhamente> **Beispiller** hien ass e kazuigen Typ; hie behëlt sech all Dag méi kazuig **2.** **DE** *launisch* • **FR** *lunatique* • **EN** *moody, grumpy* • **PT** *lunático* **Beispill** hie gëtt mam Alter ëmmer méi kazuig

Kauzekapp [k'æ:ʊtsəkəp] Maskulinum (Pluriel Kauzekäpp) **DE** *Kaulquappe* • **FR** *têtard* • **EN** *tadpole* • **PT** *girino* **Beispill** de Weier ass erëm voller Kauzekäpp

Kauzekapp Maskulinum (Pluriel Kauzekäpp) Cottus gobio **DE** *Groppe* • **FR** *chabot* • **PT** *escorpião-de-água-doce* [peixel] **Beispill** an der Baach versstoppen d'Kauzekäpp sech daagsiwwer gâr ënner de Steng

i Kuerzform: Kauz

Kavaléier [kaval'ʒiɛ] Maskulinum (Pluriel Kavaléier) **DE** *Kavalier* [Gentleman] • **FR** *gentleman* • **EN** *gentleman* •

PT *cavalheiro* [gentleman] **Beispill** hien huet senger Bomi d'Dier opgehale ewéi e richtege Kavaléier

Kavalkad [kavalk'a:t] Femininum (Pluriel Kavalkaden) DE *Karnevalszug* • FR *cavalcade, défilé de carnaval* • EN *carnival parade, cavalcade* • PT *corso, desfile de Carnaval* **Beispill** bei der Kavalkad hu vill flott geréschte Ween matgemaach

Kaviar [k'avj'a:R] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Kaviar* • FR *caviar* • EN *caviar* • PT *caviar* **Beispill** op der Receptioun gouf et Schnittercher mat Kaviar

Kaweichelchen [kav'e:çəlçən] Neutrum (Pluriel Kaweichelcher) *Sciurus vulgaris* DE *Eichhörnchen* • FR *écureuil, écureuil roux* • EN *squirrel, red squirrel* • PT *esquilo, esquilo-vermelho* **Beispiller** d'Kaweichelche klëmmt de Bamstamm mam Kapp no ënnen erof, andeem et sech mat den hënneschte Patte festkrallt; hien ass flénk ewéi e Kaweichelchen (hien ass ganz flénk)

Kaz [ka:ts] Femininum (Pluriel Kazen) DE *Katze* [*Hauskatze*] • FR *chat* [*domestique*] • EN *cat* [*pet*] • PT *gato* [*doméstico*] **Beispiller** d'Kaz sëtzt virun der Fënster ze mi-auen; zu Dippech ass eng schwaarzwäiss Kaz ouni Halsband fonnt ginn; si verdroe sech ewéi Hond a Kaz [ëgs] [si verdroe sech guer net!]; du sëtzt do ewéi d'Kaz um Schläifsteen [ëgs] [du méchs e Bockel beim Sëtzen]; wat bass du eng Kaz! [ëgs] [wat bass du streidereg!]; dat mécht der Kaz kee Bockel! [ëgs] [dat ännert näischt un der aktueller Situatioun]; hien ass e Vull fir d'Kaz [ëgs] [hie gött net méi gutt; et ass him net méi ze hëllef]; all eis Aarbecht war fir d'Kaz [ëgs] [all eis Aarbecht war ëmsoss]; du kanns mech do, wou d'Kaz keng Hoer huet! [graf] [klibber mech!]; ech kafen dach keng Kaz am Sak! [ëgs] [ech loosse mech op näischt an, ier ech et iwwerpréift hunn]; wann d'Kaz fort ass, sinn d'Mais Meeschter [ëgs] [wann de Verantwortleche fort ass, mécht jiddereen, wat e wëllt]; si sinn iwwerall derbäi, wou eng Kaz (duerch d'Baach) geschleeft gött! [ëgs] [si sinn iwwerall derbäi, wou eng lass ass]

Kazefësch Maskulinum (Pluriel Kazefësch) Silurus galanis DE *Wels, Flusswels* [*Tier*] • FR *silure* [*animal*] • PT *siluro, peixe-gato-europeu* [*animal*] **Beispill** d'Fëscher sinn net begeeschtert, datt d'Kazefësch sech esou verbreedden **Synonym** Wels

kazeg [k'a:tsəç] Adjektiv DE *zänkisch, widerborstig* • FR *querelleur, chamailleur* • EN *catty, quarrelsome* • PT *embirrento, quezilento* **Beispill** firwat bass de dann haut esou kazeg? **Synonym** streidereg

Kazekapp [k'a:tsəkəp] Maskulinum (Pluriel Kazekäpp) *Aegolius funereus* DE *Raufußkauz* • FR *chouette de Tengmalm* • EN *boreal owl* • PT *mochó-de-tengmalm* **Beispill** wéi laang bréien d'Kazekäpp?

Kazemusek [k'a:tsəmuzek] Femininum (kee Pluriel) [ëgs] [pejorativ] DE *Katzenmusik* • FR *mauvaise musique, musique discordante* • EN *caterwauling, cacophony* [*discordant music*] • PT *má música, música desafinada* **Beispill** eisen Eelsten ass an enger Band, déi menger Meenung no nëmme Kazemusek spillt

kazen [k'a:tsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekaazt) » **intransitiv** kazen (mat) DE *zanken* (*mit*) • FR *se disputer* (*avec*) • EN *to squabble* (*with*), *to bicker*

(*with*) • PT *brigar* (*com*), *discutir* (*com*) **Beispill** meng zwou Schwëstere kaze bal all Dag mateneen **Synonymmen** streiden (mat), sech zerkazen

Kazena [k'a:tsəna:] Neutrum (Pluriel Kazenaen) DE *Katzenauge* [*Rückstrahler*] • FR *cataphote, réflecteur* • EN *cat's eye* [*reflector*] • PT *refletor* **Beispill** gutt, datt et Kazenaen op de Landstroosse gött!

Kazenallergie [k'a:tsənalɛrzi:] Femininum (kee Pluriel) DE *Katzenhaarallergie* • FR *allergie aux* (*poils de*) *chats* • EN *cat* (*hair*) *allergy* • PT *alergia aos* (*pelos dos*) *gatos* **Beispill** dat Penibelst bei menger Kazenallergie ass de Bass an den Aen

Kazeschwanz Maskulinum (Pluriel Kazeschwänz)

Hei entsteet en neien Artikel.

Kazesprong [k'a:tsəprɔŋ] Maskulinum (Pluriel <seelen> Kazespréng) DE *Katzensprung* • FR *saut, courte distance* • EN *stone's throw* • PT *salto* [*distância pequena*] **Beispiller** et ass just e Kazesprong bis bei si; ech wunne just e Kazesprong vu menger neier Aarbecht ewech

Variant: Kazespronk

Kazespronk [k'a:tsəprɔŋk] Maskulinum (Pluriel <seelen> Kazespréng) - Variant vun ↗Kazesprong

Kazett Maskulinum / Neutrum (Pluriel Kazetter) DE *KZ, Konzentrationslager* • FR *camp de concentration* • PT *campo de concentração* **Beispill** am Zweete Weltkrich si vill Resistenzler am Kazett ëmkommen

Kuerzform: KZ

Kebab Maskulinum (Pluriel Kebappen) - Variant vun ↗Kebab

keck [kæk] Adjektiv

Hei entsteet en neien Artikel.

këddeleg [k'ədəlɛç] Adjektiv DE *kitzelig* [*empfindlich gegen Kitzeln*] • FR *chatouilleux* [*sensible aux chatouillements*] • EN *ticklish* [*sensitive to tickling*] • PT *coceguento* [*sujeito a cócegas*] **Beispiller** ech sinn absënns këddeleg ënner de Feïss; pass op, bei deem Thema ass hie këddeleg! [ëgs] [pass op, bei deem Thema ass hien empfindlech!]

këddelen [k'ədələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekëddelt) » **transitiv** DE *kitzeln* • FR *chatouiller* • EN *to tickle* • PT *fazer cócegas a* **Beispiller** hal op, mech ze këddelen, ech kréie keng Loft méi!; ech hunn eppes hannen am Col, wat mech këddelt **Synonym** kribbelen

Keebab Maskulinum (Pluriel Keebappen)

Hei entsteet en neien Artikel.

Keefer [k'e:fe] Maskulinum (Pluriel Keefer) DE *Käufer* • FR *acheteur, acquéreur* • EN *buyer, purchaser* • PT *comprador, adquiridor* **Beispiller** d'Keefer vun de Bauplaze goufen all ugeschmiert; hues de schonn e Keefer fir däin Haus fonnt?

Weiblech Form: ↗Keeferin

Keeferin Femininum (Pluriel Keeferinnen)

i Männlech Form: \nearrow Keefer

keeksen [k'e:ksən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gekeekst*)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Keel [ke:l] Femininum (Pluriel *Keelen*) **DE** *Kegel* [*Spielkegel*] • **FR** *quille* [*de jeu*] • **EN** *pin, skittle, bowling* • **PT** *pino* [*de jogo*] **Beispiller** déi nëng Keele sinn ëmgefall; mir ginn den Owend Keele spillen; den Akrobat huet mat fënnef Keele jongléiert

Keel [ke:l] Eegennumm **DE** *Kayl* • **FR** *Kayl* • **EN** *Kayl* • **PT** *Kayl* **Beispiller** ech wunnen zu Keel; fiert dëse Bus op Keel?

i Lokalvariant: Käl

Keelebunn [k'e:ləbun] Femininum (Pluriel *Keelebunnen*) **DE** *Kegelbahn* • **FR** *piste* [*du jeu de quilles*] • **EN** *bowling alley* • **PT** *pista* [*do jogo de bowling de nove pinos*] **Beispill** virum Championnat ginn d'Keelebunne frësch gewichst **Synonymmen** Bunn, Dill

Keeleclub [k'e:ləklup] Maskulinum (Pluriel *Keeleclubben* / *Keeleclubb*) **DE** *Kegelverein* • **FR** *club de quilles* • **EN** (*ninepin*) *bowling club* • **PT** *clube de bowling de nove pinos* **Beispill** mäi Papp ass Keessjee vum Keeleclub

Keeleklatz [k'e:ləklats] Femininum (Pluriel *Keeleklätzen*) **DE** *Kegelkugel* • **FR** *boule* [*du jeu de quilles*] • **EN** *skittles ball, bowl* • **PT** *bola* [*do jogo de bowling de nove pinos*] **Beispiller** beim Uspille gerëit meng Keeleklatz dacks an de Kullang; huel keng Keeleklatz, déi s de net packs

Keeler Baach [k'e:ləb'a:χ] Eegennumm **DE** *Keeler Baach* • **FR** *Keeler Baach* • **EN** *Keeler Baach* • **PT** *Keeler Baach* **Beispill** d'Keeler Baach leeft bei Hunchereng an d'Uelzech

Keelespill [k'e:ləspil] Neutrum (Pluriel *Keelespiller*) **1. DE** *Kegelspiel* [*Partie*] • **FR** *jeu de quilles, partie de quilles* • **EN** *game of skittles, skittles match* [*ninepin bowling*] • **PT** *jogo de bowling de nove pinos* [*partida*] **Beispiller** nom Keelespill gouf et e gudde Bifdeck mat Fritten; dat lescht Keelespill entscheet, wéi eng vun deenen zwou Ekppen an d'Finall vum Championnat kënt; hien ass den Hond an Keelespill ^[ëgs] [wann hien derbäi ass, kënt et ëmmer zu Duercherneen] **2. DE** *Kegelspielset* [*Sportartikel, Spielzeug*] • **FR** *jeu de quilles* [*article de sport, jouet*] • **EN** *set of skittles* • **PT** *jogo de bowling de nove pinos* [*artigo de desporto, brinquedo*] **Beispill** de Kleschen huet de Kanner e faarwegt Keelespill bruecht

Keelespiller [k'e:ləspilɛ] Maskulinum (Pluriel *Keelespiller*) **DE** *Kegelspieler, Kegler* • **FR** *joueur de quilles* • **EN** *skittles player, bowler* • **PT** *jogador de bowling de nove pinos* **Beispiller** eise Paschtouer ass e passionéierte Keelespiller; mir hu just zwee Keelespiller an eiser Ekip, déi esouwuel de lénken ewéi de rietse Bauer geroen

i Weiblech Form: \nearrow Keelespillerin

Keelespillerin [k'e:ləspilɛrɪn] Femininum (Pluriel *Keelespillerinnen*) **DE** *Kegelspielerin, Keglerin* • **FR** *joueuse de quilles* • **EN** *skittles player, bowler* [*female*] •

PT *jogadora de bowling de nove pinos* **Beispill** eng Keelespillerin aus eiser Ekip gerëit esouwuel de lénken ewéi de rietse Bauer

i Männlech Form: \nearrow Keelespiller

Keelkapp [k'e:lkap] Maskulinum (Pluriel *Keelkäpp*) **DE** *Kehlkopf* • **FR** *larynx* • **EN** *larynx* • **PT** *laringe* **Beispill** eng Laryngite ass eng Entzündung vun der Schläimhaut vum Keelkapp

i Variant: Keelkopf

Keelkappkriibs [k'e:lkapkri:ps] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Kehlkopfkrebs* • **FR** *cancer du larynx* • **EN** *laryngeal cancer, larynx cancer* • **PT** *cancro da laringe* **Beispill** Heessinn an Halswéi, déi ganz laang net ewechginn, kënnen Symptomer fir Keelkappkriibs sinn

Keelkopf Maskulinum (Pluriel *Keelköpfe*) - Variant vun \nearrow Keelkapp

Keelt [ke:lt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Kälte* [*niedrige Temperatur*] • **FR** *froid* [*basse température*] • **EN** *cold* [*low temperature*] • **PT** *frio* [*temperatura baixa*] **Beispiller** an de Bierger war eng schrecklech Keelt; mir hu vu Keelt geschnaddert; ech hunn d'Fangere steif vu Keelt; d'Keelt ass gebrach ^[ëgs] [et gëtt Fréijoer]

keemol [k'e:mo:l] Adverb - Variant vun \nearrow keemools

keemools [ke:m'o:ls] Adverb **DE** *nie* [*kein einziges Mal*] • **FR** *jamais* [*pas une seule fois*] • **EN** *never* [*not once*] • **PT** *nunca* [*nem uma vez*] **Beispill** wien huet sech nach keemools geiert?

i Variant: keemol

keen [ke:n] Indefinitpronomen » Singulier / männlech / Nominativ **1. DE** *kein, keiner* • **FR** *aucun, pas (de)* • **EN** *no, none* • **PT** *nenhum* **Beispiller** an eise Géigende wüsst keen Téi; kee vun hire Bouwen daacht eppes » Singulier / männlech / Nominativ **2. DE** *niemand* • **FR** *personne* • **EN** *nobody, no one* • **PT** *ninguém* **Beispill** keen hat d'Abriecher héieren » Singulier / männlech / Akkusativ **3. DE** *keinen* • **FR** *aucun, pas (de)* • **EN** *no* • **PT** *nenhum* **Beispill** hien huet keen Hauch gudde Wëlle gewisen! » Singulier / männlech / Akkusativ **4. DE** *niemanden* • **FR** *personne* • **EN** *nobody, no one* • **PT** *ninguém* **Beispill** et soll ee keen ze fréi jugéieren » Singulier / sächlech / Nominativ **5. DE** *kein* • **FR** *aucun, aucune, pas (de)* • **EN** *no* • **PT** *nenhum, nenhuma* **Beispill** an deem Stecker ass keen Elektresch » Singulier / sächlech / Akkusativ **6. DE** *kein* • **FR** *aucun, aucune, pas (de)* • **EN** *no* • **PT** *nenhum, nenhuma* **Beispill** déi Saach kritt keen Enn

keent [ke:nt] Indefinitpronomen » Singulier / sächlech / Nominativ **1. DE** *keines* • **FR** *aucun, aucune* • **EN** *none* • **PT** *nenhum, nenhuma* **Beispill** lee d'Brieder esou openeen, datt keent iwwersteet » Singulier / sächlech / Akkusativ **2. DE** *keines* • **FR** *aucun, aucune* • **EN** *none* • **PT** *nenhum, nenhuma* **Beispill** et soll ee keent vu senge Kanner bevirdelegen

kees [ke:s] Adverb

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Keeser [k'e:zɛ] Maskulinum (Pluriel *Keeseren*) **DE** *Kaiser* • **FR** *empereur* • **EN** *emperor* • **PT** *imperador* [*soberano*] **Beispiller** véier däitsch Keesere koumen aus dem Haus

Lëtzebuerg; ech ginn, wuer de **Keeser** zu Fouss geet ^[ëgs] [ech ginn op d'Toilette]; et geet ëm dem **Keeser** säi Baart ^[ëgs] [et geet ëm näischt]

W Weiblech Form: [↗]Keeserin

Keeserin [k'e:zərin] Femininum (Pluriel **Keeserinnen**) **DE** Kaiserin • **FR** impératrice • **EN** empress • **PT** imperatriz [soberana] **Beispill** am réimesche Räich gouf et eng Rei vu **Keeserinnen**, déi dësen Titel duerch hir Relatioun mat de **Keesere** kruten

M Männlech Form: [↗]Keeser

Keeserräich [k'e:zɛræ:ɪç] Neutrum (Pluriel **Keeserräicher**) **DE** Kaiserreich • **FR** empire [État soumis à l'autorité d'un empereur] • **EN** empire [territory ruled by an emperor] • **PT** império [Estado governado por um imperador] **Beispill** a senger Dokteraarbecht beschäftegt den Historiker sech ënner anerem mat der Dekadenz vum anticke **Keeserräich**

Keeserschnëtt [k'e:zɛfnət] Maskulinum (Pluriel **Keeserschnëtt**) **DE** Kaiserschnitt • **FR** césarienne • **EN** caesarean (section) • **PT** cesariana **Beispiller** hire Bouf ass mat **Keeserschnëtt** op d'Welt komm; well et e Risiko fir de Puppelche gouf, huet den Dokter der Fra e **Keeserschnëtt** gemaach **Synonym** Cesarienne

Keespelt [k'e:spəlt] Eegennumm **DE** Keispelt • **FR** Keispelt • **EN** Keispelt • **PT** Keispelt **Beispiller** ech wunnen zu **Keespelt**; fiert dëse Bus op **Keespelt**?

Keess [ke:s] Femininum (Pluriel **Keesen** / **Keessen**) **1. DE** Kasse [Kassenschalter] • **FR** caisse [guichet] • **EN** till, cash desk, ticket office • **PT** caixa, bilheteira [guichet] **Beispiller** am Supermarché kritt een an der **Keess** keng Tute méi fir näischt; et huet 20 Minutte gedauert, bis ech duerch d'**Keess** war **2. DE** Kasse [Registrierkasse, Geldkassette] • **FR** caisse [caisse enregistreuse, tiroir-caisse, cassette] • **EN** till [cash register, cash box] • **PT** caixa [caixa registadora, pequeno cofre] **Beispiller** owes ginn d'Sue gezielt an zeréck an d'**Keess** geluecht; d'Caissière muss de Präis vun all Artikel an d'**Keess** antippen; ech maachen d'**Keess** vum Gesang [ech sinn Tresorier vum Gesang]; mir haten nom Fest eng schéi **Keess** [mir hunn um Fest eng schéi Recette gemaach]; si hu gesot, hien hätt an d'**Keess** gegräff ^[ëgs] [si hu gesot, hien hätt Suen ënnerschloen]; hien huet sech mat der **Keess** vum Veräin ewechgemaach ^[ëgs] [hien huet sech mat de Sue vum Veräin ewechgemaach]

Keessenticket [k'e:səntike:] Maskulinum (Pluriel **Keessenticketen**) **DE** Kassenzettel • **FR** ticket de caisse • **EN** (sales) receipt • **PT** talão de caixa **Beispill** wann Dir den Artikel wëllt ëmtauschen, musst Der de **Keessenticket** matbréngen **Synonym** Keessenziedel

Keessenziedel [k'e:səntsɪədəl] Maskulinum (Pluriel **Keessenziedelen**) **DE** Kassenzettel • **FR** ticket de caisse • **EN** receipt, sales slip • **PT** talão de caixa **Beispill** wann Dir den Artikel wëllt ëmtauschen, musst Der de **Keessenziedel** matbréngen **Synonym** Keessenticket

Keessjee [k'e:sje:] Maskulinum (Pluriel **Keessjeeën**) **1. DE** Kassierer • **FR** caissier • **EN** cashier • **PT** caixa [empregado de caixa] **Beispill** hie schafft neierdëngs als **Keessjee** an engem Supermarché **2. DE** Kassenwart • **FR**

trésorier • **EN** treasurer • **PT** tesoureiro **Beispill** mäi Papp ass **Keessjee** vum Keeleclub **Synonym** Tresorier

V Variant: Caissier

W Weiblech Form: [↗]Caissière

Kehlkopf Maskulinum (Pluriel **Kehlköpfe**) - Variant vun [↗]Keelkopf

Kéiber [k'ɪɪbɛ] Eegennumm **DE** Kuborn • **FR** Kuborn • **EN** Kuborn • **PT** Kuborn **Beispiller** ech wunnen zu **Kéiber**; fiert dëse Bus op **Kéiber**?

Kéideng [k'ɪɪdɛŋ] Eegennumm **DE** Koedingen • **FR** Koedange • **EN** Koedange • **PT** Koedange **Beispiller** ech wunnen zu **Kéideng**; fiert dëse Bus op **Kéideng**?

Kéidreck [k'ɪɪdræk] Maskulinum **1.** (Pluriel **Kéidrecker**) **DE** Kuhfladen • **FR** bouse de vache [gallette] • **PT** bosta de vaca **Beispill** pass op, datt s de net mam Vëlo duerch e **Kéidreck** fiers! **2.** (kee Pluriel) **DE** Rinderkot, Kuhmist • **FR** bouse de vache [matière] • **PT** excremento de vaca **Beispill** deng Box ass voller **Kéidreck**

Kéier [k'ɪɪɛ] Femininum **1.** (Pluriel **Kéieren**) **DE** Kurve [Straßenbiegung] • **FR** virage, tournant [d'une route] • **EN** bend, turn, corner [in a road] • **PT** curva [de uma estrada] **Beispiller** no där grousser **Kéier** këns de op eng Kräizung; den Auto ass ze séier an d'**Kéier** gefuer; wann ech d'**Kéier** kréien, da kommen ech laanscht ^[ëgs] [wann ech nach derzou kommen, da kommen ech laanscht]; hien huet am leschten Ament nach d'**Kéier** kritt ^[ëgs] [hien huet am leschten Ament nach dat Richteg gesot oder gemaach] **2.** (kee Pluriel) **DE** Kehrtwendung • **FR** demi-tour • **EN** U-turn • **PT** meia-volta **Beispill** hei si mer an enger Sakgaass, mir müssen d'**Kéier** maachen **3.** (Pluriel **Kéieren**) **DE** Mal [Zeitpunkt, Gelegenheit] • **FR** fois [moment, cas] • **EN** time [occasion] • **PT** vez [momento, caso] **Beispiller** bass du schonn eng **Kéier** mam Fliager geflunn; mäi Roman ass eng véiert **Kéier** opgeluecht ginn; d'**Kanner** wëllen nach eng **Kéier** op d'Riserad goen; ech war gëschter fir d'ëischte **Kéier** an där neier Schwämm; bei dësem Lidd kréien ech all **Kéier** eng Hëngerhaut; déi **Kéier** si mer bäigelaft; Äddi, bis eng aner **Kéier**; ech erënnere mech un e puer **Kéieren**, wou mer eis gutt zesummen ameséiert hunn; op eng **Kéier** huet et fierchterlech gekraacht [stënterlech huet et fierchterlech gekraacht]; schmier déi Maschinn, da leeft se nach eng **Kéier** esou gutt! ^[ëgs] [schmier déi Maschinn, da leeft se nach besser!] **4.** (emol) eng **Kéier** **DE** einmal, mal [irgendwann] • **FR** un (beau) jour, un de ces jours • **EN** once, some day • **PT** um dia destes, qualquer dia **Beispiller** ech war (emol) eng **Kéier** op der Fouer, du ass de Stroum ewechgefuer!; kommt dach (emol) eng **Kéier** bis laanscht!; solle mer net (emol) eng **Kéier** mam Büro Keele spille goen?

kéieren [k'ɪɪɛrən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gekéiert**) » **transitiv 1.** **DE** umdrehen, wenden • **FR** retourner, tourner [orienter différemment] • **EN** to turn [to change the position of, to rotate] • **PT** virar, voltar [inverter a posição de] **Beispiller** d'Hee muss geschwë **gekéiert** ginn; hien huet säin Auto an e Bam **gekéiert** ^[ëgs] [hien ass mat sengem Auto an e Bam gerannt] **2. DE** schütten, kippen • **FR** déverser, drainer • **EN** to discharge, to tip • **PT** vazar, despejar **Beispill** fréier ass allerlee Knascht an d'**Baach** **gekéiert** ginn

I Verben, déi **kéieren** als Basis hunn: **↗**bäikéieren, **↗**erauskéieren an **↗**ukéieren

Kéiermillen [k'ʒimilən] Eegennumm **DE** *Kéiermillen* • **FR** *Kéiermillen* • **EN** *Kéiermillen* • **PT** *Kéiermillen* **Beispiller** ech wunnen op der Kéiermillen; fiert dëse Bus op d'Kéiermillen?

Kéifer [k'ʒife] Maskulinum (Pluriel Kéiferen) **DE** *Küfer*, *Fassbinder* • **FR** *tonnelier* • **PT** *tanoeiro* **Beispill** de Wénzer huet sech beim Kéifer dräi nei Fässer bestallt

I Weiblech Form: **↗**Kéiferin

Kéiferin [k'ʒifərin] Femininum (Pluriel Kéiferinnen)

I Variant: Kéifesch

I Männlech Form: **↗**Kéifer

Kéifesch Femininum (Pluriel Kéifeschen) - Variant vun **↗**Kéiferin

Kéiflapp [k'ʒiflap] Maskulinum (Pluriel Kéiflapp) - Variant vun **↗**Kouflapp

Kéil Maskulinum (kee Singulier) **DE** *Kohlsetzlinge* • **FR** *plants de chou* • **EN** *cabbage seedling* • **PT** *mudas de couve* [para plantio] **Beispiller** d'Kéil, déi mer gesat hunn, sinn net all ukomm; aus Kéil gëtt Kabes, aus Kanner gëtt Leit [et gesäit een, wéi d'Zäit vergeet]

Keim [kaɪm] Maskulinum (Pluriel Keimer) **DE** *Keim* [Krankheitskeim] • **FR** *germe* [pathogène] • **EN** *germ* [pathogen] • **PT** *germe* [patogénico] **Beispiller** mir hunn dacks Problemer mat Bakterien a Keimer am Dréinkwaasser; de Komplott gouf am Keim erstéckt [de Komplott gouf gläich am Ufank ënnerdréckt]

keimen [k'aɪmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekeimt) » **intransitiv 1.** **DE** *keuchen*, *schnaufen* • **FR** *haler*, *souffler* • **EN** *to pant* • **PT** *ofegar*, *arquejar* **Beispill** wat hu mir gekeimt, wéi mer dee géie Biereg eropgaange sinn **Synonymmen** käichen, këmmen **2.** **DE** *stöhnen*, *seufzen* • **FR** *soupirer* • **EN** *to moan*, *to sigh* • **PT** *suspirar* **Beispiller** eise Bop jéimert a keimt vu moies bis owes; d'Schüler hu gekeimt, wéi se déi vill Hausaufgabe fir de Weekend kruten

keimen [k'aɪmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekeimt) » **intransitiv DE** *keimen* [auskeimen] • **FR** *germer* • **EN** *to sprout*, *to shoot* • **PT** *germinar* **Beispill** weinst deem waarme Wieder huet dëst Joer alles éischer gekeimt

Kéimicht [k'ʒimiçt] Eegennumm **DE** *Kemicht* • **FR** *Kemicht* • **EN** *Kemicht* • **PT** *Kemicht* **Beispiller** ech wunnen an der Kéimicht; fiert dëse Bus an d'Kéimicht?

Kéinzig [k'ʒintsɪç] Eegennumm - Variant vun **↗**Kéizeg

Kéipchen [k'ʒipçən] Maskulinum (Pluriel Kéipercher) - Diminutivform vun **↗**Koup

kéipweis [k'ʒipvais] Adverb **DE** *haufenweise* • **FR** *en grande quantité* • **EN** *heaps of* • **PT** *aos montes* [em grande quantidade] **Beispiller** am Atelier leie kéipweis Huwwelspéin; hien huet kéipweis Suen; dee krut d'Dommheet kéipweis mat op de Wee [égs] [deen ass ganz domm]

Kéis [kɛɪs] Maskulinum **1.** (Pluriel Kéisén / Kéisér) **DE** *Käse* [Milchprodukt] • **FR** *fromage* • **EN** *cheese* • **PT** *queijo* **Beispiller** fir den Owend hunn ech Kéis matbruecht; meng Fra kennt e ganze Koup Kéis mam Numm; ech hunn de Kéis! [égs] [ech hunn d'Flemml]; ech hunn de Kéis kritt! [égs] [ech si vernannt ginn]; du gees mir op de Kéis! [égs] [du nervs mech!]; hien huet Kéis an de Been [égs] [hien huet keng Muskelen an de Been] **2.** Wäisse Kéis **DE** *Quark* • **FR** *fromage blanc* • **EN** *quark*, *fromage blanc* • **PT** *queijo fresco* **Beispill** hu mir nach Wäisse Kéis fir op d'Schmier? **Synonym** Stoffi **3.** (kee Pluriel) [égs] **DE** *Käse* [Unsinn] • **FR** *bêtises*, *conneries* • **EN** *rubbish*, *nonsense* • **PT** *asneiras*, *disparates* **Beispill** wat schwätzt du haut erëm e Kéis! **Synonym** Kabes

Kiermessonndeg [k'i:çmæs'ondəç] Maskulinum (Pluriel Kiermessonndeger) **DE** Sonntag der Kirchweih • **FR** dimanche de la fête patronale • **EN** church anniversary Sunday • **PT** domingo da festa paroquial **Beispiller** op Kiermessonndeg goufen déi zwou nei Klacke geweit; fir Kiermessonndeg gouf et ewéi all Joer erëm deen obligate Krankkuch

i Variant: Kiermessonnden

Kiermessonnden Maskulinum (Pluriel Kiermessonndeger) - Variant vun ↗Kiermessonndeg

kierpen [k'i:çpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekierpt) » **intransitiv** **DE** kurbeln [drehen] • **FR** tourner la manivelle, tourner le volant • **EN** to crank, to turn [a handle], to turn [a steering wheel] • **PT** dar à manivela, rodar o volante **Beispiller** fir d'Markis eropzekerien, muss ee fest kierpen; de Chauffeur huet laang gekierpt, fir an d'Parkplatz eranzekommen

i Verb, dat **kierpen** als Basis huet: ↗ukierpen

Kierper [k'i:çpɛ] Maskulinum (Pluriel Kierper / Kierperen) **1. DE** Körper [eines Lebewesens] • **FR** corps [d'un être vivant] • **EN** body [of a person, of an animal] • **PT** corpo [de um ser vivo] **Beispiller** vum Äerdbier kréien ech Ausschlag um ganze Kierper; hien huet um ganze Kierper geziddert **2. DE** (geometrischer) Körper • **FR** corps (géométrique) • **EN** (geometric) solid • **PT** corpo (geométrico) **Beispill** mir hunn haut an der Schoul Kierpere gerechent

Kierperbau [k'i:çpɛbæ:ʊ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Körperbau • **FR** physique [constitution] • **PT** físico [constituição] **Beispill** du hues den ideale Kierperbau, fir Basketspiller ze ginn

Kierperdeel [k'i:çpɛdɛ:l] Maskulinum (Pluriel Kierperdeeler) **DE** Körperteil • **FR** partie du corps [d'un être vivant] • **EN** part of the body • **PT** parte do corpo [de um ser vivo] **Beispill** de Schoulmeeschter huet de Kanner erkläert, wéi déi verschidde Kierperdeeler op Franséisch heeschen

Kierpergewicht Neutrum (kee Pluriel) **DE** Körpergewicht • **FR** poids [masse corporelle] • **PT** peso corporal **Beispill** d'Schanke maachen nëmmen e klengen Deel vum Kierpergewicht aus

kierperlech [k'i:çpɛləç] Adjektiv **DE** körperlich • **FR** physique [corporel] <Adverb physiquement> • **EN** physical <Adverb physically> • **PT** físico [corporal] <Adverb fisicamente> **Beispiller** d'ëst ass en Heem fir Leit mat enger kierperlecher Behënnerung; fir an d'Bierger ze goen, muss ee kierperlech fit sinn

Kierperschaft Femininum (Pluriel Kierperschaften)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Kierwel [k'i:ɣvəl] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Kerbel • **FR** cerfeuil • **EN** chervil • **PT** cerefólio **Beispiller** a mengem Kraidergaart hunn ech ënner anerem och Kierwel stoen; deslescht hunn ech an Ongedanke Kierwel amplaz Péiterséleg kaaft

kierzen [k'i:ɣtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gekierzt) » **transitiv 1.** **DE** kürzen [verkürzen] • **FR** raccourcir [abrégér] • **EN** to cut [to shorten] • **PT** encurtar [abreviar] **Beispill** du muss däin Text nach eng Grimmel kierzen **2.** **DE** kürzen [verringern] • **FR** diminuer, réduire • **EN** to cut [to reduce] • **PT** diminuir, reduzir **Beispill** d'Politiker hu versprach, d'Sozialleeschungen net ze kierzen

I Verb, dat **kierzen** als Basis huet: ↗ofkierzen

kierzlech [k'i:ɣtslɛç] Adverb **DE** kürzlich • **FR** récemment • **EN** recently • **PT** recentemente **Beispill** ech hu kierzlech däi Pätter beim Metzler gesinn

Kierzung [k'i:ɣtsuŋ] Femininum (Pluriel Kierzungen) **1.** **DE** Kürzung [eines Texts] • **FR** abrègement [d'un texte] • **PT** abreviação [de um texto] **Beispill** duerch déi vill Kierzungen ass den Text net méi richtigeg ze verstoen **2.** **DE** Kürzung [Verringerung] • **FR** diminution, réduction • **EN** cut, reduction • **PT** corte, redução **Beispiller** de Finanzminister huet Kierzunge vu staatleche Bähëllef ugekënnegt; eis Firma huet fir d'Summerméint eng Kierzung vun der Aarbechtszäit ugefrot

Kietscht [kiətʃt] Eegennumm **DE** Koetscheid • **FR** Koetschette • **EN** Koetschette • **PT** Koetschette **Beispiller** ech wunnen zu Kietscht; fiert dese Bus op Kietscht?

Kiew Eegennumm - Variant vun ↗Kyjiw

Kiewerlek [k'i:əvelek] Maskulinum (Pluriel Kiewerleken) **DE** Käfer [Insekt] • **FR** coléoptère • **EN** beetle • **PT** coleóptero **Beispill** den Naturmusée huet eng grouss Sammlung vu Kiewerleken aus der ganzer Welt

Kifer [k'i:fe] Maskulinum (Pluriel Kiferen) **DE** Kiefer [Knochen] • **FR** mâchoire [os] • **EN** jawbone • **PT** mandíbula **Beispill** d'Patientin huet sech beim Accident den ënschte Kifer gebrach

Kiferchirurg [k'i:feçirurç] Maskulinum (Pluriel Kiferchirurgen) **DE** Kieferchirurg • **FR** chirurgien maxillo-facial • **EN** oral (and maxillofacial) surgeon • **PT** cirurgia maxilofacial **Beispill** de Kiferchirurg hëlleft Patienten, déi Verletzungen, Erkrankungen oder Feelbildungen am Kiferberäich oder ronderëm hunn

I Weiblech Form: ↗Kiferchirurgin

Kiferchirurgie [ki:feçirurç'i:] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Kieferchirurgie [Fachgebiet] • **FR** chirurgie maxillo-facial [spécialité médicale] • **EN** oral surgery, maxillofacial surgery [branch of medicine] • **PT** cirurgia maxilofacial [especialidade médica] **Beispill** d'Kiferchirurgie ass enk verbonne mat der Mond- a Gesichtschirurgie **2.** (Pluriel Kiferchirurgien) **DE** Kieferchirurgie [Abteilung] • **FR** service de chirurgie maxillo-faciale • **EN** oral surgeon, maxillofacial surgeon [hospital department] • **PT** serviço de cirurgia maxilofacial **Beispill** d'Sekretariat vun der Kiferchirurgie fannt Der lénks um Enn vum Gank

Kiferchirurgin [k'i:feçirurçin] Femininum (Pluriel Kiferchirurginnen) **DE** Kieferchirurgin • **FR** chirurgienne maxillo-faciale • **EN** oral (and maxillofacial) surgeon [female] • **PT** cirurgiã maxilofacial **Beispill** well ech Problemer mam Gebéck hunn, gouf ech bei eng Kiferchirurgin geschéckt

I Männlech Form: ↗Kiferchirurg

Kiferdeenung [k'i:fedε:nuŋ] Femininum (Pluriel Kiferdeenungen) **DE** Kieferdehnung • **FR** expansion maxillaire • **EN** jaw lengthening • **PT** expansão maxilar **Beispill** d'Kiferdeenung ass eng gebräichlech Method an der Kiferorthopedie, fir den Zänn méi Plaz ze machen

Kiferorthopäd [k'i:feçrtopε:t] Maskulinum (Pluriel Kiferorthopäden) - Variant vun ↗Kiferorthoped

Kiferorthopädie [k'i:feçrtopε:di:] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Kiferorthopedie

Kiferorthopädin [k'i:feçrtopε:din] Femininum (Pluriel Kiferorthopädinnen) - Variant vun ↗Kiferorthopedin

Kiferorthoped [k'i:feçrtopε:d] Maskulinum (Pluriel Kiferorthopeden) **DE** Kieferorthopäde • **FR** orthodontiste • **EN** orthodontist • **PT** ortodontista **Beispill** weinst enger markanter Feelstellung vu sengen Zänn geet eist Klengt elo bei e Kiferorthoped **Synonym** Orthodontist

I Weiblech Form: ↗Kiferorthopedin

Kiferorthopedie [k'i:feçrtopε:di:] Femininum (kee Pluriel) **DE** Kieferorthopädie • **FR** orthodontie • **EN** orthodontia • **PT** ortodontia **Beispill** an der Kiferorthopedie spillt den Ofdrock vum Gebéss eng wichtig Roll **Synonym** Orthodontie

Kiferorthopedin [k'i:feçrtopε:din] Femininum (Pluriel Kiferorthopedinnen) **DE** Kieferorthopädin • **FR** (femme) orthodontiste • **PT** ortodontista [mulher] **Synonym** Orthodontistin

I Männlech Form: ↗Kiferorthoped

kiffen [k'i:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gekiff) » **intransitiv** ^[ëgs] **DE** kiffen • **FR** fumer [du kif] • **EN** to smoke pot, to smoke grass • **PT** fumar ganza **Beispill** hanner der Gare stinn e puer Jonker ze kiffen **Synonym** haschen

Kigali Eegennumm **DE** Kigali • **FR** Kigali • **PT** Quigali **Beispill** Kigali ass d'Haaptstad vum Ruanda

Kiischpelt Eegennumm **DE** Kiischpelt [Gemeinde in Luxemburg] • **FR** Kiischpelt [commune au Luxembourg] **Beispill** weess du, wéi eng Uertschaften zu der Gemeng Kiischpelt gehéieren?

Kiischt [ki:ʃt] Femininum (Pluriel Kiischten) **DE** Kirsche • **FR** cerise • **EN** cherry • **PT** cereja [fruta] **Beispiller** sinn d'Kiischte schonn zeideg?; mat deem Kärel ass net gutt Kiischten iessen! ^[ëgs] let ass net einfach, mat deem Kärel eens ze ginn!; du gëss nach gewuer, wat d'Pond Kiischte kascht! ^[ëgs] let wäerten nach méi Käschten op dech duerkommen, wéi s de mengs!; dat do ass d'Kiischt um Kuch! ^[⇒] seet een, wann eppes Positives nach iwwertraff gëtt!

Kiischtebam [k'i:ʃtəbɑ:m] Maskulinum (Pluriel Kiischtebeem) **DE** *Kirschbaum* • **FR** *cerisier* • **EN** *cherry tree* • **PT** *cerejeira* [árvore] **Beispill** de Kiischtebam steet a voller Bléi

Kiischtegebeess [k'i:ʃtəgəbe:s] Neutrum (Pluriel <seelen> Kiischtegebeesser) **DE** *Kirschmarmelade* • **FR** *confiture de cerises* • **PT** *doce de cereja* **Beispill** ech hunn de Moien Toast mat Botter a Kiischtegebeess giess

Kiischteknäppchen [k'i:ʃtəknapçən] Maskulinum (Pluriel Kiischteknäppercher) **Coccothraustes coccothraustes** **DE** *Kernbeißer* • **FR** *grosbec casse-noyaux* • **EN** *hawfinch* • **PT** *bico-grossudo* **Beispill** wéi laang bréien d'Kiischteknäppercher?

Kiischtentaart [ki:ʃtənt'a:rt] Femininum (Pluriel Kiischtentaarten) **DE** *Kirschkuchen* • **FR** *tarte aux cerises* • **EN** *cherry tart* • **PT** *tarte de cereja* **Beispiller** wéi ech e Stéck Kiischtentaart giess hunn, hunn ech op e Stee gebass; meng Mamm mécht Streisel op hir Kiischtentaart

Kiischtentomat Femininum (Pluriel Kiischtentomaten) **DE** *Kirschtomate* • **FR** *tomate cerise* • **EN** *cherry tomato* • **PT** *tomate-cereja* **Beispill** ech di ganz gär Kiischtentomate mat an d'Zalot **Synonymmen** *Tomate cerise*, *Kleng Tomat*

kill [kil] Adjektiv **DE** *kühl* [frisch] • **FR** *frisquet, frais* • **EN** *fresh, cool* • **PT** *fresco* [moderadamente frio, refrescado] **Beispiller** géint der Owend gëtt et kill; fir d'Béierfläsche kill ze halen, hu mer se an d'Baach geluecht **Synonym** frësch

killen [k'ilən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekillt) » **transitiv 1.** **DE** *kühlen* • **FR** *rafraîchir, refroidir* • **EN** *to cool, to chill* • **PT** *refrescar, resfriar* **Beispill** mir hu vergiess, d'Gedrénks ze **killen 2.** [ëgs] **DE** *killen* • **FR** *assassiner* • **EN** *to kill* • **PT** *assassinar* **Beispill** d'Banditten hunn hiert Affer kalbliddeg gekillt **Synonym** éمبرén-gen

1 Verb, dat **killen** als Basis huet: ↗ofkillen

Killer [k'ilɛ] Maskulinum (Pluriel Killer) [ëgs] **DE** *Killer* • **FR** *tueur à gages* • **EN** *killer* • **PT** *assassino profissional* **Beispill** si hunn de Killer ni erwécht

Killtäsch [k'iltæʃ] Femininum (Pluriel Killtäschen) **DE** *Kühltasche* • **FR** *sac réfrigérant* • **EN** *cool bag* • **PT** *saco térmico* **Beispill** et ass nach eng Limonad an der Killtäsch

Killtru [k'iltru:] Femininum (Pluriel Killtruen) **DE** *Tiefkühltruhe*, *Gefrierschrank* • **FR** *congélateur* • **EN** *freezer, deep freezer* • **PT** *arca congeladora, congelador* **Beispill** huel d'Fleesch scho mueres fréi aus der Killtru! **Synonym** Tifküler

Killwasser [k'ilva:se] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Kühlwasser* • **FR** *eau de refroidissement* • **EN** *radiator water* [coolant in a car cooling system] • **PT** *água de arrefecimento* **Beispill** schëtt e bëssen Antigél an d'Killwasser vun dengem Auto!

Killwon [k'ilvo:n] Maskulinum (Pluriel Killween) **DE** *Kühlwagen* • **FR** *camion frigorifique* • **EN** *refrigerator wagon, refrigerated lorry, fridge truck* • **PT** *camião frigorífico* **Beispiller** am Killwon däerf d'Temperatur net iwwer 4

Grad klammen; Liewensmëttel, déi séier verdierwen, ginn a Killween transportéiert

Kilo [k'ilo:] Maskulinum (Pluriel Kilo / Kiloen) **DE** *Kilo* • **FR** *kilo* • **EN** *kilo* • **PT** *quilo* [quilograma] **Beispiller** ech brauch nach e Kilo Miel; hien ass 1,93 Meter grouss a weit 89 Kilo; mir hunn dëst Joer Kiloen a Kiloen vun eisen Äppel verschenkt

1 Kilo gëtt mat **kg** ofgekierzt.

Kilobyte Maskulinum (Pluriel Kilobyte)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Kilogramm [k'ilogram] Maskulinum (Pluriel Kilogramm)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

1 Kilogramm gëtt mat **kg** ofgekierzt.

Kilohertz Maskulinum (Pluriel Kilohertz)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

1 Kilohertz gëtt mat **kHz** ofgekierzt.

Kilomeeter Maskulinum (Pluriel Kilomeeter / Kilomeeteren) - Variant vun ↗Kilometer

1 Kilomeeter gëtt mat **km** ofgekierzt.

Kilomeeter an der Stonn Maskulinum (Pluriel Kilomeeter an der Stonn) - Variant vun ↗Kilometer an der Stonn

1 Kilomeeter an der Stonn gëtt mat **km/h** ofgekierzt.

Kilometerkaree Maskulinum (Pluriel Kilometerkaree / Kilometerkareeën) - Variant vun ↗Kilometerkaree

1 Kilometerkaree gëtt mat **km²** ofgekierzt.

kilometerlaang Adjektiv - Variant vun ↗kilometerlaang

Kilomeetersteen Maskulinum (Pluriel Kilomeetersteng) - Variant vun ↗Kilometersteen

kilometerwäit Adjektiv - Variant vun ↗kilometerwäit

Kilomeeterzähler Maskulinum (Pluriel Kilomeeterzähler / Kilomeeterzähleren) - Variant vun ↗Kilometerzähler

Kilometer [kilom'e:te] Maskulinum (Pluriel Kilometer / Kilometeren) **DE** *Kilometer* • **FR** *kilomètre* • **EN** *kilometre* • **PT** *quilómetro* **Beispiller** hien ass en Tour vu fënngef Kilometer gelaf; mir si Kilometeren a Kilometeren gefueg, ouni een aneren Auto ze begéinen

1 Kilometer gëtt mat **km** ofgekierzt.

Kilometer an der Stonn Maskulinum (Pluriel Kilometer an der Stonn) **DE** *Stundenkilometer* • **FR** *kilomètre à l'heure, kilomètres-heure* • **EN** *kilometre per hour* • **PT** *quilómetro por hora* **Beispill** op dësem Stéck vun der Autobunn ass d'Vitess op 90 Kilometer an der Stonn begrenzt **Synonym** Stonnekilometer

1 Kilometer an der Stonn gëtt mat **km/h** ofgekierzt.

Kilometerkaree Maskulinum (Pluriel Kilometerkaree / Kilometerkareeën) **DE** *Quadratkilometer* • **FR** *kilo-*

mètre carré • **EN** *square kilometre* • **PT** *quilómetro quadrado* **Beispiller** d'Naturschutzgebitt huet eng Fläch vun 200 Kilometerkaree; duerch d'Feier goufe Kilometerkareeë Bësch komplett zerstéiert **Synonym** Quadratkilometer

i **Kilometerkaree** gëtt mat **km²** ofgekierzt.

kilometerlaang [kilom'e:tela:ŋ] Adjektiv **DE** *kilometerlang* • **FR** *long de plusieurs kilomètres* • **EN** *mile-long* • **PT** *de vários quilómetros [muito comprido]* **Beispill** op der Autobunn war e kilometerlaange Stau

Kilometersteen [kilom'e:tɛʃtɛ:n] Maskulinum (Pluriel Kilometersteng) **DE** *Kilometerstein* • **FR** *borne kilométrique* • **EN** *milestone* • **PT** *marco quilométrico* **Beispill** fréier goufe laanscht d'Landstroosse Kilometersteng gesat

kilometerwäit [kilom'e:tɛvæ:it] Adjektiv **DE** *kilometerweit* • **FR** *de plusieurs kilomètres* • **EN** *miles-long, miles* • **PT** *de vários quilómetros [distante]* **Beispiller** hien huet e kilometerwäite Wee fir op d'Aarbecht; déi zwee Busarrête leie kilometerwäit vuneneen

Kilometerzähler [kilom'e:tɛtsɛ:lɛ] Maskulinum (Pluriel Kilometerzähler / Kilometerzähleren) **DE** *Kilometerzähler* • **FR** *compteur kilométrique* • **EN** *odometer* • **PT** *conta-quilómetros* **Beispill** de Kilometerzähler vun dësem Auto gouf manipuléiert

Kilometrage [kilome:tr'a:f] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Kilometerstand* • **FR** *kilométrage [kilomètres parcourus]* • **EN** *mileage* • **PT** *quilometragem [quilómetros rodados]* **Beispill** de Präis vum Auto hänkt vum Kilometrage of

Kilowatt [k'ilo:vat] Maskulinum (Pluriel Kilowatt) **DE** *Kilowatt* • **FR** *kilowatt* • **EN** *kilowatt* • **PT** *quilowatt* **Beispill** dee Motor huet eng Leeschtung vu 85 Kilowatt

i **Kilowatt** gëtt mat **kW** ofgekierzt.

Kim Femininum (Pluriel Kimen) (meeschtens Pluriel) **DE** *Kieme* • **FR** *branchie* • **PT** *brânquia* **Beispill** d'Fësch ootmen duerch hir Kimen

Kimm [kim] Eegennumm **DE** *Bigonville-Poteau* • **FR** *Bigonville-Poteau* • **EN** *Bigonville-Poteau* • **PT** *Bigonville-Poteau* **Beispiller** ech wunnen um Kimm; fiert dëse Bus op d'Kimm?

Kimmel Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun **♂**Kümmel

Kimmerchen [k'imeçən] Femininum (Pluriel Kimmercher) - Diminutivform vun **♂**Kummer

Kinderlähmung [k'indɛlɛ:muŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Kinderlähmung, Poliomyelitis* • **FR** *poliomyélite* • **EN** *polio, poliomyelitis* • **PT** *pólio, poliomielite* **Beispill** wéinst der systematescher Impfung kënnt d'Kinderlähmung weltwäit just nach seele vir **Synonym** Polio

i Variant: Kannerlähmung

Kiné [k'ine:] Maskulinum (Pluriel Kinéen) **DE** *Physiotherapeut* • **FR** *kinésithérapeute* • **EN** *physiotherapist* • **PT** *fisioterapeuta* **Beispiller** hien ass mam Knéi bei engem Kiné a Behandlung; ech muss wéinst mengem Torikolli bei de Kiné

i Weiblech Form: **♂**Kiné

Kiné [k'ine:] Femininum (Pluriel Kinéen) **DE** *Physiotherapeutin* • **FR** *kinésithérapeute [femme]* • **EN** *physiotherapist [female]* • **PT** *fisioterapeuta [mulher]* **Beispill** meng Kiné huet mer Übunge gewisen, déi géint mäi Réckwéi sollen hëllef

i Männlech Form: **♂**Kiné

Kiné Femininum (kee Pluriel) - Kuerzform vun **♂**Kinesithérapie

Kinesithérapie Femininum (kee Pluriel) **DE** *Krankengymnastik, Heilgymnastik* • **FR** *kinésithérapie* • **PT** *fisioterapia* **Beispiller** no der Operatioun muss ech nach e puer Woche laang an d'Kinesithérapie; meng Doktesch huet mer eng Dose Seancé Kinesithérapie opgeschriwwen

i Kuerzform: Kiné

King [kiŋ] Maskulinum (Pluriel Kingen) [ɛgs] **DE** *King, Boss* • **FR** *manitou, caïd [chef de bande]* • **EN** *boss, gang leader* • **PT** *figurão, chefeão* **Beispill** nëmme well s du dee Stärkste bass, brauchts de net ze mengen, du wiers de King!

Kingston Eegennumm **DE** *Kingston* • **FR** *Kingston* • **PT** *Kingston* **Beispill** Kingston ass d'Hauptstad vun Jamaika

Kingstown Eegennumm **DE** *Kingstown* • **FR** *Kingstown* • **PT** *Kingstown* **Beispill** Kingstown ass d'Hauptstad vu St. Vincent an de Grenadinnen

Kinneck [k'inek] Maskulinum (Pluriel Kinneken) **1. DE** *König [Monarch]* • **FR** *roi [monarque]* • **EN** *king [monarch]* • **PT** *rei [monarca]* **Beispiller** a wann se net gestuerwe sinn, da liewen de Kinneck an d'Kinnigin nach haut; ech si frou ewéi e Kinneck! [ɛgs] [ech si ganz frou] **2. DE** *König [Spielkarte]* • **FR** *roi [carte à jouer]* • **EN** *king [playing card]* • **PT** *rei [carta de jogar]* **Beispill** ech hunn de Kinneck missen ausspillen **3. DE** *König [Kegel]* • **FR** *roi [quille]* • **EN** *kingpin [central pin in ninepin bowling]* • **PT** [Definitivum] *no jogo de bowling de nove pinos, nome que designa o pino do meio* **Beispill** nodeem ech ugespillt hat, stoung just nach de Kinneck **4. DE** *König [Schachfigur]* • **FR** *roi [pièce d'échecs]* • **EN** *king [chess piece]* • **PT** *rei [peça de xadrez]* **Beispill** hien huet de Kinneck mat engem Bauer schachmatt gesat

i Weiblech Form: **♂**Kinnigin

kinnecklech [k'ineklɛç] Adjektiv **DE** *königlich [den König betreffend]* • **FR** *royal [monarchique]* • **EN** *royal* • **PT** *real [monárquico]* **Beispill** dem Monarch säi Brudder huet déi kinnecklech Famill vertruuden

Kinneckräich [k'inekræ:ɪç] Neutrum (Pluriel Kinneckräicher) **DE** *Königreich* • **FR** *royaume [État]* • **EN** *kingdom* • **PT** *reino [Estado]* **Beispill** an Europa gëtt et nach vill Kinneckräicher

Kinneckshaus [k'inekshæ:ʊç] Neutrum (Pluriel Kinneckshaiser) **DE** *Königshaus* • **FR** *dynastie royale* • **EN** *royal house, dynasty* • **PT** *casa real* **Beispill** d'Kinneckshaiser haten alleguer e Verrieder op d'Hochzäit geschéckt

Kinnekswiss [k'ineksvis] Eegennumm **DE** *Kinnekswiss [Ort in Luxemburg-Stadt]* • **FR** *Kinnekswiss [lieu à*

Luxembourg-ville • **EN** *Kinnekswiss* [place in Luxembourg City] • **PT** *Kinnekswiss* [lugar na cidade de Luxemburgo] **Beispill** bei schéinem Wieder notze vill Leit d'Kinnekswiss, fir sech an d'Sonn ze leeën

i D'Kinnekswiss läit am Stater Park, tëschent dem Glacis an der Neipaart. Duerch hir zentral Lag eegent se sech am Summer besonnesch gutt fir sportlech a musikalesch Evenementer. Déi grouss Wiss ass awer virun allem eng Plaz, wou Jonk an Al ongezwonge kënnen relaxen.

Kinnigin [k'iniɡin] Femininum (Pluriel Kinniginnen) **1.** **DE** *Königin* [Monarchin] • **FR** *reine* [souveraine] • **EN** *queen* [monarch] • **PT** *rainha* [soberana] **Beispill** déi beléift Kinnigin sicht reegelméisseg de Kontakt mam Vollek **2.** **DE** *Königin* [leines Insektenvolks] • **FR** *reine* [d'une colonie d'insectes] • **EN** *queen* [of an insect colony] • **PT** *rainha* [de uma colónia de insetos] **Beispill** d'Kinnigin ass ausgeflunn, fir en neit Beievollek ze grënnen

i Männlech Form: **↑**Kinneke

Kinnikshaff [k'ini:kshaf] Eegennumm **DE** *Kinnekshaff* • **FR** *Kinnekshaff* • **EN** *Kinnekshaff* • **PT** *Kinnekshaff* **Beispiller** ech wunnen um Kinnikshaff; fiert dëse Bus op de Kinnikshaff?

Kino [k'ino:] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Kino* [Filmvorführung] • **FR** *cinéma* [projection, séance] • **EN** *cinema* [projection of a film] • **PT** *cinema* [projeção, sessão] **Beispiller** nom Kino si mer een huele gaangen; ech gi léiwer an de Kino ewéi an den Theater **2.** (Pluriel Kinoen) **DE** *Kino* [Gebäude] • **FR** *cinéma* [bâtiment] • **EN** *cinema* [building] • **PT** *cinema* [edifício] **Beispill** d'nächst Joer gëtt de Kino renovéiert

Kinoskeess [k'ino:ske:s] Femininum (Pluriel Kinoskeesen / Kinoskeessen) **DE** *Kinokasse* • **FR** *caisse de cinéma* • **EN** *cinema box office* • **PT** *bilheteira de cinema* **Beispill** virun der Kinoskeess steet eng meterlaang Schlaang

Kinoskomplex [k'ino:skomplæks] Maskulinum (Pluriel Kinoskomplexer) **DE** *Multiplex*, *Kinokomplex* • **FR** *complexe de cinéma* • **EN** *multiplex (cinema)* • **PT** *complexo de cinemas* **Beispill** de geplangte Kinoskomplex ass iwwerdimensionéiert

Kinossall [k'ino:szal] Maskulinum (Pluriel Kinossäll) **DE** *Kinosaal* • **FR** *salle de cinéma* • **EN** *cinema hall*, *cinema auditorium* • **PT** *sala de cinema* **Beispill** de Kinossall huet zwee Ausgänge

Kinshasa Eegennumm **DE** *Kinshasa* • **FR** *Kinshasa* • **PT** *Quinxassa* **Beispill** Kinshasa ass d'Hauptstad vun der Demokratescher Republik Kongo

Kiosk [kiosk] Maskulinum (Pluriel Kiosken) **1.** **DE** *Musikpavillon* • **FR** *kiosque (à musique)* • **EN** *bandstand* • **PT** *coreto* **Beispill** haut de Mëtteg spillt eng Fanfare um Kiosk an der Stad **2.** **DE** *Kiosk* • **FR** *kiosque (à journaux)* • **EN** *kiosk*, *news stand* • **PT** *quiosque* **Beispill** dee Kiosk verkeeft och Zeitungen aus dem Ausland

Kippchen [k'ipçən] Femininum (Pluriel Kippercher) – Diminutivform vun **↑**Coupe **DE** *Gläschen* (Schaumwein) • **FR** *petite coupe de (vin) mousseux*, *petit verre de (vin) mousseux* • **EN** *glass of sparkling wine*, *glass of crémant* • **PT** *tacinha de (vinho) espumante*, *copinho de (vinho) espumante* **Beispill** komm, mer ginn no der Aarbecht nach eng kleng Kippchen drénken!

kippen [k'ipən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekippt) » **transitiv 1.** **DE** *kippen* [schräg stellen] • **FR** *basculer* • **EN** *to tip*, *to tilt* • **PT** *incliná* [pôr em posição oblíqua] **Beispiller** mäin Unhänger léisst sech kippen; de Chauffer huet d'Kabinn misse kippen, fir um Motor ze schaffen; d'Oppositioun krut d'Gesetz net gekippt **[ëgs]** [d'Oppositioun krut d'Gesetz net verhénnert] **2.** **DE** *kippen* [schütten] • **FR** *déverser*, *verser* • **EN** *to tip* [to empty out] • **PT** *despejar*, *entornar* **Beispiller** de Wënzer huet d'Drauwen an d'Bidde gekippt; hien huet nach séier en Humpe gekippt, ier en heemgaangen ass **[ëgs]** [hien huet nach séier en Humpe gedronk, ier en heemgaangen ass] **Synonym** tippen ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gekippt) » **intransitiv 3.** **DE** *kippen* [umstürzen, umfallen] • **FR** *tomber* [en basculant] • **EN** *to topple over* • **PT** *cair* [inclinando-se] **Beispill** meng Bänknopesch ass während der Prüfung vum Stull gekippt!

i Verb, dat **kippen** als Basis huet: **↑**ëmkippen

Kirchen [k'i:ççən] Eegennumm - Variant vun **↑**Kierchen

Kirchermillen [k'irççemilən] Eegennumm - Variant vun **↑**Kierchermillen

Kirelshaff [ki:rəlsh'af] Eegennumm **DE** *Kirelshof* • **FR** *Kirelshof* • **EN** *Kirelshof* • **PT** *Kirelshof* **Beispiller** ech wunnen um Kirelshaff; fiert dëse Bus op de Kirelshaff?

Kirgis [k'irg'i:s] Maskulinum (Pluriel Kirgisen) **DE** *Kirgise* • **FR** *Kirghize* • **EN** *Kyrgyz* • **PT** *quirguiz* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Kirgis

kirgisesch [k'irg'i:zəʃ] Adjektiv **DE** *kirgisisch* • **FR** *kirghize* • **EN** *Kyrgyz* • **PT** *quirguiz* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi kirgisesch Kultur kenne geléiert

Kirginis [k'irg'i:zin] Femininum (Pluriel Kirgissinnen) **DE** *Kirginis* • **FR** *Kirghize* • **EN** *Kyrgyz* [female] • **PT** *quirguiz* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Kirginis

Kirgisistan [k'irg'i:zista:n] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum **DE** *Kirgisistan* • **FR** *Kirghizistan* • **EN** *Kyrgyzstan* • **PT** *Quirguistão* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Kirgisistan; ech fueren d'nächst Woch an de Kirgisistan; ech kommen aus dem Kirgisistan; ech war schonn dräimol a Kirgisistan; ech fueren d'nächst Woch a Kirgisistan; ech kommen aus Kirgisistan

i männlech Persoun: **↑**Kirgis weiblech Persoun: **↑**Kirginis Adjektiv: **↑**kirgisesch Haaptstad: **↑**Bischkek

kiribatesch [k'irib'a:təʃ] Adjektiv **DE** *kiribatisch* • **FR** *kiribatien* • **EN** *Kiribatian* • **PT** *quiribatiano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi kiribatesch Kultur kenne geléiert

Kiribati [k'irib'a:ti:] Eegennumm, Neutrum **DE** *Kiribati* • **FR** *Kiribati* • **EN** *Kiribati* • **PT** *Quiribáti* **Beispiller** ech war schonn dräimol op Kiribati; ech fueren d'nächst Woch op Kiribati; ech komme vu Kiribati

i männlech Persoun: **↑**Kiribatier weiblech Persoun: **↑**Kiribatierin Adjektiv: **↑**kiribatesch Haaptstad: **↑**South Tarawa

Kiribatier [k'irib'a:tje] Maskulinum (Pluriel Kiribatier) **DE** *Kiribatier* • **FR** *Kiribatien* • **EN** *Kiribatian* • **PT** *quiribatiano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Kiribatier

Kiribatierin [k'irib'a:tjerin] Femininum (Pluriel Kiribatierinnen) **DE** *Kiribatierin* • **FR** *Kiribatienne* • **EN** *Kiribatian* [female] • **PT** *quiribatiana* **Beispill** meng bescht Frëndin

ass Kiribatierin

Kirsch [kɪʀʃ] Maskulinum (Pluriel Kirsch)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Kischinau Eegennumm **DE** *Kischinau* • **FR** *Chisinau* • **PT** *Quixinau* **Beispill** Kischinau ass d'Haaptstad vun der Republik Moldau

Kisel [k'izəl] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Kiesel* [*Material*] • **FR** *cailloux* • **EN** *pebble* • **PT** *cascalho, seixos* **Beispiller** de Kisel grätscht ënner de Schong; ech hu léiwer d'Plagen aus Sand wéi déi mat Kisel

Kiselsteen [k'izəlfʃte:n] Maskulinum (Pluriel Kiselsteng) **DE** *Kieselstein* • **FR** *gravier, petit caillou (arrondi)* • **EN** *pebble* • **PT** *cascalho, seixo* **Beispill** d'Lausbouwen hu mat Kiselsteng op d'Stroosseschëld geschoss

Kitsch [kitʃ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Kitsch* • **FR** *kitsch* • **EN** *kitsch* • **PT** *kitsch* **Beispill** ech fannen, datt si vill Kitsch an hirer Vitriin stoen hunn

kitscheg [k'itʃəç] Adjektiv **DE** *kitschig* • **FR** *kitsch* <Adverb de façon kitsch> • **EN** *kitschy* <Adverb kitschily> • **PT** *kitsch* <Adverb de maneira kitsch> **Beispiller** déi kitscheg Dekoratioun huet ville Leit net gefall; wéi kanns de nëmmen esou e kitschege Film kucke goen!; hien deet sech gäre kitscheg un

Kittchen [k'itʃən] Maskulinum (kee Pluriel) **ëgs** **DE** *Kittchen, Knast* • **FR** *taule, cabane* [*prison*] • **EN** *nick* [*jail*] • **PT** *choça, pilda* **Beispill** déi jonk Fra sëtzt schonn zwee Joer wéinst engem Iwwerfall am Kittchen **Synonymmen** Bing, Klemmes, Prisong

Kittel [k'itəl] Maskulinum (Pluriel Kittelen) - Variant vun **♂**Kiddel

Kitten [k'itən] Substantiv (kee Singulier) **ëgs** **DE** *Moneten* • **FR** *fric, pognon* • **EN** *dough* [*money*] • **PT** *massa, pastel* [*dinheiro*] **Beispill** ech kann net mat an de Kino goen, well ech keng Kitten hunn **Synonymmen** Fric, Goss, Klacken, Mécken

Kittianer [kitj'ɑ:nə] Maskulinum (Pluriel Kittianer) **DE** *Kittianer* • **FR** *Kittitian* • **EN** *Kittitian, Nevisian* • **PT** *são-cristovense* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Kittianer

Kittianerin [k'itj'ɑ:nərin] Femininum (Pluriel Kittianerinnen) **DE** *Kittianerin* • **FR** *Kittitienne* • **EN** *Kittitian, Nevisian* [*female*] • **PT** *são-cristovense* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Kittianerin

kittianesch [kitj'ɑ:nəʃ] Adjektiv **DE** *kittianisch* • **FR** *kittitian* • **EN** *Kittian* • **PT** *são-cristovense* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi kittianesch Kultur kenne geléiert

Kitz Maskulinum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Kitzebuer [k'itsəbu:ɐ] Eegennumm **DE** *Kitzebuer* • **FR** *Kitzebuer* • **EN** *Kitzebuer* • **PT** *Kitzebuer* **Beispiller** ech wunnen um Kitzebuer; fiert dëse Bus op de Kitzebuer?

kitzen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekitzt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Kiwi [k'i:vi:] Maskulinum/Femininum (Pluriel Kiwien) **DE** *Kiwi* [*Frucht*] • **FR** *kiwi* [*fruit*] • **EN** *kiwi* [*fruit*] • **PT** *kiwi* [*fruta*] **Beispill** vun den exotesche Friichten hunn ech d'Kiwien am léifsten

Kiwi Maskulinum (Pluriel Kiwien) **DE** *Kiwi* [*Vogel*] • **FR** *kiwi* [*oiseau*] • **EN** *kiwi* [*bird*] • **PT** *kiwi* [*ave*] **Beispill** de Kiwi ass e Vull, deen nëmmen an Neuseeland virkënt

Kiwwel [k'ivəl] Maskulinum (Pluriel Kiwwelen) **1. DE** *Kübel* • **FR** *bac* [*réipient*] • **EN** *tub* [*container*] • **PT** *tina, vaso* **Beispill** du muss deng Blummen a méi grouss Kiwwele setzen **Synonym** Bac **2. DE** *Abfalltonne* • **FR** *poubelle* • **EN** *bin, dustbin* • **PT** *contentor do lixo* **Beispiller** ech ginn nach séier de Kiwwel erausstellen; d'Jonge vun de Kiwwele kréie fir Neijoerschdag en Drénggeld **ëgs** [d'Männer, déi d'Dreckschëchten eidel maachen, kréie fir Neijoerschdag en Drénggeld] **Synonymmen** Dreckskiwwel, Poubelle

Klaatsch [kla:tʃ] Maskulinum (kee Pluriel) **ëgs** **DE** *Klatsch* [*Gerede*] • **FR** *comméragé* • **EN** *gossip, tittle-tattle* • **PT** *bisbilhotice, coscuvilhice* **Beispill** et ass besser, wann ee sech aus dem Klaatsch eraushält **Synonym** Beschass

Klaatsch [kla:tʃ] Femininum (Pluriel Klaatschen) **1. ëgs** **pejorativ** **DE** *Klatschbase* • **FR** *pipelette* • **EN** *gossip* [*monger*] • **PT** *bisbilhoteira, coscuvilheira* **Beispill** so där Klaatsch näischt, well se zielt alles virun! **Synonym** Traatsch **2. ëgs** **pejorativ** **DE** *Petze* • **FR** *rapporteur* • **EN** *telltale, blabbermouth* • **PT** *delatora, denunciadora* **Beispill** et ass där Klaatsch hir eege Schold, wa kee méi mat hir schwätzt **Synonym** Klap

klaatschen [k'l'a:tʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklaatscht) » **transitiv 1. DE** *weitertragen* [*lausplaudern*] • **FR** *rapporter* [*rapéter, raconter*] • **EN** *to blab* [*to tell tales*] • **PT** *contar, repeter* **Beispill** pass op, hie geet der Joffer ëmmer alles klaatschen! » **intransitiv 2. DE** *klatschen* [*tratschen*] • **FR** *cancaner, faire des comméragés* • **EN** *to gossip* • **PT** *tagarelar, palrar* **Beispill** d'Quisele stinn erëm beim Bäcker ze klaatschen

Klaatschert [k'l'a:tʃet] Maskulinum (Pluriel Klaatscherten) - männlech Form vun **♂**Klaatsch **Synonym** Klapert

klabberen [k'l'əbərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklabbert) » **intransitiv DE** *klappern* • **FR** *claquere* [*à répétition, en s'entrechoquant*], *cliqueter* • **EN** *to rattle, to chatter* • **PT** *bater* [*repetidamente, fazendo ruido*] **Beispiller** et war esou kal an der Kierch, datt d'Leit mat den Zänn geklabbert hunn; wéinst där viller Loft dobausse klabberen d'Lueden an engem Stéck

Klabes [k'l'a:bəs] Maskulinum (Pluriel Klabessen) **ëgs** **DE** *Knarre, Schießeisen* • **FR** *lingue, pétard* • **EN** *piece, shooter* • **PT** *fusca, escopeta* **Beispill** beim Iwwerfall huet dat Kallef vu Brigang sech mam Klabes an de Fouss geschoss

Klack [klak] Femininum (Pluriel Klacken) **1. DE** *Glocke* [*Klangkörper*] • **FR** *cloche, clochette* • **EN** *bell* [*metal instrument*] • **PT** *sino, chocalho* **Beispiller** scho vu Wäitem héiert een d'Gebimmels vun de Klacken; hien huet der Geess eng Klack ëmgehaangen; du häns ëmmer alles un d'grouss Klack! **ëgs** [du kanns näischt fir dech

halen!]; et muss een déi zwou **Klacken** héieren! [égs] let muss een déi zwou Meenunge betruachten!; déi **Klack** kenne mer schonn! [égs] [déi Geschicht kenne mer schonn] **2. DE Glocke** [glockenförmiger Gegenstand] • **FR cloche** [objet en forme de cloche] • **EN (domed) dish cover** • **PT campânula, redoma** **Beispill** an deem Restaurant gi vill Platen enner enger **Klack** zerweiert **3. (kee Singulier)** [égs] **DE Moneten** • **FR fric, pognon** • **EN dough** [money] • **PT massa, pastel** [dinheiro] **Beispill** ech géif gären eng Tournée ginn, mee ech hu keng **Klacke** méi **Synonymmen** Fric, Goss, Kitten

Gläckelchen [k'lækəlçən] **Femininum** (Pluriel Gläckelcher) - Diminutivform vun **Glack**

Klackspepill [k'lakəspil] **Neutrum** (Pluriel Klackspepiller) **1. DE Glockenspiel** [eines Kirchturms] • **FR carillon** [d'une église] • **EN ring of (church) bells, carillon** • **PT carrilhão** [de uma igreja] **Beispill** ech lauschten dem Klackspepill vun eiser Kierch fir mäi Liewe gär no **2. DE Glockenspiel** [Musikinstrument] • **FR carillon** [métallophone] • **EN glockenspiel** • **PT jogo de sinos** [metalofone] **Beispill** als Museksschüler hunn ech all Dag fläisseg Gammen um Klackspepill geübt

klaken [k'l'a:kən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participle passé geklaakt) » **transitiv 1. DE zuschlagen** [mit Wucht schließen] • **FR claquer** [fermer violemment] • **EN to slam, to bang** [a door] • **PT bater, fechar com força** **Beispiller** klak d'Dieren net esoul; hien huet d'Dier geklaakt [égs] [hien huet stënterlech gekënnegt] **2. [égs] DE schmeißen** [werfen] • **FR flanquer** [lancer] • **EN to fling, to chuck** • **PT atirar, arremessar** **Beispiller** hatt huet säi Schoulsak an den Eck geklaakt an ass spille gaangen; du hues eng gestiicht an ech kann d'Pan klaken! [du hues eng gestiicht an ech muss d'Konsequenzen droen]; hie gouf um Gericht geklaakt [hie gouf um Gericht elle bestrooft] **Synonymmen** schmäissen, jumen, puchen **3. [égs] engem eng klaken** **DE jemandem eine knallen** • **FR donner une claque à quelqu'un, gifler quelqu'un** • **EN to slap somebody** • **PT dar uma estalada a alguém** **Beispill** d'Fra huet hirem Mann virun alle Leit eng geklaakt **Synonymmen** engem eng bootschen, engem eng dauschen, engem eng jauwen, engem eng schären, engem eng tachtelen » **intransitiv - och onperséinlech 4. DE knattern, knallen** • **FR claquer** [produire un son sec] • **EN to flap, to snap** • **PT estalar** [emitir um som seco] **Beispiller** de Fändel klaakt am Wand; sief elo roueg, soss klaakt et! [égs] [sief elo roueg, soss schloen ech dech!]

1 Verb, dat **klaken** als Basis huet: **zouklaken**

Klam [kla:m] **Femininum** (Pluriel Klamen) **1. DE Wäscheklammer** • **FR pince à linge** • **EN (clothes) peg** • **PT mola de roupa** **Beispill** wann s de mer sees, wou d'Klame sinn, dann hänken ech der d'Wäsch op **2. DE Wundklammer** • **FR agrafe** (de suture) • **EN skin clip, surgical staple** • **PT agrafa** [de sutura] **Beispill** d'Wonn ass gutt geheelt, muer kréien ech d'Klamen herausgeholl

Klamer [k'l'a:mə] **Femininum** (Pluriel Klameren) **1. DE Klammer** [Schriftzeichen] • **FR parenthèse** [signe graphique] • **EN bracket** [typographical symbol] • **PT parêntese** [sinal gráfico] **Beispill** lies och dat, wat tèschent de Klamere steet! **2. DE Büroklammer** • **FR trombone** [petite agrafe] • **EN paper clip** • **PT clipe** [para juntar papéis]

Beispiller d'Blieder ware mat enger **Klamer** uneneegeheft; d'Klamere leien am rietsen Tirang vu mengem Schreifdäsch **Synonym** Bürosklamer **3. DE Wäscheklammer** • **FR pince à linge** • **EN (clothes) peg** • **PT mola de roupa** **Beispill** wann s de mer sees, wou d'Klamere sinn, dann hänken ech der d'Wäsch op

1 Variant: **Klammer**

klameren [k'l'a:mərən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participle passé geklamert) » **reflexiv** sech klameren un **DE sich klammern an** • **FR se cramponner à, se raccrocher à** • **EN to cling to** • **PT agarrar-se a, aferrar-se a** **Beispiller** de klenge Bouf huet sech u seng Mamm geklamert; hien huet sech un d'Virstellung geklamert, seng Fra kéim enges Daags erëm [égs] [hien huet net opgehale ze hoffen, seng Fra kéim enges Daags erëm]

1 Verben, déi **klameren** als Basis hunn: **ausklameren** an **festklameren**

1 Variant: **klammeren**

klammen [k'l'amən] **Verb** (Hëllefverb sinn, Participle passé geklommen / geklomm) » **intransitiv 1. DE steigen** [sich aufwärts bewegen] • **FR grimper, monter** [se déplacer verticalement, gagner en altitude] • **EN to climb** [to ascend] • **PT subir** [mover-se na vertical, ganhar altitude] **Beispill** fir kënnen ze klammen, muss e Ballon mat waarmer Loft gefëllt ginn **2. DE steigen** [sich kletternd begeben] • **FR grimper** [monter, descendre, franchir en grimant] • **EN to climb** (up), to climb down, to climb over • **PT subir, descer** [com a ajuda de pés e mãos] **Beispiller** hie klëmmt op d'Leeder, fir eng nei Bier anzedrëien; klamm emol op de Späicher kucken, ob d'Daachlicht zou ass; d'Pompjeeé sinn an de Pëtz geklommen; d'Bouwe sinn iwwee d'Mauer geklommen **Synonym** kloteren **3. DE steigen** [einsteigen, aufsitzen] • **FR monter** [s'installer] • **EN to climb in(to)** [a car, a bath], to climb on, to mount [a bicycle] • **PT subir, montar** [instalar-se] **Beispiller** klamm séier an den Auto, mir hu schonn 20 Minutte Verspëdung!; no mengem Accident konnt ech eng Zäit net eleng an d'Bidde klammen; de Bouf ka schonn eleng op säi Vëlo klammen **4. DE steigen** [aussteigen, absitzen] • **FR descendre** [s'extraire, sortir] • **EN to climb out of** • **PT descer** [apear, sair] **Beispiller** hëllef der Bomi, fir aus dem Auto ze klammen!; wann et staark biergop geet, klammen ech vum Vëlo **5. DE klettern** [Bergsport betreiben] • **FR faire de l'escalade, faire de l'alpinisme** • **EN to climb** [mountains] • **PT fazer escalada, fazer alpinismo** **Beispill** si ginn, esou dacks et geet, an d'Bierger klammen **Synonym** kloteren **6. DE steigen** [zunehmen, ansteigen] • **FR monter, augmenter** • **EN to climb, to increase** • **PT subir** [aumentar] **Beispiller** d'Präisser vum Bensinn klamme schonn erëm; nom ville Ree sinn d'Baache geklommen

1 Verben, déi **klammen** als Basis hunn: **ëmklammen**, **eraklammen**, **erausklammen**, **erofklammen** an **eropklammen**

Klammer [k'l'amə] **Femininum** (Pluriel Klammeren) - Variant vun **Klamer**

klammeren [k'l'amərən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participle passé geklammert) - Variant vun **klameren**

1 Verben, déi **klammeren** als Basis hunn: **ausklammeren** an **festklammeren**

Klammwand Femininum (Pluriel Klammwänn) DE *Kletterwand* • FR *paroi d'escalade, mur d'escalade* • PT *parede de escalada* **Beispiller** jiddereen, deen an d'Klammwand geet, muss gesécherert ginn ; d'Klammwand an der Sportshal vun der Schoul ass de Weekend fir jiddereen zougänglech **Synonym** Kloterwand

Klang [klaŋ] Maskulinum (Pluriel Kläng) DE *Klang* • FR *son, timbre* • EN *sound [tone]* • PT *som, timbre* **Beispill** duerch d'Renovatioun huet d'Uergel hiren harmonesche Klang erëmkritt

i Variant: Klang

Klank [klaŋk] Maskulinum (Pluriel Kläng) - Variant vun ↗Klang

Klap [kla:p] Femininum (Pluriel Klappen) [ëgs] DE *Petzerin* • FR *cafardeuse, rapporteuse* • EN *sneak, telltale [female]* • PT *delatora, denunciadora* **Beispill** elo huet déi Klap dem Schoulmeeschter verroden, datt mir d'Klassebuch verstoppt hunn! **Synonym** Klaatsch

i Männlech Form: ↗Klapert

klapen [kl'a:pən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklaapt) » **intransitiv** [ëgs] DE *petzen* • FR *cafarder* • EN *to tell on, to grass* • PT *fazer delação, fazer denúncia* **Beispill** géi net bei de Schoulmeeschter klapen, well domat méchs de der keng Frënn!

Klapert [kl'a:pət] Maskulinum (Pluriel Klaperten) [ëgs] DE *Petzer* • FR *cafardeur, rapporteur* • EN *sneak, tell-tale* • PT *delator, denunciador* **Beispill** d'Kanner hunn de Klapert an der Paus zerguttst gebeetscht **Synonym** Klaatschert

i Weiblech Form: ↗Klap

Klapp [klap] Femininum (Pluriel Klappen) **1.** DE *Klappe [Deckel, Verschluss]* • FR *couvercle [rabattable]* • EN *lid, top* • PT *tampa [rebatível]* **Beispiller** d'Klapp vun eiser Bréifkëscht ass futti; no der Partie Kaart gounge mir direkt an d'Klapp [ëgs] [no der Partie Kaart gounge mir direkt an d'Bett] **2.** DE *Klappe [eines Musikinstruments]* • FR *clé [d'un instrument de musique]* • EN *key, valve [of a musical instrument]* • PT *chave [de um instrumento musical]* **Beispill** d'Klappe vu mengem Saxofon missten nogekuckt ginn

Klapp [klap] Substantiv **1.** (Pluriel Kläpp, kee Singular) [ëgs] DE *Schläge, Hiebe* • FR *volée de coups, raclée* • EN *thumping, thrashing* • PT *tareia, pancadaria* **Beispill** hal op, soss gëtt et Kläpp! **2.** [ëgs] Rapp a Klapp DE *Mord und Totschlag* • FR *grabuge* • EN *havoc, pandemonium* • PT *zaragata* **Beispill** d'Kamelle muss gerech verdeelt ginn, soss gëtt et Rapp a Klapp!

Kläpp [klæp] Femininum (Pluriel Kläppen) [ëgs] DE *Schlägerei, Rauferei* • FR *bagarre, rixe* • EN *punch-up, brawl* • PT *pancadaria, briga* **Beispill** mäi Frënd krut bei enger Kläpp zwee Zänn ageschloen **Synonym** Kläpperei

klappen [kl'apən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklappt) » **transitiv** **1.** DE *klopfen, schlagen* • FR *battre [pour changer la forme ou la consistance]* • EN *to beat [to shape iron], to break up [stone], to whisk, to beat [egg white]* • PT *bater [para alterar a forma ou a*

consistência], quebrar [pedras] **Beispiller** de Schmadd huet d'Eise mam Hummer an déi richteg Fassong geklappt; fréier hunn déi aarm Leit Steng geklappt, fir e puer Su ze verdéngen; fir d'éischt muss dat Wäisst vum Ee zu Schnéi geklappt ginn **2.** DE *klopfen [zum Reinigen]* • FR *battre [pour épousseter]* • EN *to beat [la carpet]* • PT *bater [para sacudir o pó]* **Beispill** d'Mamm huet d'Teppacher op der Terrass geklappt **3.** DE *klopfen [einschlagen]* • FR *enfoncer [au marteau]* • EN *to knock in, to hammer in* • PT *pregar [com um martelo]* **Beispill** ech hunn en décken Nol an d'Mauer geklappt **4.** [ëgs] DE *abklappern, ablaufen* • FR *parcourir [pour trouver]* • EN *to comb [to search]* • PT *bater, percorrer [para encontrar]* **Beispill** mir hunn all Bijouterie geklappt, fir e Kaddo ze fannen **Synonymmen** auslafen, ofklapperen **5.** [ëgs] DE *schlagen [besiegen]* • FR *battre [vaincre]* • EN *to hammer, to beat [to defeat]* • PT *bater [vencer]* **Beispiller** eis Ekip huet de Champion mat 5:0 geklappt; fréier oder spéider klappen ech dech! **Synonym** wixhen » **intransitiv** **6.** DE *klopfen [leicht schlagen]* • FR *taper [donner une tape, de petits coups]* • EN *to clap [on the shoulder], to knock [on a door]* • PT *bater [dar pancadas leves]* **Beispiller** nom Match huet den Trainer dem Stiermer op d'Schëller geklappt; Klapp léiwer (un d'Dier), ier s de eragees!; ech mengen, et huet (een un d'Dier) geklappt **7.** DE *klappern [klappernde Geräusche machen]* • FR *claquer [faire du bruit]* • EN *to rattle, to bang* • PT *bater [fazer barulho]* **Beispill** déi ganz Nuecht huet eng Lued geklappt **8.** DE *klopfen [pulsieren]* • FR *battre [être animé de battements]* • EN *to beat [to throb, to pound]* • PT *bater [pulsar]* **Beispill** esoubal ech hatt gesinn, klappt mäin Häerz méi séier **Synonym** schloen **9.** DE *klappen [gelingen, funktionieren]* • FR *marcher [réussir], aller [bien se dérouler]* • EN *to work out [to go as planned], to work [to go well]* • PT *correr bem, resultar, dar certo* **Beispiller** wéi ëmmer huet alles wonnerbar geklappt; an där Saach do klappt eppes net! **Synonymmen** goen, klawéieren **10.** (an d'Hänn) klappen DE *(in die Hände) klatschen, (Beifall) klatschen* • FR *taper dans les mains, applaudir* • EN *to clap (one's hands), to applaud* • PT *bater (as) palmas, aplaudir* **Beispiller** wéi ech an d'Hänn geklappt hunn, ass de Kueb fortgefunn; d'Leit hu vu Begeeschterung geklappt **11.** [ëgs] klappen op DE *herumhacken auf [kritisieren]* • FR *fustiger [critiquer], malmener* • EN *to attack [to criticize], to pick on* • PT *desancar, cair sobre [criticar]* **Beispiller** d'Opposition léisst keng Geleeënheet aus, fir op d'Regierung ze klappen; schonn an der Schoul gouf nëmmen op dee Bouf geklappt

i Verben, déi **klappen** als Basis hunn: ↗aklappen, ↗ausklappen, ↗emklappen, ↗eraklappen, ↗erëmklappen, ↗eropklappen, ↗lassklappen, ↗ofklappen, ↗opklappen, ↗opklappen, ↗uklappen, ↗zesummeklappen an ↗zouklappen

Kläpper [kl'æpə] Maskulinum (Pluriel Kläpper) **1.** DE *Teppichklopfen* • FR *tapette à tapis* • EN *carpet-beater* • PT *batedor de tapetes* **Beispill** fréier hat all Stot e Kläpper, fir d'Teppacher ze klappen **2.** DE *Schläger [Raufbold]* • FR *brute, bagarreur [personne violente]* • EN *thug* • PT *brigão, arruaceiro* **Beispiller** hien ass an der ganzer Émgegend als Kläpper bekannt; et hate sech e puer Kläpper ënner d'Demonstrante gemëscht **3.** DE *Treiber [bei der Jagd]* • FR *traqueur* • EN *beater [at hunts]* • PT *batedor [de caça]* **Beispill** d'Kläpper hunn de Jeeër d'Wëld virun d'Flënt gedriwwen

Klapperei [klæpə'rɔi] Femininum (Pluriel Klappereien) DE Schlägerei, Rauferei • FR bagarre, rixe • EN punch-up, brawl • PT pancadaria, briga **Beispill** mäi Frënd krut bei enger Klapperei zwee Zänn ageschloen

Klappjuegd [klapj'ʊæçt] Femininum (Pluriel Klappjuegten) DE Treibjagd • FR battue • EN battue • PT caça de batida **Beispill** op der Klappjuegd waren 20 Jeeër

Klapplued [kl'aplʊæt] Femininum (Pluriel Klapplueden) DE Fensterladen • FR volet, persienne • EN louvre shutter, panel shutter • PT persiana, portada **Beispiller** an der Vakanz hunn ech d'Klappluede frësch ugestrach; d'Klappluede kann ee just vu banne richtig zoumaachen

Klappschmant Maskulinum (kee Pluriel)

1 Hei entsteeet en neien Artikel.

Klappstull [kl'apftul] Maskulinum (Pluriel Klappstull) DE Klappstuhl • FR chaise pliante, strapontin • EN folding chair • PT cadeira articulada **Beispill** mir hunn déi al, rabbeleg Klappstull all op den Tipp gehäit

Kläranlag [kl'ɛ:ranla:χ] Femininum (Pluriel Kläranlagen) DE Kläranlage • FR station d'épuration • EN sewage works • PT estação de tratamento de águas residuais, estação de depuração **Beispiller** d'Ofwässer aus eiser Gemeng lafen an déi nei regional Kläranlag; fënns de och, datt et no Kläranlag richt?

klären [kl'ɛ:RƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekläert) » **transitiv 1.** DE klären [reinigen] • FR épurer [purifier] • EN to treat [sewage] • PT depurar [purificar] **Beispill** d'Ofwaasser gött mat deenen neisten Technologjé gekläert **2.** DE klären [sich Klarheit verschaffen über] • FR éclaircir, élucider • EN to clarify, to resolve • PT esclarecer, elucidar **Beispiller** ier mer eng Decisioun huelen, mussen déi verschidde Punkte gekläert ginn; d'Emstänn vum Accident sinn nach net gekläert **3.** DE klären, bereinigen • FR régler, tirer au clair • EN to sort [to deal with] • PT resolver, tirar a limpo **Beispiller** duerch intensiv Gespréicher konnt déi däreg Affär gekläert ginn; kläert dat do emol ënner iech an da kucke mer virun! **4.** DE klären [den Ball] • FR déga-ger [le ballon] • EN to clear [the ball] • PT aliviar [a bola] **Beispill** den Defenseur huet (de Ball) an der leschter Sekonn virum eidele Gol gekläert **Synonym** degagéieren » **reflexiv 5.** DE sich klären [sich aufklären] • FR se résoudre [s'éclaircir, s'expliquer] • EN to resolve itself • PT esclarecer-se [ficar claro, explicar-se] **Beispill** d'Fro huet sech vum selwe gekläert

1 Verben, déi **klären** als Basis hunn: »opklären an »opklären

Klarinett [klarín'æt] Femininum (Pluriel Klarinetten) DE Klarinette • FR clarinette • EN clarinet • PT clarinete **Beispiller** virun der Prouf hunn ech d'Blietche vu menger Klarinett gewiesselt; dat do ass ënner aller Klarinett! [egs] [dat do ass onerhéiert!]

Klarinettist [klarínæ't'ist] Maskulinum (Pluriel Klarinettisten) DE Klarinettist • FR clarinetiste • EN clarinetist • PT clarinetista **Beispill** d'Publikum war vum Klarinettist sengem Solo begeeschtert

1 Weiblech Form: »Klarinettistin

Klarinettistin [klarínæ't'istin] Femininum (Pluriel Klarinettistinnen) DE Klarinettistin • FR clarinetiste [femme, fille] • EN clarinetist [female] • PT clarinetista [mulher, rapariga] **Beispill** ech si Klarinettistin an engem groussen Orchester

1 Männlech Form: »Klarinettist

Klärschlamm [kl'ɛ:çflam] Maskulinum (Pluriel <seelen> Klärschlämm) DE Klärschlamm • FR boues d'épuration • EN sewage sludge • PT lama de depuração **Beispiller** am Klärschlamm goufen héich Konzentrationen u Koffer, Zénk, Bläi, Kadmium, Chrom an Néckel nogewisen; am Ament ass den Asaz vu Klärschlamm fir d'Dünge vu Felder op dräi Tonnen am Joer limitéiert

Klass [klas] Femininum **1.** (Pluriel Klassen) DE Klasse [Schulklasse] • FR classe (d'école) • EN class [school class] • PT classe, turma [de alunos] **Beispiller** d'Leierin huet dëst Joer eng disziplinéiert Klass; déi iewescht Klasse ginn de Mëtteg schwammen **Synonym** Schouklass **2.** (Pluriel Klassen) DE Klasse [Gesellschaftsklasse] • FR classe [milieu social] • EN class [social class] • PT classe [grupo social] **Beispill** déi ënnescht Klasse vun eiser Gesellschaft hu staark ënner der Kris gelidden **Synonym** Schicht **3.** (Pluriel Klassen) DE Klasse, Kategorie • FR classe, catégorie • EN class, category • PT classe, categoria **Beispill** d'Joffer huet de Kanner gewisen, wéi een d'Planzen a verschidde Klasse kann andeelen **Synonym** Kategorie **4.** (Pluriel Klassen) DE Klasse [Qualitätsstufe] • FR classe [catégorie de qualité] • EN class [quality, rating] • PT classe [categoria de qualidade] **Beispiller** an der zweeter Klass ware keng Sëtzplaze méi fräi; deen neie Restaurant ass e puer Klasse besser ewéi deen alen **5.** (kee Pluriel) DE Klasse, Stil, Schick • FR classe [style] • EN class [style] • PT estilo, classe [elegância] **Beispill** et muss ee soen, deng Tenue huet Klasse **Synonym** Stil

Klassebescht [klasəb'æft] Femininum/Neutrum (Pluriel Klassebescht) DE Klassenbeste • FR première de la classe • EN top pupil, best in the class [female] • PT melhor da turma [aluna] **Beispill** hatt war am Lycée all Joer Klassebescht

1 Männlech Form: »Klassebeschten

Klassebeschten [klasəb'æftən] Maskulinum (Pluriel Klassebescht) DE Klassenbester • FR premier de la classe • EN top pupil, best in the class • PT melhor da turma **Beispiller** ech war a menger ganzer Lycéeszäit (de) Klassebeschten; mat där Approche gött déi Autosmark ni (de) Klassebeschte bei de Sportsween [mat där Approche baut déi Autosmark ni déi bescht Sportsween]

1 Weiblech Form: »Klassebescht

Klassebuch [kl'asəbuχ] Neutrum (Pluriel Klassebicher) DE Klassenbuch • FR livre de classe [registre des matières et des absences] • EN class register • PT livro de ponto **Beispill** de Professor schreift d'Absencen an d'Klassebuch

Klassfoto [kl'asəfoto:] Femininum (Pluriel Klassefotoen) DE Klassenfoto • FR photo de classe • EN class photo • PT foto de turma **Beispill** fir d'Klassfoto hunn déi Grouss sech virun déi Kleng op d'Hippercher

gesat

Klassefriess Femininum (Pluriel Klassefriessen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Klasséieren [klas'ʒiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé klasséiert) » **transitiv 1.** **DE** ordnen, sortieren • **FR** classer [ranger, trier] • **EN** to file (away) [to organize, to sort] • **PT** classificar [arrumar, ordenar] **Beispiller** ech hunn de ganze Mëtteg al Rechnunge klasséiert; d'Dossiere sinn dem Alphabet no klasséiert **Synonym** sënneren **2.** **DE** klassieren • **FR** classer [classifier, catégoriser] • **EN** to classify [to categorize] • **PT** classificar [categorizar] **Beispill** ech weess net, a wat fir eng Kategorie dëse Produit klasséiert **gëtt 3.** **DE** unter Denkmalschutz stellen • **FR** classer [un site, un édifice] • **EN** to list [a site, a building] • **PT** classificar [um sitio, um edificio] **Beispiller** déi ganz Alstad gouf klasséiert; den ale Bauerenhaff ass klasséiert **4.** **DE** ad acta legen, abschließen • **FR** classer [considérer comme terminé] • **EN** to consider closed • **PT** arquivar [dar por concluído] **Beispiller** de Parquet huet d'Affär no 25 Joer klasséiert; fir mech ass déi Saach klasséiert; däi Frënd ass bei mir klasséiert **[ëgs]** [ech wëll näischt méi mat dengem Frënd ze dinn hunn] » **reflexiv 5.** **DE** sich platzieren • **FR** se classer • **EN** to finish, to be placed [in a competition] • **PT** classificar-se **Beispiller** d'Triathleetin huet sech ganz vir klasséiert; dee jéngste Schwëmmer huet sech als Zweete klasséiert **Synonym** sech placéieren

I Verb, dat **klasséieren** als Basis huet: **➤** **aklasséieren**

Klassekomerod [kl'asəkóməro:t] Maskulinum (Pluriel Klassekomeroden) **DE** Klassenkamerad • **FR** camarade de classe • **EN** classmate • **PT** colega de turma **Beispill** et waren net méi vill Klassekomeroden op eisem leschte Konveniat

I Weiblech Form: **➤** Klassekomerodin

Klassekomerodin [kl'asəkóməro:din] Femininum (Pluriel Klassekomerodinnen) **DE** Klassenkameradin • **FR** camarade de classe [écolière, lycéenne] • **EN** classmate [female] • **PT** colega de turma [aluna] **Beispill** eis nei Klassekomerodin schéngt ganz fein ze sinn

I Männlech Form: **➤** Klassekomerod

Klassement [klasəm'ænt] Neutrum (Pluriel Klassementer) **DE** Rangliste, Ranking • **FR** classement [rang] • **EN** (league) table, ranking • **PT** classificação, ranking **Beispill** am Klassement steet eis Ekipp op der drëtter Plaz

Klassendelegiert [kl'asəndelegiɛt] Femininum (Pluriel Klassendelegiert / Klassendelegiierter) **DE** Klassensprecherin • **FR** déléguée de classe • **EN** class spokeswoman • **PT** delegada de turma **Beispill** meng Frëndin gëtt ëmmer nees als Klassendelegiert erëmgewielt

I Männlech Form: **➤** Klassendelegierten

Klassendelegierten [kl'asəndelegiɛtən] Maskulinum (Pluriel Klassendelegiert / Klassendelegiierter) **DE** Klassensprecher • **FR** délégué de classe • **EN** class spokesman • **PT** delegado de turma **Beispill** mäi beschte Kolléeg gouf eestëmmeg zum Klassendelegierte gewielt

I Weiblech Form: **➤** Klassendelegiert

Klasserees [kl'asəre:s] Femininum (Pluriel Klassereesen) **DE** Klassenfahrt • **FR** voyage scolaire • **EN** school trip, class trip • **PT** viagem escolar **Beispill** op der Versammlung goufen d'Elteren iwwe d'Klasserees informéiert

Klassesall [kl'asəzəl] Maskulinum (Pluriel Klassesäll) **DE** Klassenzimmer, Klassenraum • **FR** salle de classe • **EN** classroom • **PT** sala de aula **Beispiller** d'Joffer huet d'Kanner an de Klassesall geschéckt; an där aler Primärschoul ginn d'Klassesäll nei ugestrach **Synonym** Schoulsall

Klassesch [kl'asəʃ] Adjektiv **1.** **DE** klassisch [antik] • **FR** classique [antique] • **EN** classical [ancient] • **PT** clássico [antigo] **Beispiller** hire Bouf beherrscht zwou klassesch Sproochen; hie war an engem klassesche Lycée [hie war an engem Lycée, wou och Griichesch a Latäin geléiert gëtt] **2.** **DE** klassisch [zur Klassik gehörend] • **FR** classique [appartenant au classicisme] • **EN** classical [belonging to classicism] • **PT** clássico [pertencente ao classicismo] **Beispill** eis Kanner fanne klasseschen Theater langweileg **3.** **DE** klassisch [anerkannt, muster-gültig] • **FR** classique [reconnu, exemplaire] • **EN** classic [recognized, established] • **PT** clássico [reconhecido, exemplar] **Beispill** am Lycée hu mir och déi klassesch Auteure vun der moderner Literatur behandelt **4.** **DE** klassisch [typisch, traditionell] • **FR** classique [typique, traditionnelle] • **EN** classic [typical] • **PT** clássico [típico, tradicional] **Beispill** dat do ass e klassescht Virurteel!

Klassestrof [kl'asə'tro:f] Femininum (Pluriel Klassestrofen) **DE** Kollektivstrafe [einer ganzen Schulklasse] • **FR** punition collective [d'une classe scolaire] • **EN** collective punishment [of a school class] • **PT** castigo coletivo [de uma turma escolar] **Beispill** an der Zäit hat ech eng Professesch, déi gär Klassestrofen ausgedeelet huet

Klassifikatioun [klasifikasi'ʔəʊn] Femininum (Pluriel Klassifikatiounen) **DE** Einteilung [in Klassen, in Kategorien] • **FR** classification • **EN** classification • **PT** classificação **Beispill** de Ministère huet eng Klassifikatioun vun de Medikamenter opstelle gelooss

Klassifizieren [klasifits'ʒiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé klassifiziert) » **transitiv DE** einteilen [in Klassen, in Kategorien] • **FR** classifier • **EN** to classify • **PT** classificar **Beispill** dës cheemesch Stoffe goufen nach net klassifiziert

Klassik [kl'asik] Femininum (kee Pluriel) **1.** **DE** Klassik • **FR** classicisme • **EN** classicism • **PT** classicismo **Beispill** mir hunn haut an der Schoul iwwe d'Klassik geschwat **2.** **DE** klassische Musik • **FR** musique classique • **EN** classical music • **PT** música clássica **Beispill** hie lauschtet gäre Klassik **Synonym** klassesch Musek

Klassiker [kl'asike] Maskulinum (Pluriel Klassiker) **1.** **DE** Klassiker [Werk] • **FR** classique [œuvre] • **EN** classic • **PT** clássico [obra] **Beispill** dee Film ass mëttlerweil e Klassiker **2.** **DE** Klassiker [Person] • **FR** classique [personnel] • **EN** classical writer • **PT** clássico [pessoa] **Beispill** dee Schrëftsteller gehéiert zu de Klassiker

klätschen [kl'ætʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklätscht)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Klatz [klats] Femininum (Pluriel Klatzen) **1.** DE Kugel (runder Körper) • FR *boule* [corps sphérique] • EN *ball*, *snowball* • PT *bola* [corpo esférico] **Beispiller** hie geréit fënnef Keele mat enger Klatz; déi beschte Klatzen dréit ee mat naassem Schnéi; mir hunn haut eng roueg Klatz gedréit [égs] [mir hunn haut net vill geschafft]; wéi mir jonk waren, hu mir vill Klatze gedréit [égs] [wéi mir jonk waren, hu mir der vill gesticht] **2.** [égs] DE *Birne*, *Schädel* • FR *crâne*, *caboche* • EN *bonce* • PT *cabeça* [crânio] **Beispiller** ech hunn d'Klatz wéi; hie géing mat der Klatz duerch d'Mauer [hien ass klatzkäppeg] **Synonymmen** Bëlz, Bier, Bomm, Schierbel

Klatzkapp [kl'atskap] Maskulinum (Pluriel Klatzkäpp) [égs] DE *Dickschädel* • FR *tête de mule* • EN *pig-headed person* • PT *cabeçudo*, *teimoso* **Beispill** et ass schwéier, sech mat deem Klatzkapp eens ze ginn! **Synonymmen** Déckkapp, Rabbelkapp, Tockskapp

klatzkäppeg [kl'atskæpəç] Adjektiv [égs] DE *dickköpfig* • FR *entêté* • EN *pig-headed* • PT *cabeçudo*, *teimoso* **Beispill** wéi kann een nëmmen esou klatzkäppeg sinn? **Synonymmen** tockeg, tockskäppeg, rabbelkäppeg

klauen [kl'auən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklaut) » **transitiv** DE *stehlen*, *klauen* • FR *voler* [prendre, dérober] • EN *to steal* • PT *roubar*, *furtar* **Beispill** et huet een d'Suen aus dem Afferstack geklaut! **Synonym** stielen

Klauschter [kl'au:çtɛ] Neutrum (Pluriel Klauschteren) DE *Vorhängeschloss* • FR *cadenas* • EN *padlock* • PT *cadeado*, *aloquete* **Beispill** eist Klauschter un der Gaardepaart ass ganz verrascht **Synonym** Schluss

Klausel [kl'auzəl] Femininum (Pluriel Klauselen) DE *Klausel* • FR *clause* • EN *clause* • PT *cláusula* [disposição, preceito] **Beispill** ech si mat verschiddene Klauselen vum Kontrakt net averstanen

Klaushaff [klaʊsh'af] Eegennumm DE *Klaushof* • FR *Claushof* • EN *Claushof* • PT *Claushof* **Beispiller** ech wunnen um Klaushaff; fiert dëse Bus op de Klaushaff bei Schëndels?

Klaushaff [klaʊsh'af] Eegennumm DE *Klaushaff* • FR *Klaushaff* • EN *Klaushaff* • PT *Klaushaff* **Beispiller** ech wunnen um Klaushaff; fiert dëse Bus op de Klaushaff bei Gräisch?

Klaustrophobie [klaʊstɾofob'i:] Femininum (kee Pluriel) DE *Klaustrophobie* • FR *claustrophobie* • EN *claustrophobia* • PT *claustrofobia* **Beispill** ech klammen net an e Lift, well ech ënner Klaustrophobie leiden

Klautjen [kl'æ:ʊtçən] Maskulinum (Pluriel Klautercher) **1.** DE *Nagelschmied* • FR *cloutier* • EN *nailer* • PT *pregueiro* **Beispill** de Beruff vum Klautjen ass ausgestuerwen **2.** [égs] [pejorativ] DE *Töpel*, *Dummkopf* • FR *sot* • EN *fool*, *twerp* • PT *palerma*, *simpório* **Beispill** elo huet dee Klautjen d'Dier zougezunn an de Schlëssel bannena leie gelooss! **Synonymmen** Dabo, Dräibiz, Eefalt, Klunni, Hännnes, Topert

klawéieren [klav'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé klawéiert) » **intransitiv** DE *klappen* [gehen, funktionieren] • FR *marcher* [réussir], *aller* [bien se dérouler] • EN *to work out* [to go as planned], *to work* [to

go well] • PT *correr bem*, *resultar*, *dar certo* **Beispiller** wéi ëmmer huet alles wonnerbar klawéiert; an där Saach do klawéiert eppes net **Synonym** klappen

Kléck [kl'ek] Eegennumm DE *Kléck* • FR *Kléck* • EN *Kléck* • PT *Kléck* **Beispiller** ech wunnen an der Kléck; fiert dëse Bus an d'Kléck?

klécken [kl'ekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekléckt) - Variant vun ↗klicken

klécken [kl'ekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekléckt) » **intransitiv** DE *die Hand geben* • FR *ser-rer la main à* • EN *to shake hands with* • PT *apertar a mão* a **Beispill** géi kléck dem Monni!

Kleed [kle:t] Neutrum (Pluriel Kleeder) **1.** (kee Singulier) DE *Kleider*, *Kleidungsstücke* • FR *vêtements* • EN *clothes* • PT *roupa* [vestuário] **Beispiller** ech kafe meng Kleeder ëmmer nëmmen an de Solden; no mengem Regimm hu meng Kleeder missen ageholl ginn **Synonym** Gezei **2.** DE *Kleid* • FR *robe* [vêtement féminin] • EN *dress* • PT *vestido* **Beispiller** der Fra hir Posch passt gutt bei hiert Kleed; fir op d'Receptioun mussen d'Dammen e laangt Kleed undoen **Synonym** Rack

Kleedchen [kl'e:tçən] Neutrum (Pluriel Kleedercher) DE *Unterhemd* • FR *maillot de corps* • EN *vest* [undergarment] • PT *camisola interior* **Beispill** ech doen am Summer ni e Kleedchen un **Synonym** Hiemchen

kleeden [kl'e:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekleet) » **transitiv** DE *kleiden* • FR *habiller* • EN *to dress* [to clothe] • PT *vestir* **Beispiller** d'Leit **haten** sech fir d'Fest besonnesch schéi gekleet; hien ass ëmmer ganz distinguéiert gekleet; d'Kanner **gi** fir de Schoulufank nei gekleet [d'Kanner kréie fir de Schoulufank neit Gezeil] **Synonym** undoen

i Verb, dat **kleeden** als Basis huet: ↗akleeden

Kleederbuttek [kl'e:debutek] Maskulinum (Pluriel Kleederbutteker) DE *Kleiderladen* • FR *magasin de vêtements* • EN *clothes shop* • PT *loja de roupa* **Beispill** fir den Ufank vun de Solde waren d'Kleederbutteker voller Leit **Synonym** Kleedergeschäft

Kleedergeschäft [kl'e:degəjæft] Neutrum (Pluriel Kleedergeschäfte) DE *Kleiderladen* • FR *magasin de vêtements* • EN *clothes shop* • PT *loja de roupa* **Beispill** fir den Ufank vun de Solde waren d'Kleedergeschäfte voller Leit **Synonym** Kleederbuttek

Kleederkollektioun [kl'e:dekolæksjəʊn] Femininum (Pluriel Kleederkollektiounen) DE *Kleiderkollektion* • FR *collection de vêtements* • EN *clothing collection*, *fashion line* • PT *coleção de roupa* **Beispill** dës Woch presentéieren déi grouss Designer hir nei Kleederkollektioun fir de Summer

Kleedersammlung [kl'e:dezamluŋ] Femininum (Pluriel Kleedersammlungen) DE *Altkleedersammlung* • FR *collecte de (vieux) vêtements* • EN *old clothes collection* • PT *recolha de roupas usadas* **Beispill** ech hu gëschter e ganze Koup aalt Gezei an d'Kleedersammlung ginn

Kleederschaf [kl'e:deʃa:f] Maskulinum (Pluriel Kleederschief) DE *Kleiderschrank* • FR *armoire* [pour vêtements] • EN *wardrobe* • PT *guarda-roupa*, *guarda-fatos*

Beispiller ech hunn näischt fir unzedoen, obwuel mäi Kleederschaf voll häntk; dee Mann ass een ewéi e Kleederschaf! ^[ëgs] [dee Mann ass grouss a kräfteg]

Kleederstänner [kl'e:deʃtæne] Maskulinum (Pluriel Kleederstänner / Kleederstänneren) **DE** *Kleiderständer* • **FR** *portemanteau* • **EN** *coat stand* • **PT** *cabide, bengaleiro*
Beispill deen iwweperluedene Kleederstänner ass ëmgefall

Kleedung [kl'e:duŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Kleidung, Outfit* • **FR** *tenuë (vestimentaire)* • **EN** *outfit, clothing, clothes* • **PT** *indumentária, roupa, vestuário* **Beispiller** fir déi Soirée brauchts de eng bestëmmt Kleedung; d'Kanner hunn net déi richteg Kleedung fir de Wanter
Synonym Tenuë

Kleedungsstil [kl'e:duŋsti:] Maskulinum (Pluriel Kleedungsstiler)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Kleeschen [kl'e:sjən] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Nikolaus [legendäre Gestalt]* • **FR** *Saint Nicolas [personnage de légende]* • **EN** *St Nicholas [legendary figure]* • **PT** *São Nicolau [figura de lenda]* **Beispiller** d'Kanner freeë sech schonn, an dräi Deeg kënt de Kleeschen; so, gleefts du nach un de Kleeschen? ^[ëgs] [bass du wierklech esou naiv?] **2.** (Pluriel Kleesercher) **DE** *Nikolaus [Nikolausdarsteller]* • **FR** *Saint Nicolas [personne déguisée]* • **EN** *St Nicholas [person dressed up]* • **PT** *São Nicolau [pessoa disfarçada]* **Beispiller** an der Galerie vum Supermarché ass scho vill Gedrécks, de Kleesche misst elo all Ament kommen; de Kleesche war esou voll, datt en seng Mitra am Bistro leie gelooss huet; d'Kanner kruten haut an der Groussgaass Kamelle vun dräi verschiddene Kleesercher **3.** (Pluriel Kleesercher) **DE** *Nikolaus [Figur aus Schokolade]* • **FR** *Saint Nicolas [figurine en chocolat]* • **EN** *St Nicholas [chocolate figure]* • **PT** *São Nicolau [figura de chocolate]* **Beispiller** ufangs Dezember sti beim Pâtissier Dosende vu Kleesercher; iess däi Kleeschen, soss gött e gro! **4.** (kee Pluriel) **DE** *Geschenke zum Nikolaustag* • **FR** *cadeaux de la Saint-Nicolas* • **EN** *presents for St Nicholas' Day* • **PT** *prendas do São Nicolau* **Beispiller** e Sonndeg gi mer bei d'Bomi de Kleesche sichen; ech krut eng Mutz fir de Kleeschen [ech krut eng Mutz als Kaddo fir Niklosdag]

Kleeserchersdag [kl'e:zæçesda:χ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Nikolaus(tag)* • **FR** *[jour de] la Saint-Nicolas* • **EN** *St Nicholas' day* • **PT** *dia de São Nicolau* **Beispiller** de 6. Dezember ass Kleeserchersdag; d'Kanner hunn op Kleeserchersdag e Boxemännchen a Spillsaache kritt **Synonym** Niklosdag

kleesper [kl'e:spe] Adjektiv **1.** **DE** *schmächtig* • **FR** *fluet* • **EN** *slight, frail* • **PT** *franzino, delgado* **Beispill** hire jéngste Bouf ass kleesper fir säin Alter **2.** **DE** *zerbrechlich, klapprig, altersschwach* • **FR** *fragile [peu solide]* • **EN** *fragile* • **PT** *frágil, quebradiço* **Beispill** dee kleespere Stillchen hält däi Gewiicht net aus

Kléi [klɛi] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Klee* • **FR** *trèfle(s) [plante]* • **EN** *clover* • **PT** *trevo(s)* **Beispiller** kuck emol déi Bei um Kléi!; dreif d'Kéi aus dem Kléi!; hien ass esou monter ewéi den Hues am Kléi ^[ëgs] [hien ass ganz monter]

Kléiblat [kl'ɛiɓla:t] Neutrum (Pluriel Kléiblieder) **DE** *Kleeblatt* • **FR** *(feuille de) trèfle* • **EN** *cloverleaf* • **PT** *(folha de) trevo* **Beispiller** e Kléiblat mat véier Blieder bréngt Gléck; dat Kléiblat ass éiweg zesummen ënnerwee ^[ëgs] [déi dräi Persounen sinn éiweg zesummen ënnerwee]

Kléimillen [kl'ɛimilən] Eegennum **DE** *Kleemühle* • **FR** *Kleemühle* • **EN** *Kleemühle* • **PT** *Kleemühle* **Beispiller** ech wunnen op der Kléimillen; fiert dëse Bus op d'Kléimillen?

Kléisom [kl'ɛizo:m] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Kleesamen* • **FR** *semence de trèfle* • **EN** *clover seed* • **PT** *sementes de trevo* **Beispill** am Krich huet de Pätter Kléisom gejackt

Klemm [kl'æm] Femininum (kee Pluriel) ^[ëgs] an der Klemm **DE** *in der Klemme* • **FR** *dans le pétrin* • **EN** *in a fix* • **PT** *em apuros, à rasca* **Beispill** mir stiechen an der Klemm

klemmen [kl'æmən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé geklemmt) » **intransitiv** **DE** *klemmen [sich nicht öffnen lassen]* • **FR** *coincer [être bloqué]* • **EN** *to be stuck, to be jammed* • **PT** *estar emperrado [estar bloqueado]* **Beispill** d'Dier klemmt, well se gequollen ass

I Verben, déi **klemmen** als Basis hunn: **aklemmen** an **ofklemmen**

Klemmes [kl'æməs] Maskulinum (kee Pluriel) ^[ëgs] **DE** *Knast, Kittchen* • **FR** *taule, cabane [prison]* • **EN** *nick [jail]* • **PT** *choça, pildra* **Beispill** dee Kärel sëtzt schonn zwee Joer weinst engem Iwwerfall am Klemmes **Synonymmen** Bing, Kittchen, Prisong

kleng [klæŋ] Adjektiv **1.** **DE** *klein [in Maß, in Ausdehnung]* • **FR** *petit [en dimensions, en taille]* • **EN** *small [in size]* • **PT** *pequeno [em dimensões, em tamanho]* **Beispiller** si hunn an deem klengen Haus eng daierlech Existenz geféiert; de klenge Wee féiert laanscht d'Baach bei d'Millen; meng Schong si mer ze kleng; et soll just nuets um Chantier op der Autobunn geschafft ginn, fir den Impakt op den Trafick kleng ze halen; hutt Der et net méi kleng? ^[ëgs] [hutt Der keng Mënz?]; vill Studente ginn an hirer Vakanz schaffen, fir sech niewelaanscht eppes Klenges ze verdéngen [vill Studente ginn an hirer Vakanz schaffen, fir niewelaanscht e puer Suen ze verdéngen]; de Kach schneit d'Ënn kleng [de Kach schneit d'Ënn a Kleng Stécker]; dréi d'Heizung méi kleng! [stell d'Temperatur vum Heizkierper méi niddereg!] **2.** **DE** *klein [von kurzer Dauer]* • **FR** *petit [bref]* • **EN** *short [brief]* • **PT** *pequeno [breve]* **Beispill** no dräi Stonnen Aarbecht hu mir eng kleng Paus gemaach **3.** **DE** *klein [jünger]* • **FR** *petit [cadet]* • **EN** *little [younger]* • **PT** *mais novo [com menos idade]* **Beispill** de Bouf passt op säi klenge Brudder op **4.** **DE** *klein [sehr jung]* • **FR** *petit [très jeune]* • **EN** *little [very young]* • **PT** *pequeno [muito jovem]* **Beispiller** eist klengt Meedche ka scho bis zéng zielen; du bass nach ze kleng, fir owes laang opzebleiwen!; wann déi Grouss schwätzen, hunn déi Kleng de Mond ze halen!; si hunn eppes Klenges kritt ^[ëgs] [si hunn e Puppelche kritt]; eist Klengt geet nach net an d'Schoul leis kleng Duechter geet nach net an d'Schoul!; den Dachs a seng Kleng sëtzen an der Hiel [den Dachs a seng Hickecht sëtzen an der Hiel] **5.** vu Klengem un **DE** *von*

klein auf • **FR** *depuis le plus jeune âge, dès le plus jeune âge* • **EN** *from an early age* • **PT** *desde pequeno* **Beispill** si ass vu Klengem u musikalesch **6. DE** *klein* [geringfügig, unbedeutend] • **FR** *petit* [peu important, insignifiant] • **EN** *small* [minor, insignificant] • **PT** *pequeno* [sem importância, insignificante] **Beispiller** si haten hir Hochzäit bis an dee klengsten Detail geplangt; d'Geschäftsfra huet ganz kleng ugefaangen; mir ginn eppes Klenges iessen [eggs] [mir ginn eng Klengegkeet iessen] **7. DE** *klein* [unbemittelt, einfach] • **FR** *petit* [économiquement faible] • **EN** *poor, less well off* • **PT** *pequeno* [economicamente carente] **Beispiller** déi kleng Leit kënnen sech dacks keng Vakanz leeschten; kenne de déi kleng Leit net méi? [eggs] [⇒ seet een zu engem, deen een ignoréiert]

kleng- Verbpartikel **DE** [abtrennbares Erstglied eines Verbs] • **FR** [particule séparable d'un verbe] • **EN** [separable verb particle] • **PT** [partícula separável de um verbo] **Beispiller** du kriss awer och alles kleng!; d'Substantive ginn am Franséische klenggeschriwwen

i Verben, déi **kleng-** als Partikel hunn: ↗klenghalen, ↗klengkréien, ↗kleng maachen, ↗kleng schneiden, ↗klengschreiwen

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗kleng Adjektiv

Kleng- a Mëttelbetriber Maskulinum (kee Singular) **DE** *kleine und mittlere Unternehmen* • **FR** *petites et moyennes entreprises* • **PT** *pequenas e médias empresas* **Beispill** duerch d'Kris si vill Kleng- a Mëttelbetriber Faillite gaangen

Kleng Baartfliedermaus [klæŋb'a:rt-flïædemæ:ʊs] Femininum (Pluriel Kleng Baartfliedermais) **Myotis mystacinus** **DE** *Kleine Bartfledermaus* • **FR** *murin à moustaches* • **EN** *whiskered bat* • **PT** *morcego-de-bigodes* **Beispill** d'Kleng Baartfliedermaus ass eng vun de klengsten an am meeschte verbreete Fliedermausaarten zu Lëtzebuerg

Kleng Bëschdauf [klæŋb'əʃdaʊf] Femininum (Pluriel Kleng Bëschdauwen) **Columba oenas** **DE** *Hohлтаube* • **FR** *pigeon colombin* • **EN** *stock dove* • **PT** *pombo-bravo* **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng Bëschdauwen? **Synonym** Hueldauf

Kleng Bëschfliedermaus [klæŋb'əʃflïædemæ:ʊs] Femininum (Pluriel Kleng Bëschfliedermais) **Nyctalus leisleri** **DE** *Kleinabendsegler* • **FR** *noctule de Leisler* • **EN** *Leisler's bat* • **PT** *morcego-arboricola-pequeno* **Beispill** d'Kleng Bëschfliedermaus ass op Bëscher mat genuch alem Holz an ausgehielegte Beem ugewisen

Klengbetten [klæŋb'ætən] Eegennumm **DE** *Kleinbettingen* • **FR** *Kleinbettingen* • **EN** *Kleinbettingen* • **PT** *Kleinbettingen* **Beispiller** ech wunnen zu Klengbetten; fiert dëse Bus op Klengbetten?

Kleng Dommel [klæŋd'oməl] Femininum (Pluriel Kleng Dommelen) **Ixobrychus minutus** **DE** *Zwergdommel* • **FR** *blongios nain* • **EN** *little bittern* • **PT** *garçote* **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng Dommelen?

Kleng Broochvull [kl'æŋəb'r'o:χful] Maskulinum (Pluriel Kleng Broochvullen) **Numenius phaeopus** **DE** *Regenbrachvogel* • **FR** *courlis corlieu* • **EN** *whimbrel* • **PT** *maçarico-galego* **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng

Broochvullen?

Kleng Buerghaff [kl'æŋəb'u:ɕçhaf] Eegennumm **DE** *Kleng Buerghaff, Klengbuerghaff* • **FR** *Kleng Buerghaff, Klengbuerghaff* • **EN** *Kleng Buerghaff, Klengbuerghaff* • **PT** *Kleng Buerghaff, Klengbuerghaff* **Beispiller** ech wunnen um Kleng Buerghaff; fiert dëse Bus op de Kleng Buerghaff?

Klengegkeet [kl'æŋəçke:t] Femininum (Pluriel Klengegkeeten) **1. DE** *Kleinigkeit* [Sache] • **FR** *petit quelque chose* • **EN** *little something* • **PT** *coisa de nada, coisinha* **Beispiller** mir hunn him fir de Gebuertsdag just eng Klengegkeet geschenkt; ech brutsche mir nach séier eng Klengegkeet **2. DE** *Kleinigkeit* [Angelegenheit] • **FR** *bagatelle, broutille* • **EN** *trifle* [small matter] • **PT** *bagatela, ninharia* **Beispill** hie fillt sech fir all Klengegkeet beleidegt **Synonymmen** Dommheet, Eefällegkeet, Topegkeet

Kleng groen Neimäerder [kl'æŋəgr'o:ən-n'aime:ɕde] Maskulinum (Pluriel Kleng gro Neimäerder) **Lanius minor** **DE** *Schwarzstirnwürger* • **FR** *pie-grièche rose* • **EN** *lesser grey shrike* • **PT** *picanço-pequeno* **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng gro Neimäerder?

Kleng Jäizert [klæŋəz'æ:itset] Maskulinum (Pluriel Kleng Jäizerten) **Acrocephalus scirpaceus** **DE** *Teichrohrsänger* • **FR** *rousserolle effarvatte* • **EN** *European reed warbler* • **PT** *rouxinol-pequeno-dos-caniços* **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng Jäizerten?

Klängelbuer [kl'ɛŋəlbʊ:ɕ] Eegennumm **DE** *Klängelbuer* • **FR** *Klängelbuer* • **EN** *Klängelbuer* • **PT** *Klängelbuer* **Beispiller** ech wunnen um Klängelbuer; fiert dëse Bus op de Klängelbuer?

Kleng Elchert [klæŋ'ælçet] Eegennumm **DE** *Klein-elchert* • **FR** *Petit-Nobressart* • **EN** *Petit-Nobressart* • **PT** *Petit-Nobressart* **Beispiller** ech wunnen zu Kleng Elchert; fiert dëse Bus op Kleng Elchert?

Klängelscheier [kl'ɛŋəʃaie] Eegennumm **DE** *Klängelscheuer* • **FR** *Klängelscheuer* • **EN** *Klängelscheuer* • **PT** *Klängelscheuer* **Beispiller** ech wunnen zu Klängelscheier; fiert dëse Bus op Klängelscheier?

Kleng Méckefänkert [kl'æŋəm'ekəfæŋket] Maskulinum (Pluriel Kleng Méckefänkerten) **Ficedula parva** **DE** *Zwergschnäpper* • **FR** *gobe-mouche nain* • **EN** *red-breasted flycatcher* • **PT** *papa-moscas-pequeno* **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng Méckefänkerten?

kléngen [kl'ɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklongen / geklong) » **intransitiv** **DE** *klingen* [ertönen] • **FR** *sonner, résonner* • **EN** *to sound* • **PT** *soar, ressoar* **Beispiller** wann d'Faass huel kléngt, ass et eidel; déi Melodie kléngt mer nach am Ouer

Klengen Neimäerder [kl'æŋənn'aime:ɕde] Maskulinum (Pluriel Kleng Neimäerder) **Lanius colurio** **DE** *Neuntöter* • **FR** *pie-grièche écorcheur* • **EN** *red-backed shrike* • **PT** *picanço-de-dorso-ruivo* **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng Neimäerder?

Kleng Seeër [kl'æŋəz'e:ɕ] Maskulinum (Pluriel Kleng Seeër) **Mergellus albellus** **DE** *Zwergsäger* • **FR** *harle piette* • **EN** *smew* • **PT** *merganso-pequeno* **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng Seeër?

Kleng Spiecht [kl'æŋəʃpiɛçt] Maskulinum (Pluriel Kleng Spiechten) Dryobates minor **DE** Kleinspecht • **FR** pic épeichette • **EN** lesser spotted woodpecker • **PT** picapau-malhado-pequeno **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng Spiechten?

Kleng wäisse Reeër [kl'æŋəv'æ:ɪsə'r'e:ɐ] Maskulinum (Pluriel Kleng wäiss Reeër / Kleng wäiss Reeëren) Egretta garzetta **DE** Seidenreiher • **FR** aigrette garzette • **EN** little egret • **PT** garça-branca-pequena **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng wäiss Reeër? **Synonym** Seidereeër

Kleng Wakeleefer [kl'æŋəv'a:kələ:fe] Maskulinum (Pluriel Kleng Wakeleefer) Charadrius dubius **DE** Flussregenpfeifer • **FR** pluvier petit-gravelot • **EN** little ringed plover • **PT** borrelho-pequeno-de-coleira **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng Wakeleefer?

Kleng Feldmaus [klæŋf'æltmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Kleng Feldmais) Micromys minutus **DE** Zwergmaus • **FR** rat des moissons • **EN** harvest mouse • **PT** rato-espigueiro **Beispill** d'Kleng Feldmaus ass dee klengsten Nager, deen an Europa leeft

Kleng Gréngpatt [klæŋgrɛŋp'at] Femininum (Pluriel Kleng Gréngpatten) Tringa stagnatilis **DE** Teichwasserläufer • **FR** chevalier stagnatile • **EN** marsh sandpiper • **PT** perna-verde-fino **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng Gréngpatten?

klenghalen [kl'æŋha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé klenggehalen / klenggehal) » **transitiv** 1. **DE** kleinhalten (unterdrücken) • **FR** dominer, contrôler • **EN** to dominate, to control • **PT** dominar, controlar **Beispiller** eist Land gouf laang Zäit duerch Friemherrschaft klenggehalen; fréier huet den Adel versicht, dat einfach Vollek klengzehalen; hal op, mech ëmmer klengzehalen a mir e schlecht Gewëssen anzerieden! » **reflexiv** 2. **DE** sich zurückhalten, sich im Hintergrund halten • **FR** se montrer discret, adopter un profil bas • **EN** to hold back, to keep a low profile • **PT** mostrar-se discreto, não dar nas vistas **Beispiller** no där Blamage häss de besser, dech klengzehalen!; ech verstinn net, firwat déi Partei, déi esou vill wollt änneren, sech elo an der Koalitioun klenghält

Klenghouschent [klæŋh'əʃɛnt] Eegennumm **DE** Kleinhoscheid • **FR** Kleinhoscheid • **EN** Kleinhoscheid • **PT** Kleinhoscheid **Beispiller** ech wunnen zu Klenghouschent; fiert dese Bus op Klenghouschent?

Kleng Hufeisennues [klæŋh'uvaiʒənuəs] Femininum (Pluriel Kleng Hufeisennuesen) Rhinolophus hipposideros **DE** Kleine Hufeisennase • **FR** petit rhinolophe • **EN** lesser horseshoe bat • **PT** morcego-de-ferradura-pequeno **Beispill** duerch d'Verännerung vun der Landschaft ass d'Kleng Hufeisennues zu Lëtzebuerg ausgestuerwen

klengkaréiert [klæŋkar'ɛiɛt] Adjektiv **DE** kleinkariert • **FR** borné, obtus, mesquin • **EN** narrow-minded • **PT** tancanho, obtuso, mesquinho **Beispiller** wéinst deene klengkaréierte Gespräicher ginn ech net méi op de Stammnee; hei wäert sech ni eppes änneren, well d'Leit esou klengkaréiert denken

klengkréien [kl'æŋkrɛiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé klengkréit) » **transitiv** **DE** kleinkriegen • **FR** réussir à casser l'œusir à détruire • **EN** to manage to break • **PT** conseguir dar cabo de [conseguir destruí] **Beispiller** du kriss awer och alles kleng!; meng net, du kéints hie klengkréien! [ɛg] Imeng net, du kéints hie Meeschter ginn

kleng maachen [kl'æŋma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kleng gemaach / kleng gemacht)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Kleng Mantelméiw [klæŋm'antəlmɛiʃ] Femininum (Pluriel Kleng Mantelméiwen) Larus fuscus **DE** Heringsmöwe • **FR** goéland brun • **EN** lesser black-backed gull • **PT** gaiivota-d'asa-escura **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng Mantelméiwen?

Klengouerwullmaus [kl'æŋəʊvulmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Klengouerwullmais) Microtus subterraneus **DE** Kurzohrmaus • **FR** campagnol souterrain • **EN** common pine vole • **PT** campanhol-europeu **Beispill** jonk Klengouerwullmais sauge sech bei Gefor un den Zitze vun hirer Mamm fest a kënnen esou vun hir a Sécherheet bruecht ginn

Kleng Rall [klæŋr'al] Femininum (Pluriel Kleng Rallen) Porzana parva **DE** Kleine(s) Sumpfhuhn • **FR** marouette poussin • **EN** little crane • **PT** franga-d'água-bastarda **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng Rallen?

kleng schneiden [kl'æŋʃnaɪdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kleng geschnidden)

I Hei entsteet en neien Artikel.

klengschreiwen [kl'æŋʃraivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé klenggeschriwwen) » **transitiv** **DE** kleinschreiben • **FR** écrire avec une minuscule • **EN** to write with a small (first) letter, to write in lower case • **PT** escrever com minúscula **Beispill** d'Substantive ginn am Fransésche klenggeschriwwen

Klengschreiwung [kl'æŋʃraivʊŋ] Femininum (Pluriel Klengschreiwungen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Kleng Skua [klæŋsk'u:a:] Femininum (Pluriel Kleng Skuaen) Stercorarius longicaudus **DE** Falkenraubmöwe • **FR** labbe à longue queue • **EN** long-tailed jaeger • **PT** moleiro-rabilongo **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng Skuaen?

Kleng Spëtzmäus [klæŋʃp'ətsmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Kleng Spëtzmäis) Sorex minutus **DE** Zwergspitzmaus • **FR** musaraigne pygmée • **EN** pygmy shrew • **PT** musaranho-anão-de-dentes-vermelhos **Beispill** d'Kleng Spëtzmäus grueft selwer keng Gäng, benotzt awer déi vun anere kleng Mamendéieren

Kleng Trapp [klæŋtr'ap] Femininum (Pluriel Kleng Trappen) Tetrax tetrax **DE** Zwergtrappe • **FR** outarde canepetière • **EN** little bustard • **PT** sisão **Beispill** wéi laang bréien d'Kleng Trappen?

Klengt Wisel [klæŋtv'i:zəl] Neutrum (Pluriel Kleng Wiselen) Mustela nivalis **DE** Mauswiesel • **FR** belette d'Europe • **EN** weasel • **PT** doninha **Beispill** d'Klengt Wisel

ass dat klengst Raubdéier vun der Welt **Synonym** Mauswisel

Kleng Wullmaus [klæŋv'ulmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Kleng Wullmais) **Microtus agrestis** **DE** Erdmaus • **FR** campagnol agreste • **EN** field vole • **PT** rato-do-campo-de-rabo-curto **Beispill** d'Kleng Wullmaus huet e gutt entwéckelte Gerochsënn, mat deem se Feinde licht kann erkennen

Klensch [klæŋʃ] Femininum (Pluriel Klenschen) **1. DE** Klinkle [Türklinkle] • **FR** poignée (de porte) • **EN** (door) handle • **PT** puxador (de porta) **Beispiller** hien huet d'Klensch erofgedréckt an d'Dier opgemaach; d'Dier ass net an der Klensch [d'Dier ass net ganz zoul; deen aarme Kärel geet alt nees Klenschen drécken [égs] [deen aarme Kärel geet alt nees heeschen]; mir hu vill Klensche missen drécken, fir eis Geneemegung ze kréien [égs] [mir hu vill Demarché misse maachen, fir eis Geneemegung ze kréien]; huel d'Klensch an de Grapp a verschwann! [égs] [⇒ seet een, fir een erauszegeheien] **2. DE** Bierkrug • **FR** chope (à bière) • **EN** beer mug, tankard • **PT** caneca (de cerveja) **Beispiller** säi Papp sammelt stengen a gliese Klenschen; ech gammsen op meng frësch gezaapte Klensch (Béier)

Klenschen [kl'æŋʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklenscht) » **intransitiv** klenschen (un) **DE** die Klinkle herunterdrücken • **FR** abaisser la poignée (de) [d'une porte] • **EN** to try a door handle • **PT** acionar o puxador (de) [de uma porta] **Beispiller** ech hunn héieren, datt een un der Dier geklenscht huet; klensch emol, et ass vläicht op!

Klëppel [kl'əpəl] Maskulinum (Pluriel Klëppelen) - Variant vun ↗Knëppel

Kleptoman [klæptom'a:n] Maskulinum (Pluriel Kleptomannen) **DE** Kleptomane • **FR** cleptomane • **EN** kleptomaniac • **PT** cleptomaniaco **Beispill** d'Kleptomane klauen och Saachen, déi se guer net brauchen

i Weiblech Form: ↗Kleptomanin

Kleptomanie [klæptom'an'i:] Femininum (kee Pluriel) **DE** Kleptomanie • **FR** cleptomanie • **EN** kleptomania • **PT** cleptomania **Beispill** de Psychiater huet bescheinegt, datt d'Patientin u Kleptomanie leit

Kleptomanin [klæptom'a:ni:n] Femininum (Pluriel Kleptomaninnen) **DE** Kleptomanin • **FR** cleptomane [femme] • **EN** kleptomaniac [female] • **PT** cleptomaniaca **Beispill** et war net fir d'éischt, datt d'Kleptomanin Kleeder aus deem Buttek geklaut huet

i Männlech Form: ↗Kleptoman

klerikal [klɛrɪk'a:l] Adjektiv **DE** klerikal • **FR** clérical • **EN** clerical • **PT** clerical **Beispill** d'Trennung vu Kierch a Staat huet an de klerikale Kreesser fir Opreegung gesuergt

Klerus [kl'e:rus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Klerus • **FR** clergé • **EN** clergy • **PT** clero **Beispill** den Deche war als Vertrieeder vum Klerus an der Reunion **Synonym** Clergé

Klett [klæt] Femininum (Pluriel Kletten) **DE** Klette • **FR** bardane • **EN** burdock • **PT** bardana **Beispiller** d'Jongen hunn de Meedercher Kletten an d'Hoer gehäit; dee

Kärel ass eng richtig Klett [égs] [Idee Kärel gött ee schwéier lass]

Klibber [kl'ibɛ] Femininum (Pluriel Klibberen) **DE** Klapper • **FR** crécelle • **EN** rattle [wooden device] • **PT** matraca [instrumento] **Beispill** an der Karwoch ginn d'Kanner mat hire Klibberen duerch d'Stroossen

klibberen [kl'ibɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklibbert) » **intransitiv 1. DE** ratschen, klappern • **FR** sonner la crécelle • **EN** to rattle, to sound a rattle [substituting for church bells before Easter] • **PT** matraquear **Beispill** an der Karwoch ginn d'Kanner klibberen » **transitiv 2. [égs] DE** den Buckel runterrutschen, gern haben • **FR** ficher la paix à, aller se faire foutre • **EN** to piss off, to get lost • **PT** deixar em paz, ir à fava **Beispiller** klibber mech!; du kanns mech klibberen!

Klibberjong [kl'ibɛjɔŋ] Maskulinum (Pluriel Klibberjongen) **DE** Klapperjunge, Ratschenbube • **FR** joueur de crécelle • **EN** rattle player [child substituting for church bells before Easter] • **PT** tacador de matraca **Beispill** d'Klibberjunge ware scho fréi mueres ënnerwee

Klick [klik] Maskulinum (Pluriel Klicken) **1. DE** Klickgeräusch • **FR** clic [bruit] • **EN** click [sound] • **PT** clique [ruído] **Beispiller** ech hunn e Klick héieren an du war d'Vebindung fort; elo huet et bei mir Klick gemaach [égs] [elo hunn ech begraff] **2. DE** Klick, Mausclick • **FR** clic [de périphérique informatique] • **EN** click [on an option or link displayed on a screen] • **PT** clique [por meio de um dispositivo de entrada] **Beispill** ee Klick geet duer, fir d'Datei opzemaachen

klicken [kl'ikən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklickt) » **intransitiv 1. DE** klicken [ertönen] • **FR** cliqueter • **EN** to click [to make a clicking sound] • **PT** fazer (um) clique [fazer um ruído] **Beispill** et huet eppes am Motor geklickt, dunn ass en ausgaangen **2. DE** klicken [mit einem Eingabegerät] • **FR** cliquer [à l'aide d'un périphérique informatique] • **EN** to click (on) [an option or link displayed on a screen] • **PT** clicar [por meio de um dispositivo de entrada] **Beispill** du muss zweemol op d'Ikon klicken, fir dat Dokument opzemaachen

i Verb, dat **klicken** als Basis huet: ↗uklicken

i Variant: klécken

Klierf [kljɛf] Eegennumm **DE** Clerve • **FR** Clerve • **EN** Clerve • **PT** Clerve **Beispill** d'Klierf leeft zu Kautebaach an d'Wolz

i Lokalvariant: Clärrref

kliewen [kl'ivəŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklieft) » **transitiv DE** kleben [ankleben, aufkleben] • **FR** coller [faire adhérer] • **EN** to stick, to paste • **PT** colar [fazer aderir] **Beispill** et goufe Plakater op d'Mauere geklieft **Synonym** pechen

i Verben, déi **kliewen** als Basis hunn: ↗opkliewen, ↗ukliewen, ↗zesummekliewen an ↗zoukliewen

Klima [kl'i:ma:] Maskulinum/Neutrum **1.** (Pluriel Klimaen) **DE** Klima [Witterung] • **FR** climat [conditions météorologiques] • **EN** climate [weather] • **PT** clima [condições meteorológicas] **Beispill** Nordafrika huet en dréchent Klima **2.** (kee Pluriel) **DE** Klima [Stimmung] • **FR** climat [ambiance] • **EN** climate, atmosphere [mood] •

PT *clima [ambiente]* **Beispill** d'Klima bei eis op der Aarbecht ass ausgezeechent

Klimaanlag [kl'i:ma:anla:x] Femininum (Pluriel Klimaanlagen) DE *Klimaanlage* • FR *climatiseur* • EN *air conditioning* • PT *ar condicionado* **Beispill** et ass eng schrecklech Hëtzt heibannen, d'Klimaanlag wäert net funktionéieren

Klimakris Femininum (Pluriel <seelen> Klimakrisen) DE *Klimakrise* • FR *crise climatique* • EN *climate crisis* • PT *crise climática* **Beispiller** den Ëmgang mat der Klimakris ass eng vun de groussen Erausforderunge vum 21. Joerhonnert; d'Äerderwärmung ass eent vun de Symptomer vun der Klimakris

Klimaschutz [kl'i:ma:fʊts] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Klimaschutz* • FR *protection du climat* • EN *climate protection* • PT *proteção do clima* **Beispiller** d'Agrarpolitik muss sech an Zukunft méi um Klimaschutz orientéieren; d'Jugend setzt sech neierdengs ganz aktiv fir de Klimaschutz an

klimatesch [klim'a:təʃ] Adjektiv DE *klimatisch* • FR *climatique* • EN *climatic* • PT *climático* **Beispill** an där Gégend sinn déi klimatesch Konditiounen extreem

klimatiséieren [klimatiz'ziə:ə:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé klimatiséiert) » **transitiv** DE *klimatisieren* • FR *climatiser* • EN *to air-condition* • PT *climatizar* **Beispill** esou e Labo muss klimatiséiert ginn

Klimawandel [kl'i:ma:vandəl] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Klimawandel* • FR *changement climatique* • EN *climate change* • PT *mudança do clima* **Beispill** verschidden Naturkatastrophe sinn Zeeche vum Klimawandel **Synonym** Klimawissel

Klimawissel [kl'i:ma:viasəl] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Klimawandel* • FR *changement climatique* • EN *climate change* • PT *mudança do clima* **Beispill** gëschter Owend huet en Expert op der Televisioun iwwer d'Konsequenze vum Klimawissel geschwat **Synonym** Klimawandel

Klimax Maskulinum (Pluriel Klimaxen) 1. DE *Klimax [Höhepunkt]* • FR *climax [apogée]* • PT *climax [ponto culminante]* **Beispiller** de Klimax vun dëser Kompositioun ass am Ufank vum drëtter Saz; d'Hëtzt huet am fréien Nomëtteg hire Klimax erreecht 2. DE *Klimax [rhetorisches Stilmittel]* • FR *climax [figure de rhétorique]* • PT *climax [figura de retórica]* **Beispiller** de Klimax ass e rhetorescht Stilmittel an der Literatur; an der Literatur besteet de Klimax aus enger Steigerung vu Begrëffer

Klimmbimm Maskulinum (kee Pluriel)

Hei entsteet en neien Artikel.

klimperen [kl'impə:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklimpert)

Hei entsteet en neien Artikel.

klinesch [kl'i:nəʃ] Adverb klinesch dout DE *klinisch tot* • FR *cliniquement mort* • EN *clinically dead* • PT *clínicamente morto* **Beispill** wéi d'Secouristen de Mann fonnt hunn, war e scho klinesch dout

Klingonesch Neutrum (kee Pluriel)

Hei entsteet en neien Artikel.

Klinick [klin'ik] Femininum (Pluriel Klinicken) 1. DE *Krankenhaus, Klinik [Einrichtung]* • FR *hôpital, clinique [institution]* • EN *hospital [institution]* • PT *hospital [estabelecimento]* **Beispill** de Mann ass mat enger Gasvergiftung an d'Klinick ageliwwert ginn **Synonym** Spidol 2. DE *Krankenhaus, Klinik [Gebäude]* • FR *hôpital, clinique [bâtiment]* • EN *hospital [building]* • PT *hospital [edifício]* **Beispill** an der Paart vun der Klinick kriss de gesot, op wéi engem Zëmmer ech leien **Synonym** Spidol

Klinik [klin'ik] Femininum (Pluriel Klinicken) - Variant vun ↗Klinick

Klinsch Maskulinum (kee Pluriel)

Hei entsteet en neien Artikel.

klinzeg [kl'intsə:ç] Adjektiv DE *winzig* • FR *minuscule [très petit]* • EN *tiny* • PT *minúsculo [muito pequeno]* **Beispill** du hues eng klinzeg Spann um Aarm sätzen **Synonymmen** butzeg, mini

Klippchen [kl'ipçən] Maskulinum (Pluriel Klippercher) - Diminutivform vun ↗Club

Klischee [kl'ifɛ:] Maskulinum (Pluriel Klischeeën) DE *Klischee [Stereotyp, Gemeinplatz]* • FR *cliché [stéréotype, lieu commun]* • EN *cliché, platitude* • PT *cliché [estereótipo, lugar-comum]* **Beispill** seng Ried huet aus bal elauter Klischeeë bestanen **Synonym** Stereotyp

Klitoris [kl'itoris] Femininum (Pluriel Klitorissen) DE *Klitoris, Kitzler* • FR *clitoris* • EN *clitoris* • PT *clitória* **Beispill** gradewéi de Peenis schwëllt d'Klitoris bei sexueller Erreegung un

Klo [klo:] Femininum (Pluriel Kloen) 1. DE *Klage [Beschwerde]* • FR *plainte [réclamation]* • EN *complaint* • PT *queixa [reclamação]* **Beispiller** zënter de Restaurant en neie Kach huet, gëtt de Patron mat Kloe bombardéiert; maach, datt mer keng Kloe kommen! [égs] [behuel dech esou, datt keen sech iwwer dech beklot!] **Synonym** Reklamatioun 2. DE *Klage [gerichtliches Verfahren]* • FR *plainte [procédure judiciaire]* • EN *complaint [legal proceedings]* • PT *queixa [judicial]* **Beispill** d'Aktionären, déi hannergeange goufen, hunn eng Klo agereecht **Synonym** Plainte

kloen [kl'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklot) » **intransitiv** 1. kloen (iwwer) DE *klagen (über)* • FR *se plaindre (de)* • EN *to complain (of)* • PT *queixar-se (de)* **Beispiller** hie klot schonn zënter Joren iwwer Réckwéi; meng Geschäfte lafen esou gutt, datt ech wierklech net ka kloen **Synonym** sech bekloen (iwwer) 2. kloé géint DE *verklagen [durch ein gerichtliches Verfahren]* • FR *porter plainte contre* • EN *to file a complaint against, to take legal action against* • PT *apresentar queixa contra* **Beispill** anscheinend wëllen d'Nopere géint eis kloen, well mer eist Gaardenhaischen ouni Autorisatioun opgericht hunn **Synonym** verkloen » **transitiv** 3. DE *klagen [erzählen]* • FR *confier [en se lamentant]* • EN *to complain to, to confide in [about one's troubles]* • PT *confiar [lamentando-se]* **Beispill** d'Wittfra huet dem Paschtouer hire Misär geklot

Verben, déi kloen als Basis hunn: ↗kloen an ↗ukloen

kloer [kl'o:e] Adjektiv **1.** *DE* hell [von Licht erfüllt] • *FR* clair [lumineux] • *EN* light [bright] • *PT* claro [luminoso] **Beispill** am Summer gëtt et scho fréi kloer dobaussen **Synonym** hell **2.** *DE* klar [rein, durchsichtig] • *FR* clair [pur, transparent] • *EN* clear [unclouded, transparent] • *PT* claro [puro, transparente] **Beispill** d'Waasser ass esou kloer, datt ee bis op de Buedem gesäit **3.** *DE* klar [verständlich, eindeutig] • *FR* clair [intelligible, sans équivoque] <Adverb clairement> • *EN* clear [understandable, unambiguous] <Adverb clearly> • *PT* claro [inteligível, inequívoco] <Adverb claramente> **Beispiller** d'Personal krut kloer Instruktiounen; et ass schwéier, deem dat kloer ze maachen; d'Krittäre fir d'Verbesserung vum Exame si kloer definéiert; hatt huet him kloer (an däitlech) gesot, datt et net vill vun em hält **4.** *DE* klar [präzise, konkret] • *FR* clair [précis, concret] <Adverb clairement> • *EN* clear [precise, distinct] <Adverb clearly> • *PT* claro [preciso, concreto] <Adverb claramente> **Beispiller** ech hunn nach keng kloer Virstellung vum Projet; ech hunn eist aalt Haus nach ganz kloer virun Aen **Synonymmen** konkret, prezis **5.** *DE* klar [offensichtlich] • *FR* clair [évident, manifeste] <Adverb nettement> • *EN* clear [obvious] <Adverb clearly> • *PT* claro [evidente, manifesto] <Adverb claramente> **Beispiller** et war kloer, datt hien eppes ze verstoppen hat; eis Ekipp huet kloer géint hire Géigner verluer **6.** kloer ginn *DE* klar werden [bewusst werden] • *FR* apparaître comme une évidence à • *EN* to become clear to [to realize] • *PT* tornar-se claro a [aparecer como uma evidência a] **Beispill** et gëtt mer elo eréischt kloer, datt ech mech geiert hunn **7.** *DE* klar [nüchtern, sachlich, überlegt] • *FR* clair, lucide <Adverb clairement, avec lucidité> • *EN* clear, lucid <Adverb clearly> • *PT* claro, lúcido <Adverb claramente, com lucidez> **Beispiller** well hien e puer Pätt gedronk hat, war en net méi ganz kloer am Kapp; ech ka vu Middegkeet net méi kloer denken!; hien ass nach kloer bei Verstand

Kloerheet [kl'o:eh:t] Femininum (kee Pluriel) *DE* Klarheit [Eindeutigkeit, Verständlichkeit] • *FR* clarté [simplicité] • *EN* clarity • *PT* clareza [simplicidade] **Beispill** dat neit Gesetz schafft endlech Kloerheet

kloerkommen Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé kloerkomm)

i Hei entsteet en neien Artikel.

kloerrosen [klo:er'o:zən] Adjektiv *DE* fuchsteufelswild • *FR* très fâché, très en colère • *EN* furious • *PT* muito chateado, muito zangado **Beispill** wéi d'Mamm deen Dreck gesinn huet, gouf si kloerrosen

kloerstellen [kl'o:ɛftælən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kloergestallt) » **transitiv** *DE* klarstellen • *FR* préciser [insister sur] • *EN* to make clear [to explain] • *PT* esclarecer [insistir em] **Beispill** ech wëll nach eng Kéier kloerstellen, datt et mir net ëm d'Sue geet

klompen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklompt) » **intransitiv** **1.** *DE* klumpen • *FR* faire des grumeaux • *PT* formar grumos **Beispill** wann s de d'Zooss mat Miel décks, muss de dra réieren, soss klompt se **Synonym** Knäpp maachen **2.** *DE* gerinnen • *FR* coaguler, cailler • *PT* coagular, coalhar **Beispiller** wann een Träipe mécht, muss d'Blutt geklappt ginn, soss klompt et; steriliséiert Mëllech gëtt keng Brach, well se net

klompt **Synonym** gerënnen

Klon [klo:n] Maskulinum (Pluriel Klonen) **[Biologie]** *DE* Klon • *FR* clone • *EN* clone • *PT* clone **Beispill** dat Schof ass eendeiteg als Klon markéiert

Klon [klo:n] Maskulinum (Pluriel Klonen) - Variant vun ↗Clown

klonen [kl'o:nən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekloont) » **transitiv** **1.** **[Biologie]** *DE* klonen [ungeschlechtlich vermehren] • *FR* cloner [reproduire de façon asexuée] • *EN* to clone [non-sexual reproduction] • *PT* clonar [reproduzir de maneira assexuada] **Beispiller** et ass engem Wëssenschaftler gelongen, eng Kanéngchen ze klonen; an der Zeitung ass en Artikel iwver Eidechsen, déi sech selwer klone kënnen **2.** *DE* klonen [ein Speichermedium] • *FR* cloner [un support de stockage] • *EN* to clone [a storage medium] • *PT* clonar [um suporte de dados] **Beispill** aus Sécherheetsgrënn ginn d'Diske vun all eise Computeren eemol d'Woch gekloont an d'Kopië ginn an engem Safe versuert

klonken Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklonkt) » **intransitiv** **[vereez]** *DE* baumeln, hängen, schlottern • *FR* pendre, pendiller • *PT* pender, estar ao pendurão **Beispiller** um Portier sengem Rimm klonkt op d'mannst eng Dose Schlüsselen; hien ass esou gouereg, datt d'Gezei un em klonkt **Synonym** kluderen

Klont [klont] Femininum (Pluriel Klonten) **[vulgär]** **[pejorativ]** *DE* Schlampe, Hure • *FR* trainée [femme de mauvaise vie] • *EN* slut, tart • *PT* pega [mulher de mau porte] **Beispill** wann s de mech nach eng Kéier Klont vernnns, da léiers de mech kennen!

Klosmillen [kl'o:smilən] Eegennumm *DE* Klosmillen • *FR* Klosmillen • *EN* Klosmillen • *PT* Klosmillen **Beispiller** ech wunnen op der Klosmillen; fiert dëse Bus op d'Klosmillen?

kloteren [kl'o:təran] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé geklotert) » **intransitiv** **1.** *DE* klettern [sich kletternd begeben] • *FR* grimper [monter, descendre, franchir en grimant] • *EN* to climb (up), to climb down, to climb over • *PT* subir, descer [com a ajuda de pés e mãos] **Beispiller** hie klotert op d'Leeder, fir eng nei Bier anzedréien; d'Pompjeeë sinn an de Pëtz geklotert; d'Bouwe sinn iwver d'Mauer geklotert **Synonym** klammen **2.** *DE* klettern [Bergsport betreiben] • *FR* faire de l'escalade, faire de l'alpinisme • *EN* to climb [mountains] • *PT* fazer escalada, fazer alpinismo **Beispill** si ginn, esou dacks et geet, an d'Bierger kloteren **Synonym** klammen

i Verb, dat **kloteren** als Basis huet: ↗eropkloteren

Kloternetz Neutrum (Pluriel Kloternetzer) *DE* Kletternetz • *FR* filet d'escalade, filet à grimper • *PT* rede de escalada, rede de trepar **Beispill** o mei, dat Klengt ass mam Fouss am Kloternetz hänke bliwwen!

Kloterpark Maskulinum (Pluriel Kloterparken) *DE* Kletterpark • *FR* parc accrobranche, parcours accrobranche • *PT* parque de arborismo, percurso de arborismo **Beispill** muer gi mer mat der Schoul an de Kloterpark

Kloterseel Neutrum (Pluriel Kloterseeler) **DE** Kletterseil [Turngerät] • **FR** corde (à noeuds), corde (à grimper) • **PT** corda (com nós), corda (de escalada) **Beispiller** am Kloterseel si Kniet, fir datt ee méi einfach kann eropklammen; fir datt et net vermuuscht, gëtt d'Kloterseel op der Spillplaz de Wanter iwwer erofgeholl

Kloterwand Femininum (Pluriel Kloterwänn) **DE** Kloterwand • **FR** mur d'escalade, paroi d'escalade • **PT** parede de escalada **Beispill** de Papp stoung niewent der Kloterwand, wéi dee Klengen eropgekammen ass **Synonym** Klammwand

Klouschter [kl'əʃtɛ] Neutrum (Pluriel Kléischter) **1. DE** Kloster [Einrichtung] • **FR** monastère, couvent [institution] • **EN** monastery, convent [institution] • **PT** mosteiro, convento [instituição] **Beispiller** eis Nopesch geet all Jore fir eng Woch an e Klouschter an d'Retraite; si ass an d'Klouschter gaangen [si ass Nonn ginn] **2. DE** Kloster [Gebäude] • **FR** monastère, couvent [bâtiment] • **EN** monastery, convent [building] • **PT** mosteiro, convento [edifício] **Beispill** d'Mauere vum ale Klouschter sinn iwwer d'Jore lues a lues zerbréckelt

Klouschtergaart [kl'əʃtɛga:rt] Maskulinum (Pluriel Klouschtergäert) **DE** Klostergarten • **FR** jardin de monastère, jardin de couvent, cloître • **EN** monastery garden, convent garden • **PT** jardim de mosteiro, jardim de convento, claustro **Beispill** d'Schwëstere këmmere sech selwer em de Klouschtergaart

Klouschterhaff [kl'əʃtɛhaf] Maskulinum (Pluriel Klouschterhäff) **DE** Klosterhof • **FR** cour de monastère, cour de couvent • **EN** monastery courtyard, convent courtyard • **PT** pátio de mosteiro, pátio de convento **Beispill** d'Pateren hunn am Klouschterhaff e grouss Maart organiséiert

Klouschteriesel [kləʃtɛr'izəʃ] Maskulinum (Pluriel Klouschterieselen) gaapsen ewéi e Klouschteriesel **DE** herzhaf gähnen • **FR** bâiller comme une carpe • **PT** bocejar como um hipopótamo **Beispill** hie gaapst ewéi e Klouschteriesel

Kluck [kluk] Femininum (Pluriel Klucken) **DE** Glucke [Henne] • **FR** poule (couveuse) • **EN** hen • **PT** galinha (choca) **Beispiller** d'Kluck ass mat hire Jippelcher iwwer den Haff spadséiert; si passt op hir Kanner op ewéi eng Kluck [égs] [si passt ze vill gutt op hir Kanner op]

Kludder [kl'udɛ] Femininum (Pluriel Kludderen) **1. DE** Bund, Bündel, Traube • **FR** trousseau, grappe [assemblage lié] • **EN** bunch • **PT** molho, cacho [conjunto de coisas ligadas] **Beispiller** de Portier huet eng Kludder Schlüsselen um Rimm hänken; hie keeft seng Mettwurschten an der Kludder; deng Drauwe si gutt, géff mer nach eng Kludder! **2. DE** Traube [dicht gedrängte Menge] • **FR** grappe [assemblage serré] • **EN** cluster [of people] • **PT** cacho [multidão apertada] **Beispill** virum Kino stoung eng Kludder Leit

kludderen [kl'udəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekluddert) » **intransitiv 1. DE** baumeln, hängen, schlottern • **FR** pendre, pendiller • **EN** to dangle, to hang • **PT** pender, estar ao pendurão **Beispiller** um Portier sengem Rimm kluddert op d'mannst eng Dose Schlüsselen; hien ass esou gouereg, datt d'Gezei un em kluddert; dat klengt Meedche kluddert

der Mamm stänneg um Läpp [égs] [dat klengt Meedche bleift stänneg ganz no bei senger Mammi]; freides owes kludderen déi Jonk aus dem Duerf zesummen am Park [égs] [freides owes versammelen déi Jonk aus dem Duerf sech am Park] **2. [égs] DE** sich in die Länge ziehen • **FR** trainer (en longueur), s'éterniser • **EN** to drag on • **PT** arrastar-se, eternizar-se **Beispill** déi Affär kluddert schonn zënter sechs Méint

Kluef [kluəf] Maskulinum (Pluriel Klief) **1. DE** Kloben, eiserner Wandhaken • **FR** crochet de fer [pour fixer, pour accrocher] • **EN** iron hook • **PT** gancho de ferro [para fixar, para suspender] **Beispill** d'Auer, déi mer geierft hunn, hântk an engem stabile Kluef an der Stuff **2. [vereezlt] DE** Tabakpfeife • **FR** pipe (à tabac) • **EN** tobacco pipe • **PT** cachimbo [de tabaco] **Beispill** de Pätter sëtzt am Summer dacks op der Bänk virum Haus säi Kluef ze fëmmen **Synonym** Päif

kluffen [kl'ufən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklufft) » **transitiv [égs] DE** (merkwürdig) kleiden • **FR** accoutre, fagoter • **EN** to dress badly • **PT** vestir (de qualquer maneira) **Beispiller** kuck, wéi si hir Kanner erëm geklufft hunn!; du kanns dech fir an den Theater net esou kluffen **Synonym** moschteren

klug [klux] Adjektiv **1. DE** klug [vernünftig] • **FR** raisonnable, sensé • **EN** wise, sensible • **PT** razoável, sensato **Beispill** dat war eng klug Entscheedung **2. klug** ginn aus **DE** klug werden aus • **FR** y voir clair dans (le jeu de) l'arriver à comprendre! • **EN** to figure out, to make sense of • **PT** conseguir perceber **Beispill** ech ginn net klug aus him

Klunnes [kl'unəs] Maskulinum (Pluriel Klunnessen) - Variant vun ↗ Klunni

Klunni [kl'uni:] Maskulinum (Pluriel Klunnien) [égs] **DE** Dussel, Depp • **FR** nigaud, andouille • **EN** numpty, blockhead • **PT** parvo, pateta **Beispill** elo wollt dee Klunni e Witz erzielen an iwwerdeems huet en d'Pointe vergiess! **Synonym** Klautjen

i Variant: Klunnes

Klunsch [klunʃ] Femininum (Pluriel Klunnschen) **1. DE** Schaukel • **FR** balançoire • **EN** swing • **PT** baloiço [assento suspenso] **Beispill** ech souz de ganze Weekend am Gaart op der Klunsch ze liesen **Synonym** Schaukel **2. DE** Wippe • **FR** (jeu de) bascule • **EN** see-saw • **PT** arre-burri-ngo **Beispill** du bass ze schweier, fir mat mir op d'Klunsch ze goen **Synonym** Schaukel

i Variant: Klunschel

Klunschel [kl'unʃəl] Femininum (Pluriel Klunnschelen) - Variant vun ↗ Klunsch

Klunscheldéier Neutrum (Pluriel Klunscheldéieren) **DE** Wipptier • **FR** animal à ressort • **PT** boneco de mola [de parque infantil] **Beispill** op der Spillplaz geet eist Klengt am léifsten op d'Klunscheldéieren

klunschelen [kl'unʃələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geklunschelt) » **intransitiv DE** schaukeln, wippen • **FR** se balancer • **EN** to rock, to swing [to move back and forth] • **PT** baloiçar-se **Beispill** klunschel net um Stull, soss fäls de em! **Synonymen** klunnschen, schaukelen

klunschen [kl'unʃən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *geklunscht*) » **intransitiv 1.** *DE schaukeln, wippen* • *FR se balancer* • *EN to rock, to swing [to move back and forth]* • *PT baloiçar-se* **Beispiller** klunsch net um Stull, soss fäls de ëm!; den Dësch klunscht [den Dësch wackelt] **Synonymmen** klunschelen, schaukeln **2.** [ëgs] *DE rumhängen* • *FR trainer [s'attarder]* • *EN to hang around* • *PT passar [demorar-se]* **Beispill** hie klunscht all Owend am Bistro **Synonym** hänken

Klut Femininum (Pluriel Kluten) (meeschtens Pluriel) [ëgs] *DE Ei [Hoden]* • *FR couille [testicule]* • *EN ball [testicle]* • *PT tomate [testículo]* **Beispill** an där enker Box kréien ech d'Klute gequëtscht **Synonymmen** Hoden, Jick

knabberen [kn'abərən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *geknabbert*) » **intransitiv 1.** knabberen un *DE knabbern an* • *FR grignoter, ronger* • *EN to nibble (at)* • *PT roer [comer]* **Beispill** wien ass un de Schockela knabbere gaangen? » **transitiv 2.** *DE knabbern [nagen]* • *FR grignoter, ronger* • *PT roer, rilhar [trincar]* **Beispill** d'Kaweechelche sétzt do, eng déck Noss ze knabberen **3.** *DE knabbern [naschen]* • *FR grignoter [manger (en dehors des repas)]* • *PT roer, petiscar [comer (fora das refeições)]* **Beispill** hues de näischt, fir beim Aperitif ze knabberen?

i Verben, déi **knabberen** als Basis *hunn*: ↗ofknabberen an ↗uknabberen

knacheg [kn'axəç] Adjektiv *DE knochig* • *FR osseux [anguleux]* • *EN bony* • *PT ossudo [magro, anguloso]* **Beispiller** déi al Fra huet hir knacheg Hänn an de Schouss geluecht; hie kann zouhuelen, esou vill, ewéi e wëllt, e behält ëmmer säi knachegt Gesiicht **Synonym** schankeg

Knachekriibs [kn'axəkri:ps] Maskulinum (kee Pluriel) *DE Knochenkrebs* • *FR cancer des os, cancer osseux* • *EN bone cancer* • *PT cancro ósseo* **Beispill** d'Diagnos Knachekriibs war e Schock fir déi jonk Sportlerin

Knachen [kn'axən] Substantiv (kee Singulier) *DE Knochen* • *FR os* • *EN bone* • *PT osso* **Beispiller** wéi d'Haus ofgerappt gouf, goufen al Knachen am Buedem font; d'Sonn deet mengen ale Knache richteg gutt! [ëgs] [a mengem Alter deet d'Sonn mer richteg gutt!]; de Schreck vun der Explosioung souz de Leit nach laang an de Knachen [ëgs] [de Schreck vun der Explosioung ass de Leit nach laang nogaangen] **Synonym** Schanken

Knäckebrout [kn'ækəbrəʊt] Neutrum (kee Pluriel) *DE Knäckebrout* • *FR pain suédois* • *EN crispbread* • *PT pão succo* **Beispill** hatt ésst mueres am léifste Knäckebrout

knackeg [kn'akəç] Adjektiv **1.** *DE knackig [fest, knusprig]* • *FR croquant* • *EN firm, crisp* • *PT estaladiço* **Beispill** ech *hunn* elo Loscht op eng Koppel knackeg Wirschtercher **2.** [ëgs] *DE knackig [wohlgeformt]* • *FR bien roulé [bien proportionné]* • *EN toned [well formed, attractive]* • *PT bem-feito, feitoso* **Beispill** vun dëser Übung kriss de e knackegen Hënner

knacken [kn'akən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *geknackt*) » **transitiv 1.** *DE knacken* • *FR casser, forcer [pour ouvrir]* • *EN to crack [to break open]* • *PT partir, forçar [para abrir]* **Beispiller** mäi Brudder knackt d'Nëss mat den Zänn; d'Raiber haten de Safe a kuerzer Zäit geknackt; si probéieren zënter Deeg, de Code

ze knacken [ëgs] [si probéieren zënter Deeg, de Code ze entschlësselen] » **intransitiv** - och onperséinlech **2.** *DE knacken [ein knackendes Geräusch machen]* • *FR craquer [produire un bruit sec]* • *EN to crack [to make a sharp sound]* • *PT estalar [produzir um som seco]* **Beispill** et knackt a menger Schëller, wann ech den Aarm hiewen

Knäckint [kn'ækint] Femininum (Pluriel Knäckinten) *Anas querquedula* *DE Knäckente* • *FR sarcelle d'été* • *EN garganey* • *PT pato-marreco* **Beispill** wéi laang bréien d'Knäckinten? **Synonym** Summerint

Knacks [knaks] Maskulinum (Pluriel Knacksen) [ëgs] *DE Knacks [seelische Verletzung]* • *FR blessure morale* • *EN breakdown [psychological damage]* • *PT golpe moral* **Beispiller** duerch den Doud vu senger Fra huet hien en uerge Knacks kritt; du hues e klenge Knacks! [du bass verréckt!]

knaddereg [kn'adərəç] Adjektiv *DE nörgelig* • *FR râleur, grincheux* • *EN grumpy, tetchy* • *PT resmungão, rezingão* **Beispiller** esou engem knadderege Mënsch ewéi him sinn ech nach ni begéint!; du kucks esou knaddereg dran, datt ee bal fäert, fir dech eppes ze froen!

knadderen [kn'adərən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *geknaddert*) » **transitiv 1.** *DE knurren [undeutlich aussprechen]* • *FR marmotter, grommeler* • *EN to mumble, to mutter* • *PT resmungar, rosnar* **Beispill** hues du verstanen, wat hie geknaddert huet? **Synonymmen** grommelen, knouteren » **intransitiv 2.** *DE nörgeln* • *FR grogner, râler* • *EN to grumble* • *PT resmungar, rezingar* **Beispill** hien huet déi ganzen Zäit geknaddert **Synonymmen** grommelen, knouteren

Knadderer [kn'adərə] Maskulinum (Pluriel Knadderer) *DE Nörgler* • *FR râleur, rouspéteur* • *EN grumbler* • *PT resmungão, rezingão* **Beispill** deen ale Knadderer huet un allem eppes auszesetzen **Synonymmen** Grommeler, Knouterer

knaddreg [kn'adrəç] Adjektiv - Variant vun ↗knaddereg

knaen [kn'a:ən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *geknat*) » **transitiv 1.** *DE kauen* • *FR mâcher [mastiquer]* • *EN to chew* • *PT mastigar* **Beispill** et soll ee säin Essen ëmmer gutt knaen » **intransitiv 2.** *DE kauen* • *FR mâcher [mastiquer]* • *EN to chew* • *PT mastigar* **Beispiller** ech kann net gutt knaen, well ech d'Zänn wéi *hunn*; un där Affär hat hien nach laang ze knaen [ëgs] [hien huet nach laang iwuer där Affär gebruckt]

i Verb, dat **knaen** als Basis huet: ↗irknaen

Knäip [knæ:ɪp] Maskulinum (Pluriel Knäipen) *DE (kleines) Allzweckmesser, Schälmesser* • *FR (petit) couteau de cuisine* • *EN paring knife* • *PT (pequena) faca de cozinha* **Beispiller** deen neie Knäip ass scho stompeg!; ech *hunn* am ganze Rayon vum Kichegeschier gesicht, mee ech hu keen uerdentleche Knäip fonnt

Knäipchen [kn'æ:ɪpçən] Maskulinum (Pluriel Knäipercher) - Diminutivform vun ↗Knäip

knäipen [kn'æ:ɪpən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *geknäipt*) » **transitiv 1.** [ëgs] *DE abschreiben, abgucken [in der Schule]* • *FR pomper, copier [à l'école]*

• **EN** to copy, to crib [in school] • **PT** copiar [durante uma prova escolar] **Beispill** hien huet alles beim Noper geknäpft **Synonym** ofschreiwien » **intransitiv 2.** [ëgs] **DE** spicken • **FR** pomper, tricher [à l'école] • **EN** to cheat, to crib [in school] • **PT** cabular [durante uma prova escolar] **Beispill** de Schüler ass beim Knäipen erwëscht ginn

Knäpziedel [kn'æ:ɪptsjədəl] Maskulinum (Pluriel Knäpziedelen) **DE** Spickzettel • **FR** antisèche, pompe • **EN** crib (sheet) [in school] • **PT** cábula [apontamentos] **Beispill** ouni mäi Knäpziedel hätt ech an der Prüfung quer näischt kënne schreiwien

Knaischen [kn'aisjən] Femininum (Pluriel Knaischer) - Diminutivform vun ↗Knaus

Knall [knal] Maskulinum (Pluriel Knäll) **1.** **DE** Knall • **FR** détonation • **EN** bang [noise] • **PT** detonação **Beispill** de Knall vun der Explosioun huet ee bis an d'Nopeschduerf héieren **2.** Knäll dinn **DE** lauthals lachen, lauthals schreien • **FR** rire aux éclats, crier à tue-tête • **EN** to guffaw, to bellow • **PT** rir às gargalhadas, gritar a penas pulmões **Beispiller** d'Kanner hunn am Schoulhaff Knäll gedoen; firwat dees du esou Knäll?

knalleg Adjektiv **DE** knallig, grell • **FR** vif, éclatant, voyant • **PT** garrido, vivo, vistoso **Beispiller** am Summer doen ech gär knalleg Faarwen un; fénns du déi knalleg Riddeen do schéin? **Synonymmen** grell, jäizeg

knallrout [knalr'əʊt] Adjektiv **DE** knallrot • **FR** rouge vif • **EN** bright red • **PT** vermelho-vivo **Beispill** de Clown hat eng knallrout Nues

Knapp [knap] Maskulinum (Pluriel Knäpp) **1.** **DE** Knopf [an Textilien] • **FR** bouton [attache] • **EN** button [on a garment] • **PT** botão [em roupas] **Beispiller** kanns de mir de Knapp ubitzen, wannechgelift?; wat fir eng Knäpp soll ech der un deng Blus bitzen?; dee mécht dat do ewéi de Knapp! [ëgs] [dee mécht dat do ouni ze zéck-en]; ech brauch elo eppes fir hanner d'Knäpp! [ëgs] [lech sinn hongereg] **2.** **DE** Knospe • **FR** bouton [bourgeon] • **EN** bud • **PT** botão [gomo] **Beispiller** un Rousestack sinn d'Knäpp erkaalt; eise Käschtebam mécht scho Knäpp **Synonym** Knosp **3.** (meeschstens Pluriel) **DE** Klümpchen • **FR** grumeau • **EN** lump [in a sauce] • **PT** grumo [coágulo] **Beispiller** deng Zooss ass voller Knäpp!; wann s de d'Wäiss Zooss net genuch réiers, da mécht se Knäpp

knapp [knap] Adjektiv **1.** knapp sinn **DE** knapp sein, rar sein • **FR** être juste, être à peine suffisant • **EN** to be scarce • **PT** ser raro [ser apenas suficiente] **Beispill** an dëser Géigend ass d'Waasser knapp **2.** **DE** knapp [kurz] • **FR** petit [de faible durée] • **EN** bare, brief [just under, no more than] • **PT** apenas, pouco menos de **Beispill** de Virtrag huet eng knapp Stonn gedauert

Variant: knapps

Knäppchen [kn'æpçən] Maskulinum (Pluriel Knäppercher) - Diminutivform vun ↗Knapp **DE** Knopf [Schaltknopf] • **FR** bouton [de commande] • **EN** button [push-button] • **PT** botão [de comando] **Beispill** fir den Apparat auszemaachen, muss de op dese Knäppchen drécken

knäppen [kn'æpən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé geknäppt) » **transitiv 1.** **DE** knöpfen • **FR** boutonner • **EN** to button (up) [to fasten a button] • **PT** abotoar

Beispill knäpp däi Mantel emol richtig! » **intransitiv 2.** **DE** klumpen [Klümpchen bilden] • **FR** faire des grumeaux • **EN** to go lumpy • **PT** formar grumos **Beispill** d'Zooss knäppt

Verben, déi knäppen als Basis hunn: ↗ofknäppen, ↗opknäppen, ↗uknäppen, ↗virknäppen an ↗zouknäppen

Knapphouschent [knaph'əʊʃənt] Eegennumm **DE** Knaphoscheid • **FR** Knaphoscheid • **EN** Knaphoscheid • **PT** Knaphoscheid **Beispiller** ech wunnen zu Knapphouschent; fiert dese Bus op Knapphouschent?

Knapplach [kn'aplax] Neutrum (Pluriel Knapplächer) **DE** Knopfloch • **FR** boutonnière [d'un vêtement] • **EN** buttonhole • **PT** botoeira [em roupas] **Beispill** all Cavalier hat eng Rous am Knapplach

Variant: Knäplach

Knäplach [kn'æplax] Neutrum (Pluriel Knäplächer) - Variant vun ↗Knapplach

knapps [knaps] Adverb **1.** **DE** knapp [sehr wenig, fast nicht] • **FR** à peine [très peu, presque pas] • **EN** barely, hardly [only just, almost not] • **PT** mal [muito pouco, quase não] **Beispiller** meng Jupe geet knapps bis un d'Knéien; ech war esou voll, ech konnt knapps nach stoen **Synonym** kaum **2.** **DE** knapp [um Weniges] • **FR** de peu, de justesse • **EN** just, narrowly • **PT** por pouco, por um triz **Beispill** d'Jeeërin huet den Hues knapps verfeelt **Synonym** neelech **3.** **DE** kaum [gerade eben] • **FR** à peine [tout juste, à l'instant même] • **EN** barely, hardly [only a short time before] • **PT** mal [apenas, ainda agora] **Beispill** mir ware knapps dobannen, du goug de Furri scho lass **Synonym** kaum

knapps [knaps] Adjektiv - Variant vun ↗knapp

Knascht [knafʃt] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** Schmutz • **FR** saleté, crasse • **EN** muck, dirt • **PT** sujidade, imundície, porcaria **Beispiller** do deng Schong aus, du schleefs mer de ganze Knascht an d'Haus!; hie frësst nëmme Knascht! [ëgs] [hien ernäert sech ongesond] **Synonym** Dreck **2.** [ëgs] **DE** Ramsch, Dreck • **FR** saloperie(s) [choses(s) de mauvaise qualité] • **EN** trash, junk • **PT** porcaria(s) [coisa(s) de má qualidade] **Beispill** wéi vill Suen hues de fir dee Knascht bezuelt? **Synonymmen** Rebbi, Wuscht

knaschteg [kn'afʃtæg] Adjektiv **1.** **DE** dreckig, schmutzig [beschmutzt] • **FR** sale [souillé, crasseux] • **EN** dirty [unclean] • **PT** sujo [imundo, porco] **Beispiller** géi wäsch deng knaschteg Fangeren!; gehei deng knaschteg Wäsch an d'Maandel!; mir haten déi ganz Woch knaschtegt Wieder [ëgs] [mir haten déi ganz Woch schlecht Wieder] **Synonymmen** dreckeg, schmotzeg **2.** **DE** dreckig [gemein] • **FR** sale [mauvais, méchant] <Adverb méchamment> • **EN** nasty, dirty, mean <Adverb nastily> • **PT** sujo, mau, maldoso <Adverb maldosamente> **Beispiller** hien hat schonn ëmmer e knaschtege Charakter!; laach net esou knaschteg!; pass op, hanner der Bréck kennt eng knaschteg Kéier! [ëgs] [pass op, hanner der Bréck kennt eng gefeierlech Kéier!] **Synonym** dreckeg **3.** **DE** dreckig, schmutzig [unanständig] • **FR** sale, grivois, obscène • **EN** dirty [obscene, lewd] • **PT** sujo, licencioso, obsceno **Beispill** du kanns de Kanner dich keng knaschteg Witze verzielen! **Synonym** dreckeg

knaschten [kn'aftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geknascht) » **intransitiv** [égs] **DE** Dreck machen • **FR** faire des saletés [salir] • **EN** to make a mess • **PT** fazer lixo [sujar] **Beispill** du dâerfs am Auto iessen, mee et gëtt net geknascht! **Synonym** drecksen

Knaschtere [knaf'tɛr'aɪ] Femininum (Pluriel Knaschtereien) **1.** [égs] **DE** Schweinerei [Dreck] • **FR** sa-loterie, cochonnerie [crasse, désordre] • **EN** dirt, muck • **PT** porcaria, lixo **Beispiller** wat huet d'Fussballsekipp am Vestiar eng Knaschtere iannerlooss!; hie frësst nëmme Knaschtereien [hien ernäert sech ungesund] **Synonymmen** Dreck, Schwéngerei **2.** [égs] **DE** Schweinerei [Gemeinheit] • **FR** vacherie [méchanceté] • **EN** dirty trick • **PT** sujeira, patifaria **Beispill** mäin Noper mécht mer eng Knaschtere un där anerer **Synonym** Schwéngerei **3.** [égs] **DE** Schweinerei [Unanständigkeit] • **FR** cochonnerie [obscénité] • **EN** smut [obscenity] • **PT** obscenidade, indecência **Beispill** hien huet soss näischt ewéi Knaschtereien an der Kopp!

Knaschtert [kn'aftɛt] Maskulinum (Pluriel Knaschtertén) **1.** [égs] **DE** Schmutzfink [schmutziger Mensch] • **FR** cochon [personne sale] • **EN** pig, dirty slob • **PT** porcalhão [peessoa suja] **Beispill** dee Knaschtert huet sech d'Hänn net gewäsch, ier en iesse komm ass **Synonym** Fléipéiter **2.** [égs] **DE** Mistkerl • **FR** salaud, salopard • **EN** bastard [unpleasant person] • **PT** sacana, filho da mãe **Beispill** dee Knaschtert ass mech bei meng Mamm uschmiere gaangen! **3.** [égs] **DE** Schwein [unanständiger Mensch] • **FR** cochon [vicelard] • **EN** swine, lecher • **PT** depravado, devasso **Beispill** dee Knaschtert kuckt der Nopesch owes mat der Spektiv an d'Kummer

Knaschtsak [kn'aftza:k] Maskulinum (Pluriel Knaschtsäck) **1.** [graff] **DE** Mistkerl • **FR** salaud, salopard • **EN** scumbag, bastard • **PT** sacana, filho da mãe **Beispill** dee Knaschtsak ass mech bei de Patron uschmiere gaangen! **Synonymmen** Drecksak, Knaschtert **2.** [graff] **DE** Schwein [unanständiger Mensch] • **FR** cochon, porc [vicelard] • **EN** dirty pig [indecent person] • **PT** velhaco, devasso **Beispill** dee Knaschtsak kuckt mir owes mat der Spektiv an d'Kummer **Synonym** Knaschtert

Knätsch [knætf] Maskulinum (Pluriel Knätschen) **DE** Kaugummi • **FR** chewing-gum • **EN** chewing gum • **PT** pastilha elástica **Beispill** ech hu Knätsch, deen no Peffermënz schmaacht, am léifsten **Synonym** Knätschgummi

knätscheg [kn'ætʃɛç] Adjektiv **DE** pappig, kleisterig • **FR** collant, mou • **EN** chewy • **PT** pegajoso, mole **Beispill** dat Brout ass mir ze knätscheg

knätschen [kn'ætʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geknätscht) » **intransitiv** **1.** **DE** schmatzen [beim Essen] • **FR** manger bruyamment • **EN** to eat noisily • **PT** comer ruidosamente **Beispill** knätsch net esou! **2.** **DE** Kaugummi kauen • **FR** mâcher du chewing-gum • **EN** to chew gum • **PT** mascar pastilha elástica **Beispill** bei eis an der Klass dâerf net geknätscht ginn

Knätschgumm [kn'ætʃgum] Maskulinum (Pluriel Knätschgummen) [vereezt] - Variant vun ↗Knätschgummi

Knätschgummi [kn'ætʃgumi:] Maskulinum (Pluriel Knätschgummen) [vereezt] **DE** Kaugummi • **FR** chewing-

gum • **EN** chewing gum • **PT** pastilha elástica **Beispiller** späiz de Knätschgummi eraus!; déi Baguette ass eppes ewéi Knätschgummi [déi Baguette ass latscheg]; dat Argument kanns de zéien ewéi Knätschgummi [dat Argument kanns de ausleeën, wéi s de wëlls] **Synonym** Knätsch

1 Variant: Knätschgumm

Knätzel [kn'ætsəl] Femininum (Pluriel Knätzelen) **1.** **DE** Knoten [verworren, verklebt] • **FR** nœud [enchevêtrement] • **EN** tangle, knot • **PT** nó [emaranhamento] **Beispill** hatt kämmt sech d'Knätzelen aus den Hoer **2.** [égs] **DE** Göre, Fratz • **FR** coquine • **EN** minx • **PT** malandra, marota **Beispill** déi kleng Knätzel weess genee, wou de Schockela verstoppt ass

knätzelen [kn'ætsələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geknätzelt) » **intransitiv** **1.** [égs] **DE** werkeln • **FR** bricoler [s'occuper, travailler] • **EN** to potter about, to fiddle around • **PT** fazer pequenos trabalhos manuais **Beispill** de Pätter knätzelt a sengem Atelier **Synonymmen** hantéieren, knéchelen, kniwwelen, koschteren **2.** [égs] knätzelen un **DE** werkeln an, tüfteln an • **FR** bidouiller, bricoler • **EN** to fiddle with, to tinker with • **PT** remexer em, mexer em **Beispill** hie knätzelt schonn deeglaang un deem futtisse Radio **Synonymmen** hantéieren un, knéchelen un, kniwwelen un » **transitiv** **3.** [égs] sech eng knätzelen **DE** sich einen ansaufen • **FR** prendre une cuite • **EN** to get plastered, to get sozzled • **PT** apanhar uma piela **Beispill** gëschter Owend hat ech mer eng fatzeg geknätzelt

Knaus [kn'aus] Femininum (Pluriel Knausen) **DE** Brotkanten • **FR** quignon • **EN** crust, heel [of a loaf] • **PT** naco [do pão] **Beispill** d'Kanner streiden sech drëm, fir d'Knaus ze kréien **Synonymmen** Bootscht, Kuuscht

knauteren [kn'æ:ʊtɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geknautert) » **transitiv** **1.** **DE** zerknittern, knittern • **FR** chiffonner, froisser • **PT** amarrotar, amarfahar, amachucar **Beispiller** pass op, datt s de däin Hiem net knauters!; den Automat wollt mäi geknauterte 5-Euro-Schäin net huelen **Synonymmen** kniwwelen, knujelen » **intransitiv** **2.** **DE** knittern • **FR** se froisser, se chiffonner • **PT** amarrotar-se, amachucar-se **Beispill** de Stoff vun deem bëllege Paltong knautert séier **Synonymmen** kniwwelen, knujelen

knautschen [kn'æ:ʊtʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geknautscht)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Knautschlieder Neutrum (kee Pluriel)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Knöchel [kn'ɛçəl] Maskulinum (Pluriel Knéchelen) **DE** Knöchel [Fußknöchel] • **FR** cheville [articulation du pied] • **EN** ankle • **PT** tornozelo **Beispill** hien huet sech beim Fussball de Knöchel verstaucht **Synonym** Enkel

knéchelen [kn'ɛçələn] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geknéchelt) » **intransitiv** **1.** [égs] **DE** werkeln • **FR** bricoler [s'occuper, travailler] • **EN** to potter about, to fiddle around • **PT** fazer pequenos trabalhos manuais **Beispiller** hie knéchelt de ganzen Dag an der Garage; wat knéchels de do? **Synonymmen** hantéieren, knätzelen, kniwwelen, koschteren **2.** [égs] knéchelen

(un) **DE** *werkeln (an), tüfteln (an)* • **FR** *bidouiller, bricoler* • **EN** *to tinker (with), to fiddle (with)* • **PT** *remexer (em), mexer (em)* **Beispill** hie **knéchele** schonn deeglaang un deem futtisse Radio **Synonymmen** bastelen (un), féngeren (un), fummelen (un), hantéieren (un), knätzelen (un), kniwwelen (un) ♦ **Verb** (Hëllefverb **sinn**, Participe passé **geknéchele**) » **intransitiv 3.** [ëgs] **DE** *kraxeln* • **FR** *crapahuter* • **EN** *to clamber, to scramble* • **PT** *arrastar-se, caminhar com dificuldade* **Beispill** mir hu missen iwwer Fielse **knéchele**, fir bei d'Waasser ze kommen **Synonym** kraxelen

Knécheleer [kn'eçələ] Maskulinum (Pluriel Knécheleer) [ëgs] **DE** *Bastler, Tüftler* • **FR** *bricoleur* • **EN** *handyman, DIYer* • **PT** *faz-tudo, engenhocas* **Beispill** mäi Monni ass e **Knécheleer**, deen alles gefléckt kritt **Synonymmen** Kniwweler, Triwweler

1 Weiblech Form: ↗Knéchelesch

Knéchelesch [kn'eçələʃ] Femininum (Pluriel Knécheleschen) [ëgs] **DE** *Bastlerin, Tüftlerin* • **FR** *bricoleuse* • **EN** *handywoman, DIYer* • **PT** *faz-tudo, engenhocas [mulher]* **Beispill** meng Tatta ass eng **Knéchelesch**, déi alles gefléckt kritt **Synonymmen** Kniwwelesch, Triwwelesch

1 Männlech Form: ↗Knécheleer

knéckeg [kn'ekəç] Adjektiv [ëgs] **DE** *geizig, knauserig* • **FR** *radin, avare* • **EN** *stingy, mean, tight* • **PT** *sovina, avarento* **Beispiller** sief net esou **knéckeg** a géff dengen Enkelkanner eppes fir de Gebuertsdag!; wat méi räich, wat méi **knéckeg**! **Synonymmen** gäizeg, geiereg, kuuschteg

Knéckegkeet [kn'ekəçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Geiz* • **FR** *avarice* • **EN** *meanness, miserliness* • **PT** *avareza, sovínice* **Beispill** vun elauter **Knéckegkeet** leescht e sech ni eng Vakanz **Synonym** Gäiz

knécken [kn'ekən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **geknéck**) » **intransitiv 1.** [ëgs] **knécke** mat **DE** *knausern mit, geizen mit* • **FR** *être radin sur* • **EN** *to be stingy with, to be tight with* • **PT** *ser sovina com* **Beispill** d'Clientè **knécken** émmen méi mam Drénggeld **Synonym** gäizen **2.** [ëgs] **knécken** un **DE** *knausern, sparen an* • **FR** *économiser sur, lésiner sur* • **EN** *to economize on* • **PT** *poupar em, economizar em* **Beispill** am Krich **hunn** d'Leit un allem **geknéck**

1 Verb, dat **knécken** als Basis huet: ↗ëmknécken

Knéckert [kn'ekət] Maskulinum (Pluriel Knéckerten) [ëgs] **DE** *Geizhals* • **FR** *grippe-sou, radin* • **EN** *skinflint, miser* • **PT** *forreta, avarento* **Beispill** meng net, dee **Knéckert** géif engem e Patt ginn! **Synonymmen** Knéckjang, Kuuschtert

Knéckjang [kn'ekʒɑŋ] Maskulinum (Pluriel Knéckjangen) [ëgs] **DE** *Geizhals* • **FR** *grigou, radin* • **EN** *cheap-skate, skinflint, Scrooge* • **PT** *forreta, avarento* **Beispill** dee **Knéckjang** ass nach ze kuuschteg, fir sech sat z'ïessen **Synonymmen** Knéckert, Kuuschtert

Knécks [knɛks] Maskulinum (Pluriel Knécksen / Knéckser) **1.** **DE** *Knick [Beschädigung]* • **FR** *corne, cassure [endroit endommagé, plié]* • **EN** *crease, wrinkle [damage]* • **PT** *dobra, vinco [parte defeituosa, dobrada]* **Beispill** pass op, maach kee **Knécks** an d'Foto!; kaf déi Rous

net, déi huet e **Knécks** am Still! **2.** **DE** *Knick [Kurve]* • **FR** *virage (en coude)* • **EN** *bend, turn, corner [in a road]* • **PT** *curva (em cotovelo)* **Beispill** hanner der Bréck mécht d'Strooss e **Knécks** **3.** **DE** *Knicks* • **FR** *révérence [salut cérémonieux]* • **EN** *curtsy* • **PT** *reverência [vénia]* **Beispill** meng Mamm huet nach an der Schoul geléiert, wéi een e **Knécks** mécht

knécksen [kn'eksən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **geknéckst**) » **transitiv DE** *knicken* • **FR** *plier, corner* • **EN** *to crease, to bend* • **PT** *dobrar, vincar* **Beispill** pass op, datt s de d'Foto net **knécks**!

1 Verb, dat **knécksen** als Basis huet: ↗ëmknécksen

Knéff [knəf] Maskulinum (Pluriel Knéffen) **1.** [ëgs] **DE** *fester Freund* • **FR** *petit ami* • **EN** *boyfriend* • **PT** *moço [namorado]* **Beispill** elo bréngt hatt säin neie **Knéff** mat op d'Grillfest! **2.** [ëgs] **DE** *Bursche, Knirps* • **FR** *gars, fiston* • **EN** *lad, fellow* • **PT** *moço, garoto* **Beispill** wat mécht esou e krappege **Knéff** wéi hie bei der Arméi?

Knéi [knɛi] Maskulinum (Pluriel Knéien) **1.** **DE** *Knie [Gelenk]* • **FR** *genou [articulation]* • **EN** *knee [joint]* • **PT** *joelho [articulação]* **Beispiller** mäi Monni gétt mam **Knéi** operéiert; mir stoung bis iwwer d'Knéien am äiskale Waasser; hien ass an d'Knéie gaangen [ëgs] [hien huet noginn]; him gouf et weech an de Knéien [ëgs] [him gouf et schlecht]; hien ass vum Papp iwwer de **Knéi** geholl ginn [ëgs] [hie krut Streech vum Papp]; mir därferen näischt iwwer de **Knéi** briechen [ëgs] [mir därferen näischt iwwerstierzen]; du kanns hinnen op de **Knéie** Merci soen! [ëgs] [du kanns hinnen op déi dankbaarst Manéier Merci soen]; hies de d'Bomi an de **Knéi** gebass? [ëgs] [⇒ seet een ze engem Kand, dat e Mël-lechzant verluer huet] **2.** **DE** *Knie [einer Hose]* • **FR** *genou [d'un pantalon]* • **EN** *knee [of trousers]* • **PT** *joelho [das calças]* **Beispill** meng Box huet e Lach am **Knéi** **3.** **DE** *Knie [Kniestück]* • **FR** *coude [élément courbe]* • **EN** *elbow [pipe fitting]* • **PT** *cotovelo [peça curva]* **Beispiller** de **Knéi** vum Siphon muss ersat ginn; ech muss nach zwee **Knéie** fir d'Uewerpäif kafen

knéien [kn'ɛiən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **geknéit**) » **intransitiv 1.** **DE** *knien* • **FR** *être agenouillé* • **EN** *to kneel* • **PT** *estar de joelhos* **Beispiller** d'Massendénger **knéie** virum Altor; hie **knéit** virum Schaf a sicht nom Schockela » **reflexiv 2.** **DE** *sich knien* • **FR** *se mettre à genoux* • **EN** *to kneel down* • **PT** *pôr-se de joelhos* **Beispiller** **knéi** dech bei d'Bidden, da kann ech der de Kapp besser wäshen!; mir **hunn** eis an d'Aar-becht **geknéit** [ëgs] [mir **hunn** intensiv geschafft] **3.** **DE** *eine Kniebeuge machen [als Zeichen der Verehrung]* • **FR** *faire une genuflexion* • **EN** *to genuflect* • **PT** *fazer uma genuflexão* **Beispill** an der Kierch **knéien** d'Leit sech, ier se sech setzen

1 Verben, déi **knéien** als Basis **hunn**: ↗derhannerknéien, ↗derhannertknéien, ↗eraknéien, ↗néierknéien an ↗nidderknéien

Knéigelenk [kn'ɛigələŋk] Neutrum (Pluriel Knéigelenker) **DE** *Kniegelenk* • **FR** *articulation du genou* • **EN** *knee joint* • **PT** *[articulação do joelho]* **Beispill** mat sengem neie **Knéigelenk** ass de Patient nees komplett mobil

Knéikailchen [kn'ɛikaɪlçən] Femininum (Pluriel Knéikailercher) - Diminutivform vun ↗Knéikaul

Knéikaul [knɛɪk'ɑʊl] Femininum (Pluriel Knéikaulen) DE *Kniekehle* • FR *creux du genou, fosse poplitée, creux poplité* • EN *back of the knee* • PT *fossa poplitea, jarrete* **Beispill** de Spiller krut déi Rout Kaart, well en e Géigner an d'Knéikaul gerannt hat

Knéischeif [kn'ɛɪʃaɪf] Femininum (Pluriel Knéischeifen) DE *Kniescheibe* • FR *rotule* [os] • EN *kneecap* • PT *rótula* [*articulação tibiofemoral*] **Beispill** hien ass onglécklech gefall an huet d'Knéischeif gerass

knéitschen [kn'ɛɪʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geknéitscht*) » **transitiv** [vereezelt] DE *vorsichtig von Hand waschen* • FR *laver à la main avec précaution* • EN *to wash gently by hand* • PT *lavar à mão com cuidado* **Beispill** déi delikat Wäsch gëtt *geknéitscht*, da bleift se méi laang schéin

Knéppel [kn'əpəl] Maskulinum (Pluriel Knéppelen) 1. DE *Knüppel* • FR *gros bâton, gourdin* • EN *club, cudgel* • PT *cacete, moca, bastão* **Beispiller** de Gangster huet d'Affär mam Knéppel op de Kapp geschloen, fir him de Portmann ze klauen; mat Knéppelen fänkt ee keng Vullen [ëgs] [mat iwverdrüwene Mëttelen erreecht een näischt!]; seng Kolleegen hunn him Knéppelen an d'Rieder gehäit [ëgs] [seng Kolleegen hunn him Schwieregkeete gemaach] 2. [ëgs] d'Knéppelen bei d'Tromm geheien DE *die Flinte ins Korn werfen* • FR *jeter le manche après la cognée* • EN *to throw in the towel* • PT *dar-se por vencido* **Beispill** du wäerts dach net scho bei den éischte Schwieregkeeten d'Knéppelen bei d'Tromm geheien! **Synonym** d'Bengele bei d'Tromm geheien

Variant: Kléppel

Knéppelsteen [kn'əpəlʃte:n] Maskulinum (Pluriel Knéppelsteng) (meeschtens Pluriel) DE *Hagelkorn* • FR *grêlon* • EN *hailstone* • PT *pedra de granizo* **Beispill** de Muere si Knéppelsteng gefall, esou déck ewéi Hén-gereeer!

knéppen [kn'əpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geknépp*) » **transitiv** 1. DE *knüpfen* [*herstellen*] • FR *nouer* [*confectionner*] • EN *to knot* [*a carpet, a fringe*] • PT *confecionar* [*redes, tapetes*] **Beispill** an hirer Fräizäit knéppert meng Schwëster Teppescher 2. Kontakter knéppen DE *Kontakte knüpfen* • FR *nouer des contacts* • EN *to make contacts* • PT *travar contactos* **Beispill** mir ginn op dee Vernissage, fir Kontakter ze knéppen

Verb, dat knéppen als Basis huet: ↗uknéppen

Knicks [knɪks] Femininum (Pluriel Knicksen) DE *Druckknopf* [*Verschluss*] • FR *bouton-pression* • EN *press stud, popper* • PT *mola* [*botão*] **Beispill** meng nei Wanjackett huet Täsche mat Knicksen

Kniddel [kn'idəl] Femininum (Pluriel Kniddelen) DE *Mehlnödel, Mehlkloß* • FR *quenelle de farine* • EN *flour dumpling* • PT *bolinha de farinha* **Beispill** meng Mamm huet haut Kniddele gemaach

Kniecht [knɪɔçt] Maskulinum (Pluriel Kniechten) DE *Knecht* • FR *valet* [*de ferme*] • EN *farmhand* • PT *criado* [*de quinta*] **Beispiller** hie war Kniecht bei engem décke Bauer; de Kniecht huet d'Kéi aus dem Stall gelooss; ech sinn net däi Kniecht! [ëgs] lech loosse mech net

vun dir kommandéieren!

knieden [kn'ɪədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gekniet*) » **transitiv** DE *kneten* • FR *pétrir* • EN *to knead* • PT *amassar, malaxar* **Beispiller** hautdesdaags hunn d'Bäcker speziell Maschinnen, fir den Deeg ze knieden; de Masseur huet mir mäi Réck zerguttst gekniet

Knietchen [kn'ɪətçən] Maskulinum (Pluriel Knietcher) - Diminutivform vun ↗Knuet

Knippchen [kn'ɪpçən] Femininum (Pluriel Knippercher) - Diminutivform vun ↗Knupp DE *Praline* • FR *chocolat* [*bonbon*] • EN *chocolate* [*in a box of chocolates*] • PT *bombom* [*de chocolate*] **Beispill** eng Këscht Knippercher an eng Fläsch Schampes sinn ëmmer e gudde Kaddo

knipsen [kn'ɪpsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geknipst*) » **transitiv** 1. DE *lochen* [*lentwerten*] • FR *poinçonner, composer* • EN *to punch, to clip* [*a ticket*] • PT *picar* [*obliterar*] **Beispill** de Kontroller huet de Billjee geknipst **Synonym** pëtzen 2. DE *knipsen* [*fotografieren*] • FR *photographier, prendre en photo* • EN *to snap, to take* [*a photograph*] • PT *fotografar, tirar uma fotografia* a **Beispill** an der Vakanz knipsen ech gäre Landschaften

Verben, déi knipsen als Basis hunn: ↗ausknipsen an ↗uknipsen

knirschen [kn'ɪrʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geknirscht*)

Hei entsteet en neien Artikel.

knisteren [kn'ɪstərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geknistert*) » **intransitiv** - och **perséinlech** DE *knistern* • FR *crépiter* • EN *to crackle* • PT *crepitar* **Beispiller** d'Feier huet nach geknister; et knistert am Uewen

Kniwwel [kn'ivəl] Femininum (Pluriel Kniwwelen) 1. DE *Knitterfalte* • FR (*faux*) *pli* [*tendrait froissé*] • EN *crease, wrinkle* • PT *gelha, ruga* [*em tecido*] **Beispill** du hues eng Kniwwel am Paltong 2. DE *Knifflei* • FR *travail délicat* [*travail manuel subtil*] • EN *fiddly work, finicky job* • PT *trabalho delicado* [*trabalho manual subtil*] **Beispill** déi Fléck war eng eenzeg Kniwwel

kniwweleg [kn'ivələç] Adjektiv 1. DE *knifflig* [*Schwierig*] • FR *délicat* [*complexe, subtil*] • EN *fiddly, finicky* • PT *delicado* [*complexo, subtil*] **Beispill** déi Aarbecht ass schéi kniwweleg 2. DE *knifflig* [*heikel*] • FR *délicat* [*lépigneux, embarrassant*] • EN *tricky, ticklish* • PT *delicado* [*lespinhoso, embaraçoso*] **Beispill** dat ass eng kniwweleg Affär, wat solle mer do nëmme maachen? **Synonymmen** däreg, delikat, kriddeleg, quokeleg

kniwwelen [kn'ivələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gekniewelt*) » **transitiv** 1. DE *zerknittern, knittern* • FR *froisser, chiffonner* • EN *to crease, to crumple* • PT *amarrotar, amarfancar, amachucar* **Beispiller** du hues däi Paltong gekniewelt!; den Automat wollt mäi gekniewelte 5-Euro-Schäin net huelen **Synonymmen** knauteren, knujelen » **intransitiv** 2. DE *knittern* • FR *se froisser, se chiffonner* • EN • PT *amarrotar-se, amachucar-se* **Beispill** ech hunn déi Blus do ganz gär, well se net kniewelt **Synonymmen** knauteren, knujelen 3. [ëgs] DE *werkeln* • FR *bricoler* [*s'occuper, travailler*] • EN *to potter about, to fiddle around* • PT *fazer pequenos trabalhos*

manualis **Beispiller** hie **kniwwelt** de ganzen Dag a sengem Atelier; wat **kniwwels** de do? **Synonymmen** han-téieren, knätzelen, knéchelen, koschteren **4.** ^[ëgs] **kniwwelen** (un) **DE** *hantieren* (an), *tüfteln* (an) • **FR** *bidouiller*, *bricoler* • **EN** *to fiddle* (with), *to tinker* (with) • **PT** *remexer* (em), *mexer* (em) **Beispill** hie **kniwwelt** esou laang un der Standauer, bis se guer net méi geet **Synonymmen** bastelen (un), fëngeren (un), fummelen (un), han-téieren (un), knätzelen (un), knéchelen (un)

Kniwweler [kn'ivələ] Maskulinum (Pluriel Kniwweler) **DE** *Tüftler* • **FR** *bricoleur* • **EN** *handyman* • **PT** *faz-tudo*, *engenhocas* **Beispill** hien ass e **Kniwweler**, dee säin ale Moto ëmmer selwer fléckt **Synonymmen** Knécheler, Triwweler

1 Weiblech Form: ↗Kniwwelesch

Kniwwelesch [kn'ivələʃ] Femininum (Pluriel Kniwweleschen) **DE** *Tüftlerin* • **FR** *bricoleuse* • **EN** *handy-woman* • **PT** *faz-tudo*, *engenhocas* [mulher] **Beispill** déi **Kniwwelesch** fléckt alles selwer dohem **Synonymmen** Knéchelesch, Triwwelesch

1 Männlech Form: ↗Kniwweler

Knoll [knol] Femininum (Pluriel Knollen) **DE** *Blumenknolle* • **FR** *bulbe* [d'une plante] • **EN** *bulb* [of a plant] • **PT** *bolbo* [de uma planta] **Beispill** du däerfs d'Knolle vun deene Blummen net ze déif an de Buedem setzen

Knorpel [kn'ɔʀpəl] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Knorpel* • **FR** *cartilage* • **EN** *cartilage* • **PT** *cartilagem* **Beispiller** dat mënschlecht Ouer besteet gréisstendeels aus **Knorpel**; dem Hai-fësch säi Skelett ass aus **Knorpel**; a mengem Knéi hat de **Knorpel** sech esou ofgenotzt, datt ech hu missen operéiert ginn

Knosp [knosp] Femininum (Pluriel Knospen) **DE** *Knospe* • **FR** *bouton* [bourgeon] • **EN** *bud* • **PT** *botão* [gomo] **Beispill** kuck, et si scho **Knospen** um Rousestack! **Synonym** Knapp

Knouterbatti [kn'əʊtəbati:] Maskulinum (Pluriel Knouterbattien)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

knouteren [kn'əʊtəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geknoutert) » **transitiv 1.** **DE** *knurren* [undeutlich aussprechen] • **FR** *marmotter*, *grommeler* • **EN** *to mumble*, *to mutter* • **PT** *resmungar*, *rosnar* **Beispill** hues du verstanen, wat hie geknoutert huet? **Synonymmen** grommelen, knadderen » **intransitiv 2.** **DE** *nörgeln* • **FR** *grogner*, *râler* • **EN** *to grumble* • **PT** *resmungar*, *rezingar* **Beispill** hie knoutert vu mueres bis owes **Synonymmen** grommelen, knadderen, räsoneieren

Knouterer [kn'əʊtərə] Maskulinum (Pluriel Knouterer) **DE** *Nörgler* • **FR** *râleur*, *rouspéteur* • **EN** *grumbler* • **PT** *resmungão*, *rezingão* **Beispill** deen ale **Knouterer** huet un allem eppes auszesetzen **Synonymmen** Grommeler, Knadderer

Knouterfra [kn'əʊtəfra:] Femininum (Pluriel Knouterfrauen) ^[ëgs] **DE** *Ombudsfrau* • **FR** *médiatrice*, *ombudsman* • **PT** *provedora do cidadão*, *ombudsman* **Synonym** Ombudsfra

1 Männlech Form: ↗Knoutermann

Knoutermann [kn'əʊtəman] Maskulinum (Pluriel Knoutermänner) ^[ëgs] **DE** *Ombudsmann* • **FR** *médiateur*, *ombudsman* • **EN** *ombudsman* • **PT** *provedor do cidadão*, *ombudsman* **Beispill** de **Knoutermann** huet scho ville Bierger zu hirem Recht verhollef **Synonym** Ombudsmann

1 Weiblech Form: ↗Knouterfra

Knowhow [nəʊh'əʊ] Maskulinum (kee Pluriel)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

knubbeleg [kn'ubələç] Adjektiv **DE** *holprig* [uneben] • **FR** *bosselé*, *cahoteux* • **EN** *bumpy* • **PT** *acidentado*, *irregular* **Beispiller** op deem **knubbelege** Pawee geet et mam Vëlo nëmme lues virun; eise Fliger ass op enger **knubbeleger** Pist gelant **Synonym** holpereg

knuddelen [kn'udələŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geknuddelt) » **transitiv** **DE** *kuscheln mit*, *an sich drücken*, *knuddeln* • **FR** *serrer dans ses bras*, *câliner* • **EN** *to cuddle* • **PT** *abraçar*, *dar mimosos* a **Beispill** ech kéint dat Kand do stonnelaang **knuddelen**

Knuedler [kn'uədle] Eegennumm **DE** *Wilhelmsplatz* [Ort in Luxemburg-Stadt] • **FR** *place Guillaume II* [lieu à Luxembourg-ville] • **EN** *Place Guillaume II* [town square in Luxembourg City] • **PT** *praça Guillaume II* [lugar na cidade de Luxemburgo] **Beispiller** well de **Knuedler** zentral läit, gëtt e fir Mäert, Concerten a vill Fester genotzt; vum **Knuedler** aus ass et just e Kazesprong bis bei de Palais oder bei d'Katedral

1 De **Knuedler**, eng grouss Plaz matzen an der Stad, ass offiziell nom Kinnek Wëllem II benannt. Do stoung fréier e Klouschter vun de Franziskaner. Déi goufe **Knuedlerpatere** genannt, well se eng Kordel mat **Kniet** ëm de Bauch haten. Doduerch krut och d'Plaz hiren Numm.

knueren [kn'u:ɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geknuert) - Variant vun ↗knurren

Knuet [knue̯t] Maskulinum (Pluriel **Kniet**) **1.** **DE** *Knoten* [Verschlingung] • **FR** *nœud* [enlacement] • **EN** *knot* [fastening] • **PT** *nó* [laço apertado] **Beispiller** bei de Scoute krut ech gewisen, wéi een e platte **Knuet** mécht; hien huet de **Knuet** vu senger Krawatt méi labber gemaach; maach der e **Knuet** an d'Nuessnappech, fir de Rendez-vous net ze vergiessen!; maach en duebele **Knuet**, soss hält däi Stréckel net!; hien huet e **Knuet** an der Leitung ^[ëgs] [hie versteet net direkt, wat gemengt ass]; zënter de Jong am Internat ass, huet en de **Knuet** gutt opgedoen! ^[ëgs] [zënter de Jong am Internat ass, huet en sech positiv entwéckelt] **2.** **DE** *Knoten* [im Holz] • **FR** *nœud* [dans le bois] • **EN** *knot* [in wood] • **PT** *nó* [na madeira] **Beispiller** an den Dill sinn d'**Kniet** vum Holz gutt ze gesinn; dat ass en haarde **Knuet!** ^[ëgs] [dat ass e schwierige Problem!] **3.** **DE** *Knoten* [Verdickung von Gewebe] • **FR** *nodosité*, *tumeur* • **EN** *lump* [swelling] • **PT** *nódulo*, *caroço* **Beispill** wann de **Knuet** an der Schilddrüs méi déck gëtt, muss ech Medikamenter huelen

Knuet [knue̯t] Maskulinum (Pluriel **Kniet**) **DE** *Knoten* [Maßeinheit] • **FR** *nœud* [unité de vitesse] • **EN** *knot* [unit of speed] • **PT** *nó* [unidade de velocidade] **Beispill** mat wéi vill **Kniet** fiert d'Croisiéresschëff den Ament?

Knuewelek [kn'uəvələk] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Knoblauch* • **FR** *ail* • **EN** *garlic* • **PT** *alho* **Beispill** an där

Vinaigrette ass ze vill **Knuewelek!** **2.** Wëlle Knuewelek **DE** Bärlauch • **FR** *ail des ours, ail sauvage* • **EN** *ramsons, wild garlic* • **PT** *alho-dos-ursos* **Beispill** ech war haut an de Bësch Wëlle **Knuewelek** plécken, fir e Pesto dermat ze maachen **Synonymmen** Bärlauch, Heckknuewelek

Knujel [kn'uzəl] Femininum (Pluriel Knujelen) **DE** *Knäuel [Verknotung]* • **FR** *noeud [enchevêtrement]* • **EN** *knot, tangle* • **PT** *nó [emaranhamento]* **Beispiller** et ass eng Knujel an der Woll; dän Hiem ass eng eenzeg Knujel ^[ëgs] [dän Hiem ass ganz zerknujelt] **Synonym** Wurrel

knujelen [kn'uzələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geknujelt) » **transitiv 1.** **DE** *zerknittern, knit-tern* • **FR** *froisser, chiffonner* • **PT** *amarrotar, amarfancar, amachucar* **Beispiller** pass op, datt s de dän Hiem net knujels!; den Automat wollt mäi geknujelte 5-Euro-Schäin net huelen **Synonymmen** knauteren, kniwwelen **2.** knujelen an **DE** *stopfen in* • **FR** *fourrer dans [faire entrer sans soin dans]* • **EN** *to stuff into* • **PT** *enfiar em [pôr sem cuidado dentro de]* **Beispill** de Bouf huet seng Kleeder an de Rucksak geknujelt **Synonym** druddelen an » **intransitiv 3.** **DE** *knitern* • **FR** *se froisser, chiffonner* • **PT** *amarrotar-se, amachucar-se* **Beispill** ech hunn déi Blus do ganz gâr, well se net knujelt **Synonymmen** knauteren, kniwwelen

Knupp [knup] Femininum (Pluriel Knuppen) **1.** **DE** *Beule [Schwellung]* • **FR** *bosse [enfure]* • **EN** *bump [swelling]* • **PT** *bossa [linchaço]* **Beispiller** dee Klengen huet eng Knupp op der Stier, well e gefall ass; ech hunn zënter enger Zäit esou eng gelunge Knupp um Hals **Synonym** Bëlz **2.** **DE** *Unebenheit [Wölbung]* • **FR** *bosse [élévation, saillie]* • **EN** *bump, hump* • **PT** *bossa [elevação, saliência]* **Beispiller** direkt hanner der Kéier ass eng Knupp an der Strooss; d'Mauer am Giewel huet eng Knupp **3.** **DE** *Anhöhe, Hügel* • **FR** *butte, tertre* • **EN** *hilltop* • **PT** *outeiro, cabeça* **Beispill** eist Haus läit op der Knupp **Synonym** Kopp **4.** **DE** *Klumpen* • **FR** *bloc, motte* • **EN** *lump* • **PT** *bloco, torrão* **Beispill** den Aulebäcker huet aus enger Knupp Leem eng kleng Vas gedréit

Knuppauto [kn'ubastø:] Maskulinum (Pluriel Knuppautoen) **DE** *Autoskooter* • **FR** *auto tamponneuse* • **EN** *dogem, bumper car* • **PT** *carrinho de choque* **Beispill** mir sinn op der Schueberfouer e puer Tier mat de Knuppautoe gefuer

Knuffreed [knupf'r'e:t] Femininum (kee Pluriel) ^[ëgs] **DE** *Riesenspaß* • **FR** *gros amusement* • **EN** *whale of a time, enormous fun* • **PT** *grande divertimento* **Beispiller** op deene Fester gëtt et allkéiers Knuffreed; wann hien dat gewuer gëtt, da gëtt et Knuffreed! [wann hien dat gewuer gëtt, da gëtt et batter!]

knuppeg [kn'upəç] Adjektiv ^[ëgs] **DE** *klobig* • **FR** *gros-sier [épais, lourd]* • **EN** *clunky, clumpy* • **PT** *grossoiro [les-pesso, pesado]* **Beispill** an deene knuppege Schong kann ee bal net goen

Kommissioun [komisj'əʊn] Femininum (Pluriel Kommissiounen) **1.** **DE** *Besorgung [Erledigung]* • **FR** *commission, course [démarche]* • **EN** *errand* • **PT** *recado, voltas [diligência(s)]* **Beispill** ech kommen haut méi spéit op de Büro, well ech nach eng Kommissioun ze maachen hunn **2.** (kee Singulier) **DE** *Einkäufe* • **FR** *commissions, courses [achats]* • **EN** *shopping* • **PT** *compras* **Beispiller** mir ginn eis Kommissiounen an de Supermarché maachen; ech muss d'Kommissiounen nach aus dem Auto huelen; hies de deng Kommissiounen all op den Ziedel geschriwwen? **3.** **DE** *Nachricht [Mitteilung]* • **FR** *commission [message]* • **EN** *message* • **PT** *recado [mensagem]* **Beispill** ech hunn eng Kommissioun vun denger Mamm fir dech **4.** **DE** *Kommission [Ausschuss]* • **FR** *commission [instance]* • **EN** *committee, commission* • **PT** *comissão [junta, comité]* **Beispiller** d'Memberen an de President vun der Kommissioun gi majoritär gewielt; eng extra Kommissioun bekëmmert sech ëm d'Sécherheet vun de Gebaier **Synonym** Gremium **5.** **DE** *Provision* • **FR** *commission [pourcentage]* • **EN** *commission [fee, percentage]* • **PT** *comissão [percentagem]* **Beispill** fir vill Transaktiounen froen d'Banken eng Kommissioun **Synonym** Provisioun **6.** grouss Kommissioun ; kleng Kommissioun **DE** *großes Geschäft, kleines Geschäft [Notdurft]* • **FR** *grosse commission [cacal], petite commission [pipi]* • **EN** *number two, poo, number one, wee* • **PT** *cocó, chichi* **Beispiller** eist Klengt muss eng grouss Kommissioun maachen, däerfte mer Är Toilette benotzen?; fir eng kleng Kommissioun kanns de hanner d'Heck goun

Komitee [k'omite:] Maskulinum (Pluriel Komiteen) **DE** *Vorstand [einer Vereinigung]* • **FR** *conseil d'administration [d'une association]* • **EN** *committee* • **PT** *direção [de uma associação]* **Beispill** an der nächster Gen-

eralversammlung wíelt eise Veräin en neie Komitee

Komiteesmember [k'omite:smä:mbe] Maskulinum (Pluriel Komiteesmemberen) **DE** *Vorstandsmitglied [eines Vereins]* • **FR** *administrateur, membre du conseil d'administration [d'une association]* • **PT** *membro da direção [de uma associação]* **Beispill** an der Generalversammlung goufen zwee nei Komiteesmembere gewielt

Komiteessetzung [k'omite:szətsuŋ] Femininum (Pluriel Komiteessetzungen) **DE** *Vorstandssitzung* • **FR** *réunion du conseil d'administration, réunion du comité* • **EN** *board meeting* • **PT** *reunião da direção [de uma associação], reunião do conselho de administração [de uma organização]* **Beispill** et sinn ëmmer déi selwecht Memberen, déi onentschëllegt an de Komiteessetzunge feelen

kommunal [komun'a:l] Adjektiv **DE** *kommunal* • **FR** *communal* • **EN** *local [local government, regional]* • **PT** *comunal* **Beispill** dës Reegelung gëllt nëmmen op kommunalem Niveau

Kommunalwal [komun'a:lva:l] Femininum (Pluriel Kommunalwalen) (meeschtens Pluriel) **DE** *Kommunalwahl, Gemeindewahl* • **FR** *élections communales, élections municipales* • **EN** *local election(s)* • **PT** *eleições municipais, eleições autárquicas* **Beispiller** den Noper huet sech fir d'Kommunalwalen opgesat; den aktuelle Buergermeeschter krut bei de Kommunalwale bal 70 % vun de Stëmmen **Synonym** Gemengewal

Kommunikatioun [komunikasj'əʊn] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Kommunikation [Verständigung]* • **FR** *communication [rapport, relations]* • **EN** *communication [understanding, relations]* • **PT** *comunicação [entendimento, relações]* **Beispill** d'Kommunikatioun tëschent der Direktioun an den Employéë klappt net méi esou richtig **Synonym** Verstännegung **2.** (Pluriel Kommunikatiounen) **DE** *Telefonat, Verbindung* • **FR** *communication, appel [téléphonique]* • **EN** *(telephone) call, connection* • **PT** *comunicação (telefónica), chamada* **Beispill** ech hu meng Kommunikatiounen all op mäin Handy ëmgeleest **3.** (Pluriel Kommunikatiounen) **DE** *Mitteilung* • **FR** *communication [annonce, message]* • **EN** *announcement, statement* • **PT** *comunicação [anúncio, mensagem]* **Beispill** d'Regierung huet der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen

Kommunikatiounssprooch [komunikasj'əʊnsprɔ:χ] Femininum (Pluriel Kommunikatiounssproochen)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

kommunikativ [komunikat'i:f] Adjektiv **1.** **DE** *kommunikativ [die Kommunikation fördernd]* • **FR** *communicatif [qui facilite la communication]* • **EN** *communicative* • **PT** *comunicativo [que facilita a comunicação]* **Beispill** a ville Beruffer si kommunikativ Kompetenze gefrot **2.** **DE** *kommunikativ [mitteilsam]* • **FR** *communicatif [causant]* • **EN** *communicative, forthcoming* • **PT** *comunicativo [falador]* **Beispill** eise Chef ass net ganz kommunikativ, mir ginn net vill gewuer

kommunikéieren [komunik'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kommunikéiert) **>> intransitiv 1.** kommunikéieren (mat) **DE** *kommunizieren*

(mit) [sich verständigen (mit), sprechen (mit)] • **FR** *communiquer (avec)* [se faire comprendre (de), parler (avec)] • **EN** *to communicate (with)* [to make oneself understood, to talk (to)] • **PT** *comunicar (com)* [fazer-se entender (por), falar (com)] **Beispill** wann een d'Sprooch vum Land net schwätzt, ass et schwéier, mat de Leit ze **kommunikéieren** **Synonym** kommunizéieren (mat) **2.** kommunikéieren (mat) **DE** *kommunizieren (mit)* [sich austauschen] • **FR** *communiquer (avec)* [être en relation (avec)] • **EN** *to communicate (with)* [to share information (with)] • **PT** *comunicar (com)* [estar em relação (com)] **Beispill** et ass wichtig, datt déi verschidde Servicer uerdentlech matenee **kommunikéieren** **Synonym** kommunizéieren (mat)

Kommunioun [komunj'əʊn] Femininum (Pluriel Kommuniounen) - Variant vun ↗Kommioun

Kommuniounsiessen [komunj'əʊnzjəsən] Neutrum (Pluriel Kommuniounsiessen) - Variant vun ↗Kommiounsiessen

Kommuniounskand [komunj'əʊnskant] Neutrum (Pluriel Kommuniounskanner) - Variant vun ↗Kommiounskand

Kommuniounsunterrecht [komunj'əʊnzuntərəçt] Maskulinum (Pluriel <seelen> Kommuniounsunterrechter) - Variant vun ↗Kommiounsunterrecht

Kommunismus [komun'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Kommunismus* • **FR** *communisme* • **EN** *communism* • **PT** *comunismo* **Beispill** zwee Studenten hunn en Exposé iwwer de Kommunismus gehalten

Kommunist [komun'ist] Maskulinum (Pluriel Kommunisten) **DE** *Kommunist* • **FR** *communiste* • **EN** *communist* • **PT** *comunista* **Beispill** als iwwerzeegte Kommunist setzt hie sech besonnesch fir d'Aarbechter an

W Weiblech Form: ↗Kommunistin

kommunistesch [komun'istəf] Adjektiv **DE** *kommunistisch* • **FR** *communiste* • **EN** *communist* • **PT** *comunista* **Beispill** säi Schwéierpapp ass Member vun der kommunistescher Partei

Kommunistin [komun'istin] Femininum (Pluriel Kommunistinnen) **DE** *Kommunistin* • **FR** *communiste* [femme] • **EN** *communist* [female] • **PT** *comunista* [mulher] **Beispill** als iwwerzeegte Kommunistin setzt si sech besonnesch fir d'Aarbechter an

M Männlech Form: ↗Kommunist

kommunizéieren [komunits'zjəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **kommunizéiert**) » **intransitiv 1.** **kommunizéieren** (mat) **DE** *kommunizieren (mit)* [sich verständigen (mit), sprechen (mit)] • **FR** *communiquer (avec)* [se faire comprendre (de), parler (avec)] • **EN** *to communicate (with)* [to make oneself understood, to talk (to)] • **PT** *comunicar (com)* [fazer-se entender (por), falar (com)] **Beispill** wann een d'Sprooch vum Land net schwätzt, ass et schwéier, mat de Leit ze **kommunizéieren** **Synonym** **kommunikéieren** (mat) **2.** **kommunizéieren** (mat) **DE** *kommunizieren (mit)* [sich austauschen] • **FR** *communiquer (avec)* [être en relation (avec)] • **EN** *to communicate (with)* [to share information (with)] • **PT** *comunicar (com)* [estar em relação (com)] **Beispill** et ass wichtig, datt déi verschidde Servicer uerdentlech

matenee **kommunizéieren** **Synonym** **kommunikéieren** (mat) **3.** [Kierchesprooch] **DE** *kommunizieren* • **FR** *communier* • **EN** *to receive Communion* • **PT** *comungar* **Beispill** ech ginn nëmmen op de kierchleche Feierdeeg **kommunizéieren** » **transitiv 4.** [Kierchesprooch] **DE** *die Kommunion geben* • **FR** *communier* • **EN** *to give Communion* • **PT** *administrar a comunhão a* **Beispill** de Paschtouer huet d'Massendénger fir d'eischt **kommunizéiert**

V Variant: **kommezéieren**

Komoren [kom'o:rən] Eegennumm (kee Singulier) **DE** *Komoren* • **FR** *Comores* • **EN** *Comoros* • **PT** *Comores* **Beispill** ech war schonn dräimol op de Komoren; ech fueren d'nächst Woch op d'Komoren; ech komme vun de Komoren

M männlech Persoun: ↗Komorer weiblech Persoun: ↗Komorerin Adjektiv: ↗komoresch Hauptstadt: ↗Moroni

Komorer [kom'o:rə] Maskulinum (Pluriel Komorer) **DE** *Komorer* • **FR** *Comorien* • **EN** *Comorian* • **PT** *comoriano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Komorer

Komorerin [kom'o:rərin] Femininum (Pluriel Komorerinnen) **DE** *Komorerin* • **FR** *Comorienne* • **EN** *Comorian* [female] • **PT** *comoriana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Komorerin

komoresch [kom'o:rəf] Adjektiv **DE** *komorisch* • **FR** *comorien* • **EN** *Comorian* • **PT** *comoriano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi komoresch Kultur kenne geléiert

Komoud [kom'əʊt] Femininum (Pluriel Komouden / Komouten) **DE** *Kommode* • **FR** *commode* • **EN** *chest of drawers* • **PT** *cómoda* **Beispill** deng Schlëssele leien am Gank op der Komoud

V Variant: Kamoud

Komp [komp] Maskulinum (Pluriel Këmp) **1.** **DE** *Schüssel* [Gefäß] • **FR** *soupière* [contenant] • **EN** *bowl* [container] • **PT** *terrina* [recipiente] **Beispill** si hunn op hirem Buffet en ale parzeläins Komp stoen **2.** **DE** *Schüssel* [Inhalt] • **FR** *soupière* [contenu] • **EN** *bowl* [content] • **PT** *terrina* [conteúdo] **Beispill** d'Gäscht haten de Komp bal ganz gepackt **3.** [ëgs] **DE** *Toilettenschüssel* • **FR** *cuvette* (des toilettes) • **EN** *toilet bowl* • **PT** *sanita* **Beispill** de Komp war vun uewe bis ënnen begladdert; hie sëtzt elo scho bal eng hallef Stonn um Komp [hien ass elo scho bal eng hallef Stonn op der Toilette]

kompakt [komp'akt] Adjektiv **1.** **DE** *kompakt* [dicht, fest gefügt] • **FR** *compact* [serré, dense] • **EN** *concise, compact* [texture, consistency] • **PT** *compacto* [compromido, denso] **Beispill** du muss deen Text méi **kompakt** maachen; ech hunn dee Kuch gären, well en esou **kompakt** ass **2.** **DE** *kompakt* [platzsparend] • **FR** *compact* [peu encombrant] • **EN** *compact* [space-saving] • **PT** *compacto* [que ocupa pouco espaço] **Beispill** eisen neien Auto ass schéi **kompakt**

Kompanie [kompan'i:] Femininum (Pluriel Kompanien) **DE** *Kompanie* [militärische Einheit] • **FR** *compagnie* [unité militaire] • **EN** *company* [body of soldiers] • **PT** *companhia* [unidade militar] **Beispill** all d'Zaldote vun der Kompanie hu beim Exercice matgemaach

Komparativ [k'omparati:f] Maskulinum (Pluriel Komparativen) **DE** *Komparativ* • **FR** *comparatif* • **EN** *comparative* • **PT** *comparativo* **Beispill** an der Prüfung

hunn d'Schüler ënner anerem verschidden Adjektiver missen an de Komparativ setzen; am Lëtzebuergesche gëtt de Komparativ bal ëmmer mat „méi“ gebilt

Kompartiment [kompɑrtim'ænt] Neutrum (Pluriel Kompartimenter) **1.** DE *Abteil, Zugabteil* • FR *compartiment [d'une voiture de chemin de fer]* • EN *compartment [of a train]* • PT *compartimento [de uma carruagem de comboio]* **Beispill** mir haten am Zuch e Kompartiment fir eis **2.** DE *Fach [Ablage]* • FR *compartiment [case (de rangement)]* • EN *compartment [for storage]* • PT *compartimento [divisória (de arrumação)]* **Beispill** d'Tiräng vun dëser aler Komoud sinn an e puer Kompartimenter agedeelt

Kompass [k'ompas] Maskulinum (Pluriel Kompassen) DE *Kompass* • FR *boussole* • EN *compass* • PT *bússola* **Beispill** de Moniteur weist de Kanner, wéi ee mat enger Kaart a mat engem Kompass ëmgeet

kompatibel [kompɑt'i:bəl] Adjektiv DE *kompatibel* • FR *compatible* • EN *compatible* • PT *compatível* **Beispill** d'Amt vum Minister ass net kompatibel mat engem Mandat an der Chamber

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: kompatibel / compatibel

Kompatibilitéit [kompɑtibilit'ɛit] Femininum (Pluriel Kompatibilitëiten) DE *Kompatibilität* • FR *compatibilité* • PT *compatibilidade* **Beispiller** ier déi nei Software kann installéiert ginn, muss hir Kompatibilitéit mam System nach gepréift ginn; wat steet am Gesetz iwwer d'Kompatibilitéit vun deenen zwee Mandater?

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Kompatibilitéit / Compatibilitéit

Kompensatioun [kompænzɑs'i'əʊn] Femininum (Pluriel Kompensatiounen) **1.** DE *Kompensation [Entschädigung]* • FR *compensation [contrepartiel]* • EN *compensation [recompense]* • PT *compensação [contrapartida]* **Beispill** déi onzefridde Gäscht kruten als Kompensatioun eng Reduktioun vun 20 Prozent **2.** DE *Ausgleich [Nivellierung]* • FR *compensation [équilibre]* • EN *adjustment, balancing [of results, of marks]* • PT *compensação [equilíbrio]* **Beispill** de Schüler huet säi Joer nëmme mat Kompensatioun gepackt

i Variant: Kompenséierung

kompenséieren [kompænz'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kompenséiert) » **transitiv** DE *kompensieren* • FR *compenser* • EN *to compensate (for), to make up for, to offset* • PT *compensar [contrabalançar, equilibrar]* **Beispiller** d'Steemetzer kruten hire Lounausfall wéinst dem schlechte Wieder kompenséiert; dat laangt Waarden am Restaurant gouf duerch dat excellent Iesse kompenséiert; ech konnt meng Datz an der Physik mat enger gudder Nott kompenséieren

Kompenséierung [kompænz'zɪərən] Femininum (Pluriel Kompenséierungen) - Variant vun ʘKompensatioun

kompetent [kompət'ænt] Adjektiv **1.** DE *kompetent [fähig]* • FR *compétent [capable]* «Adverb *avec compétence*» • EN *competent [skilled, capable]* «Adverb *compe-*

tently» • PT *competente [capaz]* «Adverb *com competência*» **Beispiller** mir brauche kompetent Informatiker an der Ekip; hien ass dee Sujet ganz kompetent ugaangen **2.** DE *kompetent [zuständig]* • FR *compétent [responsable]* • EN *responsible* • PT *competente [responsável]* **Beispill** wou ass hei dee kompetente Beamten?

Kompetenz [kompət'ænts] Femininum (Pluriel Kompetenzen) **1.** DE *Kompetenz [Fähigkeit]* • FR *compétence [capacité]* • EN *competence [skill, qualification]* • PT *competência [capacidade]* **Beispill** mir feelt déi fachlech Kompetenz, fir dat kënnen anzeschätzen **2.** DE *Kompetenz, Zuständigkeit* • FR *compétence [autorité, responsabilité]* • EN *competence [authority]* • PT *competência [autoridade, responsabilidade]* **Beispill** deen ekologesche Problem fällt ënner d'Kompetenz vun der Ëmweltkommissioun **Synonym** Zoustännegkeet

Kompetenzberäich [kompət'æntsβərə:ɪç] Maskulinum (Pluriel Kompetenzberäicher) DE *Kompetenzbereich* • FR *domaine de compétences* • EN *area of competence* • PT *domínio de competências* **Beispill** säi Kompetenzberäich ass breet gefächert, et kann een en iwwerall asetzen

Kompetitioun [kompe:tis'i'əʊn] Femininum (Pluriel Kompetitiounen) DE *Wettkampf* • FR *compétition (sportive)* • EN *competition [event, contest]* • PT *competição (desportiva)* **Beispill** de Leefer gouf wéinst Dopping vun der Kompetitioun ausgeschloss

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Kompetitioun / Competitioun

kompetitiv [kompət'i:f] Adjektiv DE *wettbewerbsfähig* • FR *compétitif* • EN *competitive* • PT *competitivo* **Beispiller** d'Land brauch eng kompetitiv Industrie, fir datt d'Ekonomie floréiert; fir kompetitiv ze bleiwen, brauch e Bauerebetrieb vill Akerland

Kompetitivitéit [kompətitiv'ɛit] Femininum (kee Pluriel) DE *Wettbewerbsfähigkeit* • FR *compétitivité* • EN *competitiveness [economic]* • PT *competitividade* **Beispill** héich Energiepräisser schueden der Kompetitivitéit vun der Wirtschaft

komplementär [kompləmænt'a:r] Adjektiv DE *komplementär* • FR *complémentaire* • EN *complementary* • PT *complementar* **Beispill** op enger Universiteit sollen d'Fuerschung an den Enseignement komplementär sinn **Synonym** complementaire

komplett [kompl'æt] Adjektiv DE *komplett* • FR *complet* «Adverb *complètement*» • EN *complete* «Adverb *completely*» • PT *completo* «Adverb *completamente*» **Beispiller** dän Dossier gëtt nëmme ugeholl, wann e komplett ass; dem jonke Regisseur säin éischte Film war e komplette Feelschlag; de Concert ass komplett ausverkaaft; zënter sengem schwéieren Accident ass mäi Kollege komplett geläamt; wa mer komplett sinn, da kënnen mer ufänken! [wa mer all do sinn, da kënnen mer ufänken!]

komplettéieren [komplæt'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé komplettéiert) - Variant vun ʘkompletéieren

Komplex [kompl'æks] Maskulinum (Pluriel Komplexer) **1.** DE *Komplex [Gebäudekomplex]* • FR *complexe [ensemble de bâtiments]* • EN *complex [group of build-*

ings] • **PT** *complexo [conjunto de edificios]* **Beispill** d'Gemeng plangt en neie **Komplex** mat Sportshal a Piscine **2. DE** *Komplex [emotionale Hemmung]* • **FR** *complexe [inhibition émotive]* • **EN** *complex [emotional inhibition]* • **PT** *complexo [inibição emocional]* **Beispill** hien ass voller **Komplexer**

komplex [kompl'æks] Adjektiv **DE** *komplex* • **FR** *complexe* <Adverb de façon complexe> • **EN** *complex* <Adverb complexly> • **PT** *complexo* <Adverb de uma forma complexa> **Beispiller** mir liewen an enger **komplexer** Gesellschaft; säi Virtrag war **komplex** strukturéiert

komplexéiert [komplæks'zi:t] Adjektiv **DE** *gehemmt* • **FR** *complexé* • **EN** *self-conscious, inhibited* • **PT** *complegado* **Beispill** hatt ass extreem schei a **komplexéiert**

Komplexitéit [komplæksit'zi:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Komplexität* • **FR** *complexité* • **EN** *complexity* • **PT** *complexidade* **Beispill** mir haten d'**Komplexitéit** vum Problem ënnerschat

Komplikatioun [komplikasj'ø:n] Femininum (Pluriel **Komplikatiounen**) **DE** *Komplikation* • **FR** *complication* • **EN** *complication* • **PT** *complicação* **Beispiller** mir haten net mat esou ville **Komplikatiounen** gerechent; et gouf bei der Operatioun eng Rei **Komplikatiounen**

Kompliment [komplim'ænt] Neutrum (Pluriel **Komplimenten**) **DE** *Kompliment* • **FR** *compliment [éloge]* • **EN** *compliment* • **PT** *cumprimento [elogio]* **Beispill** de jonke Pianist krut vill **Komplimenten** gemaach

komplimentéieren [komplimænt'zi:æ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **komplimentéiert**) » **transitiv DE** *komplimentieren [höflich geleiten]* • **FR** *diriger poliment [une personne]* • **EN** *to usher* • **PT** *encaminhar gentilmente [uma pessoa]* **Beispill** de Wiert huet déi zwou Krunnemécken ëm Hallefnuecht virun d'Dier **komplimentéiert**

i Verb, dat **komplimentéieren** als Basis huet: ↗**erauskomplimentéieren**

Kompliz [kompl'its] Maskulinum (Pluriel **Komplizen**) **DE** *Komplize* • **FR** *complice [acolyte]* • **EN** *accomplice* • **PT** *cúmplice [comparsa]* **Beispill** seng **Komplizen** hunn en am Stach gelooss

i Weiblech Form: ↗**Komplizin**

komplizéiert [komplits'zi:t] Adjektiv **DE** *kompliziert* • **FR** *compliqué* • **EN** *complicated* <Adverb complicatedly> • **PT** *complicado* **Beispiller** dat do ass eng **komplizéiert** Rechnung; fänk näischt mat him un, hien ass e **Komplizéierten!**; hien dréckt sech esou **komplizéiert** aus, datt kee Mënsch versteet, wat e mengt; firwat (sech) et einfach maachen, wann et och **komplizéiert** geet? **[ironesch]** [et soll een (sech) d'Saachen net onnëtz **komplizéiert** maachen]

Komplizin [komplits'in] Femininum (Pluriel **Komplizinnen**) **DE** *Komplizin* • **FR** *(femme) complice [acolyte]* • **PT** *cúmplice [mulher conivente de crime, de delito]*

i Männlech Form: ↗**Kompliz**

Komplott [kompl'ot] Maskulinum (Pluriel **Komplotter**) **DE** *Komplott* • **FR** *complot* • **EN** *plot* • **PT** *conspiração, compló* **Beispill** de **Komplott** ass nach matzäit opgeflunn

komplottéieren [komplot'zi:æ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **komplottéiert**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

komponéieren [kompon'zi:æ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **komponéiert**) » **transitiv DE** *komponieren* • **FR** *composer [une œuvre musicale]* • **EN** *to compose [music]* • **PT** *compor [uma obra musical]* **Beispill** hatt huet scho mat 14 Joer ugefaangen, Lidder ze **komponéieren**

Komponent [kompon'ænt] Femininum (Pluriel **Komponenten**) **1. DE** *Komponente [Stoff, Substanz]* • **FR** *composant [substance]* • **EN** *component [part, substance]* • **PT** *componente [substância]* **Beispill** dee Koll besteet aus zwou **Komponenten** **2. DE** *Komponente [Aspekt]* • **FR** *composante* • **EN** *aspect, element* • **PT** *componente [elemento, aspeto]* **Beispill** bei deenen neien Direktive gëtt déi sozial **Komponent** méi staark berücksichtegt

Komponist [kompon'ist] Maskulinum (Pluriel **Komponisten**) **DE** *Komponist* • **FR** *compositeur* • **EN** *composer* • **PT** *compositor [de música]* **Beispill** dat Museksstéck do ass vun engem groussen **Komponist** aus dem 19. Joerhonnert

i Weiblech Form: ↗**Komponistin**

Komponistin [kompon'istin] Femininum (Pluriel **Komponistinnen**) **DE** *Komponistin* • **FR** *compositrice* • **EN** *composer [female]* • **PT** *compositora [de música]* **Beispill** d'**Komponistin** vun der Filmmusek gouf mat engem Präis ausgezechent

i Männlech Form: ↗**Komponist**

Kompositioun [kompozisj'ø:n] Femininum (Pluriel **Kompositiounen**) **DE** *Komposition [musikalisches Werk]* • **FR** *composition [œuvre musicale]* • **EN** *composition [piece of music]* • **PT** *composição [obra musical]* **Beispill** de jonke Museker huet seng neiste **Kompositioun** zum Beschte ginn

Kompost [komp'ost] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Kompost* • **FR** *compost* • **EN** *compost* • **PT** *produto de compostagem* **Beispill** hien düngt säi Gaart nëmme mat **Kompost**

kompostéieren [kompost'zi:æ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **kompostéiert**) » **transitiv DE** *kompostieren* • **FR** *composter [transformer en compost]* • **EN** *to compost [to make into compost]* • **PT** *fazer compostagem com* **Beispill** mir **kompostéieren** all organesch Öffall aus eisem Stot

Kompott [komp'ot] Maskulinum/Femininum (Pluriel **Kompotten / Kompotter**) **DE** *Kompott, Mus* • **FR** *compote* • **EN** *purée* • **PT** *compota* **Beispill** mam Rescht vun den Äppel maache mer **Kompott**

Kompress [komp'r'æs] Femininum (Pluriel **Kompressen**) **1. DE** *Kompress* • **FR** *compresse [humide]* • **EN** *compress* • **PT** *compressa [húmida]* **Beispill** fir d'Féiwer erofzekréien, huet d'Mamm dem Kand kal **Kompress** gemaach **Synonym** Opschlag **2. DE** *Tupfer [Verbandsmull]* • **FR** *compresse [gaze hydrophile]* • **EN** *gauze pad* • **PT** *compressa [gaze hidrófila]* **Beispill** an der Urgence krut ech fir d'éischt eng steril **Kompress** op d'Wonn

geluecht an dunn d'Hand verbonnen

Kompressor [kompr'æse] Maskulinum (Pluriel Kompresseren) DE *Kompressor* • FR *compresseur* • EN *compressor* • PT *compressor* **Beispill** ech hu mer e klenge Kompressor kaaft, fir mäin Auto frësch ze lack-eieren

Kompressiounsstrëmp [kompræsi'əʊnsftrəmp] Femininum (Pluriel Kompressiounsstrëmp) DE *Kompressionsstrumpf, Krampfaderstrumpf* • FR *bas de compression, bas à varices* • EN *compression stocking* • PT *meia de compressão* **Beispiller** fir Thrombosen ze verhënnen, soll een op laange Flich Kompressiounsstrëmp undoen; zënter ech Kompressiounsstrëmp undinn, hunn ech d'Bee vill manner wéi **Synonym** Varicëstrëmp

kompriméieren [komprim'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kompriméiert) - Variant vun \nearrow kompriméieren

Kompromëss [komprom'əs] Maskulinum (Pluriel Kompromësser) DE *Kompromiss* • FR *compromis [arrangement]* • EN *compromise* • PT *compromisso [acordo]* **Beispiller** mat deem Kompromëss war jiddereen ze fridden; op dee faule Kompromëss loossen ech mech net an!

kompromettéieren [kompromæt'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kompromettéiert) \gg **transitiv 1.** DE *gefährden* • FR *compromettre [mettre en péril]* • EN *to compromise [to jeopardize]* • PT *comprometer [arriscar]* **Beispill** esou penibel Fotoen ewéi déi heite kënnen deng spéider Karriär kompromettéieren **2.** DE *kompromittieren* • FR *compromettre [discrediter]* • EN *to embarrass, to discredit* • PT *comprometer [desacreditar]* **Beispiller** mat dengen Bemierkungen hues de deng Partnerin virun alle Leit kompromettéiert; pass op, datt s de dech net mat esou enger Behauptung kompromettéiers!

kondenséieren [kondænz'ziərən] \blacklozenge Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kondenséiert) \blacklozenge Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé kondenséiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

konditionéieren [konditsjən'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé konditionéiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Konditioun [kondisj'əʊn] Femininum **1.** (Pluriel Konditiounen, kee Singulier) DE *Bedingungen [Umstände]* • FR *conditions [circonstances]* • EN *conditions [circumstances]* • PT *condições [circunstâncias]* **Beispill** ënner deene Konditioune kann ech net schaffen! **Synonym** Bedingungen **2.** (Pluriel Konditiounen) DE *Bedingung [Voraussetzung, Forderung]* • FR *condition [exigence, préalable]* • EN *condition [prerequisite]* • PT *condição [lexigência, requisito]* **Beispiller** Dir erfëllt net déi néideg Konditiounen, fir e Waffeschäin ze kréien; elo soen ech der emol d'Konditioune vun der Stee! **[ëgs]** lelo soen ech der emol, wéi d'Konditioune sinn! **Synonym** Bedéngung **3.** (kee Pluriel) DE *Kondition [Leistungsfähigkeit]* • FR *condition (physique)* • EN *condition [physical fitness]* • PT *condição física* **Beispill** et feelt mer un der néideger Konditioun, fir de Marathon matzelafen **Syn-**

onym Fitness

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Konditioun / Condioun

kondoléieren [kondo:l'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kondoléiert) \gg **intransitiv** DE *kondolieren* • FR *présenter ses condoléances à* • EN *to offer one's condolences* • PT *dar os pêsames a* **Beispill** mir hunn him wéinst dem Doud vu sengem Papp kondoléiert

Kondom [kond'o:m] Maskulinum (Pluriel Kondomer) DE *Kondom* • FR *préservatif* • EN *condom* • PT *preservativo* **Beispill** um Stand vun der Aidsberodung gi gratis Kondomer ausgedeelt

Kondschaft [k'ont'ʔaft] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun \nearrow Konnschaft

Konerhaff [k'o:nehaf] Eegennumm DE *Konerhaff* • FR *Konerhaff* • EN *Konerhaff* • PT *Konerhaff* **Beispiller** ech wunnen um Konerhaff; fiert dëse Bus op de Konerhaff?

Konfektoun [konfæksj'əʊn] Femininum (Pluriel <seelen> Konfektounen) DE *Konfektion [Kleidung]* • FR *prêt-à-porter* • EN *ready-to-wear clothes, prêt-à-porter* • PT *pronto-a-vestir [vestuário]* **Beispill** an de Solde kritt Dir 50 Prozent op der Konfektoun

Konferenz [konfər'ænts] Femininum (Pluriel Konferenzen) **1.** DE *(wissenschaftlicher) Vortrag* • FR *conférence, exposé (avec débat)* • EN *lecture [educational talk]* • PT *conferência [discurso]* **Beispill** e bekannten Dokter hält den Owend eng Konferenz iwuer Broschtkriibs **Synonym** Virtrag **2.** DE *Konferenz, Kongress, Tagung* • FR *conférence, congrès* • EN *conference [meeting]* • PT *conferência [reunião, congresso]* **Beispill** all Joer huet en anert Land d'Presidence vun där internationaler Konferenz **3.** DE *Lehrerzimmer* • FR *salle des professeurs* • EN *staffroom* • PT *sala dos professores* **Beispill** d'Professorin sëtzt an der Konferenz, Prüfunge ze verbesseren

Konferenzsall [konfər'æntsʒal] Maskulinum (Pluriel Konferenzsäll) DE *Konferenzsaal, Konferenzraum* • FR *salle de conférences* • EN *conference room* • PT *sala de conferências* **Beispill** eise Konferenzsall ka mat Pannoen ofgedeelt ginn

Konferenzzentrum [konfər'æntstsæntrum] Maskulinum (Pluriel Konferenzzentumen / Konferenzzentren) DE *Konferenzzentrum, Kongresszentrum* • FR *centre de conférences* • EN *conference centre* • PT *centro de conferências* **Beispill** den Ament ass am Konferenzzentrum en internationale Kongress vun den Häerzdokteren

Konfessioun [konfæsj'əʊn] Femininum (Pluriel Konfessiounen) **[Relioun]** DE *Konfession* • FR *confession* • EN *Confession* • PT *confissão [religião, credo]* **Beispill** déi verschidde chrëschtlech Konfessiounen hunn zesumme fir de Fridden an der Welt gebiet

Konfetti [konf'æti:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Konfetti* • FR *confettis* • EN *confetti* • PT *confetes* **Beispill** nom Fuesbal hu mir de Konfetti am Sall zesummegekiert

Konfigurioun [konfigurasi'əʊn] Femininum (Pluriel Konfiguriounen) **1.** DE *Konfiguration, Beschaf-*

fenheit [Besetzung, Organisation] • **FR** configuration [constitution, organisation] • **EN** configuration [structure, composition] • **PT** composição [constituição, organização] **Beispill** an hirer aktueller Konfiguratioun kann eis Kommissioun net effikass schaffen **2. DE** Konfiguration [von Software, von Hardware] • **FR** configuration [d'un logiciel, de matériel informatique] • **EN** configuration [of software, of hardware] • **PT** configuração [de um programa, de um equipamento informático] **Beispill** well eppes mat der Konfiguratioun net gestëmmt huet, ass mäi Computer eng ganz Woch net gaangen

i Variant: Configuratioun

konfiguréieren [konfigur'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé konfiguréiert) » **transitiv 1. DE** konfigurieren [besetzen, organisieren] • **FR** configurer [constituer, organiser] • **EN** to configure [to structure, to compose] • **PT** constituir, organizar **Beispill** déi nei Kommissioun ass esou konfiguréiert, datt se kann autonom schaffen **2. DE** konfigurieren [Software, Hardware] • **FR** configurer [un logiciel, du matériel informatique] • **EN** to configure [software, hardware] • **PT** configurar [um programa, um equipamento informático] **Beispill** ech hu mäi Computer selwer konfiguréiert

i Variant: konfiguréieren

konfiszéieren [konfists'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé konfiszéiert) - Variant vun ↗ konfiszéieren

Konflikt [konfl'ikt] Maskulinum (Pluriel Konflikter) **1. DE** Konflikt [Meinungsverschiedenheit, Auseinandersetzung] • **FR** conflit [différend, dispute] • **EN** conflict [disagreement] • **PT** conflito [diferendo, disputa] **Beispill** wéinst de Konflikter am Elterrenhaus ass hie senger Wee gaangen **2. DE** Konflikt [Widerspruch] • **FR** conflit [contradiction] • **EN** conflict [opposition] • **PT** conflito [contradição] **Beispill** hien ass schonn e puermol mam Gesetz a Konflikt komm **3. DE** Konflikt [Kampfhandlung] • **FR** conflit [armée] • **EN** conflict [armed struggle] • **PT** conflito [armado] **Beispill** et ass net auseschléissen, datt et zu engem militäresche Konflikt kënn

konform [konf'ɔrm] Adjektiv **DE** konform • **FR** conforme, en conformité • **EN** compliant • **PT** conforme, em conformidade **Beispill** dem Architekt säi Plang gouf verworf, well en net konform mam Bautereglement war; déi Entscheidung ass net konform zum Gesetz

i Variant: conforme

Konfrontatioun [konfrontaʃi'əʊn] Femininum (Pluriel Konfrontatiounen) **1. DE** Konfrontation [Auseinandersetzung] • **FR** affrontement • **EN** confrontation [clash] • **PT** confrontação [conflito] **Beispill** et koom zu enger Konfrontatioun tëschent der Police an den Demonstranten **2. DE** Konfrontation [Gegenüberstellung] • **FR** confrontation • **EN** confrontation [face-to-face] • **PT** confrontação [confronto, comparação] **Beispill** bei der Konfrontatioun huet den Zeien den Abriecher erëmerkannt; d'Konfrontatioun mat der Aarmut an där Regioun schockéiert vill Touristen; duerch d'Konfrontatioun vun deene verschiddeenen Iddien ass eng interessant Diskussioun entstanden

konfrontéieren [konfront'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé konfrontéiert) » **transitiv** konfrontéieren (mat) **DE** konfrontieren (mit) • **FR** confronter (avec) • **EN** to confront (with) • **PT** confrontar (com) [fazer enfrentar] **Beispill**er de Polizist huet den Abriecher mat den Zeie konfrontéiert; d'Adoptivelteren hunn hiert Kand mat der Wouerecht konfrontéiert

i Variant: konfrontéieren

konfus [konf'u:s] Adjektiv **1. DE** konfus [unklar, verworren] • **FR** confus [embrouillé, indistinct] <Adverb confusément> • **EN** confused [unclear] <Adverb confusedly> • **PT** confuso [pouco claro, indistinto] <Adverb confusamente> **Beispill**er ech weess net, ob ech déi konfus Geschicht soll gleewen; de Guide huet alles esou konfus erklärt, datt mir net vill verstanen hunn **2. DE** konfus [verwirrt] • **FR** confus [dérouté, déconcerté] • **EN** confused [bewildered] • **PT** confuso [lembraçado, desconcertado] **Beispill** hal op mat dengen techneschen Ausdréck, du méchs mech ganz konfus!

Kongo [k'ɔŋgo:] Eegennumm, Maskulinum **DE** (Republik) Kongo • **FR** (République du) Congo • **EN** (Republic of the) Congo • **PT** (República do) Congo **Beispill**er ech war schonn dräimol am Kongo; ech fueren d'nächst Woch an de Kongo; ech kommen aus dem Kongo **Synonym** Republik Kongo

i Den Term Kongo kann am Lëtzebuergesche méi Bedeitungen hunn. Engersäits bezeechent en den zweetlängste Floss vun Afrika, anerersäits déi zwee Staaten, tëschent deenen hien déi natierlech Grenz bilt: d'Demokratesch Republik Kongo an d'Republik Kongo. Fir se ausemeenzehalen, gëtt an der informeller Sprooch oft einfach d'Haaptstad hannendrugehaangen, mir schwätze vu Kongo-Kinshasa a Kongo-Brazzaville. D'Nationalitéit gëtt fir d'Awunner vun den zwee Staate mam selwechten Numm bezeechent: Kongolees a Kongoleesin. Wann den Term sech op d'Vergaangenheet bezitt, wéi am Saz: Säi Grousspapp war am Kongo, kann et awer och sinn, datt et sech hei ëm déi frëier Kolonie vum „Congo belge“ handelt. An der Zäit tëschent 1885 an 1960 huet d'belsch Regierung jonk Lëtzebuurger encouragéiert, sech an dëser Kolonie niddierzeloossen, wou se z. B. als Ingenieuren, Techniker, an der Administratioun oder als kathoulesch Uerdensleit geschaff hunn.

i männlech Persoun: ↗Kongolees weiblech Persoun: ↗Kongoleesin Adjektiv: ↗kongoleesesch Haaptstad: ↗Brazzaville

Kongolees [kɔŋgo:l'e:s] Maskulinum (Pluriel Kongoleesen) **DE** Kongolese • **FR** Congolais • **EN** Congolese • **PT** congolés **Beispill** mäi beschte Frënd ass Kongolees

Kongolees [kɔŋgo:l'e:s] Maskulinum (Pluriel Kongoleesen) **DE** Kongolese • **FR** Congolais • **EN** Congolese • **PT** congolés **Beispill** mäi beschte Frënd ass Kongolees

kongoleesesch [kɔŋgo:l'e:zəʃ] Adjektiv **DE** kongoleesisch • **FR** congolais • **EN** Congolese • **PT** congolés **Beispill** op eiser Rees hu mir déi kongoleesesch Kultur kenne geléiert

kongoleesesch [kɔŋgo:l'e:zəʃ] Adjektiv **DE** kongoleesisch • **FR** congolais • **EN** Congolese • **PT** congolés **Beispill** op eiser Rees hu mir déi kongoleesesch Kultur kenne geléiert

Kongoleesin [kɔŋgo:l'e:zin] Femininum (Pluriel Kongoleesinnen) **DE** Kongolesin • **FR** Congolaise • **EN** Congolese [female] • **PT** congolésa **Beispill** meng bescht Frëndin ass Kongoleesin

Kongoleesin [kɔŋgo:l'e:zin] Femininum (Pluriel Kongoleesinnen) **DE** *Kongolesin* • **FR** *Congolaise* • **EN** *Congolese [female]* • **PT** *congolesa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Kongoleesin

Kongregatioun [kɔŋgʁegɑsɥ'æʊn] Femininum (Pluriel Kongregatiounen) **DE** *Kongregation* • **FR** *congrégation* • **EN** *Order* • **PT** *congregação* **Beispill** d'Kongregatioun huet e puer Klinicken uechter d'Land

i Variant: Congregatioun

Kongress [kɔŋgʁ'æ:s] Maskulinum (Pluriel Kongresser) **DE** *Kongress* • **FR** *congrès* • **EN** *conference [convention]* • **PT** *congresso* **Beispill** mir hunn all Joer en internationale Kongress

Konjugatioun [kɔŋjugɑsɥ'æʊn] Femininum (Pluriel Konjugatiounen) **DE** *Konjugation* • **FR** *conjugaison* • **EN** *conjugation* • **PT** *conjugação* **Beispill** an der Schoul hunn ech léiwer d'Konjugatioun gebéicht ewéi d'Vokabelen **Synonym** Conjugaisoun

konjugéierbar Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

konjugéieren [kɔŋjug'zɪəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé konjugéiert) » **transitiv** **DE** *konjugieren* • **FR** *conjuguer* • **EN** *to conjugate* • **PT** *conjugar* **Beispill** d'Kanner hunn déi ganz Schoulstonn misse Verbe konjugéieren

i Variant: conjuguéieren

Konjunktioun [kɔŋʒʊŋksɥ'æʊn] Femininum (Pluriel Konjunktiounen) **DE** *Konjunktion [Wortart]* • **FR** *conjonction [catégorie lexicale]* • **EN** *conjunction [part of speech]* • **PT** *conjunção [categoria gramatical]* **Beispill** wie ka mer den Ënnerscheid tëschent enger Konjunktioun an enger Prepositioun erklären?

i Variant: Conjonctioun

Konjunktur [kɔŋʒʊkt'u:ʁ] Femininum (Pluriel Konjunktoren) **DE** *Konjunktur* • **FR** *conjoncture* • **EN** *economic situation, economy* • **PT** *conjuntura* **Beispiller** d'Konjunktur huet sech an de leschte Méint gutt erkrutt; déi aktuell Konjunktur ass besser ewéi virun der Kris; d'Abriecher hunn erëm Konjunktur **[égs]** lam Ament gëtt erëm vill agebracht

konjunkturrell [kɔŋʒʊktur'æ:l] Adjektiv **DE** *konjunkturrell* • **FR** *conjuncturel* • **EN** *economic* • **PT** *conjuntural* **Beispill** déi konjunkturrell Situatioun vum Land huet sech am leschte Joer staark verännert

Konkel [k'ɔŋkəl] Femininum (Pluriel Konkelen) **DE** *Henkelkrug [mit schmalem Hals]* • **FR** *cruche [à col étroit]* • **EN** *jug [with narrow neck]* • **PT** *bilha [vaso]* **Beispill** de Brenner schëtt de Brantewäi mam Trichter an d'Konkel

Konklav Maskulinum/Neutrum (Pluriel Konklaven)

i Hei entsteet en neien Artikel.

konkreet [kɔŋkʁ'e:t] Adjektiv **DE** *konkreet* • **FR** *concret* <Adverb *concrètement*> • **EN** *concrete [specific]* <Adverb *concretely*> • **PT** *concreto* <Adverb *concretamente*> **Beispiller** nenn mer emol e konkreet Beispill!; den Dokter sot, et géif hir besser goen, mee mir wëssen

näischt Konkreetes

konkret [kɔŋkʁ'e:t] Adjektiv - Variant vun **konkreet**

konkretiséieren [kɔŋkʁe:tiz'zɪəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé konkretiséiert) » **transitiv** **1.** **DE** *konkretisieren* • **FR** *concrétiser* • **EN** *to concretize* • **PT** *concretizar* **Beispill** de Projet muss nach konkretiséiert ginn » **reflexiv** **2.** **DE** *Gestalt annehmen* • **FR** *se concrétiser* • **EN** *to take shape, to materialize* • **PT** *concretizar-se* **Beispill** et huet dräi Méint gedauert, ier déi Saach sech konkretiséiert huet

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: konkretiséieren / concretiséieren

konkurréieren [kɔŋkur'zɪəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé konkurréiert) » **intransitiv** konkurréiere mat **DE** *konkurrieren mit* • **FR** *se mesurer à* • **EN** *to compete with* • **PT** *concorrer com, competir com* **Beispill** eisen Turnveräi ka mat deenen aneren net konkurréieren **Synonym** rivaliséieren

Konkurrent [kɔŋkur'ænt] Maskulinum (Pluriel Konkurrenten) **DE** *Konkurrent* • **FR** *concurrent* • **EN** *rival, competitor* • **PT** *concorrente* **Beispiller** wann ee kee Konkurrent huet, ass ee Meeschter um Maart; hien huet d'Course gewonnen, well säi stäerkste Konkurrent krank war

i Weiblech Form: **konkurrentin**

Konkurrentin [kɔŋkur'æntin] Femininum (Pluriel Konkurrentinnen) **DE** *Konkurrentin* • **FR** *concurrente* • **EN** *rival, competitor [female]* • **PT** *concorrente [mulher, rapariga]* **Beispill** well se sech besser konnt verkafen, krut meng Konkurrentin den Optrag

i Männlech Form: **konkurrent**

Konkurrenz [kɔŋkur'ænts] Femininum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Konkurrenz [Gegnerschaft, Rivalität]* • **FR** *concurrency [compétition, rivalité]* • **EN** *competition [rivalry]* • **PT** *concorrência [competição, rivalidade]* **Beispiller** d'Konkurrenz ass gutt fir d'Geschäft; mat deem Kleed méchs de der Braut op der Hochzäit Konkurrenz! **2.** **DE** *Konkurrenz [Gegner]* • **FR** *concurrency, concurrent(s)* • **EN** *competition [rival]* • **PT** *concorrência, concorrente(s)* **Beispiller** wann Dir mir keng besser Offer maacht, da ginn ech bei d'Konkurrenz!; deen neie Supermarché ass eng Konkurrenz fir eis kleng Butteker

konkurrenzéieren [kɔŋkurænts'zɪəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé konkurrenzéiert) » **transitiv** **DE** *Konkurrenz machen* • **FR** *concurrer* • **EN** *to compete against* • **PT** *fazer concorrência a* **Beispill** eise Betrib gouf op eng onfair Aart a Weis konkurrenzéiert

i Variant: concurrenzéieren

Konnotatioun Femininum (Pluriel Konnotatiounen) **DE** *Konnotation* • **FR** *connotation* **Beispill** Pass op, dee Begrëff huet eng negativ Konnotatioun!

Konnschaft [k'onʃaft] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Kundschaft, Kunden* • **FR** *clientèle* • **EN** *customers, clientele* • **PT** *clientela* **Beispill** e gudde Geschäftsmann gëtt ëmmer drop Uecht, datt d'Konnschaft zefridden ass

i Variant: Kondschaft

Konscht [kɔnʃt] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Kunst* [künstlerische Gestaltung] • **FR** *art* [expression artistique] • **EN** *art* [creative expression] • **PT** *arte* [expressão artística] **Beispill** muer ass op der Tëlee en Debat iwwer modern **Konscht 2.** (Pluriel **Konschten**) **DE** *Kunststück* • **FR** *tour d'adresse* • **EN** *artistic turn, trick, stunt* [performance] • **PT** *habilidade* [exercício de destreza] **Beispiller** den Akrobat huet **Konschte** gemaach; et ass keng **Konscht**, fir hannerzeg ze parken! [égs] [et ass net schwéier, fir hannerzeg ze parken]; setz dech dohin, wou ech gesot hunn a maach keng **Konschten**! [égs] [setz dech dohin, wou ech gesot hunn a behuel dech uerdentlech!] **Synonym** **Konschtstéck**

Konschtakademie [k'ɔnʃtakademi:] Femininum (Pluriel **Konschtakademien**)

I Hei entsteeet en neien Artikel.

Konschtatelier [k'ɔnʃdatəljɛ:] Maskulinum (Pluriel **Konschtatelieren**) **DE** *Kunstworkshop* • **FR** *atelier artistique* • **PT** *oficina de arte, atelier de arte* [aula, curso] **Beispill** de Weekend organiséiert d'Gemeng e **Konschtatelier** fir Kanner vu 6 bis 12 Joer

Konschtdünger [k'ɔnʃtdyŋɐ] Maskulinum (Pluriel **Konschtdünger**) **DE** *Kunstdünger* • **FR** *engrais chimique* • **EN** *artificial fertilizer, chemical fertilizer* • **PT** *adubo químico* **Beispill** an der Biolandwirtschaft daerf net mat **Konschtdünger** geschafft ginn

Konschtgalerie [k'ɔnʃtgələri:] Femininum (Pluriel **Konschtgalerien**) **DE** *Kunstgalerie* • **FR** *galerie d'art* • **EN** *art gallery* • **PT** *galeria de arte* **Beispill** dëse Sonndeg sinn an der Stad d'Muséeën an d'**Konschtgalerien** op

Konschtgeschicht [k'ɔnʃtgəʃɪçt] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Kunstgeschichte* [Fach] • **FR** *histoire de l'art* • **EN** *art history* • **PT** *história da arte* **Beispill** hie wëllt **Konschtgeschicht** studéieren **2.** (Pluriel **Konschtgeschichten**) **DE** *Kunstgeschichte* [Buch] • **FR** *manuel d'histoire de l'art, livre d'histoire de l'art* • **EN** *art history book* • **PT** *manual de história da arte, livro de história da arte* **Beispill** ech hunn dee Kënschtler a véier **Konschtgeschichte** gesicht an en net fonnt

Konschthandwierk [k'ɔnʃthantvi:ɡk] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Kunsth Handwerk* • **FR** *artisanat d'art* • **EN** *arts and crafts* • **PT** *artesanato* **Beispill** hien hält e Virtrag iwwer d'**Konschthandwierk** an eiser Regioun

konschthistoresch [k'ɔnʃthisto:rəʃ] Adjektiv **DE** *kunsthistorisch* • **FR** *d'histoire de l'art* • **EN** *art-historical* • **PT** *de história da arte* **Beispill** gees de muer mat eis an de **konschthistoresch** Musée?

Konschtmäert [k'ɔnʃtma:ɐt] Maskulinum (Pluriel **Konschtmäert**) **DE** *Kunstmarkt* • **FR** *marché d'art* • **EN** *art market* • **PT** *mercado de arte* **Beispill** um **Konschtmäert** stellen haaptsächlech Artisten aus der Ëmgegend hir **Wierker** aus

Konschtsammler [k'ɔnʃtzaamlə] Maskulinum (Pluriel **Konschtsammler**) **DE** *Kunstsammler* • **FR** *collectionneur d'art* • **EN** *art collector* • **PT** *coleccionador de arte* **Beispiller** fir dee Kongress komme **Konschtsammler** aus der ganzer Welt; de **Konschtsammler** huet seng **Billen** estiméiere gelooss

I Weiblech Form: ↗**Konschtsammlerin**

Konschtsammlerin [k'ɔnʃtzaamləriŋ] Femininum (Pluriel **Konschtsammlerinnen**) **DE** *Kunstsammlerin* • **FR** *collectionneuse d'art* • **EN** *art collector* [female] • **PT** *coleccionadora de arte* **Beispill** d'**Konschtsammlerin** huet rezent de Wäert vun hirer Kollektioun schätze gelooss

I Männlech Form: ↗**Konschtsammler**

Konschtstéck [k'ɔnʃtʃtek] Neutrum (Pluriel **Konschtstécker**) **DE** *Kunststück* • **FR** *tour d'adresse* • **EN** *artistic turn, trick, stunt* [performance] • **PT** *habilidade* [exercício de destreza] **Beispill** den Akrobat huet allerhand **Konschtstécker** virgeféiert **Synonym** **Konscht**

Konschtstréimung [k'ɔnʃtʃtʁɛimʊŋ] Femininum (Pluriel **Konschtstréimungen**) **DE** *Kunstströmung* • **FR** *courant artistique* • **EN** *artistic movement* • **PT** *corrente artística* **Beispill** vun alle **Konschtstréimunge** gefält déi expressionistesche Schoul mir am beschten

Konschtwierk [k'ɔnʃtvi:ɡk] Neutrum (Pluriel **Konschtwierker**) **DE** *Kunstwerk* • **FR** *œuvre d'art* • **EN** *artwork, work of art* • **PT** *obra de arte* **Beispill** seng **Konschtwierker** hunn eréischt no sengem Doud Suen abruecht

Konsdref [k'ɔnsdrəf] Eegennumm **DE** *Consdorf* • **FR** *Consdorf* • **EN** *Consdorf* • **PT** *Consdorf* **Beispiller** ech wunnen zu **Konsdref**; fiert dëse Bus op **Konsdref**?

Konsdrëffer Millen [k'ɔnsdrəfem'ilən] Eegennumm **DE** *Consdorf-Moulin* • **FR** *Consdorf-Moulin* • **EN** *Consdorf-Moulin* • **PT** *Consdorf-Moulin* **Beispiller** ech wunnen op der **Konsdrëffer Millen**; fiert dëse Bus op d'**Konsdrëffer Millen**?

Konsekratioun [kɔnzekrasj'əʊn] Femininum (Pluriel **Konsekratiounen**) - Variant vun ↗**Consecratioun**

konsekriieren [kɔnzekr'ɛiəɐn] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **konsekriiert**) » **transitiv** [Kierchesprooch] **DE** (liturgisch) *weihen, konsekriieren* • **FR** *consacrer* • **EN** *to consecrate* • **PT** *consagrar* **Beispiller** d'**Kierch gouf** am 12. Joerhonnert **konsekriiert**; bei der Wandlung ginn d'**Brout** an de **Wäi** **konsekriiert** **Synonym** **weien**

Konsens [kɔnz'æns] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Konsens* [Übereinstimmung] • **FR** *consensus* [accord] • **EN** *consensus* • **PT** *consenso* [acordo] **Beispill** fir dës Reform brauche mir e breede **Konsens** tëschent de Parteien

konsequent [kɔnzekw'ænt] Adjektiv **1.** **DE** *konsequent* [folgerichtig] • **FR** *conséquent* [cohérent] <Adverb de manière conséquente> • **EN** *consistent* [logical] <Adverb consistently> • **PT** *consequente* [coerente] <Adverb consequentemente> **Beispiller** hien ass (sech) net **konsequent** an deem, wat e seet; wann s de **konsequent** handels, da fiers de muer mam Bus schaffen **2.** **DE** *konsequent* [entschlossen] • **FR** *déterminé, résolu* • **EN** *determined* • **PT** *determinado, resoluto* **Beispill** duerch hire **konsequente** Asaz konnt vill Leed verhënnert ginn

Konsequenz [kɔnzekw'ænts] Femininum **1.** (Pluriel **Konsequenzen**) **DE** *Konsequenz* [Folge] • **FR** *conséquence* [suite, prolongement] • **EN** *consequence* [result, effect] • **PT** *consequência* [seguimento, continuação] **Beispiller** dat ass d'**Konsequenz** vu senger Dommheet; déi Saach kritt **Konsequenzen**, dat kanns de mer gleewen! **Synonym** **Folleg 2.** d'**Konsequenzen** zéien

(aus) **DE** die Konsequenzen ziehen (aus) • **FR** tirer les conséquences (de) • **EN** to draw the consequences • **PT** tirar as consequências (de) **Beispill** hien huet missen d'Konsequenzen zéien **3.** (kee Pluriel) **DE** Konsequenz [Entschlossenheit] • **FR** détermination [fermeté, ténacité] • **EN** determination • **PT** determinação [firmeza, tenacidade] **Beispill** hien huet sech mat aller Konsequenz duerchgesat

Konserv [konz'ɛrf] Femininum (Pluriel Konserven) **DE** Konserve • **FR** boîte de conserve • **EN** can, tin [of preserved food] • **PT** lata de conserva **Beispill** ech hunn e ganze Kartong mat Konserve fale gelooss

i Variant: Conserve

konservativ [konzɛrvat'i:f] Adjektiv **DE** konservativ • **FR** conservateur [attaché au conservatisme] • **EN** conservative <Adverb conservatively> • **PT** conservador [apegado ao conservadorismo] **Beispiller** meng Elteren hunn a ville Beräicher eng konservativ Astellung; hie gouf ganz konservativ erzunn

konservéieren [konzɛrv'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé konservéiert) » **transitiv 1.** **DE** konservieren [erhalten] • **FR** conserver [maintenir en bon état] • **EN** to conserve • **PT** conservar [manter em bom estado] **Beispill** dat aalt Gebai soll konservéiert ginn **2.** **DE** konservieren [haltbar machen] • **FR** conserver [des aliments] • **EN** to preserve • **PT** conservar [alimentos] **Beispill** et gëtt vill Méiglecheeten, fir Liewensmëttel ze konservéieren

i Variant: konservéieren

Kurv [kURf] Femininum (Pluriel Kurven) **DE** *Kurve* [in einer Grafik, einem Diagramm], *Graph* • **FR** *courbe* [d'un graphique, d'un diagramme] • **EN** *curve, graph* • **PT** *curva* [de um gráfico, de um diagrama] **Beispill** wéi kann een den drëtten Palier an der Kurv vum Pëtrolspräis erklären? **Synonym** Courbe

Kusch [kuʃ] Femininum (Pluriel Kuschen) **1. DE** *Schicht* [Belag, Beschichtung] • **FR** *couche* [d'une substance étalée] • **EN** *coat* [of paint] • **PT** *camada* [de uma substância espalhada] **Beispill** den Usträicher huet déi drëtt Kusch faarf opgedroen **2. DE** *Schicht* [Bodenschicht] • **FR** *couche* [strate] • **EN** *layer* [stratum] • **PT** *camada* [estrato] **Beispill** bei den Ausgruewungen ass de Buedem Kusch fir Kusch ofgedroe ginn **3. DE** *Couch, Liegesofa, Sofa* • **FR** *canapé, divan* • **EN** *couch, sofa* • **PT** *sofá, divá* **Beispill** ech leeë mech all Mëttag op d'Kusch fir ze raschten **Synonym** Kannapee

i Variant: *Couche*

Kuscheldéier [k'ufəldɔɪə] Neutrum (Pluriel Kuscheldéieren) **DE** *Kuscheltier* • **FR** *peluche, doudou* • **EN** *cuddly animal* [soft toy] • **PT** *peluche* [boneco] **Beispill** ouni säi Kuscheldéier kann d'Kand net aschlofen

Kuscheldéierchen [k'ufəldɔɪəçən] Neutrum (Pluriel Kuscheldéierchen) - Diminutivform vun ↗Kuscheldéier

kuscheleg [k'ufəlɔç] Adjektiv **DE** *kuschelig* • **FR** *douillet* [doux, confortable] <Adverb douillettement> • **EN** *snug, cosy* <Adverb snugly, cosily> • **PT** *aconchegante, confortável, agradável* <Adverb agradávelmente> **Beispiller** meng nei Jackett ass schéi kuscheleg; bei dir doheem ass et ëmmer kuscheleg waarm **Synonym** schuckeleg

kuschelen [k'ufələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekuschelt) » **intransitiv 1. DE** *kuscheln* • **FR** *se faire des câlins* • **EN** *to cuddle* • **PT** *trocar caricias* **Beispill** déi verlëift Koppel kuschelt owes beim Kamäin » **reflexiv 2. DE** *sich kuscheln* • **FR** *se blottir* • **EN** *to cuddle up* • **PT** *aconchegar-se* **Beispill** hatt huet sech widder seng Frëndin gekuschelt an ass direkt ageschlof

kuschen [k'ufən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gekuscht)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Kusin [k'uzin] Femininum (Pluriel Kusinnen) **1. (recht)** **Kusin** **DE** *Cousine* • **FR** *cousine* [germaine] • **EN** (first) *cousin* [female] • **PT** *prima* [direita] **2. kleng** **Kusin** **DE** *entfernte Cousine* • **FR** *petite-cousine, cousine éloignée* • **EN** (distant) *cousin* [female] • **PT** *prima afastada*

i Männlech Form: ↗Cousin

Kuss [kus] Maskulinum (Pluriel Kussen) **DE** *Kuss* • **FR** *baiser, bise* • **EN** *kiss* • **PT** *beijo* **Beispill** ech hunn him e Kuss op de Bak ginn **Synonym** Bees

Küst [kyst] Femininum (Pluriel Küsten) **DE** *Küste* • **FR** *côte, rivage* • **EN** *coast* • **PT** *costa, beira-mar* **Beispill** et geet e schéine Spadséierwee laanscht d'Küst

Kutsch [kutʃ] Femininum (Pluriel Kutschen) **1. DE** *Kinderwagen* • **FR** *landau* [voiture d'enfant] • **EN** *pram, pushchair* • **PT** *carrinho de bebé* **Beispill** de Puppelche läit zefridden an der Kutsch **Synonym** Kannerkutsch **2. DE** *Kutsche* [Pferdekutsche] • **FR** *calèche, carrosse* • **EN** *carriage* [horse-drawn] • **PT** *charrete, carruagem* **Beispill** fir eis Hochzäit gi mir an enger Kutsch mat véier wäisse Päerd an d'Kierch gefouert

kutschéieren [k'utʃɛɪəɾən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé kutschéiert) » **transitiv 1. [ëgs]** **DE** *kutschieren* • **FR** *trimballer* (en voiture) • **EN** *to chauffeur around* • **PT** *fazer de motorista de, levar* (de carro) **Beispill** mir hunn d'Tatta e ganzen Dag duerch d'Land kutschéiert ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé kutschéiert) » **intransitiv 2. [ëgs]** **DE** *kutschieren* [irgendwohin fahren] • **FR** *se balader* (en voiture) • **EN** *to cruise around* [in a vehicle] • **PT** *dar um passeio* (de carro) **Beispill** mir si mat der Tatta e ganzen Dag duerch d'Land kutschéiert

i Verb, dat **kutschéieren** als Basis huet: ↗erëmkutschéieren

Kutscher [k'utʃe] Maskulinum (Pluriel Kutscher) **DE** *Kutscher* • **FR** *cocher* • **EN** *coachman* • **PT** *cocheiro* **Beispill** d'Kanner wollten all niewent dem Kutscher sëtzen

Kuuscht [ku:ʃt] Femininum (Pluriel Kuuschten) **1. DE** *Kruste* [Brotkruste] • **FR** *croûte* [du pain] • **EN** *crust* [of a slice of bread] • **PT** *côdea* [do pão] **Beispiller** als Kand wollt ech d'Kuuscht vun der Schmier ni matiessen; ech iessen owes dacks nëmmen eng dréche Kuuscht [ëgs] lech iessen owes dacks nëmmen eng Tranche Brout; d'Aarbechter souze virun der Camionnette, hir Kuuschten z'iessen [ëgs] [d'Aarbechter souze virun der Camionnette, hir Schmier z'iessen]; hie verdéngt seng Kuuscht als Taxichauffer [ëgs] [hie verdéngt säi Liewensënnerhalt als Taxichauffer] **2. DE** *Brotkanten* • **FR** *quignon* • **EN** *crust, heel* [of a loaf] • **PT** *naco* [de pão] **Beispill** déi zwee Bouwen haten nach just d'Kuuscht iwwereg gelooss **Synonymmen** Bootsche, Knaus

kuuschteg [k'u:ʃtɔç] Adjektiv [ëgs] **DE** *knauserig* • **FR** *radin* • **EN** *stingy, mean, tight* • **PT** *sovina, avarento* **Beispill** dee Knéckjang ass nach ze kuuschteg, fir sech sat z'iessen **Synonymmen** gäizeg, geiereg, knéckeg

Kuuschttert [k'u:ʃtɛt] Maskulinum (Pluriel Kuuschterten) [ëgs] **DE** *Geizhals* • **FR** *grigou, radin* • **EN** *skinflint, miser* • **PT** *forreta, avarento* **Beispill** meng net, dee Kuuschttert géif der Sue léinen! **Synonymmen** Knéckert, Knéckjang

Kuuschesak [k'u:ʃtɛza:k] Maskulinum (Pluriel Kuuschesäck) **DE** *Brotheutel, Provianttasche* • **FR** *musette, besace* [à provisions] • **EN** *haversack, knapsack* • **PT** *borral, lancheira* **Beispill** den Aarbechter huet säi Kuuschesak an der Bud opgehaangen

Kuwait [k'u:vaɪt] Eegennumm, Maskulinum DE *Kuwait* • FR *Koweït* • EN *Kuwait* • PT *Koweit* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Kuwait; ech fueren d'nächst Woch an de Kuwait; ech kommen aus dem Kuwait

i männlech Persoun: ↗Kuwaiter weiblech Persoun: ↗Kuwaiterin Adjektiv: ↗kuwaitesch Haaptstad: ↗Kuwait

Kuwait Eegennumm DE *Kuwait* [Stadt] • FR *Koweït* [ville] • PT *Cidade do Koweit* **Beispill** Kuwait ass d'Haaptstad vum Staat Kuwait

Kuwaiter [kuv'aitɛ] Maskulinum (Pluriel *Kuwaiter*) DE *Kuwaiter* • FR *Koweïtien* • EN *Kuwaiti* • PT *koweitiano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass *Kuwaiter*

Kuwaiterin [ku:v'aitɛrɪn] Femininum (Pluriel *Kuwaiterinnen*) DE *Kuwaiterin* • FR *Koweïtienne* • EN *Kuwaiti* [female] • PT *koweitiana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass *Kuwaiterin*

kuwaitesch [kuv'aitɛʃ] Adjektiv DE *kuwaitisch* • FR *koweïtien* • EN *Kuwaiti* • PT *koweitiano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi kuwaitesch Kultur kenne geléiert

Kyiv Eegennumm - Variant vun ↗Kyjiw

Kyjiw Eegennumm DE *Kyjiw*, *Kiew* • FR *Kyiv*, *Kiev* • EN *Kyiv*, *Kiev* • PT *Kyiv*, *Kiev* **Beispill** *Kyjiw* ass d'Haaptstad vun der Ukrain

i Varianten: *Kiew*, *Kyiv*

Kyst [kɪst] Maskulinum (Pluriel *Kysten*) DE *Zyste* [im Gewebe] • FR *kyste* [cavité pathologique] • EN *cyst* • PT *quisto* **Beispill** de Radiolog huet e *Kyst* op menger rietsen Nier fonnt **Synonym** *Zyst*

KZ Maskulinum/Neutrum (Pluriel *KZer*) - Kuerzform vun ↗Kazett

L

L Maskulinum (Pluriel L-en / L) DE L [Buchstabe] • FR [lettre] **Beispill** eise Kanner hir Nimm ginn all mat engem L un

La [la:] Maskulinum (Pluriel Laen) DE A [Ton, Note] • FR la [note de musique] • EN lah, A [musical note] • PT lá [nota musical] **Beispill** téschent dem Sol an dem La läit e ganzen Toun

Laach [la:χ] Femininum (kee Pluriel) DE Lache [Art zu lachen] • FR rire [façon de rire] • EN laugh [way of laughing] • PT riso [modo de rir] **Beispiller** et kennt een hien direkt u senger Laach erëm; wat huet deen eng dreckeg Laach!

laachen [l'a:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gelaacht) » intransitiv 1. DE lachen • FR rire, rigoler • EN to laugh • PT rir(-se) **Beispiller** hie laacht, datt em d'Treinen d'Baken erofafen!; de ganze Sall huet iwwer de Witz gelaacht; vun elauter Laachen hunn ech den Hick krit; wéi d'Kandidaten d'Examensfroe gesouchen, ass d'Laachen hinne vergaangen; et wier dach gelaacht, wa mer dat net an d'Rei kréichen! [égs] [mir kréien dat bestëmmt an d'Rei!] 2. DE spotten, feixen • FR ricaner • EN to smirk • PT gargalhar **Beispill** wéi hien sech blaméiert huet, hunn d'Kollegeen heemlech gelaacht 3. DE lächeln, zulächeln • FR sourire (à) • EN to smile (at) • PT sorrir (para) **Beispiller** hie laacht ëmmer esou frëndlech; d'Meedchen huet dem Jong gelaacht

i Verben, déi **laachen** als Basis hunn: ↗auslaachen, ↗doutlaachen, ↗futtillaachen, ↗kabottlaachen, ↗kapottlaachen, ↗kran-
klaachen, ↗krommlaachen, ↗ulaachen an ↗vrecktlaachen

Laachkrämpchen Maskulinum (Pluriel Laachkrämpcher) DE Lachkrampf, Lachanfall • FR fou rire • EN fit of laughter • PT ataque de riso **Beispill** hie krut e Laachkrämpchen, ier e säi Witz fäerdeg erzielt hat **Synonym** Laachkris

Laachkris [l'a:χkri:s] Femininum (Pluriel Laachkrisen) DE Lachkrampf, Lachanfall • FR fou rire • EN fit of laughter • PT ataque de riso **Beispill** hie krut eng Laachkris, ier e säi Witz fäerdeg erzielt hat **Synonym** Laachkrämpchen

Laachméiw [l'a:χmɛɪf] Femininum (Pluriel Laachméiwen) Larus ridibundus DE Lachmöwe • FR mouette rieuse • EN common black-headed gull • PT guincho-comum **Beispill** wéi laang bréien d'Laachméiwen?

Laachséischnuebel [l'a:χzɪfmuəbəl] Femininum (Pluriel Laachséischnuebelen) Gelocheledon nilotica - Variant vun ↗Laachséischnuewel

Laachséischnuewel [l'a:χzɪfmuəvəl] Femininum (Pluriel Laachséischnuewelen) Gelocheledon nilotica DE Lachseeschwalbe • FR sterne hansel • EN gull-billed tern • PT gaivina-de-bico-preto **Beispill** wéi laang bréien d'Laachséischnuewelen?

i Variant: Laachséischnuebel

laang [la:ŋ] Adjektiv 1. DE lang [räumlich] • FR long (de) [étendu en longueur] • EN long [length] • PT (de) comprido, (de) longo **Beispiller** meng Frëndin huet d'Hoer nees

laang; d'Rennpist ass bal siwe Kilometer laang; dat do ass mir esou laang ewéi breet! [égs] [dat do ass mir komplett egal!]; wien et laang huet, léisst et laang hänken! [égs] [wie vill Suen huet, weist et]; iwwer dat Theema kann een des Laangen an des Breeden diskutéieren [égs] [iwwer dat Theema kann ee vill diskutéieren] 2. DE lang [zeitlich] • FR long [étendu en durée] <Adverb (depuis) longtemps> • EN long [time] <Adverb for a long time> • PT longo [demorado] <Adverb longamente> **Beispiller** et hu misse laang Verhandlung gefeiert ginn; déi jonk Fra ass no laanger Krankheet gestuerwen; déi zwou Frëndinnen hu laang mateeneen telefonéiert; dat ass scho laang geplangt; deen Dag wäert ech mäi Liewe laang net vergiessen! [deen Dag wäert ech net vergiessen, esoulaang ech liewen]; wollts du net schonn zënter Laangem däi Späicher raumen? [wollts du net schonn zënter laanger Zäit däi Späicher raumen?]

Laangfësch Maskulinum (Pluriel Laangfësch) Anguilla anguilla DE Aal [Tier] • FR anguille [animal] • PT enguia [animal] **Beispill** ech hunn e Laangfësch an der Baach gesinn **Synonym** Éil

laangfristeg [l'a:ŋfrɪstɛç] Adjektiv DE langfristig • FR à long terme • EN long-term • PT a longo prazo **Beispiller** eis Firma huet e puer laangfristeg Kontrakter ausgehandelt; laangfristeg gekuckt, wäerte mer duerch dës Moosnam vill Sue spueren

laangjäreg [l'a:ŋjɛ:rɛç] Adjektiv DE langjährig • FR de longue date, sur de nombreuses années, ayant duré de nombreuses années • EN of many years' standing, long-standing • PT de muitos anos, longo, de longa data **Beispiller** no menger laangjäreger Erfahrung kann ech soen, datt déi Method näischt daacht; no hirer laangjäreger Bezéiung hu se sech elo endlech bestuet; déi zwee verbënnt eng laangjäreg Frëndschaft

Laanglaf [l'a:ŋla:f] Maskulinum (kee Pluriel) DE Langlauf • FR ski de fond • EN cross-country skiing • PT esqui de fundo **Beispill** wie krut d'Goldmedail am Laanglaf?

laangwiereg [l'a:ŋvi:ɛrɛç] Adjektiv DE langwierig • FR de longue haleine • EN long-drawn • PT moroso, demorado **Beispill** eng Adoptioun ass ëmmer eng laangwiereg Prozedur

Laangzäitimmunitéit [l'a:ŋtsæ:ɪtɪmunitɛɪt] Femininum (kee Pluriel) DE Langzeitimmunität • FR immunité à long terme • PT imunidade a longo prazo **Beispill** den Ament ass et nach net sécher, ob d'Patienten, déi de Virus iwwerstanen hunn, doduerch eng Laangzäitimmunitéit kruten

laanscht [la:nft] Prepositioun » mam Akkusativ / mam Dativ DE entlang • FR au bord de, le long de • EN along • PT junto a, à beira de, ao longo de **Beispiller** d'Bänke laanscht de(m) Wee ginn nei ugestrach; mir ginn de Mëtteg laanscht d'Mier spadséieren; ech si mam Auto just laanscht de Potto komm lech si mam Auto bal an de Potto gerannt

laanscht [la:nft] Adverb DE vorbei [räumlich] • FR passé [(re)part] • EN past [moved by] • PT ido embora [que se afastou] **Beispill** kommt, mer waarden een Ament, bis

deen Trapp Touriste laanscht ass! **Synonym** erlaanscht

laanscht- Verbpartikel **DE** [*abtrennbares Erstglied eines Verbs*] • **FR** [*particule séparable d'un verbe*] • **EN** [*separable verb particle*] • **PT** [*partícula separável de um verbo*] **Beispiller** dohanne beim Bësch goung fréier e Wee laanscht; den Zuch ass mat héijer Vitess laanschtgefuer

i Verben, déi **laanscht-** als Partikel hunn: ↗laanschtbréngen, ↗laanschtféieren, ↗laanschtfléien, ↗laanschtfuieren, ↗laanschtgoen, ↗laanschtkommen, ↗laanschtlafen, ↗laanschtloossen, ↗laanschtrennen, ↗laanschtschécken, ↗laanschtschëdden, ↗laanschtschëssen, ↗laanschttrëppelen

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗laanscht Prepositioun

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗laanscht Adverb

laanschtbréngen [l'a:nʃtbrɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé laanschtbruecht) » **transitiv DE** vorbeibringen • **FR** apporter (*en passant*) • **EN** to drop off [*to deliver*] • **PT** levar, trazer, entregar **Beispill** ech bréngen der muer meng Buermaschinn laanscht

laanschteneefuieren [la:nʒdɛn'e:fu:ɛrən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé laanschteneegefuier)

i Hei entsteet en neien Artikel.

laanschteneegoen [la:nʒdɛn'e:go:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé laanschteneegaangen / laanschteneegaang)

i Hei entsteet en neien Artikel.

laanschteneekommen [la:nʒdɛn'e:komən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé laanschteeneekomm)

i Hei entsteet en neien Artikel.

laanschteneen [la:nʒdɛn'e:n] Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

laanschteneeschwätzen [la:nʒdɛn'e:ʃwætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé laanschteeneeschwat)

i Hei entsteet en neien Artikel.

laanschtféieren [l'a:nʃtʃɛiəɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé laanschtgefouert) » **transitiv DE** vorbeifahren, vorbeibringen [*mit einem Fahrzeug*] • **FR** déposer, apporter, amener [*conducteur d'un véhicule*] • **EN** to drop off [*with a vehicle*] • **PT** deixar, levar, trazer [*condutor de um veículo*] **Beispiller** ier ech op de Büro fuieren, kéint ech dech nach séier bei der Bank laanschtféieren; ech féiere mengem Kolleeg nach séier e puer Dossiere laanscht

laanschtfléien [l'a:nʃtflɛiən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé laanschtgefleun) » **intransitiv DE** vorbeifliegen • **FR** passer [*en volant*] • **EN** to fly past • **PT** passar [*la voar*] **Beispill** et ass elo just eng Flantermaus laanschtgefleun

laanschtfuieren [l'a:nʃtʃu:ɛrən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé laanschtgefuer) » **intransitiv DE** vorbeifahren • **FR** passer [*conducteur, véhicule*] • **EN** to drive past • **PT** passar [*condutor, veículo*] **Beispill** den

Zuch ass mat héijer Vitess laanschtgefuer

laanschtgoen [l'a:nʃtgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé laanschtgaangen / laanschtgaang) » **intransitiv 1. DE** vorbeigehen [*zu Fuß*] • **FR** passer [*à pied*] • **EN** to walk past • **PT** passar [*à pé*] **Beispill** hien ass laanschtgaangen, ouni Moien ze soen **2. DE** vorbeiführen • **FR** passer [*voie*] • **EN** to go past [*path, way*] • **PT** passar [*vial*] **Beispill** dohanne beim Bësch goung fréier e Wee laanscht **3. DE** danebengehen [*das Ziel verfehlen*] • **FR** passer à côté [*manquer son but*] • **EN** to go past [*to miss, to fail to hit*] • **PT** passar ao lado [*não acertar no alvo*] **Beispill** d'Kugel ass laanschtgaangen

laanschtkommen [l'a:nʃtkomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé laanschtkomm) » **intransitiv 1. DE** vorbeikommen, vorbeischauen • **FR** passer [*rendre visite*] • **EN** to come by, to pop in • **PT** passar [*fazer uma visita*] **Beispill** ech kommen den Owend nach laanscht **2. DE** vorbeikommen [*an einem Hindernis*] • **FR** pouvoir passer [*à côté d'un obstacle*] • **EN** to get past [*an obstacle*] • **PT** poder passar [*ao lado de um obstáculo*] **Beispiller** réckel e bësse mam Stull eriwwer, fir datt ech laanschtkommen!; esou, wéi de Camion an der Strooss steet, kommen déi aner Autoen net laanscht

laanschtlafen [l'a:nʃtla:fən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé laanschtgelaf) » **intransitiv 1. DE** vorbeilaufen • **FR** passer (*en courant*) • **EN** to run past • **PT** passar (*a correr*) **Beispill** den Hond ass laanschtgelaf an huet gebillt **2. DE** verschüttet werden [*Flüssigkeit*] • **FR** couler à côté [*se déverser à côté*] • **EN** to run over, to spill over • **PT** escorrer ao lado [*líquido*] **Beispill** huel en Triichter, soss leeft alles laanscht!

laanschtloossen [l'a:nʃtlo:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé laanschtgelooss) » **transitiv DE** vorbeilassen • **FR** laisser passer • **EN** to let past • **PT** deixar passar **Beispill** ech hunn den Auto laanschtgelooss, ier ech iwwer d'Strooss gaange sinn

laanschtrennen [l'a:nʃtræ:nən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé laanschtgerannt) » **intransitiv DE** vorbeirasen • **FR** passer à toute vitesse • **EN** to rush past • **PT** passar a toda a velocidade **Beispill** den Auto ass laanschtgerannt, ouni ze bremsen

laanschtschécken [l'a:nʃtʃekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé laanschtgeschéckt) » **transitiv DE** vorbeischicken • **FR** envoyer [*faire aller, faire venir*] • **EN** to send [*to make go, to make come*] • **PT** mandar [*fazer ir, fazer vir*] **Beispill** schéck mer däi Brudder laanscht, fir datt e mer weist, wéi d'Maschinn funktionéiert

laanschtschëdden [l'a:nʃtʃɛdɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé laanschtgeschott) » **transitiv DE** verschütten [*versehentlich vergießen*] • **FR** verser à côté • **EN** to spill • **PT** derramar, entornar [*um líquido*] **Beispill** pass op, datt s de d'Méllech net laanschtschëtts!

laanschtschëssen [l'a:nʃtʃɛsɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé laanschtgeschoss) » **intransitiv DE** vorbeischießen [*danebenschießen*] • **FR** manquer la cible [*en tirant*] • **EN** to miss the target [*while shooting*] • **PT** errar o alvo [*atirando ou disparando*] **Beispill** d'Jeeërin huet zweemol laanschtgeschoss

laanschttrëppelen [l'a:nʃtrɛpələn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé laanschtgetrëppelt)

» **intransitiv** **DE** *vorbeigehen, vorbeispazieren* • **FR** *passer [en se promenant]* • **EN** *to stroll past* • **PT** *passar [dando um passeio]* **Beispill** d'Nopesch ass mat deem Klenge laaschtgetrëppelt

Laaschent [l'a:ʃənt] **Eegennumm** **DE** *Landscheid* • **FR** *Landscheid* • **EN** *Landscheid* • **PT** *Landscheid* **Beispiller** ech wunnen zu Laaschent; fiert dëse Bus op Laaschent?

Laascht [la:ʃt] **Maskulinum/Femininum** (Pluriel Laaschten) **1.** **DE** *Last [Gewicht], Ladung* • **FR** *charge, poids* • **EN** *load, weight* • **PT** *carga, peso* **Beispiller** ech hunn déi schwéier Laascht bal net gepackt; d'Briet huet sech ënner dem Laascht vun de Bicher gebéit; deen Unhänger packt eng maximal Laascht vu fënnf Tonnen **2.** **DE** *Last [bedrückende Sorge]* • **FR** *fardeau [tourment, souci]* • **EN** *burden [worry]* • **PT** *fardo [tormento, preocupação]* **Beispiller** dat ass fir mech keng Laascht, mee e Pleséier!; dee Kranke war eng Laascht fir d'ganz Famill; hie muss dee Laascht eleng droen; looss de Laascht kommen! [égs] [looss et drop ukommen!]

laaschten [l'a:ʃtən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé gelaascht) » **intransitiv** laaschten op **DE** *lasten auf [bedrücken]* • **FR** *peser sur, accabler* • **EN** *to weigh on* • **PT** *pesar a, afligir* **Beispill** déi Affär huet schwéier op mir gelaascht

i Verb, dat **laaschten** als Basis huet: ↗auslaaschten

laatschen [l'a:tʃən] **Verb** (Hëllefverb sinn, Participe passé gelaascht) » **intransitiv** [égs] **DE** *latschen [gehen]* • **FR** *marcher pesamment, traîner les pieds* • **EN** *to shuffle [to drag one's feet]* • **PT** *caminhar pesadamente, arrastar os pés* **Beispill** eisen Noper laatscht owes ëmmer an de Schlappen duerch d'Strooss **Synonym** traatschen

i Verb, dat **laatschen** als Basis huet: ↗auslaatschen

Laatschen [l'a:tʃən] **Femininum** (kee Singulier) [égs] **DE** *Latschen* • **FR** *savates [chaussures, pantoufles]* • **EN** *worn-out shoes, slippers* • **PT** *sapatos velhos, chinelos velhos* **Beispill** wéi kanns du an esou Laatsche goen?

laatschen [l'a:tʃən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé gelaascht) » **transitiv** [égs] engem eng laatschen **DE** *jemandem eine knallen* • **FR** *en coller une à quelqu'un* • **EN** *to give somebody a smack* • **PT** *dar uma chapada a alguém* **Beispill** wann s de dech net gëss, da laatschen ech der eng!

i Verb, dat **laatschen** als Basis huet: ↗auslaatschen

labber [l'abe] **Adjektiv** **1.** **DE** *locker, lose* • **FR** *desserré, lâche* • **EN** *loose [not tightly fixed]* • **PT** *desapertado, frouxo* **Beispiller** de Mecanicien huet déi labber Schrauwen ugezunn; du hues eng Schrauf labber! [égs] [du bass verréckt!] **2.** **DE** *locker, weit [Kleidung]* • **FR** *large [vêtement]* • **EN** *loose-fitting, wide* • **PT** *largo [peça de roupa]* **Beispill** ech hunn déi labber Boxe léiwer ewéi déi enk **Synonym** weit **3.** labber maachen **DE** *lockern* • **FR** *desserrer [défaire]* • **EN** *to make less tight, to loosen* • **PT** *desapertar, afrouxar* **Beispiller** nom Iessen hunn ech missen de Rimm méi labber maachen; kënnst Der mer de Verband wannechgelift e bësse méi labber maachen? **4.** [égs] **DE** *locker [lässig, leger]* • **FR** *détendu, décontracté, relax* <Adverb de manière décontractée> • **EN** *relaxed,*

laid-back <Adverb relaxedly> • **PT** *descontraído, descansado* <Adverb de forma descontraída> **Beispiller** hien huet eng labber Manéier, fir mat Problemer ëmzegoen; no e puer Glieder Wäi gouf d'Atmosphär eng Grimmel méi labber; mäi Papp huet meng Decisioun ganz labber opgeholl

Label [l'zɪbəl] **Maskulinum** (Pluriel Labelen) **DE** *Label [Markenzeichen]* • **FR** *label [de qualité, d'origine]* • **EN** *label* • **PT** *rótulo [de qualidade, de origem]* **Beispill** si verkafen hir Produkter ënner engem regionale Label

Labelen **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé gelabelt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Labeling **Maskulinum** (Pluriel Labelingen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Laberenten [labər'æntən] **Substantiv** (kee Singulier) [égs] an de Laberenten **DE** *in der Patsche, in der Klemme* • **FR** *dans le pétrin* • **EN** *in a fix, in a tight spot* • **PT** *em sarilhos, em apuros* **Beispill** wéinst der Wirtschaftskris si munch Firmaen an d'Laberente komm

labil [lab'il] **Adjektiv** **DE** *(psychisch) labil* • **FR** *instable, inconstant [caractère, personnel]* • **EN** *unstable [mentally]* • **PT** *instável, inconstante [caráter, pessoa]* **Beispill** hien huet e labille Charakter

labio-dental [l'abio:dənt'a:l] **Adjektiv**

i Hei entsteet en neien Artikel.

labio-velar [l'abio:vel'a:r] **Adjektiv**

i Hei entsteet en neien Artikel.

Labo [l'abo:] **Maskulinum** (Pluriel Laboen) [égs] - Kuerzform vun ↗Laboratoire

Laborant [labor'ant] **Maskulinum** (Pluriel Laboranten) **DE** *Laborant* • **FR** *laborantin* • **EN** *laboratory assistant* • **PT** *técnico de laboratório* **Beispill** de Laborant huet d'Buedemprouwen ënnersicht

i Weiblech Form: ↗Laborantin

Laborantin [labor'antin] **Femininum** (Pluriel Laborantinnen) **DE** *Laborantin* • **FR** *laborantine* • **EN** *laboratory assistant [female]* • **PT** *técnica de laboratório* **Beispill** d'Laborantin huet matgeholf, dëse Vaccin ze entwéckelen

i Männlech Form: ↗Laborant

Laboratoire [laboratw'a:r] **Maskulinum** (Pluriel Laboratoires) **DE** *Labor* • **FR** *laboratoire* • **EN** *laboratory* • **PT** *laboratório* **Beispill** eise Laboratoire schafft un der Entwécklung vun engem neien Impfstoff

i Kuerzform: Labo

laboréieren [labor'zɪərən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé laboréiert) » **intransitiv** laboréieren un **DE** *laborieren an leiner Krankheit*! • **FR** *trainer [une maladie]* • **EN** *to be plagued by [ill health]* • **PT** *andar com [uma doença]* **Beispiller** ech laboréieren zënter Wochen un enger Gripp; hien huet laang u sengem Aufsatz laboréiert [égs] [hien huet sech laang mat sengem Aufsatz geplot]

Labyrinth [labi'r'int] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Labyrinthen / Labyrinthher) **DE** *Labyrinth* • **FR** *labyrinthe* • **EN** *labyrinth* • **PT** *labirinto* **Beispill** an deem Labyrinth vun Hiele kann ee sech liicht verléieren

Lach [laχ] Neutrum (Pluriel Lächer) **1. DE** *Loch* [*Vertiefung*] • **FR** *trou* [*creux, cavité*] • **EN** *hole* [*hollow place*] • **PT** *buraco* [*cova, cavidade*] **Beispiller** op der Bauplazz grieft de Bagger e Lach; hie säift ewéi e Lach! [égs] [hie säift ganz vill]; dat Duerf läit am Lach [égs] [dat Duerf läit am Dall] **2. DE** *Loch* [*Öffnung, leere Stelle*] • **FR** *trou* [*orifice, vide*] • **EN** *hole* [*opening*] • **PT** *buraco* [*orificio, vazio*] **Beispiller** d'Dübbele sinn ze kleng fir d'Lächer, déi s de gebuert hues; d'Matten hu Lächer a meng Jackett gefriess; elo hunn ech de Kaffi an dat falscht Lach kritt! [égs] [elo hunn ech mech um Kaffi verschléckt!]; ech muss geschwënn eppes iessen, hu schon e richtegt Lach am Bauch [égs] [ech muss geschwënn eppes iessen, ech si scho ganz hongereg]; ech hunn deem emol gewisen, wou de Bock d'Lach huet! [graff] [ech hunn deem emol kloer an dättelech gesot, datt en sech u bestëmmte Reegelen ze halen huet]; dat Klengt freet engem e Lach an de Bauch [égs] [dat Klengt stellt vill Froen]; d'Firma huet e Lach an der Keess [égs] [d'Firma huet e finanziellen Defizit]; de Chef hat meng Bemierkung an dat falscht Lach kritt [égs] [de Chef hat mer meng Bemierkung iwwelgeholl]; déi zwee schäissen duerch ee Lach! [graff] [déi zwee sinn onzertrennlech]; hie päift um leschte Lach! [égs] [hien ass finanziell schlecht drun; hien ass gesondheetlech schlecht drun]

Lächelchen [l'æçəlçən] Neutrum (Pluriel Lächelchen) - Diminutivform vun [♂]Lach

lächelen [l'æçələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelächelt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

lächeren [l'æçərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelächert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

lächerlech [l'æçələç] Adjektiv **1. DE** *lächerlich* [*grotesk*] • **FR** *ridicule* [*grotesque, absurde*] <Adverb de manière ridicule> • **EN** *ridiculous* [*ludicrous, absurd*] <Adverb ridiculously> • **PT** *ridículo* [*grotesco, absurdo*] <Adverb de maneira ridícula> **Beispiller** d'Rivalitéit tëschent deenen zwee Gesangveräiner ass absolut lächerlech; haut hues de dech total lächerlech beholl; ech hu mech virun all de Leit lächerlech gemaach [ech hu mech virun all de Leit blaméiert] **2. DE** *lächerlich* [*gering*] • **FR** *ridicule* [*dérisoire*] <Adverb ridiculement> • **EN** *ridiculous* [*derisory*] <Adverb ridiculously> • **PT** *ridículo* [*insignificante*] <Adverb ridiculamente> **Beispiller** hiert Haus ass fir e lächerleche Präis verkaaft ginn; ech krut fir mäin Auto eng lächerlech kleng Zomm

Lächerlechkeet [l'æçələçke:t] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Lächerlichkeit* [*das Lächerlichsein*] • **FR** *ridicule* • **EN** *ridiculousness* • **PT** *ridículo* **Beispill** hie gesäit d'Lächerlechkeet vun sengem Behuelen net an **2.** (Pluriel *Lächerlechkeeten*) **DE** *Kleinigkeit* [*Belanglosigkeit*] • **FR** *bagatelle, brouille* • **EN** *triviality, trifle* • **PT** *bagatela, ninharia* **Beispill** du kanns dech dach net wéinst esou enger Lächerlechkeet opreegen!

Lack [lak] Maskulinum (Pluriel Lacker / Lacken) **1. DE** *Lack* • **FR** *laque, vernis* • **EN** *gloss paint, varnish* • **PT** *laca, verniz* **Beispiller** de Lack ass ganz erofgaangen; a verschiddene Faarwen a Lacker si géfteg Substanzen; wéi dee Kleng gefall ass, gOUNG et fir de Lack [égs] [wéi dee Kleng gefall ass, huet e sech geschannt]; a fäerdeg ass de Lack! [égs] [= seet een, wann eng Saach erleedegt ass] **2. DE** *Haarlack, Haarspray* • **FR** *laque* [*à cheveux*] • **EN** *hairspray* • **PT** *laca* [*para o cabelo*] **Beispill** ouni Lack hält meng Coiffure net **Synonym** Hoerlack

lackéieren [lak'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé lackéiert) » **transitiv DE** *lackieren* [*Lack auftragen*] • **FR** *laquer, vernir* • **EN** *to paint* [*with gloss paint*], *to varnish* • **PT** *lacar, envernizar* **Beispiller** mir hunn d'Kichestill frësch lackéiert; meng Schwëster huet sech d'Zéiwenneel rout lackéiert

lackeleg [l'akələç] Adjektiv [égs] **DE** *sexy, verlockend, verführerisch* • **FR** *sexy, séduisant* <Adverb de manière séduisante> • **EN** *sexy, seductive* <Adverb sexily, seductively> • **PT** *sexy, sedutor* <Adverb de maneira sedutora> **Beispiller** hatt ass e lackelegt Framënsch; d'Dänzerinnen an d'Dänzer ware lackeleg ugedoen; et huet lackeleg no Kaffi geroch [et huet gutt no Kaffi geroch] **Synonym** sexy

lackelen [l'akələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelackelt) » **transitiv DE** *locken* [*anlocken*] • **FR** *apâter, attirer* • **EN** *to lure, to attract* • **PT** *engodar, atrair* **Beispiller** si huet d'Kaz mat engem kleng Stéck Kéis gelackelt; d'Solden hunn d'Leit an d'Butteker gelackelt; mat enger Vakanz an de Bierger kanns de mech net lackelen [égs] [leng Vakanz an de Bierger seet mir näischt]

i Verben, déi **lackelen** als Basis hunn: [♂]eralackelen, [♂]erauslackelen, [♂]erbäilackelen an [♂]ulackelen

lacken [l'akən] onverännerbaart Adjektiv **DE** *aus Lackleder* • **FR** *en cuir verni* • **EN** *patent leather* • **PT** *de verniz* [*de couro envernizado*] **Beispill** hues de eng Posch, déi bei deng lacke Schong passt?

lackeren [l'akərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelackert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Verb, dat **lackeren** als Basis huet: [♂]oplackeren

i Variant: lockeren

Lacune [lak'yn] Femininum (Pluriel Lacunnen) **DE** *Lücke, Mangel* • **FR** *lacune* [*manque, omission*] • **EN** *gap, omission* • **PT** *lacuna* [*falha, omissão*] **Beispill** an deem Gesetzesprojet sinn nach vill Lacunnen

Ladegerät Neutrum (Pluriel Ladegeräter) **DE** *Ladegerät* • **FR** *chargeur* [*de batterie*] • **EN** *charger* [*for batteries*] • **PT** *carregador* [*de baterias*] **Beispiller** ech hu mer e Ladegerät kauft, mat deem ech ka verschidden Zorte Batterien oplueden; ech fannen d'Ladegerät vu mengem Handy net **Synonym** Chargeur

lädéieren [led'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé lädéiert) » **transitiv 1. DE** *lädieren, beschädigen* • **FR** *abîmer, endommager* • **EN** *to damage* • **PT** *danificar, estragar* **Beispiller** beim Plënneren hunn d'Aarbechter déi al Komoud liicht lädéiert; déi lädéiert Still aus der Salle-à-manger ginn alleguer ersat; der Poli-

tikerin hire Ruff **gouf** duerch de Skandal zimmlech **lädéiert** **2.** sech eppes lädéieren **DE** *sich etwas verletzen* • **FR** *se blesser à quelque chose* • **PT** *ferir-se em algo, magoar-se em algo* **Beispill** de Bouf **huet** sech beim Spillen de Knéi **lädéiert**

Laf [la:f] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Laub* • **FR** *feuillage, feuilles* • **EN** *foliage, leaves* • **PT** *folhagem, folhas* **Beispiller** d'Laf **huet** sech dëst Joer scho fréi verferft; déi Heck **huet** méi Laf ewéi Blummen

Laf [la:f] Maskulinum **1.** (Pluriel **Leef**) **DE** *Wettlauf* • **FR** *course (à pied)* • **EN** *run, race* • **PT** *corrida (a pé)* **Beispiller** mir hu beim Laf ëm de Séi matgemaach; et ass nëmmen e Laf bis an d'Stad **égs** [et ass net wäit bis an d'Stad] **2.** (kee Pluriel) **DE** *Lauf (Verlauf)* • **FR** *cours (déroulement)* • **EN** *course (period, progression)* • **PT** *decurso, curso (o decorrer)* **Beispiller** am Laf vum Schouljoer sinn zwee nei Schüler bäikomm; am beschte léisst een där Saach hire Laf **3.** (Pluriel **Leef**) **DE** *Lauf (Gewehrlauf)* • **FR** *canon (d'un fusil)* • **EN** *barrel (of a gun)* • **PT** *cano (de um fuzil)* **Beispill** meng Flënt **huet** zwee **Leef** **4.** (Pluriel **Leef**) **DE** *Lauf (Bein)* • **FR** *patte (d'un animal)* • **EN** *leg, paw* • **PT** *pata (de um animal)* **Beispill** eisen Hond **huet** de lénksen hënneschte Laf gebrach

Lafband Neutrum (Pluriel **Lafbänner**) **1.** **DE** *Laufband (Sportgerät)* • **FR** *tapis de course* **Beispill** wann et dobausse reent, trainéieren ech léiwer dobannen um **Lafband** **2.** **DE** *Laufband, Förderband* • **FR** *tapis roulant* **Beispiller** an der Keess tässelen ech meng Akeef dem Gewiicht no op d'**Lafband**, fir se derno besser kënnen anzepaken; déi zwou Statioune vum Metro sinn iwwer e **Lafband** matenee verbonnen

lafen [l'a:fən] Verb (Hëllesverb **sinn**, Participe passé **gelaf**) » **intransitiv** **1.** **DE** *laufen (sich laufend fortbewegen)* • **FR** *courir (se déplacer en courant)* • **EN** *to run (to move by running)* • **PT** *correr (deslocar-se a correr)* **Beispiller** du kanns méi séier **lafen** ewéi ech; am Turnen hu mer missen an dräi Minutten zweemol ëm d'Schoulgebai **lafen**; hie **leeft** fir all Bobbo bei den Dokter **égs** [hie geet wéinst all Bobbo bei den Dokter]; ech muss all Abléck **lafen!** **égs** [ech muss all Abléck op d'Toilette goen]; **leeft** äert Klengt schon? **égs** [kann äert Klengt scho goen?] **2.** **DE** *laufen (fließen)* • **FR** *couler (liquide)* • **EN** *to run (to flow)* • **PT** *correr, escorrer (líquido)* **Beispiller** d'Waasser **leeft** ëmmer de Bierg of; d'Glacé **leeft** de Kanner iwwer d'Fangeren; d'Waasser **leeft** an den Offloss; de Kéis **leeft** [de Kéis gëtt leefeg]; meng Nues **leeft** **égs** [d'Schnuddele lafe mer aus der Nues]; ech hunn deem et gutt **lafa** gelooss! **égs** [ech hunn dee gutt erwidert] **3.** **lafen** an **DE** *fließen in, münden in* • **FR** *confluer avec, se jeter dans* • **EN** *to flow into, to merge with* • **PT** *confluir em, desaguar em* **Beispill** zu Koblenz **leeft** d'Musel an de Rhäin **4.** **DE** *laufen (verlaufen, führen)* • **FR** *passer (conduit, chemin)* • **EN** *to run (cable, duct, path)* • **PT** *correr, passar (conduto, caminho)* **Beispiller** d'elektresch Leitunge **lafen** all ënner Botz; pass op, do **leeft** eng Leitung!; ronderëm de Weier **leeft** e schéine Wee **5.** **DE** *laufen (funktionieren)* • **FR** *tourner (fonctionner)* • **EN** *to run (to function)* • **PT** *trabalhar, funcionar* **Beispiller** de Motor **leeft** net, wéi e soll; de Betrib **huet** eréischt virun zwee Joer ugefaange gutt ze **lafen** **6.** **DE** *laufen (gezeigt werden, gespielt werden)* • **FR** *être à l'affiche, passer (film, émission)* • **EN** *to be*

running, to be on (play, film, programme) • **PT** *estar em exibição, passar (filme, programa)* **Beispiller** am Ament **lafen** e puer gutt Filmer am Kino; wat **leeft** haut op der Televisioun? **7.** **DE** *lafen (ablaufen, vonstatten gehen)* • **FR** *se passer, se dérouler, être en cours* • **EN** *to run, to be in progress* • **PT** *correr, estar a decorrer, estar em curso* **Beispiller** et **leeft** alles esou gutt, et kéint ee soen, haut wier mäi Glécksdag!; esoulaang d'Enquête **leeft**, deelt d'Police keng Eenzelheete mat; d'Saach ass **gelaf!** **égs** [d'Saach ass ofgeschlossen] » **transitiv** **8.** **DE** *laufen (zurücklegen, teilnehmen an)* • **FR** *courir (parcourir, participer à)* • **EN** *to run, to take part in (a race)* • **PT** *correr (percorrer, participar em)* **Beispill** bass du schonn eng Kéier e Marathon **gelaf?**

i Verben, déi **lafen** als Basis hunn: **alafen**, **anenanerlafen**, **aneneelafen**, **auslafen**, **bäilafen**, **duerlafen**, **entgéintlafen**, **eralafen**, **erauslafen**, **eriwwerlafen**, **eroflafen**, **eroplafen**, **fortlafen**, **hanneschtlafen**, **heemlafen**, **hin-** an **hirlafen**, **iwwerlafen**, **laanschtlafen**, **matlafen**, **nolafen**, **oflafen**, **oplafen**, **ronderëmlafen**, **ulafen**, **virlafen**, **volllafen**, **widderlafen**, **zerécklafen**, **zummelafen** an **zoulafen**

lafend [l'a:fənt] Adjektiv **1.** **DE** *laufend (andauernd)* • **FR** *en cours, courant* • **EN** *ongoing, current* <Adverb continuously> • **PT** *em curso, corrente* **Beispiller** de Procureur wëllt sech net iwwer déi **lafend** Enquête äusseren; fir eisen Defizit an de Grëff ze kréien, muss mer déi **lafend** Ausgabe reduzéieren **2.** **DE** *laufend (aufeinander folgend)* • **FR** *continu (successif)* • **EN** *running (successive)* • **PT** *sequencial* **Beispiller** an eisem Service **huet** all Dossier eng **lafend** Nummer; dee Schlauch kascht dräi Euro de **lafend** Meter [dee Schlauch kascht dräi Euro de Meter] **3.** um **Lafenden** **DE** *auf dem Laufenden* • **FR** *au courant* • **EN** *up to date* • **PT** *ao corrente* **Beispiller** mir halen Iech um **Lafenden**; als Wëssenschaftler soll een iwwer déi neisten Entwécklungen a sengem Fach um **Lafende** **sinn**

Lafewier [l'a:fəvi:g] Eegennumm **DE** *Lafewier* • **FR** *Lafewier* • **EN** *Lafewier* • **PT** *Lafewier* **Beispiller** ech wunnen um **Lafewier**; fiert dést Bus op de **Lafewier?**

Läffel [l'æfəl] Maskulinum **1.** (Pluriel **Läffelen**) **DE** *Löffel (Besteckteil)* • **FR** *cuillère (couvert)* • **EN** *spoon (item of cutlery)* • **PT** *colher (peça de talher)* **Beispiller** de Puppelche kritt d'Esse mam **Läffel**; d'Käche réiert mam hélzene **Läffel** am Dëppen **2.** (Pluriel **Läffel / Läffelen**) **DE** *Löffel (Mengenangabe)* • **FR** *cuillère (contenu)* • **EN** *spoon (quantity)* • **PT** *colher, colherada* **Beispill** ech maachen ëmmer dräi **Läffelen** Zocker a mäi Kaffi **3.** (Pluriel **Läffelen**) **égs** **DE** *Löffel (Ohr)* • **FR** *esgourde* • **EN** *lughole* • **PT** *orelha* **Beispiller** esoubal d'Mamm vu Glacé geschwat **huet**, hunn d'Kanner d'**Läffele** gespëtz; du kriss eng hanner d'**Läffelen**, wann s de dech net gëss!

Läffelbiscuit Maskulinum (Pluriel **Läffelbiscuiten**)

i Hei entsteet en neien Artikel

i Variant: **Läffelsbiscuit**

Läffelchen [l'æfəlçən] Maskulinum (Pluriel **Läffelcher**) - Diminutivform vun **Läffel**

läffelen [l'æfələn] Verb (Hëllesverb **hunn**, Participe passé **geläffelt**) » **transitiv** **1.** **DE** *löffeln (mit Genuss essen)* • **FR** *manger avec plaisir (à la cuillère)* • **EN** *to spoon up* • **PT** *comer com prazer (às colheres)* **Beispill** d'Kan-

ner setzen an der Kichen, hire Schockelaspudding ze läffelen **2.** ^[ëgs] engem eng läffelen **DE** *jemandem eine löffeln* • **FR** *en coller une à quelqu'un lune gifte* • **EN** *to give somebody a clip round the ear* • **PT** *dar uma chapa-da a alguem* **Beispill** hal op, soss läffelen ech der eng!

i Verb, dat **läffelen** als Basis huet: ↗ausläffelen

Läffeler [*l'æfələ*] Maskulinum (Pluriel **Läffeler**) **Platalea leucorodia** **DE** *Löffler* • **FR** *spatule blanche* • **EN** *Eurasian spoonbill* • **PT** *colhereiro* **Beispill** wéi laang bréien d'Läffeler?

Läffelint [*l'æfəlɪnt*] Femininum (Pluriel **Läffelinten**) **Anas clypeata** **DE** *Löffelente* • **FR** *canard souchet* • **EN** *northern shoveler* • **PT** *pato-trombeteiro* **Beispill** wéi laang bréien d'Läffelinten?

Läffelsbiscuit Maskulinum (Pluriel **Läffelsbiscuiten**) - Variant vun ↗Läffelbiscuit

Läffelsgeschier [*l'æfəlsɡəʃiːɡ*] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Besteck* [*Essbesteck*] • **FR** *couvert(s)* [*ustensiles de table*] • **EN** *cutlery* • **PT** *talher(es)* **Beispill** nom Spullen hu mer d'Läffelsgeschier poléiert an erëm an den Tirang geluecht **Synonymmen** Besteck, Couvert

Lafpist [*l'aːfpɪst*] Femininum (Pluriel **Lafpisten**) **DE** *Laufbahn* [*für Wettkämpfe*] • **FR** *piste (de course)* [*d'athlétisme*] • **EN** *running track* • **PT** *pista de atletismo* **Beispill** am Stadion muss de Belag vun der **Lafpist** erneiert ginn

Lafschong [*l'aːfʃɔŋ*] Maskulinum (Pluriel **Lafschong**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: Lafschung

Lafschung Maskulinum (Pluriel **Lafschung**) - Variant vun ↗Lafschong

Lafställchen [*l'aːftstælçən*] Maskulinum (Pluriel **Lafställercher**) **DE** *Laufgitter, Laufstall* • **FR** *parc bébé* • **EN** *playpen* • **PT** *parque para bebés* **Beispill** zënter gëschter probéiert dat Klengt, am **Lafställchen** eleng opzestoen **Synonymmen** Park, Ställchen

i Kuerzform: Ställchen

Lafwierk [*l'aːfviːgk*] Neutrum (Pluriel **Lafwierker**) **DE** *Laufwerk* [*leines Rechners*] • **FR** *lecteur* [*d'un ordinateur*] • **PT** *drive, leitor* **Beispill** ech hu mer en externt **Lafwierk** kaaft, fir meng DVDDe kënnen um Computer ze kucken

Lafzäit [*l'aːftsæːɪt*] Femininum (Pluriel **Lafzäiten**) **DE** *Laufzeit* [*Dauer*] • **FR** *durée* [*d'un contrat*] • **EN** *term, duration* [*of a contract*] • **PT** *duração* [*de um contrato*] **Beispill** dee Prêt huet eng **Lafzäit** vun zwanzeg Joer

Lag [*l'aːχ*] Femininum (Pluriel **Lagen**) **1.** **DE** *Lage* [*Ge-lände, Örtlichkeit*] • **FR** *site, emplacement, situation* • **EN** *location* • **PT** *sítio, localização, situação* **Beispill** d'Gemeng sicht eng roueg **Lag**, fir dat neit Altersheem ze bauen **2.** **DE** *Lage* [*Situation*] • **FR** *situation* [*état, conditions*] • **EN** *situation* [*circumstances*] • **PT** *situação* [*estado, condições*] **Beispiller** an deene leschte Joren huet sech näischt un der finanzieller **Lag** vum Betrieb geännert; versetz dech emol a meng **Lag**, ier s de esou déck téins! **Synonym** Situatioun

Lager [*l'aːʁə*] Neutrum (Pluriel **Lager** / **Lageren**) **1.** **DE** *Lager* [*Depot*] • **FR** *dépôt, entrepôt* • **EN** *depot, warehouse* • **PT** *depósito, armazém* **Beispiller** d'Lager ass hanner dem Geschäft; déi eidel Këschte ginn zeréck an d'Lager gefouert **Synonymmen** Depot, Magaséng **2.** op Lager **DE** *auf Lager* • **FR** *en stock, en réserve* • **EN** *in stock* • **PT** *em stock, em armazém* **Beispiller** et deet mer leed, deen Artikel hu mer fir den Ament net op Lager; mäi Brudder huet ëmmer e Witz op Lager ^[ëgs] [mäi Brudder huet ëmmer e Witz parat] **3.** **DE** *Lager* [*Unterkunft*] • **FR** *camp, campement* • **EN** *camp* [*temporary accommodation*] • **PT** *campo, acampamento* **Beispiller** d'Arméi huet hiert Lager no un der Grenz opgeschloen; d'Flüchtlinge sinn a provisoeresche Lager ënnerbruecht **4.** **DE** *Lager* [*Gruppierung*] • **FR** *camp* [*famille idéologique*] • **EN** *camp* [*faction*] • **PT** *campo* [*familia ideológica*] **Beispill** d'Effentlechkeet ass an zwee Lager gespléckt **Synonym** Camp **5.** **DE** *Lager* [*für Rotationskörper*] • **FR** *palier* [*pièce mécanique*] • **EN** *bearing* [*machine part*] • **PT** *mancal, chumaceira* **Beispill** d'Lagere vun der Maschinn sinn total ausgeleiert

lagere [*l'aːʁərə*] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gelagert**) » **transitiv** **1.** **DE** *lagern* [*aufbewahren*] • **FR** *stocker, entreposer* • **EN** *to store, to keep* • **PT** *armazenar* [*conservar*] **Beispiller** dese Wënzer lagert säi Wäin a Fässer; mir **hunn** d'Äppel am Keller gelagert **2.** **DE** *lagern* [*leinen Drehkörper*] • **FR** *mettre sur palier(s)* [*mécanique(s)*] • **EN** *to mount (a shaft) on a bearing* • **PT** *suportar por apoio(s)* [*mecânico(s)*] **Beispill** d'Well vun der Turbinn ass aus Titan an ass fënnel Mol gelagert

i Verb, dat **lagere** als Basis huet: ↗oflagere

Lagerfeier [*l'aːʁəfaiə*] Neutrum (Pluriel **Lagerfeieren**) **DE** *Lagerfeuer* • **FR** *feu de camp* • **EN** *campfire* • **PT** *fogueira de acampamento* **Beispill** um Camp setzen d'Scouten owes ëm d'Lagerfeier

Lagerhal Femininum (Pluriel **Lagerhalen**) **DE** *Lagerhalle* • **FR** *hangar, entrepôt* • **PT** *hangar, armazém* **Beispiller** well eise Magaséng hannenaus ze kleng gi war, notze mer elo eng grouss **Lagerhal** an der Industriezon; an eiser **Lagerhal** hu mer nach honnert Pallette Plättercher stoen

Lagerkoller [*l'aːʁəkɔlə*] Maskulinum (Pluriel **Lagerkoller** / **Lagerkolleren**) **DE** *Lagerkoller* • **FR** *crise de colère, crise d'angoisse* [*d'une personne en confinement*] • **EN** *cabin fever* • **PT** *acesso de raiva, crise de ansiedade* [*de uma pessoa em confinamento*] **Beispill** ass et am Confinement och bei iech doheem alt zu engem Lagerkoller kumm?

Läich [*l'æːɪç*] Femininum (Pluriel **Läichen**) **DE** *Leiche* • **FR** *corps* [*cadavre*] • **EN** *corpse* • **PT** *corpo* [*cadáver*] **Beispiller** d'Identitéit vun de **Läiche** konnt nach net eenditeg festgestallt ginn; hie war bleech ewéi eng **Läich!** ^[ëgs] [hie war ganz bleech]; fir seng Karriär géif hien iwver **Läiche** goen ^[ëgs] [fir seng Karriär ass hien zu allem fäeg]; deen do huet schonn e puer **Läichen** am Keller! ^[ëgs] [deen do huet schonn e puer schlëmm Saache gemaach, déi ni erauskomm sinn]

Läich [*l'æːɪç*] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Laich* • **FR** *frai* [*oeufs*] • **EN** *spawn* [*of batrachians*] • **PT** *ovos* [*de desova*] **Beispill** wéinst deene ville Fräschchen ass eise **Weier**

voller Läich

läichen [l'æ:ɪçən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **geläicht**) » **intransitiv** **DE** *laichen* • **FR** *frayer* [*poissons, batraciens*] • **EN** *to spawn* • **PT** *desovar* [*peixes, batráquios*] **Beispill** an eisem Weier läichen ëmmer Fräschen; d'Pije kënnen op ganz ënnerschiddleche Plaze läichen

Läichendéngscht [l'æ:ɪçəndəŋʃt] Maskulinum (Pluriel **Läichendéngschter**) **DE** *Tötenmesse* • **FR** *messe des morts, messe de requiem* • **EN** *requiem mass* • **PT** *missa de defuntos, missa de requiem* **Beispill** d'Be-griefnes an de Läichendéngscht waren am enkste Familjekrees

Läichzäit [l'æ:ɪçtsæ:ɪt] Femininum (Pluriel **Läichzäiten**) **DE** *Laichzeit* • **FR** (*temps du*) *frai* • **PT** (*época da*) *desova* **Beispill** während der **Läichzäit** ass et verbueden, an der Baach ze fëschchen **Synonym** Raffzäit

Laien [l'ɑɪən] Maskulinum (Pluriel **Laien**) **1. DE** *Laie* [*Nichtfachmann*] • **FR** *profane, (pur) amateur, non-initié* • **EN** *layman* [*amateur*] • **PT** *leigo* [*ignorante*] **Beispill** fir e **Laien** ass deen Text bal net ze verstoen; op deem Gebitt sinn ech e komplette **Laien** **2. [Relioun]** **DE** *Weltlicher* • **FR** *laïque* • **EN** *layperson* • **PT** *leigo* [*secular*] **Beispill** op der Konferenz waren esouwuel Geeschlechter ewéi **Laien**, fir iwwer d'Ofdreiwung ze schwätzen

Läif [læ:ɪf] Maskulinum (Pluriel **Leiwer**) - Variant vun ↗Leif

Lälech [l'æ:ɪlœç] Neutrum (Pluriel **Lälecher**) - Variant vun ↗Läinduch

Läim [læ:ɪm] Maskulinum (Pluriel **Läimer**) **DE** *Leim* • **FR** *colle (de menuisier)* • **EN** *glue* • **PT** *cola (para madeira)* **Beispill** maach d'Dëppe mam **Läim** zou, soss verdréchent en!; du wäerts deem dach net nach eng Kéier op de **Läim** goen! [ëgs] [du wäerts dech dach net nach eng Kéier vun deem eraleeë loosse!]

läimen [l'æ:ɪmən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **geläimt**) » **transitiv** **1. DE** *leimen* [*kleben*] • **FR** *coller* [*à la colle de menuisier*] • **EN** *to glue* • **PT** *colar* [*com cola para madeira*] **Beispill** ech läimen dee futtissen Tirang selwer **2. [ëgs]** **DE** *leimen* [*täuschen*] • **FR** *rouler* [*tromper*] • **EN** *to take for a ride* • **PT** *enganar, burlar* **Beispill** déi Kéier ware mer gutt geläimt ginn, dofir passe mer elo besser op

i Verb, dat **läimen** als Basis huet: ↗zesummeläimen

Läinduch [l'æ:ɪnduχ] Neutrum (Pluriel **Läindicher**) **DE** *Bettuch* • **FR** *drap (de lit)* • **EN** (*bed*) *sheet* • **PT** *lençol (de cama)* **Beispill** ech zéien den Owend e frëscht **Läinduch** op; am Hotel ginn d'**Läindicher** all Dag gewieselt

i Varianten: Lälech, Lëldech, Lëllduch

Läinueleg Maskulinum (Pluriel **Läinueleger**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Läinzeechen [l'æ:ɪntse:çən] Femininum/Neutrum (Pluriel **Läinzeechen**) **DE** *Narbe* [*im Gewebe*] • **FR** *cicatrice* • **EN** *scar* • **PT** *cicatriz* **Beispill** hatt huet eng grouss **Läinzeche** vun senger Blinddarmoperatioun behalen **Synonymmen** Cicatrice, Narb

i Variant: Leenzeechen

Läischt [l'æ:ɪft] Femininum (Pluriel **Läischten**) **DE** *Leiste* [*Randleiste*] • **FR** *baguette, antibois* • **EN** *skirting board* • **PT** *baguete, rodapé* **Beispill** maach d'**Läischten** net un, ier frësch tapezéiert ass!

Läischter [l'æ:ɪftɛ] Maskulinum (Pluriel **Läischter**) **Turdus viscivorus** **DE** *Misteldrossel* • **FR** *grive draine* • **EN** *mistle thrush* • **PT** *tordoveia* **Beispill** wéi laang bréien d'**Läischter**? **Synonym** Mëspeldréischel

Laiskaul [l'ɑɪskɑʊl] Femininum (Pluriel **Laiskaulen**) [ëgs] **DE** *Nacken, Genick* • **FR** *nuque* • **EN** *nape, back of the neck* • **PT** *nuca* **Beispill** et bäisst mech an der **Laiskaul**; fréier war et üblech, datt frech Kanner eng an d'**Laiskaul** kruten **Synonym** Akaul

Laun [lɔʊn] Femininum (Pluriel Launen) **1.** **DE** *Laune* [*Stimmung*] • **FR** *humeur* [*disposition affective*] • **EN** *mood* • **PT** *humor* [*disposição de ânimo*] **Beispiller** hien huet bal ëmmer gutt Laun!; dat schlecht Wieder kann engem richteg d'Laun verdierwen! **2.** aus enger Laun eraus **DE** *aus einer Laune heraus* • **FR** *sur un coup de tête* • **EN** *on a whim* • **PT** *por capricho, por impulso* **Beispill** ech hu mer deen Auto aus enger Laun eraus kaaft **Synonym** aus enger Staut eraus

Launch Maskulinum (Pluriel Launchen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

launchen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelauncht)

i Hei entsteet en neien Artikel.

launesch [l'ɔʊnəʃ] Adjektiv **DE** *launisch* • **FR** *capricieux, lunatique* • **EN** *moody* • **PT** *lunático, caprichoso* **Beispill** bei deem launesche Kärel weess een ni, wéi e reagéiert **Synonym** stauteg

Laus [læ:ʊs] Femininum (Pluriel Laus) **DE** *Laus* • **FR** *pou* • **EN** *louse* • **PT** *pioelho* **Beispiller** no der Kolonie hate vill Kanner Laus; wat fir eng Laus ass dir iwuer d'Liewer gelaf? ^[ëgs] [firwat bass du esou schlecht gelaunt?]; maach dech net ewéi eng Laus op engem Roff! ^[ëgs] [maach net, wéi wann s de ganz onschëlleg wiers!]

Lausbéifchen [l'æ:ʊsbɛifçən] Maskulinum (Pluriel Lausbéiwercher) - Diminutivform vun [∧]Lausbouf

Lausbouf [l'æ:ʊsbəʊf] Maskulinum (Pluriel Lausbouwen) ^[ëgs] **DE** *Lausebengel, Lausbub* • **FR** *galopin* • **EN** *rascal* • **PT** *gaiato* **Beispill** de Lausbouf huet vum zweete Stack erof op d'Foussgänger gespaut **Synonym** Spéitzbouf

lauschteren [l'æ:ʊʃtərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelauschtert) » **transitiv** **1.** **DE** *hören, anhören, sich anhören* • **FR** *écouter* • **EN** *to listen to* • **PT** *escutar* **Beispiller** hues du de Moien de Radio gelauschtert?; mir wollten dee Concert lauschtere goen, mee e war schonn ausverkaaft; lauschtere net, wat deen Eefalt seet! » **intransitiv** **2.** **DE** *zuhören, hinhören* • **FR** *écouter* [*prêter attention*] • **EN** *to listen* • **PT** *escutar* [*prestar atenção*] **Beispill** wann s de gutt lauschters, héiers de Musek vu Wäitem **3.** **DE** *lauschen* • **FR** *écouter* [*indiscrettement, en cachette*] • **EN** *to eavesdrop* • **PT** *escutar* [*indiscretamente, às ocultas*] **Beispill** wat geet dech un, bei der Dier ze lauschteren? **4.** **lauschteren** op **DE** *hören* *auf* [*gehörchen*] • **FR** *écouter* [*suivre, obéir à*] • **EN** *to listen to* [*to follow, to obey*] • **PT** *escutar* [*obedecer a*] **Beispiller** den Hond lauschtert eenzeg an eleng op säi Meeschter; mir hätte sollen op hie lauschteren!; hie lauschert op keen! [hie bleibt stuer bei senger Meinung]

i Verben, déi **lauschteren** als Basis hunn: [∧]nolauschteren an [∧]oflauschteren

Lauduer [l'æ:ʊsdʊ:ɐ] Eegennumm **DE** *Laudorn* • **FR** *Laudorn* • **EN** *Laudorn* • **PT** *Laudorn* **Beispiller** ech wunnen um Lauduer; fiert dëse Bus op de Lauduer?

lausen [l'ʌʊzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelaust) » **transitiv 1.** **DE** *lausen* • **FR** *épouiller* • **EN** *to delouse* • **PT** *espilhar* **Beispill** deen alen Af laust dee jonken **2.** [ëgs] engem eng lausen **DE** *jemandem eine kleben* • **FR** *en coller une à quelqu'un* • **PT** *dar uma chapada a alguém* **Beispill** hal op domat, soss kriss de eng gelaust! **Synonymmen** engem eng an d'Laiskaul ginn, engem eng diksen, engem eng jauwen

Laut [læ:ʊt] Maskulinum (Pluriel Lauter) **DE** *Laut* [Geräusch] • **FR** *son* [bruit] • **EN** *sound* • **PT** *som* [barulho] **Beispiller** am Sall huet ee kee Laut héieren; deen do seet kee Laut méi! [ëgs] [deen do seet guer näischt méi!] **Synonym** Toun

laut [læ:ʊt] Prepositioun

i Hei entstee en neien Artikel.

lauter [læ:ʊtə] onverännerbaart Adjektiv - Variant vun ʌelauter

Lauterbuer [læ:ʊtəbu:ɐ] Eegennumm **DE** *Lauterborn* • **FR** *Lauterborn* • **EN** *Lauterborn* • **PT** *Lauterborn* **Beispiller** ech wunnen zu Lauterbuer; fiert dëse Bus op Lauterbuer?

Lautkoppel [læ:ʊtkopəl] Femininum (Pluriel Lautkoppelen)

i Hei entstee en neien Artikel.

lautlech [læ:ʊtləç] Adjektiv

i Hei entstee en neien Artikel.

Lautsprecher [l'ʌʊtʃpɹæçɐ] Maskulinum (Pluriel Lautsprecher) **DE** *Lautsprecher* • **FR** *haut-parleur* • **EN** *loudspeaker, speaker* • **PT** *altifalante* **Beispill** mat deene Lautsprecher kléngt d'Musek glaskloer **Synonymmen** Box, Haut-parleur

Lautstäerkt [l'ʌʊtʃtɛ:ɣkt] Femininum (Pluriel Lautstäerkten) **DE** *Lautstärke* • **FR** *volume* [sonore] • **EN** *volume* [sound] • **PT** *volume* [de som] **Beispill** et wier gutt, wann déi maximal Lautstäerkt an den Diskoe géif erfogesat ginn **Synonym** Volume

Lava [l'a:va:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Lava* • **FR** *lave* • **EN** *lava* • **PT** *lava* **Beispill** beim Ausbroch vum Vulkan ass gliddeg Lava ausgetratt

Lavabo [l'avabo:] Maskulinum (Pluriel Lavaboen) **DE** *Waschbecken* • **FR** *lavabo* • **EN** *basin, washbasin* • **PT** *lavatório* **Beispill** dee Pullover wäschen ech léiwer am Lavabo op der Hand

Lavement [l'avəmã:] Maskulinum (Pluriel Lavementen) **DE** *Einlauf, Klistier* • **FR** *lavement* • **EN** *enema, clyster* • **PT** *enema, clister* **Beispill** de Patient war esou verstoppt, datt en huet missen e Lavement gemaach kréien

Lavendel [lav'ændəl] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Lavendel* • **FR** *lavande* • **EN** *lavender* • **PT** *alfazema* **Beispiller** mir hu Lavendel an de Gaart gesat; ech hu menger Bomi gedréchente Lavendel aus der Vakanz matbruecht

Lawin [lav'i:n] Femininum (Pluriel Lawinen) **DE** *Lawine* • **FR** *avalanche* • **EN** *avalanche* • **PT** *avalanche* **Beispiller** d'Lawin huet dat halleft Duerf ënner sech

begruewen; et kënt sécher eng Lawin vu Reklamatiounen op d'Geschäft zou [ëgs] let komme sécher ganz vill Reklamatiounen op d'Geschäft zou!

Lawrencium [lɔʊr'æntsʃjum] Maskulinum (kee Pluriel) [Chimie] **DE** *Lawrencium* [chemisches Element] • **FR** *lawrencium* [élément chimique] • **EN** *lawrencium* [chemical element] • **PT** *laurêncio* [elemento químico] **Beispill** d'Element Lawrencium gehéiert zum Grupp vun den Actinoiden

lax [laks] Adjektiv **DE** *lax, locker* • **FR** *relâché, décontracté* <Adverb de manière décontractée> • **EN** *lax, relaxed* <Adverb laxly> • **PT** *relaxado, descontraído* <Adverb de forma descontraída> **Beispiller** seng Elteren hunn eng lax Opfaassung vun Disziplin; hie gesäit dat e bësse méi lax ewéi mir

Layout [l'ʌiʌʊt] Maskulinum (Pluriel Layouten) **DE** *Layout* • **FR** *mise en pages* • **EN** *layout* • **PT** *layout* **Beispill** eis Wochenzeitung huet hire Layout komplett geännert

layouten [l'ʌiʌʊtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelayout)

i Hei entstee en neien Artikel.

Lead Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entstee en neien Artikel.

Leader [l'i:de] Maskulinum (Pluriel Leaderen) **1.** **DE** *Leader, Spitzenreiter* • **FR** *leader* [sportif] • **EN** *leader* [in sport] • **PT** *líder* [desportista] **Beispill** deen Zweeten am Klassement ass aacht Punkten hanner dem Leader **2.** **DE** *Marktführer* • **FR** *leader* [économique] • **EN** (market) *leader* • **PT** *líder* [económico] **Beispill** eise Betrib ass ee vun de Leaderen an der Miwwelproduktioun

leaken [l'i:kən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geleakt) » **transitiv** **DE** *leaken* • **FR** *divulguer* [des informations confidentielles] • **EN** *to leak* [confidential information] • **PT** *divulgar* [informações confidenciais] **Beispill** Dealer vum geheime Rapport goufe geleakt **Synonym** duerchsickere loossen

leasen [l'i:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geleased / geleased) » **transitiv** **DE** *leasen* • **FR** *acheter en leasing, acheter en crédit-bail* • **EN** *to lease* • **PT** *adquirir por leasing, adquirir por locação financeira* **Beispill** den Entrepreneur huet seng Maschinne bal alleger geleased

Leasing [l'i:ziŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Leasing* • **FR** *leasing, crédit-bail* • **EN** *leasing* • **PT** *leasing, locação financeira* **Beispill** d'Fabrick schaaft all d'Maschinen iwuer Leasing un

Lebertran [l'e:betra:n] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Lebertran* • **FR** *huile de foie de morue* • **EN** *cod liver oil* • **PT** *óleo de fígado de bacalhau* **Beispill** als Kanner hu mir all Dag missen e Läffel Lebertran huelen

i Variant: Fëschtron

Léck [lek] Eegennumm **DE** *Lüttich* • **FR** *Liège* • **EN** *Liège* • **PT** *Liéja* **Beispiller** ech wunnen zu Léck; fiert dëse Bus op Léck?

lecken [l'ækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geleckt) » **transitiv 1.** **DE** *lecken* • **FR** *lécher* • **EN**

to lick • PT *lamber* **Beispiller** den Hond **huet** sengem Meeschter d'Hand **geleckt**; de Buedem an der Kiche war ewéi **geleckt!** [égs] [de Buedem an der Kiche war ganz propper]; si sinn amgaang, hir Wonnen ze **lecken!** [égs] [si sinn amgaang, sech vun hirer Nidderlag ze erhuelen] » **intransitiv 2.** **lecken** an **DE** *lecken an* • **FR** *lécher* • **EN** to lick • **PT** *lamber* **Beispill** de klenge Bouf **huet** gesennerlech un senger Glace **geleckt**

i Verben, déi **lecken** als Basis hunn: *☞oflecken an ☞oplecken*

lecker [l'æke] Adjektiv [Neologismus] **DE** *lecker* • **FR** *délicieux, savoureux, succulent* • **EN** *delicious, tasty* • **PT** *delicioso, saboroso* **Beispiller** géff mer wannechgelift nach e Stéck vun där **leckerer** Taart!; d'Fleesch, dat mir de Mëtteg zerweiert kruten, war richteg **lecker!**; déi Desserte gesinn all mega **lecker** aus **Synonym** gutt

i Kuckt och den etabléierten Term *☞gutt*.

Leckerli [l'ækeli:] Maskulinum (Pluriel **Leckerlien**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Lecture [l'ækty:r] Femininum (Pluriel **Lecturen**) - Variant vun *☞Lektür*

Lee [le:] Femininum (Pluriel **Leeën**) **1.** **DE** *Schieferplatte, Dachplatte* • **FR** *ardoise [de toiture]* • **EN** *slate [for roofing]* • **PT** *ardósia [de telhado]* **Beispiller** si hunn hiren Daach mat **Leeën** decke gelooss; um Daach ass eng **Lee** lass **2.** **DE** *Schiefertafel* • **FR** *ardoise [tablette d'ardoise]* • **EN** *slate [for writing on]* • **PT** *ardósia, lousa [tábua para escrever]* **Beispiller** de Restaurateur **huet** de Menü op eng **Lee** geschriwwen; fréier hat all Kand eng **Lee** am Schoulsak; mir hunn haut vill op der **Lee!** [égs] [mir hunn haut vill Aarbecht!]; hien **huet** bei mir nach 100 Euro op der **Lee** stoen! [égs] [hien ass mir nach 100 Euro schëlleg!] **Synonym** Schifertafel

Leed [le:t] Neutrum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Not, Elend* • **FR** *misère [détresse, souffrance]* • **EN** *misery, suffering* • **PT** *miséria [desgraça, sofrimento]* **Beispill** et gëtt vill **Leed** an der Welt **Synonym** Misär **2.** **DE** *Leid [Kummer]* • **FR** *chagrin, peine* • **EN** *sorrow, trouble* • **PT** *mágoa, pena* **Beispiller** d'Meedchen **huet** him all säi **Leed** geklot; deem enge seng Freed ass deem anere säi **Leed!** [égs] [wat fir ee gutt ass, ka fir en anere schlecht sinn] **3.** am **Leed** sinn **DE** *besorgt sein* • **FR** *être préoccupé, être inquiet* • **EN** *to be worried* • **PT** *estar preocupado, estar inquieto* **Beispill** mir waren därmoossen am **Leed**, well der net erbäikomm sidd!

leed [le:t] Adjektiv **1.** **leed** sinn **DE** *leid sein* • **FR** *en avoir assez (de)* • **EN** *to be sick of* • **PT** *estar farto (de), estar saturado (de)* **Beispiller** ech sinn es **leed**, dir ëmmer dat selwecht ze soen!; ech sinn däers Gestreits **leed!** **Synonymmen** midd sinn, sat sinn **2.** **leed** sinn **DE** *leidtun [bereut werden von]* • **FR** *laisser des regrets à* • **EN** *to regret, to be sorry* • **PT** *contrariar [deixar arrependido]* **Beispill** et ass mer ewell **leed**, datt ech en Auto mat zwou Diere kaaft hunn!

leeddoen [l'e:tdo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **leedgedoen**) » **intransitiv 1.** **DE** *leidtun [Mitleid erregen]* • **FR** *faire de la peine à l'inspirer la pitié à* • **EN** *to feel sorry for [to feel pity for]* • **PT** *ter pena de* **Beispill** dee Mënsch **deet** mer wierklech **leed!** » **intransitiv - onperséinlech 2.** **DE** *leidtun, schmerzen* • **FR** *chagriner,*

faire de la peine • **EN** *to regret, to be sorry* • **PT** *ficar triste, sentir muito* **Beispill** et **deet** mer **leed**, datt ech net ka matgoen! **Synonym** déckdoen

Leedebach [l'e:dəba:χ] Eegennumm **DE** *Leidenbach* • **FR** *Leidenbach* • **EN** *Leidenbach* • **PT** *Leidenbach* **Beispiller** ech wunnen an der **Leedebach**; fiert dese Bus an d'**Leedebach**?

leeden [l'e:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **geleet**) » **transitiv 1.** **DE** *leiten [lenken]* • **FR** *diriger [guider, orienter]* • **EN** *to direct [to control]* • **PT** *dirigir, conduzir [guiar, fazer chegar]* **Beispiller** well d'Rout Luuchten ausgefall sinn, **huet** d'Police de Verkeier **geleet**; d'Baach **gëtt** duerch e Kanal an de Floss **geleet 2.** **DE** *leiten [führen]* • **FR** *diriger [administrer], mener* • **EN** *to lead [to be in charge of]* • **PT** *dirigir, conduzir [administrar, orientar]* **Beispiller** hie **leet** zënter Kuerzem eng nei Entreprise; déi nei Ministesch **huet** den Debat **geleet** **Synonym** dirigéieren **3.** **DE** *leiten [ein Musikensemble]* • **FR** *diriger [un ensemble musical]* • **EN** *to conduct [a choir, a musical ensemble]* • **PT** *dirigir, reger [um conjunto musical]* **Beispill** mir sichen en neien Dirigent, fir eise Chouer ze **leeden** **Synonym** dirigéieren

i Verben, déi **leeden** als Basis hunn: *☞aleeden, ☞ämleeden, ☞ierleeden, ☞iwwerleeden, ☞ofleeden, ☞viruleeden an ☞weierleeden*

Leeder [l'e:de] Femininum (Pluriel **Leederen**) **1.** **DE** *Leiter [Gerät]* • **FR** *échelle [escalier mobile]* • **EN** *ladder [steps]* • **PT** *escada (de mão)* **Beispill** mäi Brudder ass vun der **Leeder** gefalle, wéi en op de Bam wollt klammern **2.** **DE** *Laufmasche* • **FR** *maille filée* • **EN** *ladder [unravelled fabric]* • **PT** *malha caida* **Beispill** ech war de ganzen Owend genéiert, well ech eng **Leeder** am Collant hat **Synonym** Rëtsch

Leedung [l'e:duŋ] Femininum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Leitung [Führung]* • **FR** *direction [gestion]* • **EN** *direction, management* • **PT** *direção [gestão]* **Beispill** d'Kommission **huet** mech autoriséiert, fir d'**Leedung** vun Projet ze iwwerhuelen **2.** **DE** *Leitung [eines Musikensembles]* • **FR** *direction [d'un ensemble musical]* • **EN** *conductorship, baton* • **PT** *direção, regência [de um conjunto musical]* **Beispill** den Orchester spillt den Owend ënner der **Leedung** vun engem jonken Dirigent **Synonym** Direktioun

leeën [l'e:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **geluecht**) » **transitiv 1.** **DE** *legen [in waagerechte Position bringen]* • **FR** *coucher [mettre en position horizontale]* • **EN** *to lay flat* • **PT** *deitar [pôr em posição horizontal]* **Beispiller** fir dës Übung musst Der Iech flaach op de Buedem **leeën**; et ass besser fir de Wäin, wann s de d'Fläsche **lees**; wann s de deng Wallis an d'Mall **lees**, kanns de nach eng aner dropleeën; d'Retungsekip **huet** de Blesséierte virsiichteg op d'Brëtsch **geluecht 2.** **DE** *legen [an eine bestimmte Stelle, in eine bestimmte Lage]* • **FR** *poser, mettre [dans un certain endroit, dans une certaine position]* • **EN** *to lay, to place [in a certain place, in a certain position]* • **PT** *pousar, assentar, pôr [em determinado lugar, em determinada posição]* **Beispiller** hien **huet** mir den Aarm ëm d'Schëllere **geluecht**, fir mech ze tréischten; **lee** der e Prabbeli an den Auto, de Mëtteg **gëtt** et Reen!; kuck, den Niwwel **leet** sech grad schéin iwwer den Dall!; kénnt Dir Iech fir den Ultraschall op Är lénks Sait

leeën?; leet Är Äerm ganz labber laanscht den Uewerkierper op d'Brëtsch **3**. **DE** legen [verlegen, anbringen] • **FR** poser [installer] • **EN** to lay [to install] • **PT** colocar, assentar [dispor] **Beispill** mir müssen am Buedzëmmer nei Plättercher leeën **4**. **DE** legen [Eier] • **FR** pondre [des œufs] • **EN** to lay [eggs] • **PT** pôr [ovos] **Beispill** eis Pëlle fänken un, (Eeër) ze leeën **5**. **FEIER** Leeën **DE** Feuer legen • **FR** mettre le feu, allumer un incendie • **EN** to set a fire • **PT** pôr fogo, atear fogo **Beispill** hien ass am Prisong, well e Feier geluecht hat » **reflexiv 6**. **DE** sich legen lum zu ruhen, um zu schlafen] • **FR** se coucher, s'allonger [pour dormir, se reposer] • **EN** to lie down [to rest] • **PT** deitar-se, estender-se [para dormir, para descansar] **Beispiller** hie leet sech all Mëtteg op d'Kusch; wann ech Féiwer hunn, leeën ech mech an d'Bett **7**. sech leeë widder **DE** sich lehnen an [sich abstützen an] • **FR** s'appuyer contre, s'adosser contre • **EN** to lean on, to lean against • **PT** apoiar-se a, encostar-se a **Beispiller** leet iech net widder d'Mauer, se ass frësch ugestrach!; ech verdroen net, wann ee sech widder mech leet **8**. sech no ... leeën **DE** sich nach ... lehnen • **FR** se pencher ... [dans une certaine direction] • **EN** to lean [in a particular direction] • **PT** inclinar-se para ... [dobrar-se, debruçar-se] **Beispiller** lee dech net esou wäit no vir, soss fäls de nach aus der Fënster!; wann s de dech nach e bëssen no hanne lees, fäls de vun der Bänk! **9**. **DE** sich legen [nachlassen] • **FR** s'apaiser, se calmer • **EN** to ease off, to die down • **PT** acalmar, abrandar **Beispiller** de Wand huet sech geluecht; mir hu gewaart, bis datt d'Opreegung sech geluecht hat

i Verben, déi **leeën** als Basis hunn: ↗aleeën, ↗austeeën, ↗bäilleeën, ↗dohilleeën, ↗duerleeën, ↗ëmleeën, ↗eralleeën, ↗erausteeën, ↗eropleeën, ↗ewechleeën, ↗festleeën, ↗flaachleeën, ↗fräilleeën, ↗hanneschteeën, ↗hëichleeën, ↗lassleeën, ↗néierleeën, ↗nidderleeën, ↗noleeën, ↗ofleeën, ↗opleeën, ↗pretleeën, ↗queeschleeën, ↗uleeën, ↗virleeën, ↗zeréckleeën, ↗zesummeleeën an ↗zouleeën

Leeëndecker [l'e:əndæke] Maskulinum (Pluriel Leeëndecker) **DE** Dachdecker • **FR** couvreur • **EN** roofer • **PT** telhador **Beispill** de Leeëndecker kënnt mat zwou Ekippen, fir den Daach ze decken **Synonym** Daachdecker

i Weiblech Form: ↗Leeëndeckerin

Leeëndecker [l'e:əndæke] Maskulinum (Pluriel Leeëndecker) **Apus apus DE** Mauersegler • **FR** martinet noir • **EN** common swift • **PT** andorinhão-preto **Beispill** wéi laag bréien d'Leeëndecker?

Leeëndeckerin Femininum (Pluriel Leeëndeckerinnen) **DE** Dachdeckerin • **FR** coureuse • **EN** roofer [female] • **PT** telhadora **Synonym** Daachdeckerin

i Männlech Form: ↗Leeëndecker

Leeër [l'e:ɐ] Maskulinum (Pluriel Leeëren) **[égs]** **DE** Lager, Schlafplatz • **FR** lit [endroit pour dormir] • **EN** crash pad [bed] • **PT** cama [lugar para dormir] **Beispiller** d'Kanner hu sech an der Scheier e Leeër aus Stréi gemaach; ech hunn einfach kee Leeër fonnt [ech hunn einfach keng gutt Positioun fonnt fir ze schlofen]

leefeg [l'e:fəç] Adjektiv **1**. **DE** flüssig [Nahrung] • **FR** liquide, visqueux, crémeux [nourriture] • **EN** runny [food] • **PT** líquido, viscoso, cremoso [alimento] **Beispiller** ech hunn de leefegen Hunneg am léifsten; den Deeg ass ze leefeg, géff nach e bësse Miel bäi! **2**. **DE** läuftig • **FR**

en chaleur, en chasse • **EN** on heat • **PT** com o cio **Beispill** eisen Hond ass leefeg

Leefer [l'e:fe] Maskulinum (Pluriel Leefer) **1**. **DE** Läufer [Sportler] • **FR** coureur (à pied) • **EN** runner [sportsman] • **PT** corredor [atleta de corridas a pé] **Beispill** de Leefer huet d'Course mat enger grousser Avance gewonnen **2**. **DE** Läufer [Schachfigur] • **FR** fou [pièce d'échecs] • **EN** bishop [chess piece] • **PT** bispo [peça de xadrez] **Beispill** dee schwaarze Leefer beweegt sech nëmmen op deene schwaarze Felder

i Weiblech Form: ↗Leeferin

Leeferin [l'e:fərin] Femininum (Pluriel Leeferinnen) **DE** Läuferin [Sportlerin] • **FR** coureuse (à pied)

i Männlech Form: ↗Leefer

leegnen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geleeget) » **transitiv DE** leugnen • **FR** nier [contester] • **EN** to deny • **PT** negar [desmentir] **Beispill** dee Beschëllegten huet vun Ufank u geleeget, eppes mat der Saach ze dinn ze hunn **Synonym** ofstreiden

Leem [l'e:m] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Lehm • **FR** glaise, argile • **EN** clay • **PT** barro, argila **Beispill** d'Kanner forme Figuren aus Leem fir bei d'Krëppchen

leemeg [l'e:məç] Adjektiv **DE** lehmig • **FR** glaiseux, argileux • **EN** clay • **PT** barrento, argiloso **Beispill** mir hunn an eiser Géigend vill leemege Buedem

Leemillen [l'e:milən] Eegennumm **DE** Leymühle • **FR** Leymühle • **EN** Leymühle • **PT** Leymühle **Beispiller** ech wunnen op der Leemillen; fiert dese Bus op d'Leemillen?

Leemkaul [l'e:mkaʊl] Eegennumm **DE** Lehmkaul • **FR** Lehmkaul • **EN** Lehmkaul • **PT** Lehmkaul **Beispiller** ech wunnen an der Leemkaul; fiert dese Bus an d'Leemkaul?

i Lokalvariant: Lehmkaul

Leenzeechen [l'e:ntse:çən] Femininum/Neutrum (Pluriel Leenzeechen) - Variant vun ↗Läinzeechen

Leeresmillen [l'e:rəsmilən] Eegennumm **DE** Léresmillen • **FR** Léresmillen • **EN** Léresmillen • **PT** Léresmillen **Beispiller** ech wunnen op der Leeresmillen; fiert dese Bus op d'Leeresmillen?

Leerlauf [l'e:ɛlauf] Maskulinum (kee Pluriel) **1**. **DE** Leerlaufstellung • **FR** point mort [d'un embrayage] • **EN** neutral (gear) • **PT** ponto-morto [de engrenagem] **Beispill** de Chauffer huet an de Leerlauf geschalt **2**. **DE** Leerlauf [eines Verbrennungsmotors] • **FR** ralenti [d'un moteur à combustion] • **EN** idling speed, tickover • **PT** ralenti [de um motor de combustão] **Beispiller** de Garagist huet mer de Leerlauf vum Auto frësch agestallt; hien ass erëm am Leerlauf **[égs]** [hie schafft erëm näischt] **Synonym** Ralenti

Leescht [l'e:ft] Maskulinum (Pluriel Leeschten) **DE** Leisten • **FR** forme [de cordonnier] • **EN** last • **PT** forma [de sapateiro] **Beispiller** de Schouster spaant de Schong op de Leescht; si hunn hiren Text nach eng Kéier op de Leescht geholl **[égs]** [si hunn hiren Text nach eng Kéier iwverschafft]; de Papp an de Jong sinn iwwer ee Leescht gezu ginn **[égs]** [de Papp an de Jong hunn

déi selwecht Eegenschaften]

Leescht [le:ʃt] Femininum (Pluriel Leeschten) DE *Leis-te* [Körperregion] • FR *aine* • EN *groin* • PT *virilha* **Beispill** ech hunn eng Péng an der lénkser Leescht, se ass bal net auszuhalen

leeschten [l'e:ʃtən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **geleescht**) » **transitiv** 1. DE *leisten*, *vollbringen*, *verrichten* • FR *accomplir*, *effectuer*, *faire* • EN *to achieve*, *to accomplish*, *to perform* • PT *efetuar*, *prestar*, *fazer* **Beispiller** eisen Informatiker huet eng formidabel Aarbecht **geleescht**; no engem Cours weess een, wéi ee richtig Éischt Hëllef **leescht** 2. en Déngscht leeschten DE *einen Dienst erweisen* • FR *rendre service à* • EN *to render a service* • PT *prestar serviço a* **Beispill** hien huet der Wëssenschaft mat senger Erfindung e wichtegen Déngscht **geleescht** 3. sech eppes leeschten DE *sich etwas leisten* • FR *s'offrir quelque chose* • EN *to treat oneself to something* • PT *dar-se ao luxo de comprar algo* **Beispiller** ech **hu** mir en neien Auto **geleescht**; hien huet sech gëschter um Fest eng **geleescht!** [égs] [hien huet gëschter um Fest eng Dommheet gemaach]; nëmmen d'Cheffin ka sech et leeschten, ze spéit op d'Aarbecht ze kommen [égs] [nëmmen d'Cheffin ka sech et erlaben, ze spéit op d'Aarbecht ze kommen!]

Leeschtung [l'e:ʃtʊŋ] Femininum (Pluriel Leeschtungen) 1. DE *Leistung* [Ergebnis, Resultat] • FR *performance* [résultat, exploit] • EN *achievement*, *result* • PT *desempenho*, *aproveitamento*, *performance* **Beispiller** fir seng formidabel **Leeschtungen** an der Schoul krut de Bouf e Kaddo vun der Bomi; dat do ass nach laang keng **Leeschtung!** [égs] [dat do ass näischt, wourop s de kanns houfereg sinn!] 2. DE (physikalische) *Leistung* • FR *puissance* [d'un appareil, d'un mécanisme] • EN *power* [mechanical, electrical] • PT *potência* [de um aparelho, de um mecanismo] **Beispill** dee Motor huet eng **Leeschtung** vu 85 Kilowatt

Leetem [l'e:təm] Eegennumm DE *Leithum* • FR *Leithum* • EN *Leithum* • PT *Leithum* **Beispiller** ech wunnen zu **Leetem**; fiert dëse Bus op **Leetem**?

Leetzëns Maskulinum (kee Pluriel) DE *Leitzins* • FR *taux directeur* • PT *taxa diretora* **Beispill** d'Zentralbank huet de **Leetzëns** eropgesat, fir der Inflation entgéintzewierken

Leewel [l'e:vəl] Eegennumm - Variant vun ↗Liewel

Lëftchen [l'œftʃən] Femininum (kee Pluriel) - Diminutivform vun ↗Loft

lëfteg [l'œftɛç] Adjektiv 1. DE *windig* [Wetter] • FR *venteux* • EN *windy* • PT *ventoso* **Beispill** haut hate mer e lëftegen Dag 2. DE *luftig* [Kleidung] • FR *léger* [vêtement] • EN *light* [clothing] <Adverb lightly> • PT *ligeiro* [roupa] **Beispiller** wann et esou waarm dobaussen ass, doen ech gäre méi lëftegt Gezei un; du bass den Owend awer lëfteg ugedoen! 3. DE *leicht*, *luftig* [Speise] • FR *léger*, *aéré* [mets] • EN *light*, *airy* [food] • PT *leve*, *fofo* [liguaria] **Beispill** menger Bomi hir Küche sinn ëmmer schéi lëfteg

lëften [l'œftən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gelëft**) » **transitiv** DE *lüften* [durchlüften] • FR *aérer* • EN *to air* [la room, bedclothes] • PT *arejar* **Beispiller** no

deem ville Fëmm muss (de Sall) **gelëft** ginn; hues de d'Gedecks scho **gelëft**?; géi en Tour trëppelen, datt s de de Kapp **gelëft** kriss! [égs] [géi en Tour trëppelen, datt s de erëm méi kloer kanns denken!]

Lëftgermillen [l'œftçemilən] Eegennumm DE *Löftgermillen* • FR *Löftgermillen* • EN *Löftgermillen* • PT *Löftgermillen* **Beispiller** ech wunnen op der **Lëftgermillen**; fiert dëse Bus op d'**Lëftgermillen**?

legal [leg'a:l] Adjektiv 1. DE *legal* • FR *légal* [autorisé par la loi] <Adverb légalement> • EN *legal* [permitted by law] <Adverb legally> • PT *legal* [conforme à lei] <Adverb legalmente> **Beispiller** d'Firma huet net mat **legale** Mëttele geschafft, fir dee Kontrakt ze kréien; där Famill hir Demande, fir kënne **legal** anzereesen, ass refuséiert ginn 2. DE *rechtlich* [gesetzlich] • FR *légal* [juridique] <Adverb légalement> • EN *legal* [required by law] <Adverb legally> • PT *legal* [jurídico] <Adverb legalmente, por lei> **Beispiller** en neit Gesetz soll de **legale** Kader vun de Veräiner besser definéieren; säin Titel ass **legal** geschützt **Synonymmen** gesetzlech, rechtlech

Legalisatioun Femininum (kee Pluriel)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

legaliséieren [legaliz'ziəɾən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **legaliséiert**) » **transitiv** DE *legalisieren* • FR *légaliser* [autoriser par la loi] • EN *to legalize* • PT *legalizar* [autorizar por lei] **Beispill** et gëtt vill driwwer diskutéiert, ob de Konsum vu sougenannte liichten Droge soll **legaliséiert** ginn

Legaliséierung Femininum (kee Pluriel)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Legalitéit [legalit'zɪt] Femininum (kee Pluriel) DE *Legalität* • FR *légalité* • EN *legality* • PT *legalidade* **Beispiller** d'Mëttelen, mat deenen déi Firma schafft, sinn op der Limitt vun der **Legalitéit**; d'**Legalitéit** vun där Prozedur muss iwwerpräift ginn; dat Produkt gëtt an aller **Legalitéit** verkaaft [dat Produkt gëtt legal verkaaft]

Legastheeniker Maskulinum (Pluriel Legastheeniker)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

1 Weiblech Form: ↗Legastheenikerin

Legastheenikerin Femininum (Pluriel Legastheenikerinnen)

1 Männlech Form: ↗Legastheeniker

Legasthenie Femininum (kee Pluriel)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Legay [l'æge:] Eegennumm DE (Maison-) *Legay* • FR (Maison-) *Legay* • EN (Maison-) *Legay* • PT (Maison-) *Legay* **Beispiller** ech wunnen beim **Legay**; fiert dëse Bus bei de **Legay**?

Legend [leʒ'ænt] Femininum (Pluriel **Legenden**) DE *Legende* [Erzählung] • FR *légende* [fable] • EN *legend* [story] • PT *lenda* [narrativa] **Beispill** iwwer deen doten Hellege gëtt et vill **Legenden**

legendär [leʒænd'ɛ:ç] Adjektiv DE *legendär* [berühmt] • FR *légendaire* [fameux] • EN *legendary* [famous]

• **PT** *lendário* [famoso] **Beispill** deem Sänger seng Op'rëtter si **Legendär**; weini kachs de eis nees däi **legendäre** Kënnbak?

Legiferéieren [lezɪfɛr'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé legiferéiert)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Legionär Maskulinum (Pluriel Legionären) **1. DE** *Legionär* [Soldat einer römischen Legion] • **FR** *légonnaire* [soldat d'une légion romaine] • **PT** *legionário* [soldado de uma legião romana] **Beispill** e réimesche **Legionär** hat op d'mannst 40 Kilo Ekipement matzeschleefen **2. DE** *Legionär* [Angehöriger der Fremdenlegion] • **FR** *légonnaire* [soldat de la Légion étrangère] • **PT** *legionário* [soldado da Legião Estrangeira] **Beispill** wosst du, datt e Lëtzebuurger Gewënner vum Tour de France am Eische Weltkrich als **Legionär** gefall ass?

Legionnaire Maskulinum (Pluriel Legionnaires) - Variant vun ↗**Legionär**

Legislateur [lezɪslat'œ:r] Maskulinum (Pluriel **Legislateuren**) **DE** *Gesetzgeber* • **FR** *législateur* • **EN** *legislator* • **PT** *legislador* **Beispill** de **Legislateur** huet déi aktuell Bestëmmungen an engem neie Gesetz regroupéiert

Legislatioun [lezɪslasj'əʊn] Femininum (Pluriel **Legislatiounen**) **DE** *Gesetzgebung* • **FR** *législation* [normes juridiques] • **EN** *legislation* • **PT** *legislação* [normas jurídicas] **Beispill** all d'Fraktiounen waren sech eens, datt um Gebitt vun der **Legislatioun** Reformen néideg sinn **Synonym** Gesetzgebung

legislativ [lezɪslat'i:f] Adjektiv **DE** *legislativ* • **FR** *législatif* • **EN** *legislative* • **PT** *legislativo* **Beispill** de **Projet** muss elo op de **legislative** Wee kommen

Legislaturperiod [lezɪslat'u:ɣperio:t] Femininum (Pluriel **Legislaturperioden**) **DE** *Legislaturperiode* • **FR** *législature* • **EN** *legislative period* • **PT** *legislatura* **Beispill** déi verschidde Fraktiounen hunn de Bilan vun der leschter **Legislaturperiod** gemaach

legitim [lezit'im] Adjektiv **1. DE** *legitim* [Kind] • **FR** *légitime* [enfant] • **EN** *legitimate* [child] • **PT** *legítimo* [filho] **Beispill** keen hätt geduecht, datt en niewent sengen zwee **legitim** Kanner och nach en anert hätt **2. DE** *legitim* [berechtigt, begründet] • **FR** *légitime* [fondé, justifié] • **EN** *legitimate* [justified, valid] • **PT** *legítimo* [fundado, justificado] **Beispill** de **Patron** ass op verschidde **legitim** Fuerderunge vun der Personaldelegatioun agaan; ech fannen et ganz **legitim**, datt hie sech géint dës Virwërf wiert

legitiméieren [lezɪtim'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé legitiméiert) » **transitiv 1. DE** *legitimieren* [für legitim erklären] • **FR** *légitimer* [rendre légitime, reconnaître comme légitime] • **EN** *to legitimize* • **PT** *legitimar* [tornar legítimo, reconhecer como legítimo] **Beispill** dem Staatschef seng **Pouvoir** ginn duerch d'Verfassung **legitiméiert 2. DE** *legitimieren* [berechtigen] • **FR** *autoriser* [une personne] • **EN** *to authorize* [a person] • **PT** *autorizar* [uma pessoa] **Beispill** d'Police war **legitiméiert**, deem Owend eng Alkoholkontroll ze maachen

Legitimitéit [lezɪtimit'ɛit] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Legitimität* • **FR** *légitimité* [légalité] • **EN** *legitimacy* •

PT *legitimidade* [legalidade] **Beispill** d'**Legitimitéit** vun der Ministerin hirer **Decisioun** gëtt vum Staatsrot contestéiert

Leguminos [legumin'o:s] Femininum (Pluriel **Leguminosen**) **Botanik** **DE** *Leguminose, Hülsenfrüchtler* • **FR** *légumineuse* • **EN** *legume, leguminous plant* • **PT** *leguminosa* **Beispill** d'Erbsen an d'Lëse gehéieren zu der **Famill** vun de **Leguminosen**

Lehmkaul [l'e:mkaʊl] Eegennumm - Variant vun ↗**Leemkaul**

leideg [l'aidəç] Adjektiv **DE** *leidig* • **FR** *fâcheux, déplaisant* • **EN** *irksome* • **PT** *aborrecido, desagradável* **Beispill** hie kennt ëmmer erëm op dat **leideg** Thema **Geld** ze schwätzen!

Leideleng [l'aidələŋ] Eegennumm **DE** *Leudelingen* • **FR** *Leudelage* • **EN** *Leudelage* • **PT** *Leudelage* **Beispill** ech wunnen zu **Leideleng**; fiert dëse **Bus** op **Leideleng**?

Leidelenger Gare [l'aidələŋgɛ'ɑ:r] Eegennumm **DE** *Leudelage-Gare* • **FR** *Leudelage-Gare* • **EN** *Leudelage-Gare* • **PT** *Leudelage-Gare* **Beispill** ech wunnen op der **Leidelenger Gare**; fiert dëse **Bus** op d'**Leidelenger Gare**?

leiden [l'aidən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gelidden**) » **intransitiv 1. DE** *leiden* [Schmerzen, Leid ertragen] • **FR** *souffrir* [endurer des souffrances] • **EN** *to suffer* [to be in pain] • **PT** *sofrer* [aguentar sofrimentos] **Beispill** de **Patient** huet vill **gelidden 2. DE** *leiden* [Schaden nehmen] • **FR** *souffrir* [subir des dommages] • **EN** *to suffer* [to be damaged] • **PT** *sofrer* [padecer danos] **Beispill** d'Planzen hu staark ënner deene kalen **Temperatur** **gelidden** » **transitiv 3. DE** *ertragen, dulden* • **FR** *supporter, tolérer* • **EN** *to suffer, to bear* [to tolerate] • **PT** *suportar, tolerar* **Beispill** wann hie krank ass, da leit e keen an sengem **Zëmmer**; hatt **gëtt** doheem nach just **gelidden! 4. DE** *leiden, aushalten* müssen • **FR** *souffrir de* [devoir subir] • **EN** *to suffer from* [to endure] • **PT** *passar* [experimantar, aguentar] **Beispill** am **Krich** hu vill **Leit** **Honger** **gelidden**; hei brauch keen **Duuscht** ze **leiden**!; dëse **Wanter** hu mer **Keelt** **gelidden! 5.** gutt kënne **leiden** **DE** *gut leiden können* • **FR** *apprécier* [bien aimer] • **EN** *to like, to be fond of* • **PT** *apreciar* [ter muita simpatia por] **Beispill** jidderee kann déi nei **Mataarbechterin** gutt **leiden** **Synonymmen** gutt kënne **ausstoen**, gutt kënne **brauchen**, gutt kënne **gebrauchen 6.** net kënne **leiden** **DE** *nicht leiden können* • **FR** *ne pas (pouvoir) supporter* [avoir en aversion] • **EN** *to be unable to stand, to dislike* • **PT** *não (consequir) suportar* [detestar] **Beispill** no zéng **Joer** **Bestietnes** konnten se sech net méi **leiden**; ech kann et net **leiden**, wann een ëmmer ze spéit kennt! **Synonymmen** net kënne **ausstoen**, net kënne **brauchen**

leiden [l'aidən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **geléit**) » **transitiv** **DE** *löten* • **FR** *souder* [braser] • **EN** *to solder* • **PT** *soldar* [unir como solda] **Beispill** d'**Kontakter** op der **Platin** mussen frësch **geléit** ginn

I Verb, dat **leiden** als Basis huet: ↗**leiden**

Leidenschaft [l'aidənʃaft] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Leidenschaft* [Liebe] • **FR** *passion* [amour] • **EN** *passion* [love] • **PT** *paixão* [amor] **Beispill** déi grouss **Lei-**

denschaft tëschent deenen zwee goung séier flecten **2.** (Kee Pluriel) **DE** Leidenschaft [Begeisterung] • **FR** passion [enthousiasme, intérêt] • **EN** passion [enthusiasm] • **PT** paixão [entusiasmo] **Beispill** an senger Fräzäit bastelt hie mat vill Leidenschaft un alen Autoen **Synonym** Begeescherung **3.** (Pluriel Leidenschaften) **DE** Leidenschaft [Steckenpferd] • **FR** passion, dada • **EN** passion, hobby horse • **PT** paixão [objeto de afeto] **Beispill** d'Molerei ass hir grouss Leidenschaft **Synonym** Passioun

leidenschaftlech [l'aidəŋ'afɛtləç] Adjektiv **1.** **DE** leidenschaftlich [äußerst emotional, heftig] • **FR** passionné [ardent] <Adverb passionnément> • **EN** passionate <Adverb passionately> • **PT** apaixonado [ardente] <Adverb apaixonadamente> **Beispiller** seng leidenschaftlech Léift bréngt e bal ëm de Verstand; d'Koppel huet sech leidenschaftlech gekësst **2.** **DE** leidenschaftlich [begeistert] • **FR** passionné [enthousiaste] • **EN** passionate [enthusiastic] • **PT** apaixonado [entusiástico] **Beispiller** hien ass e leidenschaftleche Kach; ech sange leidenschaftlech gâr [ech sangen extra gâr] **Synonym** begeeschtert

Leidenswee [l'aidənsve:] Maskulinum (Pluriel Leidensweeër) **DE** Leidensweg, Martyrium • **FR** calvaire, martyre • **EN** ordeal, martyrdom • **PT** calvário, martírio **Beispill** de Kriibspatient huet e schlëmme Leidenswee hanner sech **Synonym** Martyrium

leider [l'aidə] Adverb **DE** leider • **FR** malheureusement • **EN** unfortunately • **PT** infelizmente **Beispill** an der Vakanz hate mer leider keng Chance mam Wieder

leiebliwwen Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé leiebliwwen) » **intransitiv** **DE** umkommen [sterben] • **FR** mourir [perdre la vie] • **EN** to be killed • **PT** morrer [perder a vida] **Beispiller** mäi Papp ass bei engem Autosaccident leiebliwwen; de jonke Mënsch ass am Krich leiebliwwen **Synonymmen** ëmkommen, stierwen

léien [l'ziəŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelunn) » **intransitiv** **DE** lügen • **FR** mentir • **EN** to lie [to tell lies] • **PT** mentir **Beispiller** well de Bouf gelunn hat, krut en eng Woch keen Täschegeld; hie litt ewéi gedréckt! [éggs] [hie litt dacks; hie litt ganz iwwerzeegend]

i Verben, déi **léien** als Basis hunn: **zuléien** an **virléien**

leien [l'ziəŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geleeën) » **intransitiv** **1.** **DE** liegen [in waagerechter Lagel] • **FR** être couché, être allongé • **EN** to lie [in a horizontal position] • **PT** estar deitado, estar estendido **Beispiller** d'Kanner leie schon am Bett; hie läit gären um Bauch fir ze schlofen; vum ville Leien hunn ech de Réck wond; de Weekend bleiwen ech gâr heiansdo eng Stonn méi laang (am Bett) leien; d'Patientin dærf nëmmen am Leien transportéiert ginn; an der Klinick leien déi meescht Patienten zu zwee an engem Zëmmer [éggs] [an der Klinick deelen sech déi meescht Patienten en Zëmmer]; sonndes bleiwen ech gâr méi laang leien [éggs] [sonndes schlofen ech gâr méi laang]; d'Kand läit falsch [éggs] [d'Kand huet eng falsch Positioun am Bauch vu senger Mamm]; hie läit de ganzen Dag virun der Télee [éggs] [hie kuckt de ganzen Dag d'Télee]; däin Auto läit gutt op der Strooss [däin Auto huet eng gutt Stroosslag]; dee Wäi muss nach eng Zäit leien [dee Wäi gëtt mat der Zäit nach besser]; eis

Nopesch läit de ganzen Dag an der Fënster [éggs] [eis Nopesch stäipt sech de ganzen Dag op d'Fënsterbriet fir erauszekucken] **2.** **DE** liegen [sich befinden] • **FR** se trouver, se situer • **EN** to lie [to be situated] • **PT** encontrar-se, situar-se **Beispiller** d'Schlëssele leien am ënneschten Tirang; eist Appartement läit um fennefte Stack; d'Apdikt läit op mengem Wee; eist Duerf läit net wäit vun der Stad; wou läit de Problem? [wat ass problematesch?]; ech hunn d'Billjeeën doheem leie gelooss [ech hunn d'Billjeeën doheem vergiess]; ech loossen d'Aarbecht bis e Méindeg leien [ech maachen d'Aarbecht eréischt e Méindeg]; an der Vakanz leien d'Kanner de ganzen Dag op der Strooss [éggs] [an der Vakanz sinn d'Kanner de ganzen Dag dobaussen]; mat denger Meenung läis de falsch [du iers dech] **3.** um Stierwe leien **DE** im Sterben liegen • **FR** être mourant [personnel] • **EN** to be dying • **PT** estar a morrer [pessoa] **Beispill** um Stack vun der Onkologie leie permanent Patienten um Stierwen **4.** **DE** liegen [sich erstrecken] • **FR** s'étendre [se répandre] • **EN** to lie (over) [to cover] • **PT** estender-se [espalhar-se] **Beispiller** op den Diech läit eng dënn Kusch Schnéi; et läit Niwwel iwwer dem Dall **5.** **DE** liegen [zeitlich angesiedelt sein] • **FR** avoir lieu [à un certain moment] • **EN** to lie [to take place at a certain time] • **PT** calhar [a certa altura, a dado momento] **Beispill** mäi Gebuertsdag läit matzen an der Grousser Vakanz **6.** **DE** liegen [in einem bestimmten Zustand] • **FR** être, rester, se trouver [dans un certain état] • **EN** to lie [in a certain condition] • **PT** estar, ficar, encontrar-se [em certo estado] **Beispiller** eis Saache leien all prett; ech louch déi ganz Nuecht wakereg; meng Fra louch dräizéng Stonnen an de Weien; de Patient läit zënter zwou Wochen am Koma; den Dësch läit voller Grimmel [et sinn elauter Grimmel an Dësch] **7.** **DE** liegen [betragen] • **FR** se situer [à un certain montant] • **EN** to lie [by a certain amount] • **PT** situar-se [num certo montante] **Beispill** d'Asätz leien alleguer ëm honnert Euro **8.** eppes leien um **DE** etwas liegen an [wichtig sein] • **FR** importer à, avoir de l'importance pour • **EN** to matter to, to be of importance to • **PT** importar a, ter importância para **Beispiller** mir läit absolut näischt un de Suen; läit dir eppes drun, an de Kino ze goen? [hues du Loscht, an de Kino ze goen?]; wat läit mir dorun! [éggs] [dat ass mir egal] **9.** **DE** liegen [der Vorliebe, der Begabung entsprechen] • **FR** convenir à [par goût ou par capacité] • **EN** to appeal to, to suit • **PT** convir a [por gosto ou por aptidão] **Beispiller** d'Mole louch mir nach ni; an der Schoul huet jidderee Fächer, déi em net leien; ech sinn net gutt an de Sproochen, mee d'Mathé läit mer **10.** leien um **DE** liegen an [zurückzuführen sein auf] • **FR** être dû à, tenir à • **EN** to be due to, to be caused by • **PT** ser devido a, depender de **Beispiller** wouru läit et, datt s du ëmmer ze spët kënnst?; maach, wat s de wëlls, u mir soll et net leien! [maach, wat s de wëlls, ech wäert dech net drun hënneren!]

i Verben, déi **leien** als Basis hunn: **broochleien**, **derniefleien**, **derniewentleien**, **ëmleien**, **falschleien**, **festleien**, **flaachleien**, **geinteniwwerleien**, **geintiwwerleien**, **opleien**, **ronderëmleien**, **zuleien**, **virleien**, **zeréckleien** an **zesummeleien**

Leier [l'ziə] Femininum (Pluriel Leieren) **1.** **DE** Leier [Musikinstrument] • **FR** lyre, vielle • **EN** lyre • **PT** lira, sanfona **Beispill** d'Leier ass en aalt Musekinstrument **2.** [éggs] [pejorativ] **DE** Leier [wiederholte Äußerung] • **FR** rengaine [propos récurrent] • **EN** same old story • **PT** canção [con-

versa recorrente] **Beispiller** si kénnt ëmmer mat där selwechter **Leier**; ech ka seng al **Leier** net méi héieren!

Léier [l'ɛi] Femininum (Pluriel Léieren) **1. DE** *Lehre* [Ausbildung] • **FR** *apprentissage* [formation] • **EN** *apprenticeship, traineeship* • **PT** *aprendizagem* [formação] **Beispiller** hien huet eng **Léier** als Drécker ugefaangen; mäi Brudder ass nach an der **Léier** **2. DE** *Lehre* [Lektion] • **FR** *leçon (de vie)* [enseignement profitable, avertissement] • **EN** *lesson* [warning] • **PT** *lição (de vida)* [ensinamento útil, advertência] **Beispiller** ech hoffen, du hues eng **Léier** aus där Geschicht gezunn!; dat sief der eng **Léier**! **Synonym** Lektouen

Léierbouf [l'ɛiɐbøʊf] Maskulinum (Pluriel Léierbouwen) [ɛgs] **DE** *Lehrling* [Auszubildender] • **FR** *apprenti* • **EN** *apprentice* • **PT** *aprendiz* **Beispill** de Patron huet dem **Léierbouf** eng Stonn éischter fräiginn **Synonym** Léierjong

Léierbuch [l'ɛiɐbʊχ] Neutrum (Pluriel Léierbicher) **DE** *Lernbuch* • **FR** *manuel d'apprentissage* • **EN** *coursebook, textbook* • **PT** *manual de aprendizagem* **Beispill** am Owescours ginn d'Leit mat deem neie **Léierbuch** gutt eens

Léierchen [l'ɛiɛçən] Femininum (Pluriel Léiercher) *Alauda arvensis* **DE** *Feldlerche* • **FR** *alouette des champs* • **EN** *Eurasian skylark* • **PT** *laverca* **Beispill** wéi laang bréien d'**Léiercher**? **Synonym** Léiweckelchen

leieren [l'ɛiəɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geleiert) » **intransitiv** **DE** *lernen* [monoton sprechen] • **FR** *psalmodier* [parler d'une voix monotone] • **EN** *to drone* [to speak in a monotone] • **PT** *salmodar* [falar monotonamente] **Beispill** ech verdroen net, wann d'Kanner beim Liese **leieren**

i Verben, déi **leieren** als Basis hunn: ↗erofleieren an ↗uleieren

léieren [l'ɛiəɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geleiert) » **transitiv** **1. DE** *lernen* [sich aneignen, erlernen] • **FR** *apprendre (à)* [acquérir par l'étude, par l'expérience] • **EN** *to learn* • **PT** *aprender (a)* [adquirir pelo estudo, pela experiência] **Beispiller** ech sinn an engem Cours, fir Lëtzebuergesch ze léieren; ech hu wëlles, en Handwierk ze léieren; mäin Neveu léiert Piano (spillen) **2. DE** *lehren* [beibringen] • **FR** *apprendre à* [enseigner à] • **EN** *to teach* • **PT** *ensinar a* [dar ensino a] **Beispiller** de Schoulmeeschter léiert d'Kanner schreiwen; wien huet dech dat geleiert?; ech si geleiert ginn, déi aner Leit ze respektéieren; dat do léiert dech! [ɛgs] [dat do soll dir eng Léier sinn!]; ech wäert dech léieren! [ɛgs] [⇒ seet een, fir engem ze dreeën] » **intransitiv** **3. DE** *lernen* [sich Wissen aneignen] • **FR** *apprendre* [s'instruire] • **EN** *to learn*, *to study* [to gain knowledge] • **PT** *aprender* [instruir-se] **Beispiller** eisen Eelste léiert licht; eise Jéngste léiert net gären; et soll een net fir d'Schoul, mee fir d'Liewe léieren; meng Mamm huet mat mir geleiert [meng Mamm huet mir bei den Hausaufgabe gehollef] **4. léiere** fir **DE** *lernen* [ein Handwerk] • **FR** *apprendre le métier de* • **EN** *to learn* [a trade] • **PT** *aprender o ofício de* **Beispill** ech hunn an der Handwierkerschoul fir Elektriker geleiert

i Verben, déi **léieren** als Basis hunn: ↗bäléieren, ↗uléieren an ↗weidertéieren

Léiergeld [l'ɛiɛgælt] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Lehrgeld* • **FR** *frais d'apprentissage* • **EN** *apprenticeship fee* • **PT** *custo de aprendizagem* **Beispiller** fréier hunn d'Gesellen hirem Meeschter misse **Léiergeld** bezuelen; si huet **Léiergeld** ginn [ɛgs] [duerch eng schlecht Erfahrung huet si eppes bäigeléiert]

Léierhaff [l'ɛiɛh'af] Eegennumm **DE** *Lehrhof* • **FR** *Lehrhof* • **EN** *Lehrhof* • **PT** *Lehrhof* **Beispiller** ech wunnen um **Léierhaff**; fiert dëse Bus op de **Léierhaff**?

Léierin [l'ɛiəɪɪn] Femininum (Pluriel Léierinnen) **DE** *Lehrerin* [Grundschullehrerin] • **FR** *maitresse, institutrice* • **EN** *teacher* [female primary teacher] • **PT** *professora (primária)* **Beispill** virun der Stonn huet d'**Léierin** d'Hefter verdeelt **Synonymen** Joffer, Schouljoffer

Léierjoer [l'ɛiɛjoːɐ] Maskulinum (Pluriel Léierjoren) **DE** *Lehrjahr* • **FR** *année d'apprentissage* • **EN** *year as an apprentice* • **PT** *ano de aprendizagem* **Beispill** d'**Léierjoren** ziele mat fir d'Pensioun

Léierjong [l'ɛiɛjɔŋ] Maskulinum (Pluriel Léierjongen) **DE** *Lehrling* [Auszubildender] • **FR** *apprenti* • **EN** *apprentice* • **PT** *aprendiz* **Beispill** de Meeschter bréngt mat vill Gedold de **Léierjongen** d'Handwierk bäi **Synonym** Léierbouf

i Weiblech Form: ↗Léiermeedchen

Léiermeedchen [l'ɛiɛmɛːtçən] Neutrum (Pluriel Léiermeedercher) **DE** *Lehrling* [Auszubildende] • **FR** *apprentie* • **EN** *apprentice* [female apprentice] • **PT** *aprendiza* **Beispill** mäi Coiffer huet zwee **Léiermeedercher** agestallt

i Männlech Form: ↗Léierjong

Léiermeeschter [l'ɛiɛmɛːʃtɛ] Maskulinum (Pluriel Léiermeeschteren) **DE** *Lehrmeister* [Meister im Handwerk] • **FR** *maitre d'apprentissage* • **EN** *instructor* [master craftsman] • **PT** *mestre (de ofício)* **Beispill** ech hat a mengem Beruff e gudd **Léiermeeschter**

i Weiblech Form: ↗Léiermeeschtesch

Léiermeeschtesch [l'ɛiɛmɛːʃtɛʃ] Femininum (Pluriel Léiermeeschteschen) **DE** *Lehrmeisterin* [Meisterin im Handwerk] • **FR** *maitre d'apprentissage* [femme] • **EN** *instructor* [master craftswoman] • **PT** *mestra (de ofício)* **Beispill** meng **Léiermeeschtesch** huet mir verschidde wäertvoll Technike bäibruecht

i Männlech Form: ↗Léiermeeschter

Léiermethod [l'ɛiɛmɛːtoːd] Femininum (Pluriel Léiermethoden) **DE** *Lernmethode* • **FR** *méthode d'apprentissage* • **EN** *learning method* • **PT** *método de aprendizagem* **Beispill** déi nei interaktiv **Léiermethod** soll besser Resultater bréngen

Léierpersonal [l'ɛiɛpɛɪsonaːl] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Lehrerschaft* • **FR** *personnel enseignant* • **EN** *teaching staff* • **PT** *pessoal docente* **Beispill** duerch dat neit Gesetz kritt d'**Léierpersonal** nei Rechter

léierräich [l'ɛiɛɪɛːɪç] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Léierzil [l'ɛiɛtsiːl] Neutrum (Pluriel Léierziler) **DE** *Unterrichtsziel* • **FR** *objectif pédagogique* • **EN** *learning ob-*

jective, teaching goal • **PT** *objetivo pedagógico* **Beispill** de Stagiaire muss d'Léierziler vu senger Stonne méi prezis definéieren

Leif [lɔɪf] Maskulinum (Pluriel Leiwer) **DE** *Leib* [Körper] • **FR** *corps* [d'un être vivant] • **EN** *body* [of a living being] • **PT** *corpo* [de um ser vivo] **Beispiller** vun Angscht hunn ech um ganze Leif geziddert; deem Kranke säi Leif war ganz opgelaf [deem Kranke säi Bauch war ganz opgelaf]; d'Musikante ware mat Leif a Séil bei der Saach [d'Musikanten hu mat Begeeschterung gespilt]; hien huet keng Rou am Leif [hien ass en nervöse Mënsch]; bleif mer vum Leif! [ech wëll näischt mat der ze dinn hunn!]; dat Kand huet der Däiwel am Leif! [dat Kand ass ganz duerchdrüwen]; d'Häerz dréit sech engem am Leif ëm, wann een dee Misär gesäit! [et deet engem leed, wann een dee Misär gesäit]

i Variant: Lâif

lichen [l'i:çən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelicht) » **transitiv 1.** **vereezelt** [ɛgs] DE rausschmeißen • FR mettre à la porte, virer • EN to kick out, to throw out, to sack • PT expulsar, pôr no olho da rua **Beispiller** um Hallefnuecht huet de Wiert d'Krunnemécke gelicht; mäi Kolleeg gouf gelicht, well en entweder voll oder ze spéit op d'Aarbecht komm ass **Synonymmen** erausgeheien, lanteren, schassen **2.** **vereezelt** DE (leicht) anheben • FR soulever (un tout petit peu) • EN to lift (a little) • PT levantar (um bocadinho) **Beispiller** de Mann huet aus Virwélz d'Baatsch vum Unhänger eng Grimmel gelicht; licht den Dësch e bëssen, fir datt ech kann eppes ënner de Stempel leeën » **reflexiv 3.** **vereezelt** [ɛgs] DE sich aufmachen, aufstehen (und gehen) [als Gast] • FR se lever (pour partir) [en tant qu'invité] • EN to get up (to leave) [as a guest], to get to one's feet • PT levantar-se (para ir embora) [como convidado] **Beispill** lues a lues hunn d'Gäscht sech gelicht **Synonym** sech

hiewen **4.** **vereezelt** DE sich heben [Nebel] • FR se lever [brume, brouillard] • EN to lift [fog, mist] • PT levantar-se [névoa, nevoeiro] **Beispill** den Niwwel huet sech am Laf vum Muere gelicht **Synonym** sech hiewen

Lichtung Femininum (Pluriel Lichtungen)

Hei entsteet en neien Artikel

Lidd [lit] Neutrum (Pluriel Lidder) DE Lied [Gesangstück] • FR chanson • EN song • PT canção **Beispill** d'Scouten hu beim Lagerfeier flott Lidder gesongen

Liddchen [l'i:tçən] Neutrum (Pluriel Liddercher) - Diminutivform vun ↗Lidd

liddereg [l'i:dərəç] Adjektiv DE faul [arbeitsscheu] • FR paresseux • EN lazy • PT preguiçoso [mandrião] **Beispiller** dee lidderege Kärel foutéiert de ganzen Dag näischt!; du bass esou liddereg ewéi Méscht! [ɛgs] [du bass ganz liddereg!]; hie louch de ganzen Dag op der liddereger Panz! [graff] [hien huet de ganzen Dag näischt gemaach] **Synonym** faul

Lidderegkeet [l'i:dərəçke:t] Femininum (kee Pluriel) DE Faulheit • FR paresse • EN laziness • PT preguiça [mandriça] **Beispiller** seng Lidderegkeet soll net belount ginn!; dee sténkt vu Lidderegkeet [ɛgs]; dee jäit vu Lidderegkeet [ɛgs] [deen ass ganz liddereg]

Lidderhanes [l'i:dəh:nəs] Maskulinum (Pluriel Lidderhanessen) [ɛgs] DE Faulpelz • FR feignant • EN lazybones • PT calaceiro **Beispill** dee Lidderhanes läit de ganze Sonndeg am Bett

Liddermécher Maskulinum (Pluriel Liddermécher)

Hei entsteet en neien Artikel

Lidderméchesch Femininum (Pluriel Liddermécheschen) - weiblech Form vun ↗Liddermécher

liddreg [l'i:dərəç] Adjektiv - Variant vun ↗liddereg

Liechtenstein [l'i:çtənstain] Eegennumm, Neutrum DE Liechtenstein • FR Liechtenstein • EN Liechtenstein • PT Listenstaine **Beispiller** ech war schonn dräimol a Liechtenstein; ech fueren d'nächst Woch a Liechtenstein; ech kommen aus Liechtenstein

männlech Persoun: ↗Liechtensteiner **weiblech Persoun:** ↗Liechtensteinerin **Adjektiv:** ↗liechtensteinesch **Hauptstad:** ↗Vaduz

Liechtensteiner [l'i:çtən'tʃɪnɛ] Maskulinum (Pluriel Liechtensteiner) DE Liechtensteiner • FR Liechtensteinois • EN Liechtensteiner • PT listenstainiano **Beispill** mäi beschte Frënd ass Liechtensteiner

Liechtensteinerin [l'i:çtən'tʃɪnɛrɪn] Femininum (Pluriel Liechtensteinerinnen) DE Liechtensteinerin • FR Liechtensteinoise • EN Liechtensteiner [female] • PT listenstainiana **Beispill** meng bescht Frëndin ass Liechtensteinerin

liechtensteinesch [l'i:çtən'tʃɪnɛʃ] Adjektiv DE liechtensteinisch • FR liechtensteinois • EN Liechtenstein • PT listenstainiano **Beispill** op eiser Rees hu mir déi liechtensteinesch Kultur kenne geléiert

Liedchen [l'i:ətçən] Femininum (kee Pluriel) [ɛgs] wéi aus enger Liedchen / wéi aus der Liedchen DE geschniegelt und gestriegelt, wie aus dem Ei gepellt • FR ti-

ré à quatre épingles • EN *spick and span* • PT *todo janota, todo triques à beirinha* **Beispill** de Monni gesäit ëmmer aus wéi aus der Liedchen

Lieder [l'iedə] Neutrum (kee Pluriel) DE *Leder* • FR *cuir* • EN *leather* • PT *couro, cabedal* **Beispiller** menger Mamm hir Posche sinn all aus Lieder; d'Fleesch ass zéi ewéi Lieder! [égs] [d'Fleesch ass ganz zéil; aus aner Leits Lieder ass gutt Rimme schneiden let ass einfach, eppes ze realiséieren, wann een et mat anere Leit hire Sue mécht]

lieder [l'iedə] onverännerbaart Adjektiv - Variant vun [♂]lieder

Liederjackett [l'iedəzakæt] Femininum (Pluriel Liederjacketten) DE *Lederjacke* • FR *veste en cuir* • EN *leather jacket* • PT *casaco de cabedal* **Beispill** de Verdächtegen hat eng Jeans an eng hellbrong Liederjackett un

lieders [l'iedes] onverännerbaart Adjektiv DE *aus Leder* • FR *en cuir, de cuir* • EN *leather* • PT *de cabedal* **Beispill** wou hues du déi lieders Jackett kaaft?

i Variant: lieder

Liefdag [l'iefda:χ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Lebtag* • FR *vivant [temps de la vie]* • EN *in all one's life* • PT *vida [tempo enquanto se é vivo]* **Beispiller** hien huet säi Liefdag nach näischt geschafft; ech hat menger Liefdag nach ni esou vill Mécken op engem Koup gesinn

Liefkuch [l'iefkux] Maskulinum (Pluriel Liefkuchen) DE *Lebkuchen* • FR *pain d'épices* • EN *lebkuchen* • PT *pão de especiarias* **Beispill** ech iesse gär Liefkuch mat Botter

Liefzäiten [l'iefzæ:itən] Femininum (kee Singulier) zu Liefzäiten DE *zu Lebzeiten* • FR *de son vivant* • EN *during one's lifetime* • PT *enquanto vivo* **Beispill** dee Moler war schonn zu Liefzäite berüüm

liéiert Adjektiv liéiert sinn DE *liert sein* • FR *être lié, avoir une liaison avec* • PT *ter uma ligação amorosa com* **Beispill** et gëtt gezielt, hie wier mat eisem Comptabel liéiert

Lien [l̥j̥:] Maskulinum (Pluriel Lienen) DE *Verbindung, Zusammenhang* • FR *lien [relation, rapport]* • EN *link, connection [relationship]* • PT *ligação [relação]* **Beispill** d'Police gesäit kee Lien tèschent deenen zwee Verbrüchen **Synonym** Verbindung

Lies [liəs] Femininum (Pluriel Liesen) DE *Traubense* • FR *vendange(s)* • EN *grape harvest* • PT *vindima* **Beispill** hie kënnt elo schonn iwwer 20 Joer an d'Lies hëllefen **Synonym** Drauwelies

liesbar [l'iesba:R] Adjektiv

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Liesbarkeet [l'iesba:ke:t] Femininum (kee Pluriel)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Liesbrëll [l'iesbrəl] Maskulinum (Pluriel Liesbrëller) DE *Lesebrille* • FR *lunettes (de lecture)* • EN *reading glasses* • PT *óculos (de leitura)* **Beispiller** ech hu mäi Liesbrëll um Nuetsdësch leie gelooss; d'Aendoktesch huet

mer en neie Liesbrëll verschriwwen

Liesbuch [l'iesbux] Neutrum (Pluriel Liesbicher) DE *Lesebuch* • FR *recueil de textes [pour l'école]* • EN *reader [school reading book]* • PT *livro de leitura* **Beispill** et gëtt en neit Liesbuch fir d'zweet Schouljoer ausgeschafft

liesen [l'iezən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gelies) » **transitiv 1.** DE *lesen [einen Text]* • FR *lire [un texte]* • EN *to read [a text]* • PT *ler [um texto]* **Beispiller** ech liese grad e spannend Buch; beim Kaffi liesen ech gären d'Zeitung; hien huet vu Klengem un e Brëll gebraucht fir ze liesen; d'Famill huet fir de Verstuerwene eng Mass liese gelooss [d'Famill huet fir de Verstuerwene eng Mass hale gelooss] **2.** DE *lesen [entziffern, deuten]* • FR *lire [déchiffrer, interpréter]* • EN *to read [to decipher, to interpret]* • PT *ler [decifrar, interpretar]* **Beispiller** am éischte Joer Solfège léiert een Noute liesen; déi kleng Schrëft liest sech net gutt; wann s du d'Kaart richtig gelies häss, hätte mer eis net verannt!; hatt ka Gedanke liesen [égs] [hatt ka roden, wat ee grad denkt] **3.** DE *lesen [vorlesen]* • FR *lire [faire la lecture de]* • EN *to read out, to read aloud* • PT *ler [recitar, declamar]* **Beispill** op der Präisiwwerreechung huet d'Schrëftstellerin (en Extrait) aus hirem Roman gelies » **intransitiv 4.** DE *lesen [das Lesen beherrschen]* • FR *lire [maîtriser la lecture]* • EN *to read [to be able to read]* • PT *ler [dominar a leitura]* **Beispiller** mäi klenge Brudder léiert liesen; fréier konnte vill Leit net liesen an net schreiwen; kanns de net liesen? [ironesch] [gesäis de net, wat do steet?]

i Verben, déi **liesen** als Basis hunn: [♂]aliesen, [♂]duerchliesen, [♂]erausliesen, [♂]noliesen, [♂]ofliesen an [♂]virtliesen

liesen [l'iezən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gelies) » **transitiv** DE *lesen [Trauben]* • FR *vendanger* • EN *to pick [grapes]* • PT *vindimar* **Beispiller** haut hu mer de ganzen Dag Rivaner gelies; muer fänkt de Wénzer u mat liesen

i Verben, déi **liesen** als Basis hunn: [♂]aliesen, [♂]duerchliesen, [♂]erausliesen, [♂]noliesen, [♂]ofliesen an [♂]virtliesen

Lieser [l'iezə] Maskulinum (Pluriel Lieser) DE *Leser* • FR *lecteur* • EN *reader* • PT *leitör [pessoa que lê]* **Beispiller** dëse Roman ass eng grouss Erausfuerderung fir all Lieser; mat provokanten Iwwerschrëfte konnt dës Zeitung vill Lieser gewannen; d'Lieser vun dësem Blog sinn zum gréissten Deel Jugendlecher

Lieserbréif [l'iezəbrɛif] Maskulinum (Pluriel Lieserbréiwer) DE *Leserbrief* • FR *courrier des lecteurs* • EN *reader's letter* • PT *carta dos leitores* **Beispill** mäi Lieserbréif ass onverännert publizéiert ginn

Lieserin [l'iezərin] Femininum (Pluriel Lieserinnen) - weiblech Form vun [♂]Lieser

lieserlech [l'iezələç] Adjektiv DE *leserlich* • FR *lisible [facile à déchiffrer]* <Adverb *lisiblement*> • EN *legible* <Adverb *legibly*> • PT *legível* <Adverb *legivelmente*> **Beispiller** hien huet eng lieserlech Schrëft; meng Bomi huet mer hir Kommissioun schéi lieserlech opgeschriwwen

Liesung [l'iezun] Femininum (Pluriel Liesungen) **1.** DE *Lesung [Vortrag]* • FR *lecture (publique)* • EN *reading [oral presentation]* • PT *leitura (pública)* **Beispill** de Schrëftsteller hofft, datt vill Leit op seng Liesung kommen **2.**

[Kierchesprooch] **DE** Lesung • **FR** lecture • **EN** lesson • **PT** leitura **Beispill** d'Liesung an der Mass vun haut ass aus der Apostelgeschicht

Liesverstoen [l'iesfɛʃtoːən] Neutrum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Lieszeechen [l'iestseːçən] Neutrum (Pluriel Lieszeechen) **DE** Lesezeichen • **FR** marque-page • **EN** bookmark • **PT** marcador de livro **Beispill** ech fannen d'Säit am Buch net erëm, well d'Lieszeechen erausgefall ass

Lieu-dit Maskulinum (Pluriel Lieu-diten)

I Hei entsteet en neien Artikel.

lieweg [l'iwəŋɔç] Adjektiv **1. DE** lebendig [lebend] • **FR** vivant [en vie] • **EN** living, alive • **PT** vivo [que tem vida] **Beispiller** all Déierefrënd wiert sech géint Experimenter u liewegen Déieren; et gött nach Hoffnung, fir déi vermësst Biergsteiger lieweg erëmzefannen; hien hält et vun de Liewegen! [égs] [hie léisst sech seng Wuer deier bezuelen; hie léisst sech seng Aarbecht deier bezuelen]; hien ass e liewegt Beispill vu Geier [égs] [hien ass extreem geiereg] **2. DE** lebendig [lebhaft] • **FR** vivant [plein de vie] <Adverb de façon vivante> • **EN** lively <Adverb livelily> • **PT** vivo [cheio de vida] <Adverb com vivacidade> **Beispiller** hiren Eelste war schonn ëmmer e ganz liewegt Kand; hien erzielt esou lieweg, ech kéint eng stonnlaang nolaaschteren

Liewel [l'iwəŋɔ] Eegennum **DE** Levelingen • **FR** Levelange • **EN** Levelange • **PT** Levelange **Beispiller** ech wunnen zu Liewel; fiert dëse Bus op Liewel?

I Lokalvariant: Leewel

Liewen [l'iwəŋ] Neutrum (Pluriel <seelen> Liewen) **1. DE** Leben [das Lebendige] • **FR** vie [existence] • **EN** life [living things, existence] • **PT** vida [existência] **Beispiller** um Mound ass nach kee Liewe fonnt ginn; hien huet säi Liewe riskéiert, fir aner Leit ze retten; hire Papp ass bei engem Accident ëm d'Liewe komm; ech kache fir mäi Liewe gär [ech hu vill Freed um Kachen]; et ass ee senges Liewens net méi sécher! [égs] [et ass ee stänneg a Gefor]; de Mann huet sech d'Liewe geholl [égs] [de Mann huet sech ëmbruecht]; hien ass um Liewe bliwwen [égs] [hien huet iwuerliefert]; seng Onvirsichtegkeet huet en d'Liewe kascht [égs] [hien ass duerch seng Onvirsichtegkeet gestuerwen]; ëmsoss ass der Doud, mee dee kascht d'Liewen! [égs] [et kritt een näischt geschenkt]; hues du kee Liewen? [égs] [⇒ seet een zu engem, dee sech mat onwichtige Saachen ophält] **2. DE** Leben [Lebenszeit] • **FR** vie [durée d'une vie] • **EN** life [lifetime] • **PT** vida [duração de uma vida] **Beispiller** déi eeler Koppel kuckt op en erfëllt Liewen zeréck; ech wäert mech mäi Liewe laang un déi Blamage erënnere [ech hu wäert mech un déi Blamage erënnere, esoulaang ech liewen]; esou ass d'Liewen! [égs] [dorun ass näischt ze änneren]; hie schléit sech gutt duerch d'Liewen [égs] [hie schléit sech gutt derduerch]; dat do bekäpps du senger Liewen net! [égs] [dat do bekäpps du ni!] **3. DE** Leben [Lebensweise] • **FR** vie [manière de vivre] • **EN** life [way of living] • **PT** vida [modo de viver] **Beispiller** meng Grousseltere féieren op hirem klengen Bauerenhaff en einfacht Liewen; hie féiert e Liewen ewéi Gott am Frankräich

[égs] [hie féiert en agreabelt Liewen]; dat ass kee Liewe méi! [égs] [dat Liewen ass net méi auszehalen!] **4. DE** Leben [Geschehen, lebhaftes Treiben] • **FR** vie [activité, animation] • **EN** life [activity, animation] • **PT** vida [atividade, animação] **Beispiller** ech interesséiere mech staark fir dat gesellschaftlecht Liewen an eisem Land; mat den Enkelkanner koum erëm Liewen an d'Haus

liewen [l'iwəŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelieft) » **intransitiv 1. DE** leben [lebendig sein] • **FR** vivre [être en vie] • **EN** to live [to be alive] • **PT** viver [estar com vida] **Beispiller** ären Hond gesäit schlecht aus, ech mengen, dee lieft net méi laang; ech wouss net, datt seng Elteren net méi géife liewen; et lieft een nëmmer eng Kéier! [égs] [et soll ee vum Liewe profitéieren] **2. DE** leben [sein Leben führen] • **FR** vivre [mener une certaine vie] • **EN** to live [to lead one's life] • **PT** viver [levar uma certa vida] **Beispiller** zënter hien decidéiert huet, méi gesond ze liewen, ësst e keng Séissegkeete méi; an engem Krisegebit lieft ee geféierlech; hei lieft et sech gutt! **3. DE** leben [wohnen] • **FR** vivre [habiter] • **EN** to live [to reside] • **PT** viver [habitar] **Beispiller** seng Famill lieft an engem klengen Duerf an de Bierger; ech wéilt net an enger Grousstad liewen **Synonym** wunnen **4. liewe** vun **DE** leben von [Einkünfte beziehen aus] • **FR** vivre de [subsister grâce à] • **EN** to live off • **PT** viver de [subsistir de] **Beispiller** déi ganz Géigend lieft vum Tourismus **5. liewe** fir **DE** leben für [sich widmen] • **FR** ne vivre que pour • **EN** to live for [to devote oneself to] • **PT** viver só para **Beispill** de Komponist lieft ganz fir seng Musek

I Verben, déi **liewen** als Basis hunn: **1** aliewen, **2** austiewen, **3** opiewen, **4** irtiewen, **5** weidertiewen an **6** zesummeliewen

liewensbedrolech [l'iwəŋsbəd̥rɔːləç] Adjektiv **DE** lebensbedrohlich • **FR** (potentiellement) mortel, critique • **EN** life-threatening • **PT** (potencialmente) mortal, crítico **Beispill** eng iwvergaange Longenentzündung ka liewensbedrolech ginn

I Variant: liewesbedrolech

Liewensenn [l'iwəŋzæn] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Lebensende • **FR** fin de (la) vie • **EN** end of one's life, death • **PT** fim de vida **Beispill** d'Zil vun der Palliativmedezin ass et, dem Patient e würedgt Liewensenn ze erméiglechen

I Variant: Liewensenn

Liewensënnerhalt [l'iwəŋzənəhalt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Lebensunterhalt • **FR** vie, subsistance • **PT** vida, subsistência **Beispiller** ech hu mäi Liewensënnerhalt nach ëmmer eierlech verdéngt; esou eng kleng Pai geet knapps duer, fir de Liewensënnerhalt ofzesécheren

I Variant: Liewesënnerhalt

Liewenserfarung Femininum (Pluriel Liewenserfarungen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

I Variant: Lieweserfarung

Liewenserwaardung Femininum (Pluriel Liewenserwaardungen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

I Variant: Lieweserwaardung

Liewensféierung [l'ïəvənsfɛiəruŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Lebensführung, Lebenswandel • **FR** mode de vie, conduite • **EN** lifestyle, way of life • **PT** modo de vida, conduta **Beispill** menger Boma hir konservativ Frëndin kritiséiert gár d'Liewensféierung vun hiren Enkelkanner

i Variant: Liewesféierung

Liewensfreed Femininum (kee Pluriel) **DE** Lebensfreude • **FR** joie de vivre • **PT** alegria de viver **Beispill** bei deem schéine Wieder huet een direkt erëm méi Liewensfreed

i Variant: Liewesfreed

liewensfrou Adjektiv **DE** lebensfroh • **FR** joyeux, heureux de vivre • **EN** joyful, full of the joys of life • **PT** alegre, com alegria de viver **Beispill** meng Grousseltere sinn immens liewensfrou a genéissen all eenzelen Dag

i Variant: liewesfrou

liewensgeféierlech [l'ïəvənsɡɛfɛiələç] Adjektiv **DE** lebensgefährlich • **FR** très dangereux, très grave <Adverb très grièvement> • **EN** extremely dangerous, life-threatening <Adverb critically> • **PT** muito perigoso, muito grave <Adverb muito gravemente> **Beispiller** et ass liewensgeféierlech, ouni Helm Vëlo ze fueren; d'Patientin ass an der Nuecht un hire liewensgeféierleche Verletzung gestuerwen; den Aarbechter gouf beim Accident liewensgeféierlech blesséiert

i Variant: liewesgeféierlech

Liewensgefor [l'ïəvənsɡəfo:r] Femininum (kee Pluriel) **DE** Lebensgefahr • **FR** danger de mort • **EN** critical condition, grave danger • **PT** perigo de vida **Beispill** d'Patientin ass nach ëmmer a Liewensgefor

i Variant: Liewesgefor

Liewenskäschten [l'ïəvənskæʃtən] Substantiv (kee Singulier) **DE** Lebenshaltungskosten • **FR** coût de la vie • **EN** cost of living • **PT** custo de vida **Beispill** wann d'Liewenskäschte weider klammen, kréie vill Leit déi zwee Enner net méi beieneen

i Variant: Lieweskäschten

Lieweskraaft Femininum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: Lieweskraaft

liewenslaang [l'ïəvənsla:ŋ] Adjektiv **DE** lebenslang • **FR** à vie • **PT** à vida, para a vida **Beispiller** d'Mäerderin gouf wéinst hirem Verbrächen zu liewenslaangem Prisong verurteelt; eng liewenslaang Frëndschaft huet déi zwee Kënschtler verbonnen

i Variant: liewenslaang

Liewenslaf [l'ïəvənsla:f] Maskulinum (Pluriel Liewensleef) **1. DE** Lebenslauf [Curriculum Vitae] • **FR** curriculum vitae [description] • **EN** CV [curriculum vitae] • **PT** currículo [dados biográficos] **Beispill** am Virstellungsgespréich wollt de Personalchef méi iwwer mäi Liewenslaf wëssen **Synonym** Curriculum **2. DE** Lebenslauf [Dokument] • **FR** curriculum vitae [document] • **EN** CV [document] • **PT** currículo [documento] **Beispill** maach e puer Kopië vun dengem Liewenslaf, déi kann een

ëmmer gebrauchen! **Synonym** Curriculum vitae **3. DE** Lebensgeschichte • **FR** vie, vécu [cours de la vie] • **EN** personal history, story of one's life • **PT** história de vida **Beispill** wann een deem Mann säi Liewenslaf kennt, da versteet ee säin Zoustand

i Variant: Lieweslaf

liewenslänglech [l'ïəvənslæŋləç] Adjektiv **DE** lebenslänglich • **FR** à vie, à perpétuité • **EN** life, for life • **PT** perpétuo [por toda a vida] **Beispiller** d'Riichterin huet d'Doudesurteel an eng liewenslänglech Prisongsstrof ëmgewandelt; déi zwee Mäerder krute liewenslänglech ^[egs] Idéi zwee Mäerder kruten eng liewenslänglech Prisongsstrof

i Variant: lieweslänglech

Liewensmëttel [l'ïəvənsmətəl] Neutrum (Pluriel Liewensmëttelen / Liewensmëttel) (meeschens Pluriel) **DE** Lebensmittel • **FR** denrée alimentaire • **PT** género alimenticio **Beispill** d'Hëlleforganisatioun huet e ganze Camion Liewensmëttelen an d'Krisegebitt gefouert

i Variant: Liewesmëttel

Liewensmëttelhief [l'ïəvənsmətəlhiəf] Femininum (kee Pluriel) **DE** Lebensmittelhefe • **FR** levure alimentaire • **EN** nutritional yeast, baker's yeast • **PT** levedura nutricional **Beispill** an engem normale Supermarché kritt een am Fong just Liewensmëttelhief ze kafen

i Variant: Liewesmëttelhief

Liewensmëttelvergiftung [l'ïəvənsmətəlfegəf- tuŋ] Femininum (Pluriel Liewensmëttelvergiftungen) **DE** Lebensmittelvergiftung • **FR** intoxication alimentaire • **EN** food poisoning • **PT** intoxicação alimentar **Beispiller** et huet sech erausgestallt, datt meng Mogripp a Wierklechkeet eng Liewensmëttelvergiftung war; zënter senger Liewensmëttelvergiftung huet hatt den Degouët an d'Fleesch

i Variant: Liewesmëttelvergiftung

liewensmidd [l'ïəvənsmit] Adjektiv **DE** lebensmüde • **FR** inconscient, cinglé [au point de risquer sa vie] • **PT** inconsciente, doído [ao ponto de arriscar a sua vida] **Beispill** bass du liewensmidd, fir ouni Helm Moto ze fueren?

i Variant: liewensmidd

Liewensmutt Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: Liewesmutt

liewensnoutwendeg [l'ïəvənsnəʊtvændəç] Adjektiv **DE** lebensnotwendig • **FR** vital, primordial, indispensable • **EN** vital [essential to life] • **PT** vital, primordial, indispensável **Beispill** Waasser ass fir de Mënsch liewensnoutwendeg

i Varianten: liewensnoutwenneg, liewesnoutwendeg, liewes-noutwenneg

liewesnoutwenneg [l'ïəvənsnəʊtvænəç] Adjektiv - Variant vun ↗liewesnoutwendeg

Liewensqualitéit [l'ïəvənskalitɛit] Femininum (kee Pluriel) **DE** Lebensqualität • **FR** qualité de vie • **EN** quality

of life • **PT** *qualidade de vida* **Beispill** de Kandidat wëllt sech fir d'Liewensqualitéit a sengem Duerf asetzen

i Variant: Liewesqualitéit

Liewensraum [l'ɪəvənsræ:ʊm] Maskulinum (Pluriel Liewensraim / Liewensräim) **DE** *Lebensraum* [Biotop] • **FR** *habitat, biotope* • **EN** *habitat, biotope* • **PT** *habitat, biótopo* **Beispill** duerch d'Ëmweltverschmutzung gëtt eise Liewensraum zerstéiert **Synonym** Biotop

i Variant: Liewesraum

Liewenssituatioun [l'ɪəvənsɪtuəʃjəʊn] Femininum (Pluriel Liewenssituatiounen) **DE** *Lebenssituation* • **FR** *situation (de vie)* • **EN** *situation in life* • **PT** *situação de vida* **Beispill** et gëtt extra Strukture fir Fraen an enger schwiereger Liewenssituatioun

i Variant: Liewessituatioun

Liewensstandard Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Lebensstandard* • **FR** *niveau de vie* • **PT** *nível de vida* **Beispill** wéi kann dee sech esou en héije Liewensstandard leeschten?

i Variant: Liewesstandard

Liewensstil [l'ɪəvənssti:l] Maskulinum (Pluriel Liewensstiler) **DE** *Lebensstil* • **FR** *style de vie, mode de vie* • **EN** *lifestyle* • **PT** *estilo de vida* **Beispill** zënter en d'Penssioun huet, huet en e ganz neie Liewensstil adoptéiert

i Variant: Liewesstil

Liewensversécherung [l'ɪəvənsfɛzɛʃəʀʊŋ] Femininum (Pluriel Liewensversécherungen) **DE** *Lebensversicherung* • **FR** *assurance-vie, assurance sur la vie* • **EN** *life insurance* • **PT** *seguro de vida* **Beispill** mäin Agent wollt mer onbedéngt eng Liewensversécherung opschwätzen

i Variant: Liewesversécherung

liewenswäert Adjektiv **DE** *lebenswert* • **FR** *vivable, qui vaut d'être vécu* • **PT** *vivível, que vale a pena ser vivido* **Beispiller** meng Elteren hunn alles gemaach, fir mir eng liewenswäert Zukunft ze bidden; eng Welt ouni Villercher, Beien a Bommelen ass net liewenswäert

i Variant: lieweswäert

Liewenswandel [l'ɪəvənsvandəl] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Lebenswandel, Lebensführung* • **FR** *mode de vie, conduite* • **EN** *way of life, lifestyle* • **PT** *modo de vida, conduta* **Beispill** menger Boma hir konservativ Frëndin kritiséiert gär de Liewenswandel vun hiren Enkelkanner

i Variant: Lieweswandel

Liewenswee Maskulinum (Pluriel Liewensweeër) **DE** *Lebensweg* • **FR** *parcours de vie* • **PT** *percurso de vida* **Beispill** a senger Autobiografie beschreift den Auteur d'Héichten an d'Déifte vu sengem Liewenswee

i Variant: Lieweswee

Liewensweis [l'ɪəvənsvois] Femininum (Pluriel Liewensweisen) **DE** *Lebensweise* • **FR** *mode de vie* • **EN** *way of life* • **PT** *modo de vida* **Beispill** mat denger ongesonder Liewensweis gëss de bestëmmt net all!

i Variant: Liewesweis

liewenswichtig [l'ɪəvənsvɪçtəç] Adjektiv **DE** *lebenswichtig* • **FR** *vital, essentiel* • **EN** *vital, essential* • **PT** *vital, essencial* **Beispill** proppert Drénkwaasser ass fir de Mënsch liewenswichtig

i Variant: lieweswichtig

Liewenswierk [l'ɪəvənsvi:gk] Neutrum (Pluriel Liewenswierker) **DE** *Lebenswerk* • **FR** *œuvre (de toute une vie)* • **EN** *life's work* • **PT** *obra (de uma vida)* **Beispill** de Kënschtler gouf fir säi Liewenswierk geéiert

i Variant: Lieweswierk

Liewenszeechen [l'ɪəvənstse:çən] Neutrum (Pluriel Liewenszeechen) **DE** *Lebenszeichen* • **FR** *signe de vie* • **EN** *sign of life* • **PT** *sinal de vida* **Beispill** et gëtt nach ëmmer kee Liewenszeeche vun de verongléckte Biergaarbechter

i Variant: Lieweszeechen

Liewer [l'ɪəvɛ] Femininum **1.** (Pluriel Lieweren) **DE** *Leber* [Organ] • **FR** *foie* [organe] • **EN** *liver* [organ] • **PT** *figado* [órgão] **Beispiller** mäi Monni huet et un der Liewer; beim groussen Check-up an der Klinick gouf och meng Liewer kontrolléiert; wat ass dir dann iwwer d'Liewer gelaf? [əgs] [firwat bass de schlecht gelaunt?] **2.** (kee Pluriel) **DE** *Leber* [Nahrungsmittel] • **FR** *foie* [produit alimentaire] • **EN** *liver* [food] • **PT** *figado* [alimento] **Beispill** bréng wannechgelift e Pond Liewer vum Metzler mat!

Liewerfleck [l'ɪəvɛflæk] Maskulinum (Pluriel Liewerflecken) **DE** *Leberfleck* • **FR** *lentigo* • **EN** *mole, liver spot* • **PT** *lentigem* **Beispill** hatt huet en opfállege Liewerfleck um Aarm

Liewerkniddel [l'ɪəvɛknidəl] Femininum (Pluriel Liewerkniddelen) **DE** *Leberknödel* • **FR** *quenelle de foie* • **EN** *liver dumpling* • **PT** *almôndega de figado* **Beispill** meng Bomi huet e gutt Rezept, fir Liewerkniddelen ze maachen

Liewerkollik [l'ɪəvɛkolik] Femininum (Pluriel Liewerkolliken) **DE** *Leberkolik* • **FR** *colique hépatique* • **EN** *biliary colic, gallbladder attack* • **PT** *cólica hepática* **Beispill** d'Hausdoktesch tippt bei mengem staarke Bauchwéi op eng Liewerkollik

Liewerkriibs [l'ɪəvɛkri:ps] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Leberkrebs* • **FR** *cancer du foie* • **EN** *liver cancer, hepatic cancer* • **PT** *canço do figado* **Beispill** wéi bei där jonker Fra Liewerkriibs festgestallt gouf, war et schonn ze spéit fir eng Therapie

Liewerkris [l'ɪəvɛkri:s] Femininum (Pluriel Liewerkrisen) **DE** *Leberkrise* • **FR** *crise de foie, colique hépatique* • **EN** *liverishness, queasiness* • **PT** *crise de figado, cólica hepática* **Beispill** deslescht hat ech matzen an der Nuecht eng Liewerkris

Liewerpâté Maskulinum (Pluriel Liewerpâtéen)

i Hei entsteet en neien Artikel

Liewerwäert [l'ɪəvɛvɛ:çt] Maskulinum (Pluriel Liewerwäerter) (meeschstens Pluriel) **DE** *Leberwert* • **FR** *bilan hépatique, taux hépatique* • **EN** *liver values, liver function readings* • **PT** *provas hepáticas, provas de função hepática* **Beispill** den Dokter huet bei der Patientin

eng däitlech Verbesserung vun de Liewerwäerter festgestallt

Liewerwurscht [l'ïəvɛvʊʁʃt] Femininum (Pluriel Liewerwurschten) 1. DE *Leberwurst* • FR *saucisson de pâté de foie* • EN *liver sausage* • PT *enchido de figado* **Beispill** wëlls de e Bréitche mat Liewerwurscht? 2. [égs] déi beleidegt Liewerwurscht spillen DE *die beleidigte Leberwurst spielen* • FR *faire du boudin [boudier]* • EN *to be in a huff* • PT *fazer beicinho [amuar]* **Beispill** spill elo hei net erëm déi beleidegt Liewerwurscht!

Liewerzirrhos [l'ïəvetsiʁo:s] Femininum (Pluriel Liewerzirrhosen) DE *Leberzirrhose* • FR *cirrhose hépatique, cirrhose du foie* • EN *cirrhosis [of the liver]* • PT *cirrose hepática* **Beispill** eng Liewerzirrhos ass e spéide Stadium vu Krankheete vun der Liewer

liewesbedrolech [l'ïəvəsβədr'o:ləç] Adjektiv - Variant vun ↗liewesbedrolech

Liewesenn Neutrum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Liewesenn

Liewesënnerhalt Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Liewesënnerhalt

Lieweserfarung Femininum (Pluriel Lieweserfarungen) - Variant vun ↗Lieweserfarung

Lieweserwaardung Femininum (Pluriel Lieweserwaardungen) - Variant vun ↗Lieweserwaardung

Liewesféierung [l'ïəvəsfɛiəʀuŋ] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Liewesféierung

Liewesfreed Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Liewesfreed

liewesfrou Adjektiv - Variant vun ↗liewesfrou

liewesgeféierlech [l'ïəvəsfɛiəʀləç] Adjektiv - Variant vun ↗liewesgeféierlech

Liewesgefor [l'ïəvəsgəfo:r] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Liewesgefor

Lieweskäschten Substantiv (kee Singulier) - Variant vun ↗Lieweskäschten

Lieweskraaft Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Lieweskraaft

lieweslaang [l'ïəvəsla:ŋ] Adjektiv - Variant vun ↗lieweslaang

Lieweslaf [l'ïəvəsla:f] Maskulinum (Pluriel Liewesleef) - Variant vun ↗Lieweslaf

lieweslänglech [l'ïəvəslæŋləç] Adjektiv - Variant vun ↗lieweslänglech

Liewesmëttel [l'ïəvəsmətəl] Neutrum (Pluriel Liewesmëttelen / Liewesmëttel) - Variant vun ↗Liewesmëttel

Liewesmëttelhief [l'ïəvəsmətəlhiəf] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Liewesmëttelhief

Liewesmëttelvergëftung Femininum (Pluriel Liewesmëttelvergëftungen) - Variant vun ↗Liewesmëttelvergëftung

liewesmidd [l'ïəvəsmi:t] Adjektiv - Variant vun ↗liewesmidd

Liewesmutt Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Liewesmutt

liewesnoutwendeg Adjektiv - Variant vun ↗liewesnoutwendeg

liewesnoutweneg Adjektiv - Variant vun ↗liewesnoutwendeg

Liewesqualitéit [l'ïəvəskalitɛ:t] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Liewesqualitéit

Liewesraum Maskulinum (Pluriel Liewesraim / Liewesräim) - Variant vun ↗Liewesraum

Liewessituatioun [l'ïəvəsitiwəsʃu:n] Femininum (Pluriel Liewessituatiounen) - Variant vun ↗Liewessituatioun

Liewesstandard Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Liewesstandard

Liewesstil Maskulinum (Pluriel Liewesstiler) - Variant vun ↗Liewesstil

Liewesversécherung Femininum (Pluriel Liewesversécherungen) - Variant vun ↗Liewesversécherung

lieweswäert Adjektiv - Variant vun ↗lieweswäert

Lieweswandel [l'ïəvəsvandəl] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Lieweswandel

Lieweswee Maskulinum (Pluriel Liewesweeër) - Variant vun ↗Lieweswee

Liewesweis Femininum (Pluriel Liewesweisen) - Variant vun ↗Liewesweis

lieweswichtig [l'ïəvəsviçtəç] Adjektiv - Variant vun ↗lieweswichtig

Lieweswierk [l'ïəvəsvi:gk] Neutrum (Pluriel Lieweswierker) - Variant vun ↗Lieweswierk

Lieweszeechen [l'ïəvəstse:çən] Neutrum (Pluriel Lieweszeechen) - Variant vun ↗Lieweszeechen

Liewewiesen [l'ïəvəviəzən] Neutrum (Pluriel Liewewiesen) DE *Lebewesen* • FR *être vivant, organisme* • EN *living thing* • PT *ser vivo, organismo* **Beispill** de Mënsch soll all Liewewiesen op dëser Welt respektéieren

Lift [lift] Maskulinum (Pluriel Lifter) DE *Lift, Fahrstuhl, Aufzug* • FR *ascenseur* • EN *lift [elevator]* • PT *elevador* **Beispill** ech fäerte fir mam Lift ze fueren

liften [l'iftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelift) » **transitiv** DE *liften [operieren]* • FR *lifter [faire un lifting à]* • EN *to perform a facelift* • PT *fazer um lifting a* **Beispill** hien huet sech lifte gelooss, fir méi jonk auszegesinn

Lifting [l'iftiŋ] Maskulinum (Pluriel Liftingen) DE *Lifting [kosmetische Operation]* • FR *lifting* • EN *facelift* • PT *lifting* **Beispill** fir de 60. Gebuertsdag huet eis Nopesch sech e Lifting gelescht

Liga [l'i:ga:] Femininum (Pluriel Ligaen) DE *Liga [Bund]* • FR *ligue [association]* • EN *league [organization]* • PT *liga [associação]* **Beispill** d'Liga vun den Ëmweltschützer sammelt Ënnerschrëfte géint de Staudamm

Ligen [l'i:zən] Femininum (Pluriel Ligen) **DE** Lüge • **FR** mensonge • **EN** lie [untruth] • **PT** mentira **Beispiller** fir sech aus der Affär ze zéien, huet hatt mir eng Lige verzielt; mat Lige kënnt een net wäit

Ligener [l'i:zənə] Maskulinum (Pluriel Ligener) **DE** Lügner • **FR** menteur • **EN** liar • **PT** mentiroso **Beispill** ech wäert schonn nach erausfannen, wien hei de Ligener ass!

W Weiblech Form: ↗Ligenesch

Ligenesch [l'i:zənəʃ] Femininum (Pluriel Ligeneschen) **DE** Lügnerin • **FR** menteuse • **EN** liar [female] • **PT** mentirosa **Beispill** déi Ligenesch huet keng Schimmt, engem riicht an d'Gesicht ze léien!

M Männlech Form: ↗Ligener

Ligestull [l'i:zəʃtul] Maskulinum (Pluriel Ligestill) **DE** Liegestuhl • **FR** transat, chaise longue • **EN** deckchair, lounge • **PT** espreguicadeira [cadeira alongada] **Beispill** am Summer halen ech gär nom Iessen eng Mëttesrascht am Ligestull

liicht [li:çt] Adjektiv **1.** **DE** leicht [Gewicht] • **FR** léger [poids] • **EN** light [weight] • **PT** leve, ligeiro [peso] **Beispiller** dro du déi liicht Këschten, ech droen déi schwéier!; hien huet eng liicht Hand! **[égs]** [hien deelt gär Streech aus] **2.** **DE** leicht [schwach, geringfügig] • **FR** léger [faible] <Adverb légèrement> • **EN** slight <Adverb slightly> • **PT** leve, ligeiro [fraco, ténue] <Adverb levemente, ligeiramente> **Beispiller** ech hu liichte Kappwéi; den Auto gouf beim Accident nëmme liicht beschiedegt; wat an deem Artikel steet, ass liicht iwwerdriwwen **3.** **DE** leicht [bekömmlich, verdaulich] • **FR** léger [digestible] • **EN** light [easy to digest] • **PT** leve, ligeiro [de fácil digestão] **Beispill** wann et waarm ass, dann iessen ech léiwer eppes Liichtes **4.** **DE** leicht [Kleidungsstück] • **FR** léger [vêtement] • **EN** light, lightweight [clothing] • **PT** leve, ligeiro [peça de roupa] **Beispill** bei där Hëtzt doen ech nëmmen e liichte Paltong un **5.** **DE** leicht [einfach] • **FR** facile, simple <Adverb facilement> • **EN** easy, simple <Adverb easily> • **PT** fácil, simples <Adverb facilmente> **Beispiller** dat do war awer eng liicht Aufgab!; hien ass liicht ze duerchkucken; huel deng Examen net op déi liicht Schäller! **[égs]** [huel deng Examen eescht!]; um Glatäis brécht een sech liicht e Been **[égs]** [um Glatäis ass de Risiko grouss, datt een sech e Bee brécht] **Synonym** einfach

Liicht [li:çt] Neutrum (kee Pluriel) **1.** **DE** Licht • **FR** lumière [clarté, éclairage] • **EN** light [brightness] • **PT** luz [claridade, iluminação] **Beispiller** vun deem grelle Liicht kréien ech d'Ae wéi; elo ass d'Wouerecht endlech un d'Liicht komm [elo ass d'Wouerecht endlech ersaukomm]; ech loosse mech net vun deem hanner d'Liicht féieren! **[égs]** [ech loosse mech net vun deem ierféieren]; dee Virfall huet déi ganz Aktioun an e schlecht Liicht geréckelt [duerch dee Virfall huet déi ganz Aktioun e schlechten Androck gemaach] **2.** **[vereeLzt]** **DE** Mond • **FR** lune • **EN** moon • **PT** lua **Beispiller** et war spéit, um Himmel stoung schon d'Liicht; hie war esou voll ewéi de Männchen am Liicht! **[égs]** [hien hat vill ze vill Alkohol gedronk]; gleef der Tatta näischt, déi geet mam Liicht! **[égs]** [gleef der Tatta näischt, déi ass stauteg!]; et heescht, et soll ee bei Alem Liicht séien [et heescht, et soll een direkt nom Vollmond séien] **Synonym** Mound

Liicht [li:çt] Femininum (Pluriel Liichten) **DE** Luke [Dachluke, Kellerluke] • **FR** lucarne, tabatière, soupirail • **EN** skylight, cellar window • **PT** lucarna, respiradouro, fresta **Beispiller** um Späicher reent et zu enger Liicht eran; wann et reent, leeft d'Waasser zu enger Liicht eran an de Keller

Liichtathleet [l'i:zdatle:t] Maskulinum (Pluriel Liichtathleeten) **DE** Leichtathlet • **FR** athlète • **EN** athlete • **PT** atleta **Beispill** d'Liichtathleete bereeden sech op d'Olympiad vir

W Weiblech Form: ↗Liichtathleetin

Liichtathleetik [l'i:zdatle:tik] Femininum (kee Pluriel) **DE** Leichtathletik • **FR** athlétisme • **EN** athletics • **PT** atletismo **Beispill** hie mécht zënter aacht Joer Liichtathleetik

Liichtathleetin [l'i:zdatle:tin] Femininum (Pluriel Liichtathleetinnen) **DE** Leichtathletin • **FR** athlète [femme, fille]

M Männlech Form: ↗Liichtathleet

Liichtathlet [l'i:zdatle:t] Maskulinum (Pluriel Liichtathleten) - Variant vun ↗Liichtathleet

Liichtathletik [l'i:zdatle:tik] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Liichtathleetik

Liichtathletin [l'i:zdatle:tin] Femininum (Pluriel Liichtathletinnen) - Variant vun ↗Liichtathleetin

Liichtchen [l'i:çtçən] Femininum (Pluriel Liichtercher) - Diminutivform vun ↗Luucht

Liichtebengel Maskulinum (Pluriel Liichtebengelen) **DE** [Definitiou] mit Wachsdocht umrolltes Stöckchen [zum Anzünden an Lichtmess] • **FR** [Definitiou] petit bâton entouré d'une mèche imprégnée de cire [allumée à l'occasion de la Chandeleur] • **PT** [Definitiou] pauzinho enrolado num cordão impregnado de cera [que se acende por ocasião da Candelária] **Beispill** op Liichtmëssdag ginn d'Kanner mat Lampionen a Liichtebengelen vum Haus zu Haus

W Traditionell den 2. Februar, op ↗Liichtmëssdag, ginn d'Kanner zu Lëtzebuerg ↗lichten . Se gi mat Lampionen oder **Liichtebengelen** vum Haus zu Haus, fir de Leit nom däischtere Wanter Liicht ze bréngen. Se sange **Léiwer Herrgottsblieschen** a ginn dofir mat Séissgeekte belount. D'Lidd, an deem vum Hellege Blasius rieds geet, weist de kierchlechen Hannergrond.

Liichtebengelchen Maskulinum (Pluriel Liichtebengelchen) - Diminutivform vun ↗Liichtebengel

Liichtegkeet [l'i:çtæcke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Leichtigkeit [Mühelosigkeit] • **FR** facilité, aisance • **EN** ease [effortlessness] • **PT** facilidade, desembaraço **Beispill** de Cyclist huet de Bierg mat Liichtegkeet geholl **Synonym** Facilitéit

lichten [l'i:çtən] Verb (Hëlfsverb hunn, Participe passé geliicht) » **intransitiv** **1.** **DE** leuchten [strahlen] • **FR** briller, luire • **EN** to shine • **PT** brilhar, luzir **Beispill** meng Auer liicht an der Däischtert **2.** **DE** leuchten [mit einer Lichtquelle] • **FR** éclairer [répandre de la lumière] • **EN** to shine [to illuminate, to light] • **PT** alumiar [difundir luz] **Beispill** liicht emol mat der Täscheleucht heihin! **3.** liichte goen **DE** [Definitiou] an Lichtmess mit Lampionen von Haus zu Haus ziehen, um mit Gesang Gaben zu erbitten

• **FR** [Definitiou] *aller de porte en porte en demandant des aumônes à l'occasion de la Chandeleur* • **EN** [Definitiou] *to go from door to door at Candlemas, carrying lanterns and singing to get gifts* • **PT** [Definitiou] *ir de porta a porta com lampiões, por ocasião da Candelária, pedindo dádivas em troca de uma canção* **Beispill** eis Kanner ginn dëst Joer fir d'eischte Kéier mat **liichten**

i Verb, dat **liichten** als Basis huet: **ᵹliichten**

i Traditionell den 2. Februar, op **ᵹLiichtmëssdag**, ginn d'Kanner zu Lëtzebuerg liichten. Se gi mat Lampionen oder Liichtebeugele vun Haus zu Haus, fir de Leit nom däischtere Wanter Licht ze bréngen. Se sänge **Léiwé Herrgottsblieschen** a ginn dofir mat Séissegkeete belount. D'Lidd, an deem vum Hellege Blasius rieds geet, weist de kierchlechen Hantergrond.

liichtfalen [l'i:çtfa:lən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **liichtgefall**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Liichtfank [l'i:çtfaŋk] Maskulinum (Pluriel **Liichtfanken**) **1.** **DE** *leichtfertiger Mensch* • **FR** *étourdi, tête en l'air* • **EN** *featherbrain* • **PT** *doidivas, cabeça no ar* **Beispill** dee **Liichtfank** huet sech guer net op säin Exame virbereet **2.** **DE** *Leichtfertigkeit, Leichtsinnigkeit* • **FR** *irréflexion, étourderie* • **EN** *thoughtlessness, recklessness* • **PT** *estouvamento, leviandade* **Beispill** et ass puer **Liichtfank**, fir Champignonnen z'essen, déi een net eendeiteg ka bestëmmen **Synonymmen** **Liichtsënn**, **Liichtsënnegkeet**

liichtfankeg [l'i:çtfaŋkəç] Adjektiv **DE** *leichtfertig, unbedacht* • **FR** *inconscient, étourdi* <Adverb à la légère> • **EN** *thoughtless* <Adverb thoughtlessly> • **PT** *inconsciente, irrefletido* <Adverb irrefletidamente> **Beispiller** eise Leeëndecker ass esou **liichtfankeg**, et ass e Wonner, datt en nach net vum Daach getrollt ass!; vill Leit gi ganz **liichtfankeg** mat hiren Donnéeën am Internet ëm **Synonym** **liichtsënneg**

Liichtfankegkeet [l'i:çtfaŋkəçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Leichtfertigkeit, Leichtsinnigkeit* • **FR** *irréflexion, étourderie* • **EN** *thoughtlessness, recklessness* • **PT** *estouvamento, leviandade* **Beispill** et ass puer **Liichtfankegkeet**, fir Champignonnen z'essen, déi een net eendeiteg ka bestëmmen **Synonymmen** **Liichtsënn**, **Liichtsënnegkeet**

liichtgleeweg [l'i:çtgle:vəç] Adjektiv **DE** *leichtgläubig* • **FR** *crédule* • **EN** *gullible* • **PT** *crédulo* **Beispill** well hien esou **liichtgleeweg** ass, kritt en der dacks opgehaangen

Lichtjoer [l'i:çtjo:ɐ] Neutrum (Pluriel **Liichtjoren**) **DE** *Lichtjahr* • **FR** *année-lumière* • **EN** *light year* • **PT** *ano-luz* **Beispill** d'Distanzen am Weltall ginn a **Liichtjore** gemooss

Liichtmëssdag [l'i:çtməsda:χ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Lichtmess* • **FR** *Chandeleur* • **EN** *Candlemas* • **PT** *Candelária* **Beispill** op **Liichtmëssdag** ginn d'Kanner mat Lampione vun Haus zu Haus sängen

i **Liichtmëssdag**, den 2. Februar, ginn d'Kanner traditionell zu Lëtzebuerg **ᵹliichten**. Säin Numm verdankt dësen Dag der **Liichtmass**, engem kierchleche Fest, dat op heednesch Bräich zeréckgeet.

Liichtsënn [l'i:çtʒən] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Leichtsinn* • **FR** *inconscience, légèreté* • **EN** *thoughtless-*

ness, rashness • **PT** *inconsciência, ligeireza* **Beispill** hien ass aus puerem **Liichtsënn** owes eleng an d'Mier schwamme gaangen **Synonymmen** **Liichtfank**, **Liichtfankegkeet**, **Liichtsënnegkeet**

liichtsënneg [l'i:çtʒənəç] Adjektiv **DE** *leichtsinnig [leichtfertig]* • **FR** *étourdi* <Adverb à la légère> • **EN** *thoughtless, reckless* <Adverb thoughtlessly, recklessly> • **PT** *estouvado, leviano* <Adverb com leviandade> **Beispiller** eise Leeëndecker ass esou **liichtsënneg**, et ass e Wonner, datt en nach net vum Daach getrollt ass!; vill Leit gi ganz **liichtsënneg** mat hiren Donnéeën am Internet ëm **Synonym** **liichtfankeg**

Liichtsënnegkeet [l'i:çtʒənəçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Leichtsinnigkeit* • **FR** *irréflexion, étourderie* • **EN** *thoughtlessness, carelessness* • **PT** *irreflexão, leviandade* **Beispill** wéinst der **Liichtsënnegkeet** vun engem Aarbechter ass um Bau e schweieren Accident geschitt **Synonymmen** **Liichtfank**, **Liichtfankegkeet**, **Liichtsënn**

Liichttuerm [l'i:çtu:ɐm] Maskulinum (Pluriel **Liichttiern**) **DE** *Leuchtturm* • **FR** *phare [tour]* • **EN** *lighthouse* • **PT** *farol [torre]* **Beispill** an der Vakanz sinn ech op e **Liichttuerm** geklommen **Synonym** **Phar**

i Variant: **Leuchttuerm**

Like [laɪk] Maskulinum (Pluriel **Liken** / **Likes**) **DE** *Like* • **FR** *like* • **PT** *gosto, like* [nas redes sociais] **Beispill** fir mäi leschte Post hunn ech schonn iwver fofzeg **Likë** kritt

liken [l'aɪkən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **geliket** / **geliked**) » **transitiv** **DE** *liken* • **FR** *liker* • **EN** *to like* [on social media] • **PT** *colocar um gosto em, colocar um like em* [nas redes sociais] **Beispiller** firwat **likes** de meng Fotoen ni?; schonn iwver honnert Leit hu mäi Post vun de Moie **geliked**

Likör [l'ikœ:r] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Likör* [Getränk] • **FR** *liqueur* [boisson] • **EN** *liqueur* [drink] • **PT** *licor* [bebida] **Beispill** dëse **Likör** huet säin apaarte Goût duerch eng speziell Kraidermëschung **2.** (Pluriel **Likör** / **Likören**) **DE** *Glas* **Likör** • **FR** *(verre de) liqueur* • **EN** *liqueur* [glass of liqueur] • **PT** *(copo de) licor* **Beispill** mir hunn nom Essen nach e **Likör** gedronk

Lilie [l'i:lɪə] Femininum (Pluriel **Lilien**) **DE** *Lilie* • **FR** *lys* • **EN** *lily* • **PT** *lírio* **Beispill** wat hutt dir schéi **Lilien** am Gaart!

Liljen [l'iljən] Eegennumm **DE** *Lilien* • **FR** *Lilien* • **EN** *Lilien* • **PT** *Líliem* **Beispiller** ech wunnen zu **Liljen**; fiert dëse Bus op **Liljen**?

Lilongwe Eegennumm **DE** *Lilongwe* • **FR** *Lilongwe* • **PT** *Lilongué* **Beispill** **Lilongwe** ass d'Haaptstad vum Malawi

Lima Eegennumm **DE** *Lima* • **FR** *Lima* • **PT** *Lima* **Beispill** **Lima** ass d'Haaptstad vum Peru

Limett [lim'æt] Femininum (Pluriel **Limetten**) **DE** *Limette* • **FR** *citron vert* • **EN** *lime* [fruit] • **PT** *lima* [fruto] **Beispill** fir dëst Rezept brauchts de de Jus vun zwou **Limetten** **Synonym** **Limoun**

Limitatioun [lɪmɪta'sj̥ʊən] Femininum (Pluriel **Limitatiounen**) **DE** *Einschränkung, Begrenzung* • **FR** *limitation* [restriction] • **EN** *limitation* [restriction] • **PT** *limitação* [restrição] **Beispill** d'Awunner fuerdere méi eng streng **Limitatioun** vun der Vitéss an hirer **Cité** **Synonym** **Be-**

grenzung

Limite [lim'it] Femininum (Pluriel **Limitten**) - Variant vun \nearrow **Limitt**

limitéieren [limi'tʒiəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **limitéiert**) » **transitiv 1.** **DE** einschränken, begrenzen • **FR** limiter [restreindre] • **EN** to limit • **PT** limitar [restringir] **Beispill** dat net Gesetz soll den Zigarettekonsum **limitéieren**; d'Zuel vun de Sätzplaze fir de Concert ass **limitéiert** » **reflexiv 2.** sech **limitéieren** op **DE** sich beschränken auf • **FR** se limiter à • **EN** to limit oneself to • **PT** limitar-se a **Beispill** an hiren Erklärungen huet d'Professesch sech op déi technesch Aspekter **limitéiert** **Synonymmen** sech begrenzen op, sech beschränken op

Limitt [lim'it] Femininum (Pluriel **Limitten**) **1.** **DE** Grenze [Begrenzung] • **FR** limite [spatiale] • **EN** border, boundary, limits • **PT** limite [espacial] **Beispill** d'Limite vum Terrain kann een um Kadasterplang nokucken **2.** **DE** Limit, Grenze [des Zulässigen, Äußerstes] • **FR** limite [seuil critique, degré extrême] • **EN** limit [of what is possible] • **PT** limite [limiar crítico, grau extremo] **Beispill** beim Marathon ass de Leefer un seng **Limitt** gestouss; wann hien drénkt, kennt e keng **Limitten**; seng Remark war op der **Limitt** (vum Acceptabelen); sief um Hallefnuecht doheem, dat ass déi lescht **Limitt**!; alles huet seng **Limitten** [et ass net alles erlaabt]; beim Marathon ass de Leefer u seng **Limitt** gestouss [egs] [beim Marathon huet de Leefer seng physesch Capacitéite missen akzeptéieren]

Limonad [l'imo:na:t] Maskulinum / Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Limonade [Getränk] • **FR** limonade, soda [boisson] • **EN** lemonade [fizzy drink] • **PT** limonada, soda [bebida] **Beispill** fir d'Kanner gouf et um Fest Gebuertsdagskuch a **Limonad** **2.** (Pluriel **Limonaden**) **DE** (Glas) Limonade • **FR** (verre de) limonade, (verre de) soda • **EN** (glass of) lemonade • **PT** (copo de) limonada, (copo de) soda **Beispill** bestell eis nach zwou **Limonaden**!

Limonadsfläsch [l'imo:na:tsflæʃ] Femininum (Pluriel **Limonadsfläschen**) **DE** Limonadenflasche • **FR** bouteille de limonade [contenant] • **EN** lemonade bottle • **PT** garrafa de limonada, garrafa de soda **Beispill** stueckel d'**Limonadsfläsch** net esou, soss sprutzt et, wann s de se opméchs!

Limoun [lim'əʊŋ] Femininum (Pluriel **Limounen**) **DE** Limette • **FR** citron vert • **EN** lime [fruit] • **PT** lima [fruto] **Beispill** fir d'ëst Rezept braucht de de Jus vun zwou **Limounen** **Synonym** **Limett**

Limousine [limuz'in] Femininum (Pluriel **Limousinen**) **DE** Limousine [PKW der oberen Preisklasse] • **FR** limousine [voiture haut de gamme] • **EN** limousine • **PT** limusina **Beispill** d'Noperen hu gestaunt, wéi ech aus där décker **Limousine** geklomme sinn

Lineal [line'a:l] Maskulinum (Pluriel **Linealen** / **Linealer**) **DE** Lineal • **FR** règle [instrument de mesure] • **EN** ruler [for drawing, for measuring] • **PT** régua **Beispill** am Test d'äerfen d'Schüler just e Bläistëft, e Gummi an e **Lineal** op der Bänk hunn

Lingerie [lɛ:ʒəR'i:] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Damenunterwäsche • **FR** lingerie [sous-vêtements] • **EN** lingerie • **PT** lingerie **Beispill** ech hu Freed mat schéiner

Lingerie 2. (Pluriel **Lingerien**) **DE** Wäschegeschäft [für Damen] • **FR** lingerie [boutique] • **EN** lingerie shop • **PT** loja de lingerie **Beispill** an d'ëser **Lingerie** gëtt ee gutt beroden

Linguist [l'ingw'ist] Maskulinum (Pluriel **Linguisten**) **DE** Linguist • **FR** linguiste • **EN** linguist • **PT** linguista **Beispill** mir brauchen e **Linguist**, deen eis déi al Texter analyséiert **Synonym** Sproochwëssenschaftler

1 Weiblech Form: \nearrow **Linguistin**

linguistes [lɪŋgw'istəʃ] Adjektiv **DE** linguistisch • **FR** linguistique <Adverb linguistiquement> • **EN** linguistic <Adverb linguistically> • **PT** linguístico <Adverb linguisticamente> **Beispill** eng **linguistes** Etüd huet bewisen, datt d'ës zwee Dialekter näischt mateneen ze dinn hunn; e Grupp vu Fuerscher ass amgang, déi nei entdeckte Sprooch **linguistes** ze analyséieren

Linguistik [lɪŋgw'istik] Femininum (kee Pluriel) **DE** Linguistik • **FR** linguistique • **EN** linguistics • **PT** linguística **Beispill** ech hunn op der Uni Naturwëssenschaft a **Linguistik** studéiert **Synonym** Sproochwëssenschaft

Linguistin [lɪŋgw'istin] Femininum (Pluriel **Linguistinnen**) **DE** Linguistin • **FR** linguiste [femme] • **EN** linguist [female] • **PT** linguista [mulher] **Beispill** als **Linguistin** interesséieren ech mech fir alles, wat mat Sprooch ze dinn huet **Synonym** Sproochwëssenschaftlerin

1 Männlech Form: \nearrow **Linguist**

Liniebus [l'ɪnjəbus] Maskulinum (Pluriel **Liniebussen**) **DE** Linienbus • **FR** autobus (de ligne) • **EN** bus [on regular service] • **PT** autocarro (de linha) **Beispill** dee **Liniebus** fiert vun der Gare op de Flughafen

1 Variant: **Linnebus**

Loun [ləʊŋ] Maskulinum **1.** (Pluriel Léin) DE *Lohn* [*Bezahlung*] • FR *salaire* [*rémunération*] • EN *wages, pay* • PT *salário* [*remuneração*] **Beispiller** d'Aarbechter kruten haut hire Loun iwverwisen; d'Léin am Bauweise sinn ajustéiert ginn **Synonymmen** Pai, Salaire **2.** (kee Pluriel) DE *Lohn* [*Belohnung*] • FR *récompense* • EN *reward* • PT *recompensa* **Beispill** als Loun fir seng vill Aarbecht am Komitee krut hien eng Auer geschenkt

Lounausfall [l'əʊŋæ:ʊsfal] Maskulinum (Pluriel Lounausfäll) DE *Lohnausfall* • FR *perte de salaire* • EN *loss of wages* • PT *perda de salário* **Beispill** d'Steemeter kruten hire Lounausfall wéinst dem schlechte Wieder kompenséiert

lounen [l'əʊŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelount) » **transitiv** DE *mieten* • FR *louer* [*prendre*]

en location) • **EN** to rent • **PT** alugar [tomar de alugar] **Beispill** déi jonk Koppel iwuerleet, ob si en Appartement soll kafen oder lounen

Lounen [l'œ̃nən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelount) » **reflexiv** **DE** sich lohnen • **FR** valoir la peine • **EN** to be worthwhile • **PT** valer a pena **Beispiller** dat laangt Waarden huet sech gelount; et lount sech, bei deem Concours matzemaachen **Synonymmen** derwärt sinn, sech rentéieren

Lounge Femininum (Pluriel Loungen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Lounpolitik [l'œ̃npolitik] Femininum (Pluriel <seelen> Lounpoliticken) **DE** Lohnpolitik • **FR** politique salariale • **EN** pay policy, wage policy • **PT** politica salarial **Beispiller** déi grouss Botzfirmen hunn hir Lounpolitik landeswäit harmoniséiert; no de Streikaktiounen am Flegesecteur ass d'Lounpolitik nees an de Mëttelpunkt vun den Debatte geroden

Lounverhandlung [l'œ̃nfehandlung] Femininum (Pluriel Lounverhandlungen) **DE** Lohnverhandlung • **FR** négociation salariale • **EN** wage negotiation • **PT** negociação salarial **Beispill** an de Lounverhandlungen huet d'Patronat sech bei de Leit diskreditéiert

Loup de mer Maskulinum (Pluriel Loup-de-meren) **Dicentrarchus labrax** **1.** **DE** Wolfsbarsch [Tier] • **FR** bar commun, loup de mer [animal] • **PT** robalo(-legítimo) [animal] **Beispill** de Loup de mer verdankt säin Numm senger Gefrëissegkeet **2.** **DE** Wolfsbarsch [Nahrungsmittel] • **FR** bar, loup de mer [aliment] • **PT** robalo [aliment] **Beispill** aus der franséischer Kichen ass de Loup de mer net ewechzedenden

Lous [ləʊs] Adjektiv **DE** schlau, gewitzt • **FR** futé, rusé <Adverb de façon rusée> • **EN** crafty, cunning <Adverb craftily, cunningly> • **PT** astuto, manhoso <Adverb manhosamente> **Beispiller** pass op, hien ass méi lous, wéi s de mengs!; wann een net staark ass, da muss ee lous sinn; hien ass kee Lousen; déi nächste Kéier muss de dech méi lous uleeën; hien ass dem Däiwel ze lous [ëgs] [hien ass ganz lous] **Synonym** raffinéiert

Lous [ləʊs] Neutrum (Pluriel Lousen) **1.** **DE** Parzelle • **FR** lot, parcelle • **EN** plot [of land] • **PT** lote, parcela **Beispill** den Terrain gouf an zwee Lousen opgedeelt **2.** **DE** Los [beim Glücksspiel] • **FR** billet (de loterie), billet (de tombola) • **EN** lottery ticket • **PT** bilhete (de lotaria), rifa **Beispiller** mir hunn an der Tombola zéng Louse kaaft an näischt gewonnen; well se sech net eens goufen, hu se d'Lous gezunn [ëgs] [well se sech net eens goufen, hu se geloust] **3.** Grousst Lous **DE** Hauptgewinn, großes Los • **FR** gros lot • **EN** jackpot, winning ticket • **PT** sorte grande **Beispiller** bei mir um Büro huet een d'Grousst Lous an der Lotterie gewonnen a sech direkt en decken Auto kaaft; mat denger Fra hues de wierklech d'Grousst Lous gezunn! [ëgs] [du hues wierklech Chance, datt s de esou eng Fra fonnt hues] **4.** **DE** Los [Schicksal] • **FR** lot, sort • **EN** lot [fate] • **PT** sina, fado, sorte **Beispill** fréier haten d'Doléiner e schwéiert Lous **Synonym** Schicksal

lousen [l'œ̃zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geloust) » **intransitiv** **DE** losen • **FR** tirer au sort • **EN** to draw lots • **PT** tirar à sorte **Beispill** wa mer eis net eens

ginn, da louse mer

i Verb, dat **lousen** als Basis huet: ↗auslousen

Lousereng [l'œ̃sərə̃ŋ] Eegennumm **DE** Losering • **FR** Losering • **EN** Losering • **PT** Losering **Beispill** d'Lousereng an d'Koler Baach sinn dat selwecht Gewässer

Loutrengen Eegennumm

i Hei entsteet en neien Artikel.

Lover Maskulinum (Pluriel Loveren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

loyal [lwaʝi'a:l] Adjektiv **DE** loyal • **FR** loyal <Adverb loyale-ment> • **EN** loyal <Adverb loyally> • **PT** leal <Adverb lealmente> **Beispiller** ech soen Iech Merci fir Är loyal Mataarbecht; hien huet sech mir géintwuer ëmmer loyal verhalen

Loyalitéit [lwaʝalit'ɛ:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Loyalität • **FR** loyauté • **EN** loyalty • **PT** lealdade **Beispill** de Chef verlaangt absolut Loyalitéit vu senger Mataarbechter

i Variant: Loyautéit

Loyautéit [lwaʝot'ɛ:t] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Loyalitéit

Loyer [lw'aʝe:] Maskulinum (Pluriel Loyeren) **DE** Miete [Betrag] • **FR** loyer • **EN** rent • **PT** renda [aluguer] **Beispiller** Enn der Woch ass de Loyer fälleg; d'Loyere sinn an deene leschte Jore staark an d'Luucht gaangen

Luanda Eegennumm **DE** Luanda • **FR** Louanda • **PT** Luanda **Beispill** Luanda ass d'Haaptstad vun Angola

Luch [lux] Maskulinum (kee Pluriel) Luch a Bedruch **DE** Lug und Trug • **FR** mensonge et imposture • **EN** lies and deception • **PT** mentira e falsidade **Beispill** alles, wat hie verzielt, ass Luch a Bedruch!

Luchs [luks] Maskulinum (Pluriel Luchsen) Lynx lynx **DE** Luchs • **FR** lynx, lynx boréal • **EN** lynx • **PT** linçe, linçe-europeu **Beispill** de Luchs frësst virun allem Réi, awer och Fiiss, Huesen, Kanéngercher a Vullen

i Variant: Luuss

Lucianer [lutsj'a:nə] Maskulinum (Pluriel Lucianer) **DE** Lucianer • **FR** Saint-Lucien • **EN** St Lucian • **PT** santa-lucense **Beispill** mäi beschte Frënd ass Lucianer

Lucianerin [lutsj'a:nərin] Femininum (Pluriel Lucianerinnen) **DE** Lucianerin • **FR** Saint-Lucienne • **EN** St Lucian [female] • **PT** santa-lucense **Beispill** meng bescht Frëndin ass Lucianerin

lucianesch [lutsj'a:nəʃ] Adjektiv **DE** lucianisch • **FR** saint-lucien • **EN** Saint Lucian • **PT** santa-lucense **Beispill** op eiser Rees hu mir déi lucianesch Kultur kenne geléiert

Luck [luk] Femininum (Pluriel Lucken) **DE** Luke [Keller-luke] • **FR** soupirail • **EN** cellar window • **PT** respiradouro, abertura [na cave] **Beispill** fréier goufe bei villen Haiser d'Kuelen duerch eng Luck an de Keller geschott **Synonymmen** Kellertlicht, Kellerruck

Lück Femininum (Pluriel Lücken)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Lückentext Maskulinum (Pluriel Lückentexter)

I Hei entsteht en neien Artikel.

Lued [luət] Femininum (Pluriel Lueden) **DE** *Fensterladen, Rollladen* • **FR** *volet (roulant), persienne* • **EN** *shutter [for a window]* • **PT** *persiana (enrolável), portada* **Beispiller** looss d'Lueden zou, ech wëll nach schlofen!; wéinst der Sonn maache mer d'Lueden och daagsiwwer erof; mir falen d'Lueden zou! **[ëgs]** [ech si midd] **Synonym** Klapplued

Lued [luət] Femininum (Pluriel Lueden) **DE** *Sarg* • **FR** *cercueil* • **EN** *coffin* • **PT** *caixão, ataúde* **Beispill** wéi d'Lued an d'Graf erofgelooss gouf, war nëmmen d'Famil' derbäi **Synonymmen** Doudelued, Sarg

lueden [l'uedən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelueden) » **transitiv** **1. DE** *beladen* • **FR** *charger [remplir]* • **EN** *to load [to fill]* • **PT** *carregar [encher]* **Beispiller** si waren zu zwee, fir den Unhänger ze lueden; de Camion gëtt muer eréischt gelueden **2. DE** *laden [verstaufen, verladen]* • **FR** *charger [placer, disposer]* • **EN** *to load [to stow, to place]* • **PT** *carregar [colocar, dispor]* **Beispiller** d'Container gi mat engem spezielle Kran op d'Zich gelueden; si hunn hir Bagagen an d'Mall gelueden; hien huet Schold op sech gelueden **[ëgs]** [hien ass schëlleg]; ech hat dee Kregéiler dee ganze Muere gelueden! **[ëgs]** [ech war dee ganze Muere mat deem Kregéiler geplot]; zënter hatt mech hannergaangen huet, hunn ech et ferm gelueden **[ëgs]** [zënter hatt mech hannergaangen huet, sinn ech déck rose mat em] **3. DE** *laden [eine Feuerwaffe]* • **FR** *charger [une arme à feu]* • **EN** *to load [a gun]* • **PT** *carregar [uma bateria]* **Beispill** ier mer an d'Vakanz ginn, musse mer d'Batterie vum Fotoapparat lueden **5. DE** *laden [digitale Daten]* • **FR** *charger [des données numériques]* • **EN** *to load [digital data]* • **PT** *carregar [dados digitais]* **Beispill** mat mengem neie Computer ginn d'Dateie méi séier gelueden

I Verben, déi **lueden** als Basis hunn: **∫**alueden, **∫**auslueden, **∫**ëm'lueden, **∫**erof'lueden, **∫**eroplueden, **∫**of'lueden an **∫**oplueden

Luedstatioun Femininum (Pluriel Luedstatiounen) **DE** *Ladestation [für Elektroautos]* • **FR** *borne de recharge [pour véhicules électriques]* • **EN** *charging station [for electric vehicles]* • **PT** *posto de carregamento [para veículos elétricos]* **Beispill** méttlerweil fënnt een op bal all grousssem Parking Luedstatioune fir Elektroautoen **Synonym** Born

Luef [luəf] Maskulinum/Neutrum (Pluriel <seelen> Luewer) **DE** *Lob [positive Beurteilung]* • **FR** *compliment(s), éloge(s)* • **EN** *praise* • **PT** *cumprimento(s), elogio(s)* **Beispiller** d'Mataarbechter hu vun der Direktioun e grousst Luef kritt; niewent Luef muss een och Kritik kënne verdroen; vun deem kritt ee seelen e Luef

Lueflidd [l'ueflit] Neutrum (Pluriel Lueflidder)

I Hei entsteht en neien Artikel.

Luerenzscheierhaff [lu:grəntsʃaɪə'haf] Eegennumm **DE** (*Ferme de*) *Lorentzscheuer* • **FR** (*Ferme de*) *Lorentzscheuer* • **EN** (*Ferme de*) *Lorentzscheuer* • **PT** (*Ferme de*) *Lorentzscheuer* **Beispiller** ech wunnen um Lueren-

zscheierhaff; fiert dëse Bus op de Luerenzscheierhaff?

Luerenzweiler [l'u:grəntsvaɪlə] Eegennumm **DE** *Lorentzweiler* • **FR** *Lorentzweiler* • **EN** *Lorentzweiler* • **PT** *Lorentzweiler* **Beispiller** ech wunnen zu Luerenzweiler; fiert dëse Bus op Luerenzweiler?

lues [luəs] Adjektiv **1. DE** *leise [schwach hörbar]* • **FR** *doux [peu sonore]* <Adverb *doucement*> • **EN** *soft, quiet* <Adverb *softly, quietly*> • **PT** *baixo [pouco audível]* **Beispiller** am Wartesall ass eng Lues Musek gelaf; schwätz e bësse méi Lues, ech sinn net daf!; maach Lues, d'Kanner schlofe schonn! [maach kee Kaméidi, d'Kanner schlofe schonn!] **2. DE** *langsam [ohne Schnelligkeit, lange Zeit brauchend]* • **FR** *lent [qui manque de rapidité, qui met du temps]* <Adverb *lentement*> • **EN** *slow* <Adverb *slowly*> • **PT** *lento [que tem falta de rapidez, que leva tempo]* <Adverb *lentamente, devagar*> **Beispiller** dee leschte Leefer war esou Lues, datt e vun deem éischten iwwerronn gouf; du muss méi Lues fueren!; schwätz méi Lues, ech hunn näischt matkritt!; maach Lues, mir sinn net presséiert!; hien ass e Luesen **[ëgs]** [hie brauch laang Zäit; hie versteet net séier]; hie muss méi Lues maachen, well e laang krank war [hie muss sech schounen, well e laang krank war] **3. Lues a Lues** **DE** *allmählich, nach und nach* • **FR** *peu à peu* • **EN** *gradually, bit by bit* • **PT** *pouco a pouco* **Beispiller** d'Feier ass Lues a Lues ausgaangen; owes hëlt de Verkéier Lues a Lues of

luesgekacht [l'uesgəkaxt] Adjektiv **DE** *weichgekocht* [Ei] • **FR** *à la coque [œuf]* • **PT** *mal cozido [ovo]* **Beispiller** hues de léiwer en haart- oder e Luesgekacht Ee?; moies beim Kaffi hunn ech mäin Ee am léifste Luesgekacht

luewen [l'uevən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelueft) » **transitiv** **DE** *loben* • **FR** *louer [approuver, féliciter]* • **EN** *to praise* • **PT** *louvar, elogiar* **Beispill** de Schoulmeeschter huet de Schüler fir seng gutt Prüfung gelueft

luewenswäert [l'uevənsvɛ:ɐt] Adjektiv **DE** *lobenswert, löblich* • **FR** *louable, méritoire* • **EN** *laudable, praise-worthy* • **PT** *louvável, meritório* **Beispiller** dat ass eng luewenswäert Initiativ, déi mir och weider ënnerstetzen; et ass luewenswäert, datt hie bis zum Schluss seng Rou behalen huet

I Variant: lueweswäert

lueweswäert [l'uevəsvɛ:ɐt] Adjektiv - Variant vun **∫**luewenswäert

Luftikus [l'uftikus] Maskulinum (Pluriel Luftikussen) **[ëgs]** **DE** *Luftikus* • **FR** *tête en l'air* • **EN** *airhead, scatterbrain* • **PT** *cabeça no ar* **Beispill** op e Luftikus ewéi hie kann ee sech net verloossen **Synonym** Litti

Luftröhre [l'uftrø:rə] Femininum (Pluriel Luftröhren) - Variant vun **∫**Luftröre

Luftröhrenschnatt [l'uftrø:rənʃnat] Maskulinum (Pluriel Luftröhrenschnett) - Variant vun **∫**Luftröhrenschnatt

Luftröre [l'uftrø:rə] Femininum (Pluriel Luftrören) **DE** *Luftröhre* • **FR** *trachée* • **EN** *trachea, wind pipe* • **PT** *traqueia* **Beispill** him war eng Grimmel an d'Luftröre gerdend, e krut bal keng Loft méi

Luftrörenschnatt [ˈlʊftʁøːrənʃnat] Maskulinum (Pluriel Luftrörenschnétt) **DE** Luftröhrenschnitt • **FR** trachéotomie • **EN** tracheotomy, tracheostomy • **PT** traqueotomia **Beispill** wann eng Persoun riskéiert ze erstécken, ass e Luftrörenschnatt dacks déi eenzeg Alternativ

lukrativ [ˈlʊkratˈiːf] Adjektiv **DE** lukrativ • **FR** lucratif • **EN** lucrative • **PT** lucrativo **Beispill** eis Firma huet haut e lukratiivt Geschäft gemaach

Lumière Femininum (Pluriel Lumiären)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Lunchbox [ˈlʌnʃbɒks] Femininum (Pluriel Lunchboxen) **DE** Lunchbox • **FR** panier-repas, gamelle • **PT** lancheira **Beispill** well d'Kantin an der Schoul zou ass, bréngen d'Schüler all Dag hir Lunchbox mat

lungeren [ˈlʊŋərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelungen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

I Verb, dat **lungeren** als Basis huet: \nearrow ronderëmlungeren

Lupp [ˈlʊp] Femininum (Pluriel Luppen) **DE** Lupe • **FR** loupe [instrument d'optique] • **EN** magnifying glass • **PT** lupa [instrumento ótico] **Beispiller** fir déi Schrëft ze entzifferen, brauch ech eng Lupp; mir hu seng Ausso ënner d'Lupp geholl **[égs]** [mir hu seng Ausso kritesch analyséiert] **Synonym** Vergréisserungsglas

luppen [ˈlʊpən] Verb » **intransitiv 1.** **[égs]** luppe loossen **DE** verstreichen lassen, sich entgehen lassen • **FR** laisser tomber [renoncer à] • **EN** to skip, to miss • **PT** deixar passar [renunciar al] **Beispill** a leschter Zäit léisst hien dacks den Training luppen **Synonym** sausen loossen **2.** **[égs]** et luppe loossen **DE** sausen, rasen • **FR** foncer • **EN** to race, to zoom along • **PT** acelerar [conduzir depressa] **Beispill** gëschter hu mer et op der Autobunn schéi luppe gelooss

Lupes [ˈlʊpəs] Maskulinum (Pluriel Luppessen) **[égs]** **DE** Koloss, Dickkerchen • **FR** patapouf [personne] • **EN** lump [person] • **PT** matulão, saco [pessoa] **Beispill** déi al Fotell brécht nach ënner deem schwéiere Luppes zesummen!

Lupus [ˈlʊːpus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Lupus • **FR** lupus • **EN** lupus • **PT** lúpulo **Beispill** Lupus ass eng Autoimmunkrankheet, déi sech heefeg als rout Muster op der Haut vum Gesiicht weist

Lusaka Eegennumm **DE** Lusaka • **FR** Lusaka • **PT** Lusaca **Beispill** Lusaka ass d'Haaptstad vu Sambia

lusch [ˈlʊʃ] Adjektiv **DE** verdächtig, zwielichtig • **FR** louche [suspect] <Adverb de façon suspecte> • **EN** shady, suspicious <Adverb suspiciously> • **PT** suspeito, duvidoso <Adverb de forma suspeita> **Beispiller** déi Firma mécht luschesch Geschäft; hien ass an eng lusche Affär eragezu ginn; well hien sech lusche beholl huet, gouf e vun der Police kontrolléiert **Synonym** dubiéi

Lusch Femininum (Pluriel Luschen) **1.** **DE** Schöpflöffel, Schöpfkelle • **FR** louche [grande cuillère] • **EN** ladle [spoon] • **PT** concha [grande colher] **Beispill** d'Lusch ass mer hanner d'Kachmaschinn gefall **Synonymen** Boll, Zoppeläffel **2.** **DE** Kelle [Inhalt] • **FR** louche [contenu] • **EN** ladle [ladleful] • **PT** concha [conteúdo] **Beispill** ech heil

nach eng Lusch Zopp! **Synonymen** Boll, Zoppeläffel

Lüster [ˈlʏstɐ] Maskulinum (Pluriel Lüsteren) **DE** Kronleuchter, Lüster • **FR** lustre [luminaire] • **EN** chandelier • **PT** lustre [candeieiro] **Beispill** um Lüster mussen e puer Bieren ersat ginn

Lüsterklemm [ˈlʏstɛklɛm] Femininum (Pluriel Lüsterklemmen) **DE** Lüsterklemme • **FR** domino [dispositif électrique] • **EN** screw terminal [electrical connector] • **PT** borne de ligação **Beispill** maach d'Sicherung eraus, ier s de un déi Lüsterklemm kniwwele gees!

Lutetium [ˈlutɛːtʃjum] Maskulinum (kee Pluriel) **[Chimie]** **DE** Lutetium [chemisches Element] • **FR** lutécium [élément chimique] • **EN** lutetium [chemical element] • **PT** lutécio [elemento químico] **Beispill** d'Element Lutetium gehéiert zum Grupp vun de Lanthanoiden

Lutsch [ˈlʊʃ] Femininum (Pluriel Lutschen) **DE** Lutscher • **FR** sucette • **EN** lolly, lollipop [sweet] • **PT** chupachupa **Beispill** d'Kanner kruten alleguer eng Lutsch, well se brav waren **Synonym** Sucette

lutschen [ˈlʊʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelutscht) » **transitiv 1.** **DE** lutschen • **FR** sucer [faire fondre dans la bouche] • **EN** to suck • **PT** chupar [dissolver na boca] **Beispill** wann ee vill där Kamelle lutscht, da kritt een eng blo Zong » **intransitiv 2.** lutschen un **DE** lutschen an • **FR** sucer [exercer une succion sur] • **EN** to suck on • **PT** chupar em [fazer sucção em] **Beispill** lutsch net stänneg un dengem Bic! **Synonym** suckelen un

I Verb, dat **lutschen** als Basis huet: \nearrow oflutschen

Lutte [ˈlyt] Femininum (Pluriel Lutten) **DE** Kampf [Bemühung (um), Ringen (um)] • **FR** lutte [engagement] • **EN** fight [campaign, struggle] • **PT** luta [empenho] **Beispill** hien engagéiert sech ganz staark an der Lutte géint de Rassismus

Luucht [ˈluːxt] Femininum **1.** (Pluriel Luuchten) **DE** Lampe • **FR** lampe, luminaire • **EN** light, lamp • **PT** candeieiro **Beispiller** meng Elteren hunn eng nei Luucht fir an de Living kaaft; wann de Finanzsecteur zoumécht, da ginn zu Lëtzebuerg d'Luuchten aus **[égs]** [wann de Finanzsecteur zoumécht, ass Lëtzebuerg finanziell ganz schlecht drun] **2.** (kee Pluriel) **DE** Licht [Beleuchtung, Helligkeit] • **FR** lumière [éclairage, clarté] • **EN** light [illumination] • **PT** luz [iluminação, claridade] **Beispiller** bei den Noperen ass nach Luucht; duerch déi Riddoe kënn keng Luucht eran **3.** Rout Luucht **DE** Ampel, Verkehrsampel • **FR** feu (de signalisation) • **EN** (traffic) light • **PT** sinal vermelho, semaforo **Beispiller** bei der Rouder Luucht ginn ech dacks ongedëlleg; dohannen op der Kräizung ginn d'(Rout) Luuchten net; wann déi Rout Luucht orange ass, muss een eigentlech scho stoe bleiwen **4.** Gréng Luucht ginn **DE** grünes Licht geben • **FR** donner le feu vert à • **EN** to give the green light, to give the go-ahead • **PT** dar luz verde a **Beispill** meng Cheffin huet mer Gréng Luucht ginn, fir meng Iddi ze testen **5.** (kee Pluriel) **DE** Luft [Höhe, Himmel] • **FR** air [altitude, ciel] • **EN** air, sky [off the ground] • **PT** ar [altitude, céu] **Beispiller** de Flüger ass schonn an der Luucht; ech hunn de Ball esou héich an d'Luucht gehäit, ewéi ech konnt; d'Kanner si vu Freed an d'Luucht gesprongen; d'Luucht geet zou let zéie Wolleken op; duerch

d'Explosioun ass d'ganzt Haus an d'Luucht geflunn ^[ëgs] [duerch d'Explosioun ass d'ganzt Haus zerstéiert ginn]; wéi et geknuppt huet, sinn ech an d'Luucht gaangen ^[ëgs] [wéi et geknuppt huet, sinn ech erféiert]; hie geet fir all Dreck an d'héi Luucht! ^[ëgs] [hie gétt fir all Dreck rosen] **6.** d'Luucht aus kucken **DE** *nach oben schauen, in die Luft schauen* • **FR** *regarder en l'air* • **PT** *olhar para o ar* **Beispiller** ech sinn an en Hondsdreck getréppelt, well ech d'Luucht aus gekuckt hunn; déi nei Mataarbechterin kuckt dee ganzen Dag d'Luucht aus [déi nei Mataarbechterin schafft net vill]; ech hunn déi ganz Nuecht d'Luucht aus gekuckt [ech hunn déi ganz Nuecht net geschlof] **7.** an d'Luucht goen **DE** *steigen* [zunehmen] • **FR** *monter, augmenter* • **EN** *to climb, to increase* • **PT** *subir, aumentar* **Beispill** d'Bensinnspräisser gi schonn erëm an d'Luucht **Synonym** klammen

Luuchtepotto [l'u:χtəpoto:] Maskulinum (Pluriel Luuchtepottoen) **DE** *Laternenpfahl* • **FR** *(colonne de) réverbère* • **EN** *lamp post* • **PT** *poste de iluminação* **Beispill** well et glat war, huet den Automobilist e Luuchtepotto ze pake kritt

Luuchteschalter [l'u:χtəfalte] Maskulinum (Pluriel Luuchteschalteren) **DE** *Lichtschalter* • **FR** *interrupteur (électrique)* [d'une lampe] • **EN** *light switch* • **PT** *interruptor (da luz)* **Beispill** hallef am Schlof hunn ech nom Luuchteschalter getaascht

Luuchteschirm Maskulinum (Pluriel Luuchteschiermer) **DE** *Lampenschirm* • **FR** *abat-jour* [d'une lampe] • **PT** *abajur, quebra-luz* **Beispill** meng Bomi huet e Faibel fir Luuchte mat ausgefalenen Luuchteschiermer **Synonym** Abat-jour

Kuerzform: Schierm

Luuss [lu:s] Maskulinum (Pluriel Luussen) **Lynx lynx** - Variant vun ↗Luchs

luusseg [l'u:səç] Adjektiv **DE** *gewitzt, pffiffig* • **FR** *malin, futé* <Adverb l'air rusé> • **EN** *unning, crafty* <Adverb cunningly, craftily> • **PT** *manhoso, astuto, matreiro* <Adverb com ar manhoso> **Beispiller** esou e luussege Kärel schmiert een net esou séier un; hien ass méi duerchdriwwen a luusseg ewéi ee mengt; hie kann esou luusseg kucken; an der Nuecht war et luusseg kal ^[ëgs] [an der Nuecht war et méi kal, wéi ee geduecht hat] **Synonym** schlau

luussen [l'u:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geluusst) » **intransitiv** **DE** *spähen, gucken* • **FR** *regarder (subrepticement), épier* • **EN** *to peep* • **PT** *espreitar, espiar* **Beispill** ech hunn dee Lausbouf derbäi erwëscht, wéi en duerch d'Schlëssellach wollt luussen

Verb, dat luussen als Basis huet: ↗erauluussen

Luussert [l'u:set] Maskulinum (Pluriel Luusserten) **DE** *Schlaumeier* • **FR** *malin, roublard* • **EN** *sly old fox* • **PT** *espertalhão, finório, manhoso* **Beispill** dee Luussert kennt allméiglech Tricken, fir bei engem Geschäft zu sengen ze kommen

Luxatioun [lyksasj'əʊn] Femininum (Pluriel Luxatiounen) **DE** *Ausrenkung, Auskuglung* • **FR** *luxation* • **EN** *dislocation, luxation* [of a joint] • **PT** *luxação* **Beispill** de Schifuerer ass mat enger Luxatioun vun der Schëller an d'Klinik ageliwwert ginn

Luxemburgistik [luksəmburg'istik] Femininum (kee Pluriel)

Hei entsteet en neien Artikel.

Luxmaschinn [l'uksmafɪn] Femininum (Pluriel Luxmaschinnen) ^[vereezelt] **DE** *PKW* [der Mittel- und Oberklasse] • **FR** *voiture de tourisme, limousine* • **EN** *(large) car, limousine* • **PT** *carro de turismo, carro de luxo* **Beispill** mäin Noper restauréiert eng Luxmaschinn aus de Sechzegerjoren

luxuriéis [luksurj'ɛis] Adjektiv **DE** *luxuriös* • **FR** *luxueux* <Adverb de façon luxueuse> • **EN** *luxurious* <Adverb luxuriously> • **PT** *luxuoso* <Adverb luxuosamente> **Beispiller** fir hir Hochzäitsrees hu si sech e ganz luxuriéisem Hotel erausgesicht; si hunn sech luxuriéis ageriicht

Luxus [l'uksus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Luxus* • **FR** *luxe* • **EN** *luxury* • **PT** *luxo* **Beispill** mir kënnen eis dee Luxus net leeschten

Lycée [l'ise:] Maskulinum (Pluriel Lycéeën) **1.** **DE** *weiterführende Schule* [Institution] • **FR** *(école d')enseignement secondaire* [institution] • **EN** *grammar school, high school* [institution] • **PT** *(escola de) ensino secundário* [instituição] **Beispiller** d'Schoulpflicht zu Lëtzebuerg ëmfaasst zéng Joer, no der Primärschoul nach e puer Joer (am) Lycée; am Lycée gi verschidde Formatiounen ugebueden, vun der Berufsausbildung bis hin zur Première; mäi beschte Frënd war am Lycée an enger Parallelklass; zënter dem Lycée hunn ech hien net méi erëmgesinn [zënter eiser Schoulzäit am Lycée hunn ech hien net méi erëmgesinn]; déi zwee Lycéeë féieren um Enn vum Schouljoer e grousst Theaterstéck op [d'Gemeinschaft aus deenen zwee Lycéeë féiert um Enn vum Schouljoer e grousst Theaterstéck op] **2.** **DE** *weiterführende Schule* [Gebäude] • **FR** *collège, lycée* [bâtiment] • **EN** *grammar school, high school* [building] • **PT** *escola secundária* [edifício] **Beispiller** an der Vakanz hat et am Lycée gebrannt; no der Vergrëisserung vum Lycée ass Plaz fir iwwe 1000 Schüler

Lymphdrainage [l'imfdrɛ:na:] Femininum (Pluriel Lymphdrainagen) **DE** *Lymphdrainage* • **FR** *drainage lymphatique* • **EN** *lymphatic drainage* • **PT** *drenagem linfática* **Beispill** mat der Lymphdrainage gi Lymphödemer, déi sech ënner der Haut stauen, wechmasséiert

Lymphdrüs [l'imfdry:s] Femininum (Pluriel Lymphdrüsen) **DE** *Lymphknoten, Lymphdrüse* • **FR** *ganglion lymphatique* • **EN** *lymph gland, lymph node* • **PT** *gânglio linfático* **Beispill** d'Lymphdrüse spillen am Kierper eng wichteg Roll beim Ofwiere vu Krankheeten

Lymphdrüsekreibs [l'imfdryzəkri:ps] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Lymphdrüsenkrebs, Lymphknotenkrebs* • **FR** *lymphome* • **EN** *lymphoma, lymph node cancer, lymph gland cancer* • **PT** *linfoma* **Beispill** beim Lymphdrüsekreibs hunn déi meescht Patienten d'Lymphdrüse geschwollen, ouni awer Péng ze hunn

Lymphödem [l'imfəde:m] Maskulinum (Pluriel Lymphödemen) **DE** *Lymphödem* • **FR** *œdème lymphatique, lymphoedème* • **EN** *lymphoedema* • **PT** *edema linfático, linfedema* **Beispill** staut sech stänneg Waasser an de Been, kann e Lymphödem d'Ursaach sinn

Lymphödem [l'ɪmføde:m] Maskulinum (Pluriel Lymphödemen) - Variant vun ↗Lymphödeem

lynchen [l'ɪnçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gelyncht) » **transitiv** DE lynchen • FR lyncher • EN to lynch • PT linchar **Beispill** wann d'Police de Mærder net matgeholl hätt, da wier e gelyncht ginn

Lyoner [l'io:nə] Femininum (kee Pluriel) DE Lyoner [Wurst] • FR saucisse de viande, cervelas [de viande très finement hachée] • EN bologna sausage, wurst • PT sal-sichão de carne picada **Beispiller** eise Metzler huet déi bescht Lyoner aus der Stad; ech hu gëschter e ganze Kranz Lyoner beienee giess

lyresch [l'i:rəʃ] Adjektiv DE lyrisch [die Lyrik betreffend] • FR lyrique [relatif à la poésie] • EN lyric, lyrical • PT lírico **Beispill** ech hu probéiert, lyresch Texter ze schreiwen

Lyrik [l'irik] Femininum (kee Pluriel) DE Lyrik • FR poésie [genre littéraire] • EN lyric poetry • PT poesia [género literário] **Beispill** déi modern Lyrik ass dacks schwéier ze verstoen

Lyriker [l'i:rike] Maskulinum (Pluriel Lyriker) DE Lyriker • FR poète lyrique • EN lyric poet • PT poeta lírico **Beispill** dee Lyriker ass jonk gestuerwen

♀ Weiblech Form: ↗Lyrikerin

Lyrikerin [l'i:rikərin] Femininum (Pluriel Lyrikerinnen) DE Lyrikerin • FR (femme) poète lyrique • EN lyric poet [female] • PT poeta lírica, poetisa lírica **Beispill** an hiren Texter verschafft d'Lyrikerin Ereliefnesser, déi se besonnesch gepräägt hunn

♂ Männlech Form: ↗Lyriker

M

M Maskulinum (Pluriel M-en / M) **DE** M [Buchstabe] • **FR** m [lettre] **Beispill** nenn mer eng Uebstzort, déi mam Buschtaf M ufänkt!

mä [mɛ:] Konjunktioun - Variant vun **me**

ma [ma] Partikel **DE** also, nun, aber, na • **FR** [sert à nuancer l'expressivité d'un énoncé] • **EN** [used to nuance the expressiveness of a statement] • **PT** [serve para matizar a expressividade de um enunciado] **Beispiller** ma dach, ech sot der et jo!; ma da géi dach einfach heem, wann et der net gutt ass!; ma géiff dech dach!; ma sécher klappt dat!; ma Pappa, dat do hues de eis scho fofzgegmol verzielt!; ma gewass!

ma [ma] Interjektioun **DE** na hör mal, vergiss es, i wo • **FR** (que) non, penses-tu • **EN** no way, get lost • **PT** pois sim, qual (quê) **Beispill** ma, ech gi gewass mat an de Kino!

ma [ma] Konjunktioun **DE** doch, aber • **FR** or, mais • **EN** but • **PT** mas, porém **Beispill** ech hu probéiert bei der Doktesch unzeruffen, ma et ass keen dropgaangen

Maach [ma:χ] Femininum (kee Pluriel) an der Maach **DE** in Arbeit • **FR** en cours de réalisation, en chantier • **EN** in progress, in the making • **PT** em fase de realização, em construção **Beispill** déi Saach ass nach an der Maach

maachen [m'a:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gemaach / gemaacht) » **transitiv 1. DE** machen, tun [eine Tätigkeit] • **FR** faire [effectuer] • **EN** to do [an activity], to make [an application, an outing] • **PT** fazer [efetuar] **Beispiller** wat méchs du do?; hie mécht vill Sport; d'Schoukclass huet en Ausflug gemaach; du bass aus dem Alter eraus, wou een esou Dommheete mécht!; fir e Subsid ze kréien, muss de eng Demande maachen; mat mir méchs de net, wat s de wëlls!; du méchs dat! [égs] [du bréngs dat fäerdeg!]; ech hunn näischt gemaach! [égs] [ech sinn onschëlleg!]; esou eppes mécht een net! [égs] [esou eppes gehéiert sech net!]; wat mécht däi futtisse Knéi? [égs] [wéi geet et mat dengem futtisse Knéi?]; wie mécht de Clown? [égs] [wie verkleet sech als Clown?]; wien näischt mécht, deen näischt brécht! [égs] [wien näischt mécht, kann och näischt falsch maachen] **2. DE** machen [pflegen, zurechtmachen] • **FR** faire [entretenir, arranger] • **EN** to do [gardening], to make [a bed] • **PT** fazer [cuidar de, arranjar] **Beispiller** dëst Joer hunn ech de Gaart net selwer gemaach; d'Better sinn nach net gemaach **3. maachen** (aus) **DE** machen (aus) [produzieren, fertigen] • **FR** faire (à partir de) [fabriquer, produire, réaliser] • **EN** to make (from), to produce (from), to take [a photo] • **PT** fazer (a partir de) [fabricar, produzir, realizar] **Beispiller** ouni Hief méchs de kee classesche Pizzasdeeg; mir maachen eise Jelli selwer; eis Nopere maache Viz aus hiren Äppel; an der Vakanz hu mir vill Fotoe gemaach; hien ass net fir dës Aarbecht gemaach [hien ass net déi géeeigent Persoun fir dës Aarbecht!]; domat kann ee vill Sue maachen [égs] [domat kann ee vill Sue verdéngen!]; eise Klenge mécht grad Zänn leise Klenge kritt grad seng Mëllezänn!; mir ginn all Wanter an de Bësch Holz maachen [mir ginn all Wanter an de Bësch Beem haen a maache Brennholz

draus] **4. DE** machen [betragen, ergeben] • **FR** faire [avoir pour résultat] • **EN** to make [to equal] • **PT** fazer [ter como resultado] **Beispiller** 2 an 2 mécht 4; dat mécht 50 Euro [dat kascht 50 Euro]; déi Sau mécht 100 Kilo [égs] [déi Sau weit 100 Kilo]; du brauchst him keng Blummen ze schécken, eng Kaart mécht et och [égs] [du brauchst him keng Blummen ze schécken, eng Kaart geet duer] **5. DE** machen [verursachen] • **FR** faire [causer] • **EN** to make, to cause • **PT** fazer [causar] **Beispiller** dëse Summer huet d'Dréchent vill Schued gemaach; d'Autoe maache Kaméidi; du hues eis scho genuch Misär gemaach!; dat mécht näischt! [dat ass net schlëmm!] **6. DE** machen [werden lassen] • **FR** rendre [faire devenir] • **EN** to make [to cause to become] • **PT** fazer, pôr [deixar, tornar] **Beispiller** déi Nouvelle huet mech traueereg gemaach; d'Kanner maachen ee geckeg mat hirem Gejääz! **7. DE** tun [legen, stellen, setzen] • **FR** mettre [disposer, placer] • **EN** to put [to place] • **PT** pôr, meter [dispor, colocar] **Beispiller** maach d'Saachen an d'Mall!; si huet zwou nei Batterien an de Wecker gemaach **8. DE** machen [zugestehen, geben] • **FR** faire [accorder, donner] • **EN** to give [a good price], to do [a favour], to make [a gift] • **PT** fazer [conceder, dar] **Beispiller** de Verkeefer huet eis e gudde Präis gemaach; mir hunn him eng Faveur gemaach; hien huet mir e klenge Kaddo gemaach; maacht mer e puer Tranchen Ham! [égs] [paakt mer e puer Tranchen Ham an!] **9. DE** machen [eine Äußerung] • **FR** faire [exprimer] • **EN** to make [a comment] • **PT** fazer [exprimir] **Beispiller** du hues eng interessant Bemierkung gemaach; hie mécht hir dacks Komplimenter » **intransitiv 10. DE** machen [handeln] • **FR** faire [agir] • **EN** to do [to take action] • **PT** fazer [agir] **Beispill** maach, wéi s de wëlls! **11. maachen**, datt **DE** dafür sorgen, dass • **FR** faire en sorte que • **EN** to make sure that • **PT** fazer com que **Beispiller** maach, datt keen eppes gewuer gëtt!; säi Monni huet gemaach, datt hien eng gutt Plaz krut; maach! [égs] [seet een zu engem Kand, fir datt e soll follegen] **Synonym** derfir suergen, datt **12. DE** machen [seine Notdurft verrichten] • **FR** faire caca, faire pipi • **EN** to poo, to wee • **PT** fazer cocó, fazer chichi **Beispiller** Ären Hond mécht ëmmer an eise Virgäertchen!; hei kuck, dee Klengen huet an d'Box gemaach! **13. [égs]** maache bei **DE** (mit Gewalt) zusetzen • **FR** malmener • **EN** to lay into [to handle roughly], to press hard [an opponent] • **PT** agredir (com violência), atacar (energicamente) **Beispiller** d'Klapper hunn op de Mann gewaart a gutt bei e gemaach; am leschte Match hunn eis Stiermer gutt bei se gemaach » **reflexiv 14. DE** so tun (als ob) • **FR** faire (comme si), faire semblant • **EN** to act (as if), to pretend • **PT** fazer (que), fingir **Beispiller** maach dech net, wéi wann s de näischt géifs verstoen!; de Patient mécht sech nëmmen esou! **15. DE** sich machen [Fortschritte machen] • **FR** progresser, faire des progrès • **EN** to do well [to make progress] • **PT** progredir, fazer progressos **Beispill** eisen Eelste mécht sech gutt op senger neier Plaz **16. sech** (op de Wee) maachen **DE** sich auf den Weg machen • **FR** partir, se mettre en route • **EN** to head off, to leave • **PT** partir, pôr-se a caminho **Beispill** et ass scho spéit, elo maache mer eis esou lues (op de Wee)

i Verben, déi **maachen** als Basis hunn: **amaachen**, **ausmaachen**, **abämaachen**, **bekanntmaachen**, **blomaachen**, **breetmaachen**, **derbämaachen**, **derduerchmaachen**,

↗dervumaachen, ↗dichtmaachen, ↗dropmaachen, ↗duercherneemaachen, ↗duerchmaachen, ↗duermaachen, ↗erausmaachen, ↗erofmaachen, ↗eropmaachen, ↗erumaachen, ↗ewechmaachen, ↗faerddegmaachen, ↗festmaachen, ↗fräimaachen, ↗fräschmaachen, ↗futtimaachen, ↗gläichmaachen, ↗guttmaachen, ↗heemmaachen, ↗kalmaachen, ↗lassmaachen, ↗matmaachen, ↗neimaachen, ↗noe-neemaachen, ↗nomaachen, ↗noneemaachen, ↗ofmaachen, ↗opmaachen, ↗prettmaachen, ↗umaachen, ↗virmaachen, ↗virumaachen, ↗vrecktmaachen, ↗wäismaachen, ↗weidermaachen, ↗weismaachen, ↗wettmaachen, ↗wichtegmaachen an ↗zoumaachen

Maacherloun [m'a:χeləʊn] Maskulinum (kee Pluriel) **[vereez]** DE *Macherlohn* • FR *prix de la main-d'œuvre* • EN *labour costs* [wages] • PT *preço da mão de obra* **Beispill** de Maacherloun ass iwwerdriwwen

Maandel [m'a:ndəl] Femininum (Pluriel Maandelen) DE *Wäschekorb* • FR *panier à linge* • EN *laundry basket* • PT *cesto da roupa* **Beispill** ech hunn d'Kleeder aus der Wäschmaschinn geholl a se an d'Maandel geluecht

maans [ma:ns] Adjektiv maans sinn DE *erwachsen sein* • FR *être adulte* • EN *to be grown-up* • PT *ser adulto* **Beispiller** hien ass déi lescht Zäit schéi maans ginn; dat Meedchen ass maans genuch fir ze wëssen, wat et mécht

Maansgréisst [m'a:nsgrɛɪst] Femininum (kee Pluriel) a Maansgréisst DE *in Mannshöhe* • FR *de la taille d'un homme* • EN *life-size, man-size* • PT *da altura de um homem* **Beispill** an der Entrée vum Theater stinn zwou Skulpturen a Maansgréisst

Maanskärel [m'a:nskɛ:rəl] Maskulinum (Pluriel Maanskärelen) **[egs]** DE *Kerl, Mannsbild* • FR *type, mec* • EN *bloke* • PT *tipo, gajo* **Beispiller** dee Maanskärel huet keng Manéieren; ech hunn op der Party e puer flott Maanskärele kenne geléiert

Maansmënsch [m'a:nsmənʃ] Maskulinum (Pluriel Maansleit) **[egs]** DE *Mann* [männliche Person] • FR *homme* [personne de sexe masculin] • EN *man* [male person] • PT *homem* [pessoa do sexo masculino] **Beispill** an deem Bistro sinn nëmme Maansleit **Synonym** Mann

Maarkebaach [m'a:rkəba:χ] Eegennumm DE *Maarkebaach* • FR *Maarkebaach* • EN *Maarkebaach* • PT *Maarkebaach* **Beispiller** ech wunnen an der Maarkebaach; fiert dese Bus an d'Maarkebaach?

Maarkollef [m'a:rkələf] Maskulinum (Pluriel Maarkollefen) Garrulus glandarius DE *Eichelhäher* • FR *geai des chênes* • EN *Eurasian jay* • PT *gajo-comum* **Beispill** wéi laang bréien d'Maarkollefen?

Maarksbiereg [m'a:rkʰsbi:ɛç] Eegennumm DE *Marxberg* • FR *Marxberg* • EN *Marxberg* • PT *Marxberg* **Beispiller** ech wunnen um Maarksbiereg; fiert dese Bus op de Maarksbiereg?

Maarnech [m'a:rnɛç] Eegennumm DE *Marnach* • FR *Marnach* • EN *Marnach* • PT *Marnach* **Beispiller** ech wunnen zu Maarnech; fiert dese Bus op Maarnech?

[i] Lokalvariant: Maarnich

Maarnich [m'a:rnɪç] Eegennumm - Variant vun ↗Maarnech

Maart [ma:Rt] Maskulinum (Pluriel Mäert) **1.** DE *Markt* [Verkaufsveranstaltung] • FR *marché* [lieu de vente] • EN

market [sales event] • PT *mercado* [local de venda] **Beispiller** ech hu mer um Maart eng Bott Spargele kaaft; mir verkafen eist Geméis op deene verschidene Mäert hei am Land **2.** DE *Markt* [Warenverkehr] • FR *marché* [circulation de biens] • EN *market* • PT *mercado* [circulação de bens] **Beispiller** d'Offer an d'Demande regelen de Maart; gëtt et schon e Maart fir Äert neit Produkt? **Synonym** Marché

Maartel [m'a:rtəl] Eegennumm DE *Martelingen* • FR *Martelange* • EN *Martelange* • PT *Martelange* **Beispiller** ech wunnen zu Maartel; fiert dese Bus op Maartel?

Maarteleng [m'a:rtələŋ] Eegennumm DE *Martelingen* • FR *Martelange* • EN *Martelange* • PT *Martelange* **Beispiller** ech wunnen zu Maarteleng; fiert dese Bus op Maarteleng?

Maartfra [m'a:rtfra:] Femininum (Pluriel Maartfraen) DE *Markthändlerin* • FR *marchande* [sur un marché] • EN *stallholder* [female] • PT *vendedora de mercado, feirante* **Beispill** Dës sympathesch Maartfra verkeeft nëmme Uebst a Geméis aus hirem eegene Gaart

[i] Männlech Form: ↗Maartmann

Maarthal [m'a:rtha:l] Femininum (Pluriel Maarthalen) DE *Markthalle* • FR *marché couvert* [bâtiment] • EN *indoor market* • PT *mercado coberto* [edifício] **Beispill** fréier hat all gréisser Stad eng Maarthal

Maartleit [m'a:rtləit] Substantiv (kee Singulier) DE *Markthändler* • FR *commerçants de marché, marchands forains* • EN *stall holders, market traders* • PT *vendedoras de feira, feirantes* **Beispill** am fréien Nomëtteg hunn d'Maartleit hir Saachen zesummegepaakt

Maartmann [m'a:rtman] Maskulinum (Pluriel Maartmänner) DE *Markthändler* • FR *marchand* [sur un marché] • EN *stallholder* • PT *vendedor de mercado, feirante* **Beispill** de Maartmann huet mer meng Porretten an eng Zeitung gewéckelt

[i] Weiblech Form: ↗Maartfra

Maartplaz [m'a:rtpla:ts] Femininum (Pluriel Maartplazen) DE *Marktplatz* • FR *place du marché* • EN *market square* • PT *praça do mercado* **Beispiller** d'Fassade vun den alen Haiser op der Maartplaz goufe bal all renovéiert; am Summer drénken ech gär en Aperitif op enger Terrass op der Maartplaz

Maasselter [m'a:səlte] Maskulinum **1.** (Pluriel Maasselter) DE *Ahorn, Feldahorn* • FR *érable* (champêtre) • PT *acer* (-campestre), *bordo* (-comum) **Beispill** de Fierschter huet jonk Maasselter planze gelooss **Synonym** Ahorn **2.** (kee Pluriel) DE *Ahorn* [Holz] • FR *érable* [bois] • EN *maple* [wood] • PT (madeira de) *bordo* **Beispill** eisen neie Schaf ass aus Maasselter **Synonym** Ahorn

Macademia [makad'a:mja:] Femininum (Pluriel Macadamiaen) - Kuerzform vun ↗Macadamianoss

Macadamianoss [makad'a:mjanos] Femininum (Pluriel Macadamianëss) DE *Macadamianuss* • FR *noix de macadamia* • EN *macadamia nut* • PT *noz-macadâmia* **Beispill** beim Aperitivo zerweieren ech nawell gär Macadamianëss

[i] Kuerzform: Macademia

machbar [m'axba:R] Adjektiv **DE** machbar • **FR** faisable, réalisable • **EN** doable, feasible • **PT** praticável, realizável, viável **Beispiller** de Riedner huet mat konkreten, machbare Projeten iwwerzeegt; mir brauchen eng Léisung, déi gerecht a machbar ass

Machbarkeit Femininum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Machenschaft [m'axənfəft] Femininum (Pluriel Machenschaften)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Macho [m'atʃo:] Maskulinum (Pluriel Machoen) **DE** Macho • **FR** macho • **EN** macho • **PT** machista **Beispill** muss du dech ëmmer opfeiere wéi e Macho!

Macht [mɑxt] Femininum (Pluriel Mächten) - Variant vun **➤**Muecht

mächtig [m'æçtəç] Adjektiv **1. DE** mächtig [stark, einflussreich] • **FR** puissant [fort, influent] • **EN** powerful, influential • **PT** poderoso [forte, influente] **Beispill** dat Land ass duerch seng Industrie räich a mächtig ginn **2. DE** mächtig [wichtig, massiv] • **FR** énorme, massif, très grand • **EN** massive, huge • **PT** enorme, maciço, muito grande **Beispiller** dat mächtigt Gebai aus dem 18. Joerhonnert gëtt ofgerappt; hannen am Gaart steet e mächtige Käschtel **3. net** mächtig sinn ze **DE** nicht imstande sein zu • **FR** ne pas être capable de, ne pas être à même de • **EN** to be incapable of • **PT** não ser capaz de **Beispill** hien ass emol net mächtig, en Nol riicht anzeklappen! **Synonymen** net amstand sinn ze, net fäeg sinn ze, net kapabel sinn ze **4. sech** senger net méi mächtig sinn **DE** seiner selbst nicht mehr mächtig sein • **FR** ne plus être maître de soi • **EN** to lose control of oneself • **PT** já não estar senhor de si **Beispill** wann hie gedronk huet, ass e sech senger net méi mächtig

mackeg Adjektiv **DE** matt, schlapp, kraftlos • **FR** las, faible, sans force • **PT** débil, fraco, sem forças **Beispiller** du méchs haut e mackegen Androck op mech, brucks de un enger Erkältung?; ech fille mech nach ëmmer mackeg, d'Mogripp huet mech ferm matgeholl **Synonym** aarmséileg

Mackero Maskulinum (Pluriel Mackeroen) **1. DE** Makrele [Tier] • **FR** maquereau [animal] • **PT** sarda, cavala [animal] **Beispill** eise Fëscherclub fiert eemol d'Joer op d'Mier Mackeroe fänken **Synonym** Makreil **2. DE** Makrele [Nahrungsmittel] • **FR** maquereau [aliment] • **PT** sarda, cavala [alimento] **Beispill** als Entrée gouf et eng Lënsenzalat mat gereechertem Mackero **Synonym** Makreil **3. [ëgs]** **DE** Zuhälter • **FR** maquereau, souteneur • **EN** pimp • **PT** chulo, proxeneta **Beispill** d'Police hat genuch Beweiser, fir de Mackero ze iwwerfeieren **Synonym** Zouhalter

Mackes Maskulinum (kee Pluriel) [ëgs] **DE** Prügel, Haue • **FR** raclée [coups] • **PT** tareia, sova **Beispill** provozéier mech net, soss gëtt et Mackes! **Synonym** Streech

Madagaskar [madag'aska:R] Eegennumm, Neutrum **DE** Madagaskar • **FR** Madagascar • **EN** Madagascar • **PT** Madagáscar **Beispiller** ech war schonn dräimol op Madagaskar; ech fueren d'nächst Woch op Madagaskar; ech komme vu Madagaskar

I männlech Persoun: **➤**Madagass weiblech Persoun: **➤**Madagassin Adjektiv: **➤**madagassesch Haaptstad: **➤**Antananarivo

Madagass [madag'as] Maskulinum (Pluriel Madagassen) **DE** Madagasse • **FR** Malgache • **EN** Malagasy • **PT** malgaxe **Beispill** mäi beschte Frënd ass Madagass

madagassesch [madag'asəʃ] Adjektiv **DE** madagassisch • **FR** malgache • **EN** Malagasy • **PT** malgaxe **Beispill** op eiser Rees hu mir déi madagassesch Kultur kenne geleiert

Madagassin [mad'agasin] Femininum (Pluriel Madagassinnen) **DE** Madagassin • **FR** Malgache • **EN** Malagasy [female] • **PT** malgaxe **Beispill** meng bescht Frëndin ass Madagassin

Madame [mad'am] Femininum (Pluriel Madammen) - Variant vun **➤**Madamm

Madamm [mad'am] Femininum **1.** (Pluriel Madammen) **DE** Dame [Frau] • **FR** dame [femme] • **EN** lady [woman] • **PT** senhora [mulher] **Beispill** et ass eng Madamm un der Dier, déi mat dir wëllt schwätzen **Synonym** Damm **2.** (kee Pluriel) **DE** (gnädige) Frau [Anrede] • **FR** madame [titre] • **EN** Madam, Mrs. [form of address] • **PT** senhora [tratamento] **Beispiller** Madamm Ministesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, Iech hei kënnen ze begrëssen!; Bonjour, Madamm X, wat kann ech fir Iech maachen? **3.** (Pluriel Madammen) **DE** Frau [Ehefrau] • **FR** femme [épouse] • **EN** wife [one's lady] • **PT** mulher [esposa] **Beispill** sidd Dir haut ouni Är Madamm komm? **Synonym** Fra

Madämmchen [m'adæmçən] Femininum (Pluriel Madämmcher) - Diminutivform vun **➤**Madamm

Madeleine Femininum (Pluriel Madeleinen) [Gastronomie] **DE** Madeleine [Gebäck] • **FR** madeleine [petit gâteau] • **PT** madalena [pequeno bolo] **Beispill** bei eisem Bäcker kriss de déi beschte Madeleinen aus der ganzer Stad

Madère [m'adɛ:R] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) [Gastronomie] **DE** Madeira, Madeirawein [Getränk] • **FR** madère [boisson] • **EN** Madeira (wine) [drink] • **PT** vinho da Madeira **Beispill** an dës Zooss gehéiert e gudde Schotz **Madère 2.** (Pluriel Madère / Madèren) [Gastronomie] **DE** (Glas) Madeira, (Glas) Madeirawein • **FR** (verre de) madère • **EN** (glass of) Madeira (wine) • **PT** copo de vinho da Madeira **Beispiller** nom Iessen hunn ech mer e kleng Madeire geneemegt; de Garçon hat eis Madèren net gerechent

Madèreszooss [m'adɛ:çtso:s] Femininum (Pluriel Madèreszoossen / Madèreszosen) **DE** Madeirasauce • **FR** sauce madère • **EN** Madeira sauce • **PT** molho de vinho da Madeira **Beispill** am Restaurant haten se dës Woch als Suggestioun Zong mat Madèreszooss a gekachte Gromperen

Madonna Femininum (Pluriel Madonnaen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Mädrescher [mɛ:dræʃɛ] Maskulinum (Pluriel Mä-drescheren) **DE** Mähdrescher • **FR** moissonneuse-batteuse • **EN** combine harvester • **PT** ceifeira-debulhadora **Beispill** de Bauer ass mam Mädrescher op d'Feld geuer

i Variant: Méidrescher

Madrid Eegennumm **DE** *Madrid* • **FR** *Madrid* • **PT** *Madrid*
Beispill Madrid ass d'Haaptstad vu Spuenien

Madriil [madr'iil] Femininum (Pluriel Madrillen) **DE** *Bohle* • **FR** *madrier* • **EN** *beam, plank* • **PT** *prancha, tabuão*
Beispill dës zwou Madrille mussen nach op déi richteg Mooss geschnidde ginn

mäen [m'ɛ:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gemät) » **intransitiv** **DE** *blöken, mähen* • **FR** *béler [mouton]* • **EN** *to bleat, to baa* • **PT** *balir* **Beispill** et héiert een d'Schof am Stall mäen

Mäerder [m'ɛ:ɔdɛ] Maskulinum (Pluriel Mäerder) **DE** *Mörder* • **FR** *assassin, meurtrier* • **EN** *murderer, killer* • **PT** *assassino, homicida* **Beispiller** de Mäerder huet d'Affer mat engem Kichemesser erstach; hien huet Kreesch gedoen ewéi e Mäerder! **[égs]** [hien huet ganz haart Kreesch gedoen]

i Weiblech Form: ↗Mäerderin

mäerderesch [m'ɛ:ɔdɛrəʃ] Adjektiv **1. DE** *mörderisch [brutal]* • **FR** *meurtrier [violent]* • **EN** *murderous [brutal]* • **PT** *mortífero [violento]* **Beispill** op der Televisioun hunn se haut nëmme vun där mäerderescher Attack geschwat **2. DE** *mörderisch [extrem]* • **FR** *infernal, abominable [extrême]* • **EN** *murderous [infernal, gruelling]* • **PT** *infernal, terrível [extremo]* **Beispiller** haut ass eng mäerderesch Hëtz; firwat deet deen esou mäerderesch Kreesch?

Mäerderin [m'ɛ:ɔdɛrɪn] Femininum (Pluriel Mäerderinnen) **DE** *Mörderin* • **FR** *(femme) assassin, meurtrière* • **EN** *murderer, killer [female]* • **PT** *assassina, homicida* **Beispill** déi kalbliddeg Mäerderin gouf zu enger liewenslänglecher Prisonsstraf verurteelt

i Männlech Form: ↗Mäerder

Mäerkels [m'ɛ:ɔkəls] Eegennumm **DE** *Merkholtz* • **FR** *Merkholtz* • **EN** *Merkholtz* • **PT** *Merkholtz* **Beispiller** ech wunnen zu Mäerkels; fiert dëse Bus op Mäerkels?

Mäertchen [m'ɛ:ɔtʃən] Maskulinum (Pluriel Mäertchen) - Diminutivform vun ↗Maart

Mäertchen Eegennumm - Kuerzform vun ↗Ok-tavmäertchen

Mäertert [m'ɛ:ɔtɛt] Eegennumm **DE** *Mertert* • **FR** *Mertert* • **EN** *Mertert* • **PT** *Mertert* **Beispiller** ech wunnen zu Mäertert; fiert dëse Bus op Mäertert?

Mäerz [mɛ:ɔts] Maskulinum (Pluriel <seelen> Mäerzer) **DE** *März* • **FR** *mars, mois de mars* • **EN** *March* • **PT** *março* **Beispill** ech sinn am Mäerz op d'Welt komm **Synonym** Lenzmount

Mäerzeg [m'ɛ:ɔtsəç] Eegennumm **DE** *Mertzig* • **FR** *Mertzig* • **EN** *Mertzig* • **PT** *Mertzig* **Beispiller** ech wunnen zu Mäerzeg; fiert dëse Bus op Mäerzeg?

Mafia Femininum (Pluriel Mafiaen) **1. DE** *Mafia [kriminelle Organisation]* • **FR** *mafia [organisation criminelle]* • **EN** *mafia [criminal organization]* • **PT** *mafia [organização criminosa]* **Beispiller** wéi heescht scho méi déi japanesch Mafia?; anscheinend hunn déi verschidde Mafiaen sech den Drogenhandel an där Grousstad opgedeelt **2. DE** *Mafia [zweifelhafte Interessengemein-*

schaft] • **FR** *mafia [groupe douteux lié par des intérêts communs]* • **EN** *mafia [group exerting sinister influence]* • **PT** *mafia [grupo duvidoso que faz prevalecer os seus interesses]* **Beispill** géint déi kënn de net un, dat ass eng richtig Mafia!

Mafia Eegennumm **DE** *(sizilianische) Mafia* • **FR** *Mafia (sicilienne)* • **EN** *(Sicilian) Mafia* • **PT** *mafia (siciliana)* **Beispill** der italieenescher Police ass e grouss Coup géint d'Mafia gelongen

Magaséng [magaz'ɛŋ] Maskulinum (Pluriel Magaséngen / Magasénger) **1. DE** *Lager [Warenlager]* • **FR** *entrepôt, dépôt* • **EN** *warehouse, storeroom* • **PT** *armazém, depósito* **Beispill** de Vendeur ass d'Wueren hannaus an de Magaséng siche gaangen **Synonymmen** Depot, Lager **2. DE** *Magazin [einer Schusswaffe]* • **FR** *chargeur [d'une arme à feu]* • **EN** *magazine [of a gun]* • **PT** *carregador [de uma arma de fogo]* **Beispill** beim Raumen um Späicher hu mir dräi Magaséng fir eng Pistoul aus dem Zweete Weltkrich fonnt **Synonym** Chargeur

Magasinier [magaz'injɛ:] Maskulinum (Pluriel Magasinieren) **DE** *Lagerverwalter* • **FR** *magasinier* • **EN** *storekeeper* • **PT** *fiel de armazém* **Beispill** de Magasinier huet déi nei Wueren nach net all ausgepaakt

i Weiblech Form: ↗Magasinère

Magasinère [magaz'injɛ:r] Femininum (Pluriel Magasinieren) **DE** *Lagerverwalterin* • **FR** *magasinère* • **EN** *storekeeper [female]* • **PT** *fiel de armazém [mulher]* **Beispill** d'Magasinère huet dee ganze Moien nei Wueren an d'Regaler geraumt

i Männlech Form: ↗Magasinier

Magasinn Maskulinum (Pluriel Magasinnen / Magasinier) **1. DE** *Magazin [Zeitschrift]* • **FR** *magazine [revue]* • **PT** *magazine, revista* **Beispill** ech si scho jorelaang op dëse Magasinn abonéiert, well ëmmer interessant Artikelen dra sinn **Synonym** Zäitschrëft **2. DE** *Magazin [Sendung]* • **FR** *magazine [émission]* • **PT** *magazine [programa]* **Beispiller** hues de schonn deen neie politesche Magasinn op der Tëlee gekuckt?; um Radio kënn neiendéngs sonndes moies e Magasinn, dee sech mat Literatur beschäftigt

Magazine Maskulinum (Pluriel Magazinnen) - Variant vun ↗Magasinn

Magersucht [m'a:gezucht] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Magersucht* • **FR** *anorexie (mentale)* • **EN** *anorexia (nervosa) [mental illness]* • **PT** *anorexia (nervosa)* **Beispill** ech wollt mer laang net agestoen, dat ech Magersucht hätt **Synonym** Anorexie

magersüchteg [m'a:gezyçtəç] Adjektiv **DE** *magersüchtig, anorektisch* • **FR** *anorexique* • **EN** *anorexic* • **PT** *anoréxico* **Beispill** magersüchteg Patienten hunn eng verzerrt Vue vu sech selwer

magesch [m'a:gəʃ] Adjektiv **DE** *magisch* • **FR** *magique* <Adverb *magiquement, comme par magie*> • **EN** *magic* <Adverb *magically*> • **PT** *mágico* <Adverb *magicamente, como por magia*> **Beispiller** si hunn déi magesch Formel an engem Hexebuch fonnt; seng blo Aen zéie mech magesch un; dee Solist huet eng magesch Stëmm Idee Solist huet eng Stëmm, déi ee fasziniert!

Maggiskraut [m'agiskræ:ʊt] Neutrum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Majiskraut

Magie [mag'i:] Femininum (kee Pluriel) DE *Magie* • FR *magie* • EN *magic* • PT *magia* **Beispill** déi Therapie ass op der Grenz tëschent Medezin a Magie

Magistrat [magistr'a:t] Maskulinum (Pluriel Magistraten) DE *Mitglied der Richterschaft, Mitglied der Staatsanwaltschaft* • FR *magistrat* [*membre de l'ordre judiciaire*] • EN *judge, public prosecutor* • PT *magistrado* [*da magistratura judicial, do Ministério Público*] **Beispill** hie wëllt Magistrat ginn, genee wéi säi Papp

W Weiblech Form: ↗Magistratin

Magistratin [magistr'a:tin] Femininum (Pluriel Magistratinnen) DE *Mitglied der Richterschaft, Mitglied der Staatsanwaltschaft* [*weibliche Person*] • FR *magistrate* [*membre de l'ordre judiciaire*] • EN *judge, public prosecutor* [*female*] • PT *magistrada* [*da magistratura judicial, do Ministério Público*] **Beispill** genee ewéi hir Mamm wëllt och d'Duechter als Magistratin um Gericht schaffen

M Männlech Form: ↗Magistrat

Magistratur [magistrat'u:ɐ] Femininum (Pluriel Magistraturen) DE *Gericht* [*Behörde*] • FR *magistrature* [*corps des magistrats*] • EN *judiciary, judicial authorities* • PT *magistratura* [*corpo de magistrados*] **Beispill** a sengem neie Buch erkläert hien d'Fonctionnement vun der Magistratur

Magma [m'agma:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Magma* • FR *magma* • EN *magma* • PT *magma* **Beispill** beim Ausbroch vum Vulkan ass vill Magma ausgetrueden

Magnét [magn'ɛit] Maskulinum (Pluriel Magnéiter) DE *Magnet* • FR *aimant* • EN *magnet* • PT *magnete, íman* **Beispill** de Magnét ass ze schwach, fir dat Stéck Eisen unzezéien

magnéitesch [magn'ɛitəʃ] Adjektiv DE *magnetisch* • FR *magnétique* • EN *magnetic* • PT *magnético* **Beispill** dat Metall ass magnéitesch

Magnéitfeld [magn'ɛitfælt] Neutrum (Pluriel Magnéitfelder) DE *Magnetfeld* • FR *champ magnétique* • EN *magnetic field* • PT *campo magnético* **Beispill** d'Hoergänsen orientéieren sech ënner anerem um Magnéitfeld vun der Äerd

Magnéitsträif [magn'ɛitstræ:ɪf] Femininum (Pluriel Magnéitsträifen) DE *Magnetstreifen* • FR *piste magnétique* • EN *magnetic strip* • PT *banda magnética* **Beispill** d'Kreditkaarte funktionéiere mat enger Magnéitsträif a mat engem Chip

Magnesium [magn'e:zjum] Maskulinum (kee Pluriel) ^[Chimie] DE *Magnesium* [*chemisches Element*] • FR *magnésium* [*élément chimique*] • EN *magnesium* [*chemical element*] • PT *magnésio* [*elemento químico*] **Beispill** d'Element Magnesium gehéiert zum Grupp vun den Äerdalkalimetaller

Maiерchen [m'aɪɛçən] Femininum (Pluriel Maiерchen) - Diminutivform vun ↗Mauer

Mäifelchen [m'æ:ɪfəlçən] Maskulinum (Pluriel Mäifelchen) - Diminutivform vun ↗Maufel

Maikäfer [maɪk'ɛ:fe] Maskulinum (Pluriel Maikäferen) DE *Maikäfer* • FR *hanneton* • EN *May bug, cockchafer* • PT *besouro* **Beispill** et gëtt Joren, do si vill Maikäferen an aner Joren, do gesäit ee guer keng **Synonym** Meekiewerlek

Mail [mɛɪl] Maskulinum/Femininum (Pluriel Mailen) DE *Mail, E-Mail* • FR *mail, courrier électronique, courriel* • EN *email* • PT *e-mail* [*mensagem*] **Beispill** op wéi eng vun dengem zwou Adresse soll ech der de Mail schécken? **Synonym** E-Mail

Mailadress Femininum (Pluriel Mailadressen) - Kuerzform vun ↗E-Mail-Adress

Mailbox [m'ɛɪlɔks] Femininum (Pluriel Mailboxen) **1.** DE *Mailbox* [*für E-Mails*] • FR *boîte aux lettres électronique* • EN *mailbox* [*electronic*] • PT *caixa de correio eletrônico* **Beispill** ech hunn néng nei E-Mailen a menger **Mailbox** **2.** DE *Mailbox* [*für Voicemails*] • FR *messagerie vocale* • PT *caixa postal de voz, correio de voz, voice-mail* **Beispill** ech hunn der e Message op deng **Mailbox** geschwat

mailen [m'ɛɪləŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gemäit) » **transitiv** **1.** DE *mailen, e-mailen* • FR *envoyer par mail* (*à*), *envoyer par courriel* (*à*) • EN *to email, to mail* • PT *enviar por e-mail* (*a*) **Beispill** ech mailen der de Fichier, esoubal ech e fäerdeg hunn » **intransitiv** **2.** DE *mailen, e-mailen* • FR *envoyer un mail à, envoyer un courriel à* • EN *to email, to mail* • PT *enviar um e-mail a* **Beispill** esoubal ech weider Informatiounen hunn, telefonéieren oder mailen ech der

W Verb, dat **mailen** als Basis huet: ↗zeréckmailen

Maillot [m'ɑjɔ:] Maskulinum (Pluriel Mailloten) **1.** DE *Badeanzug* • FR *maillot* (*de bain*) [*de femme*] • EN *swimsuit* • PT *fato de banho* [*de mulher*] **Beispill** ech hu mäi Maillot an der Kabinn leie gelooss **2.** DE *Trikot* [*Kleidungsstück*] • FR *maillot* [*vêtement souple*] • EN *jersey, vest* [*for sport*] • PT *camisola* (*de desporto*) **Beispill** de Coureur dréit e Maillot mam Logo vun sengem Sponsor **Synonym** Tricot

mäin [mæ:ɪn] Possessivpronomen » **1.** Persoun Singulier / Nominativ + Singulier / männlech **1.** DE *mein, meiner, der meine* • FR *mon, le mien* • EN *my, mine* • PT *meu* **Beispiller** mäi Brudder ass e léschtege Kärel; däi Congé ass eriwwer, wa mäin ufänt » **1.** Persoun Singulier / Akkusativ + Singulier / männlech **2.** DE *meinen, den meinen* • FR *mon, le mien* • EN *my, mine* • PT *meu* **Beispiller** ech gi mäin Houscht net lass; ouni mäi Brëll kann ech net liesen; du häss besser, du géifs dech ëm däi Problem këmmen, an net ëm mäin! » **1.** Persoun Singulier / Nominativ + Singulier / sächlech **3.** DE *mein* • FR *mon, ma* • EN *my* • PT *meu, minha* **Beispill** mäi Päerd huet mech schonn e puermol erofgehäit » **1.** Persoun Singulier / Akkusativ + Singulier / sächlech **4.** DE *mein* • FR *mon, ma* • EN *my* • PT *meu, minha* **Beispill** ech hu fënef Kilo bäigeholl, ech kommen net méi a mäi Gezei!

mäint [mæ:ɪnt] Possessivpronomen » **1.** Persoun Singulier / Nominativ + Singulier / sächlech **1.** DE *mein(els), das meine* • FR *le mien, la mienne* • EN *mine* • PT *meu, minha* **Beispill** däin Zëmmer ass zwar méi grouss, mee mäint ass méi schéin » **1.** Persoun Singulier / Akkusativ + Singulier / sächlech **2.** DE *mein(els),*

das meine • **FR** *le mien, la mienne* • **EN** *mine* • **PT** *meu, minha* **Beispiller** wann s du däin Duch vergiess hues, kanns de mäint kréien; klamm aus sengem Geschäft eraus an investéier a mäint!

Maintenance [m'ɛ:tənã:s] Femininum (Pluriel <seen> Maintenancen) **DE** *Wartung* • **FR** *maintenance* • **EN** *maintenance* • **PT** *manutenção* [de um engenho] **Beispill** hie këmmert sech am Betrib ëm d'Maintenance vun de Maschinnen

Mairon Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Majoran

Mais [mɑis] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Mais* • **FR** *mais* • **EN** *maize, sweetcorn* • **PT** *milho* **Beispill** d'Hénger picke sech de Mais aus dem Fudder eraus

Maisch [maɪʃ] Femininum (Pluriel Maischen) **DE** *Maische* • **FR** *moût* • **EN** *mash* [in brewing] • **PT** *mosto* **Beispill** de Braumeeschter huet eng frësch Maisch ugesat

Maischen [m'ɑisʃən] Femininum (Pluriel Maisercher) - Diminutivform vun ↗Maus

Maisfal [m'ɑisfa:l] Femininum (Pluriel Maisfalen) **DE** *Mausefalle* • **FR** *souricière* • **EN** *mousetrap* • **PT** *ratoeira* **Beispill** mir hunn e puer Maisfalen am Keller opgestallt

i Variant: Mausfal

Maiskär [m'ɑiskɛ:r] Maskulinum (Pluriel Maiskären) **DE** *Maiskorn* • **FR** *grain de maïs* • **EN** *grain of corn, grain of maize* • **PT** *grão de milho* **Beispill** d'Hénger picken sech d'Maiskären aus dem Fudder eraus

Maiskinnek [m'ɑiskinek] Maskulinum (Pluriel Maiskinneken) Troglodytes troglodytes **DE** *Zaunkönig* • **FR** *troglodyte mignon* • **EN** *winter wren* • **PT** *cariça* **Beispill** wéi laang bréien d'Maiskinneken? **Synonym** Zonkebutz

Maislach [m'ɑislaχ] Neutrum (Pluriel Maislächer) **DE** *Mauseloch* • **FR** *trou de souris* • **EN** *mouse hole* • **PT** *buraco de rato* **Beispiller** d'Kaz huet sech virun e Maislach op d'Lauer geluecht; ech wier am léifsten an e Maislach gekroch **[egs]** lech hu mech ganz vill geschummt!

i Variant: Mauslach

Maismiel [m'ɑismjəl] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Maismehl* • **FR** *farine de maïs* • **EN** *cornflour* • **PT** *farinha de milho* **Beispiller** a Südamerika gött vill mat Maismiel gebak; du kanns de Fësch och am Maismiel panéieren

Maison médicale Femininum (Pluriel Maison-médicallen) **DE** *Maison médicale* [ärztliche Bereitschaftspraxis in Luxemburg] • **FR** *maison médicale de garde* • **EN** *maison médicale* [out-of-hour healthcare centre] • **PT** *centro de saúde de urgência* [no Luxemburg] **Beispiller** d'Maison-médicalle sollen derzou bäidroen, datt d'Urgencen entlaascht ginn; well ech gëschter héicht Féiwer hat, huet meng Fra mech an d'Maison médicale goufert

Maison relais Femininum (Pluriel Maison-relaisen) **1.** **DE** *Maison relais* [Betreuungseinrichtung für Grundschul-kinder in Luxemburg] • **FR** *maison relais* [structure d'accueil pour enfants scolarisés au Luxembourg] • **EN** *maison relais* [out-of school care] • **PT** [Definitiou] *estabelecimento de acolhimento de crianças escolarizadas, "mai-*

son relais" [no Luxemburg] **Beispiller** d'Maison relais ass och an de Vakanzen op an organiséiert flott Aktivitéite fir d'Kanner; vill Kanner ginn no der Schoul an d'Maison relais, well hir Eltere ganzdaags schaffen **2.** **DE** *Maison relais* [Gebäude] • **FR** *maison relais* [bâtiment] • **EN** *maison relais* [building] • **PT** *"maison relais"* [edifício] **Beispill** de Gemengerot huet de Projet fir de Bau vun engger neier Maison relais eestëmmeg ugeholl

Maisstäerkt [m'ɑisʃtɛ:ɣkt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Maisstärke* • **FR** *fécule de maïs* • **EN** *cornflour, maize starch* • **PT** *amido de milho* **Beispill** ech huelen am léifste Maisstäerkt, fir d'Zooss ze bannen

Maisueleg [m'ɑizʊələç] Maskulinum (Pluriel Maisueleger) **DE** *Maiskeimöl* • **FR** *huile de maïs* • **EN** *corn oil* • **PT** *óleo de milho* **Beispill** niewent dem Olivenueleg maachen ech och ëmmer e bësse Maisueleg a meng Vinaigrette

Maitre d'hôtel [m'ɛ:trəd'otæl] Maskulinum (Pluriel Maitre-d'hôtellen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Maitresse [mɛ:trɛs] Femininum (Pluriel Maitressen) **DE** *Mätresse* • **FR** *maitresse* [dans une relation extraconjugale] • **EN** *mistress* [lover] • **PT** *amante* [parceira numa relação extraconjugal] **Beispill** all Mënsch weess, datt hien eng Maitresse huet

Maitrise [mɛ:trɛ'si] Femininum (Pluriel Maitrisen) **DE** *Magister* [Diplom] • **FR** *maitrise* [diplôme] • **EN** *master's degree* • **PT** [Definitiou] *grau académico conferido após uma formação superior de quatro anos* **Beispill** hien huet eng Maitrise an der Geografie

maitriséieren [metriz'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé maitriséiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

maja [maj'a:] Interjektion **DE** *na, siehst du, na also* • **FR** *ben oui, justement* • **EN** *well* • **PT** *pois é, lá está, precisamente* **Beispiller** maja, wat da soss?; maja, ech sot der et jo!; maja, wann s de eng Datz has, da weess de, wat s de ze dinn hues!; du hues Féiwer, maja, da gees de elo an d'Bett!

majestätesch [majɛst'ɛ:təʃ] Adjektiv - Variant vun ↗majestéitesch

Majestéit [majɛst'ɛ:ɪt] Femininum (Pluriel Majestéiten) **DE** *Majestät* [Titel, Anrede] • **FR** *Majesté* [titre honorifique] • **EN** *Majesty* • **PT** *Majestade* [título] **Beispill** déi nei Ministere goufe vun Hirer Majestéit, der Kinnigin, vereedegt

majestéitesch [majɛst'ɛ:ɪtəʃ] Adjektiv **DE** *majestätisch* • **FR** *majestueux* • **EN** *majestic* • **PT** *majestoso* **Beispill** de Moler huet probéiert, de majestéitesche Panorama a sengem Tablo erëmzeginn

i Variant: majestätesch

majeur onverännerbaart Adjektiv **DE** *Dur* • **FR** *majeur* [en théorie musicale] • **PT** *maior* [em teoria musical] **Beispiller** déi heite Kompositioun fir Uergel an Trompett ass a Sol majeur geschriwwen; wéi erkennt een, ob en Akkord majeur oder mineur ass?

Majiskraut Neutrum (kee Pluriel) DE *Liebstöckel*, *Maggikraut* • FR *livèche* • EN *lovage* • PT *levístico* **Beispiller** mir feelt nach eng Grätz Majiskraut an der Zopp; fir Majiskraut kann een och Léifstäck soen **Synonym** Léifstäck

i Variant: Maggiskraut

majo [maj'ɔ:] Interjektion **1.** DE *na dann*, *na gut* • FR *bon ben* • EN *okay then* • PT *pois então*, *ora bem* **Beispill** majo, wéi wier et dann, wa mer et géife maachen, wéi s du sees! **Synonym** okee **2.** DE *nun ja*, *tja* • FR *mais oui*, *bon*, *ma foi* • EN *well* • PT *bem*, *enfim*, *paciência* **Beispiller** majo, esou ass dat!; majo, wat wélls de hunn! **Synonymmen** nujee, tjó

Majoran [m'ɑjɔrɑ:n] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Majoran* • FR *marjolaine* • EN *marjoram* • PT *manjerona* **Beispill** ech maachen ëmmer Majoran an d'Farce vun enger Dinde

i Variant: Mairon

Majorett [majɔr'æt] Femininum (Pluriel Majoretten) DE *Majorette* • FR *majorette* • EN *majorette* • PT *majorete* **Beispill** den Optrétt vun de Majoretten huet mir apaart gutt gefall

majoritär [majɔrit'ɛ:r] Adjektiv DE *mehrheitlich* • FR *majoritaire* <Adverb *majoritairement*, *en majorité*> • EN *majority* <Adverb *in the majority*> • PT *maioritário* <Adverb *maioritariamente*, *na maioria*> **Beispiller** am Referendum brauche mer e majoritäre Vott; d'Awunner hunn sech majoritär géint de Projet ausgeschwat

Majoritéit [majɔrit'ɛit] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Mehrheit* [der größere Teil] • FR *majorité* [le plus grand nombre] • EN *majority* [the greater number] • PT *maioria* [a maior parte] **Beispiller** eng grouss Majoritéit huet d'Petitioun ënnerschriwwen; him gehéiert d'Majoritéit vun den Aktie vun der Bank; an esem Schachclub sinn d'Männer an der Majoritéit **2.** (kee Pluriel) DE *Majorität*, *Mehrheit* • FR *majorité* [de suffrages] • EN *majority* [of votes] • PT *maioria* [de votos] **Beispill** d'Partei huet d'Wale mat enger staarker Majoritéit gewonnen **3.** (Pluriel Majoritéiten) DE *regierende Partei*, *regierende Koalition* • FR *majorité* [parti, coalition au pouvoir] • EN *majority* [party] • PT *maioria* [partido, coligação no poder] **Beispill** d'Majoritéit ass op de Virschlag vun der Oppositoun agaangen

Majorzgemeng Femininum (Pluriel Majorzgemengen) DE *Gemeinde mit Mehrheitswahlrecht* • FR *commune dans laquelle les élections ont lieu selon le système de la majorité relative* **Beispiller** eng Majorzgemeng zu Lëtzebuerg huet manner ewéi 3000 Awunner; an de Majorzgemenge gi bei de Kommunalwalen eenzel Kandidate gewielt a keng Lëschten

Majorzsystem Maskulinum (Pluriel Majorzsystemer)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Majouer [maj'øʊə] Maskulinum (Pluriel Majéier / Majoueren) DE *Major* [Offizier] • FR *commandant* [officier] • EN *major* [officer] • PT *major* [oficial] **Beispill** de Generol huet dem Majouer den Uerder ginn, d'Stad unzegräifen

Majuro Eegennumm DE *Majuro* • FR *Majuro* • PT *Majuro* **Beispill** Majuro ass d'Haaptstad vun de Marshallinselen

Majuscule Femininum (Pluriel Majuscullen) DE *Großbuchstabe*, *Majuskel* • FR *majuscule* • PT *maíuscula* **Beispill** am Lëtzebuergesche ginn all d'Substantive mat enger Majuscule geschriwwen **Synonym** Grousse Buschtaf

makaber [mak'a:be] Adjektiv DE *makaber* • FR *macabre* • EN *macabre* • PT *macabro* **Beispiller** gëschter huet e Jeeër am Bësch eng makaber Entdeckung gemaach; ech kann net iwweer deng makaber Witze laachen

Makadamm [makad'am] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Asphalt* • FR *macadam*, *asphalte* • EN *asphalt*, *tarmac* • PT *asfalto* **Beispill** maach d'Fenster zou, an der Strooss maachen se de Makadamm frësch! **Synonym** Asphalt

Make-up [mɛɪg'ap] Maskulinum (Pluriel Make-uppen) - Variant vun ↗Makeup

Makeup [mɛɪg'ap] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE *Make-up* [Schminke] • FR *maquillage* [produits de beauté] • EN *make-up* [cosmetics] • PT *maquilhagem* [produtos de beleza] **Beispill** ech kafe mäi Makeup an der Parfümerie **Synonymmen** Maquillage, Schmink **2.** (kee Pluriel) DE *Make-up* [Verwendung von Schminke] • FR *maquillage* [application de maquillage] • EN *make-up* [use of make-up] • PT *maquilhagem* [aplicação de maquilhagem] **Beispill** meng Schwëster geet ni ouni dezente Makeup aus dem Haus **Synonym** Maquillage **3.** (Pluriel Makeuppen) DE *Make-up* [Grundierung] • FR *fond de teint* • EN *foundation* [make-up] • PT *base* (de maquilhagem) **Beispill** dee Makeup gëtt et a fënnf verschiddeenen Téin ze kafen

Makkaroni [makar'o:ni:] Femininum (Pluriel Makkaronien) - Kuerzform vun ↗Makkaronisfrësser DE *Makkaroni* • FR *macaroni* • EN *macaroni* • PT *macarrão* **Beispill** ech iessen d'Makkaronien am léifste mat geraptem Kéis

Makkaronisfrësser Maskulinum (Pluriel Makkaronisfrësser) vereezlt pejorativ graft DE *Spaghettifresser*, *Itaker* • FR *macaroni*, *rital* • EN *Eyetie*, *wop* • PT *italiano* [pessoa] **Beispill** wat hätt dee Makkaronisfrësser gär, ech verstinn en net! **Synonymmen** Bier, Bootscha, Italieneer, Spaghettisfrësser

i Oopgepass! „Makkaronisfrësser“ ass e staark ofwäertende Begrëff.

i Variant: Makkaronisfriesser

i Kuerzform: Makkaroni

Makkaronisfriesser Maskulinum (Pluriel Makkaronisfriesser) - Variant vun ↗Makkaronisfrësser

i Oopgepass! „Makkaronisfriesser“ ass e staark ofwäertende Begrëff.

Makréil [makr'ɛil] Femininum (Pluriel Makréilen) *Chondrostoma nasus* **1.** DE *Nase* [Tier] • FR *hotu*, *nase* [animal] • EN *nase* [fish] • PT *boga(-do-danúbio)* [animal] **Beispill** d'Makréilen aus eise Gewässer si schwéier ze fänken **2.** DE *Nase* [Nahrungsmittel] • FR *hotu*, *nase* [aliment] • PT *boga* [alimento] **Beispill** d'Makréil huet mir ze

vill Sprenzen

Makréil Femininum (Pluriel Makréilen) **1.** DE *Makrele* [Tier] • FR *maquereau* [animal] • PT *sarda, cavala* [animal] **Beispill** eise Fëscherclub fiert eemol d'Joer op d'Mier Makréile fänken **Synonym** Mackero **2.** DE *Makrele* [Nahrungsmittel] • FR *maquereau* [aliment] • PT *sarda, cavala* [aliment] **Beispill** als Entrée gouf et eng Lënsenzalat mat gereechter Makréil **Synonym** Mackero

Makuladegeneratioun [m'a:kula:deʒenerasjəʊn] Femininum (kee Pluriel) DE *Makuladegeneration* • FR *dégénérescence maculaire* • EN *macular degeneration* • PT *degeneração macular* **Beispill** d'Makuladegeneratioun ass eng Erkrankung vun der Netzhaut

Malabo Eegennumm DE *Malabo* • FR *Malabo* • PT *Malabo* **Beispill** Malabo ass d'Hauptstad vun Äquatorialguinea

Malaise Maskulinum (Pluriel Malaisen)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Malaria [mal'a:ria:] Femininum (kee Pluriel) DE *Malaria* • FR *malaria, paludisme* • EN *malaria* • PT *malária, paludismo* **Beispill** verschidde Leit si vu Gebuert un immun géint d'Malaria

malawesch [mal'a:vəʃ] Adjektiv DE *malawisch* • FR *malawien* • EN *Malawian* • PT *malauiano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi malawesch Kultur kenne geléiert

Malawi [mal'a:vi:] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum DE *Malawi* • FR *Malawi* • EN *Malawi* • PT *Maláwi* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Malawi; ech fueren d'nächst Woch an de Malawi; ech kommen aus dem Malawi; ech war schonn dräimol a Malawi; ech fueren d'nächst Woch a Malawi; ech kommen aus Malawi

i männlech Persoun: ↗Malawier weiblech Persoun: ↗Malawierin Adjektiv: ↗malawesch Hauptstadt: ↗Lilongwe

Malawier [mal'a:v'i:ɛ] Maskulinum (Pluriel Malawier) DE *Malawier* • FR *Malawien* • EN *Malawian* • PT *malauiano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Malawier

Malawierin [mal'a:vjɛrin] Femininum (Pluriel Malawierinnen) DE *Malawierin* • FR *Malawienne* • EN *Malawian* [female] • PT *malauiana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Malawierin

malayesch [mal'aizəʃ] Adjektiv DE *malaysisch* • FR *malaisien* • EN *Malaysian* • PT *malaio* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi malayesch Kultur kenne geléiert

Malaysia [mal'aizja:] Eegennumm, Neutrum DE *Malaysia* • FR *Malaisie* • EN *Malaysia* • PT *Malásia* **Beispiller** ech war schonn dräimol a Malaysia; ech fueren d'nächst Woch a Malaysia; ech kommen aus Malaysia

i männlech Persoun: ↗Malaysier weiblech Persoun: ↗Malaysierin Adjektiv: ↗malayesch Hauptstadt: ↗Kuala Lumpur

Malaysier [mal'aizjɛ] Maskulinum (Pluriel Malaysier) DE *Malaysier* • FR *Malaisien* • EN *Malaysian* • PT *malaio* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Malaysier

Malaysierin [mal'aizjɛrin] Femininum (Pluriel Malaysierinnen) DE *Malaysierin* • FR *Malaisienne* • EN

Malaysian [female] • PT *malaia* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Malaysierin

Malé Eegennumm DE *Malé* • FR *Malé* • PT *Malé* **Beispill** Malé ass d'Hauptstad vun de Malediven

Malediven [maləd'i:vən] Eegennumm (kee Singulier) DE *Malediven* • FR *Maldives* • EN *Maldives* • PT *Maldivas* **Beispiller** ech war schonn dräimol op de Malediven; ech fueren d'nächst Woch op d'Malediven; ech komme vun de Malediven

i männlech Persoun: ↗Malediver weiblech Persoun: ↗Malediverin Adjektiv: ↗maledivesch Hauptstadt: ↗Malé

Malediver [maləd'i:və] Maskulinum (Pluriel Malediver) DE *Malediver* • FR *Maldivien* • EN *Maldivian* • PT *maldivo* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Malediver

Malediverin [maləd'i:vərin] Femininum (Pluriel Malediverinnen) DE *Malediverin* • FR *Maldivienne* • EN *Maldivian* [female] • PT *maldiva* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Malediverin

maledivesch [maləd'i:vəʃ] Adjektiv DE *maledivisch* • FR *maldivien* • EN *Maldivian* • PT *maldivo* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi maledivesch Kultur kenne geléiert

Malentendu Maskulinum (Pluriel Malentenduen) DE *Missverständnis* • FR *malentendu* [divergence d'interprétation] **Beispiller** ee Gléck, datt alles nëmmen e Malentendu war!; mir haten e klenge Sträit, deen duerch e Malentendu entstane war **Synonym** Mëssverständnis

malesch [m'a:ləʃ] Adjektiv DE *malisch* • FR *malien* • EN *Malian* • PT *maliano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi malesch Kultur kenne geléiert

Mali [m'a:li:] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum DE *Mali* • FR *Mali* • EN *Mali* • PT *Mali* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Mali; ech fueren d'nächst Woch an de Mali; ech kommen aus dem Mali; ech war schonn dräimol a Mali; ech fueren d'nächst Woch a Mali; ech kommen aus Mali

i männlech Persoun: ↗Malier weiblech Persoun: ↗Malierin Adjektiv: ↗malesch Hauptstadt: ↗Bamako

Malier [m'aljɛ:] Maskulinum (Pluriel Malier) DE *Malier* • FR *Malien* • EN *Malian* • PT *maliano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Malier

Malierin [m'a:ljɛrin] Femininum (Pluriel Malierinnen) DE *Malierin* • FR *Malienne* • EN *Malian* [female] • PT *maliana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Malierin

Mall [mal] Femininum (Pluriel Mallen) **1.** DE *Reisetruhe* • FR *malle* [coffre de voyage] • EN *trunk* [chest, suitcase] • PT *arca* (de viagem) **Beispill** mir hunn nach eng a Mall um Späicher stoen **2.** DE *Kofferraum* • FR *coffre* [d'une voiture] • EN *boot* [of a car] • PT *mala* [de um carro] **Beispill** ech kréien déi grouss Këscht net a meng Mall

Malta [m'alta:] Eegennumm, Neutrum DE *Malta* • FR *Malte* • EN *Malta* • PT *Malta* **Beispiller** ech war schonn dräimol op Malta; ech fueren d'nächst Woch op Malta; ech komme vu Malta

i männlech Persoun: ↗Malteeser weiblech Persoun: ↗Malteeserin Adjektiv: ↗malteesesch Hauptstadt: ↗Valletta

Malteeser [malt'e:zɛ] Maskulinum (Pluriel Malteeser) DE *Malteser* • FR *Maltais* • EN *Maltese* • PT *maltês*

Beispill mäi beschte Frënd ass Malteeser

Malteeserin [malt'e:zərin] Femininum (Pluriel Malteeserinnen) DE *Malteserin* • FR *Maltaise* • EN *Maltese* [female] • PT *maltesa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Malteeserin

malteesch [malt'e:zəf] Adjektiv DE *maltesisch* • FR *maltais* • EN *Maltese* • PT *maltes* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi malteesch Kultur kenne geléiert

maltraitéieren [maltrɛ:t'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé maltraitéiert) » **transitiv** DE *miss-handeln* • FR *maltraiter* • EN *to abuse, to mistreat* • PT *maltratar* **Beispill** et maltraitéiert een d'Déieren net!

Malz [malts] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) DE *Malz* • FR *malt* • EN *malt* • PT *malte* **Beispiller** ouni Malz kann ee kee Béier maachen; bei him ass Happ a Malz verluer [eggs] [bei him ass all Méi ëmssoss]

Mam [ma:m] Femininum (Pluriel Mamen) **1.** DE *Zitze* [Euterzitze] • FR *mamelle* [pis] • EN *teat* [of an udder] • PT *teta* [úbere] **Beispill** d'Kou huet eng Entzündung an enger Mam **2.** [graŋ] DE *Titte* • FR *nichon* • EN *tit, boob* • PT *mama, teta* **Beispill** dee Knaschtert huet probéiert, him un d'Mamen ze goen!

mam [mam] ↗mat • ↗dem

Mamendéier [m'a:məndɛiɛ] Neutrum (Pluriel Mamendéieren) DE *Säugetier* • FR *mammifère* • EN *mammal* • PT *mamífero* **Beispill** dat gréisst Mamendéier ass de Blowal mat enger Längt vu bis zu 33 Meter an engem Gewiicht vun 200 Tonnen

Mamer [m'a:mɛ] Eegennumm DE *Mamer* • FR *Mamer* • EN *Mamer* • PT *Mamer* **Beispill** ech wunnen zu Mamer; fiert dese Bus op Mamer?

Mamer [m'a:mɛ] Eegennumm DE *Mamer* • FR *Mamer* • EN *Mamer* • PT *Mamer* **Beispill** d'Mamer leeft zu Miersch an d'Uelzech

Mamertus [m'a:mɛtus] Maskulinum DE *Heiliger Mamertus* • FR *Saint Mamert* • EN *St Mamertus* • PT *São Mamerto* **Beispill** den 11. Mee ass mam Mamertus deen éischten Äishellegen un der Rei

! Déi Äishelleg Mamertus, Pankratius, Servatius, Bonifatius a Kaalt Sophie zielen zu deenen Hellegen, déi d'Leit aus Suerg ëm d'Wieder veréiert hunn. Se ware Bëscheef oder Märtyrer am 4. oder 5. Joerhonnert an hunn, dem julianesche Kalenner no, tëschent dem 11. a 15. Mee Namensdag. Dee Moment kënne Polarluftströmungen nach heefeg Buedemfrascht mat sech bréngen. Aus deem Phenomeen ass eng Bauerereegel entstanen, déi seet, datt d'Wieder am Mee eréischt nom Kale Sophie, där leschter Äishelleger an der Rei, stabil gëtt an da kee Risiko méi fir empfindlech Planzen am Fräie besteet.

Mamm [mam] Femininum (Pluriel Mammen) **1.** DE *Mutter* [Elternteil] • FR *mère* [parent] • EN *mother* [parent] • PT *mãe* [mulher] **Beispiller** si ass Mamm vun dräi Kanner; de Schüler huet senger Mamm hir Ënnerschrëft nogemaach; meng Frëndin ass Mamm ginn [meng Frëndin huet e Kand kritt]; o Mamm (o Mamm)! [eggs]; o Mamm, o Kanner! [eggs] [⇒ seet een, wann ee verwonnert ass; ⇒ seet een, wann een erfëiert ass] **2.** DE *Mutter, Muttertier* • FR *mère* [animal] • EN *mother* [animal] • PT *mãe* [animal] **Beispill** déi kleng Muppen drénken nach un der Mamm

Mämm Femininum (Pluriel Mämmen)

! Hei entsteet en neien Artikel

Mamma [m'ama:] Femininum (Pluriel Mammaen) [Kannersprooch] DE *Mama* • FR *maman* • EN *mummy* • PT *mamã* **Beispill** komm bei d'Mamma op de Schouss! **Synonym** Mamm

Mammejéngelchen [m'aməzɛŋɔlçən] Maskulinum (Pluriel Mammejéngelcher) - Diminutivform vun ↗Mammejong

Mammejong [m'aməjɔŋ] Maskulinum (Pluriel Mammejongen) DE *Muttersöhnchen* • FR *filz à maman* • EN *mummy's boy* • PT *menino da mamã* **Beispill** mäi Cousin ass e richteg Mammejong

Mammekand [m'aməkant] Neutrum (Pluriel Mammekanner) DE *Muttertöchterchen* • FR *fille à maman* • EN *mummy's girl* • PT *menina da mamã* **Beispill** meng Kusin ass e richteg Mammekand!

Mammekëndchen [m'aməkəntçən] Neutrum (Pluriel Mammekännercher) - Diminutivform vun ↗Mammekand

Mammemëllech [m'aməmɛləç] Femininum (kee Pluriel) DE *Muttermilch* • FR *lait maternel* • EN *mother's milk, breast milk* • PT *leite materno* **Beispill** an der Mammemëllech ass alles dran, wat e Puppelche fir eng optimal Entwécklung brauch

Mammendag [m'amənda:ç] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Muttertag* • FR *fête des mères* • EN *Mother's Day, Mothering Sunday* • PT *Dia da Mãe* **Beispiller** d'Kanner hunn an der Schoul e Kaddo fir Mammendag gebastelt; zu Lëtzebuerg gëtt de Mammendag traditionell den zweete Sonndeg am Juni gefeiert

mammereg [m'aməɾəç] Adjektiv DE *auf Mama fixiert, nach Mama verlangend* [Kind] • FR *très attaché à sa maman, réclamant sa maman* [enfant] • EN *attached to one's mother, mummyish* • PT *muito agarrado à mãe, a chamar pela mãe* [criança] **Beispill** dat Klengt ass a leschter Zäit ganz mammereg

Mammesprooch [m'aməʃpɾo:ç] Femininum (Pluriel Mammesproochen) DE *Muttersprache* • FR *langue maternelle* • EN *mother tongue* • PT *língua materna* **Beispill** ech ka mech am beschten a menger Mammesprooch ausdrécken

Mammesproochler [m'aməʃpɾo:çlɛ] Maskulinum (Pluriel Mammesproochler) DE *Muttersprachler* • FR *locuteur natif* • EN *native speaker* • PT *falante nativo* **Beispill** bei der italieenescher Iwwersetzung huet e Mammesproochler mer gehollef

! Weiblech Form: ↗Mammesproochlerin

Mammesproochlerin [m'aməʃpɾo:çlɛrin] Femininum (Pluriel Mammesproochlerinnen) DE *Muttersprachlerin* • FR *locutrice native* • EN *native speaker* [female] • PT *falante nativa* **Beispill** als Mammesproochlerin huet meng Frëndin keng Schwieregkeet mam Portugiseschen

! Männlech Form: ↗Mammesproochler

Mammografie [mamograf'i:] Femininum (Pluriel Mammografien) **1.** DE *Mammographie* [Untersuchung] • FR *mammographie* [examen médical] • EN *mammogra-*

phy, breast screening • **PT** *mamografia* [exame] **Beispill** am Normalfall soll eng Fra vu 50 Joer u reegelméisseg an d'Mammografie goen **2. DE** *Mammographie* [Aufnahme, Bild] • **FR** *mammographie* [image, épreuve] • **EN** *mammogram* • **PT** *mamografia* [imagem] **Beispill** op der Mammografie gesäit een däitlech e klenge Knuet an der rietser Broscht **3. DE** *Mammographie* [Abteilung] • **FR** *service de mammographie* • **EN** *mammography unit* • **PT** *mamografia* [departamento] **Beispill** d'Mammografie an d'Röntgen hunn ee gemeinsaamt Sekretariat

Mammographie [mamograf'i:] Femininum (Pluriel Mammographien) - Variant vun ↗Mammografie

mammreg [m'amrɛç] Adjektiv - Variant vun ↗mammereg

Mammut Maskulinum (Pluriel Mammuten) **DE** *Mammut* • **FR** *mammouth* [animal] • **EN** *mammoth* **Beispill** am Musée konnte mer e Skelett vun engem Mammut bewonneren

Management [m'ænædʒmənt] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) **1. DE** *Management* [Geschäftsführung] • **FR** *management* [gestion] • **EN** *management* [administration] • **PT** *gestão* [de uma empresa] **Beispill** dacks ass e schlechte Management d'Ursach vun enger Faillite **2. DE** *Management* [Führungskräfte] • **FR** *management* [équipe dirigeante] • **EN** *management* [staff] • **PT** *gerência* [equipa dirigente] **Beispill** de Management kann dës Decisioun net huelen, ouni d'Aktionären ze froen

managen [m'ænədʒən] Verb (Hëllesverb hunn, Participle passé gemanaget / gemanaged) » **transitiv** **1. DE** *managen* [leiten, betreuen] • **FR** *gérer* [diriger, organiser] • **EN** *to manage* [to lead, to organize] • **PT** *gerir* [dirigir, organizar] **Beispill** se sichen en neie Responsabellen, fir de Projet ze managen **Synonymmen** geréieren, leeden **2. DE** *managen* [zustande bringen, meistern] • **FR** *gérer* [venir à bout de, maîtriser] • **EN** *to manage* [to deal with] • **PT** *gerir* [levar a cabo, dominar] **Beispill** trotz de Schwieregkeeten huet hien d'Affär gutt gemanaged **Synonym** geréieren

Manager [m'ænədʒɛ] Maskulinum (Pluriel Manager / Manageren) **1. DE** *Manager* [eines Unternehmens] • **FR** *manager* [dirigeant d'entreprise] • **EN** *manager* [director, administrator] • **PT** *manager, gestor* [de uma empresa] **Beispill** dee Manager bréngt et fäerdeg, d'Personal fir d'Aarbecht ze motivéieren **2. DE** *Manager* [Agent] • **FR** *manager* [imprésario, agente] • **EN** *manager* [agent, trainer] • **PT** *manager* [empresário, agente] **Beispiller** de berüumte Filmstar huet säi Manager verklot; de Manager wollt näischt iwver de Récktrétt vum Coureur soen

♀ Weiblech Form: ↗Managerin

Managerin [m'ænədʒɛrɪn] Femininum (Pluriel Managerinnen) **1. DE** *Managerin* [eines Unternehmens] • **FR** *manageuse* [dirigeante d'entreprise] **2. DE** *Managerin* [Agentin] • **FR** *manageuse* [imprésario, agente]

♂ Männlech Form: ↗Manager

Managua Eegennumm **DE** *Managua* • **FR** *Managua* • **PT** *Manágua* **Beispill** Managua ass d'Haaptstad vun Nicaragua

Manama Eegennumm **DE** *Manama* • **FR** *Manama* • **PT** *Manama* **Beispill** Manama ass d'Haaptstad vum Bahrain

Manchette [m'ä:ʃæt] Femininum (Pluriel Manchetten) **1. DE** *Manschette* [eines Hemds] • **FR** *manchette* [d'une chemise] • **EN** *cuff* [of a shirt] • **PT** *punho* [de uma camisa] **Beispill** de Col an d'Manchettë vun den Hiemer gi mat engem spezielle Produit gesteift **2. DE** *Manschette* [aus Krepppapier] • **FR** *cache-pot* [en papier crépon] • **EN** *sleeve* [of crêpe paper] • **PT** *cache-pot* [em papel crepel] **Beispill** maach eng Manchette ëm dat knaschtegt Blummendëppen!

Manchettëknapp [m'ä:ʃætəknap] Maskulinum (Pluriel Manchettëknäpp) **DE** *Manschettenknopf* • **FR** *bouton de manchette* • **EN** *cufflink* • **PT** *botão de punho* **Beispill** de Bräitchemann huet den Dag vu senger Hochzäit seng Manchettëknäpp net fonnt

Mandant Maskulinum (Pluriel Mandanten)

♀ Hei entsteet en neien Artikel.

Mandantin Femininum (Pluriel Mandantinnen) - weiblech Form vun ↗Mandant

Mandarine [mã:da:rin] Femininum (Pluriel Mandarinnen) **DE** *Mandarine* • **FR** *mandarine* • **EN** *mandarin* [fruit] • **PT** *tangerina* **Beispill** gëss de mer eng Zeif vun denger Mandarine, wannechgelift?

♀ Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert ännere: Mandarine / Mandarin

Mandarinint [mandar'inint] Femininum (Pluriel Mandarininten) Aix *galericulata* **DE** *Mandarinente* • **FR** *canard mandarin* • **EN** *mandarin duck* • **PT** *pato-mandarim* **Beispill** wéi laang bréien d'Mandarininten?

Mandarinn [manda:'in] Femininum (Pluriel Mandarinnen) - Variant vun ↗Mandarine

♀ Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert ännere: Mandarinn / Mandarine

Mandarinnebam Maskulinum (Pluriel Mandarinnebeem)

♀ Hei entsteet en neien Artikel.

Mandat [mand'a:t] Neutrum (Pluriel Mandater) **1. DE** *Mandat* [(politisches) Amt] • **FR** *mandat* [charge, fonction (politique)] • **EN** *mandate* [political] • **PT** *mandato* [cargo, função (política)] **Beispill** dem President säi Mandat leeft no fënnef Joer of **Synonym** Amtszäit **2. DE** *Mandat* [Auftrag] • **FR** *mandat* [pouvoir] • **EN** *mandate* [authority] • **PT** *mandato* [poder] **Beispill** du hues kee Mandat, fir dat doten ze maachen

Mandat [mand'a:t] Maskulinum (Pluriel Mandaten) **1. DE** *Mandat* [(politisches) Amt] • **FR** *mandat* [charge, fonction (politique)] • **EN** *mandate* [political] • **PT** *mandato* [cargo, função (política)] **Beispill** dem President säi Mandat leeft no fënnef Joer of **Synonym** Amtszäit **2. DE** *Mandat* [Auftrag] • **FR** *mandat* [pouvoir] • **EN** *mandate* [authority] • **PT** *mandato* [poder] **Beispill** du hues kee Mandat, fir dat doten ze maachen

Mandataire [mã:dat'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel Mandatairen) **DE** *Amtsträger, Beauftragter* • **FR** *mandataire* [représentant] • **EN** *mandatary, representative* • **PT** *man-*

datário [representante] **Beispill** a ville Länner sinn d'politesch Mandatairen immun

Mandataire Femininum (Pluriel Mandatairen) - weiblech Form vun *➤Mandataire*

mandatéieren [mã:da:t'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé mandatéiert) *➤ transitiv* **DE** *bevollmächtigen, beauftragen* • **FR** *mandater* [déléguer] • **EN** *to appoint, to mandate* • **PT** *mandatar* [delegar] **Beispiller** hie gouf fir d'Gestioun vum Geschäft mandatéiert; e mandatéierte Spriecher vun der Gewerkschaft huet e Streik ugekënnegt

Mandel [m'andəl] Femininum (Pluriel Mandelen) **1.** **DE** *Mandel* [Fruchtkern] • **FR** *amande* • **EN** *almond* • **PT** *amêndoa* [fruto] **Beispill** ech hu gemuele Mandelen an den Deeg gemaach **2.** (meeschtens Pluriel) **DE** *Mandel* [Organ] • **FR** *amygdale* • **EN** *tonsil* • **PT** *amigdal* **Beispill** mäi Cousin krut d'lescht Woch d'Mandelen erausgeholl

Mandelbam Maskulinum (Pluriel Mandelbeem)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Mandelblietchen [m'andəlbliətçən] Neutrum (Pluriel Mandelbliedercher) **DE** *Mandelblättchen* • **FR** *amande effilée* • **EN** *almond flake* • **PT** *lâmina de amêndoa* **Beispill** op dëse Kuch gehéiere geréischtert Mandelbliedercher

Mandelpesto [m'andəlpæsto:] Maskulinum (Pluriel Mandelpestoen) **DE** *Mandelpesto* • **FR** *pesto d'amandes* • **EN** *almond pesto* • **PT** *pesto de amêndoa* **Beispill** kanns de mir d'Rezept vun dengem excellente Mandelpesto ginn?

Mandolinn Femininum (Pluriel Mandolinnen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Manéier [m'anɛiə] Femininum (Pluriel Manéieren) **1.** **DE** *Art (und Weise)* • **FR** *façon, manière* • **EN** *way* [manner, method] • **PT** *modo, maneira, forma* **Beispiller** si huet eng charmant Manéier, fir mat de Leit ëmzegoen; et gëtt op d'mannst zwou Manéieren, fir déi Rechenaufgab ze léisen; op déi Manéier kënn's de ni zu eppes! **Synonym** Aart (a Weis) **2.** op eng Manéier **DE** *in gewisser Hinsicht* • **FR** *d'un certain point de vue* • **EN** *in a way, in some ways* • **PT** *de certo modo, de certa forma* **Beispill** op eng Manéier muss ech der Recht ginn, mee ech bleiwen awer bei menger Meenung **3.** (kee Singulier) **DE** *Manieren* [Umgangsformen, Benehmen] • **FR** *manières* [comportement] • **EN** *manners* • **PT** *maneiras* [comportamento] **Beispiller** schumm dech, du hues keng Manéieren!; mir kënnen de Kanner hir schlecht Manéieren net duerchloossen

manéierlech [m'anɛiələç] Adjektiv **DE** *wohlerzogen* • **FR** *bien élevé, poli* <Adverb poliment> • **EN** *well mannered, polite* <Adverb politely> • **PT** *bem-educado* <Adverb com educação> **Beispiller** hien ass e feinen, manéierlechte Jong; d'Kanner hu ganz manéierlech Merci gesot

Manertchen [m'a:nətçən] Eegennumm **DE** *Manertchen* • **FR** *Manertchen* • **EN** *Manertchen* • **PT** *Manertchen* **Beispiller** ech wunnen op der Manertchen; fiert dëse Bus op d'Manertchen?

Mangan [mang'a:n] Maskulinum (kee Pluriel) Chimie **DE** *Mangan* [chemisches Element] • **FR** *manganèse* [élément chimique] • **EN** *manganese* [chemical element] • **PT** *manganésio* [elemento químico] **Beispill** d'Element Mangan gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller

Mangel [m'angəl] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Mangel* [Defizit] • **FR** *manque* [insuffisance] • **EN** *lack* • **PT** *falta* [insuficiência] **Beispiller** dëser Schülerin hiren Haaptproblem ass de Mangel u Konzentratioun; a menger Bluttanalys ass e staarke Mangel un Eisen an u Vitaminn D festgestallt ginn **Synonym** Manktem **2.** (Pluriel Mängel) **DE** *Mangel* [Defekt, Fehler] • **FR** *défaut* [défautuosité] • **EN** *shortcoming* [flaw, defect] • **PT** *defeito* [falha] **Beispill** dat neit Gebai huet eng Rei Mängel

mangelhaft Adjektiv **1.** **DE** *mangelhaft* [lungenügend] • **FR** *insuffisant* [déficientaire] • **PT** *insuficiente, deficiente* **Beispill** wa 50 % vun de Schüler mangelhaft Kenntnissener an de Sciencen hunn, da musse mer eise Schoulsystem a Fro stellen **Synonym** ongenügend **2.** **DE** *mangelhaft* [fehlerhaft] • **FR** *défectueux* • **PT** *defeituoso* **Beispill** déi mangelhaft Stécker an der Maschinn goufen iwwer d'Garantie ersat

Mange-tout Femininum (Pluriel Mange-touten) **DE** *Zuckererbse* • **FR** *(pois) mange-tout, pois gourmand* • **EN** *snow pea* • **PT** *ervilha-torta* **Beispill** ech hunn um Maart Bounen, Champignonen a Mange-toute kaaft **Synonym** Zockerierbes

Mango [m'anggo:] Femininum (Pluriel Mangoen) **DE** *Mango* • **FR** *mangue* • **EN** *mango* • **PT** *manga* [fruto] **Beispill** vun den exotesche Friichten hunn ech d'Mangoen am léifsten

Mangobam Maskulinum (Pluriel Mangobeem)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Mangold Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Mangold* • **FR** *bette, blette* • **EN** *mangold* • **PT** *acelga* **Beispill** am Mangold an am Spinat si ganz vill Vitaminnen

maniabel [manj'a:bəl] Adjektiv **1.** **DE** *handlich* • **FR** *maniabile* [pratique, ergonomique] • **EN** *handy, easy-to-use* • **PT** *maneável* [prático, ergonómico] **Beispill** deen neie Mixer ass méi maniabel ewéi deen alen **Synonym** handlech **2.** **DE** *umgänglich* • **FR** *conciliant* • **EN** *affable, accessible* • **PT** *tratável, conciliador* **Beispill** deen neie Chef ass méi maniabel ewéi deen alen **Synonym** ëmgänglich

Manie [man'i:] Femininum (Pluriel Manien) **DE** *Manie* • **FR** *manie* [habitude] • **EN** *obsession* • **PT** *mania* [hábito] **Beispill** d'Botzen ass fir eis Nopesch eng Manie ginn

manifest [manif'æst] Adjektiv **DE** *manifest* • **FR** *manifeste* • **EN** *manifest* • **PT** *manifesto* **Beispiller** an dëser Afär si manifest Feeler gemaach ginn; et ass manifest, datt et Onreegelméissegkeeten an den Ofrechnunge gouf **Synonym** offensichtlech

Manifest [manif'æst] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Manifesten) **DE** *Manifest* • **FR** *manifeste* [déclaration] • **PT** *manifesto* [declaração] **Beispill** déi nei politesch Gruppierung wëllt mat hirem Manifest eng Diskussioun ausléisen

Manifestant [manifæst'ant] Maskulinum (Pluriel Manifestanten) **DE** *Demonstrant* • **FR** *manifestant* • **EN** *demonstrator* • **PT** *manifestante* **Beispill** d'Manifestanten hu fir besser Aarbechtskonditiounen demonstréiert **Synonym** Demonstrant

♀ Weiblech Form: **↗**Manifestantin

Manifestantin [manifæst'antin] Femininum (Pluriel Manifestantinnen) **DE** *Demonstrantin* • **FR** *manifestante* • **EN** *demonstrator [female]* • **PT** *manifestante [mulher, rapariga]* **Beispill** d'Manifestantin ass vun der Police festgeholl ginn, obwuel se friddlech demonstréiert huet **Synonym** Demonstrantin

♂ Männlech Form: **↗**Manifestant

Manifestatioun [manifæstasj'əʊn] Femininum (Pluriel Manifestatiounen) **1. DE** *Veranstaltung [Ereignis]* • **FR** *manifestation [événement]* • **EN** *event [public occasion]* • **PT** *manifestação [evento]* **Beispill** am Kader vum Festival organiséiert d'Gemeng eng Rei kulturell Manifestatiounen **Synonym** Veranstaltung **2. DE** *Demonstration [Kundgebung]* • **FR** *manifestation [de protestation, de revendication]* • **EN** *demonstration [protest]* • **PT** *manifestação [de protesto, de reivindicação]* **Beispill** muer de Mëtteg ass an der Stad eng Manifestatioun géint de Krich **Synonym** Demonstratioun

manifestéieren [manifæst'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé manifestéiert) » **intransitiv 1. DE** *demonstrieren* • **FR** *manifestar [participer à une manifestation]* • **EN** *to demonstrate [to hold a rally]* • **PT** *manifestar-se [participar numa manifestação]* **Beispill** den 1. Mee manifestéieren d'Gewerkschaften op der ganzer Welt **Synonym** demonstréieren » **reflexiv 2. DE** *sich melden [von sich hören lassen]* • **FR** *se manifester [donner de ses nouvelles]* • **EN** *to get in touch* • **PT** *dar sinal de si [dar notícias de si]* **Beispill** no dräi Joer huet mäi Cousin sech emol nees eng Keier manifestéiert **Synonym** sech mellen **3. DE** *sich zeigen, sich äußern [erkennbar werden]* • **FR** *se manifester [phénomène, symptôme]* • **EN** *to manifest oneself [symptom, problem], to appear* • **PT** *manifestar-se [mostrar-se, revelar-se]* **Beispiller** dës Zort vu Gripp manifestéiert sech duerch Féiwer an Halswéi; während den Diskussiounen hu sech schonn éischt Schwieregkeete manifestéiert

Manikür [m'aniky:ɾ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Maniküre [Handpflege]* • **FR** *manucure [soin des mains]* • **EN** *manicure* • **PT** *tratamento das mãos* **Beispill** ech muss an d'Manikür, well ech ee vu menge falschen Neel verluer hunn

Manila Eegenumm **DE** *Manila* • **FR** *Manille* • **PT** *Manila* **Beispill** Manila ass d'Haaptstad vun de Philippinnen

Manipulateur [manipylat'œ:ɾ] Maskulinum (Pluriel Manipulateuren) **DE** *Manipulator [Person]* • **FR** *manipulateur [de personnes]* • **EN** *manipulator* • **PT** *manipulador [de pessoas]* **Beispill** dee Manipulateur probéiert mat alle Mëttelen, d'Leit ze iwerrieden

♀ Weiblech Form: **↗**Manipulatrice

Manipulatioun [manipulasj'əʊn] Femininum (Pluriel Manipulatiounen) **1. DE** *Handhabung* • **FR** *manipulation [maniement]* • **EN** *manipulation, handling, operation* • **PT** *manipulação [manejo]* **Beispill** d'Manipula-

tioun vun dësem Apparat ass ganz komplizéiert **2. DE** *Manipulation [Verfälschung]* • **FR** *manipulation [irrégularité]* • **EN** *manipulation [manoeuvring, falsification]* • **PT** *manipulação [falsificação]* **Beispill** bei de Wale kouw et zu Manipulatiounen **3. DE** *Manipulation [Beeinflussung]* • **FR** *manipulation [(tentative d')influence]* • **EN** *manipulation [influencing]* • **PT** *manipulação [(tentativa de) influencial]* **Beispill** d'Reklamm ass eng Manipulatioun vum Konsument

Manipulatrice [manipylatr'is] Femininum (Pluriel Manipulatricen) **DE** *Manipulatrix [Person]* • **FR** *manipulatrice [de personnes]* • **PT** *manipuladora [de pessoas]* **Beispill** elo huet déi Manipulatrice mat hire Mëttelen erëm dat erreecht, wat se wollt!

♂ Männlech Form: **↗**Manipulateur

manipuléieren [manipul'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé manipuléiert) » **transitiv 1. DE** *manipulieren [beeinflussen]* • **FR** *manipuler [influencer]* • **EN** *to manipulate [to influence]* • **PT** *manipular [influenciar]* **Beispill** mat sengem Gerieds huet hie vill Leit kenne manipuléieren **2. DE** *manipulieren [verfälschen]* • **FR** *manipuler [trafiquer]* • **EN** *to doctor, to rig* • **PT** *manipular [falsear]* **Beispiller** de Comptabel steet am Verdacht, d'Bicher vun der Firma manipuléiert ze hunn; de Kilometerzähler vun dësem Auto gouf manipuléiert

Manktem [m'ɑŋktəm] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Mangel [Defizit]* • **FR** *manque [insuffisance]* • **EN** *lack* • **PT** *falta [insuficiência]* **Beispiller** wéinst Manktem u Beweiser ass de Beschëllegte fräigesprach ginn; a menger Bluttanalys ass e staarke Manktem un Eisen an u Vitaminn D festgestallt ginn **Synonym** Mangel

Mann [man] Maskulinum **1. (Pluriel Männer)** **DE** *Mann [männliche Person]* • **FR** *homme [personne de sexe masculin]* • **EN** *man [male person]* • **PT** *homem [pessoa do sexo masculino]* **Beispiller** d'Toiletté fir Männer a Frae si getrennt; hie stellt säi Mann! [ëgs] [et ass Verlooss op hien; hie weess sech ze behaupten] **2. (Pluriel Männer)** **DE** *Mann, Ehemann* • **FR** *mari, époux* • **EN** *husband* • **PT** *marido* **Beispill** mäi Mann ass mat de Kanner an d'Vakanz gefuer **3. (Pluriel Mann)** **DE** *Mann [Person, Individuum]* • **FR** *homme [personne, individu]* • **EN** *man [person, individual]* • **PT** *homem, pessoa* **Beispiller** du bass dee richtige Mann fir dës Aarbecht!; si sinn zu zéng Mann komm, fir déi Aarbecht ze maachen

mann [man] Adverb **DE** *wenig* • **FR** *peu* • **EN** *little [barely enough, not much]* • **PT** *pouco* **Beispiller** d'Isses war gutt, mee et war e bësse mann; well ech krank sinn, strenge ech mech esou mann ewéi méiglech un; wéi ech nogerechent hunn, hat ech e puer Euro ze mann **Synonym** wéineg

♂ Virum Adverb **mann** stinn ëmmer aner kleng Wieder (relational Ausdréck). Beispiller heifir sinn: ze mann, e bësse mann, esou mann ewéi méiglech, ...

Männchen [m'ænzən] Maskulinum (Pluriel Männcher) - Diminutivform vun **↗**Mann **1. DE** *Männchen [Figur, Bildnis]* • **FR** *bonhomme [figurine, dessin]* • **EN** *stick figure* • **PT** *boneco [figura, desenho]* **Beispiller** d'Kanner hunn e Männchen op d'Tafel gemoot; hien ass voll ewéi de Männchen am Liicht! [ëgs] [hien huet ze vill Alkohol gedronk]; eisen Hond kann de Männeche maachen leisen Hond ka sech op déi hënnescht Patte

stellen]; hie gesäit d'Männercher! ^[ëgs] [hie gesäit Saachen, déi net sinn]; hien ass stänneg amgaang, sech beim Chef de schéine Männchen ze maachen! ^[ëgs] [hien ass stänneg amgaang, sech beim Chef bäizeschmierer] **2.** **DE** Männchen [männliches Tier] • **FR** mâle [animal] • **EN** he, male [animal] • **PT** macho [animal] **Beispill** ass däi Mierschwéngchen e Männchen oder e Weibchen? **3.** **DE** Kerlchen • **FR** (petit) bonhomme [jeune garçon] • **EN** little chap • **PT** rapazinho [rapaz pequeno] **Beispill** wat ass äre Klengen awer e léiwe Männchen! **Synonym** Männi **4.** ^[ëgs] **DE** Bürschchen, Freundchen [als warnende Anrede] • **FR** bonhomme [pour s'adresser à quelqu'un en le menaçant] • **EN** mate, sonny [warning form of address] • **PT** (ó meu) rapazinho [dito em tom ameaçador] **Beispill** lauschter emol, Männchen, elo geet et duer! **Synonym** Frëndchen

Mannequin [m'anəkɛ:] Maskulinum (Pluriel Mannequinen) **1.** **DE** Mannequin, Model • **FR** mannequin [modèle] • **EN** model [person] • **PT** manequim, modelo **Beispill** ee vun de Mannequinen ass matzen am Defilé gefall **Synonym** Model **2.** **DE** Kleiderpuppe, Schaufensterpuppe • **FR** mannequin [figure articulée] • **EN** mannequin [dummy] • **PT** manequim [boneco articulado] **Beispill** an der Fënster steet e Mannequin am Bikini

manner [m'anɛ] Adverb **DE** weniger • **FR** moins • **EN** less • **PT** menos **Beispill** iess manner, wann s de wëlls ofhuelen!; du kriss 20 Euro, net méi an net manner!; dat ass jo manner ewéi näischt! ^[ëgs] [dat ass jo guer näischt!]; et geet mer haut méi oder manner gutt ^[ëgs] [et geet mer haut eenegermoosse gutt!]; bei där Ried wier manner méi gewiescht! ^[ëgs] [bei där Ried hätt een sech méi kuerz kënne faassen]

manner [m'anɛ] Indefinitpronomen **DE** weniger • **FR** moins de • **EN** less • **PT** menos **Beispill** an der Grousser Vakanz ass manner Verkeier op de Stroossen

mannerbemëttelt [m'anɛbɛmɛtɛlt] Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

männerfeindlech [m'ænɛfaɪndlɔç] Adjektiv **DE** männerfeindlich • **FR** misandre • **EN** misandrist, man-hating • **PT** misândrico **Beispill** fir an der Diskussioun ze provozieren, huet d'Fra e puer männerfeindlech Bemierkunge gemaach

mannerjäreg [m'anɛjɛ:rɔç] Adjektiv **DE** minderjährig • **FR** mineur [d'âge] • **EN** underage • **PT** menor [de idade] **Beispill** esoulaang s de mannerjäreg bass, brauchts de eng Entschëllegung vun dengen Elteren; ouni erwusse Begleetpersoun däerf kee Mannerjärege un dëser Rees deelhuele

Männerkammerchouer [m'ænɛkamɛkøʁ] Maskulinum (Pluriel Männerkammerchouer) **DE** Männerkammerchor • **FR** chœur de chambre masculin • **EN** male chamber choir • **PT** coro de câmara masculino **Beispill** den Owend huet de Männerkammerchouer säin traditionelle Concert

Männerstëmm Femininum (Pluriel Männerstëmmen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

mannerwäerteg [m'anɛvɛ:ɛtɔç] Adjektiv **DE** minderwertig • **FR** de moindre qualité • **EN** inferior, low-quali-

ty • **PT** de menor qualidade **Beispill** mir hu keng mannerwäerteg Wuer an eisem Buttek

Männi [m'æni:] Maskulinum (Pluriel Männien) **1.** **DE** kleiner Mann [Kind] • **FR** (petit) bonhomme [enfant] • **EN** little guy, little chap • **PT** (meu) rapazinho [criança] **Beispill** du aarme Männi, hues de der wéigedoen? **Synonym** Männchen **2.** ^[ëgs] **DE** Bürschchen, junger Mann [als Tadel, als Warnung] • **FR** bonhomme, jeune homme [comme réprimande, comme avertissement] • **EN** mate, sonny [warning form of address] • **PT** (ó meu) rapazinho [como repreensão, como advertência] **Beispill** so mol Männi, hei gëtt sech net virgedréckt!; Männi, du kanns net no Mëtternuecht heemkommen, wa muer Schoul ass! **Synonym** Männchen

männlech [m'ænɔç] Adjektiv **1.** **DE** männlich [männlichen Geschlechts] • **FR** (de sexe) masculin • **EN** male [gender] • **PT** (do sexo) masculino **Beispill** ech hunn nëmme männlech Aarbechtskolleegen **2.** **DE** männlich [männerspezifisch, einem Mann entsprechend] • **FR** masculin [propre à l'homme] • **EN** male, masculine • **PT** masculino [próprio de homem] **Beispill** dat ass eng typesch männlech Reaktioun **Synonym** maskulin **3.** **DE** männlich [Genus] • **FR** masculin [genre grammatical] • **EN** masculine [grammatical gender] • **PT** masculino [género gramatical] **Beispill** am Lëtzebuergeresche gëtt et Substantiven, déi esouwuel männlech ewéi och weiblech sinn

Männlechkeet [m'ænɔçkɛ:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Männlichkeit • **FR** virilité • **EN** manliness, masculinity • **PT** masculinidade, virilidade **Beispill** mam offenen Hiem wëllt hien nëmme seng Männlechkeet ennersträchen

mannst [manst] Indefinitpronomen » Singulier / weiblech / Nominativ **1.** déi mannst **DE** die geringste • **FR** la moindre • **EN** the smallest • **PT** a menor **Beispill** déi mannst Schwierigkeet discouragéiert hien » Singulier / weiblech / Akkusativ **2.** déi mannst **DE** die geringste • **FR** la moindre • **EN** the least • **PT** a menor **Beispill** fir den Ament soll d'Patientin déi mannst Ustrengung vermeiden » Singulier / sächlech / Nominativ **3.** dat mannst **DE** das geringste • **FR** le moindre, la moindre • **EN** the smallest • **PT** o menor, a menor **Beispill** dat mannst Gemauschels geet duer, fir eise Geschichtspröf rosen ze maachen » Singulier / sächlech / Akkusativ **4.** dat mannst **DE** das geringste • **FR** le moindre, la moindre • **EN** the least, the slightest • **PT** o menor, a menor **Beispill** bei de Verhandlung wollt d'Patronat net dat mannst Zougständnes maachen » Pluriel / männlech / weiblech / sächlech / Nominativ **5.** déi mannst **DE** die wenigsten • **FR** une minorité d'entre • **EN** the fewest • **PT** o mínimo de, uma minoridade de **Beispill** déi mannst vun eis wëilten op de Confort an de Luxus verzichten » Pluriel / männlech / weiblech / sächlech / Akkusativ **6.** déi mannst **DE** die wenigsten • **FR** le moins de • **EN** the least • **PT** o mínimo de **Beispill** ech ginn am Stot déi mannst Suen aus

mannsten [m'anstɛn] Indefinitpronomen » Singulier / männlech / Nominativ **1.** dee mannsten / de mannsten **DE** der geringste • **FR** le moindre • **PT** o menor **Beispill** dee mannsten Anstand hätt verlaangt, datt s de dech entschëllegs » Singulier / männlech / Akkusativ **2.** dee mannsten / de mannsten **DE** den geringsten • **FR** le moins de • **PT** o menor **Beispill** vun all

de Participanten huet hien dee **mannsten** Interessi gewisen » **Singulier / männlech / Dativ 3.** deem **mannsten / dem mannsten** **DE** *dem geringsten* • **FR** *le moins de* • **PT** *o menor* **Beispill** bei deem Argument huet d'Politikerin mat deem **mannste** Widerstand gerechent » **Singulier / sächlech / Dativ 4.** deem **mannsten / dem mannsten** **DE** *dem geringsten* • **FR** *le moins de* • **PT** *o menor, a menor* **Beispill** d'Direktioun huet ausgerechent déi Mataarbechterin mat deem **mannste** Verhandlungsgeschéck d'Negociatioune féiere gelooss! » **Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Dativ 5.** deene **mannsten / de mannsten** **DE** *den geringsten, den wenigsten* • **FR** *une minorité de, très peu de* • **PT** *o mínimo de, uma minoridade de* **Beispiller** bei deem Typ Operatioun kënn et an deene **mannste** Fäll zu onerwaarte Komplikatoune; dat wär deem senger **mannster** eng [dat géif bei hie passen]

mannster [m'anste] Indefinitpronomen » **Singulier / weiblech / Dativ** der **mannster**, där **mannster** **DE** *der geringsten* • **FR** *la moindre* • **PT** *a menor* **Beispill** bei där **mannster** Schwieeregkeet ass hien direkt de-courageiert

Manomeeter Maskulinum (Pluriel **Manomeeter**) - Variant vun ↗**Manometer**

Manometer [manom'e:te] Maskulinum (Pluriel **Manometer**) **DE** *Manometer* • **FR** *manomètre* • **EN** *manometer* • **PT** *manómetro* **Beispill** de **Manometer** weist, wéi héich den Drock am Kessel ass

Manöver [man'ø:ve] Maskulinum/Neutrum (Pluriel **Manöveren**) **1.** **DE** *Manöver [Truppenübung]* • **FR** *manœuvre [exercice militaire]* • **EN** *manoeuvre [military exercise]* • **PT** *manobras [exercício militar]* **Beispiller** am Laf vum **Manöver** waren d'Zaldoten extreeme Situatiounen ausgesat; dës Woch geet eis Arméi an d'**Manöver** **2.** **DE** *Manöver [Fahrverhalten]* • **FR** *manœuvre [d'un véhicule]* • **EN** *manoeuvre [of a vehicle]* • **PT** *manobra [de um veículo]* **Beispill** op der glater Strooss daërf ee sech kee brüske **Manöver** erlaben **3.** [égs] **DE** *Manöver [Winkelzug]* • **FR** *manœuvre [combine, manigance, tactique]* • **EN** *manoeuvre [trick, scheme]* • **PT** *manobra [artimanha, estratégia]* **Beispill** déi Diskussioun ass e politesche **Manöver**, fir vu wichtege Problemer ofzelenken

manövréieren [manø:vr'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Particpe passé **manövréiert**) » **transitiv 1.** **DE** *manövriieren [steuern]* • **FR** *manœuvrer [un véhicule]* • **EN** *to manoeuvre [a vehicle]* • **PT** *manobrar [um veículo]* **Beispill** de **Chauffer** huet de **Bus** mat vill **Geschéck** duerch déi enk **Gaasse** **manövréiert** » **intransitiv 2.** **DE** *manövriieren [ein Manöver ausführen]* • **FR** *manœuvrer [effectuer une manœuvre]* • **EN** *to manoeuvre* • **PT** *manobrar [efetuar uma manobra]* **Beispill** hien huet esou **laang** **manövréiert**, bis en den **Auto** richteg **geparkt** hat

Mansarde [m'ä:sart] Femininum (Pluriel **Mansarden**) **DE** *Mansarde* • **FR** *mansarde [grenier aménagé]* • **EN** *mansard [apartment]* • **PT** *mansarda [águas-furtadas]* **Beispill** mir verlounen eis **Mansarde** u **Studenten**

Mansardesfënster [mä:s:artsf'ənste] Femininum (Pluriel **Mansardesfënsteren**) **DE** *Mansardenfenster* • **FR** *fenêtre de mansarde* • **EN** *dormer window, attic window* • **PT** *janela de mansarda* **Beispill** et huet duerch

d'**Mansardesfënster** eragereent

Mantel [m'antəl] Maskulinum (Pluriel **Mäntel**) **1.** **DE** *Mantel [Kleidungsstück]* • **FR** *manteau* • **EN** *coat [garment]* • **PT** *casaco (comprido)* **Beispill** do däi **Mantel** un, et ass vill **Loft!** **2.** [vereełzt] **DE** *Reifen, Fahrradreifen* • **FR** *pneu [de bicyclette]* • **EN** *tyre [bicycle]* • **PT** *pneu [de bicicleta]* **Beispill** ech brauch zwee nei **Mäntel** fir mäi **Vélo** **Synonym** **Pneu**

Mantelbriet [m'antəlbriət] Neutrum (Pluriel **Mantelbrieder**) **1.** **DE** *Kleiderhaken(brett)* • **FR** *patères* • **EN** *coat rack* • **PT** *cabide [peça fixa na parede]* **Beispill** dir kënnst är **Jacketten** hei un d'**Mantelbriet** hänken! **2.** **DE** *Kleiderständer* • **FR** *portemanteau* • **EN** *coat stand* • **PT** *cabide [móvel]* **Beispill** mir hunn en neit **Mantelbriet** kaaft **3.** **DE** *Kleiderbügel* • **FR** *cintré [à vêtements]* • **EN** *coat hanger, clothes hanger* • **PT** *cabide, cruzeta* **Beispill** géiff mer e **Mantelbriet** heihin, fir meng **Jackett** opzehänken! **Synonym** **Bigel**

Mäntelchen [m'æntəlçən] Maskulinum (Pluriel **Mäntelcher**) - Diminutivform vun ↗**Mantel**

Mantelméiw [m'antəlmɛiʷ] Femininum (Pluriel **Mantelméiwen**) **Larus marinus** **DE** *Mantelmöwe* • **FR** *go-léand marin* • **EN** *great black-backed gull* • **PT** *alcatraz-comum* **Beispill** wéi **laang** **bréien** d'**Mantelméiwen**?

Manternach [m'antenax] Eegennumm **DE** *Manternach* • **FR** *Manternach* • **EN** *Manternach* • **PT** *Manternach* **Beispiller** ech wunnen zu **Manternach**; fiert dës **Bus** op **Manternach**?

manuell [manu'æɫ] Adjektiv **DE** *manuell* • **FR** *manuel* <Adverb *manuellement*> • **EN** *manual* <Adverb *manually*> • **PT** *manual* <Adverb *manualmente*> **Beispiller** hien ass ganz **geschécklech** bei **manuellen** **Aarbechten**; eis **Garagëpaart** kritt een **nëmm** **manuell** op

Manufacture Femininum (Pluriel **Manufacturen**) - Variant vun ↗**Manufaktur**

Manufaktur Femininum (Pluriel **Manufakturen**) **DE** *Manufaktur [Fabrik]* • **FR** *manufacture [usine]* • **PT** *manufatura [fábrica]* **Beispill** aus dëser **Manufaktur** fir **Keramik** a **Parzeläin** ass en **internationale** **Konzern** entstanen

Variant: Manufacture

Manung [m'a:nuŋ] Femininum (Pluriel **Manungen**) **DE** *Zahlungserinnerung* • **FR** *rappel de paiement* • **EN** *reminder [letter]* • **PT** *aviso de pagamento* **Beispill** ech krut eng **Manung**, well ech eng **Rechnung** net bezuelt hat **Synonym** **Rappel**

Manuskript [manuskri'ipt] Maskulinum/Neutrum (Pluriel **Manuskripten / Manuskripter**) **1.** **DE** *Manuskript [Handschrift]* • **FR** *manuscrit [texte, ouvrage écrit à la main]* • **EN** *manuscript [written by hand]* • **PT** *manuscrito [texto escrito à mão, obra escrita à mão]* **Beispill** an der **Bibliothék** leie **Manuskripter** aus dem **12.** **Joerhonnert** **Synonym** **Handschrëft** **2.** **DE** *Manuskript [Originalfassung]* • **FR** *manuscrit [texte original]* • **PT** *manuscrito [texto original]* **Beispiller** de **Verlag** wëllt mäi **Manuskript** net als **PDF**; déi **Dokteraarbecht** ass nach net **publizéiert**, mee du **kannst** se **schonn** als **Manuskript** zitéieren **3.** **DE** *Manuskript [Vorlage, Notizen]* • **FR** *notes, préparation [écrite]* • **PT** *notas de discurso* **Beispill** de **Riedner** huet

säi Manuskript op d'Säit geluecht a fräi geschwat

Mapp [map] Femininum (Pluriel Mappen) **1.** DE *Mappe* [Aktendeckel] • FR *chemise* [dossier, classeur] • EN *folder, file* • PT *capa, pasta* [porta-documentos] **Beispiller** déi wichteg Dokumenter leien am ieweschten Tirang an enger bloer Mapp; de Student huet seng Mapp mat den Zeechnungen doheem vergiess **2.** DE *Mappe* [Tasche] • FR *serviette* [sac, porte-documents] • EN *briefcase* • PT *pasta* [mala, porta-documentos] **Beispiller** solle mer de Papp fir Pappendag net eng nei lieders Mapp schenken?; de Professor krut déi vill Bicher net all a seng Mapp gepaakt

Mäppchen [m'æpçən] Femininum (Pluriel Mäppercher) - Diminutivform vun **♂**Mapp

Maputo Eegennumm DE *Maputo* • FR *Maputo* • PT *Maputo* **Beispill** Maputo ass d'Haaptstad vum Mosambik

Maquette [m'akæt] Femininum (Pluriel Maquetten) **1.** DE *Modell* [verkleinerte Ausführung, Entwurf] • FR *maquette* [modèle réduit] • EN *model* [small-scale representation] • PT *maquete* [modelo reduzido] **Beispiller** an der Ausstellung ginn d'**Maquette** vu verschiddene Buergeren a Schlässer gewisen; den Architekt huet mat senger **Maquette** den éischte Präis gewonnen **2.** DE *Druckvorlage* • FR *maquette* [graphique] • EN *layout, paste-up* [for printing] • PT *maquete* [gráfica] **Beispill** ech hunn d'**Maquette** vum Plakat an d'Dréckerei gefouert

Maquillage [makij'a:f] Maskulinum **1.** (Pluriel Maquillagen) DE *Make-up* [Schminke] • FR *maquillage* [produits de beauté] • EN *make-up* [cosmetics] • PT *maquilhagem* [produtos de beleza] **Beispill** wéinst menger empfindlecher Haut huelen ech kee bëllege **Maquillage** **Synonymmen** Makeup, Schminke **2.** (kee Pluriel) DE *Make-up* [Verwendung von Schminke] • FR *maquillage* [traitement cosmétique] • EN *make-up* [facial enhancement] • PT *maquilhagem* [tratamento cosmético] **Beispill** der Braut hire **Maquillage** ass wierklech gelongen

maquilléieren [makij'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé maquilléiert) » **transitiv** DE *schminken* • FR *maquiller* [farder] • EN *to make up* [to put on make-up] • PT *maquilhar* **Beispiller** d'Coiffeuse huet mech fir déi besonnesch Geleeënheet coifféiert a maquilléiert; fir op de Bal wäert ech mech maquilléieren **Synonym** schminken

mar [ma:ɾ] Adverb - Variant vun **♂**muer

Maracuja Femininum (Pluriel Maracujaen) DE *Maracuja* • FR *maracuja* • EN *maracuja* • PT *maracujá* (amarelo) **Beispill** d'Maracuja wissst an tropeschen Länner

Marathon [m'aratõ:] Maskulinum (Pluriel Marathonen) DE *Marathon* [Marathonlauf] • FR *marathon* • EN *marathon* • PT *maratona* **Beispill** ech hu wëlles, dëst Joer de Marathon matzelafen

Marathonleefer [m'aratõ:le:fe] Maskulinum (Pluriel Marathonleefer) DE *Marathonläufer* • FR *marathonien, coureur de marathon* • EN *marathon runner* • PT *maratonista* **Beispill** de jonke **Marathonleefer** huet an der leschter Montée nach eng Keier richtig ugerappt

♀ Weiblech Form: **♂**Marathonleeferin

Marathonleeferin [m'aratõ:le:fərin] Femininum (Pluriel Marathonleeferinnen) DE *Marathonläuferin* • FR *marathonienne, coureuse de marathon* • EN *marathon runner* [female] • PT *maratonista* [mulher] **Beispill** als **Marathonleeferin** sinn ech et gewinnt, laang Disttanzen ze lafen

♂ Männlech Form: **♂**Marathonleefer

Marber [m'arβe] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Marmor* • FR *marbre* • EN *marble* • PT *mármore* **Beispill** si hunn eng Trap aus **Marber** bis op de Späicher

♀ Variant: **Marmer**

marber [m'arβe] onverännerbaart Adjektiv DE *marmor* • FR *en marbre* • EN *marble* • PT *de mármore* **Beispill** si hunn an hirem Buedzëmmer e **marber** Buedem leeë gelooss

♀ Variant: **marmer**

marbréieren [marβr'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé marbréiert)

♀ Hei entsteet en neien Artikel.

marbréiert [marβr'ziət] Adjektiv DE *marmoriert* • FR *marbré* • EN *marbled* • PT *marmoreado* **Beispill** mir hunn eng **marbréiert** Tapisserei am Living

♀ „marbréiert“ kann och de Participe passé vum Verb **♂**marbréieren sinn.

Marcassin [m'arkasin] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Wildschwein* [Fleisch] • FR *marcassin* [viande] • EN *marcassin, young wild boar* [animal] • PT *carne de javali novo* **Beispill** am Hierscht hu vill Restaurante **Marcassin** op der Kaart

Marchandise [marʃã:d'i:s] Femininum (Pluriel Marchandisen) DE *Ware* • FR *marchandise* • EN *goods, merchandise* • PT *mercadoria* **Beispill** d'**Marchandise** muss direkt bei der Liwwerung kontrolléiert ginn, soss kann se net méi ëmgetosch ginn **Synonym** Wuer

Marché [m'arʃe:] Maskulinum (Pluriel Marchéen) **1.** DE *Markt* [Warenverkehr] • FR *marché* [circulation de biens] • EN *market* • PT *mercado* [circulação de bens] **Beispiller** d'Offer an d'Demande reegelen de **Marché**; gëtt et schon e **Marché** fir Äert neit Produkt? **Synonym** Maart **2.** **Marché** (public) DE *öffentlicher Auftrag* • FR *marché public* • EN *public tender* • PT *contrato público* **Beispiller** wéi eng Konditioun muss en Handwierksbetrib erfëllen, fir bei engem **Marché** public kënne matzemaachen?; eise Betrib huet de **Marché** vun der Gemeng fir déi nei Büroen zougesprach kritt

Märchen [m'ɛ:ççən] Neutrum (Pluriel Märcher) DE *Märchen* • FR *conte* (de fées) • EN *fairy story* • PT *conto* (de fadas) **Beispiller** meng Bomi huet eis e **Märche** virgelies; verziel mer dach keng **Märcher**! **égs** [verziel mer dach keng Ligen!]

Marder [m'arðe] Maskulinum (Pluriel Marderen) DE *Marder* • FR *martre* • EN *marten* • PT *marta* **Beispill** d'**Mardere** knabbere gär un de Kabelen am Motorraum

Maréchal de la Cour Maskulinum (Pluriel Maréchal-de-la-Couren)

♀ Hei entsteet en neien Artikel.

Maréchale de la Cour Femininum (Pluriel Maréchale-de-la-Couren) - weiblech Form vun \nearrow Maréchal de la Cour

Märei [mɛr'ɑi] Femininum (Pluriel Märeien) **1.** DE Gemeindeverwaltung • FR *mairie* [administration municipale] • EN *town hall, local council* [administration] • PT *administração municipal* **Beispill** ech hunn e Bréif vun der Märei kritt **Synonymmen** Gemeng, Gemeindeverwaltung **2.** DE Rathaus • FR *mairie* [bâtiment] • EN *town hall* [building] • PT *câmara municipal* [edifício] **Beispill** d'Märei ass just niewent der Kierch **Synonymmen** Gemeng, Stadhaus

Märel [m'ɛ:rəl] Femininum (Pluriel Märelen) DE *Amsel* • FR *merle* • EN *blackbird* • PT *melro* **Beispill** d'Fra sëtzt am Park a lauschtert de Märelen no

Märel [m'ɛ:rəl] Eegennumm DE *Merl* • FR *Merl* • EN *Merl* • PT *Merl* **Beispiller** ech wunnen zu Märel; fiert dëse Bus op Märel?

Märel [m'ɛ:rəl] Femininum (Pluriel Märelen) *Turdus merula* DE *Amsel* • FR *merle noir* • EN *blackbird* • PT *melro-preto* **Beispill** wéi laang bréien d'Märelen?

Margarine [mɑrgɑr'in] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun \nearrow Margarinn

Margarinn [mɑrgɑr'in] Femininum (kee Pluriel) DE *Margarine* • FR *margarine* • EN *margarine* • PT *margarina* **Beispill** hien huet d'Margarinn zesumme mam Zocker an eng Schosel gedoen

Marge [mɑrʃ] Femininum (Pluriel Margen) DE *Gewinnspanne* • FR *marge* (*bénéficiaire*) • EN *profit margin* • PT *margem de lucro* **Beispill** op deene Produkter ass eng grouss Marge

marginal [mɑrʒin'a:l] Adjektiv DE *nebensächlich* • FR *marginal* [*secondaire, accessoire*] • EN *marginal* [*minor*] • PT *marginal* [*secundário, acessório*] **Beispill** de Chômage ass kee marginale Problem

marginaliséieren [mɑrʒinaliz'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé marginaliséiert) » **transitiv** DE *marginalisieren* • FR *marginaliser* • EN *to marginalize* • PT *marginalizar* **Beispill** et dærf een dee Problem net marginaliséieren

Margréitchen [ma:gr'zi:tʃən] Femininum (Pluriel Margréidercher) DE *Gänseblümchen* • FR *pâquerette* • EN *daisy* • PT *margarida, bonina* **Beispill** de klenge Bouf huet senger Mamm eng Margréitche gepléckt

Mariage [mɑri'a:] Maskulinum (Pluriel Mariagen) **1.** DE *Eheschließung, Hochzeit* • FR *mariage* [*fait de se marier*] • EN *marriage, wedding* • PT *casamento* [*lato de se casar*] **Beispill** de Mariage op der Gemeng ass haut de Mëtteg **Synonym** Bestietnes **2.** DE *Ehe* • FR *mariage* [*vie conjugale*] • EN *marriage* [*married life*] • PT *casamento* [*vida conjugal*] **Beispill** an engem Mariage muss ee bereet sinn, Kompromësser anzegoen **Synonym** Bestietnes

Mariendall [mɑri'i:əndal] Eegennumm DE *Marienthal* • FR *Marienthal* • EN *Marienthal* • PT *Marienthal* **Beispiller** ech wunnen am Mariendall; fiert dëse Bus an de Mariendall?

i Lokalvariant: Märjendall

Marihuana [mɑriju'a:nɑ:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Marihuana* • FR *marijuana* • EN *marijuana* • PT *marijuana* **Beispill** seng Eltere wëssen net, datt hie Marihuana fëmmt

Marimba [mɑr'imba:] Femininum (Pluriel Marimbaen) DE *Marimba* • FR *marimba* • EN *marimba* • PT *marimba* **Beispill** beim leschte Stéck huet een d'Marimba gutt eraushéieren

Marinad [mɑrin'a:t] Femininum (Pluriel Marinaden) DE *Marinade* [*flüssige Gewürzmischung*] • FR *marinade* • EN *marinade* • PT *marinada, vinha-d'alhos* **Beispill** eise Metzler mécht eng excellent Marinad fir d'Kotletten

marinéieren [mɑrin'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé marinéiert) » **transitiv** DE *marinieren* • FR *mariner* • EN *to marinade* • PT *marinar* **Beispill** ech hu beim Metzler véier marinéiert Kotlette kauft

Marinn [mɑr'in] Femininum (kee Pluriel) DE *Marine* [*Seestreitkräfte*] • FR *marine* [*armée de mer*] • EN *navy* • PT *marinha* [*forças navais*] **Beispill** mäi Cousin geet spéider gäre bei d'Marinn

Marionett [mɑriən'æ:t] Femininum (Pluriel Marionetten) **1.** DE *Marionette* [*Puppe*] • FR *marionnette* [*figurine*] • EN *marionette* [*puppet*] • PT *marioneta* [*boneco*] **Beispill** ech hu mer an der Vakanz eng schéi Marionett kauft **2.** DE *Marionette* [*Person*] • FR *marionnette* [*personne*] • EN *marionette* [*person*] • PT *marioneta* [*pessoa*] **Beispill** hien ass just eng Marionett vu sengem Patron

maritim Adjektiv DE *maritim* • FR *maritime* **Beispiller** de maritimme Secteur spillt eng wichteg Roll beim Import vu Wueren; dat maritimt Klima hëlleft bei verschiddenen Allergien

Märjendall Eegennumm - Variant vun \nearrow Mariendall

Märjendaller Haff [m'ɛrʒəndələh'af] Eegennumm DE *Mariendallerhaff* • FR *Mariendallerhaff* • EN *Mariendallerhaff* • PT *Mariendallerhaff* **Beispiller** ech wunnen um Märjendaller Haff; fiert dëse Bus op de Märjendaller Haff?

Mark [mɑrk] Femininum (Pluriel Marken) DE *Marke* [*leiner Produktreihe*] • FR *marque* [*commerciale*] • EN *make, brand* [*trade name*] • PT *marca* [*comercial*] **Beispiller** dat ass eng rechtlech geschützte Mark; si kafen ëmmer en Auto vun där selwechter Mark

Mark Femininum (Pluriel Mark) DE *Mark* [*Währungseinheit*] • FR *mark* • EN *Deutschmark, mark* • PT *marca* [*unidade monetária*] **Beispill** ier den Euro ageféiert gouf, gouf an Däitschland mat Mark bezuelt

markant [mɑrk'ant] Adjektiv DE *markant* • FR *marquant* [*exceptionnel*] • EN *impressive, striking* • PT *marcante* **Beispiller** dee Schauspiller ass eng markant Perséinlechkeet; et erkennt een hatt direkt u senger markanter Stëmm

markéieren [mɑrk'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé markéiert) » **transitiv** **1.** DE *markieren* [*kennzeichnen, anzeigen, kenntlich machen*] • FR *marquer, signaler, baliser* • EN *to mark, to signal* • PT *marcar, sinalizar, balizar* **Beispiller** mir hu verschidde Plazen op der Kaart gréng markéiert; fir de Chantier op der Autobunn ze markéieren, haten d'Aarbechter

Hittercher opgestallt; dëse Steen huet fréier d'Grenz markéiert; ech hu mer déi Plaz am Buch markéiert, wou ech opgehale hu mat liesen; d'Kaze markéieren (hire Revéier) **2. DE** prägen, *Spuren hinterlassen bei* • **FR** marquer [*laisser des traces sur*] • **EN** to leave a mark on • **PT** marcar [*deixar impressão em*] **Beispiller** déi laang Krankheet huet hie markéiert; dee Film huet mech markéiert **3. [ëgs]** **DE** spielen, *markieren* [*sich benehmen wie*] • **FR** faire [*se conduire en*] • **EN** to act, to play [*to behave like*] • **PT** fazer-se de, *armar-se em* **Beispiller** du hues haut erëm den Dabo markéiert; hie muss ëmmer de staarke Mann markéieren » **intransitiv** **4. DE** sich abzeichnen, *durchscheiden, hervortreten* • **FR** marquer [*se dessiner*] • **EN** to show [*to be noticeable*] • **PT** marcar [*sob a rupa*] **Beispill** däi Slip markéiert ënner där enker Box **Synonym** zeechnen

Markéierung [mɑrk'ziəruŋ] Femininum (Pluriel Markéierungen) **1. DE** Markierung [*Kennzeichen, Marke*] • **FR** marque, signe, balise • **EN** mark, sign • **PT** marca, sinal, baliza **Beispiller** d'Ranner, déi geschluecht ginn, hunn eng rout Markéierung; wann Dir de giele Markéierungen an der Klinik nogitt, kommt Der op d'Kannerstatioun **2. DE** Markierung [*das Markieren*] • **FR** marquage • **EN** road markings • **PT** marcação [*ato de pôr marca*] **Beispill** d'Strooss ass gespaart, well se nach mat der Markéierung amgaang sinn

Markennumm [m'ɑrkənʊm] Maskulinum (Pluriel Markennumm)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Markenzeichen [m'ɑrkəntse:çən] Neutrum (Pluriel Markenzeichen) **DE** Markenzeichen [*Charakteristik, Merkmal*] • **FR** caractéristique, *signe distinctif* • **EN** trademark, characteristic • **PT** marca característica, *sinal distintivo* **Beispill** asymmeetresch Forme sinn dem Moler säi Markenzeichen

Marketing [m'ɑrkətiŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Marketing • **FR** marketing • **EN** marketing • **PT** marketing **Beispill** hie këmmert sech am Betrib ëm de Marketing

Markis [m'ɑrki:s] Femininum (Pluriel Markisen) **DE** Markise • **FR** marquise [*auvent en toile à enrouleur*], *banne* [*toile de protection*] • **EN** awning, *sunblind* • **PT** toldo [*de varanda, de loja*] **Beispill** si hu sech fir d'Geschäft eng Markis op d'Mooss maache gelooss

Marmer [m'ɑrme] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Marber

marmer [m'ɑrme] onverännerbaart Adjektiv - Variant vun ↗marber

Marmerkuch [m'ɑrmekʊχ] Maskulinum (Pluriel Marmerkuchen) **DE** Marmorkuchen • **FR** (gâteau) marbré • **EN** marble cake • **PT** bolo mármore **Beispill** dëse Marmerkuch hunn ech selwer gebak

Maroc [mɑr'ok] Eegennumm, Maskulinum **DE** Marokko • **FR** Maroc • **EN** Morocco • **PT** Marrocos **Beispiller** ech war schonn dräimol am Maroc; ech fueren d'nächst Woch an de Maroc; ech kommen aus dem Maroc **Synonym** Marokko

i männlech Persoun: ↗Marocaner weiblech Persoun: ↗Marocanerin Adjektiv: ↗marocanesch Haaptstad: ↗Rabat

Marocaner [mɑrɔk'a:nə] Maskulinum (Pluriel Marocaner) - Variant vun ↗Marokkaner

Marocanerin [mɑrɔk'a:nərin] Femininum (Pluriel Marocanerinnen) - Variant vun ↗Marokkanerin

marocanesch [mɑrɔk'a:nəʃ] Adjektiv - Variant vun ↗marokkanesch

Marokkaner [mɑrɔk'a:nə] Maskulinum (Pluriel Marokkaner) **DE** Marokkaner • **FR** Marocain • **EN** Moroccan • **PT** marroquino **Beispill** mäi beschte Frënd ass Marokkaner

Marokkanerin [mɑrɔk'a:nərin] Femininum (Pluriel Marokkanerinnen) **DE** Marokkanerin • **FR** Marocaine • **EN** Moroccan [*female*] • **PT** marroquina **Beispill** meng bescht Frëndin ass Marokkanerin

marokkanesch [mɑrɔk'a:nəʃ] Adjektiv **DE** marokkanisch • **FR** marocain • **EN** Moroccan • **PT** marroquino **Beispill** op eiser Rees hu mir déi marokkanesch Kultur kenne geléiert

Marokko [mɑr'oko:] Eegennumm, Neutrum **DE** Marokko • **FR** Maroc • **EN** Morocco • **PT** Marrocos **Beispiller** ech war schonn dräimol a Marokko; ech fueren d'nächst Woch a Marokko; ech kommen aus Marokko **Synonym** Maroc

i männlech Persoun: ↗Marokkaner weiblech Persoun: ↗Marokkanerin Adjektiv: ↗marokkanesch

Maroquinerie [mɑrɔkinə'r'i:] Femininum **1.** (Pluriel Maroquinerien) **DE** Lederwarengeschäft • **FR** maroquinerie [*magasin*] • **EN** leather shop • **PT** marroquinaria [*loja*] **Beispill** hues de deng Posch an där neier Maroquinerie kaaft? **2.** (kee Pluriel) **DE** Lederwaren • **FR** maroquinerie [*articles*] • **EN** leather goods • **PT** marroquinaria [*artigos*] **Beispill** a grouse Geschäfte gëtt et e Rayon mat Maroquinerie

Marott [mɑr'ot] Femininum (Pluriel Marotten) **DE** Marotte • **FR** marotte [*habitude*] • **EN** quirk • **PT** mania [*hábito*] **Beispill** et ass eng Marott vun him, fir ëmmer e Schal ëmzehunn

Maroun Femininum (Pluriel Marounen) **DE** Esskastanie, Marone • **FR** châtaigne [*cultivée*], marron • **EN** (sweet) chestnut • **PT** castanha [*fruto*] **Beispill** ech hu mer um Chrëschtmaart eng Tut Maroune kaaft **Synonym** (Séiss) Käscht

Marquage Maskulinum (Pluriel Marquagen) **DE** Markierung [*Kennzeichnung*] • **FR** marquage [*inscription, dessin*] • **PT** marcação [*sinalização, marca*] **Beispiller** d'Strooss ass gespaart, well de Marquage grad frëschgemaach gëtt; dee Marquage weist drop hin, daatt d'Spillsaache gewëssene Sécherheetsnormen entsprechen **Synonym** Markéierung

Marquis Maskulinum (Pluriel Marquisen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Marquise [m'ɑrki:s] Femininum (Pluriel Marquiseën) - Variant vun ↗Markis

Marquise Femininum (Pluriel Marquiseën) - weiblech Form vun ↗Marquis

Mars Eegennumm **1.** DE *Mars* [Planet] • FR *Mars* [plañete] **Beispill** Wëssenschaftler hu Sonden op de **Mars** geschéckt, fir Prouwen ze huelen **2.** DE *Mars* [Gottheit] • FR *Mars* [dieu de la mythologie] **Beispill** an der réimescher Mythologie ass de **Mars** de Gott vum Krich

Marsch [marʃ] Maskulinum **1.** (Pluriel **Märsch**) DE *Marsch* [Fußmarsch] • FR *marche, randonnée* • EN *hike, trek* • PT *marcha* [caminhada] **Beispill** d'Wanderer ware frou, wéi se no hirem **Marsch** vu sechs Stonnen an der Jugendherberg ukoumen **2.** (kee Pluriel) DE *Gang* [Art des Gehens] • FR *démarche* [façon de marcher] • EN *walk* [way of walking] • PT *andar* [maneira de caminhar] **Beispill** et erkennt een dech scho vu Wäitem un dengem **Marsch** **3.** (Pluriel **Märsch**) DE *Marsch* [Musikstück] • FR *marche* [morceau de musique] • EN *march* [piece of music] • PT *marcha* [peça musical] **Beispiller** d'Musikante prouwen en neie **Marsch**; ech wäert him de **Marsch** blösen! [ëgs] [ech wäert hie gehéiereg ver-nennen!]

marschéieren [m'arʃɛiəɾən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **marschéiert**) » **intransitiv 1.** DE *marschieren* [zügig gehen] • FR *marcher* [d'un pas ferme] • EN *to march* [to walk quickly] • PT *marchar, caminhar* [com passo firme] **Beispill** mir sinn haut fënnef Stonne laang **marschéiert** **2.** DE *marschieren* [in Reih und Glied] • FR *marcher* [en formation, défilé] • EN *to march, to parade* • PT *marchar* [em formação, desfilar] **Beispill** d'Pompjeeë sinn hanner hirem Fändel **marschéiert**

i Verben, déi **marschéieren** als Basis hunn: »*amarschéieren, ʔeramarschéieren* an »*lassmarschéieren*

Marscherwald [m'arʃɛvalt] Eegennumm DE *Marscherwald* • FR *Marscherwald* • EN *Marscherwald* • PT *Marscherwald* **Beispiller** ech wunnen am **Marscherwald**; fiert dëse Bus an de **Marscherwald**?

Marschmusek Femininum (Pluriel **Marschmuseken**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Marshaller [m'arʃalɛ] Maskulinum (Pluriel **Marshaller**) DE *Marshaller* • FR *Marshallais* • EN *Marshallese* • PT *marshallino* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Marshaller**

Marshallerin [m'arʃalɛrɪn] Femininum (Pluriel **Marshallerinnen**) DE *Marshallerin* • FR *Marshallaise* • EN *Marshallese* [female] • PT *marshallina* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Marshallerin**

marshallesch [marʃ'alɛʃ] Adjektiv DE *marshallisch* • FR *marshallais* • EN *Marshallese* • PT *marshallino* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **marshallesch** Kultur kenne geléiert

Marshallinselen [m'arʃalɪnzələn] Eegennumm (kee Singulier) DE *Marshallinseln* • FR *îles Marshall* • EN *Marshall Islands* • PT *Ilhas Marshall* **Beispiller** ech war schonn dräimol op de **Marshallinselen**; ech fueren d'nächst Woch op d'**Marshallinselen**; ech komme vun de **Marshallinselen**

i männlech Persoun: »*Marshaller* weiblech Persoun: »*Marshallerin* Adjektiv: »*marshallesch* Haaptstad: »*Majuro*

Martinni [mart'ini:] Maskulinum (Pluriel **Martinnien**) DE *Geißel* [Peitsche] • FR *martinet* [fouet] • EN *whip* [to

punish children] • PT *chicote* **Beispill** wa se sech net geschéckt haten, kruten d'Kanner der fréier mam **Martinni**

Märtyrer [m'ɛrtirɛ] Maskulinum (Pluriel **Märtyrer**) DE *Märtyrer* • FR *martyr* • EN *martyr* • PT *mártir* **Beispiller** vill **Märtyrer** goufen helleggesprach; spill elo hei net de **Märtyrer**, et huet keen der eppes gedom!

i Weiblech Form: »*Märtyrerin*

Märtyrerin [m'ɛrtirɛrɪn] Femininum (Pluriel **Märtyrerinnen**) DE *Märtyrerin* • FR *(femme) martyre* • EN *martyr* [female] • PT *mártir* [mulher] **Beispill** als **Märtyrerin** war dës Fra esouguer gewéllt, fir hire Glawen ze stierwen

i Männlech Form: »*Märtyrer*

Martyrium [mart'iri:um] Maskulinum/Neutrum (Pluriel **Martyriumen**) DE *Martyrium* [schlimmes Leiden] • FR *martyre, calvaire* • EN *ordeal, torment* • PT *martirio, calvário* **Beispill** deem Kranke säi **Martyrium** huet iwwer e Joer gedauert **Synonym** Leidenswee

Marxeknupp [m'a:ɾksɛknup] Eegennumm DE *Marxeknupp* • FR *Marxeknupp* • EN *Marxeknupp* • PT *Marxeknupp* **Beispiller** ech wunnen op der **Marxeknupp**; fiert dëse Bus op d'**Marxeknupp**?

Marxismus [marks'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Marxismus* • FR *marxisme* • EN *Marxism* • PT *marxismo* **Beispill** Aarbechtskraaft a Kapital sinn zwee wichteg Begrëffer am **Marxismus**

Marxist [marks'ist] Maskulinum (Pluriel **Marxisten**) DE *Marxist* • FR *marxiste* • EN *Marxist* • PT *marxista* **Beispill** hien ass zënter Joerzénge **Marxist** aus Iwwerzee-gung

i Weiblech Form: »*Marxistin*

marxistes [marks'istɛʃ] Adjektiv DE *marxistisch* • FR *marxiste* • EN *Marxist* • PT *marxista* **Beispill** dat ass eng al Erkenntnes aus der **marxistescher** Ekonomie

Marxistin [marks'istin] Femininum (Pluriel **Marxistinnen**) DE *Marxistin* • FR *marxiste* [femme] • EN *Marxist* [female] • PT *marxista* [mulher] **Beispill** hatt ass säit ville Joren iwwerzeegt **Marxistin**

i Männlech Form: »*Marxist*

Marxmillen [m'a:ɾksmilən] Eegennumm DE *Marxmillen* • FR *Marxmillen* • EN *Marxmillen* • PT *Marxmillen* **Beispiller** ech wunnen op der **Marxmillen**; fiert dëse Bus op d'**Marxmillen**?

Marzipan [m'artsipa:n] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Marzipan* • FR *massepain, pâte d'amandes* • EN *marzipan* • PT *maçapão* **Beispill** de Kuch ass mat Friichten aus **Marzipan** dekoréiert

Masch [maj] Femininum (Pluriel **Maschen**) **1.** DE *Masche* [Schlinge] • FR *maille* [boucle] • EN *stitch* [knitting], *mesh* [spacing] • PT *malha* [laço] **Beispiller** géi net u meng **Stréck**, du léiss mer **Masche** falen!; d'Schof komme mam **Kapp** duerch d'**Masche** vum **Drot** **2.** [ëgs] DE *Masche* [Taktik, Vorgehensweise] • FR *tactique, manière d'agir* • EN *wile, ploy* • PT *fitas, artimanha* **Beispiller** mat denger üblecher **Masch** kënn's de bei där Fra net wäit; op déi dote **Masch** falen ech net eran!

Maschendrot [m'aʃəndrɔ:t] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Maschendraht • **FR** grillage (à mailles) • **EN** wire mesh, chain link fencing • **PT** rede de arame **Beispiller** mir hunn dräi Rulloe Maschendrot kaaft; wéini hëlt den Noper endlech deen ellenen (Zonk aus) Maschendrot ewech?

maschinell [maʃin'æ:l] Adjektiv **DE** maschinell • **FR** mécanique *lexécuté par une machine* <Adverb à la machine> • **EN** machine, mechanical <Adverb by machine, mechanically> • **PT** mecânico *lefetuado por uma máquina* <Adverb mecanicamente, à máquina> **Beispiller** déi maschinell Produktioun muss nach verbessert ginn; de Broutdeeg gëtt maschinell gekniert

Maschinerie [maʃinəri:'i:] Femininum (Pluriel Maschinerien) **DE** Maschinerie [maschinelle Einrichtung] • **FR** machinerie [ensemble de machines] • **EN** machinery [machines collectively] • **PT** maquinaria [conjunto de máquinas] **Beispill** esoulaang d'Maschinerie duerhält, bleift d'Millen a Betrib

Maschinist [maʃin'ist] Maskulinum (Pluriel Maschinisten) **DE** Lokomotivführer • **FR** mécanicien [conducteur de locomotive] • **EN** engine driver, train driver • **PT** maquinista [conductor de locomotiva] **Beispill** de Maschinist krut d'Lokomotiv nach esou just un d'Halen **Synonym** Lokomotivführer

i Weiblech Form: ↗Maschinistin

Maschinistin [maʃin'istin] Femininum (Pluriel Maschinistinnen) **DE** Lokomotivführerin • **FR** mécanicienne [conductrice de locomotive] • **EN** engine driver, train driver [female] • **PT** maquinista [condutora de locomotiva] **Beispill** d'Maschinistin krut d'Lokomotiv nach esou just virum Bam op de Schinnen un d'Halen **Synonym** Lokomotivführerin

i Männlech Form: ↗Maschinist

Maschinn [maʃin] Femininum (Pluriel Maschinnen) **1. DE** Maschine [Apparat] • **FR** machine [engin, appareil] • **EN** machine [apparatus] • **PT** máquina [engenho, aparelho] **Beispiller** et huet missen en Techniker laanschkommen, fir d'Maschinn ze flécken; si hunn déi zwou al Maschinnen ersat **2. DE** Maschine [Fahrzeug, Flugzeug] • **FR** machine [véhicule] • **EN** machine [motor vehicle, aeroplane] • **PT** máquina, aparelho [veículo] **Beispiller** wéi séier geet deng nei Maschinn?; eis Maschinn ass pénktlech gelant

Maschinnchen [maʃin'çən] Femininum (Pluriel Maschinnercher) - Diminutivform vun ↗Maschinn

Maschinnendeel [maʃin'ənde:l] Maskulinum (Pluriel Maschinnendeeler) **DE** Maschinenteil • **FR** pièce mécanique, pièce de machine • **EN** machine part • **PT** peça mecânica, peça de máquina **Beispiller** well ee Maschinnendeel futti ass, muss de ganzen Apparat ersat ginn; dës Maschinnendeeler ginn op enger automatescher Fräs produzéiert

Mascht [maʃt] Femininum (kee Pluriel) **DE** Mast [Mästung] • **FR** engraissement • **EN** fattening • **PT** engorda **Beispill** d'Schwäi sinn an der Mascht

mäschten [m'æʃtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gemäscht) » **transitiv DE** mästen • **FR** engraisser • **EN** to fatten (up) • **PT** engordar, cevar **Beispiller**

de Bauer huet e puer Schwäi gemäscht; hien huet sech déi lescht Zäit gutt gemäscht ^[égs] [hien ass déi lescht Zäit méi déck ginn] **Synonym** fett maachen

Maseru Eegennumm **DE** Maseru • **FR** Maseru • **PT** Maseru **Beispill** Maseru ass d'Haaptstad vum Lesotho

Masett [m'azæt] Femininum (Pluriel Masetten) ^[égs] **DE** Pfeife [Person] • **FR** nul, minable [personne] • **EN** zero, loser • **PT** aselha, nulidade [pessoa] **Beispiller** du fiers ewéi eng Masett!; du spills haut erëm ewéi eng Masett!

Mask [mask] Maskulinum/Femininum (Pluriel Masken) **1. DE** Maske [Karnevalsmaske, Theatermaske, Verhüllungsmaske] • **FR** masque [de carnaval, de théâtre, cache-visage] • **EN** mask [for entertainment, for disguise] • **PT** máscara [de Carnaval, de teatro, de dissimulação] **Beispill** fir de Fuesbal brauch eist Meedchen nach e Mask, well et sech als Wollef wëllt verkleeden **Synonym** Fuesbok **2. DE** Maske [Schutzmaske] • **FR** masque [de protection] • **EN** mask [for protection] • **PT** máscara [de proteção] **Beispill** mat enger Mask schützt ee virum allem déi aner Leit géint de Coronavirus **Synonym** Gesichtsmask **3. DE** Maske, Gesichtsmaske [kosmetisches Präparat] • **FR** masque (visage) [cosmétique] • **EN** mask [face pack] • **PT** máscara (facial) [cosmético] **Beispill** d'Estheticienne huet der Cliente eng Mask opgedroen **Synonym** Gesichtsmask

Maskat Eegennumm **DE** Maskat • **FR** Mascate • **PT** Mascate **Beispill** Maskat ass d'Haaptstad vum Oman

Maskepflicht [m'askə'pflicht] Femininum (kee Pluriel) **DE** Maskenpflicht • **FR** port du masque obligatoire • **EN** mandatory wearing of a face mask • **PT** uso de máscara obrigatório **Beispill** während der Epidemie gëllt d'Maskepflicht iwwehall do, wou kee Sécherheetsofs-tand kann agehale ginn

i Variant: Maskepflicht

maskéieren [mask'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé maskéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

maskéiert [mask'zi:t] Adjektiv **DE** maskiert [leine Maske tragend] • **FR** masqué [couvert d'un masque] • **EN** masked • **PT** mascarado [que traz máscara] **Beispill** zwee maskéiert Männer hunn d'Tankstell iwwehall

i „maskéiert“ kann och de Participe passé vum Verb ↗maskéieren sinn.

Maskepflicht [m'askə'pflicht] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Maskepflicht

Maskottchen [m'askotçən] Femininum/Neutrum (Pluriel Maskottcher) **DE** Maskottchen • **FR** mascotte • **EN** mascot • **PT** mascote **Beispill** d'Maskottche vun eisem Club ass e Kéiseker

maskulin [maskul'i:n] Adjektiv **DE** maskulin [einem Mann entsprechend] • **FR** masculin [caractéristique de l'homme] <Adverb de manière masculine> • **EN** masculine <Adverb masculinely> • **PT** masculino [próprio de homem] <Adverb de forma masculina> **Beispiller** dëse Wanter ass d'Dammemoud nees ganz maskulin; meng Tatta huet gär Parfum mat engem maskuline Geroch; d'Schauspillerin ass fir hir Roll ganz maskulin ugedoen **Synonym**

männlech

Masoschismus [mazoʃ'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Masochismus* • **FR** *masochisme* • **EN** *masochism* • **PT** *masoquismo* **Beispiller** Masoschismus kann ee mat enger Therapie behandelen; wéi s du dech plos, dat grenzt u Masoschismus!

Masoschist [mazoʃ'ist] Maskulinum (Pluriel Masoschisten) **DE** *Masochist* • **FR** *masochiste* • **EN** *masochist* • **PT** *masoquista* **Beispill** de Masoschist genéisst et, wann een em wéideet

1 Weiblech Form: ↗Masoschistin

masoschistes [mazoʃ'istəʃ] Adjektiv **DE** *masochistisch* • **FR** *masochiste* • **EN** *masochistic* • **PT** *masoquista* **Beispill** d'Eltere si mam Kand bei e Psycholog gaangen, well et masoschistesche Tendenze weist

Masoschistin [mazoʃ'istin] Femininum (Pluriel Masoschistinnen) **DE** *Masochistin* • **FR** *masochiste [femme]* • **EN** *masochist [female]* • **PT** *masoquista [mulher]* **Beispill** als Masoschistin huet dës Patientin Freed un hirer eegener Péng

1 Männlech Form: ↗Masoschist

Mass [mas] Femininum **1.** (Pluriel Massen) **DE** *Masse [Anzahl, Menge]* • **FR** *masse [nombre, quantité]* • **EN** *mass [number, quantity]* • **PT** *massa, carga [grande] quantida-de* **Beispiller** hues de déi Mass Leit virum Kino gesinn?; Masse vu Leit stounge laanscht d'Strooss, fir d'Course ze kucken; mir hunn eng Mass Aarbecht virun eis; elo, wou hien d'Pensioun huet, huet hien Zäit a Mass ^[ëgs] [elo, wou hien d'Pensioun huet, huet hie vill Zäit]; déi breet Mass ass mam Gesetz averstanen ^[ëgs] [e groussen Deel vun der Populatioun ass mam Gesetz averstanen] **2.** (Pluriel Massen) **DE** *Masse [Stoff, Materie]* • **FR** *masse [substance pâteuse]* • **EN** *mixture [dough]* • **PT** *massa [substância pastosa]* **Beispill** hien huet de Broutdeeg gekniet, bis en eng fest Mass war **3.** (kee Pluriel) **DE** *(physikalische) Masse* • **FR** *masse [poids]* • **EN** *mass [weight]* • **PT** *massa [peso]* **Beispill** an dës Strooss dierfe keng Gefierer mat enger Mass pro Achs vun iwwer 5,5 Tonnen erfueren **4.** (kee Pluriel) **DE** *Masse [elektrische Vorrichtung]* • **FR** *masse [conducteur électrique]* • **EN** *earth [electrical connection]* • **PT** *massa [condutor elétrico]* **Beispill** mä lénkse Phar geet net, ech muss d'Mass kontrolléieren

Mass [mas] Femininum (Pluriel Massen) **DE** *Messe [Gottesdienst]* • **FR** *messe [service religieux]* • **EN** *mass [church service]* • **PT** *missa [serviço religioso]* **Beispiller** ech dengen all Sonndeg d'Mass; fir dës feierlech Geleeënheet hält de Bëschof mat dräi Paschtéier d'Mass; d'Wittfra huet fir hire verstuerwene Mann eng Mass liese gelooss; fir d'Feierdeeg séngt de Kierchchouer d'Mass; hie geet a keng Mass ^[ëgs] [hie praktizéiert net]; hien huet schonn alles gemaach, just keng Mass gehalen! ^[ëgs] [him ass alles zouzeträuen!]; déi Mass ass gehalen ^[ëgs] [⇒ seet een, wann et ze spéit ass, fir nach eppes un enger Situatioun ze änneren]

Massage [mas'a:ʃ] Maskulinum/Femininum (Pluriel Massagen) **DE** *Massage* • **FR** *massage* • **EN** *massage* • **PT** *massagem* **Beispiller** d'Doktesch huet mer fir mäi verspaante Réck Massagen opgeschriwwen; ech

hunn déi Massage richtig genoss

Massaker [mas'ake] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Massakere) **DE** *Massaker* • **FR** *massacre, carnage* • **EN** *massacre* • **PT** *chacina, matança* **Beispill** mat enger Zeremonie gouf un d'Affer vun Massaker geduecht

massakréieren [masakr'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé massakréiert) » **transitiv** **DE** *massakrieren* • **FR** *massacrer [tuer]* • **EN** *to massacre* • **PT** *chacinar [matar]* **Beispiller** d'Rebellen hu vill onschëlleg Ziviliste massakréiert; du hues d'Zeitung komplett massakréiert! ^[ëgs] [du hues d'Zeitung komplett futti gemaach!]

masseg [m'asəç] Adverb **DE** *massenhaft, in Massen* • **FR** *beaucoup (de), en masse* • **EN** *masses of* • **PT** *multo, em massa* **Beispiller** mir hunn nach masseg Aarbecht virun eis; mir hu masseg Kréischelen, wélls de der?

masséieren [mas'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé masséiert) » **transitiv** **DE** *massieren [mit Massage behandeln]* • **FR** *masser [traiter par massage]* • **EN** *to massage* • **PT** *massajar* **Beispiller** hien huet senger Frëndin d'Genéck masséiert; de Coureur huet sech no der Course d'Bee masséiert gelooss

Massekläpperei [m'asəklæpəɾɐi] Femininum (Pluriel Massekläppereien) **DE** *Massenschlägerei* • **FR** *bagarre généralisée* • **EN** *mass brawl* • **PT** *pancadaria geral, batalha campal* **Beispill** d'Manifestatioun ass an eng Massekläpperei ausgeart

Masseler [m'asələ] Eegennumm **DE** *Masseler* • **FR** *Masseler* • **EN** *Masseler* • **PT** *Masseler* **Beispiller** ech wunnen zu Masseler; fiert dës Bus op Masseler?

Massendénger [m'asəndəŋɐ] Maskulinum (Pluriel Massendénger) **DE** *Ministrant, Messdiener* • **FR** *enfant de chœur* • **EN** *altar boy* • **PT** *menino do coro* **Beispill** d'Massendénger hiewen den Affer op

Massendéngerin Femininum (Pluriel Massendéngerinnen) - weiblech Form vun ↗Massendénger

Massentest [m'asəntəst] Maskulinum (Pluriel Massentester) **DE** *Massentest* • **FR** *test de masse* • **EN** *mass testing* • **PT** *teste em massa* **Beispill** ouni Massentester kréie mir d'Epidemie net gestoppt

Massepanik Femininum (kee Pluriel)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Masseur [mas'œ:r] Maskulinum (Pluriel Masseuren) **DE** *Masseur* • **FR** *masseur* • **EN** *masseur* • **PT** *massagista* **Beispill** zënter ech reegelméisseg bei de Masseur ginn, sinn ech manner verspaant

1 Weiblech Form: ↗Masseuse

Masseuse [m'asø:s] Femininum (Pluriel Masseusen) **DE** *Masseurin* • **FR** *masseuse* • **EN** *masseuse* • **PT** *massagista [mulher]* **Beispill** meng Masseuse bitt och Sportsmassagen un

1 Männlech Form: ↗Masseur

masseweis [m'asəvɔis] Adverb **DE** *massenweise* • **FR** *en masse [en grande quantité]* • **EN** *in large quantities* • **PT** *em massa [em grande quantidade]* **Beispill** an deene Wise féinnt ee masseweis Champignonen

Massgewand [m'asgəvɑ̃t] Neutrum (Pluriel Massgewänner) **DE** Messgewand • **FR** chasuble • **EN** chasuble • **PT** casula [veste litúrgical] **Beispiller** de Paschtouer leet eng Stola iwwer d'Massgewand; an der Sakristei hanken e puer wäertvoll Massgewänner aus dem 19. Joerhonnet

massiv [mas'i:f] Adjektiv **1. DE** massiv [pur] • **FR** massif [pur, plein] • **EN** solid [pure] • **PT** maciço [puro, pleno] **Beispiller** dëse Schaf ass aus massivem Holz; si hunn eng Coupe aus massivem Sëlwer op hirem Buffet stoen **2. DE** massiv [kompakt, stabil] • **FR** massif [solide] • **EN** massive [large and solid] • **PT** maciço [sólido] **Beispill** déi nei Bréck gétt vun dräi massive Peiler gedroen **3. DE** massiv [beträchtlich] • **FR** considérable, important <Adverb considérablement> • **EN** massive [very considerable] <Adverb very considerably> • **PT** considerável, importante <Adverb consideravelmente> **Beispiller** mir hate massiv Problemer, fir genuch Leit ze fannen; d'Gemeng huet eis bei eisem Projet massiv ennerstëtzt

Mast [mast] Maskulinum (Pluriel Masten) **1. DE** Mast [eines Schiffs] • **FR** mât [d'un navire] • **EN** mast [of a ship] • **PT** mastro [de um navio] **Beispill** de Mast vun Seegelschëff muss ersat ginn **2. DE** Mast [Pfosten, Stange] • **FR** pylône • **EN** mast, pylon, post • **PT** mastro, poste **Beispill** den Automobilist ass mat sengem Won an e Mast gerannt **Synonym** Stäil

Master Maskulinum (Pluriel Masteren)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Mastite [mast'it] Femininum (Pluriel Mastitten) - Variant vun ↗Mastitt

Mastitt [mast'it] Femininum (Pluriel Mastitten) **DE** Mastitis, Brustdrüsenentzündung • **FR** mastite • **EN** inflammation of the mammary gland, mastitis • **PT** mastite **Beispill** bei Fraen, déi nieren, kënt eng Mastitt zimmlech heefeg vir **Synonym** Broschtdrüsenentzündung

Masturbatioun [masturbasi'øʊn] Femininum (kee Pluriel) **DE** Masturbation • **FR** masturbation • **EN** masturbation • **PT** masturbação **Beispill** hautdesdaags ass Masturbatioun keen Tabu méi **Synonym** Onanie

masturbéieren [masturb'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé masturbéiert) » **intransitiv 1. DE** masturbieren • **FR** se masturber • **EN** to masturbate • **PT** masturbar-se **Beispill** hien huet a senger Kummer masturbéiert **Synonym** onanéieren » **transitiv 2. DE** masturbieren • **FR** masturber • **PT** masturbar **Beispill** hien huet sech a senger Kummer masturbéiert

Masutt [maz'ut] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Mazout

Masuttspäris [maz'utspræ:is] Maskulinum (Pluriel Masuttspärisser) - Variant vun ↗Mazoutspäris

Masuttstank [mazutst'ɑŋk] Maskulinum (Pluriel Masuttstanken) - Variant vun ↗Mazoutstank

mat [mat] Prepositioun » **mam Dativ 1. DE** mit [in Begleitung] • **FR** avec [en compagnie de] • **EN** with [in the company of] • **PT** com [em companhia de] **Beispill** ech fuere mat mengen Elteren an d'Vakanz **2. DE** mit [mithilfe] • **FR** avec [à l'aide de, au moyen de] • **EN** with [by means of] • **PT** com [com a ajuda de, por meio de] **Beispill**

maach den Dësch mat der Spulllomp of! **3. DE** mit [einem bestimmten Begleitumstand] • **FR** avec [certaines circonstances] • **EN** with [denoting manner] • **PT** com [certas circunstâncias] **Beispill** Dir sidd mat ze héijer Vitess duerch d'Uertschaft gefuer **4. DE** mit [versehen mit] • **FR** avec [muni de, agrémenté de] • **EN** with [supplemented by] • **PT** com [munido de, provido de] **Beispiller** d'Brout hat e Rack mat Pailletten un; ech drénke mäi Kaffi mat Mëllech an Zocker **5. DE** mit [einem bestimmten Inhalt] • **FR** avec [un certain contenu] • **EN** with [a certain content] • **PT** com [um certo conteúdo] **Beispill** de Cyclist hat e Bidon mat Waasser bei sech **6. DE** mit [einschließlich] • **FR** avec [y compris] • **EN** with [including] • **PT** com [incluindo] **Beispill** den Hond huet d'Zoossiss mat der Haut gefriess **7. DE** mit [im Alter von] • **FR** à [l'âge de] • **EN** at the age of • **PT** com [a idade de] **Beispiller** hatt huet mat zwanzeg Joer säin eischt Kand kritt; hie gouf mat 55 Joer pensionéiert **8. DE** mit [im Laufe] • **FR** avec [au cours de] • **EN** with [in the course of] • **PT** com [no decurso de] **Beispill** mat der Zäit gouf de Lausbouf méi verstänneg **9. DE** mit [in Anbetracht, angesichts] • **FR** vu, étant donné • **EN** with [respect to] • **PT** visto, dado **Beispill** mat senger Gréisst ass hien ze kleng, fir Basket ze spillen

mat [mat] Adverb **1. DE** mit [auch, ebenfalls] • **FR** également, aussi [avec quelqu'un d'autre, avec d'autres] • **EN** also, too • **PT** também [em conjunto com outrem] **Beispiller** du bass mat schold!; hie geet scho mat stëmmen **2. nach mat DE** einschließlich [Datum] • **FR** inclus [jour, date] • **EN** including [day, date] • **PT** inclusive [dia, data] **Beispill** ech sinn den Ament am Congé, bis den 20. August nach **3. mat** sinn **DE** mit von der Partie sein, mitmachen • **FR** être de la partie • **EN** to be in, to join in, to take part • **PT** alinhar, participar **Beispill** bei där doter Saach sinn ech net mat! **4. mat** sinn **DE** einverstanden sein • **FR** être d'accord • **EN** to agree • **PT** estar de acordo, concordar **Beispill** fir dee Präis kann ee mat sinn!

mat- Verbpartikel **DE** [abtrennbares Erstglied eines Verbs] • **FR** [particule séparable d'un verbe] • **EN** [separable verb particle] • **PT** [partícula separável de um verbo] **Beispiller** dee Kärel mëscht iwwerall gare mat; mir hunn Iech d'Dokumentatioun matgeschéckt

I Verben, déi **mat-** als Partikel hunn: ↗matbestellen, ↗matbestëmmen, ↗matbréngen, ↗matdeelen, ↗matdenken, ↗matdroen, ↗materliewen, ↗matfëmmen, ↗matfillen, ↗matfuieren, ↗matginn, ↗matgoen, ↗mathalen, ↗mathëllefen, ↗mathuelen, ↗matiessen, ↗matkommen, ↗matkréien, ↗matlafen, ↗matliwweren, ↗matmaachen, ↗matmëschen, ↗matrappen, ↗matrechnen, ↗matsangen, ↗matschaffen, ↗matschécken, ↗matschleefen, ↗matschreiwene, ↗matschwätzen, ↗matspillen, ↗matversécheren, ↗matzielen

I Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗mat Prepositioun

I Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗mat Adverb

Mataarbecht [m'ada:bœçt] Femininum (kee Pluriel) **DE** Mitarbeit, aktive Teilnahme • **FR** collaboration [participation, aide] • **EN** collaboration • **PT** colaboração [participação, ajuda] **Beispill** ech soen Iech Merci fir Är Mataarbecht **Synonym** Collaboratioun

Mataarbechter [m'ada:bœçte] Maskulinum (Pluriel Mataarbechter) **DE** Mitarbeiter • **FR** collaborateur [aide] • **EN** coworker, colleague • **PT** colaborador [ajudante]

Beispill freides no der Aarbecht geet d'Cheffin alt emol mat hire Mataarbechter een huelen **Synonym** Collaborateur

1 Weiblech Form: ↗Mataarbechterin

Mataarbechterin [m'ada:bæçtərin] Femininum (Pluriel Mataarbechterinnen) **DE** *Mitarbeiterin* • **FR** *collaboratrice [aide]* • **EN** *coworker, colleague [female]* • **PT** *colaboradora [ajudante]* **Beispill** ech ka mer déi nächst Woch net fräihuelen, well meng Mataarbechterin scho Congé huet **Synonym** Collaboratrice

1 Männlech Form: ↗Mataarbechter

matbestellen [m'atbæftælən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé matbestallt) » **transitiv** **DE** *mitbestellen, mitordern* • **FR** *commander aussi, commander en même temps, commander en plus [passer une commande]* • **EN** *to also order, to order as well* • **PT** *pedir também, encomendar ao mesmo tempo, encomendar juntamente* **Beispiller** kanns de mer wannechgelift en Téi matbestellen?; mir verkafen dee Produit net, kënnen Iech en awer bei där nächster Commande matbestellen

matbestëmmen [m'atbæftəmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé matbestëmmt) » **transitiv** **DE** *mitbestimmen* • **FR** *participer à la décision* • **EN** *to have a say in* • **PT** *contribuir para decidir* **Beispill** d'Studente kënnen matbestëmmen, wat an deem Stage gemaach gëtt

Matbestëmmung [m'atbæftəmən] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Mitbestimmung* • **FR** *participation, cogestion* • **EN** *co-determination* • **PT** *participação, cogestão* **Beispill** bei eis am Betrib hu se scho ganz fréi d'Matbestëmmung ageféiert

Matbewunner [m'atbævunə] Maskulinum (Pluriel Matbewunner) **DE** *Mitbewohner [einer Wohngemeinschaft]* • **FR** *colocataire, cohabitant* • **EN** *housemate, flat-mate* • **PT** *companheiro de casa, coabitante* **Beispill** dës Woch ass et u mengem Matbewunner, fir d'Buedzëmmer ze botzen **Synonym** Colocataire

1 Weiblech Form: ↗Matbewunnerin

Matbewunnerin [m'atbævunərin] Femininum (Pluriel Matbewunnerinnen) **DE** *Mitbewohnerin [einer Wohngemeinschaft]* • **FR** *colocataire [femme]* **Synonym** Colocataire

1 Männlech Form: ↗Matbewunner

Matbierger [m'atbi:ɛzə] Maskulinum (Pluriel Matbierger) **DE** *Mitbürger* • **FR** *concitoyen* • **EN** *fellow citizen* • **PT** *concidadão* **Beispill** op Nationalfeierdag huet de Buergermeeschter all Matbierger op e Patt agelueden

1 Weiblech Form: ↗Matbiergerin

Matbiergerin [m'atbi:ɛzərin] Femininum (Pluriel Matbiergerinnen) **DE** *Mitbürgerin* • **FR** *concitoyenne* • **EN** *fellow citizen [female]* • **PT** *concidadã* **Beispill** an senger Ried huet de Buergermeeschter dës Matbiergerin hiren Engagement besonnesch ervirgehewen

1 Männlech Form: ↗Matbierger

matbréngen [m'atbrɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé matbruecht) » **transitiv** **DE** *mitbringen* •

FR *amener, apporter* • **EN** *to bring [to bring with one]* • **PT** *trazer (consigo)* **Beispiller** bréng e puer Fläsche Bëier aus dem Keller mat!; bréngs de mer eppes aus der Vakanz mat?

Match [mætʃ] Maskulinum (Pluriel Matcher) **DE** *Match* • **FR** *match* • **EN** *match, game* • **PT** *jogo, partida* **Beispiller** eis Ekip huet de leschte Match gewonnen; hien huet säi Match gemaach! **ëgs** [hien huet genuch geschafft a sengem Liewen]

1 Variant: Mätsch

matdeelen [m'atde:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé matgedeelt) » **transitiv** **DE** *mitteilen* • **FR** *communiquer (à), faire savoir (à)* • **EN** *to announce, to inform* • **PT** *comunicar (a), dar a conhecer (a)* **Beispiller** d'Verspéidunge vun den Zich goufen de Leit iwver Lautsprecher matgedeelt; deelt eis wannechgelift mat, wéini Der an d'Vakanz fuert!

Matdeelung [m'atde:lun] Femininum (Pluriel Matdeelungen) **DE** *Mitteilung* • **FR** *message, communication, avis* • **EN** *notification* • **PT** *mensagem, comunicação, aviso* **Beispill** Dir kritt eng schrëftlech Matdeelung, wéini Äre Fall behandelt gëtt **Synonym** Avis

matdenken [m'atdæŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé matgeduecht) » **intransitiv** **DE** *mitdenken* • **FR** *participer à la réflexion, contribuer à la réflexion* • **EN** *to contribute one's ideas [to show initiative]* • **PT** *participar na reflexão, contribuir para a reflexão* **Beispill** mir brauche Mataarbechter, déi matdenken

matdroen [m'atdʁo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé matgedroen) » **transitiv** **DE** *mittragen* • **FR** *partager [une responsabilité, une décision]* • **EN** *to share [responsibility], to back [a decision]* • **PT** *partilhar [uma responsabilidade, uma decisão]* **Beispill** ech si bereet, d'Verantwortung matzedroen

matenaner [madən'a:nə] Adverb - Variant vun ↗mateneen

matenaner [madən'a:nə] Adverb ↗mat + ↗-enaner

mateneen [madən'e:n] Adverb **DE** *miteinander [auf einmal]* • **FR** *ensemble, en même temps, à la fois* • **EN** *together, at a time* • **PT** *juntos, ao mesmo tempo* **Beispiller** d'Leit sinn all mateneen an de Sall gestiermt; de Bouf hält dräi Träppleke mateneen **Synonymen** gläichzäiteg, zesummen

1 Variant: matenaner

mateneen [madən'e:n] Adverb ↗mat + ↗-eneen

Material [materj'a:l] Neutrum **1.** (Pluriel Materialer / Materialien) **DE** *Material [Rohstoff]* • **FR** *matière [substance, matériau]* • **EN** *material [substance]* • **PT** *material [substância, matéria]* **Beispill** Koffer ass en deiert **Material** **Synonym** Matière **2.** (Pluriel Materialer / Materialien) **DE** *Material [Baustoff]* • **FR** *matériel [matériaux de construction]* • **EN** *material [for building]* • **PT** *material [matérias de construção]* **Beispill** den Zammermann huet d'**Material** fir eisen neien Daach geliwwert **3.** (kee Pluriel) **DE** *Material [Werkzeug, Arbeitsmittel]* • **FR** *matériel [de travail, outillage]* • **EN** *tools* • **PT** *material [ferramenta]* **Beispill** raum däi **Material** wannechgelift an de Schaf, soss falen ech driwwer! **4.** (kee Pluriel) **DE** *Mate-*

rial [Dokumente, Unterlagen] • **FR** documentation [documents, références] • **EN** material [information] • **PT** material [documentação, referências] **Beispill** ech sammele grad **Material** fir e Buch iwwer d'Eisebunn

Materialismus [materjəl'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Materialismus • **FR** matérialisme • **EN** materialism • **PT** materialismo **Beispill** deen Typ geet nach u sengem **Materialismus** zugronn!

Materialist [materjəl'ist] Maskulinum (Pluriel Materialisten) **DE** Materialist • **FR** matérialiste • **EN** materialist • **PT** materialista **Beispill** du **Materialist** denks nëmmen un d'Suen!

W Weiblech Form: ↗Materialistin

materialistes [materjəl'istəf] Adjektiv **DE** materialistisch • **FR** matérialiste • **EN** materialistic <Adverb materialistically> • **PT** materialista **Beispiller** hie fillt sech net wuel an där materialistescher Gesellschaft; wie materialistesche denkt, gehéiert net an eise Veräin

Materialistin [materjəl'istin] Femininum (Pluriel Materialistinnen) **DE** Materialistin • **FR** matérialiste [femme] • **EN** materialist [female] • **PT** materialista [mulher] **Beispill** als **Materialistin** leeën ech vill Wäert op Konsum

M Männlech Form: ↗Materialist

Materialschued [materjə'a:lʃuət] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Materialschaden • **FR** dégât(s) matériel(s) • **EN** material damage • **PT** prejuízo material **Beispill** bei deem Accident war de **Materialschued** zimmlech héich

materiell [materjə'æl] Adjektiv **1. DE** materiell [stofflich] • **FR** matériel [physique] • **EN** physical, material • **PT** material [físico] **Beispill** d'Wëssenschaft ënnersicht déi materiell Welt **2. DE** materiell [finanziell] • **FR** matériel [financier] • **EN** material, financial • **PT** material [financeiro] **Beispill** si hunn sech aus materielle Grënn bestuet

materliewen [m'adeljəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé materlieft) » **transitiv DE** miterleben • **FR** vivre, être témoin de • **EN** to experience, to witness • **PT** viver, ser testemunha de **Beispill** meng Grousselteren hunn de Krich nach materlieft

Maternité [mat'ɛrnite:] Femininum (Pluriel Maternitéen) **DE** Entbindungsklinik • **FR** maternité [établissement] • **EN** maternity (hospital) • **PT** maternidade [estabelecimento] **Beispill** meng Schwëster schafft als Hiewan an enger **Maternité**

matfëmmen [m'atfəmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé matgefëmmt) » **intransitiv DE** mitrauchen [passiv rauchen] • **FR** être exposé au tabagisme passif • **EN** to be exposed to passive smoking • **PT** ser exposto ao tabagismo passivo **Beispill** et ass allgemeng unerkannt, datt d'**Matfëmmen** gesondheetsschiedlech ass

matfillen [m'atfilən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé matgefíllt) » **intransitiv** matfillen (mat) **DE** mitfühlen (mit) • **FR** compatir (avec) • **EN** to sympathize (with), to feel for • **PT** compadecer-se (de), compartilhar dos sentimentos (de) **Beispill** ech hu matgefíllt, wéi menger Frëndin hire Papp gestuerwen ass

matfuere [m'atfu:ɛrən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé matgefuer) » **intransitiv 1. DE** mitfahren • **FR** venir [accompagner dans le même véhicule] • **EN** to come [to accept a lift in a vehicle] • **PT** ir também, vir também [acompanhar no mesmo veículo] **Beispiller** wie fiert mat an d'Stad?; mir hunn net genuch Plaz am Auto, well d'Kanner och **matfuere** » **transitiv 2. DE** teilnehmen an [einem Radrennen, einem Autorennen] • **FR** participer à [une course cycliste, automobile] • **EN** to take part [in a cycle race, in a motor race] • **PT** participar em [numa corrida de ciclismo, de automóveis] **Beispill** de Coureur ass dräimol den Tour de France **matgefuer**

Matgefill [m'atgəfil] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Mitgefühl • **FR** compassion, condoléances • **EN** sympathy [compassion] • **PT** compaixão, condolências **Beispill** mir drécken der Famill vum Verstuerwenen eist déift **Matgefill** aus

Matgeschaff [m'atçəhaf] Eegennumm **DE** Matgeschaff • **FR** Matgeschaff • **EN** Matgeschaff • **PT** Matgeschaff **Beispiller** ech wunnen um **Matgeschaff**; fiert dese Bus op de **Matgeschaff**?

matginn [m'atgin] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé matginn) » **transitiv 1. DE** mitgeben • **FR** donner à [faire emporter, confier à] • **EN** to give [to entrust, to give somebody to take with them] • **PT** dar a [fazer levar, entregar a] **Beispiller** ech hunn him Sue **matginn**, fir d'Rechnung ze bezuelen; däi Brudder huet mir dese Brëif fir dech **matginn**; meng Elteren hu mir eng gutt Erziehung **matginn** [meng Elteren hu mech gutt erzunn] » **intransitiv 2. DE** teilen (mit), abgeben • **FR** partager (avec) • **EN** to share (with) • **PT** partilhar (com) **Beispill** e Kand muss léieren, (aneren) matzeginn

matgoen [m'atgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé matgaangen / matgaang) » **intransitiv 1. DE** mitgehen, mitkommen • **FR** venir [accompagner quelqu'un] • **EN** to go along [to accompany somebody] • **PT** ir também, vir também [acompanhar alguém] **Beispill** wéllt däi Brudder net **matgoen**? **2. [ëgs]** matgoe loossen **DE** mitgehen lassen • **FR** piquer [voler] • **EN** to nick, to pinch • **PT** gamar [roubar] **Beispill** verschidde Leit loossen am Hotel d'Bueddicher **matgoen** **Synonymmen** klauen, schuppen

mathalen [m'atha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé matgehalen / matgehal) » **intransitiv** mathalen (bei) **DE** mithalten (bei) • **FR** suivre (lors de) [une cadence, un niveau imposé par d'autres] • **EN** to keep up • **PT** acompanhar [um ritmo, um nível imposto por outros] **Beispiller** de Coureur konnt bei där Vitess net mathalen; si hu bis dräi Auer nuets gesoff an hien huet dichteg **matgehalen**; bei esou enger intellektueller Diskussioun kann ech net mathalen

Mathé [m'ate:] Femininum (kee Pluriel) [ëgs] - Kuerzform vun ↗Mathematik

mathëllefen [m'athələfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé matgeholf) » **intransitiv DE** mithelfen • **FR** apporter son aide, participer, contribuer • **EN** to assist [to collaborate] • **PT** ajudar, participar, contribuir **Beispill** mir hunn alleguer beim Projet **matgeholf**

mathëllef vun [mathələff'un] Prepositioun - Variant vun ↗mat Hëllef vun

mat Hëllef vun [math'ələffun] Prepositioun » **mam Dativ** **DE** mit Hilfe von • **FR** grâce à, à l'aide de • **EN** thanks to, using • **PT** graças a, com a ajuda de **Beispill** d'Archeologe konnten den Tempel mat Hëllef vun engem Computerprogramm virtuell rekonstruieren

mathematesch [matem'a:təʃ] Adjektiv **DE** mathematisch • **FR** mathématique <Adverb mathématiquement> • **EN** mathematical <Adverb mathematically> • **PT** matemático <Adverb matematicamente> **Beispiller** d'Schüler krute mathematesch Formelen ze léieren; hien ass e Mënsch, dee mathematesch rasonéiert

Mathematik [matem'a:tik] Femininum (kee Pluriel) **DE** Mathematik • **FR** mathématiques • **EN** mathematics • **PT** matemática **Beispiller** d'Arithmeetik ass e wichtegen Deel vun der Mathematik; hie studéiert Mathematik op der Uni

i Kuerzform: Mathé

Mathematiker [matem'a:tikə] Maskulinum (Pluriel Mathematiker) **DE** Mathematiker • **FR** mathématicien • **EN** mathematician • **PT** matemático **Beispill** eisen Institut huet en neie Mathematiker age stellt

i Weiblech Form: Mathematikerin

Mathematikerin [matem'a:tikərin] Femininum (Pluriel Mathematikerinnen) **DE** Mathematikerin • **FR** mathématicienne • **EN** mathematician [female] • **PT** matemática [mulher cientista] **Beispill** d'Mathematikerin huet de Kollege vun Institut hir Aarbecht presentéiert

i Männlech Form: Mathematiker

Mathematiksproufesser [matem'a:tiksprofæseʃ] Maskulinum (Pluriel Mathematiksproufesseren) **DE** Mathematiklehrer • **FR** professeur de mathématiques • **EN** mathematics teacher • **PT** professor de matemática **Beispill** mäi fréiere Mathematiksproufesser ass elo Sous-Direkter am Lycée

i Weiblech Form: Mathematiksproufessesch

Mathematiksproufessesch [matem'a:tiksprofæseʃ] Femininum (Pluriel Mathematiksproufesschen)

i Variant: Mathematiksproufessorin

i Männlech Form: Mathematiksproufesser

Mathematiksproufessorin [matem'a:tiksprofæso:rin] Femininum (Pluriel Mathematiksproufessorinnen) - Variant vun Mathematiksproufessesch

Mathematikstudium [matem'a:tiksftu:djum] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Mathematikstudium • **FR** études de mathématiques • **EN** mathematics studies • **PT** estudos de matemática, curso de matemática **Beispill** no sengem Mathematikstudium huet mäi Brudder sech an der Statistik spezialiséiert

i Variant: Mathematikstudium

Mathematikstudium [matem'a:tiksftu:djum] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun Mathematikstudium

mathuelen [m'athuelən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé matgeholl) » **transitiv 1. DE** mitnehmen

[mit sich nehmen] • **FR** prendre, emporter, emmener • **EN** to take [to carry with one], to take away [food from a restaurant], to give a lift [in a car] • **PT** levar (consigo) **Beispiller** an der Hetz hat ech vergiess, e Prabbeli matzehuelen; kritt een hei am Restaurant och Pizze fir matzehuelen?; du muss mech mam Auto mathuelen, ech kann net fueren!; huet dengem Elteren e schéine Bonjour vun eis mat! [richt dengem Elteren e schéine Bonjour vun eis aus!] **2. DE** mitnehmen [erschüttern] • **FR** affecter, bouleverser • **EN** to upset, to distress • **PT** afetar, abalar **Beispill** d'Nouvelle vun sengem Doud huet eis elle matgeholl **3. DE** mitnehmen [erschöpfen] • **FR** épuiser • **EN** to wear out, to exhaust • **PT** desgastar, extenuar **Beispill** no senger Gripp huet e matgeholl ausgesinn

Matière [m'atjɛ:R] Femininum (Pluriel Matière) **1. DE** Materie, Stoff, Material • **FR** matière [substance, matière] • **EN** material [substance] • **PT** matéria [substância, material] **Beispill** aus wat fir enger Matière ass dat Blummendéppen do? **Synonym** Material **2. DE** Lernstoff • **FR** matière, contenu [d'enseignement] • **EN** subject matter • **PT** matéria [de estudo] **Beispill** fir déi schwéier Matière ze verstoen, bräicht ech nach e puer weider Erklärungen

Matière première Femininum (Pluriel Matière-premières)

i Hei entsteet en neien Artikel.

matiessen [m'adiəsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé matgiess) » **transitiv 1. DE** mitessen • **FR** manger aussi, manger avec • **EN** to eat as well • **PT** comer (também) **Beispiller** ech iessen de Still an de Batz ëmmer mat; de Plastik vun der Pizza ass net fir matzeessen! » **intransitiv 2. DE** mitessen • **FR** rester pour manger [en se joignant à quelqu'un, à d'autres] • **EN** to stay and eat [with others] • **PT** ficar para comer [juntando-se a outra(s) pessoa(s)] **Beispill** mir sëtze grad um Dësch, wëllt der matiessen?

matkommen [m'atkomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé matkomm) » **intransitiv 1. DE** mitkommen [begleiten] • **FR** venir [avec quelqu'un, avec d'autres] • **EN** to come [with somebody] • **PT** vir [com outra(s) pessoa(s)] **Beispill** mäi Frënd ass net matkomm, well en huet misse schaffen **2. [ëgs] DE** mitkommen [begreifen] • **FR** piger [comprendre] • **EN** to twig [to understand] • **PT** perceber, entender **Beispill** bei deem Witz sinn ech net matkomm **Synonym** nokommen **3. [ëgs] DE** mitkommen [Schritt halten] • **FR** arriver à suivre la cadence • **EN** to keep up, to keep pace • **PT** conseguir acompanhar [conseguir seguir o ritmo] **Beispill** d'Joffer diktiert esou séier, datt ech net matkommen! **Synonym** nokommen

matkréien [m'atkrɛiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé matkritt) » **transitiv DE** mitbekommen [hören] • **FR** entendre [percevoir, comprendre] • **EN** to overhear, to understand • **PT** ouvir, apanhar [perceber] **Beispiller** wann s de esou haart bläers, kréien d'Nopereen alles mat!; hoffentlech kruten si näischt mat vun eisem Gespréich!

matlafen [m'atla:fən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé matgelaf) » **transitiv 1. DE** mitlaufen [lein Rennen] • **FR** courir, participer à [une course à pied] • **EN** to run, to take part in [a foot race] • **PT** correr, participar

em [numa corrida a pé] **Beispill** well ech mäi Knéi wéi hunn, weess ech net, ob ech de Marathon ka **matlafen** » **intransitiv 2. DE** mitlaufen [gleichzeitig in Betrieb sein] • **FR** tourner, fonctionner [simultanément] • **EN** to run, to record [at the same time] • **PT** andar, funcionar [simultaneamente] **Beispill** während der Verhandlung ass en Tounband **matgelaf**

Matleed [m'atle:t] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Mitleid • **FR** pitié [sentiment de sympathie] • **EN** pity, sympathy • **PT** compaixão, dó **Beispill** huet da guer kee **Matleed** mat deem aarme Mann?

matleedeg [m'atle:dəç] Adjektiv **DE** mitleidig • **FR** compatissant <Adverb avec compassion> • **EN** pitying, sympathetic <Adverb sympathetically> • **PT** compassivo <Adverb com compaixão> **Beispiller** deng **matleedeg** Blécker hu mech genervt; hien huet mech **matleedeg** bekuckt

Matleefer [m'atle:fe] Maskulinum (Pluriel **Matleefer**) **DE** Mitläufer • **FR** suiveur [en matière d'opinion] • **EN** sympathizer • **PT** seguidor [em matéria de opinião] **Beispill** deen ass net geféierlech, et ass just e **Matleefer**

matliwweren [m'atliwə:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **matgeliwwert**) » **transitiv DE** mitliefern • **FR** livrer en même temps [qu'une autre livraison], livrer également • **EN** to supply, to deliver [to include in a delivery] • **PT** entregar juntamente [com outra entrega], entregar também **Beispill** d'Firma huet vergiess, d'Er-satzstécker **matzeliwweren**

matmaachen [m'atma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **matgemaach / matgemaacht**) » **transitiv 1. DE** mitmachen [teilnehmen an] • **FR** participer à, prendre part à • **EN** to attend, to participate in, to take part in • **PT** participar em, tomar parte em **Beispiller** well en d'Formatioun net **matgemaach** huet, kann en am Betrib net avancéieren!; déi Tricken do **maachen** ech net **mat!** **2. DE** mitmachen [zusätzlich tun] • **FR** faire (également) [effectuer en supplément] • **EN** to do as well [additionally] • **PT** fazer (também) [efetuar em vez de alguém] **Beispill** well meng Kolleegin krank ass, muss ech hir Aarbecht **matmaachen 3. DE** mitmachen [ertragen, erleiden, erdulden] • **FR** endurer • **EN** to suffer, to bear, to endure • **PT** passar por [sofrer, aguentar] **Beispill** dee Mann huet vill misse **matmaachen** a sengem Liewen » **intransitiv 4. matmaachen** (bei) **DE** mitmachen (bei) • **FR** participer (à), prendre part (à) • **EN** to take part (in), to participate (in) • **PT** participar (em), tomar parte (em) **Beispiller** bei där Intrig **maachen** ech net **mat!**; wie ka bei deem Projet **matmaachen?**; firwat wëlls de net méi **matmaachen?** **Synonym** sech bedeelegen (un)

Matmënsch [m'atmənʃ] Maskulinum (Pluriel **Matmënschen**) **DE** Mitmensch • **FR** prochain, semblable • **EN** fellow man • **PT** próximo, semelhante **Beispill** hie setzt sech grondsätzlech fir seng **Matmënschen** an

matmëschen [m'atməʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **matgemëscht**) » **intransitiv [égs]** **DE** mitmischen • **FR** s'ingérer, s'immiscer • **EN** to be involved, to interfere • **PT** ingerir-se, intrrometer-se **Beispiller** hien huet an där Saach äifereg **matgemëscht**; dee Kârel **mëscht** iwwerall gäre **mat**

matrappen [m'atrapən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **matgerappt**) » **transitiv 1. DE** mitreißen [mit sich reißen] • **FR** emporter [arracher, enlever avec force] • **EN** to sweep away [to remove forcefully] • **PT** arrastar [arrancar, deslocar pela força] **Beispill** d'Strooss ass vun engem Äerdrutsch **matgerappt** ginn **2. DE** mitreißen [begeistern] • **FR** emporter [enthousiasmer] • **EN** to carry away [to thrill] • **PT** arrebatat [entusiasmar] **Beispill** de Publikum huet sech vun där schmasseger Musek **matrappe** gelooss

Matrass [m'atras] Femininum (Pluriel **Matrassen**) **DE** Matratze • **FR** matelas • **EN** mattress • **PT** colchão **Beispill** ech wëll mer eng méi haart **Matrass** kafen

matrechnen [m'atɾæçnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **matgerechent**) » **transitiv 1. DE** mitrechnen • **FR** compter, inclure [dans un calcul] • **EN** to count, to include [in a calculation] • **PT** contar, incluir [num cálculo] **Beispiller** du hues d'Zënsen net **matgerechent**, dofir ass däi Resultat falsch; heibanne si 40 Persounen, d'Kanner net **matgerechent** » **intransitiv 2. DE** mitrechnen • **FR** faire (également) un calcul, calculer (simultanément) [pour contrôler] • **EN** to tot up at the same time [as a check] • **PT** fazer (também) um cálculo, calcular (simultaneamente) [para controlar] **Beispill** wéi de Garçon mer d'Rechnung gemaach huet, **hunn** ech am Kapp **matgerechent**

Matrice [m'atris] Femininum (Pluriel **Matricen**) **DE** Gebärmutter • **FR** utérus • **EN** uterus, womb • **PT** útero **Beispill** mäi Gynekolog huet mer erkläert, firwat et a mengem Fall besser wier, d'**Matrice** erauszehuelen **Synonymmen** Gebärmutter, Uterus

Matricule [matrik'y'l] Femininum (Pluriel **Matricullen**) **1. DE** Sozialversicherungsnummer • **FR** numéro d'assuré (social) • **EN** social insurance number • **PT** número de segurança social **Beispill** der Doktesch hir Sekretärin huet meng **Matricule** gefrot **2. DE** Verzeichnis der Schulnoten • **FR** registre des notes scolaires • **EN** marks register • **PT** registo de notas escolares **Beispill** um Enn vum Trimester schreiw den d'Proffen hir Notten an d'**Matricule**

Matrous [matr'əʊs] Maskulinum (Pluriel **Matrousen**) **DE** Matrose • **FR** matelot • **EN** sailor • **PT** marujo, marinheiro **Beispill** mäi Cousin ass **Matrous** op engem grouse Schëff

♀ Weiblech Form: **Matrousin**

Matrousin [matr'əʊzin] Femininum (Pluriel **Matrousinnen**) **DE** Matrosin • **FR** femme matelot • **EN** sailor [female] • **PT** marinheira [mulher marítima] **Beispill** als **Matrousin** ginn ech net liicht séikrank

♂ Männlech Form: **Matrous**

matsangen [m'atʒəŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **matgesongen / matgesong**) » **transitiv DE** mitsingen • **FR** chanter [avec d'autres] • **EN** to join in singing • **PT** cantar [com outros] **Beispill** ech hu just de Refrain **matgesongen**

Mätsch [mæʃ] Maskulinum (Pluriel **Mätscher**) - Variant vun **Match**

Mätsch [mæʃ] Maskulinum (kee Pluriel) **[égs]** **DE** Matsch • **FR** gadoue • **EN** mud • **PT** lodo, lama **Beispiller**

d'Fierkel huet sech am Mätsch gewenzelt; no dräi Deeg waren d'Bieren ee Mätsch [no dräi Deeg waren d'Biere ganz mätscheg]

i Variant: Mätsch

mätsch [mæʧ] Adjektiv ^[ëgs] DE *matsch* [weich] • FR *mou* [(trop) malléable, en bouillie] • EN *mushy, squishy* • PT *mole* [(demasiado) maleável, em papas] **Beispiller** mir hätten d'Pije missen éischer iessen, elo sinn se mätsch; bass du mätsch (an der Bier)? [bass du ver-réckt?] **Synonym** mätscheg

i Variant: matsch

matsch [matʃ] Adjektiv - Variant vun ↗mätsch

Matsch [matʃ] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Mätsch

matschaffen [m'atʃafən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *matgeschafft*) » **intransitiv** DE *mitarbeiten* • FR *collaborer, participer à un projet commun* • EN *to participate, to collaborate* • PT *colaborar, participar* [num projeto comum] **Beispiller** ech kréie muer Bescheid gesot, ob ech dierf um Projet **matschaffen**; d'Schüler goufe vun der Joffer gelueft, well se gutt **matgeschafft** hunn

matschécken [m'atʃekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *matgeschéckt*) » **transitiv** DE *mitschicken* • FR *envoyer en même temps, envoyer également* • EN *to enclose* [to send with], *to send along* • PT *enviar juntamente, enviar também* **Beispiller** mir hunn Iech d'Dokumentatioun **matgeschéckt**; wann de Patron säi Gesell anzuwersch schéckt, **schéckt** en de Léierbouf dacks **mat**

mätscheg [m'ætʃəç] Adjektiv ^[ëgs] DE *matschig* • FR *mou* [(trop) malléable, en bouillie] • EN *mushy, squishy* • PT *mole* [(demasiado) maleável, em papas] **Beispill** ech iessen déi Quetschen net, well se mer ze **mätscheg** sinn **Synonym** mätsch

i Variant: matscheg

matscheg [m'atʃəç] Adjektiv - Variant vun ↗mätscheg

matschëlleg [m'atʃələç] Adjektiv DE *mitschuldig* • FR *également coupable, coresponsable, complice* • EN *equally guilty, jointly responsible* • PT *também culpado, coresponsável, cúmplice* **Beispill** du bass **matschëlleg**, wann s de eis d'Wouerecht net sees

matschleefen [m'atʃle:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *matgeschleeft*) » **transitiv** DE *mitschleppen* • FR *trainer, trimbaler* [avec soi] • EN *to drag along* • PT *arrastar, levar* [consigo] **Beispiller** wëlls de déi vill Bicher wierklech all **matschleefen**?; ech hu keng Loscht, iwwehall mäi klunge Brudder **matzeschleefen**

matschreiwén [m'atʃʀaivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *matgeschriwwen*) » **transitiv** 1. DE *mitschreiben* [eine Arbeit, eine Prüfung] • FR *participer à* [une épreuve écrite] • PT *participar em* [numa prova escrita] **Beispill** ech konnt d'Prüfung net **matschreiwén**, well ech krank am Bett louch 2. DE *mitschreiben* [notieren] • FR *prendre des notes de* • PT *tomar nota de* [registar por escrito] **Beispill** de Sekretär huet alles **matgeschriwwen**, wat am Komitee gesot ginn ass

Matschüler [m'atʃylə] Maskulinum (Pluriel **Matschüler**) DE *Mitschüler* • FR *camarade de classe, condisciple* • EN *classmate* • PT *colega* (da escola), *condiscipulo* **Beispill** ech hunn nach haut e gutt Verhältnis zu all menge **Matschüler**

i Weiblech Form: ↗Matschülerin

Matschülerin [m'atʃylərin] Femininum (Pluriel **Matschülerinnen**) DE *Mitschülerin* • FR *camarade de classe, condisciple* [écolière, lycéenne] • EN *classmate* [female] • PT *colega* (da escola), *condiscipula* **Beispill** eng **Matschülerin** gouf während der Prüfung beim Kräipen erwécht

i Männlech Form: ↗Matschüler

matschwätzen [m'atʃwætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *matgeschwat*) » **intransitiv** 1. DE *mitreden* [sich am Gespräch beteiligen] • FR *prendre part à la conversation, s'exprimer* [sur un certain sujet] • EN *to join in a discussion* • PT *tomar parte na conversa, contribuir para a conversa* **Beispill** ech hunn déi Sendung just gekuckt, fir datt ech muer ka **matschwätzen** 2. DE *mitreden* [mitentscheiden] • FR *avoir son mot à dire* • EN *to have a say* • PT *ter uma palavra a dizer* [ter voto na matéria] **Beispill** bei där wichteger Decisioun wëll ech och **matschwätzen**

matspillen [m'atʃpilən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *matgespillt*) » **transitiv** 1. DE *mitspielen* [als Spieler] • FR *jouer, faire* [en tant que joueur] • EN *to play* [as a player] • PT *jogar, fazer* [como jogador] **Beispill** ech **spillen** nach eng Partie **Kaart mat**, an da ginn ech heem » **intransitiv** 2. DE *mitspielen* [als Spieler] • FR *jouer* [participer en tant que joueur] • EN *to play* [to participate as a player] • PT *tomar parte no jogo* [participar como jogador] **Beispiller** wann s de wëlls **matspillen**, muss de dech un d'Reegelen halen!; bei deem Kouhandel **spillen** ech net **mat!** ^[ëgs] [op dee Kouhandel loossen ech mech net an!] 3. DE *mitspielen* [als Schauspieler mitmachen] • FR *jouer* [participer en tant qu'acteur] • EN *to act* [to participate as an actor] • PT *fazer parte do elenco* [participar como ator] **Beispill** hien huet an deem Theaterstéck **matgespillt** 4. DE *mitspielen* [mit im Spiel sein] • FR *entrer en jeu, jouer un rôle* • EN *to come into play, to play a part* • PT *estar em jogo, ter um papel* **Beispill** bei där Decisioun hu Grënn **matgespillt**, un déi kee geduecht hat

Matspiller [m'atʃpile] Maskulinum (Pluriel **Matspiller**) DE *Mitspieler* • FR *coéquipier* • EN *teammate* • PT *companheiro de equipa* **Beispill** ee vun eise **Matspiller** huet sech beim leschte Match de Fouss gebrach

i Weiblech Form: ↗Matspillerin

Matspillerin [m'atʃpilərin] Femininum (Pluriel **Matspillerinnen**) DE *Mitspielerin* • FR *coéquipière* • EN *teammate* [female] • PT *companheira de equipa* **Beispill** eng vun de **Matspillerinnen** aus eiser Ekip huet sech beim Training verletzt

i Männlech Form: ↗Matspiller

Matsproocherecht Neutrum (kee Pluriel) DE *Mitspracherecht* • FR *droit à la parole, droit de regard* • PT *direito de ser ouvido, direito de se pronunciar* **Beispill** bei deem Projet gétt d'Gemeng hire Bierger e **Mat-**

sproocherecht

i Variant: Matsproochrecht

Matsproochrecht Neutrum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Matsproocherecht

Matt [mat] Femininum (Pluriel Matten) DE *Motte* • FR *mite* • EN *moth* • PT *traça linseto* **Beispill** d'Matten hu Lächer an der Bomi hiert schéint Kleed griess

Matt [mat] Femininum (Pluriel Matten) DE *Matte* [Unterlage] • FR *natte, tapis (de sol)* • EN *floor mat* • PT *esteira, tapete (de solo)* **Beispiller** ech hu mer eng nei **Matt** fir de Yogascours kaaft; eis Wäschmaschinn steet op enger **Matt**, fir datt se manner Kaméidi mécht

matt Adjektiv DE *matt* [ohne Glanz] • FR *mat* [terne, dépoli] • EN *matt* [not shiny] • PT *mate, fosco* **Beispiller** ech loosse meng Fotoen ëmmer op **mattem** Pabeier entwéckelen; bei de Beschléi hate mer de Choix tëschent blénkeg a **matt**

Mattegéft [m'atəgəft] Neutrum (kee Pluriel) DE *Mot-tengift* • FR *antimite* • EN *moth repellent* • PT *produto anti-traça* **Beispill** däi Pullover richt no **Mattegéft**

matten [m'atən] Adverb - Variant vun ↗matzen

Mätti Maskulinum (Pluriel Mättien) ^{égs} DE *Ranzen, Bauch* [Magen] • FR *bide lestomaç* • PT *pança, bandulho, barriga* **Beispill** d'Gäsch hu sech de **Mätti** um Buffet gutt vollgeschloen **Synonym** Ränzlechen

Maturitéit [matyrit'ɛit] Femininum (kee Pluriel) DE *Reife* [einer Person] • FR *maturité* [d'une personne] • EN *maturity* • PT *maturidade* [de uma pessoa] **Beispiller** du hues nach net déi néideg **Maturitéit**, fir an där Saach eng Decisioun ze huelen; wéi e Vollek mat senger Vergaangenheet ëmgeet, seet eppes iwwer seng politesch **Maturitéit** aus [wéi e Vollek mat senger Vergaangenheet ëmgeet, weist, wéi politesch verantwortlech et ass]

matversécheren [m'atfɛzɛçərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **matversécher**) » **transitiv** DE *mitversichern* • FR *inclure dans l'assurance, co-assurer* • EN *to include in the insurance* • PT *incluir no seguro* **Beispill** d'Bagagë **ginn** net automatesch **matversécher**

matzäit [mats'æ:it] Adverb **1.** DE *frühzeitig, früh* • FR *tôt, de bonne heure* • EN *early, in good time* • PT *cedo* **Beispill** d'Mamm huet d'Kanner **matzäit** an d'Bett geluecht **Synonym** fréi **2.** DE *rechtzeitig* • FR *à temps* [assez tôt] • EN *in time* • PT *a tempo, a horas* **Beispill** wann der net **matzäit** do sidd, da kommt der net méi eran **Synonym** zurzäit

i Varianten: matzäiten, mat Zäiten

mat Zäit Adverb - Variant vun ↗matzäit

matzäiten [mats'æ:itən] Adverb - Variant vun ↗matzäit

mat Zäiten Adverb - Variant vun ↗matzäit

matzen [m'atsən] Adverb DE *mitten* • FR *en plein milieu* (de), *au beau milieu* (de) • EN *in the middle* (of) • PT *no meio* (de), *a meio* (de) **Beispiller** **matzen** an der Strooss steet eng Häerd Schof; hien hat eng Bëlz **matzen** op

der Stier; **matzen** an der Verhandlung ass d'Affekotin erauseruff ginn

i Varianten: matten, mëtten

matzielen [m'atsiələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **matgezielt**) » **transitiv 1.** DE *mitzählen* • FR *compter, inclure* [dans un calcul] • EN *to count, to include* [in a calculation] • PT *contar, incluir* [num cálculo] **Beispill** an där Statistik **goufen** d'Männer ënner 30 Joer net **matgezielt** » **intransitiv 2.** DE *mitzählen* [berücksichtigt werden] • FR *compter* [importer, entrer en ligne de compte] • EN *to count* [to be taken into account] • PT *contar* [importar, entrar em linha de conta] **Beispill** fir d'Moyenne **zielen** déi zwee Fächer net **mat**

Mauer [m'əʊ] Femininum (Pluriel Maueren) DE *Mauer, Wand* • FR *mur* [ouvrage de maçonnerie] • EN *wall* • PT *muro, parede* **Beispiller** eis Noperen hunn eng **Mauer** ëm hire Virgärtche gebaut; ech hu meng Diplomer all an enger Rumm un der **Mauer** hänken; d'Fussballspiller maachen eng **Mauer** ^{égs} [d'Fussballspieler stelle sech no beienee virun de Goll; dee geet mam Kapp duerch d'**Mauer!** ^{égs} [idee ass ganz stuer]; bei mengem Papp schwätzen ech géint eng **Mauer** ^{égs} [mäi Papp ännert seng Meenung net]

maueren [m'əʊərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gemauert**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Verben, déi **maueren** als Basis hunn: ↗amaueren an ↗zoumaueren

Mauerleefer [m'əʊle:fe] Maskulinum (Pluriel Mauerleefer) Tichodroma muraria DE *Mauerläufer* • FR *tichodrome échelette* • EN *wallcreeper* • PT *trepadeira-dos-muros* **Beispill** wéi laang bréien d'**Mauerleefer?**

Mauernisch [m'əʊniʃ] Femininum (Pluriel Mauernischen) DE *Mauernische* • FR *niche murale* • EN *alcove, niche, recess* • PT *niche mural* **Beispill** de Schräiner huet eis e Schaf an d'**Mauernisch** agebaut

Mauerwierk [m'əʊvi:ɛk] Neutrum (kee Pluriel) DE *Mauerwerk* • FR *maçonnerie* [d'une construction] • EN *masonry* [stonework] • PT *alvenaria* [de uma construção] **Beispill** fir d'**Mauerwierk** ze stabiliséieren, ass Bétong agesprézt ginn

Maufel [m'æ:ʊfəl] Maskulinum (Pluriel Mäifel) DE *Happen, Bissen* • FR *morceau* [petite quantité de nourriture] • EN *bite* [quick snack], *titbit* • PT *bucha, bocado* [de um alimento] **Beispiller** iess nach e **Maufel**, ier mer ginn!; hie pickt sech ëmmer déi beschte Mäifel vum Buffet

maufelen [m'æ:ʊfələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gemaufelt**) » **transitiv 1.** ^{égs} DE *futtern* • FR *manger à pleines dents, dévorer* • EN *to devour, to wolf down* • PT *comer com sofreguidão, devorar* **Beispill** d'Kanner **maufele** grad hir Gromperenzalot » **intransitiv 2.** ^{égs} DE *futtern* • FR *manger à pleines dents* • EN *to nosh, to stuff oneself* • PT *comer com sofreguidão* **Beispill** se **maufelen**, wéi wann se hallef erhéngert wieren

Maul [mæ:ʊl] Femininum (Pluriel Mailer) **1.** DE *Maul* [eines Tiers] • FR *gueule* [d'un animal] • EN *mouth, jaws* [of an animal] • PT *focinho* [de um animal] **Beispill** den Hond huet eng déck Rat an der **Maul** **Synonym** Schnëss **2.**

[graft] DE *Maul* [Mund] • FR *gueule* [bouche] • EN *gob, trap* • PT *boca, bico* **Beispiller** aus deem senger **Maul** kënt näischt Gescheites; hal d'**Maul**, däi Gebraddels interesséiert kee Mënsch!; du hues eng grouss **Maul**, mee du schaffs net vill! [du téins, mee du schaffs net vill!]; du häss d'**Maul** net sollen esou wäit oprappen! [du häss dat net solle soen]; hien huet eng **Maul** gemaach [hien huet gemotzt] **Synonym** Schnëss **3.** **[graft]** DE *Schnauze* [Gesicht] • FR *gueule* [visage] • EN *mug* [face], *chops* • PT *tromba, focinho* [cara] **Beispiller** ech ka seng domm **Maul** net méi gesinn!; wann hie sech net gëtt, kritt en der an d'**Maul**! **Synonym** Schnëss

maulafen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gemaulaaft) » **intransitiv** **[vereezlt]** **[pejorativ]** DE *gaffen, Maulaffen feilhalten* • FR *regarder (avec une curiosité malsaine)* • PT *olhar (com uma curiosidade malsã)* **Beispill** d'Police huet all d'Automobiliste protokolliert, déi beim Accident op der Autobunn gemaulaaft hunn **Synonym** afen

Mauldéier [m'æ:ʊldɛɪ] Neutrum (Pluriel Mauldéieren) DE *Maultier* • FR *mulet, mule* • EN *mule* • PT *mulo (eguariço), mula (eguarica)* **Beispill** e Mauldéier ass eng Kräizung tëschent engem Päerd an engem Esel

Maulef [m'æ:ʊləf] Maskulinum (Pluriel Maulefen) Talpa europaea DE *Maulwurf* • FR *taupe, taupe d'Europe* • EN *mole, common mole* • PT *topeira, toupeira-europeia* **Beispiller** de Maulef verbréngt bal säi ganzt Liewen ënner dem Buedem; hien ass blann ewéi e Maulef **[ëgs]** [hie gesäit guer net gutt]

[i] Variant: Maulwuerf

maulen [m'ʊlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gemault) » **transitiv 1.** DE *schimpfen* • FR *vociférer* • EN *to grumble* • PT *vociferar* **Beispill** ech weess net, wat en nach gemault huet, ech sinn einfach gaangen » **intransitiv 2.** **[ëgs]** DE *maulen* • FR *râler (rouspéter)* • EN *to gripe, to grumble* • PT *resmungar, respingar* **Beispiller** du mauls awer och géint alles!; deen huet bei allem ze maulen; **maul** net laang a fuer duer!

[i] Verben, déi **maulen** als Basis hunn: » dramaulen, » erëmmaulen an » zeréckmaulen

Maulesmillen [mæ:ʊləsm'ɪlən] Eegennumm DE *Maulsmühle* • FR *Maulusmuehle* • EN *Maulusmuehle* • PT *Maulusmuehle* **Beispiller** ech wunnen op der Maulesmillen; fiert dëse Bus op d'Maulesmillen?

[i] Lokalvariant: Maulusmillen

Mauliesel [mæ:ʊl'ɪəzəl] Maskulinum (Pluriel Maulieselen) DE *Maulesel* • FR *mulet, bardot* • EN *mule, hinny* • PT *macho (asneiro), muar (asneiro)* **Beispiller** d'Mauliesele ginn agesat, fir schweier Laaschten ze droen; hien ass gelueden ewéi e Mauliesel **[ëgs]** [hien ass ganz schweier gelueden]

Maulkuerf [m'æ:ʊlku:əf] Maskulinum (Pluriel Maulkierf) DE *Maulkorb* • FR *muselière* • EN *muzzle (restraint)* • PT *çaime* **Beispiller** fir spadséieren ze goen, dinn ech eisem Hond e Maulkuerf un; ech hu kee Maulkuerf un! **[ëgs]** [lech soen, wat ech wëll!]

Maultrommel [m'æ:ʊltroməl] Femininum (Pluriel Maultrommelen) DE *Maultrommel* • FR *gimbarde* [ins-

trument de musique] • EN *Jew's harp* • PT *berimbau de boca* **Beispill** d'Maultrommel ass eent vun deene klenge Instrumenter

Maulusmillen [m'æ:ʊləsmilən] Eegennumm - Variant vun » Maulesmillen

Maulwuerf [m'æ:ʊlvu:əf] Maskulinum (Pluriel Maulwuerfen) Talpa europaea - Variant vun » Maulef

mauretanesch [maʊRE:t'a:nəʃ] Adjektiv DE *mauretanesch* • FR *mauritanien* • EN *Mauritanian* • PT *mauritano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi mauretanesch Kultur kenne geléiert

Mauretanie [maʊRE:t'a:njən] Eegennumm, Neutrum DE *Mauretanie* • FR *Mauritanie* • EN *Mauritania* • PT *Mauritânia* **Beispiller** ech war schonn dräimol a Mauretanie; ech fueren d'nächst Woch a Mauretanie; ech kommen aus Mauretanie

[i] männlech Persoun: » Mauretanie weiblech Persoun: » Mauritanierin Adjektiv: » mauretanesch Haaptstad: » Nouakchott

Mauretanie [maʊRE:t'a:njə] Maskulinum (Pluriel Mauretanie) DE *Mauretanie* • FR *Mauritanien* • EN *Mauritanian* • PT *mauritano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Mauretanie

Mauretanie [maʊRE:t'a:njərin] Femininum (Pluriel Mauretanie) DE *Mauretanie* • FR *Mauritanienne* • EN *Mauritanian* [female] • PT *mauritana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Mauretanie

mauritesch [maʊR'itəʃ] Adjektiv DE *mauritisch* • FR *mauricien* • EN *Mauritian* • PT *mauriciano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi mauritesch Kultur kenne geléiert

Mauritier [maʊR'i:tsjə] Maskulinum (Pluriel Mauritier) DE *Mauritier* • FR *Mauricien* • EN *Mauritian* • PT *mauriciano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Mauritier

Mauritierin [maʊR'i:tsjərin] Femininum (Pluriel Mauritierinnen) DE *Mauritierin* • FR *Mauricienne* • EN *Mauritian* [female] • PT *mauriciana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Mauritierin

Mauritius [maʊR'i:tsjʊs] Eegennumm, Neutrum DE *Mauritius* • FR *Maurice* • EN *Mauritius* • PT *Mauricia* **Beispiller** ech war schonn dräimol op Mauritius; ech fueren d'nächst Woch op Mauritius; ech komme vu Mauritius

[i] männlech Persoun: » Mauritier weiblech Persoun: » Mauritierin Adjektiv: » mauritesch Haaptstad: » Port Louis

Maus [mæ:ʊs] Femininum (Pluriel Mais) **1.** DE *Maus* [Tier] • FR *souris* [animal] • EN *mouse* [animal] • PT *rato* [animal] **Beispiller** d'Kaz huet eng Maus gefaangen; mir hu Mais am Keller; et soll een d'Mais net bei de Speck spären **[ëgs]** [et soll ee keen a Versuchung féieren]; wann d'Kaz fort ass, sinn d'Mais Meeschter **[ëgs]** [wann de Verantwortleche fort ass, mécht jiddereen, wat e wëllt]; et ass eng schlecht Maus, déi nëmmen ee Lach huet **[ëgs]** [et soll een sech ëmmer méi ewéi eng Méiglechkeet ophalen]; wann d'Mais sat sinn, ass d'Miel batter **[ëgs]** [⇒ seet een, wann ee glott gëtt, well ee sat ass]; hie fäert keng Maus, a wann et e Ridd wier **[ëgs]** [hien ass ganz fäertereg] **2.** DE *Maus* [Eingabegerät] • FR *souris* [périphérique informatique] • EN *mouse* [computer input device] • PT *rato* [dispositivo de entrada]

Beispill mäi Mataarbechter huet de ganze Moien net gemierkt, datt de Kabel vu senger **Maus** net agestach war!

mauschelen [m'æ:ʃjələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gemauscht) » **intransitiv** ^[egs] **DE** *mauscheln* [sich heimlich absprechen] • **FR** *magouiller* • **EN** *to wheel and deal* • **PT** *tramar negócios* **Beispill** an där Affär gouf vill gemauscht

Mauséierscherszalat [m'æ:ʊzɛɪçestsalo:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Feldsalat* • **FR** *mâche* • **EN** *lamb's lettuce* • **PT** *canónigos* **Beispill** de Kach bréit Speck fir op d'Mauséierscherszalat

Mausfal [m'æ:ʊsfa:l] Femininum (Pluriel Mausfalen) - Variant vun ↗Mausfal

Mausi Femininum (kee Pluriel) **DE** *Schatz, Liebling* • **FR** *chéri(e)* [*bien-aimé(e)*] • **EN** *darling, love, sweetheart* • **PT** *querido, querida* **Beispill** **Mausi**, solle mer fir eisen Hochzäitsdag net e puer Deeg fortfuere? **Synonymmen** Häerzi, Huesi, Stuppi

Mauslach [m'æ:ʊslɑχ] Neutrum (Pluriel Mauslächcher) - Variant vun ↗Mauslach

Mauslächelchen [m'æ:ʊslæçəlçən] Neutrum (Pluriel Mauslächelcher) - Diminutivform vun ↗Mauslach

Mauswisel [m'æ:ʊsvizəl] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Mauswiselen) **Mustela nivalis** **DE** *Mauswiesel* • **FR** *belette d'Europe* • **EN** *weasel* • **PT** *doninha* **Beispill** de **Mauswisel** steet zënter 2009 zu Lëtzebuerg ënner Aarteschutz **Synonym** Klenzt Wisel

Maut [mɑʊt] Femininum (Pluriel Mauten) **DE** *Maut* • **FR** *péage* [*taxe*] • **PT** *portagem* [*taxa*] **Beispill** a verschidene Tunnellen an den Alpe muss een (eng) **Maut** bezuelen **Synonym** Peage

mautsch Adjektiv

I Hei entsteht en neien Artikel.

mautschen [m'æ:ʊtʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gemauscht) » **intransitiv** **DE** (zu *lange*) *ziehen* [*Obst, Gemüse*] • **FR** *macérer* (*trop longtemps*) [*fruits, légumes*] • **EN** *to macerate, to steep* • **PT** *macerar* (*demasiado tempo*) [*fruta, legumes*] **Beispiller** looss d'Zalot net (an der Vinaigrette) **mautschen**, soss ässt keen se méi!; ech ka mech net decidéieren, d'Saach muss nach e bësse **mautschen** ^[egs] lech ka mech net decidéieren, ech loosse mer nach e bëssen Zäit!

maximal [maksim'a:l] Adjektiv **DE** *maximal* • **FR** *maximal, maximum* <Adverb au *maximum*> • **EN** *maximum, maximal* <Adverb *maximum, maximally*> • **PT** *máximo* <Adverb *no máximo*> **Beispiller** d'Geschäft wëllt dem Client eng **maximal** Qualitéit bidden; de Waggon ass fir eng **maximal** Charge vu véierzeg Tonnen zougelooss; haut ginn et **maximal** 30 Grad; ech gi **maximal** dräimol d'Joer an de Kino

Maximalhéicht [maksim'a:lɦɛɪçt] Femininum (Pluriel **Maximalhéichten**) **DE** *Maximalhöhe* • **FR** *hauteur maximale* • **EN** *maximum height* • **PT** *altura máxima* **Beispill** d'Bautekommissioun huet d'**Maximalhéicht** fir d'Haiser festgeluecht

Maximalmass [maksim'a:lmas] Femininum (Pluriel **Maximalmassen**) **DE** *Gesamtmasse* [*leines Fahrzeugs*] • **FR** *masse maximale* [*d'un véhicule*] • **EN** *gross weight* • **PT** *massa máxima* [*de um veículo*] **Beispill** an dës Strooss däerfe keng Gefierer mat enger erlaabter **Maximalmass** vun iwwe 5,5 Tonnen erafuere

Maximum [m'aksimum] Maskulinum (Pluriel **Maximumen**) **DE** *Maximum* • **FR** *maximum* • **EN** *maximum* • **PT** *máximo* **Beispiller** de Kandidat huet am Concours de **Maximum** vun de Punkte kritt; meng Cheffin verlaangt ëmmer de **Maximum**

maximum [m'aksimum] Adverb **DE** *höchstens, im Höchstfall* • **FR** *tout au plus, au maximum* • **EN** *maximum* • **PT** *quando muito, no máximo* **Beispiller** du kriss **maximum** 3.000 Euro fir deen alen Auto erëm; mir hu vill Demandé kritt, mee et gi **maximum** fénnef Leit agestallt **Synonymmen** héchstens, maximal

Mayonnaise [majɔn'e:s] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Mayonnaise* • **FR** *mayonnaise* • **EN** *mayonnaise* • **PT** *maionese* **Beispill** et ass eng Gerot, ob meng **Mayonnaise** eppes gëtt oder net

mazedonesch [matsed'o:nəʃ] Adjektiv - Variant vun ↗nordmazedonesch

Mazedonier [matsed'o:ni:ç] Maskulinum (Pluriel **Mazedonier**) - Variant vun ↗Nordmazedonier

Mazedonierin [matsed'o:njərin] Femininum (Pluriel **Mazedonierinnen**) - Variant vun ↗Nordmazedonierin

Mazout [maz'ut] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Heizöl* • **FR** *mazout, fioul* (*domestique*) • **EN** *heating oil* • **PT** *gasóleo de aquecimento* **Beispill** mir mussen nach virum Wanter **Mazout** bestellen

Mazoutspräis [maz'utspræ:ɪs] Maskulinum (Pluriel **Mazoutspräisser**) **DE** *Heizölpreis* • **FR** *prix du fioul, prix du mazout* • **EN** *heating oil price, fuel oil price* • **PT** *preço do gasóleo de aquecimento* **Beispill** haut gouf et eng no-tabel Baisse vum **Mazoutspräis**

Mazoutstank [maz'utstɑŋk] Maskulinum (Pluriel **Mazoutstanken**) **DE** *Heizöltank* • **FR** *cuve à fioul, cuve à mazout* • **EN** *heating oil tank, fuel oil tank* • **PT** *reservatório de gasóleo* (*de aquecimento*) **Beispiller** eise **Mazoutstank** faasst 3000 Liter; am Keller ass Plaz genuch fir e grouse **Mazoutstank**

Mbabane Eegennumm **DE** *Mbabane* • **FR** *Mbabane* • **PT** *Mebabane* **Beispill** **Mbabane** ass d'Haaptstad vun Eswatini

Mecanicien [mekan'isjɛ:] Maskulinum (Pluriel **Mecanicienen**) **DE** *Mechaniker* • **FR** *mécanicien* [*ouvrier*] • **EN** *mechanic* • **PT** *mecânico* [*operário*] **Beispill** de **Mecanicien** ass amgang, de **Vidange** vum Auto ze maachen

I Weiblech Form: ↗Mecanicienne

Mecanicienne [mekan'isjæ:n] Femininum (Pluriel **Mecanicienenen**) **DE** *Mechanikerin* • **FR** *mécanicienne* [*ouvrière*] • **EN** *mechanic* [*female*] • **PT** *mecânica* [*operária*] **Beispill** meng frëier Klassekomerodin schafft als **Mecanicienne** an engem Vélosbuttek

i Männlech Form: ↗Mecanicien

mech [mɛç] Personalpronomen » 1. Persoun Singulier / Akkusativ **DE** *mich* • **FR** *me, moi* • **EN** *me* • **PT** *me, mim* **Beispiller** den Tourist ass op **mech** duerkomm, fir nom Wee ze froen; fro **mech**, ech soen der et!; maach dat roueg, awer oui **mech**!

mech [mɛç] Reflexivpronomen » 1. Persoun Singulier / Akkusativ **DE** *mich* • **FR** *me* • **EN** *myself* • **PT** *me* **Beispill** ech hu **mech** geiert

mechanesch [mɛç'a:nəʃ] Adjektiv 1. **DE** *mechanisch [automatisch, maschinell]* • **FR** *mécanique [activé par un mécanisme]* <Adverb *mécaniquement*> • **EN** *mechanical [operated by a machine]* <Adverb *mechanically*> • **PT** *mecânico [acionado por um mecanismo]* <Adverb *mecanicamente*> **Beispiller** hien huet eng Sammlung vun ale mechanischen Aueren; déi Wo funktionéiert **mechanesch** 2. **DE** *mechanisch [gedankenlos]* • **FR** *machinal [automatique]* <Adverb *machinalement*> • **EN** *mechanical [automatic]* <Adverb *mechanically*> • **PT** *mecânico [automático]* <Adverb *mecanicamente*> **Beispiller** mat engem **mechanesche** Gest huet de Kontroller eise Billjee geknipst; d'Fra hat eng Zäitschréft um Schouss an huet eng Sait no där anerer **mechanesch** emgebliedert

Mechanik [mɛç'a:nik] Femininum 1. (Pluriel **Mechaniken**) **DE** *Mechanik [Vorrichtung]* • **FR** *mécanique, mécanisme* • **EN** *mechanics, machinery* • **PT** *mecânica, mecanismo* **Beispill** haut kënnt en Techniker, fir no der **Mechanik** vum Lift ze kucken 2. (kee Pluriel) **DE** *Mechanik [Maschinenkunde]* • **FR** *mécanique [science, discipline]* • **EN** *mechanics [study]* • **PT** *mecânica [ciência, disciplina]* **Beispill** eise Fils huet en Noexamen an der **Mechanik**

Mechanismus [mekan'ismus] Maskulinum (Pluriel **Mechanismen** / **Mechanismussen**) **DE** *Mechanismus [Vorrichtung]* • **FR** *mécanisme* • **EN** *mechanism [device]* • **PT** *mecanismo* **Beispill** duerch en agebaute **Mechanismus** gëtt den Alarm ausgeléist

Méchela [m'eçɛla:] Eegennumm **DE** *Michelau* • **FR** *Michelau* • **EN** *Michelau* • **PT** *Michelau* **Beispiller** ech wunnen zu **Méchela**; fiert dese Bus op **Méchela**?

Méhelbuch [m'eçɛlbuch] Eegennumm **DE** *Michelbuch* • **FR** *Michelbouch* • **EN** *Michelbouch* • **PT** *Michelbouch* **Beispiller** ech wunnen zu **Méhelbuch**; fiert dese Bus op **Méhelbuch**?

Méchelsbiërg [m'eçɛlsbi:ç] Eegennumm **DE** *Michelsbiërg* • **FR** *Michelsbiërg* • **EN** *Michelsbiërg* • **PT** *Michelsbiërg* **Beispiller** ech wunnen um **Méchelsbiërg**; fiert dese Bus op de **Méchelsbiërg**?

Méhelshaff [m'eçɛlsh'af] Eegennumm **DE** *Michels-hof* • **FR** *Michelshof* • **EN** *Michelshof* • **PT** *Michelshof* **Beispiller** ech wunnen um **Méhelshaff**; fiert dese Bus op de **Méhelshaff**?

Mecher [mæçɛ] Eegennumm **DE** *Mecher* • **FR** *Mecher* • **EN** *Mecher* • **PT** *Mecher* **Beispiller** ech wunnen zu **Mecher**; fiert dese Bus op **Mecher**?

Méck [mek] Femininum (Pluriel **Mécken**) 1. **DE** *Fliege [Insekt]* • **FR** *mouche [insecte]* • **EN** *fly [insect]* • **PT** *mosca [inseto]* **Beispiller** stell d'Essen an de Frigo, soss kom-

men d'**Mécken**!; hie gëtt un ewéi eng Tut (voll) plakeg **Mécken** [égs] [hie gëtt gär un, mee et ass näischt derhannert]; du méchs aus all **Méck** en Elefant! [égs] [du reegs dech iwwer all Klenggekeet op]; hie ka kenger **Méck** eppes zuleeds doen [égs] [hie ka kengem eppes zuleeds doen]; komm mir maachen eng **Méck**! [égs] [komm mir ginn elo séier fort] 2. **DE** *Fliege [Köder]* • **FR** *mouche [appât]* • **EN** *fly [fishing bait]* • **PT** *mosca [isco artificial]* **Beispill** d'Frell fänks de am beschte mat der **Méck** 3. **DE** *Fliege [Schleife]* • **FR** *nœud papillon* • **EN** *bow tie* • **PT** *laço [accessório masculino]* **Beispill** hien hat eng gesträifte **Méck** bei sengem bloe Kostüm un 4. (kee Singulier) [égs] **DE** *Moneten* • **FR** *pognon* • **EN** *dough [money]* • **PT** *massa [dinheiro]* **Beispill** menger Mamm hire Cousin, deen hat **Mécken**! **Synonymmen** Fric, Goss, Kit-ten, Klacken

Méckebaatsch [m'ekəba:tʃ] Femininum (Pluriel **Méckebaatschen**) **DE** *Fliegenklatsche* • **FR** *tapette, tue-mouches* • **EN** *fly swatter* • **PT** *enxota-moscas, mata-moscas* **Beispill** am Summer hu mir an all Zëmmer eng **Méckebaatsch** leien **Synonym** Baatsch

Méckepéiler [m'ekəpɛilɛ] Maskulinum (Pluriel **Méckepéiler** / **Méckepéileren**) [égs] [pejorativ] **DE** *Erbsenzähler* • **FR** *pinailleur* • **EN** *nitpicker* • **PT** *picuinhas, cocabichinhos* **Beispiller** dee **Méckepéiler** féiert Buch iwwer all Timber, deen e brauch; dee **Méckepéiler** schreift esouguer op, wéi vill Minutten een ze spéit an d'Prouf kënnt **Synonymmen** Ierbessenzieler, Spéngelschësser

i Variant: **Méckepéilert**

Méckepéilerei [mekəpɛilə'rɛi] Femininum (kee Pluriel) [égs] [pejorativ] **DE** *Erbsenzählerei* • **FR** *pinailage* • **EN** *nitpicking* • **PT** *picuinhice* **Beispill** a mengen Aen ass et **Méckepéilerei**, dësen Text Wuert fir Wuert ze analyséieren **Synonym** Ierbessenzielerei

Méckepéilert [m'ekəpɛilɛt] Maskulinum (Pluriel **Méckepéilerten**) - Variant vun ↗**Méckepéiler**

meckeren [m'ækəran] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gemeckert**) » **intransitiv** 1. **DE** *meckern [Ziege]* • **FR** *bêler [chèvre]* • **EN** *to bleat [goat]* • **PT** *berrar [cabra]* **Beispill** et héiert een d'Geessen am Stall **meckeren** 2. [égs] **DE** *meckern [nörgeln]* • **FR** *râler, rouspéter* • **EN** *to bleat, to grumble* • **PT** *resmungar, respingar* **Beispill** du muss awer och ëmmer **meckeren**!

Medail [mɛd'ɑi] Femininum (Pluriel **Medailen**) 1. **DE** *Medaille [Auszeichnung]* • **FR** *médaille [prix]* • **EN** *medal [prize]* • **PT** *medalha [prémio]* **Beispill** den Athleet huet trainéiert, fir bei den Olympesche Spiller eng **Medail** ze gewannen 2. **DE** *Orden [Ehrenzeichen]* • **FR** *médaille [décoration]* • **EN** *medal [decoration]* • **PT** *medalha [condecoração]* **Beispill** déi fräiwëlleg Mataarbechter krute fir hiren Asaz eng **Medail** **Synonymmen** Dekoratioun, Gielchen, Uerden

Medaillon [m'ɛdajɔ̃:] Maskulinum (Pluriel **Medaillonnen**) 1. **DE** *Medaillon [Schmuckanhänger]* • **FR** *médailion [bijou]* • **EN** *medallion [jewel]* • **PT** *medalhão [joia]* **Beispill** meng Schwëster huet vu menger Bomi eng gëlle Ketten an e **Medaillon** geierft 2. [konscht] **DE** *Medaillon* • **FR** *médailion* • **EN** *medallion* • **PT** *medalhão* **Beispill** um Monument gesitt Der e **Medaillon** mam Kapp vum Dichter 3. **Gastronomie** **DE** *Medaillon* • **FR** *médailion* • **EN**

medallion • PT medalhão **Beispill** fir Haaptplat gött et e Medaillon mat Krocketten a Geméis

Médecine interne [me:ds'inĕ:t'ERNƏ] Femininum (kee Pluriel) **1.** DE *Innere Medizin* [Fachgebiet] • FR *médecine interne* [spécialité médicale] • EN *internal medicine* [branch of medicine] • PT *medicina interna* [especialidade médica] **Beispill** d'Médecine interne ass an eng ganz Rei Spezialgebieder opgedeelt **2.** DE *Innere Medizin* [Abteilung] • FR *service de médecine interne* • EN *internal medicine* [hospital department] • PT *serviço de medicina interna* **Beispill** d'Médecine interne fannt Dir um éischte Stack

Medezin [mədətsin] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Medizin* [Wissenschaft] • FR *médecine* [science] • EN *medicine* [science] • PT *medicina* [ciência] **Beispill** an de leschte Joren huet d'Medezin grouss Fortschrëtter gemaach **2.** (Pluriel **Medezinnen**) DE *Medizin* [Medikament] • FR *médicament* • EN *medicine* [drug, medication] • PT *medicamento* **Beispill** hues de deng Medezin scho geholl?

medezinesch [mədəts'inəʃ] Adjektiv DE *medizinisch* • FR *médical* • EN *medical* • PT *médico, de medicina* **Beispill** kleng Unien hu seelen e medezinescht Departement

Medezinner [mədəts'ine] Maskulinum (Pluriel **Medezinner**) DE *Mediziner* • FR *médecin, étudiant en médecine* • EN *doctor* [medical] • PT *médico, estudante de medicina* **Beispill** um Kongress waren nëmme Medezinner

W Weiblech Form: ↗Medezinnerin

Medezinnerin [mədəts'inəri:n] Femininum (Pluriel **Medezinnerinnen**) DE *Medizinerin* • FR *médecin, étudiante en médecine*

M Männlech Form: ↗Medezinner

Medezinstudium [mədəts'inʃtu:djʊm] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) DE *Medizinstudium* • FR *études de médecine* • EN *medical studies* • PT *estudos de medicina, curso de medicina* **Beispill** no hirem Medezinstudium huet meng Niess sech als Generalistin etabléiert

Mediateur [mediat'œ:r] Maskulinum (Pluriel **Mediateuren**) DE *Schlichter, Vermittler* • FR *médiateur* • EN *mediator* • PT *mediador* **Beispill** déi zwou Parteien hunn hien als Mediateur akzeptéiert **Synonym** Vermëttler

W Weiblech Form: ↗Mediatrice

Mediatioun [mediasj'ʔəʊn] Femininum (Pluriel **Mediatiounen**) DE *Mediation, Schlichtung* • FR *médiation* • EN *mediation* • PT *mediação* **Beispill** déi zwou Parteien hunn eng Mediatioun ugefrot, fir hire Konflikt ze léisen

Mediatrice [mediatr'is] Femininum (Pluriel **Mediatricen**) DE *Schlichterin, Vermittlerin* • FR *médiatrice* • EN *mediator* [female] • PT *mediadora* **Beispill** well déi zwou Parteien sech net eens gi sinn, gouf eng Mediatrice ageschalt **Synonym** Vermëttlerin

M Männlech Form: ↗Mediateur

Medikament [me:dikam'ænt] Neutrum (Pluriel **Medikamenter**) DE *Medikament* • FR *médicament* • EN

medicine, medication • PT *medicamento, remédio* **Beispill** dat Medikament huet eng Rei Niewewierkungen

Meditatioun [meditasj'ʔəʊn] Femininum (Pluriel **Meditatiounen**) DE *Meditation* • FR *méditation* • EN *meditation* • PT *meditação* **Beispill** an der Retraite ass virun all Iessen eng **Meditatioun** virgesinn

meditativ [meditat'i:f] Adjektiv DE *meditativ* • FR *méditatif* • EN *meditative* • PT *meditativo* **Beispill** fir angeschlossen, lauschteren ech gär **meditativ** Musek

meditéieren [medit'ziəRƏn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **meditéiert**) » **intransitiv** DE *meditieren* • FR *méditer* • EN *to meditate* • PT *meditar* **Beispill** ech huele mer all Dag zéng Minutten Zäit fir ze **meditéieren**

mediterran Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Medium [m'e:djʊm] Maskulinum/Neutrum **1.** (Pluriel **Medien** / **Meedien**) DE *Medium* [Massenmedium] • FR *média* • EN *medium* [mass medium], *media* • PT *meio* (de *comunicação*), *média* **Beispiller** trotz dem Internet sinn d'Zeitungen ëmmer nach e wichtegt **Medium**, fir d'Leit ze informéieren; d'Walresultater goufen de Moien an all de **Medie** kommentéiert; haut ginn d'Kanner scho ganz fréi vun de **Medie** beaflosst **2.** (Pluriel **Mediemen**) DE *Medium* [Person] • FR *médium* [personne] • EN *medium* [person] • PT *médium* **Beispill** eis Nopesch geet all Woch bei e **Medium**, fir eppes iwwer hire verstuerwene Mann gewuer ze ginn

Mee Maskulinum (Pluriel <seelen> **Meeën**) **1.** DE *Mai* • FR *mai, mois de mai* • EN *May* • PT *maio* **Beispill** am **Mee** feiere mer mengem Papp seng 60 Joer **2.** Éischte **Mee** / **1.** **Mee** DE *Erster Mai*, *1. Mai* [gesetzlicher Feiertag] • FR *premier mai, 1er mai* [jour férié légal] • EN *May Day* [bank holiday] • PT *primeiro de maio*, *1.º de maio* [dia feriado legal] **Beispill** den **1. Mee** gi mir fréi mueres an de Bësch, fir e Meekranz ze maachen **Synonym** **Dag** vun der Aarbecht

mee Konjunktioun **1.** DE *aber* [jedoch] • FR *mais* [pour exprimer une restriction, précision, addition] • EN *but* [however] • PT *mas* [contudo, porém] **Beispiller** ech drénken en Aperitif, **mee** ouni Äis; hien huet versicht, mech eranzeleeën, **mee** ech hunn en duerchkuckt **Synonym** **awer** **2.** DE *sondern* • FR *mais* [pour exprimer une opposition] **Beispiller** ech hunn d'Buch net an der Librairie kaaft, **mee** op enger Liesung; meng Schwëster huet keng brong Aen ewéi ech, **mee** grénger

I Variant: mä

Meecher [m'e:çɛ] Eegennumm DE *Mecher* • FR *Mecher* • EN *Mecher* • PT *Mecher* **Beispiller** ech wunnen zu **Meecher**; fiert dëse Bus op **Meecher**?

Meechtem [m'e:çtəm] Eegennumm DE *Machtum* • FR *Machtum* • EN *Machtum* • PT *Machtum* **Beispiller** ech wunnen zu **Meechtem**; fiert dëse Bus op **Meechtem**?

Meedchen [m'e:tçən] Neutrum (Pluriel **Meed-ercher**) **1.** DE *Mädchen* [Kind, junge Frau] • FR *fille* [enfant, jeune femme] • EN *girl* [female person] • PT *rapariga* [pessoa do sexo feminino] **Beispiller** wat ass dat e léift **Meedchen**!; hie bestit e räicht **Meedchen** **2.** DE *Tochter*

• **FR** *fille* [descendant] • **EN** *girl* [daughter] • **PT** *filha* [descendente] **Beispiller** dem Bäcker säi **Meedche** gëtt déi aner Woch bestuet; säi klenge **Meedchen** ass eng richtig Babbel **Synonym** Duechter **3.** (kee Singulier) **ëgs** **DE** *Freudenmädchen* • **FR** *filles* (*légères*) • **EN** *girls* [*working girls, tarts*] • **PT** *raparigas* (*levianas*) **Beispill** deen ale Jongesell geet ëmmer nach bei d'**Meedercher**

Meederchersnumm [m'e:deçesnum] Maskulinum (Pluriel **Meederchersnumm**) **1.** **DE** *Mädchenname* [*Familiennamen*] • **FR** *nom de jeune fille* • **EN** *maiden name* • **PT** *nome de solteira* **Beispill** d'**Madamm** gouf ënner hirem **Meederchersnumm** agedroen **2.** **DE** *Mädchenname* [*weiblicher Vorname*] • **FR** *prénom féminin* • **EN** *girl's name* • **PT** *nome próprio feminino* **Beispill** verschidde **Meederchersnumm** si **Blummennimm**

Meedercherstoilette [m'e:dæçestwalæt] Femininum (Pluriel **Meedercherstoiletten**) **DE** *Mädchentoilette* • **FR** *toilettes pour filles* [W.-C.] • **PT** *casa de banho das raparigas* **Beispill** op der **Meedercherstoilette** ass keng **Seef** méi

Meederchersvestiaire [m'e:dæçesvæstjɛ:r] Maskulinum (Pluriel **Meederchersvestiären**) - Variant vun **Meederchersvestiär**

Meederchersvestiär [m'e:dæçesvæstjɛ:r] Maskulinum (Pluriel **Meederchersvestiären**) **DE** *Mädchenumkleide, Umkleideraum für Mädchen* • **FR** *vestiaire pour filles* • **EN** *girls' changing room* • **PT** *vestiário das raparigas* **Beispill** d'**Bouwe** goufen derbäi erwëscht, wéi se duerch d'**Schlëssellach** vum **Meederchersvestiär** geluusst hunn

Meekiewerlek [m'e:kiævelek] Maskulinum (Pluriel **Meekiewerleken**) **vereeelzt** **DE** *Maikäfer* • **FR** *hanneton* • **EN** *May bug, cockchafer* • **PT** *besouro* **Beispill** et gëtt **Joren**, do si vill **Meekiewerleken**, an aner **Joren**, do gesäit ee **guer** keng **Synonym** **Maikäfer**

Meekraitchen Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Waldmeister* • **FR** *gaillet odorant, aspérule odorante* • **EN** *woodruff* • **PT** *aspérula-odorifera* **Beispill** géi, fro d'**Nopesch** fir e **bësse** **Meekraitchen** aus hirem **Gaart!**

Meekranz [m'e:krants] Maskulinum (Pluriel **Meekränz**) **DE** *Maikranz* [*zum 1. Mai geflochtener Laubkranz*] • **FR** *couronne de mai* [*tressée à partir de feuillage au premier mai*] • **EN** *May Day wreath* • **PT** *coroa de maio* [*lentranchada com folhagem no primeiro de maio*] **Beispill** den **1.** **Mee** gi mir fréi mueres an de **Bësch**, fir e **Meekranz** ze maachen

Meenung [m'e:nun] Femininum (Pluriel **Meenungen**) **DE** *Meinung* • **FR** *avis, opinion* • **EN** *opinion* • **PT** *opinião, parecer* **Beispiller** ech sinn där selwechter **Meenung** wéi hien; menger **Meenung** no soll een dat net maachen; ech loossen hie bei senger **Meenung**; ier ech mech operéiere loossen, froen ech bei engem aneren **Dokter** eng **zweet** **Meenung**; si si gedeelter **Meenung** [si hunn net déi selwecht **Meenung**]

Meenungsfräiheet Femininum (kee Pluriel) **DE** *Meinungsfreiheit* • **FR** *liberté d'expression* • **PT** *liberdade de expressão* **Beispill** an enger **Demokratie** gehéiert d'**Meenungsfräiheet** zu de **Grondrechter**

Meeréischen [m'e:Rɛɪsɔn] Femininum (Pluriel **Meeréischer**) **DE** *Maiglöckchen* • **FR** *muguet* • **EN** *lily of the valley* • **PT** *lirio-de-maio* **Beispill** wéi ech bestuet gouf, hat ech **Meeréischer** a mengem **Brautbouquet**

Meerzal [m'e:gtsa:l] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Mehrzahl, Plural* • **FR** *pluriel* • **EN** *plural* • **PT** *plural* **Beispill** bei dësem **Exercice** geet et drëm, d'**Substantiven** an d'**Meerzal** ze setzen **Synonym** **Pluriel**

Mees [me:s] Femininum (Pluriel **Meesen**) **Paridae** **DE** *Meise* • **FR** *mésange* • **EN** *tit, titmouse* • **PT** *chapim* [*ave*] **Beispill** an eisem **Vullenhaischen** huet eng **Koppel Meesen** hiert **Nascht** gebaut

i Variant: **Meeschen**

Meeschen Femininum (Pluriel **Meescher**) **Paridae** - Variant vun **Mees**

meescht [me:ft] Indefinitpronomen » Singulier / weiblech / Nominativ **1.** déi **meescht** **DE** *die meiste* • **FR** *la plus grande partie (de), le plus (de)* • **EN** *most (of)* • **PT** *a maior parte (de)* **Beispiller** déi **meescht** **Aarbecht** kënn eréischt muer op eis duer; am **Stau** geet déi **meescht** **Zäit** drop mat waarden » Singulier / weiblech / Akkusativ **2.** déi **meescht** **DE** *die meiste* • **FR** *la plus grande partie (de), le plus (de)* • **EN** *most (of)* • **PT** *a maior parte (de)* **Beispiller** elo hu mer déi **meescht** **Aarbecht** hanner eis; eist **Bett** hält an der **Schlöfkummer** déi **meescht** **Plaz** an » Singulier / sächlech / Nominativ **3.** dat **meescht** **DE** *das meiste* • **FR** *la plus grande partie (de), le plus (de)* • **EN** *most (of)* • **PT** *a maior parte (de)* **Beispiller** dat **meescht** vu sengem **Wierk** gouf eréischt nom **Doud** vum **Auteur** publizéiert; hien huet vill **Geld**, mee dat **meescht** kënn vu senger **Fra** » Singulier / sächlech / Akkusativ **4.** dat **meescht** **DE** *das meiste* • **FR** *la plus grande partie (de), le plus (de)* • **EN** *most (of)* • **PT** *a maior parte (de)* **Beispill** hien huet dat **meescht** vu sengem **Privatbesët** enger **Fondatioun** vermaach » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Nominativ **5.** déi **meescht** **DE** *die meisten* • **FR** *la plupart (de), le plus grand nombre (de)* • **EN** *most (of)* • **PT** *a maior parte (de), a maioria (de)* **Beispiller** déi **meescht** **Staaten** hunn dës **Konvention** ratifizéiert; de **Verkeefe** huet mer vill **Tapise** gewisen, mee déi **meescht** hu mer net **gefall** » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Akkusativ **6.** déi **meescht** **DE** *die meisten* • **FR** *la plupart (de), le plus grand nombre (de)* • **EN** *most (of)* • **PT** *a maior parte (de), a maioria (de)* **Beispill** fir de **Konveniat** hunn ech déi **meescht** vun eisen ale **Kolleegen** erëmfont an **agelueden**; eis **Partei** huet déi **meescht** **Memberen** am ganze **Land**

meescht Adverb - Kuerzform vun **meeschstens**

meeschten [m'e:ftən] Indefinitpronomen » Singulier / männlech / Nominativ **1.** de(en) **meeschten** **DE** *der meiste* • **FR** *la plus grande partie (de), le plus (de)* • **EN** *most (of)* • **PT** *a maior parte (de)* **Beispill** de **meeschten** **Dreck** gouf mat der **Schubbar** fortgefuert » Singulier / männlech / Akkusativ **2.** de(en) **meeschten** **DE** *den meisten* • **FR** *la plus grande partie (de), le plus (de)* • **EN** *most (of)* • **PT** *a maior parte (de)* **Beispill** dësen **Artist** hat mat sengem **Optrëtt** de **meeschten** **Erfolleg** vun en all » Singulier / männlech / Dativ **3.** de(e)m **meeschten** **DE** *dem meisten* • **FR** *la plus grande partie (de), le*

plus (de) • EN most (of) • PT a maior parte (de), mais **Beispill** d'Banann ass eng vun de Friichte mat deem **meeschten** Zocker » Singulier / sächlech / Dativ 4. de(e)m meeschten **DE** dem meisten • FR la plus grande partie (de), le plus (de) • EN most (of) • PT a maior parte (de), mais **Beispill** fir déi Aarbecht huele mer d'Firma mat de(e)m **meeschte** Personal » Pluriel / männlech / weiblech / sächlech / Dativ 5. de(enen) meeschten **DE** den meisten • FR la plupart (de), le plus grand nombre (de) • EN most (of) • PT a maior parte (de), a maioria (de) **Beispill** an de **meeschten** Haiser sinn d'Kichen an d'Stuff um Rez-de-chaussée

meeschendeels [me:'fænd'e:ls] Adverb **DE** meistententeils, größtenteils, vor allem • FR surtout, principalement • PT sobretudo, principalmente **Beispiller** an deem Schwäizer Kanton gëtt **meeschendeels** Italieenesch geschwat; d'Gidderzich fuere **meeschendeels** nuets **Synonymmen** gréisstendeels, virun allem

meeschens [m'e:'fəns] Adverb **DE** meistens • FR la plupart du temps, le plus souvent • PT a maior parte das vezes, a maioria das vezes **Beispiller** ech huele **meeschens** den Auto, fir op d'Aarbecht ze fueren; d'Bioproduite si **meeschens** méi deier ewéi déi aner; mir fuere **meeschens** an d'Bierger an d'Vakanz **Synonym** zum dacksten

i Variant: d'meescht

i Kuerzform: meescht

Meeschter [m'e:'fɛ] Maskulinum (Pluriel Meeschteren) - Kuerzform vun **Meeschterbréif** 1. **DE** Meister [Handwerksmeister] • FR maître [artisan] • EN master craftsman • PT mestre [artesão] **Beispiller** mat vill Gedold bréngt de **Meeschter** de Léierjongen d'Handwierk bäi; hien huet säi **Meeschter** fonnt [égs] [hien huet ee fonnt, deen him iwwerleeën ass] 2. **DE** Meister [Titel] • FR maître-artisan [titre] • PT mestre artesão [título] **Beispill** wann s de deng **Meeschterprüfung** gepackt hues, kanns de dech **Meeschter** nennen 3. **DE** Meister [Köner, Experte] • FR maître [expert] • EN expert, master • PT mestre [especialista] **Beispiller** hien ass e **Meeschter** a sengem Fach; deen Organist ass e **Meeschter** an der Improvisatioun; et ass nach kee **Meeschter** vum Himmel gefall! [égs] [et muss ee laang léieren, ier een eppes gutt kann] 4. **DE** Herr, Gebieter • FR maître, seigneur • EN master [owner, employer] • PT amo, senhor **Beispiller** wann een net gefollegt huet, ass ee vum **Meeschter** bestrooft ginn; hien ass hei Här a **Meeschter** [hien ass hei deen, deen decidéiert] 5. **DE** Herrchen, Herr [eines Hundes, eines Pferdes] • FR maître [d'un chien, d'un cheval] • EN master [of an animal] • PT dono [de um cão, de um cavalo] **Beispiller** den Hond lauschtert eenzeg an eleng op säi **Meeschter**; e gutt Päerd huet Respekt viru sengem **Meeschter** 6. [égs] **DE** guter Mann [Anrede] • FR cher ami [apostrophe] • EN chief [friendly or ironic form of address] • PT caro amigo [tratamento] **Beispill** wat soll ech Iech zerweieren, **Meeschter**? 7. **Meeschter** ginn **DE** Herr werden [bezwingen, unter Kontrolle bringen] • FR (arriver à) venir à bout de, (arriver à) maîtriser • EN to master, to overcome • PT (conseguir) vencer, (conseguir) dominar **Beispiller** mir sinn eis Géigner schlussendlech **Meeschter** ginn; d'Pompjeeë sinn d'Feier net **Meeschter** ginn

meeschter [m'e:'fɛ] Indefinitpronomen » Singulier / weiblech / Dativ der meeschter / där meeschter **DE** der meisten • FR la plus grande partie (de), le plus (de) • EN the most • PT a maior parte (de), mais **Beispill** géff mir d'Stéck Kuch mat där **meeschter** Schlagsan

Meeschterbréif Maskulinum (Pluriel Meeschterbréiwer / Meeschterbréiwen) 1. **DE** Meisterbrief [Ausbildungsgrad] • FR brevet de maîtrise [niveau de formation] • PT diploma de mestre [grau de formação] **Beispill** mat engem **Meeschterbréif** huet een d'Recht, säin eegene Betrib ze grënnen a Leit auszubilden 2. **DE** Meisterbrief [Dokument] • FR brevet de maîtrise [document] • PT diploma de mestre [documento] **Beispill** eise Patron huet säi **Meeschterbréif** am Büro hänken

i Kuerzform: Meeschter

meeschteren [m'e:'fɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gemeeschtert**) » **transitiv DE** meistern • FR gérer, maîtriser • EN to master, to cope with • PT gerir, dominar **Beispill** elo ass d'Situatioun net méi ze **meeschteren**! **Synonym** bewältegen

Meeschterin Femininum (Pluriel Meeschterinnen) - Variant vun **Meeschtesch**

Meeschterkaart [m'e:'fɛka:rt] Femininum (Pluriel Meeschterkaarten) **DE** Handwerkskarte [frühere Bescheinigung in Luxemburg, dass der Betrieb bei der Handwerkskammer eingetragen war] • FR carte d'affiliation [ancienne autorisation d'établissement d'une entreprise artisanale au Luxembourg] • PT [Definitiuon] antiga autorização de estabelecimento de uma empresa artesanal no Luxemburgo **Beispill** fréier huet een eng **Meeschterkaart** kritt, wann ee bei der Handwierkerkummer säin Handwierksbetrib agedroen hat

i Wien en Handwierksbetrib wëllt opmaachen, muss déi néideg Qualifikatioun hunn a säi Betrib bei der Handwierkerkummer umellen. Als Bescheinigung, datt de Betrib ugemellt ass, krut ee fréier eng **Meeschterkaart**. De Prinzip ass haut nach ëmmer deen nämmechten, mee den Term „**Meeschterkaart**“ gouf duerch d'„Carte d'affiliation“, d'Affiliationskaart, ersat.

Meeschterleeschtung [m'e:'fɛle:'ftuŋ] Femininum (Pluriel Meeschterleeschtungen) **DE** Meisterleistung • FR exploit, prouesse • EN mastery performance, outstanding achievement • PT proeza, façanha, feito notável **Beispill** der Violonistin hiert Spill war eng musikalesch **Meeschterleeschtung** **Synonym** Prouesse

Meeschterprüfung [m'e:'fɛpry:'fuŋ] Femininum (Pluriel Meeschterprüfungen) [égs] **DE** Meisterprüfung • FR brevet de maîtrise [examen(s)] • PT [Definitiuon] exame(s) finais para a obtenção do diploma de mestre **Beispill** wann s du deng **Meeschterprüfung** gepackt hues, bass du **Meeschter** an dengem Handwierk

i Den Term **Meeschterprüfung** gëtt haut ëmgangssproochlech fir all déi Prüfungen benotzt, déi ee maache muss, an all déi Konditiounen, déi een erfëlle muss, fir säi **Meeschterbréif** ze kréien. Mam **Meeschterbréif** gëllt een als **Meeschter** a sengem Handwierk.

Meeschterschaft [m'e:'fɛʃaft] Femininum (Pluriel Meeschterschaften) **DE** Meisterschaft [Wettkampf, Wettbewerb] • FR championnat • EN championship • PT campeonato **Beispill** d'Sportlerin huet sech fir d'**Meeschterschaft** qualifizéiert **Synonym** Championnat

Meeschterwierk [m'e:ʃtevi:ɣk] Neutrum (Pluriel Meeschterwierker) **DE** *Meisterwerk* • **FR** *chef-d'œuvre* • **EN** *masterpiece* • **PT** *obra-prima* **Beispiller** an dësem Musée kanns de en ettlech **Meeschterwierker** aus der Renaissance bewonneren; dee Roman ass e **Meeschterwierk**; déi Bréck ass e **Meeschterwierk** vun der Technik **Synonym** Chef-d'œuvre

Meeschtesch [m'e:ʃtəʃ] Femininum (Pluriel Meeschteschen) - weiblech Form vun **Meeschter**

i Variant: Meeschterin

Meesebuerg [m'e:zəbu:ɣɔ] Eegennumm **DE** *Meysemburg* • **FR** *Meysembourg* • **EN** *Meysembourg* • **PT** *Meysembourg* **Beispiller** ech wunnen zu **Meesebuerg**; fiert dëse Bus op **Meesebuerg**?

Meespelt [m'e:spəlt] Eegennumm **DE** *Meispelt* • **FR** *Meispelt* • **EN** *Meispelt* • **PT** *Meispelt* **Beispiller** ech wunnen zu **Meespelt**; fiert dëse Bus op **Meespelt**?

Meessel [m'e:səl] Maskulinum (Pluriel Meesselen) **DE** *Meißel* • **FR** *ciseau* • **EN** *chisel* • **PT** *cinzel* **Beispill** de Kënschtler bearbecht säi Stee mat **Hummer** a **Meessel** **Synonym** Schloper

meesselen [m'e:sələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gemeesselt**) » **transitiv** **DE** *meißeln* • **FR** *graver, sculpter [au burin]* • **EN** *to chisel* • **PT** *gravar, esculpir [a cinzel]* **Beispiller** säin Numm ass an de Stee **gemeesselt** ginn; de Sculpteur huet eng Figur aus dem Fiels **gemeesselt**

Meeter Maskulinum (Pluriel Meeter / Meeteren) - Variant vun **Meter**

i **Meeter** gëtt mat **m** ofgekierzt.

meeterdéck Adjektiv - Variant vun **meterdéck**

meeteren [m'e:təɾən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **gemeetert**) - Variant vun **meteren**

meeterhéich Adjektiv - Variant vun **meterhéich**

Meeterkaree Maskulinum (Pluriel Meeterkaree / Meeterkareeën) - Variant vun **Meterkaree**

i **Meeterkaree** gëtt mat **m²** ofgekierzt.

Meeterkibb Maskulinum (Pluriel Meeterkibb) - Variant vun **Meterkibb**

i **Meeterkibb** gëtt mat **m³** ofgekierzt.

meeterlaang Adjektiv - Variant vun **meterlaang**

meeterweis Adverb - Variant vun **meterweis**

Meeting [m'i:tiŋ] Maskulinum (Pluriel Meetings) **DE** *Meeting, Zusammenkunft* • **FR** *réunion, assemblée, rencontre* • **EN** *meeting* • **PT** *reunião, encontro* **Beispiller** den Deche war als Verrieder vum Clergé um **Meeting**; wéinst dem schlechte Wieder hunn d'Frënn vun den Oldtimeren hire **Meeting** um Stau missen ofblösen

metresch Adjektiv - Variant vun **metresch**

Metrik Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **Metrik**

Meewieder Neutrum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

mëffelen [m'əfələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gemëffelt**) » **intransitiv** - och **onperséinlech** [égs] **mëffelen** (no) **DE** *miefen (nach)* • **FR** *puer* • **EN** *to pong* • **PT** *feder (a)* **Beispiller** däi Gezei **mëffelt** no Muuscht a Mattegéft!; ech muss hei ewechreckelen, et **mëffelt**! **Synonym** mipsen

mega [m'e:ga:] onverännerbaart Adjektiv **1.** [égs] **DE** *riesig, enorm* • **FR** *énorme, très grand* • **EN** *giant, huge, mega* • **PT** *enorme, imenso* **Beispiller** am Zentrum gëtt e mega Zirkuszelt opgeriicht; mat deem Schüler muss een eng **mega** Gedold hunn **Synonymmen** enorm, immens **2.** [égs] **DE** *super, genial, toll* • **FR** *excellent, épatant* • **EN** *brilliant, fantastic* • **PT** *excelente, estupendo* <Adverb *muito bem*> **Beispiller** dat do ass eng **mega** Iddi!; de Concert war einfach **mega**! **Synonymmen** genial, immens, super

mega [m'e:ga:] Adverb [égs] **DE** *mega, voll* • **FR** *super, méga* • **EN** *highly, terribly* • **PT** *altamente, imenso* **Beispiller** déi Persoun ass **mega** léif; wéi et geknuppt huet, sinn ech **mega** erschreckt **Synonymmen** enorm, immens, voll

Megaaarbecht [m'e:ga:a:bəçt] Femininum (Pluriel Megaaarbechten) - Variant vun **Mega-Aarbecht**

Mega-Aarbecht [m'e:ga:a:bəçt] Femininum (Pluriel Mega-Aarbechten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Megabyte Maskulinum (Pluriel Megabyte)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Megafon [m'e:ga:fo:n] Maskulinum (Pluriel Megafonen / Megafoner) **DE** *Megafon* • **FR** *mégaphone* • **EN** *megaphone* • **PT** *megafone* **Beispill** fir eis Manifestatioun brauche mer dräi **Megafonen**

Megahertz Maskulinum (Pluriel Megahertz)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i **Megahertz** gëtt mat **MHz** ofgekierzt.

Megalomanie [megalom'ani:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Megalomanie, Größenwahn* • **FR** *mégalomanie [comportement pathologique]* • **EN** *megalomania* • **PT** *megalomania [transtorno psicológico]* **Beispill** de Psychiater huet bei der Patientin en däitlechen Hang zur **Megalomanie** festgestallt **Synonym** Grössewan

Megaphon [m'e:ga:fo:n] Maskulinum (Pluriel Megaphonen / Megaphoner) - Variant vun **Megafon**

Megawatt Maskulinum (Pluriel Megawatt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i **Megawatt** gëtt mat **MW** ofgekierzt.

Mehrzahl [m'e:ɛtsa:] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **Meerzal**

méi [mɛɪ] Adverb **1.** **méi** ... (ewéi) **DE** ... (*als*) [*zur Bildung des Komparativs*] • **FR** *plus ... (que)* [*pour la formation du comparatif*] • **EN** ... (*than*), *more ... (than)* [*used to form a comparative*] • **PT** *mais ... (do que)* [*para a formação do comparativo*] **Beispiller** ech sinn zwee Joer **méi** al ewéi mäi Brudder; du bass vläicht staark, mee ech si **méi** couragéiert! **2.** **DE** *mehr [weiter, stärker, eher]* • **FR** *plus*

[davantage] • **EN** *more* [to a greater degree] • **PT** *mais* [em maior grau] **Beispiller** du muss méi no riets zilen, soss trëffs de de Gol ni!; den haitege President setzt sech méi fir säi Veräin an ewéi deen alen **3**. net méi **DE** *nicht mehr* • **FR** *ne ... plus* • **EN** *not ... any more, no longer* • **PT** *já não* **Beispiller** schwätzt méi haart, ech héieren net méi gutt!; d'Haus gétt verkaaft, well hien de Prêt net méi kann erëmbezuelen; déi horrend Präisser ka kee sech méi leeschten!; et ass ellen, wann een näischt méi z'iessen huet **4**. nêmmme méi **DE** *nur noch [nichts anderes als]* • **FR** *ne ... plus que [exclusivement]* • **EN** *nothing but, only [solely]* • **PT** (*já*) *só [exclusivamente]* **Beispill** well ech nêmmme méi mäin Handy benotzen, hunn ech den Hausteleson ofgemellt **Synonymmen** just nach, nêmmen nach

Méi [mɛi] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Mühe* • **FR** *mal, difficultés, efforts* • **EN** *effort, trouble* • **PT** *trabalho, dificuldades, esforços* **Beispiller** wat hues du der vill Méi gemaach, fir esou e gutt Owesiesen ze preparéieren!; si hu vill Méi mat hirem neien Hond; all eis Méi war ëmsoss!; hien huet sech Méi ginn, fir seng Aarbecht uerdentlech ze maachen [hien huet sech beméit, fir seng Aarbecht uerdentlech ze maachen]

méi [mɛi] Indefinitpronomen **DE** *mehr* • **FR** *plus (de)* • **EN** *more* • **PT** *mais* [em maior quantidade, em maior número] **Beispiller** d'Theater vun der Stad hu méi Subside kritt; déi Zopp ass nawell gutt, géff mer der e bësse méi!

méideiteg [m'ɛidaitɛç] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

meiden [m'ɛidən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gemidden) » **transitiv** **DE** *meiden* • **FR** *éviter* • **EN** *to avoid* • **PT** *evitar* **Beispiller** fir gesond ze bleiwen, soll ee Sport maachen an den Alkohol meiden; ech hunn d'Gefill, datt d'Noperen eis meiden

Méideng [m'ɛidɛŋ] Eegennumm **DE** *Medingen* • **FR** *Medingen* • **EN** *Medingen* • **PT** *Medingen* **Beispiller** ech wunnen zu Méideng; fiert dëse Bus op Méideng?

Méidrescher [m'ɛidrɛʃɛ] Maskulinum (Pluriel Méidrescheren) - Variant vun ↗Mädrescher

méien [m'ɛiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geméit) » **transitiv** **DE** *mähen* • **FR** *tondre, faucher* • **EN** *to mow* • **PT** *cortar, ceifar* **Beispiller** hien huet de Wues geméit an d'Hecke geschnidden; de Bauer huet schonn de Moie fréi seng Wiss geméit

i Variant: méinen

méiglech [m'ɛizlɛç] Adjektiv **1**. **DE** *möglich* • **FR** *possible* [faisable, concevable] • **EN** *possible* • **PT** *possível* [factual, concebível] **Beispiller** ass et méiglech, Plazen am Viraus ze reservéieren?; komm wa méiglech direkt heem!; et ass dach net méiglech, datt e Mënsch esou domm ka sinn! **2**. esou ... ewéi méiglech **DE** *so ... wie möglich* • **FR** *aussi ... que possible* **Beispiller** komm esou séier ewéi méiglech!; probéier, d'Form esou exakt ewéi méiglech erauszuschneiden!

méiglecherweis [mɛizlɛçɛv'ais] Adverb **DE** *möglicherweise* • **FR** *éventuellement* • **EN** *possibly* • **PT** *possivelmente, eventualmente* **Beispill** de Kuerzschluss ass méiglecherweis duerch eng Waasserfuite ausgeléist

ginn

Méiglechkeet [m'ɛizlɛçkɛ:t] Femininum (Pluriel Méiglechkeeten) **DE** *Möglichkeit* • **FR** *possibilité* • **EN** *possibility [option]* • **PT** *possibilidade* **Beispill** well mäin Auto futti war, hat ech keng aner Méiglechkeet, wéi mam Zuch ze fueren **Synonym** Optioun

méiglechst [m'ɛizlɛçst] Adverb **DE** *möglichst* [so ... wie möglich] • **FR** *aussi ... que possible, au plus ...* • **EN** *as ... as possible* • **PT** *o mais ... possível* **Beispill** mir musse méiglechst séier eng Léisung fannen **Synonym** esou ... ewéi méiglech

Meil [maɪ] Femininum (Pluriel Meilen) **DE** *Meile* • **FR** *mile* • **EN** *mile* • **PT** *milha* **Beispill** op denger Kaart sinn d'Distanzen a Meilen uginn

Meilesteen [m'ɛiɫstɛ:n] Maskulinum (Pluriel Meilesteng) **DE** *Meilenstein* [wichtiges Ereignis] • **FR** *fait marquant, événement-clé* • **EN** *milestone* [significant event] • **PT** *marco* [evento marcante] **Beispill** dëse Kongress war e Meilesteen an der Geschicht vun der Partei

meilewäit [m'ɛiɫvæ:it] Adverb **DE** *meilenweit* • **FR** *à mille lieues* [très loin] • **EN** *miles* [very far] • **PT** *a milhas* [muito longe] **Beispiller** an der Wüüst louchen d'Tankstelle meilewäit auserneen; eis Meenunge leie meilewäit auserneen ^[ɛgs] [mir sinn eis guer net eens]

Méimaschinn [m'ɛimafɪn] Femininum (Pluriel Méimaschinnen) **1**. **DE** *Rasenmäher* • **FR** *tondeuse à gazon* • **EN** *lawnmower* • **PT** *máquina de cortar relva* **Beispill** mir hunn eis eng elektresch Méimaschinn kaaft **2**. **DE** *Mähmaschine* • **FR** *faucheuse* • **EN** *reaper, harvester* • **PT** *ceifeira* [máquina] **Beispill** de Bauer huet d'Messere vun senger Méimaschinn ersat

Méindeg [m'ɛindɛç] Maskulinum (Pluriel Méindeger) **DE** *Montag* • **FR** *lundi* • **EN** *Monday* • **PT** *segunda-feira* **Beispiller** kënns de deen nächste Méindeg bei eis iessen?; mir gesinn eis e Méindeg [mir gesinn eis nächste Méindeg]; ech sinn him e Méindeg begéint [ech sinn him leschte Méindeg begéint]

i Variant: Méinden

Méindegmoien [mɛindɛçm'ɔiən] Maskulinum (Pluriel Méindegmoienter)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: Méindemoien

Méindegowend Maskulinum (Pluriel Méindegowenter / Méindegowender) **DE** *Montagabend* • **FR** *lundi soir* • **PT** *segunda-feira ao final da tarde, segunda-feira à noite* **Beispill** eis Clique trëfft sech all Méindegowend no der Aarbecht, fir e Patt ze drénken

i Variant: Méindenowend

Méindemoien Maskulinum (Pluriel Méindemoienter) - Variant vun ↗Méindegmoien

Méinden [m'ɛindən] Maskulinum (Pluriel Méindeger) - Variant vun ↗Méindeg

Méindenowend Maskulinum (Pluriel Méindegowenter / Méindenowender) - Variant vun ↗Méindegowend

méindes [m'ɛɪndəs] Adverb **1.** DE *montags* • FR *le lundi* [*tous les lundis*] • EN (*on*) *Monday(s)* [*each Monday*] • PT *á(s) segunda(s)-feira(s)* [*todas as segundas-feiras*] **Beispill** méindes kommen ech ni gutt aus dem Bett **2.** DE *am Montag* [*an einem bestimmten Montag*] • FR (*le*) *lundi* [*un lundi précis*] • EN (*on*) *Monday* [*a specific Monday*] • PT (*na*) *segunda-feira* [*numa certa segunda-feira*] **Beispill** de Vernissage ass méindes, de 17. Oktober

méinen [m'ɛɪnən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *geméint*) - Variant vun *méien*

méintelaang [m'ɛɪntəla:ŋ] Adjektiv - Variant vun *méintlaang*

méintlaang [m'ɛɪntla:ŋ] Adjektiv DE *monatelang* • FR *de plusieurs mois* <Adverb *pendant des mois, depuis des mois*> • EN *months* (*of*), *for months* • PT *de vários meses* <Adverb *durante meses, há meses*> **Beispiller** no méintlaange Verhandlungen *hunn déi zwou Parteie sech kennen eenegen*; *mir hu scho méintlaang näischt méi vun him héieren*

i Variant: méintelaang

méi oder manner Adverb **1.** DE *mehr oder weniger* [*einigermaßen, ziemlich*] • FR *plus ou moins* [*assez, relativement*] **Beispiller** ech si *méi oder manner* mat mengem Resultat *zefridden*, mee am Fong ech hat mer *méi erhofft*; *d'Kanner gi méi oder manner* reegelméisseg schwammen **Synonymmen** *eenegermoossen, méi oder wéineger, plus ou moins* **2.** DE *mehr oder weniger* [*lungefähr*] • FR *plus ou moins* [*à peu près*] **Beispiller** bis elo hu mer *méi oder manner* d'Hallschent vun den Tickete verkaaft; 2023 *hunn zu Lëtzebuerg méi oder manner* 660.000 Leit *gewunnt* **Synonymmen** *méi oder wéineger, ongeféier, plus ou moins*

méi oder wéineger Adverb **1.** DE *mehr oder weniger* [*einigermaßen, ziemlich*] • FR *plus ou moins* [*assez, relativement*] **Beispiller** ech si *méi oder wéineger* mat mengem Resultat *zefridden*, mee am Fong ech hat mer *méi erhofft*; *d'Kanner gi méi oder wéineger* reegelméisseg schwammen **Synonymmen** *eenegermoossen, méi oder manner, plus ou moins* **2.** DE *mehr oder weniger* [*lungefähr*] • FR *plus ou moins* [*à peu près*] **Beispiller** bis elo hu mer *méi oder wéineger* d'Hallschent vun den Tickete verkaaft; 2023 *hunn zu Lëtzebuerg méi oder wéineger* 660.000 Leit *gewunnt* **Synonymmen** *méi oder manner, ongeféier, plus ou moins*

Méischdref [m'ɛɪʃdʁəf] Eegennumm DE *Moersdorf* • FR *Moersdorf* • EN *Moersdorf* • PT *Moersdorf* **Beispiller** ech wunnen zu Méischdref; *fiert dëse Bus op Méischdref?*

Méischtref [m'ɛɪʃtrəf] Eegennumm DE *Moestroff* • FR *Moestroff* • EN *Moestroff* • PT *Moestroff* **Beispiller** ech wunnen zu Méischtref; *fiert dëse Bus op Méischtref?*

méisilbeg [m'ɛɪzilbɛç] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

méisproocheg [m'ɛɪʃpʁo:χɔç] Adjektiv **1.** DE *mehrsprachig* [*mehrere Sprachen beherrschend*] • FR *plurilingue, polyglotte* • EN *multilingual* [*knowing several languages*] • PT *multilingue, poliglota* **Beispiller** Lëtzebuerg war schonn ëmmer e *méisproochegt* Land; *déi jonk Koppel leet vill Wäert drop, hir Kanner méisproocheg*

ze erzéien **2.** DE *mehrsprachig* [*in mehreren Sprachen*] • FR *plurilingue* [*en plusieurs langues*] • EN *multilingual* [*in several languages*] • PT *multilingue, (redigido) em várias línguas* **Beispill** dësen online Dictionnaire ass *méisproocheg*

Méisproochegkeet [m'ɛɪʃpʁo:χɔçke:t] Femininum (kee Pluriel) DE *Mehrsprachigkeit* • FR *plurilinguisme* • EN *multilingualism* • PT *multilinguismo* **Beispill** de Moie war en interessanten Artikel an der Zeitung *iwwer d'Méisproochegkeet* an eiser Gesellschaft

Meitnerium [maɪt'n'e:ri:um] Maskulinum (kee Pluriel) **[Chimie]** DE *Meitnerium* [*chemisches Element*] • FR *meitnerium* [*élément chimique*] • EN *meitnerium* [*chemical element*] • PT *meitnério* [*elemento químico*] **Beispill** d'Element Meitnerium *gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller*

Méiw [mɛɪf] Femininum (Pluriel *Méiwen*) DE *Möwe* • FR *mouette* • EN (*sea*) *gull* • PT *gaivota* **Beispill** d'Méiwe *kreesen iwwerem Waasser*

melancholesch [melanχ'o:ləʃ] Adjektiv DE *melancholisch* • FR *mélancolique* • EN *melancholy, melancholic* <Adverb *melancholically*> • PT *melancólico* **Beispiller** *déi melancholesch Musek passt bei meng Stëmmung*; *kuck net esou melancholesch dran!*

Melancholie [melanχol'i:] Femininum (kee Pluriel) DE *Melancholie* • FR *mélancolie* • EN *melancholy* • PT *melancolia* **Beispill** hie gefält sech a senger *Melancholie*

Melanom [melan'o:m] Maskulinum (Pluriel *Melanomen*) DE *Melanom* • FR *mélanome* • EN *melanoma* • PT *melanoma* **Beispill** e *Melanom* ass en *Hauttumor*

Mëllass [m'ələs] Femininum (kee Pluriel) DE *Zuckerrübensirup* • FR *mélasse* • EN *molasses, (black) treacle* • PT *melaço* **Beispill** hien huet sech déck *Mëllass* op d'Brout *geschmiert*

Meldung [m'ældʊŋ] Femininum (Pluriel *Meldungen*) DE *Meldung* [*Nachricht, Mitteilung*] • FR *information* [*nouvelle, communiqué*] • EN *announcement, message* [*news, information*] • PT *informação* [*notícia, comunicado*] **Beispiller** et koun eng *Meldung* am Radio, *datt d'Stroossen nees fräi sinn*; *de Journalist hat eng Meldung iwwerholl, ouni se ze iwwerpräiwen*

Melickshaff [meliksh'af] Eegennumm DE *Mélickshaff* • FR *Mélickshaff* • EN *Mélickshaff* • PT *Mélickshaff* **Beispiller** ech wunnen um *Melickshaff*; *féiert dës Strooss op de Melickshaff?*

Meliss Femininum (kee Pluriel) DE *Melisse, Zitronenmelisse* • FR *mélisse* • EN *lemon balm* • PT *erva-cidreira, melissa* **Beispill** wann s de e *Blat Meliss* an der Hand *zerreift*, *richen deng Fangere gutt no Zitroun* **Synonymmen** *Zitrounekraut, Zitrounemeliss*

mëll [məl] Adjektiv **1.** DE *weich* [*nachgebend*] • FR *mou, melleux* • EN *soft* [*yielding*] • PT *mole, fofo* **Beispiller** no dräi Deeg um *Camping vermésst ee säi mëllt Bett!*; *d'Kand zappt d'Kichelcher an de Kaffi, fir datt se mëll ginn* **2.** DE *weich, gar* • FR *cuit à point* • EN *soft* [*cooked enough*] • PT *bem cozido* **Beispiller** *wéi laang muss een d'Lense kachen, bis datt se mëll sinn?*; *dee wäerte mer nach mëll kréien!* **[egs]** *Idee wäerte mer nach*

klengkréien! **3.** **DE** mild [Wetter, Klima] • **FR** doux [météo, climat] • **EN** mild [weather, climate] • **PT** suave [tempo, clima] **Beispill** dat lescht Joer hate mer e mëlle Wanter **4.** **DE** mild [nachsigtig] • **FR** indulgent, clément • **EN** soft, tender [indulgent] • **PT** indulgente, clemente **Beispill** meng Mamm huet e mëllt Häerz **5.** ^[eggs] **DE** verrückt, übergeschnappt • **FR** timbré, cinglé • **EN** soft in the head, crazy • **PT** maluco, doído **Beispiller** deen Typ ass mëll (an der Bier!); op eemol huet hie gejaut ewéi e Mëllen! **Synonymmen** plemmplemm, mierf, tibbi, jaus

Mella Femininum (Pluriel Mellaen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Mëllech [m'ələç] Femininum (kee Pluriel) **DE** Milch • **FR** lait • **EN** milk • **PT** leite **Beispiller** d'Mamm wiermt d'Mëllech fir de Bëbee; wann s du séngs, geet d'Mëllech ëm! ^[eggs] [du séngs ganz falsch!]

Mëllechbauer [m'ələçbavɔ] Maskulinum (Pluriel Mëllechbaueren) **DE** Milchbauer • **FR** producteur de lait [éleveur de vaches à lait] • **EN** dairy farmer • **PT** produtor de leite [criador de vacas leiteiras] **Beispill** mir hunn nach dräi Mëllechbaueren am Duerf

Mëllechdrüs [m'ələçdrys] Femininum (Pluriel Mëllechdrüsen) **DE** Milchdrüse • **FR** glande mammaire • **EN** mammary gland • **PT** glândula mamária **Beispill** wann eng Fra niert, kënnen sech d'Mëllechdrüsen entzünden

Mëllechfra [m'ələçfra:] Femininum (Pluriel Mëllechfraen) **DE** Milchfrau • **FR** laitière • **EN** milkwoman • **PT** leiteira [mulher] **Beispill** d'Mëllechfra bréngt mer meng Mëllech bis virun d'Dier

I Männlech Form: ↗Mëllechmann

Mëllechglas [m'ələçgla:s] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Milchglas [Material] • **FR** verre dépoli • **EN** milk-glass • **PT** vidro fosco **Beispill** eis Duschkabinn ass aus Mëllechglas

Mëllechkan [m'ələçka:n] Femininum (Pluriel Mëllechkanen) **DE** Milchkanne • **FR** bidon à lait • **EN** milk churn, milk can • **PT** leiteira, jarro de leite **Beispill** et kann een déi al Mëllechkan als Stänner fir Prabelien a Bengelen huelen

Mëllechkou [m'ələçkəʊ] Femininum (Pluriel Mëllechkéi) **DE** Milchkuh • **FR** vache laitière • **EN** dairy cow • **PT** vaca leiteira **Beispiller** d'Mëllechkéi ginn zweemol am Dag gestrach; du kriss kee Su méi vu mir, ech sinn net deng Mëllechkou! ^[eggs] [du kriss kee Su méi vu mir, du kanns net ëmmer vu mir profitéieren!]

Mëllechmann [m'ələçman] Maskulinum (Pluriel Mëllechmänner) **DE** Milchmann • **FR** laitier • **EN** milkman • **PT** leiteiro **Beispill** de Mëllechmann kënnt all zweeten Dag an eis Strooss

I Weiblech Form: ↗Mëllechfra

meteren [m'e:təɾən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gemetert) » **intransitiv** [égs] DE *mit großen Schritten schreiten* • FR *marcher à grands pas, marcher d'un pas décidé* • EN *to stride* • PT *caminhar a passos largos, caminhar a passo decidido* **Beispiller** du *bass* gëschter duerch d'*Stad* gemetert, oui mech ze gesinn; kuck elei, a wie kënnt dann do gemetert?

meterhéich [m'e:təhɛiç] Adjektiv DE *meterhoch* • FR *haut de plusieurs mètres* • EN *metres high* • PT *com vários metros de altura* **Beispiller** am Stuerm ware *meterhéich* Wellen um Mier; de Schnei läit *meterhéich*

Meterkaree [me:tek'a:re:] Maskulinum (Pluriel Meterkaree / Meterkareeën) DE *Quadratmeter* • FR *mètre carré* • EN *square metre* • PT *metro quadrado* **Beispiller** wéi vill *Meterkaree* huet däin neit Appartement?; duerch eng schlecht Opdeelung vun de Raim kënne vill *Meterkareeën* am Gebai net optimal ausgenutzt ginn **Synonym** Quadratmeter

M *Meterkaree* gëtt mat **m²** ofgekierzt.

Meterkibb Maskulinum (Pluriel Meterkibb)

H Hei entsteet en neien Artikel.

M *Meterkibb* gëtt mat **m³** ofgekierzt.

meterlaang [m'e:tela:ŋ] Adjektiv DE *meterlang* • FR *long de plusieurs mètres* • EN *metres long* • PT *com vários metros de comprimento* **Beispill** virum Guichet steet eng *meterlaang* Schlaang

meterweis [m'e:teva:is] Adverb DE *meterweise [in großer Menge]* • FR *en grande quantité* • EN *metres of, by the metre* • PT *em grande quantidade* **Beispill** d'*Kanner* hu *meterweis* Toilettëpabeier verbëzt

Method [mæt'o:d] Femininum (Pluriel Methoden) **1.** DE *Methode [Verfahren]* • FR *méthode [technique, procédé]* • EN *method [procedure, technique]* • PT *método [técnica, processo]* **Beispiller** fir dës Operatioun benotzen d'*Dokteren* eng nei *Method*; mat där neier *Method* kënnen d'*Schüler* d'*Franséisch* besser assimiléieren **2.** DE *Methode [Art und Weise, Verhaltensweise]* • FR *méthode [manière, comportement]* • EN *method [way, manner, behaviour]* • PT *método [maneira, comportamento]* **Beispiller** sinn dat *Är Methoden*, fir mat de *Leit* ëmzegoen?; mat denge brutale *Methode méchs* de der keng *Frënn!*

methodesch [mæt'o:dəf] Adjektiv DE *methodisch [durchdacht, planmäßig]* • FR *méthodique [réfléchi, ordonné]* <Adverb méthodiquement> • EN *methodical* <Adverb methodically> • PT *metódico [refletido, ordenado]* <Adverb metodicamente> **Beispiller** fir dee *Problem* ze léisen, brauche mer eng *methodesch* *Approche*; an esou *Fäll* muss ee *methodesch* virgoen

Métier à risque [me:tj'e:a:risk] Maskulinum (Pluriel Métier-à-risquen) DE *Risikoberuf* • FR *métier à risque* • PT *profissão de risco* **Beispill** *Berufspompjee* ass e *Métier à risque*

metresch Adjektiv **1.** DE *metrisch [die Metrik betreffend]* • FR *métrique [relatif à la métrique]* • PT *métrico [relativo à metrificação]* **Beispiller** ech analyséieren dëst *Gedicht* op seng *metresch* *Elementer*; ech

analyséieren dëst Museksstéck op seng **metresch** Elementer **2. DE** *metrisch* [auf den Meter bezogen] • **FR** *métrique* [relatif au mètre] • **PT** *métrico* [relativo ao metro] **Beispill** de **metresche** System bezitt sech ursprüngelech op d'Miessung mam Meter

Metrik Femininum (kee Pluriel) **DE** *Metrik* [in der Poesie] • **FR** *métrique, versification* [en poésie] • **PT** *metrificacão, versificação* [em poesia] **Beispill** d'Studentin analyséiert d'**Metrik** vun engem bekannte romantesche Gedicht

Metro [m'e:tro:] Maskulinum/Femininum (Pluriel **Metroen**) **1. DE** *U-Bahn* [Verkehrsnetz] • **FR** *métro* [réseau de chemin de fer] • **EN** *metro, underground* [railway] • **PT** *metro* [rede de transporte] **Beispiller** a ville Grousstied gëtt et e **Metro**; ech sinn nach ni mat der **Metro** gefuer **2. DE** *U-Bahn* [Zug] • **FR** *métro* [rame de métro] • **EN** *metro, underground* [train] • **PT** *metro* [carruagem de metro] **Beispill** mir hunn de leschte **Metro** verpasst

Metropol Femininum (Pluriel **Metropolen**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Metrum Maskulinum (Pluriel **Metrumen**) **DE** *Metrum, Versmaß* • **FR** *mètre* [en poésie] • **PT** *metro* [em poesia] **Beispill** e klassescht Gedicht besteet dacks aus Verse mat engem strenge **Metrum**

Mëtsch [mætʃ] Femininum (Pluriel **Mëtschen**) **1. DE** *süßes Gebäckstück, Plunder(gebäck), Teilchen* • **FR** *viennoiserie* • **EN** (*sweet*) *pastry* • **PT** *bolo de pastelaria* **Beispiller** ech hätt nawell Loscht op eng gutt, frësch **Mëtsch**; sonndes mueres geet mäi Papp **Mëtsche** bei de Bäcker kafen; wann et Fräibeier gëtt, ass hien do ewéi d'**Mëtsch** am Buttek [eggs] [wann et Fräibeier gëtt, ass hie sécher do] **Synonym** Kaffiskichelchen **2. DE** *Brötchen* • **FR** *petit pain* • **EN** (*bread*) *roll, bun* • **PT** *pão pequeno* **Beispill** géi mer wannechgelift eng Dose **Mëtsche** bei de Bäcker sichen!

Mëtscheed [m'ətʃe:t] Eegennumm **DE** *Merscheid* • **FR** *Merscheid* • **EN** *Merscheid* • **PT** *Merscheid* **Beispiller** ech wunnen zu **Mëtscheed**; fiert dëse Bus op **Mëtscheed**?

Mëtschenhaff [m'ətʃənhaf] Eegennumm **DE** *Mëtschenhaff* • **FR** *Mëtschenhaff* • **EN** *Mëtschenhaff* • **PT** *Mëtschenhaff* **Beispiller** ech wunnen um **Mëtschenhaff**; fiert dëse Bus op de **Mëtschenhaff**?

mëtschgiweg [m'ətʃgiəwəç] Adjektiv **DE** *großzügig* [freigiebig] • **FR** *généreux* [large, qui donne volontiers] • **EN** *generous* • **PT** *generoso* [pródigo, que gosta de dar] **Beispill** et ass licht, **mëtschgiweg** ze sinn, wann een anere Leit hir Sue ka verdeelen **Synonym** generéis

Mëtschgiwegkeet [m'ətʃgiəwəçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Großzügigkeit* • **FR** *générosité* • **EN** *generosity* • **PT** *generosidade* **Beispill** profitéier net vu senger **Mëtschgiwegkeet**! **Synonym** Generositéit

Mëtt [mæt] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** *Mitte* [räumlich] • **FR** *milieu* [centre] • **EN** *middle, centre* [of a space] • **PT** *meio* [centro] **Beispiller** an der **Mëtt** vun der Stad steet e grousst Denkmal; schneit d'Schmier an der **Mëtt** duerch!; no laange Verhandlung si mer eis an der **Mëtt** begéint [eggs] [no laange Verhandlungen hu mer e Kompromëss fonnt] **2. DE** *Mitte* [zeitlich] • **FR** *milieu* [d'une période] • **EN** *middle* [of a period] • **PT** *meio* [de

um período] **Beispiller** ech hu **Mëtt** Januar Gebuertsdag; mir sinn eréischt an der **Mëtt** vum Wanter

Mëtteg [m'ətəç] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Mittag* [Zeitpunkt] • **FR** *midi* [coup de midi] • **EN** *noon, midday* • **PT** *meio-dia* [em ponto] **Beispiller** et ass **Mëtteg**; ech komme kuerz viru **Mëtteg** laanscht; déi Schong hale vun **12** Auer bis **Mëtteg** [eggs] [déi Schong daachen näischt] **2.** (kee Pluriel) **DE** *Mittag* [Zeitspanne] • **FR** (*heure de*) *midi* • **EN** *lunchtime* • **PT** (*hora do*) *meio-dia* **Beispiller** ech kommen haut net iwwer **Mëtteg** heem iessen; haut de **Mëtteg** gëtt et Fësch (z'iessen); elo maache mer **Mëtteg**! [eggs] [elo iesse mer d'Mëttegiessen!; elo maache mer d'Mëttespaus!; ém wéi vill Auer iesst dir gewéinlech zu **Mëtteg**? [ém wéi vill Auer iesst dir gewéinlech d'Mëttegiessen?]] **3.** (Pluriel **Mëtteger**) **DE** *Nachmittag* • **FR** *après-midi* • **EN** *afternoon* • **PT** *tarde* **Beispiller** ech muss de **Mëtteg** nach op d'Bank goen; den Employé huet sech fir de **Mëtteg** fräigefrot; (gudden) **Mëtteg**! [seet een, fir een am **Nomëtteg** ze begréissen]

i Variant: **Mëtten**

Mëttegiessen [m'ətəziəsən] Neutrum (Pluriel **Mëttegiessen**) **DE** *Mittagessen* • **FR** *déjeuner* • **EN** *lunch* • **PT** *almoço* **Beispiller** hien huet säi **Mëttegiesse** stoe gelooss; d'**Mëttegiessen** ass fir mech nach ëmmer d'Haaptmoolrecht; nom **Mëttegiesse** gi mer en Tour trëppelen

i Variant: **Mëttesessen**

Mëttegpau Femininum (Pluriel **Mëttegpausen**) - Variant vun **Mëttespaus**

Mëttele [m'ətəl] Neutrum (Pluriel **Mëttele** / **Mëttele**) **1.** (meeschtens Pluriel) **DE** *Mittel* [Methode] • **FR** *moyen* [méthode] • **EN** *method, means* • **PT** *meio* [método] **Beispill** de Beschëllegten huet mat alle **Mëttele** probéiert, sech erauszerieden **2.** (kee Singulier) **DE** *Mittel* [Geld] • **FR** *moyens* [financiers] • **EN** *means* [financial] • **PT** *meios* [financeiros] **Beispill** eis feelen déi finanziell **Mëttele**, fir d'Fassad frëschzemaachen **Synonym** **Moyen** **3. DE** *Mittel* [Heilmittel, Arzneimittell] • **FR** *remède* • **EN** *remedy* • **PT** *remédio* [para curar] **Beispill** waarmen Zitrounejus ass e gutt **Mëttele** géint Halswéi **Synonym** Heelmëttele **4. DE** *Mittel* [chemische Substanz] • **FR** *produit* [mélange chimique] • **EN** *product* [chemical substance] • **PT** *produto* [substância química] **Beispill** ech hu scho mat verschiddene **Mëttele** probéiert, mee ech kréien de Fleck net eraus

mëttele [m'ətəl] Adjektiv **DE** *mittlere* [mittelgroß] • **FR** *moyen* [de taille moyenne] • **EN** *medium* [medium-sized] • **PT** *médio* [de tamanho médio] **Beispill** déi grouss Tomate kommen an dës Këscht, déi **mëttele** an déi hei, an déi kleng an déi do

Mëttelealter [m'ətəlaltə] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Mittelalter* • **FR** *Moyen Âge* • **EN** *Middle Ages* • **PT** *Idade Média* **Beispill** am **Mëttelealter** si vill grouss Kathedrale gebaut ginn

Mëttelealterfest Neutrum (Pluriel **Mëttelealterfester**) **DE** *Mittelalterfest* • **FR** *fête médiévale* • **PT** *feira medieval* **Beispill** och dëst Joer huet d'**Mëttelealterfest** bei eis am Duerf nees vill Leit ugezunn

mëttelalterlech [m'ətəlaltələç] Adjektiv **1.** **DE** mittelalterlich [des Mittelalters, das Mittelalter betreffend] • **FR** médiéval, moyenâgeux • **EN** medieval • **PT** medieval, medievo **Beispiller** ech gi gär mëttelalterlech Stied kucken; um Fest haten d'Kanner mëttelalterlech Kostümer un **2.** [pejorativ] **DE** mittelalterlich [nicht zeitgemäß] • **FR** moyenâgeux [suranné] • **EN** antiquated • **PT** antiquado, arcaico **Beispill** dat do si mëttelalterlech Methoden

Mëttelamerika [mətəlam'e:rika:] Eegennumm, Neutrum **DE** Mittelamerika • **FR** Amérique centrale • **EN** Central America • **PT** América Central **Beispiller** eis Entreprise huet Partner a ganz Mëttelamerika; ech war schonn dräimol a Mëttelamerika; ech fueren d'nächst Woch a Mëttelamerika; ech kommen aus Mëttelamerika

i männlech Persoun: ↗Mëttelamerikaner weiblech Persoun: ↗Mëttelamerikanerin Adjektiv: ↗mëttelamerikanesch

Mëttelamerikaner [m'ətəlam'eri:kə:nə] Maskulinum (Pluriel Mëttelamerikaner) **DE** Mittelamerikaner • **FR** Centre-Américain • **EN** Central American • **PT** centro-americano **Beispill** um Klimasommet waren d'Mëttelamerikaner sech net all eens

Mëttelamerikanerin [m'ətəlam'eri:kə:nə:ri:n] Femininum (Pluriel Mëttelamerikanerinnen) **DE** Mittelamerikanerin • **FR** Centre-Américaine • **EN** Central American [female] • **PT** centro-americana **Beispill** um Sommet iwwer d'Fraerechter waren d'Mëttelamerikanerinnen sech all eens

mëttelamerikanesch [m'ətəlam'eri:kə:nəʃ] Adjektiv **DE** mittelamerikanisch • **FR** d'Amérique centrale • **EN** Central American • **PT** da América Central **Beispill** eis Entreprise huet eng ganz Rei mëttelamerikanesch Clienten

Mëttelchen [m'ətəlçən] Neutrum (Pluriel Mëttelcher) - Diminutivform vun ↗Mëttel

Mëttelfanger [m'ətəlfəŋɐ] Maskulinum (Pluriel Mëttelfangeren) **DE** Mittelfinger • **FR** majeur, médium [doigt] • **EN** middle finger • **PT** dedo médio, dedo longo **Beispill** meng Arthros spieren ech besonnesch gutt an de Gelenker vum Mëttelfanger

Mëttelfeld [m'ətəlfælt] Neutrum (kee Pluriel) **1.** **DE** Mittelfeld [eines Spielfelds] • **FR** milieu de terrain • **EN** midfield [of a sports pitch] • **PT** meio-campo [parte central de um campo] **Beispiller** nëmme wéineg Attacke vum Géigner sinn iwwer d'Mëttelfeld erauskomm; d'Mëttelfeld huet haut e gudde Match gemaach [d'Spiller aus dem Mëttelfeld hunn haut e gudde Match gemaach] **2.** **DE** Mittelfeld [in einem Rennen] • **FR** peloton [des poursuivants] • **EN** peloton, pack • **PT** pelotão [numa corrida] **Beispill** kuerz virun der Arrivée krut d'Mëttelfeld den Ausrësser erëm **3.** **DE** Mittelfeld [eines Rankings] • **FR** fourchette intermédiaire, partie médiane, bonne moyenne [d'un classement] • **EN** middle range [of a ranking] • **PT** meio da tabela, (posição) mediana [numa classificação] **Beispiller** bei den Ausgabe fir Liewensmëttel läit eist Land am europäesche Mëttelfeld; meng ganz Schoulzäit duerch louch ech am ieweschte Mëttelfeld

Mëttelfeldspiller [m'ətəlfæltʃpilɛ] Maskulinum (Pluriel Mëttelfeldspiller) **DE** Mittelfeldspieler • **FR** milieu

de terrain [sportif] • **EN** midfielder, midfield player • **PT** médio [jogador de meio-campo] **Beispill** de Mëttelfeldspiller huet dem Stiermer eng Pass gemaach

i Weiblech Form: ↗Mëttelfeldspillerin

Mëttelfeldspillerin [m'ətəlfæltʃpilə:ri:n] Femininum (Pluriel Mëttelfeldspillerinnen) **DE** Mittelfeldspielerin • **FR** milieu de terrain [sportive] • **EN** midfielder, midfield player [female] • **PT** média [jogadora de meio-campo] **Beispill** d'Mëttelfeldspillerin huet der Stiermerin eng perfekt Pass gemaach

i Männlech Form: ↗Mëttelfeldspiller

mëttelfristeg [m'ətəlfri:stəç] Adjektiv **DE** mittelfristig • **FR** à moyen terme • **EN** medium-term • **PT** a médio prazo **Beispiller** déi mëttelfristeg Prognose si positiv; mëttelfristeg muss eng aner Léisung fonnt ginn

mëttelgrouss Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel

mëttelméisseg [m'ətəlmɛ:isəç] Adjektiv **DE** mittelmäßig • **FR** moyen, passable <Adverb passablement> • **EN** middling, passable, average <Adverb averagely, passably> • **PT** médio, razoável <Adverb razoavelmente> **Beispiller** d'Qualitéit vum Iesse war mëttelméisseg; ech kann nëmme mëttelméisseg Schach spillen

Mëttelmierméiw [m'ətəlm'i:ɐ:mɛ:if] Femininum (Pluriel Mëttelmierméiwen) Larus michahellis **DE** Mittelmeermöwe • **FR** goéland leucopée • **EN** yellow-legged gull • **PT** gaivota-de-patas-amarelas **Beispill** wéi laang bréien d'Mëttelmierméiwen?

Mëttelpunkt [m'ətəlpʊŋt] Maskulinum (Pluriel Mëttelpunkten) **DE** Mittelpunkt • **FR** centre [point, endroit situé au milieu] • **EN** midpoint, centre • **PT** centro [ponto, lugar situado no meio] **Beispiller** eis Uertschaft ass de geografesche Mëttelpunkt vum Land; hie steet gär am Mëttelpunkt; hien ass gär de Mëttelpunkt [hien ass gär am Zentrum vum Interessil]

Mëttelschicht [m'ətəlfʃiçt] Femininum (Pluriel Mëttelschichten) **DE** Mittelschicht • **FR** classe moyenne • **EN** middle class • **PT** classe média **Beispill** duerch déi steierlech Mesuren huet d'Mëttelschicht en Deel vun hirer Kafkraaft verluer

Mëttelseeër [m'ətəlze:ɐ] Maskulinum (Pluriel Mëttelseeëren) **DE** Mittelsäger • **FR** harle huppé • **EN** red-breasted merganser • **PT** merganso-de-poupa **Beispill** wéi laang bréien d'Mëttelseeër?

Mëttelsmann [m'ətəlsman] Maskulinum (Pluriel Mëttelsmännen) **DE** Mittelsmann • **FR** intermédiaire, médiateur • **EN** middleman • **PT** intermediário, mediano **Beispill** hien ass esou eppes ewéi e Mëttelsmann tëschent der Gemeng an de Veräiner

Mëttelspiecht [m'ətəlfʃpiəçt] Maskulinum (Pluriel Mëttelspiechten) **DE** Dendrocopos medius **DE** Mittelspecht • **FR** pic mar • **EN** middle spotted woodpecker • **PT** pica-pau-mediano **Beispill** wéi laang bréien d'Mëttelspiechten?

mëttelst [m'ətəlst] Adjektiv **DE** mittlere [in der Mittel] • **FR** du milieu • **EN** middle [between two others] • **PT** do meio [situado entre dois] **Beispiller** deng Händsche

leien am mëttelsten Tirang; ech droen de Rank ëmmer um mëttelste Fanger; vun deenen dräi Biller huet mir dat mëttelst am beschte gefall

Mëttelstand [m'ətəlfʔant] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Mittelstand*, *kleine und mittlere Betriebe* • FR *petites et moyennes entreprises* • EN *small and medium-sized companies* • PT *pequenas e médias empresas* **Beispill** de Mëttelstand spillt eng wichteg Roll an der Economie

Mëttelwee [m'ətəlvə:] Maskulinum (Pluriel Mëttelweeër) DE *Mittelweg* • FR *juste milieu* • EN *middle course* • PT *meio-termo* **Beispiller** mir mussen eise Mëttelwee fannen; dat ass de Gëllene Mëttelwee [əgs] [dat ass de beschte Kompromëss]

Mëtten [m'ətən] Maskulinum (Pluriel Mëtten) - Variant vun ↗Mëtteg

Metten [m'ætən] Femininum (kee Singulier) DE *Christmette* • FR *messe de minuit* • EN *midnight Mass* • PT *missa do galo* **Beispill** mir ginn all Joer Hellegerowend an d'Metten

mëtten [m'ətən] Adverb - Variant vun ↗matzen

Mëtternuecht [m'ətənueçʔt] Femininum (kee Pluriel) DE *Mitternacht* • FR *minuit* • EN *midnight* • PT *meia-noite* **Beispill** kuerz no Mëtternuecht gouf bei eis agebrach **Synonym** Hallefnuecht

mëttes [m'ətəs] Adverb **1.** DE *mittags* • FR *à midi* • EN *at midday*, *at lunchtime* • PT *ao meio-dia* **Beispiller** mir gi mëttes dacks an de Restaurant iessen; du muss déi Pëlle mueres, mëttes an owes virun de Molzechten huelen **2.** DE *nachmittags* • FR *l'après-midi* • EN *(in the) afternoon* • PT *à tarde*, *de tarde* **Beispiller** bei eis am Duerf huet d'Post nëmme mëttes op; donneschdes mëttes ass keng Schoul

Mëttesiessen Neutrum (Pluriel Mëttesiessen) - Variant vun ↗Mëttegiessen

Mëttespau [m'ətəspraʊs] Femininum (Pluriel Mëttespauen) DE *Mittagspause* • FR *pause de midi* • EN *lunch break* • PT *intervalo de almoço* **Beispill** an der Mëttespau iessen ech dacks nëmme e Brëitchen

i Variant: Mëttegpau

Mëttesrascht [m'ətəsraʃʔt] Femininum (Pluriel Mëttesraschten) DE *Mittagsschlaf*, *Mittagsschläfchen* • FR *sieste* • EN *afternoon rest*, *afternoon nap* • PT *sesta* **Beispiller** ech hunn haut eng laang Mëttesrascht gehalen; hie louch op der Mëttesrascht, wéi den Telefon gerabbelt huet **Synonym** Sieste

Mëtteschicht [m'ətəsʃiçʔt] Femininum (Pluriel Mëtteschichten) DE *Mittagsschicht* • FR *poste d'après-midi* • EN *afternoon shift* • PT *turno da tarde* **Beispiller** d'Mëtteschicht geet ëm zwou Auer un; den Aarbechter ass mam Vélo op d'Mëtteschicht gefuer; d'Mëtteschicht huet haut gestreikt [əgs] [d'Personal vun der Mëtteschicht huet haut gestreikt]

Mëttesonn [m'ətəsɔn] Femininum (kee Pluriel) DE *Mittagssonne* • FR *soleil de midi* • EN *midday sun* • PT *sol do meio-dia* **Beispill** mat denger heller Haut gees de am beschten net an déi prall Mëttesonn

Mëttesstonn [m'ətəsʔt'on] Femininum (Pluriel Mëttesstonnen) DE *Mittagszeit* • FR *midi* [*espace de temps en milieu de journée*] • EN *lunchtime*, *lunch hour* • PT *hora do almoço* **Beispill** d'Epicerie huet an der Mëttesstonn op

Meti Maskulinum (Pluriel Mettien) - Kuerzform vun ↗Mettwurst

mëttler [m'ətʎe] Adjektiv DE *mittlere* [*durchschnittlich*] • FR *moyen* [*de valeur moyenne, entre deux extrêmes*] • EN *middle* [*intermediate*] • PT *meio*, *médio*, *meio* **Beispill** am Guichet souz e Mann vu mëttlerem Alter

mëttlerweil [m'ətʎevai] Adverb DE *mittlerweile* • FR *entre-temps* • EN *meanwhile* • PT *entretanto* **Beispill** hir Kanner si mëttlerweil schonn all bestuet **Synonym** entre-temps

Mëttwoch [m'ətvoç] Maskulinum (Pluriel Mëttwocher) DE *Mittwoch* • FR *mercredi* • EN *Wednesday* • PT *quarta-feira* **Beispiller** d'Datume vun de mëndlechen Exame leien zënter dem leschte Mëttwoch fest; mir gesinn eis e Mëttwoch [mir gesinn eis nächste Mëttwoch]; ech sinn him e Mëttwoch begéint [ech sinn him leschte Mëttwoch begéint]

Mëttwochowend Maskulinum (Pluriel Mëttwochowenter / Mëttwochowender) DE *Mittwochabend* • FR *mercredi soir* • PT *quarta-feira ao final da tarde*, *quarta-feira à noite* **Beispill** eis Clique trëfft sech all Mëttwochowend no der Aarbecht, fir e Patt ze drénken

mëttwochs [m'ətvoçs] Adverb **1.** DE *mittwochs* • FR *le mercredi* [*tous les mercredis*] • EN *(on) Wednesday(s)* [*each Wednesday*] • PT *à(s) quarta(s)-feira(s)* [*todas as quartas-feiras*] **Beispill** meng Doktesch huet mëttwochs keng Consultatioune **2.** DE *am Mittwoch* [*an einem bestimmten Mittwoch*] • FR *(le) mercredi* [*un mercredi précis*] • EN *(on) Wednesday* [*a specific Wednesday*] • PT *(na) quarta-feira* [*numa certa quarta-feira*] **Beispill** mir gesinn eis mëttwochs, de 27. August

Mettwurst [m'ætʎurʔt] Femininum (Pluriel Mettwurstchen) DE *Mettwurst* [*aus grob gemahlenem Schweine- und Rindfleisch*] • FR *saucisse fumée* [*de porc et de boeuf*] • EN *smoked sausage* [*made of beef and pork*] • PT *salsicha defumada* [*de carne picada de porco e vaca*] **Beispill** mir hunn op der Kiermes eng gegrillt Mettwurst giess

i Kuerzform: Metti

Metz [mæʔs] Eegennumm DE *Metz* • FR *Metz* • EN *Metz* • PT *Metz* **Beispiller** ech wunnen zu Metz; fiert dëse Bus op Metz?

Metzler [m'æʔslə] Maskulinum (Pluriel Metzler) DE *Metzger* • FR *boucher* • EN *butcher* • PT *talhante* **Beispiller** de Kach huet beim Metzler zwee Kilo duerchwuessene Speck bestallt; eise Metzler verkeeft wonnerbare Groen Drot

i Weiblech Form: ↗Metzlesch

Metzerei [mæʔslə'r'ai] Femininum (Pluriel Metzereien) DE *Metzgerei* • FR *boucherie* • EN *butcher's shop* • PT *talho* [*estabelecimento*] **Beispill** bei eis am Duerf ass eng nei Metzerei opgaangen

Metzlerin Femininum (Pluriel Metzlerinnen) - Variant vun \nearrow Metzlesch

Metzlesch [m'ætsləʃ] Femininum (Pluriel Metzleschen) DE *Metzgerin* • FR *bouchère* • EN *butcher* [female] • PT *talhante* [mulher] **Beispill** ech froen d'Metzlesch, wéi e Fleesch ech soll fir dëst Rezept kafen

i Variant: Metzlerin

i Männlech Form: \nearrow Metzler

Mexikaner [mæksik'a:nə] Maskulinum (Pluriel Mexikaner) DE *Mexikaner* • FR *Mexicain* • EN *Mexican* • PT *mexicano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Mexikaner

Mexikanerin [mæksik'a:nərin] Femininum (Pluriel Mexikanerinnen) DE *Mexikanerin* • FR *Mexicaine* • EN *Mexican* [female] • PT *mexicana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Mexikanerin

mexikanesch [mæksik'a:nəʃ] Adjektiv DE *mexikanisch* • FR *mexicain* • EN *Mexican* • PT *mexicano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi mexikanesch Kultur kenne geléiert

Mexikanesche Peeso Maskulinum (Pluriel Mexikanesch Peeso / Mexikanesch Peesoen) DE *Mexikanischer Peso* • FR *peso mexicain* • PT *peso mexicano* **Beispill** a Mexiko gëtt mat (Mexikaneschem) Peeso bezuelt; mat wéi vill Mexikanesche Peeso muss ee fir eng Nuecht am Hotel rechnen?; hues de nach e puer Mexikanesch Peesoen am Portmonni?

i Mexikanesche Peeso gëtt mat MXN oder mat \$ ofgekierzt.

i Kuerzform: Peeso

Mexikanesche Peso Maskulinum (Pluriel Mexikanesch Peso / Mexikanesch Pesoen) - Variant vun \nearrow Mexikanesche Peeso

i Mexikanesche Peso gëtt mat MXN oder mat \$ ofgekierzt.

Mexiko [m'æksiko:] Eegennumm, Neutrum DE *Mexiko* • FR *Mexique* • EN *Mexico* • PT *México* **Beispill** ech war schonn dräimol a Mexiko; ech fueren d'nächst Woch a Mexiko; ech kommen aus Mexiko

i männlech Persoun: \nearrow Mexikaner weiblech Persoun: \nearrow Mexikanerin
Adjektiv: \nearrow mexikanesch Haaptstad: \nearrow Mexiko-Stad

Mexiko-Stad Eegennumm DE *Mexiko-Stadt* • FR *Mexico* [ville] • PT *Cidade do México* **Beispill** Mexiko-Stad ass d'Haaptstad vu Mexiko

MHz [m'e:ga:herts] Maskulinum (Pluriel MHz)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Mi [mi:] Maskulinum (Pluriel Mien) DE *E* [Ton, Note] • FR *mi* [note de musique] • EN *me*, *E* [musical note] • PT *mi* [nota musical] **Beispill** tëschent dem Mi an dem Fa läit en hallwen Toun

miauen [mi'ʌʊən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé miaut / gemiaut) » **intransitiv** DE *miauen* • FR *miauler* • EN *to miaow* • PT *miar* **Beispill** d'Kaz sëtzt virun der Fënster ze miauen

Mickymaus Femininum (Pluriel Mickymausen) **1.** DE *Zeichentrickfilm, Animationsfilm, Trickfilm* • FR *dessin animé, film d'animation* • EN *cartoon* [film, show] • PT

desenho animado, filme de animação **Beispill** well dat Klenkt krank war, huet et ausnamsweis dee ganze Mëtteg därefer Mickymause kucken **Synonymmen** Dessin animé, Trickfilm **2.** DE *Comic* [für Kinder] • FR *bande dessinée, B. D.* [pour enfants] • EN *comic* [comic strips] • PT *banda desenhada, história aos quadrinhos* [para crianças] **Beispill**er meng Kanner ginn hiert ganz Täschegeld fir Mickymausen ewech; meng Mamm huet eng ganz Sammlung vu Mickymausen aus hirer Jugend **Synonymmen** Bande dessinée, Comic

midd [mit] Adjektiv **1.** DE *müde* [schlafbedürftig, erschöpft] • FR *fatigué, épuisé* • EN *tired* [in need of sleep, exhausted] • PT *cansado, fatigado* **Beispill**er d'Kanner si midd, mir ginn elo heem; du gesäis midd aus; wéinst meng Schlofsteierunge sinn ech stänneg midd an op menger Aarbecht net méi konzentréiert; ech hu mech midd geschwat, mee ech hunn näischt erreecht [ech hu laang a vill geschwat, mee ech hunn näischt erreecht]; hien huet sech beim Projet net midd gemacht! [ëgs] [hien huet sech beim Projet net besonnesch ugestrengt]; du méchs mech midd mat dengem Gesouers! [ëgs] [du nervs mech mat dengem Gesouers!] **2.** midd sinn DE *müde sein* [einer Sache, einer Person] • FR *être fatigué de, en avoir assez de* • EN *to be tired of* [to be fed up with] • PT *estar cansado de, estar farto de* **Beispill**er ech sinn es midd, dir fir all Klenggeeket nozelafen!; mir sinn dem Kaméidi vun der Strooss midd! **Synonymmen** leed sinn, sat sinn

Middegkeet [m'idæ:ke:t] Femininum (kee Pluriel) DE *Müdigkeit* • FR *fatigue* • EN *tiredness* • PT *cansaço, fadiga* **Beispill**er d'Kanner behale vun elauter Middegkeet d'Aen net méi op; déi stänneg Middegkeet weist mer, datt eppes mat menger Gesondheet net stémmt

Midderchen Femininum (Pluriel Middercher) [ëgs] DE *trübe Stimmung, Trübsinn* • FR *cafard* [lassitude, tristesse] • EN *bad mood, the blues* • PT *tristeza, ideias negras* **Beispill**er et reent zënter Wochen, et ass, fir d'Midderchen ze kréien; e bësse frësch Loft wierkt Wonner, wann een d'Middercher huet **Synonym** Flemm

Miedernach [m'iædnəx] Eegennumm DE *Medernach* • FR *Medernach* • EN *Medernach* • PT *Medernach* **Beispill**er och wunnen zu Miedernach; fiert dese Bus op Miedernach?

Miel [miəl] Neutrum (kee Pluriel) DE *Mehl* • FR *farine* • EN *flour* • PT *farinha* **Beispill**er de Kach huet d'Zooss mat Miel gebonnen; wann d'Mais sat sinn, ass d'Miel batter! [ëgs] [⇒ seet een, wann ee glott gëtt, well ee sat ass]

Mielbotter [m'iəlbote] Maskulinum (kee Pluriel) [Gas-tronomie] DE *Mehlbutter* • FR *beurre manié* • EN *beurre manié* • PT *beurre manié* **Beispill**er ech huelen am léifste Mielbotter, fir eng hell Zooss ze décksen

mieleg [m'iələç] Adjektiv - Variant vun \nearrow mielzeg

mielzeg [m'iəltzəç] Adjektiv DE *mehlig* [nicht saftig, körnig] • FR *farineux* [non juteux] • EN *mealy, floury* • PT *farinhento* [não sumarento] **Beispill**er ech hunn déi mielzeg Äppel net gären

i Variant: mieleg

Mielzocker Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Puderzucker • **FR** *sucre glace* • **PT** *açúcar em pó* **Beispill** ech iesse mäin Eisekuch am léifste mat e bësse Mielzocker drop **Synonym** Pudderzocker

Mier [mi:ɔ̃] Neutrum (Pluriel Mierer) **DE** Meer • **FR** *mer* • **EN** *sea, seaside* • **PT** *mar* **Beispiller** an der Vakanz sinn ech all Dag an d'Mier schwamme gaangen; mir maachen dëst Joer Vakanz um **Mier**; fiers de dëse Weekend mat eis op d'Mier?

Mier [mi:ɔ̃] Femininum (Pluriel Mieren) **DE** Stute • **FR** *jument* • **EN** *mare* • **PT** *égua* **Beispill** d'Mier ass vum Hengscht gedeckt ginn

Mierdëlpen [m'i:ɛdɛlpɛs] Maskulinum (Pluriel Mierdëlpen) Sula *bassana* **DE** *Basstölpel* • **FR** *fou de Bassan* • **EN** *northern gannet* • **PT** *ganso-patola* **Beispill** wéi laang bréien d'Mierdëlpen?

Mieresfrichten Femininum (kee Singulier) **DE** *Meesresfrüchte* • **FR** *fruits de mer* • **PT** *marisco* **Beispill** haut proposéiere mer Iech e gudder Risotto mat **Mieresfrichten** **Synonym** Fruits de mer

Mieresspiegel Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Meerespiegel* • **FR** *niveau de la mer* • **PT** *nível do mar* **Beispill** deen héchste Punkt zu Lëtzebuerg läit bal 560 Meter iwwer dem **Mieresspiegel**

mierf [mi:ɛf] Adjektiv **1.** **DE** *mürbe* [Obst] • **FR** *blet* • **EN** *overripe* • **PT** *sorvado, muito maduro* **Beispill** déi Bieren do gi séier **mierf** **Synonym** dee **2.** [ɛgs] **DE** *bekloppt, bescheuert, verrückt* • **FR** *dingue, cinglé* • **EN** *dotty, crazy* • **PT** *chanfrado, maluco* **Beispiller** deen do ass komplett **mierf**!; wéi soll ee bei deem Kaméidi net **mierf** ginn? **Synonymmen** jaus, mëll, verréckt

Mierfdeeg [m'i:ɛfdɛ:ɕ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Mürbeteig* • **FR** *pâte brisée* • **EN** *shortcrust pastry* • **PT** *massa quebrada* **Beispill** am léifste baken ech Taarten aus **Mierfdeeg**

Mierhong [m'i:ɛhɔŋ] Neutrum (Pluriel Mierhénger) **vereeltz** **DE** *Truthuhn* • **FR** *dindon* • **PT** *peru lavel* **Beispill** dat déckst vun eise **Mierhénger** muss fir d'Kiermes dru gleewen **Synonym** Schnuddelhong

i Variant: **Mierhung**

Mierhung Neutrum (Pluriel Mierhinger) - Variant vun **Mierhung**

mierken [m'i:ɛkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gemierkt) » **transitiv 1.** **DE** *merken* • **FR** *remarquer, s'apercevoir (de)* • **EN** *to notice [to become aware of]* • **PT** *notar, aperceber-se de* **Beispiller** ech hunn net gemierkt, wéi den Täschendéif mer de Portmonni aus der Täsch gezunn huet; mir hunn direkt gemierkt, datt d'Kanner eis eppes wollte verheemelechen!; ech hunn eréischt mueres gemierkt, datt ech an der Nuecht vu Mustike gepickt gi war; hues de net gemierkt, datt déi de Geck mat der gemaach hunn? **Synonym** an Uecht huelen **2.** sech eppes mierken **DE** *sich etwas merken* **leine Warnung, eine Zurechtweisung**] • **FR** *(bien) retenir quelque chose, se tenir quelque chose pour dit [un avertissement, une réprimande]* • **EN** *to make a note of, to remember* • **PT** *reter (bem) alguma coisa, meter alguma coisa na cabeça [uma advertência, uma repreensão]* **Beispiller** mierk der gutt, wat ech elo soen!; vu mir kriiss

de keng Sue méi, mierk der dat! **Synonym** sech eppes verhalen

i Verb, dat **mierken** als Basis huet: **Miermerken**

Mierkréi [m'i:ɛkrɛi] Femininum (Pluriel Mierkréien) **Haematopus ostralegus** **DE** *Austernfischer* • **FR** *huitrier pie* • **EN** *Eurasian oystercatcher* • **PT** *ostraceiro* **Beispill** wéi laang bréien d'Mierkréien?

Mierleefer [m'i:ɛle:fe] Maskulinum (Pluriel Mierleefer) **Calidris maritima** **DE** *Meerstrandläufer* • **FR** *bé-casseau violet* • **EN** *purple sandpiper* • **PT** *pilrito-escuro* **Beispill** wéi laang bréien d'Mierleefer?

Mierloft [m'i:ɛloft] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Seeluft* • **FR** *air marin* • **EN** *sea air* • **PT** *ar marítimo* **Beispiller** wéineg Planze verdroen déi salzeg **Mierloft**; déi frësch **Mierloft** huet menge kranke Longe richteg guttgedoen

Mierréidech Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Meerrettich* • **FR** *raifort* • **EN** *horseradish* • **PT** *rábano-picante* **Beispill** eng Zooss mat frësch gerapptem **Mierréidech** passt gutt bei Spargelen **Synonym** Moschterkraut

Miersch [mi:ɛʃ] Eegennumm **DE** *Mersch* • **FR** *Mersch* • **EN** *Mersch* • **PT** *Mersch* **Beispiller** ech wunnen zu **Miersch**; fiert dëse Bus op **Miersch**?

Mierschent [m'i:ɛʃənt] Eegennumm **DE** *Merscheid* • **FR** *Merscheid* • **EN** *Merscheid* • **PT** *Merscheid* **Beispiller** ech wunnen zu **Mierschent**; fiert dëse Bus op **Mierschent**?

Mierschwéngchen [m'i:ɛʃwɛŋçən] Neutrum (Pluriel Mierschwéngercher) **1.** **DE** *Meerschweinchen* • **FR** *cobaye, cochon d'Inde* • **EN** *guinea pig* • **PT** *cobaia, porquinho-da-india* **Beispiller** de Jong huet säi **Mierschwéngchen** dresséiert, datt et duerch e Reef spréngt; den Noper huet am Gaart e Stall fir seng **Mierschwéngercher** gebaut **2.** **DE** *Assel* • **FR** *cloporte* • **EN** *woodlouse* • **PT** *bicho-de-conta* **Beispill** ënnerem Stee souzen eng zwanzeg **Mierschwéngercher** **Synonym** Assel

Mierséischmuebel [m'i:ɛzɪʃmuəbəl] Femininum (Pluriel Mierséischmuebelen) **Sterna sandvicensis** - Variant vun **Mierséischmuewel**

Mierséischmuewel [m'i:ɛzɪʃmuəvəl] Femininum (Pluriel Mierséischmuewelen) **Sterna sandvicensis** **DE** *Brandseeschwalbe* • **FR** *sterne caugek* • **EN** *Sandwich tern* • **PT** *garajau-comum* **Beispill** wéi laang bréien d'Mierséischmuewelen?

i Variant: **Mierséischmuebel**

Miertchen [m'i:ɛtçən] Femininum (Pluriel Miertcher) - Diminutivform vun **Muert**

Mierwakeleefer [m'i:ɛva:kə:le:fe] Maskulinum (Pluriel Mierwakeleefer) **Charadrius alexandrinus** **DE** *Seeregenpfeifer* • **FR** *gravelot à collier interrompu* • **EN** *Kentish plover* • **PT** *borrelho-de-coleira-interrompida* **Beispill** wéi laang bréien d'Mierwakeleefer?

Miesdref [m'i:ɛsdrɛf] Eegennumm **DE** *Moesdorf* • **FR** *Moesdorf* • **EN** *Moesdorf* • **PT** *Moesdorf* **Beispiller** ech wunnen zu **Miesdref**; fiert dëse Bus op **Miesdref**?

Miess- an Erkennungsdéngscht Maskulinum (Pluriel **Miess- an Erkennungsdéngschter**) **DE** *Erken-*

nungsdienst • **FR** *service de mesurage et d'identification (de la police technique)* • **PT** *serviço de medição e identificação (da polícia técnica)* **Beispill** nom schwéieren Accident war de **Miess-** an Erkennungsdéngscht op der Plaz

Miessapparat [m'iesapara:t] Maskulinum (Pluriel Miessapparater) - Variant vun **Moossapparat**

miessbar [m'iesba:r] Adjektiv - Variant vun **moossbar**

Miessbecher [m'iesbæçə] Maskulinum (Pluriel Miessbecheren) - Variant vun **Moossbecher**

miessen [m'iesən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gemiess**) - Variant vun **moossen**

i Verben, déi **miessen** als Basis hunn: **ausmiessen**, **erofmiessen**, **nomiessen**, **opmiessen** an **umiessen**

Miessung [m'iesuŋ] Femininum (Pluriel Miessungen) **1.** **DE** *Messung [das Messen]* • **FR** *mesure [mesurage]* • **EN** *measurement [action of measuring]* • **PT** *medição [ato de medir]* **Beispill** d'**Miessung** gouf vun engem Spezialist duerchgefëiert **2.** **DE** *Messung [Resultat]* • **FR** *mesure [résultat]* • **EN** *measurement [result, value]* • **PT** *medição [resultado]* **Beispill** am Laboratoire ginn déi zwou **Miessung**e matenee verglach

Miezig [m'iesiç] Eegennumm **DE** *Metzig* • **FR** *Messancy* • **EN** *Messancy* • **PT** *Messancy* **Beispiller** ech wunnen zu **Miezig**; fiert dëse Bus op **Miezig**?

Migrän [m'igræ:n] Femininum (Pluriel Migränen) **DE** *Migräne* • **FR** *migraine* • **EN** *migraine* • **PT** *enxaqueca* **Beispiller** meng **Migrän** gëtt sech net; ech hat d'lescht Woch eng **Migrän**, ech konnt zwou Deeg net schaffe goen; wann ech meng **Migrän** hunn, gëtt et mer al-kéiers schlecht vu **Kappwéi**

Migrant [migr'ant] Maskulinum (Pluriel Migranten) **DE** *Migrant [Person]* • **FR** *migrant* • **PT** *migrante* **Beispiller** d'**Soziologin** mécht eng **Aarbecht** iwwer d'**Situatioun** vun de **Migranten**; d'**Lëtzebuerger Stolindustrie** huet de **Migrante** vill ze verdanken

i Weiblech Form: **Migrantin**

Migrantin [migr'antin] Femininum (Pluriel Migrantinnen) **DE** *Migrantin [Person]* • **FR** *migrante* • **EN** *migrant [female]* • **PT** *migrante [mulher]* **Beispill** déi jonk **Migrantin** huet sech immens druginn, fir déi lokal **Sprooch** ze léieren

i Männlech Form: **Migrant**

Migratioun [migrasj'əʊn] Femininum (Pluriel Migratiounen) **1.** **DE** *Migration [Einwanderung, Auswanderung]* • **FR** *migration [immigration, émigration]* • **EN** *migration [immigration, emigration]* • **PT** *migração [imigração, emigração]* **Beispill** **Migratioun**, Ëmwelt a Sécherheet waren d'**Haupttheeme** vun der **Walcampagne** **2.** **DE** *Migration [Wanderung]* • **FR** *migration [déplacement périodique]* • **EN** *migration [seasonal movement]* • **PT** *migração [deslocação periódica]* **Beispill** verschidden **Deiere** leee bei hirer **Migratioun** **Dausende** vu **Kilometere**n **zeréck** **Synonym** **Wanderung**

migréieren [m'igrɛiəɐən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **migréiert**) » **intransitiv** **DE** *migrieren* • **FR** *migrer* • **EN** *to migrate* • **PT** *migrar* **Beispill** vill **Leit** **mi-**

gréieren aus wirtschaftleche **Grënn**

Miesschen [m'is:çən] Femininum (Pluriel Miessercher) - Diminutivform vun **Muuss** **DE** *Kätzchen [der Weide, des Haselnussstrauchs]* • **FR** *chaton [du saule, du noisetier]* • **EN** *catkin* • **PT** *amentilho [do salgueiro, da avelaneira]* **Beispill** d'**Weid** hat dëst **Fréijoer** vill **Miessercher** **Synonym** **Kätzchen**

mijotéieren [mijot'ɛiəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **mijotéiert**) » **intransitiv** **DE** *köcheln* • **FR** *mijoter [cuire à petit feu]* • **EN** *to simmer* • **PT** *cozer em lume brando* **Beispill** de **Kach** huet d'**Fleesch** eng **Stonn** laang **mijotéiere** gelooss

Mikro [m'ikro:] Maskulinum (Pluriel **Mikroen**) **DE** *Mikro*, *Mikrofon* • **FR** *micro*, *microphone* • **EN** *mic*, *microphone* • **PT** *micro*, *microfone* **Beispill** du muss de **Mikro** méi no bei de **Mond** halen, soss versteet een dech net!

Mikrob [mikr'o:p] Maskulinum (Pluriel **Mikroben**) (meeschtens Pluriel) **DE** *Mikrobe* • **FR** *microbe* • **EN** *microbe* • **PT** *micróbio* **Beispill** an eisem **Dréinkwaasser** goufe **schiedlech** **Mikrobe** festgestallt

mikrochirurgesch [m'ikro:çirurɛʃ] Adjektiv **DE** *mikrochirurgisch* • **FR** *microchirurgical* • **EN** *microsurgical* • **PT** *microcirúrgico* **Beispill** duerch **mikrochirurgesch** **Operatiounstechnike** si **Patienten** no enger **OP** nees ganz séier op de **Been**

Mikrochirurgie [m'ikro:çirurɛ:zi] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Mikrochirurgie* • **FR** *microchirurgie* • **EN** *microsurgery* • **PT** *microcirurgia* **Beispill** zënter et d'**Mikrochirurgie** gëtt, erhëlt de **Patient** sech méi séier vun enger **Operatioun**

Mikrofilm [m'ikro:film] Maskulinum (Pluriel **Mikrofilmer**) **DE** *Mikrofilm* • **FR** *microfilm* • **EN** *microfilm* • **PT** *microfilme* **Beispill** den **Artikel**, deen **Der** **sicht**, hu mer just nach op **Mikrofilm**

Mikrofon [mikro:f'o:n] Maskulinum (Pluriel **Mikrofonen**)

i Hei entsteet en neien Artikel

mikroneesesch Adjektiv **DE** *mikronesisch* • **FR** *micronésien* • **PT** *micronésio* **Beispill** d'**mikroneesesch** **Federatioun** besteet aus iwwer 600 **Inselen**

Mikroneesier Maskulinum (Pluriel **Mikroneesier**) **DE** *Mikronesier* • **FR** *Micronésien* • **EN** *Micronesian* • **PT** *micronésio* **Beispill** duerch en **Accord** kënnen déi jonk **Mikroneesier** an **Australie** studéieren

Mikroneesierin Femininum (Pluriel **Mikroneesierinnen**) - weiblech Form vun **Mikroneesier**

Mikronesien Neutrum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Mikronesien [Inselgebiet in Ozeanien]* • **FR** *Micronésie [région de l'Océanie]* • **EN** *Micronesia [subregion of Oceania]* • **PT** *Micronésia [região da Oceânia]* **Beispill** **Palau** a **Kiribati** waren zwou **Etappen** op eiser **Croisière** duerch **Mikronesien** **2.** **[égs]** **DE** *Föderierte Staaten von Mikronesien* • **FR** *États fédéraux de Micronésie* • **EN** *Federated States of Micronesia* • **PT** *Estados Federados da Micronésia* **Beispiller** d'**australisch** **Regierung** huet en **Ofkommen** mat **Mikronesien** ënnerschriwwen; ech war schonn **dräimol** a **Mikronesien**; ech fueren d'**nächst** **Woch** a

Mikronesien; ech kommen aus Mikronesien **Synonym** Federéiert Staate vu Mikronesien

Mikroorganismus Maskulinum (Pluriel Mikroorganismen / Mikroorganismussen)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Mikro-Organismus Maskulinum (Pluriel Mikro-Organismen / Mikro-Organismussen) - Variant vun **Mikroorganismus**

Mikrofon [mikrof'ɔ:n] Maskulinum (Pluriel Mikrofonen) - Variant vun **Mikrofon**

Mikroskop [mikrosk'ɔ:p] Maskulinum (Pluriel Mikroskopen / Mikroskoper) **DE** *Mikroskop* • **FR** *microscope* • **EN** *microscope* • **PT** *microscópio* **Beispill** Zelle gesäis de nëmmen ënner dem Mikroskop

mikroskopesch [mikrosk'ɔ:pəʃ] Adjektiv **1.** **DE** *mikroskopisch* [mithilfe des Mikroskops ausgeführt] • **FR** *microscopique* [au microscope] • **EN** *microscopic* [using a microscope] • **PT** *microscópico* [realizado com microscópio] **Beispill** d'Resultater vun der mikroskopescher Analys kréie mer an dräi Deeg **2.** **DE** *mikroskopisch* [sehr klein] • **FR** *microscopique* [très petit] • **EN** *microscopic* [very small] • **PT** *microscópico* [muito pequeno] **Beispiller** hien huet eng mikroskopesch Schrëft; déi Déiere si mikroskopesch (Kleng)

Mikrowell [m'ikro:væʎ] Femininum (Pluriel Mikrowellen) **1.** (meeschtens Pluriel) **DE** *Mikrowelle* [elektromagnetische Welle] • **FR** *micro-onde* [onde électromagnétique] • **EN** *microwave* [electromagnetic wave] • **PT** *micro-onda* [onda eletromagnética] **Beispill** Mikrowelle kënnen schiedlech sinn **2.** **DE** *Mikrowelle*, *Mikrowellenherd* • **FR** *micro-onde*, *four à micro-ondes* • **EN** *microwave* (oven) • **PT** *micro-ondas*, *forno de micro-ondas* **Beispill** ech hunn d'Tomatenzooss an der Mikrowell waarm gemaach

Milbenallergie [m'ilbənəlerʒi:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Milbenallergie* • **FR** *allergie aux acariens* • **EN** (house) *dust mite allergy* • **PT** *alergia aos ácaros* **Beispill** well eist Klengt eng Milbenallergie huet, muss ech d'Bettgezei dacks wäschen

Milieu [m'iljø:] Maskulinum (Pluriel Milieuen) **1.** **DE** *Milieu* [soziales Umfeld] • **FR** *milieu* (social) • **EN** *milieu* [social environment] • **PT** *meio* (social) **Beispiller** hien ass an engem räiche Milieu opgewuess; hie gouf dacks mat Leit aus dem (kriminellen) Milieu gesinn **2.** **DE** *Milieu*, *Lebensraum* • **FR** *milieu* (naturel) • **EN** *habitat* • **PT** *meio* (natural) **Beispill** d'Fiichtgeket ass en ideale Milieu fir Bakterien

Militär [milit'ɛ:g] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Militär* [Streitkräfte] • **FR** *armée* [force militaire] • **EN** *army* [military forces] • **PT** *exército* [forças militares] **Beispill** eisen Eelste wëllt spéiderhi bei d'Militär goen **Synonym** Arméi

Militärdéngscht [milit'ɛ:gdenʃt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Militärdienst*, *Wehrdienst* • **FR** *service militaire* • **EN** *military service* • **PT** *serviço militar* **Beispill** ech hu mäi Militärdéngscht virun iwwer 20 Joer gemaach

Militärdiktatur [milit'ɛ:gdiktatu:g] Femininum (Pluriel Militärdiktaturen) **DE** *Militärdiktatur* • **FR** *dictature militaire* • **EN** *military dictatorship* • **PT** *ditadura militar*

Beispill dat Vollek huet laang ënner enger Militärdiktatur gelidden

militäresch [milit'ɛ:rəʃ] Adjektiv **DE** *militärisch* • **FR** *militaire* <Adverb *militairement*> • **EN** *military* <Adverb *militarily*> • **PT** *militar* <Adverb *militarmente*> **Beispiller** den Offizier huet seng militäresch Ausbildung am Ausland gemaach; déi auslännesch Staatscheffin gouf mat militäreschen Eieren empfaangen

Militärmusek [milit'ɛ:gmuzeʎ] Femininum (Pluriel Militärmuseken) **DE** *Militärkapelle* • **FR** *fanfare militaire* [formation musicale] • **EN** *military band* • **PT** *banda militar* **Beispill** als Zugab huet d'Militärmusek zwee zackeg Märsch gespilt

Militärparad Femininum (Pluriel Militärparaden) **DE** *Militärparade* • **FR** *parade militaire*, *défilé militaire* • **PT** *parada militar* **Beispill** op Nationalfeierdag ass an der Stad eng Militärparad

Milkshake [m'ilkʃɛɪk] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Milkshake* [Getränk] • **FR** *milkshake* [boisson] • **EN** *milkshake* [drink] • **PT** *batido*, *milkshake* [bebida] **Beispill** an deem Café maachen se dee beschte Milkshake aus der ganzer Stad **2.** (Pluriel Milkshaken) **DE** (Glas) *Milkshake* • **FR** (verre de) *milkshake* • **EN** (glass of) *milkshake* • **PT** (copo de) *batido*, (copo de) *milkshake* **Beispill** ech maache mer e Milkshake mat Äerdbeer

Millbech [m'illbɛç] Eegennumm **DE** *Mühlbach* • **FR** *Mühlbach* • **EN** *Mühlbach* • **PT** *Mühlbach* **Beispiller** ech wunnen op der Millbech; fiert dese Bus op d'Millbech?

Millchen [m'illçən] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Mühle* [Brettspiel] • **FR** *jeu de moulin*, *marelle* • **EN** *nine men's morris* • **PT** *jogo do moinho* **Beispill** owes hu mir (eng Partie) Millche mat de Kanner gespilt

Millebaach [m'illəba:ç] Eegennumm **DE** *Mühlenbach* • **FR** *Mühlenbach* • **EN** *Mühlenbach* • **PT** *Mühlenbach* **Beispiller** ech wunnen an der Millebaach; fiert dese Bus an d'Millebaach?

Millen [m'illən] Femininum (Pluriel Millen) **1.** **DE** *Mühle* [Anlage, Gerät] • **FR** *moulin* [machine, appareil] • **EN** *mill* [mechanical device] • **PT** *moinho* [máquina, aparelho] **Beispiller** eise Bäcker kritt säi Miel vun enger Millen aus der Géigend; mir hunn doheem eng Millen, fir de Kaffi ze muelen; dat do ass Waasser op meng Millen! **[égs]** [dat do gétt menger Meenung méi Gewicht]; bass du op enger Millen op d'Welt komm? **[égs]** [= seet een zu engem, deen ëmmer ze haart schwätzt] **2.** **DE** *Mühle* [Gebäude] • **FR** *moulin* [bâtiment] • **EN** *mill* [building] • **PT** *moinho* [edifício] **Beispill** mir wunnen an enger aler Millen, déi mer restauréiert hunn

Millerad [m'illərə:t] Neutrum (Pluriel Millerieder) **DE** *Mühlrad* • **FR** *roue* (de moulin) • **EN** *mill wheel* • **PT** *roda* (de moinho) **Beispill** den Däch huet net genuch Waasser, fir d'Millerad ze dreiwien

Millesteen [m'illəfte:n] Maskulinum (Pluriel Millesteng) **DE** *Mühlstein* • **FR** *meule* (de moulin) • **EN** *millstone* • **PT** *mó* [de moinho] **Beispill** d'Käre goufen tëschent zwee Millesteng gemuel

Milliard [mili'a:rt] Femininum (Pluriel Milliarden) **DE** *Milliarde* • **FR** *milliard* • **EN** *milliard*, *billion* • **PT** *mil milhões*

Beispill de Verloscht chiffréiert sech op méi ewéi dräi Milliarden Euro

Milliardär [milj'ard'ɛ:ɐ̯] Maskulinum (Pluriel Milliardären) DE *Milliardär* • FR *milliardaire* • EN *billionaire* • PT *multimilionário, bilionário* Beispill de Milliardär huet eng héich Zomm fir d'Entwécklungshëllef gespent

W Weiblech Form: ♀Milliardärin

Milliardärin [milj'ard'ɛ:rɪn] Femininum (Pluriel Milliardärinnen) DE *Milliardärin* • FR (*femme*) *milliardaire* • EN *billionaire [female]* • PT *multimilionária, bilionária* Beispill d'Milliardärin ass fir hir generéis Done fir humanitär Zwecker bekannt

W Männlech Form: ♂Milliardär

Milligramm [m'iligr̥am] Maskulinum (Pluriel Milligramm) DE *Milligramm* • FR *milligramme* • EN *milligram* • PT *miligrama* Beispill an där Pëll si just zwee Milligramm Wirkstoff

W Milligramm gëtt mat **mg** ofgekierzt.

Milliliter [m'ililite] Maskulinum (Pluriel Milliliter) DE *Milliliter* • FR *millilitre* • EN *millilitre* • PT *mililitro* Beispill e puer Milliliter Blut ginn duer, fir déi Analys ze maachen

W Milliliter gëtt mat **ml** ofgekierzt.

Millimeeter Maskulinum (Pluriel Millimeeter) - Variant vun ♂Millimeter

W Millimeeter gëtt mat **mm** ofgekierzt.

Millimeeterkaree Maskulinum (Pluriel Millimeeterkaree) - Variant vun ♂Millimeterkaree

W Millimeeterkaree gëtt mat **mm²** ofgekierzt.

Millimeeterkibb Maskulinum (Pluriel Millimeeterkibb) - Variant vun ♂Millimeterkibb

W Millimeeterkibb gëtt mat **mm³** ofgekierzt.

Millimeterpabeier Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ♂Millimeterpabeier

Millimeter [milim'e:tɛ] Maskulinum (Pluriel Millimeter) DE *Millimeter* • FR *millimètre* • EN *millimetre* • PT *milímetro* Beispiller d'Briet ass aacht Millimeter déck; bei dëser Konstruktioun kënnt et op de Millimeter un; däi Rot bréngt mech kee Millimeter weider ^[ɛgs] [däi Rot bréngt mech guer net weider]

W Millimeter gëtt mat **mm** ofgekierzt.

Millimeterkaree Maskulinum (Pluriel Millimeterkaree) DE *Quadratmillimeter* • FR *millimètre carré* • EN *square millimetre* • PT *milímetro quadrado* Beispill wéi vill Millimeterkaree huet deen neien Timber? **Synonym** Quadratmillimeter

W Millimeterkaree gëtt mat **mm²** ofgekierzt.

Millimeterkibb Maskulinum (Pluriel Millimeterkibb) DE *Kubikmillimeter* • FR *millimètre cube* • EN *cubic millimetre* • PT *milímetro cúbico* Beispill wéi vill Millimeterkibb Waasser passen an dëst Glas? **Synonym** Kubikmillimeter

W Millimeterkibb gëtt mat **mm³** ofgekierzt.

Millimeterpabeier [milim'e:tɛpabaɪɐ̯] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Millimeterpapier* • FR *papier millimétré* • EN *graph paper* • PT *papel milimétrico* Beispill an der Schoul hu mir e Plang op Millimeterpabeier gezechent

Millionär [milj'on'ɛ:ɐ̯] Maskulinum (Pluriel Millionären) DE *Millionär* • FR *millionnaire* • EN *millionaire* • PT *milionario* Beispill de Millionär gouf vun de Gangster erpresst

W Weiblech Form: ♀Millionärin

Millionärin [milj'on'ɛ:rɪn] Femininum (Pluriel Millionärinnen) DE *Millionärin* • FR (*femme*) *millionnaire* • EN *millionaire [female]* • PT *milionária* Beispill déi prominent Millionärin huet eng grouss Spend fir d'Affer vun den Iwwerschwemmunge gemaach

W Männlech Form: ♂Millionär

Millioun [milj'əʊn] Femininum (Pluriel Milliounen) DE *Million* • FR *million* • EN *million* • PT *milhão* Beispill d'Entreprise huet d'lescht Joer en Ëmsatz vu ronn dräi Milliounen Euro gemaach

Milliounenhéicht [milj'əʊnənɦɛɪçt] Femininum (kee Pluriel) a Milliounenhéicht DE *in Millionenhöhe* • FR *d'un montant de plusieurs millions* • EN *in the millions* • PT *de vários milhões* Beispill de bankrotte Betrib huet Scholden a Milliounenhéicht

Mimik Femininum (Pluriel Mimiken)

W Hei entsteet en neien Artikel.

Mindestalter [m'indəstaltɛ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Mindestalter* • FR *âge minimum* • EN *minimum age* • PT *idade mínima* Beispill de Mindestalter, fir bei dëser Formatioun matzemaachen, ass 16 Joer

mussen [m'usən] Modalverb (Hëllefverb hunn, Participe passé missen / mussen) **1. DE** müssen [unbedingt] • **FR** devoir [impérativement] • **EN** to have to, must [to be obliged to] • **PT** ter de [sem falta] **Beispiller** jidderee muss d'Sécherheetsvirschrëften anhalen; wann d'Péng net vergeet, da muss de bei den Dokter goen!; bei esou enger gudder Offer hunn ech einfach missen zougräifen!; du muss mer net hëllef, ech ginn eleng eens!; de Kontrakt muss nach haut ënnerschrivwe ginn; hei ass näischt ze mussen! ^[ëgs] [hei kann ee keen zu eppes zwéngen!] **2. DE** müssen [eigentlich, normalerweise] • **FR** devoir [en principe] • **EN** should [to be probable] • **PT** dever [em princípio] **Beispiller** meng Mamm muss all Abléck heemkommen; dem Dokter no misst mäi Mann geschwënn erëm op de Bee sinn; ech hätt missen um dräi Auer beim Nottär sinn **3. DE** müssen [höchstwahrscheinlich, vermutlich] • **FR** devoir [selon toute vraisemblance] • **EN** must [very likely] • **PT** dever [segundo todas as probabilidades] **Beispiller** et muss hënt kal gewiescht sinn; hie muss de Bus verpasst hunn, soss wier e schonn hei; hien ass esou bleech am Gesicht, e muss krank sinn

i Amplaz vun engem Participe passé féinnt ee bei dësem Verb en Ersatzinfinitiv (huet musse/misse froen). Donieft existéieren och hybrid Formen (mussten, missten), déi sech strukturell um Imparfait resp. um Conditionnel orientéieren.

mussen [m'usən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gemusst)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Mussesaach [m'usəzɑ:χ] Femininum (kee Pluriel) eng Mussesaach sinn **DE** *ein Muss sein* • **FR** *être une obligation* • **EN** *to be a must* • **PT** *ser uma obrigação* **Beispill** ech wier frou, wann s de mer géifs hëllef, et ass awer keng Mussesaach

Muster [m'uste] Neutrum (Pluriel Musteren / Muster) **1. DE** *Muster* [Verzierung] • **FR** *motif* [ornement] • **EN** *pattern* [decoration] • **PT** *motivo* [ornamento] **Beispiller** de Bord vum Teller ass mat engem schéine Muster dekoréiert; ech hunn net gär eng Tapéit mat ze vill Musteren **2. DE** *Muster* [Warenprobe] • **FR** *échantillon* [de merchandise] • **EN** *sample* [of goods] • **PT** *amostra* [de mercadoria] **Beispill** d'Geschäft hat vun all Riddosstoff Musteren a verschidene Faarwen **3. DE** *Muster* [Vorlage] • **FR** *patron* [de fabrication], *modèle* • **EN** *pattern* [modell] • **PT** *padrão* [de fabricação], *modelo* **Beispill** an enger Zäitschréft hunn ech e schéint Muster fir e Rack fonnt **Synonym** Modell **4. DE** *Muster* [Vorbild] • **FR** *(exemple) modèle* • **EN** *model* [paragon] • **PT** *(exemplo) modelo* **Beispill** dat ass e Muster vun engem Eedem! **Synonym** Musterbeispill

Musterbeispill [m'ustebaɪspil] Neutrum (Pluriel Musterbeispiller) **DE** *Musterbeispiel* • **FR** *(exemple) modèle* • **EN** *prime example* • **PT** *(exemplo) modelo* **Beispill** seng Aarbecht ass e Musterbeispill vu Fläiss **Synonym** Muster

musteren [m'ustəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gemustert) » **transitiv** **1. DE** *mustern* [be-trachten] • **FR** *examiner, toiser* • **EN** *to scrutinize, to look up and down* • **PT** *examinar, medir de alto a baixo* **Beispill** si hu mech vu Kapp bis Fouss gemustert **2. DE** *mustern* [auf Militärdiensttauglichkeit prüfen] • **FR** *faire passer les tests de sélection militaire à* • **EN** *to give a medical* [for military service] • **PT** *fazer passar a inspeção militar a* **Beispill** d'Rekrutte ginn dräi Deeg laang gemustert

Musterschüler [m'ustɛfj:lɛ] Maskulinum (Pluriel Musterschüler) **DE** *Musterschüler* • **FR** *élève modèle* • **EN** *model pupil* • **PT** *aluno-modelo* **Beispill** hie war an der Schoul ëmmer e Musterschüler

i Weiblech Form: ↗Musterschülerin

Musterschülerin [m'ustɛfj:ləɾin] Femininum (Pluriel Musterschülerinnen) **DE** *Musterschülerin* • **FR** *élève modèle* [femme, fille] • **EN** *model pupil* [female] • **PT** *aluna-modelo* **Beispill** hatt war an der Schoul ëmmer eng Musterschülerin

i Männlech Form: ↗Musterschüler

Mustertabell Femininum (Pluriel Mustertabellen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Musterung [m'ustəɾuŋ] Femininum (Pluriel Musterungen) **DE** *Musterung* [Militärdiensttauglichkeitsprüfung] • **FR** *tests de sélection militaire* • **EN** *military ap-*

titude tests, physical • **PT** *inspeção militar* **Beispill** d'Musterung vun de Rekrutten dauert dräi Deeg

Mustik [m'ustik] Femininum (Pluriel Mustiken) **DE** *Stechmücke* • **FR** *moustique* • **EN** *mosquito* • **PT** *mosquito, melga* **Beispiller** ech si vun enger Mustik gepickt ginn; hu mir kee Spray géint d'Mustiken?

Mutant Maskulinum/Femininum (Pluriel Mutanten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Mutatioun [mutasj:'əʊŋ] Femininum (Pluriel Mutatiounen) **1. [Biologie]** **DE** *Mutation* • **FR** *mutation* • **EN** *mutation* • **PT** *mutação* **Beispill** duerch Mutatioun entstinn ëmmer nei Viren **2. DE** *(dienstliche) Versetzung* • **FR** *mutation* [professionnelle] • **EN** *(professional) transfer* • **PT** *transferência* (profissional) **Beispill** ech hunn eng Mutatioun fir an d'Ausland ugefrot **Synonym** Versetzung

mutéieren [mut'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé mutéiert) » **intransitiv** **[Biologie]** **DE** *mutieren* • **FR** *muter* • **EN** *to mutate* • **PT** *sofrer uma mutação* **Beispill** et gëtt analyséiert, ob deen neie Virus scho mutéiert huet oder net

muten [m'ju:tən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gemute) » **transitiv** **DE** *stumm schalten* • **FR** *couper* [le son] • **EN** *to mute* [the sound] • **PT** *cortar* [o som] **Beispiller** ech verstinn dech ganz schlecht, kanns de wannechgelift de Fernsee muten?; mir héieren dech net, däi Mikro ass nach gemute; ech héieren dech net, du bass sécher nach gemute [ech héieren dech net, däi Mikro ass sécher nach gemute]

Mutfert [m'utfet] Eegennumm **DE** *Mutfort* • **FR** *Moutfort* • **EN** *Moutfort* • **PT** *Moutfort* **Beispiller** ech wunnen zu Mutfert; fiert dëse Bus op Mutfert?

Mutilatioun [mytilasj:'əʊŋ] Femininum (Pluriel Mutilatiounen) **DE** *Verstümmelung* • **FR** *mutilation* [physique] • **PT** *mutilação* [de uma parte do corpo] **Beispill** d'Beschneidung bei de Meedercher ass eng Form vu Mutilatioun **Synonym** Verstümmelung

mutiléieren [mytil'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé mutiléiert) » **transitiv** **DE** *verstümmeln* • **FR** *mutiler* • **PT** *mutilar, estropiar* **Beispill** haut ginn ëmmer nach Zivilisten duerch Minne mutiléiert **Synonym** verstümmelen

Mutsch [mutʃ] Femininum (Pluriel Mutschen) **[vulgär]** **DE** *Fotze, Möse* • **FR** *chatte* [sexe de la femme] • **EN** *pussy, cunt* • **PT** *rata* [sexo da mulher] **Beispill** eise Krappert wollt wëssen, ob och Jongen eng Mutsch hätten **Synonym** Fotz

Mutt [mut] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** *Mut* [Tapferkeit] • **FR** *courage* [bravoure] • **EN** *courage* [bravery] • **PT** *coragem* [bravura] **Beispiller** si haten de Mutt, sech géint d'Ongerechtegkeeten ze wieren; de Mutt huet déi jonk Sängerin verlooss, wéi se sollt op d'Bün klammen **Synonym** Courage **2. DE** *Mut* [Lebensmut] • **FR** *courage* [goût à la vie, énergie] • **EN** *courage* [courage to face life] • **PT** *coragem, ânimo* **Beispill** deng léif Wiederer hu mer erëm Mutt gemaach **Synonym** Courage

Mutter Femininum (Pluriel Mutteren) - Kuerzform vun ↗Mutter Oberin

Muttergottes [muteg'otəs] Femininum 1. (kee Pluriel) **DE** *Muttergottes* [Mutter Jesu] • **FR** (*Sainte*) *Vierge, Vierge Marie* • **EN** *Virgin Mary* • **PT** (*Santa*) *Virgem, Virgem Maria* **Beispill** d'*Muttergottes* ass dem Meedchen an der Grott erschéngen **2.** (Pluriel *Muttergottessen*) **DE** *Muttergottes* [Marienbild] • **FR** *Vierge* [statue, tableau] • **EN** *madonna* [picture, statue] • **PT** *Virgem* [estátua, quadrol] **Beispiller** déi Gleeweg hunn en neie Rack fir d'*Muttergottes* gestëft; am Musée vum Doum ass den Ament eng Ausstellung iwwer romanesch *Muttergottessen*

Muttergottesoktav Eegennumm **DE** *Muttergottesoktav* [Wallfahrt in Luxemburg] • **FR** *octave de Notre-Dame de Luxembourg* [pèlerinage à Luxembourg] • **PT** *oitava em honra de Nossa Senhora, padroeira da cidade de Luxemburgo* [peregrinação no Luxemburgo] **Beispill** zu Lëtzebuerg ass d'*Muttergottesoktav* en Héichpunkt am Kierchejoer

i Kuerzform: *Oktav*

i D'Ufäng vun der *Muttergottesoktav* ginn zeréck bis an d'17. Joerhonnert. Déi Zäit goufen d'Leit ëmmer erëm mat der Pescht an dem Krich konfrontéiert an se hunn Trouscht an Hoffnung am Glawe gesicht. Aus deem Grond sinn der ëmmer méi bei d'Statu vun der *Muttergottes*, där en ettlech Wonner nagesot goufen, an déi kleng Glaciskapell op de Lampertsberg gepilgert. Weinst deem groussen Undrang gouf d'*Muttergottesstatu* no e puer Joer fir eng Woch, also eng *Oktav*, an d'Kathedral bruecht an do vun de Pilger veréiert. No där Woch gouf se en enger feierlecher Schlusspressiouun nees zeréck an d'Glaciskapell gedroen. Aus där enger *Oktav*woch sinn der mat der Zäit zwou ginn: Eis haiteg *Muttergottesoktav*, am Volleksmond einfach *Oktav* genannt, fänkt traditionell den drëtte Sonndeg no Ouschteren un an dauert 2 Wochen. Se gehéiert haut zu den immaterielle Kulturgidder vum Land.

Mutter Oberin Femininum (Pluriel *Mutter Oberinnen*) **Relioun** **DE** *Mutter Oberin* [Vorsteherin eines Klosters] • **FR** *mère supérieure* [qui dirige un couvent] • **PT** *madre superiora* [que dirige um convento] **Beispill** d'*Mutter Oberin* huet d'Novizinnen am Klouschter empfaangen

i Kuerzform: *Mutter*

Muttwëll [m'utvəl] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Übermut* [Leichtsinn, Ausgelassenheit] • **FR** *inconscience, exubérance* • **EN** *exuberance, recklessness* • **PT** *inconsiência, exuberância* **Beispill** aus puerem *Muttwëll* ass hie mam Vélo d'Trap erofgefuer **2.** **DE** *Verschwendung, Missbrauch* • **FR** *gaspillage, abus* • **EN** *wastefulness* • **PT** *desperdício, esbanjamento* **Beispiller** et ass net, fir *Muttwëll* mam Drénkwaasser ze dreiwen; et wier net vu *Muttwëll*, wa mer d'Fënstere géifen usträichen **egs** let wier néideg, datt mer d'Fënstere usträichen]

muttwëlleg [m'utvələç] Adjektiv **1.** **DE** *übermütig, aufgedreht* • **FR** *exubérant, irréfléchi* • **EN** *cocky, conceited* • **PT** *exuberante, irrefletido* **Beispill** wann et de Leit ze gutt geet, da gi se gär *muttwëlleg* **2.** **DE** *unnötig* [überflüssig] • **FR** *inutile* [superflu] <Adverb *inutilement*> • **EN** *unnecessary* <Adverb *unnecessarily*> • **PT** *escusado* [dispensável, inútil] <Adverb *escusadamente*> **Beispiller** deng domm Remarke féieren nëmme zu *muttwëllege* Streidereien; et soll een en Hond net *muttwëlleg* ustrécken

muttwëlles [m'utvələs] Adverb **DE** *unnötig, unnötigerweise* • **FR** *inutilement* • **EN** *unnecessarily* • **PT** *escusa-*

damente, inutilmente **Beispill** et soll een en Hond net *muttwëlles* ustrécken

Mutz [muts] Femininum (Pluriel *Mutzen*) **DE** *Mütze* [Strickmütze] • **FR** *bonnet* • **EN** *hat* [woollen] • **PT** *gorro, capapuço* **Beispill** do eng *Mutz* op de Kapp, soss kriss de kal Oueren!

Muuscht [mu:ʃt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Moder* • **FR** *moisi* • **EN** *mildew* • **PT** *bolor* **Beispill** d'Mauere si ficht a voller *Muuscht*

muuschteg [m'u:ʃtəç] Adjektiv **DE** *moderig* • **FR** (*ayant une odeur de*) *moisi* • **PT** (*que cheira*) *a mofo* **Beispiller** dee *muuschtege* Geruch klëmmt engem an d'Nues; gehei déi *muuschteg* Spulllomp an d'Wäsch!; am Keller richt et *muuschteg*

Müüsli Maskulinum (Pluriel *Müüslien*) **DE** *Müsli* • **FR** *muesli* • **EN** *muesli* • **PT** *muesli* **Beispiller** ech géif jo alt *Müüsli* iessen, wa keng Korinten dra wieren!; ech maachen ëmmer e bësse *Jugurt* a mäi *Müüsli*

Müüsliriegel Maskulinum (Pluriel *Müüsliriegelen*) **DE** *Müsliriegel* • **FR** *barre de céréales* • **PT** *barra de cereais* **Beispill** wann ech wandere ginn, huelen ech mer ëmmer e *Müüsliriegel* mat fir ënnerwee

Muuss [mu:s] Femininum (Pluriel *Muussen*) **1.** **egs** **DE** *Mieze* [Katze] • **FR** *minou, minet* [chat] • **EN** *pussy cat* • **PT** *bichano* **Beispill** op der *Trap* sëtzt eng déck, fett *Muuss* **Synonym** *Kaz* **2.** **DE** *Staubflocke* • **FR** *mouton, chaton* [de poussière] • **EN** *fluff* [of dust] • **PT** *catão* [de pó] **Beispill** ech hunn d'*Muussen* ënner dem Bett erausgekiert

muusseg [m'u:səç] Adjektiv **DE** *flauschig* • **FR** *moelleux, duveteux* • **EN** *soft, fluffy* [to the touch] • **PT** *macio, felpudo* **Beispill** d'Kanéngchen huet e *muussege* Pelz

Myanmar [mianm'a:r] Maskulinum (Pluriel *Myanmaren*) **DE** *Myanmar* • **FR** *Birman* • **EN** *Burmese* • **PT** *mianmarese* **Beispill** mäi beschte Frënd ass *Myanmar*

Myanmar [mianm'a:r] Eegennumm, Maskulinum **DE** *Myanmar* • **FR** *Myanmar* • **EN** *Myanmar* • **PT** *Mianmar* **Beispiller** ech war schonn dräimol am *Myanmar*; ech fuere d'nächst Woch an de *Myanmar*; ech kommen aus dem *Myanmar*

i männlech Persoun: ↗*Myanmar* weiblech Persoun: ↗*Myanmarin* Adjektiv: ↗*myanmaresch* Haaptstad: ↗*Naypyidaw*

myanmaresch [mianm'a:rəʃ] Adjektiv **DE** *myanmarrisch* • **FR** *myanmarais* • **EN** *Myanmarian* • **PT** *mianmarese* **Beispill** op eiser *Rees* hu mir déi *myanmaresch* Kultur kenne geléiert

Myanmarin [mianm'a:rin] Femininum (Pluriel *Myanmarinnen*) **DE** *Myanmarin* • **FR** *Birmane* • **EN** *Burmese* [female] • **PT** *mianmarese* **Beispill** meng bescht Frëndin ass *Myanmarin*

Myasthenie [miaste:n'i:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Myasthenie, Muskelschwäche* • **FR** *myasthénie* • **EN** *myasthenia, muscle weakness* • **PT** *miastenia* **Beispill** *Myasthenie* kann d'*Suite* si vun enger harmloser *Iwwerbelaschtung* vum *Kierper* oder vun enger uerger *Erkrankung* **Synonym** *Muskelschwächt*

Myom [m'io:m] Maskulinum (Pluriel *Myomen*) **DE** *Myom* • **FR** *myome* • **EN** *myoma, fibroid* • **PT** *mioma* **Beispill**

de Grond fir meng staark Bluddunge sinn e puer gréisser Myomen an der Gebärmutter

Myopathie [miopat'i:] Femininum (Pluriel Myopathien) **DE** *Myopathie* • **FR** *myopathie* • **EN** *myopathy* • **PT** *miopatia* **Beispill** ënner de Begrëff Myopathie falen eng Rei vu Krankheeten, bei deenen eng Muskel-erkrankung am Spill ass

mysteriéis [miste:R|'ɛIS] Adjektiv **DE** *mysteriös* • **FR** *mystérieux* • **EN** *mysterious* • **PT** *misterioso* **Beispill** all wichteg Ënnerlage sinn op eng mysteriéis Aart a Weis verschwonnen **Synonym** geheimnisvoll

i Variant: *mysteriös*

mysteriös [misteri|'ø:s] Adjektiv - Variant vun **↗** mysteriéis

mystesch [m'istəʃ] Adjektiv **1.** **DE** *mystisch* [*die Mystik betreffend*] • **FR** *mystique* • **EN** *mystical* [*spiritual*] • **PT** *místico* [*relativo à mística*] **Beispill** hien huet e Buch iwwer seng mystesch Erfarunge geschriwwen **2.** **DE** *mystisch* [*geheimnisvoll*] • **FR** *mystérieux* [*insolite, empreint de mystère*] • **EN** *mysterious* • **PT** *místico* [*misterioso*] **Beispill** an där raffinéiert beliichter Grott war eng mystesch Atmosphär

mystifizéieren [mistifits'ɛIƏRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé mystifizéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Mystik [m'istik] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Mystik* • **FR** *mysticisme, mystique* • **EN** *mysticism* • **PT** *misticismo, mística* **Beispill** meng Mamm liest neierdéngs Bicher iwwer Mystik

Mystiker [m'istike] Maskulinum (Pluriel Mystiker) **DE** *Mystiker* • **FR** *mystique* [*personne*] • **EN** *mystic* • **PT** *místico*

Beispill vill **Mystiker** hunn hir Iddien niddergeschriwwen

i Weiblech Form: **↗** *Mystikerin*

Mystikerin [m'istikərin] Femininum (Pluriel Mystikerinnen) **DE** *Mystikerin* • **FR** (*femme*) *mystique* • **EN** *mystic* [*female*] • **PT** *mística* [*mulher*] **Beispill** als **Mystikerin** probéiert hatt, mat verschiddene Praktiken eng Balance an der Welt ze fannen

i Männlech Form: **↗** *Mystiker*

Mythe [mit] Maskulinum (Pluriel Mythen) - Variant vun **↗** Mythos

mythologesch [mitol'o:gəʃ] Adjektiv **DE** *mythologisch* • **FR** *mythologique* • **EN** *mythological* • **PT** *mitológico* **Beispill** déi antik Freske stelle mythologesch Zeenen duer

Mythologie [mitoloʒ'i:] Femininum (Pluriel Mythologien) **DE** *Mythologie* • **FR** *mythologie* • **EN** *mythology* • **PT** *mitologia* **Beispiller** an der **Mythologie** ass den Draach eng Haaptfigur; eise Professor weess vill iwwer d'**Mythologie**

Mythos [m'itos] Maskulinum (Pluriel Mythossen / Mythen) **1.** **DE** *Mythos* [*Überlieferung*] • **FR** *mythe* [*légende*] • **EN** *myth* [*legend*] • **PT** *mito* [*lenda*] **Beispiller** dëse **Mythos** fënnt een a ville Kulturen erëm; déi griichesch **Mythossen** hu mech nach ëmmer faszinéiert **2.** **DE** *Mythos* [*Person, Sache, Begebenheit*] • **FR** *mythe* [*personne, chose, événement*] • **EN** *myth* [*person, thing, event*] • **PT** *mito* [*pessoa, coisa, evento*] **Beispiller** dëse grouse Komponist war schonn zu Liefzäiten e **Mythos**; deen Autosmodell ass e richtege **Mythos** ginn

i Variant: *Mythe*

N

N Maskulinum (Pluriel N-en / N) DE N [Buchstabe] • FR *n [lettre]* **Beispill** ech kréien deng M-en net vun dengem N-en ënnerscheet

Naachen [n'a:χən] Maskulinum (Pluriel Naachen) DE *Nachen* • FR *barque* • EN *dinghy, rowing boat* • PT *barca* **Beispill** si hu mam Naachen en Tour iwwer de Séi gemaach

naass [na:s] Adjektiv **1.** DE *nass [feucht]* • FR *mouillé* • EN *wet* • PT *molhado* **Beispiller** op deenen naasse Plättercher rëtscht ee gären aus; dréck deen naasse Schwamp aus, fir datt e kann dréchnen!; pass op, datt s de dech net naass méchs! **2.** DE *nass, verregnet* • FR *humide, pluvieux* • EN *wet [rainy]* • PT *húmido, chuvoso* **Beispiller** dëst Joer hate mer en naasse Summer; et war esou naass, datt d'Fruucht um Hallem gefault ass

naasskal [na:sk'a:l] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

nabbelen [n'abələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé genabbelt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

nach [nɑχ] Adverb **1.** DE *noch [außerdem, zusätzlich]* • FR *encore [en plus]* • EN *more [in addition]* • PT *ainda, mais [além disso]* **Beispiller** däerf ech Iech nach eppes zerwéieren?; setz nach zwee Telleren op den Dësch!; Dir musst Iech nach e puer Minutte gedëllegen; där Eefalten do gëtt et nach! **2.** nach (ëmmer) DE *(immer) noch [weiterhin]* • FR *encore, toujours* • EN *still [even now, even then]* • PT *ainda, sempre* **Beispiller** bis e Sonndeg sinn ech nach zu Land; hie gesäit nach (ëmmer) jonk aus; dän Auto ass nach ewéi nei; an der Zäit hunn d'Fraen d'Gezei nach um Buer gewäsch **3.** nach (net) DE *noch (nicht) [bisher]* • FR *(pas) encore [jusqu'à présent]* • EN *(not) yet* • PT *ainda (não) [até agora]* **Beispiller** dee Problem hat ech nach net; hien hat nach ni eng Frëndin **4.** DE *noch [bis zu einem bestimmten Zeitpunkt]* • FR *encore [jusqu'à un certain moment]* • EN *still [later]* • PT *ainda [até certo momento]* **Beispiller** denk drun, du muss d'Affekotin nach bezuelen; maach e bësse virun, ech muss nach akafe goen; ech weess net, ob mer dat do nach alles gemaach kréien; hues du däi Grousspapp nach kennt? **5.** DE *noch [(knapp) innerhalb einer Grenze, einer Norm]* • FR *encore [(tout juste) en deçà d'une limite]* • EN *still [within a limit]* • PT *ainda [sem passar de um limite]* **Beispiller** den Terrain läit nach am Perimeter; entsprécht dat nach de Virschrëften?; dat do geet nach esou just! **6.** DE *noch [vor einer anderen Handlung]* • FR *encore [avant de passer à autre chose]* • EN *just [before a different action]* • PT *ainda [antes de passar a outra coisa]* **Beispill** ech brutsche mir emol nach an aller Rou eng Klenggekeet an da kënne mir fueren **7.** DE *noch [erst]* • FR *encore [pas plus tard que]* • EN *just [not long ago]* • PT *ainda [há pouco]* **Beispill** ech sinn em d'éinescht nach begéint **8.** nach (méi) DE *noch (mehr)* • FR *encore (plus)* • EN *still (more), even (more)* • PT *ainda (mais)* **Beispiller** et ass ze fäerten, datt d'Situatioun nach méi uerg gëtt; dat ass nach besser! **9.** just nach / nëmmen nach DE *nur noch [nichts ande-*

res als] • FR *plus que [exclusivement]* • EN *only [nothing but]* • PT *(já) só [exclusivamente]* **Beispill** well ech just nach mäin Handy benotzen, hunn ech den Hausteleson ofgemellt **Synonym** nëmme méi

nach [nɑχ] Konjunktioun weeder ... nach DE *weder ... noch* • FR *ni ... ni* • EN *neither ... nor* • PT *nem ... nem* **Beispill** si kënne weeder liesen nach schreiwen

nach Partikel DE *noch* • FR *[sert à nuancer l'expressivité d'un énoncé]* • EN *[used to nuance the expressiveness of a statement]* • PT *[serve para matizar a expressividade de um enunciado]* **Beispiller** bleift beieneen, net datt mer um Enn nach ee vun iech verléieren!; du wäerts dech nach wonneren!; et wäert ee jo nach därefer froen!; dat wier jo elo nach déi Bescht, wann hie fir seng Lidderegkeet géif belount ginn!

Nacher [n'ɑχe] Eegennumm DE *Nocher* • FR *Nocher* • EN *Nocher* • PT *Nocher* **Beispiller** ech wunnen zu Nacher; fiert dëse Bus op Nacher?

Nacher Strooss [n'ɑχe|tr'o:s] Eegennumm DE *Nocherstraße* • FR *Nocher-Route* • EN *Nocher-Route* • PT *Nocher-Route* **Beispiller** ech wunnen op der Nacher Strooss; fiert dëse Bus op d'Nacher Strooss?

nach ewell Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

nächst [n'ækst] Adjektiv **1.** DE *nächste [räumlich]* • FR *prochain [dans l'espace]* • EN *next [in space]* • PT *próximo [seguinte no espaço]* **Beispill** fuer déi nächst Strooss léns eran! **2.** DE *nächste [zeitlich]* • FR *prochain [dans le temps]* • EN *next [in time]* • PT *próximo [seguinte no tempo]* **Beispiller** d'nächst Woch fuere mir a Frankräich; déi nächste Kéier muss de besser oppassen!; deen Nächsten, wannechgelift!

Nächstelëift [n'ækstəlɛɪft] Femininum (kee Pluriel) DE *Nächstenliebe* • FR *amour du prochain* • EN *neighbourly love [love for one's fellow man]* • PT *amor ao próximo* **Beispill** meng net, hie géif der aus puerer Nächstelëift hëllef!

Nacker [n'ake] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Perlmutter* • FR *nacre* • EN *mother-of-pearl* • PT *nácar, madreperola* **Beispill** d'Knäpp u menger Blus sinn aus Nacker

Näerden [n'ɛ:ɛdən] Eegennumm DE *Noerdlingen* • FR *Noerdange* • EN *Noerdange* • PT *Noerdange* **Beispiller** ech wunnen zu Näerden; fiert dëse Bus op Näerden?

Näertrech [n'ɛ:ɛtrɛç] Eegennumm DE *Noertringen* • FR *Noertrange* • EN *Noertrange* • PT *Noertrange* **Beispiller** ech wunnen zu Näertrech; fiert dëse Bus op Näertrech?

i Lokalvariant: Näertrich

Näertrich [n'ɛ:ɛtrɪç] Eegennumm - Variant vun ↗Näertrech

Näerzeng [n'ɛ:ɛtsɛŋ] Eegennumm DE *Noertzingen* • FR *Noertzange* • EN *Noertzange* • PT *Noertzange* **Beispiller** ech wunnen zu Näerzeng; fiert dëse Bus op Näerzeng?

Nagedéier [n'a:gədʒiɐ] Neutrum (Pluriel Nagedéieren) **DE** *Nagetier* • **FR** *rongeur* • **EN** *rodent* • **PT** *roedor* **Beispill** d'Sumpfspätzmaus ass en Nagedéier, dat bei Baache leeft **Synonym** Nager

Nagellackentferner Maskulinum (Pluriel Nagellackentferner) **DE** *Nagellackentferner* • **FR** *dissolvant* [pour vernis à ongles] • **PT** *dissolvente de verniz* **Beispill** ech wëll meng Neel ofmaachen, hues du Nagellackentferner? **Synonym** Dissolvant

Nager Maskulinum (Pluriel Nageren) **DE** *Nager*, *Nagetier* • **FR** *rongeur* • **EN** *rodent* • **PT** *roedor* **Beispill** d'Kleng Feldmaus ass dee klengsten Nager, deen an Europa leeft **Synonym** Nagedéier

Näid [næ:ɪt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Neid* • **FR** *jaalousie* [envie] • **EN** *envy*, *jealousy* • **PT** *inveja* **Beispiller** mäi Brudder huet mir vun elauter Näid mäin Handy futti gemaach; hie gouf gréng a giel vun Näid [égs] [hie gouf fierchterlech neidesch]; wéi hatt mäi Rack gesinn huet, ass et bal vun Näid gebascht [égs] [wéi hatt mäi Rack gesinn huet, ass et fierchterlech neidesch ginn]; du hues wierklech schéin Hoer, dat muss den Näid der loossen [égs] [du hues wierklech schéin Hoer, dat muss een zouginn]; ierger dech net iwwer d'Noperen, aus deene schwätzt just den Näid! [égs] [ierger dech net iwwer d'Noperen, well se schwätze just aus Näid!]

Näidsen [n'æ:ɪtʒən] Eegennumm **DE** *Neidhausen* • **FR** *Neidhausen* • **EN** *Neidhausen* • **PT** *Neidhausen* **Beispiller** ech wannen zu Näidsen; fiert dese Bus op Näidsen?

näipen [n'æ:ɪpən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **genäipt**) » **intransitiv** **DE** *schlummern*, *dösen* • **FR** *sommeiller*, *somnoler* • **EN** *to doze* • **PT** *dormitar* **Beispill** de Pätter souz op der Bänk ze näipen **Synonym** tompen

i Verb, dat **näipen** als Basis huet: ↗annäipen

Nairobi Eegennumm **DE** *Nairobi* • **FR** *Nairobi* • **PT** *Nairóbi* **Beispill** Nairobi ass d'Haaptstad vum Kenia

Näischnotz [n'æ:ɪfnots] Maskulinum (Pluriel Näischnotzen) **1. DE** *Schlingel*, *Schelm* • **FR** *coquin*, *polisson* • **EN** (little) *rascal* • **PT** *traquinas*, *gaiato* **Beispill** dee klengen Näischnotz huet der Bomi de Brëll verstoppt **Synonym** Näischtert **2. DE** *Spitzbube*, *Gauner* • **FR** *filou*, *arnaqueur* • **EN** *crook* • **PT** *vigarista*, *trapaceiro* **Beispill** deen Näischnotz huet mech schéin erageluecht! **Synonym** Spätzboub

näischnotzeg [n'æ:ɪfnotsəç] Adjektiv **DE** *verschmizt*, *schelmisch* • **FR** *coquin*, *espégle* <Adverb de manière *espégle*> • **EN** *cheeky* <Adverb *cheekily*> • **PT** *manhoso*, *maroto* <Adverb *marotamente*> **Beispiller** dee Bouf huet esou eng näischnotzeg Kuck!; firwat laachs de esou näischnotzeg, hues de eng gestiicht?

näischt [næ:ɪft] Indefinitpronomen » Singulier / sächlech / Nominativ **1. DE** *nichts* • **FR** *rien* (de) • **EN** *nothing* • **PT** *nada* (de) **Beispiller** als Kanner konnt näischt si trennen; et gött an där Affär näischt Neies ze erzielen **2. [égs]** mir näischt, dir näischt **DE** *mir nichts*, *dir nichts* • **FR** *sans plus de façons*, *de but en blanc*, *sans gêne* • **EN** *just like that* • **PT** *sem rodeios*, *sem mais nem menos*, *sem vergonha* **Beispiller** d'Vendeuse huet mer de Pullover mir näischt, dir näischt emgetosch; de Kon-

trakt war mir näischt, dir näischt opgesat an ennerschriwwen; du kanns dech dach net mir näischt, dir näischt hiewen a goen, wann der eppes net passt!; hien huet sech mir näischt, dir näischt bei eis un den Dësch gesat a mat giess » Singulier / sächlech / Akkusativ **3. DE** *nichts* • **FR** *ne ... rien* (de) • **EN** *nothing* • **PT** (nã ...) *nada* (de) **Beispiller** enner deem Numm fanen ech näischt am Telefonsbuch; du hues haut nach näischt Frëndleches zu mir gesot! **4. fir** näischt **DE** *umsonst*, *gratis* • **FR** *gratuitement* • **EN** *for nothing*, (for) *free*, *free of charge* • **PT** *de graça*, *grátis* **Beispiller** als Eisebunner konnt een nach ëmmer fir näischt mam Zuch fueren; am Liewe kritt een näischt fir näischt! [am Liewe muss ee sech Méi ginn, fir zu eppes ze kommen] **Synonym** gratis **5. fir** näischt **DE** *umsonst* [vergebens] • **FR** *inutilement*, *en vain* • **EN** *for nothing*, *in vain* • **PT** *inutilmente*, *em vão* **Beispill** ech sinn net fir näischt opgestanen **Synonym** émsoss **6. fir** näischt **DE** *umsonst* [ohne Grund] • **FR** *sans raison* • **EN** *for nothing*, *without reason* • **PT** *sem razão* **Beispill** den Tubak gött net fir näischt als eng Gefor fir d'Gesondheet ugesinn **Synonym** émsoss » Singulier / sächlech / Dativ **7. DE** *nichts* • **FR** (ne ...) *rien* (de) • **EN** *nothing* • **PT** (nã ...) *nada* (de) **Beispill** dee Kärele ass awer och mat näischt zefridden!

i „et ass sech näischt ze ...“ kritt een an der Émgangssprooch geäntwert, wann een op eng sec Aart a Weis e Wonsch refuséiert kritt: Ech wëll raschten – Hei ass sech näischt ze raschten! Déi Konstruktioun kann och mat Substantive benotzt ginn, déi dann an enger dacks erfonnter Verbform virkommen: Ech hätt ëmmer gär e Vëlo gehat, mee bei eis doheem war sech näischt ze véloen! Am Hotel wollte mer eng Omlett beim Kaffi, mee do war sech näischt ze omletten!

Näischtert [n'æ:ɪftet] Maskulinum (Pluriel Näischterten) [égs] **DE** *Nichtsnutz*, *Schlingel*, *Spitzbube* • **FR** *vaurien*, *filou*, *coquin* • **EN** (little) *rascal*, *tinker* • **PT** *bada-meco*, *traquinas*, *malandrete* **Beispill** soll de Kleeschen dir klengen Näischtert alt eppes bréngen? **Synonymmen** Näischnotz, Spätzboub

naiv [na'i:f] Adjektiv **DE** *naiv* • **FR** *naïf* <Adverb *naïvement*> • **EN** *naive*, *naïve* <Adverb *naively*, *naively*> • **PT** *ingénuo* <Adverb *ingenuamente*> **Beispill** déi Organisatioun huet et op naiv Leit ofgesinn

Naivitéit [naivit'ɛɪt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Naivität* • **FR** *naïveté* • **EN** *naivety* • **PT** *ingenuidade* **Beispill** ech muss heiandsdo iwwer deng Naivitéit laachen

naja Interjektion **1. DE** *na ja* [als Ausdruck der Resignation] • **FR** *bon* [pour exprimer la résignation] • **PT** *bem*, *enfim*, *paciência* **Beispill** naja, dann ass et elo eeben esou **Synonym** dajee alt **2. DE** *na* (ja) [als Ausdruck des Widerspruchs] • **FR** *baf*, *ma foi* [pour exprimer l'opposition] • **PT** *bom* [para exprimir desaprovação] **Beispiller** naja, do sinn ech awer ganz anerer Meenung!; naja, enner engem gudden Hotel stellt een sech eppes anescht vir! **3. DE** *na ja* [als Ausdruck des Zweifels] • **FR** *mouais* [pour exprimer le doute] • **PT** *pois* *sim* [para exprimir dúvida] **Beispill** naja, wann dat alt esou ass, wéi s du sees!

Namensdag [n'a:mənsda:ç] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Namenstag* • **FR** *fête* [d'une personne] • **EN** *saint's day* • **PT** *dia onomástico* **Beispill** ech hat gëschter Namensdag

namibesch [nam'i:bəf] Adjektiv **DE** *namibisch* • **FR** *namibien* • **EN** *Namibian* • **PT** *namibiano* **Beispill** op eiser

Rees hu mir déi namibesch Kultur kenne geléiert

Namibia [nam'i:bja:] Eegennumm, Neutrum DE *Namibia* • FR *Namibie* • EN *Namibia* • PT *Namibia* **Beispiller** ech war schonn dräimol an Namibia; ech fueren d'nächst Woch an Namibia; ech kommen aus Namibia

i männlech Persoun: ↗Namibier weiblech Persoun: ↗Namibierin Adjektiv: ↗namibesch Hauptstadt: ↗Windhuk

Namibier [nam'i:big] Maskulinum (Pluriel Namibier) DE *Namibier* • FR *Namibien* • EN *Namibian* • PT *namibiano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Namibier

Namibierin [nam'i:bjærin] Femininum (Pluriel Namibierinnen) DE *Namibierin* • FR *Namibienne* • EN *Namibian* • PT *namibiana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Namibierin

nämlech [n'ɛ:mləç] Adverb **1.** DE *nämlich* [denn] • FR *en effet, car* • EN *in fact, because* • PT *de facto, pois* **Beispill** du kanns mech gëschter net gesinn hunn, ech war nämlech am Ausland **2.** DE *nämlich* [und zwar] • FR *à savoir* [c'est-à-dire] • EN *namely, that is to say* • PT *a saber, isto é* **Beispiller** de Bus fiert dräimol am Dag, nämlech um zéng, um dräi an um fënnef Auer; vun alle Blummen hunn ech eng am léifsten, nämlech d'Rous

nammel Partikel

i Hei entsteet en neien Artikel.

nammen [n'amən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **genammt**) » **transitiv** [Kannersprooch] DE *essen* • FR *manger* [dans le langage des et avec les petits enfants] • EN *to eat* • PT *papar* **Beispill** nu **namm** schéin deng Nuddelen, dann d'äerfs de spille goen! **Synonym** iessen

nämmlecht [n'æmləçt] Adjektiv **1.** DE *gleich* [identisch, unverändert] • FR *même* [identique, constant] • EN *same* [identical, unchanged] • PT *mesmo* [idéntico, constant] **Beispiller** mir müssen eis stänneg mat deenen nämmlechte Problemer erëmklappen; de Chauffeur huet versicht, ëmmer déi nämmlecht Vitess anzehalen **Synonym** selwecht **2.** d'nämmlecht (ewéi) DE *gleich* (wie) [identisch (mit)] • FR *pareil* (à) <Adverb *pareillement, de la même manière*> • EN *the same* (as) <Adverb *the same, in the same way*> • PT *igual* (a) <Adverb *de modo igual, da mesma maneira*> **Beispiller** d'Souvenirsbutteker si bal iwwerall d'nämmlecht; am August war d'Wieder d'nämmlecht ewéi am Juli; hei gëtt net jidderen d'nämmlecht behandelt **Synonym** d'selwecht (ewéi)

namol Partikel

i Hei entsteet en neien Artikel.

Nanzeg [n'antsəç] Eegennumm DE *Nanzig* • FR *Nancy* • EN *Nancy* • PT *Nanci* **Beispiller** ech wunnen zu Nanzeg; fiert dëse Bus op Nanzeg?

Napoleonsgaart [nap'o:leonsga:rt] Eegennumm DE *Napoleonsgaart* • FR *Napoleonsgaart* • EN *Napoleonsgaart* • PT *Napoleonsgaart* **Beispiller** waars de schonn eng Kéier um Napoleonsgaart?; mir sinn de Weekend op den Napoleonsgaart gewandert

Napp [nap] Femininum (Pluriel Nappen) DE *Tischtuch* • FR *nappe* [linge de table] • EN *tablecloth* • PT *toalha* (de mesa) **Beispill** am Restaurant louche karéiert Nappen op den Dëscher **Synonym** Dëschelduch

Narb [narp] Femininum (Pluriel Narben) DE *Narbe* [im Gewebe] • FR *cicatrice* • EN *scar* [on the skin] • PT *cicatriz* **Beispill** hatt huet eng grouss **Narb** vun enger Häerzoperatioun behalen **Synonymmen** Cicatrice, Länzeechen

narhaft [n'a:rhaft] Adjektiv DE *nahrhaft* • FR *nourissant* • EN *nutritious* • PT *nutritivo, alimenticio* **Beispill** eng frësch Geméiszopp ass besonnesch narhaft

Narkolepsie [narkolæps'i:] Femininum (kee Pluriel) DE *Narkolepsie* • FR *narcolepsie* • EN *narcolepsy* • PT *narcolepsia* **Beispill** huet en Narkolepsie, kann e Patient sech net dergéint wieren, iwwer sengen Dagesaktivitéiten anzeschlofen **Synonym** Schlofkrankheet

Narkoleptiker [narkol'æptike] Maskulinum (Pluriel Narkoleptiker) DE *Narkoleptiker* • FR (personne) *narcoleptique* • EN *narcoleptic* • PT *narcoléptico* **Beispill** de Mann, deen am Nopeschbüro heefeg iwwer senger Aarbecht entschléift, ass net liddereg, mee ass Narkoleptiker

i Weiblech Form: ↗Narkoleptikerin

Narkoleptikerin [narkol'æptikærin] Femininum (Pluriel Narkoleptikerinnen) DE *Narkoleptikerin* • FR *femme narcoleptique* • EN *narcoleptic* [female] • PT *narcoléptica* **Beispill** eng vun eise Mataarbechterinnen entschléift ëmmer erëm während der Aarbecht, well se Narkoleptikerin ass

i Männlech Form: ↗Narkoleptiker

Narkos [nark'o:s] Femininum (Pluriel Narkosen) DE *Narkose* • FR *narcose* • EN *narcosis* • PT *narcose* **Beispill** zënter hire Mann aus der Narkos erwächt ass, huet en nach kee Wuert gesot **Synonym** Anästhesie

Narkosmëttel [nark'o:smətəl] Neutrum (Pluriel Narkosmëttelen / Narkosmëttel) DE *Narkosemittel, Narkotikum* • FR *anesthésique* • EN *anaesthetic* • PT *anestésico* **Beispill** viru menger Operatioun hat ech Rendez-vous mam Anästhesist, dee mer erkläert huet, wat d'Narkosmëttel bewierkt **Synonym** Anästhesiemëttel

Närstoff [n'ɛ:çtɔf] Maskulinum (Pluriel Nährstoffe) (meeschtens Pluriel) DE *Nährstoff* • FR *substance nutritive* • EN *nutrient* • PT *substância nutritiva* **Beispill** meng Planze sinn net gutt gewuess, well ze wéineg Nährstoffe am Buedem sinn

Narung Femininum (Pluriel Narungen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Narziss [narts'is] Femininum (Pluriel Narzissen) DE *Narzisse* • FR *narcisse* • EN *narcissus, daffodil* • PT *narciso* **Beispill** den Dësch war mat Narzissen dekoréiert **Synonym** Ouschterblumm

nasal [naz'a:l] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Nasal [naz'a:l] Femininum (Pluriel Nasalen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Nasalvokal [naz'a:lvoka:l] Maskulinum (Pluriel Nasalvokalen / Nasalvokaler)

i Hei entsteet en neien Artikel.

nascheleg [n'ɑ'ʃələɕ] Adjektiv **DE** *naschhaft* • **FR** *gourmand* [*friand de gourmandises*] • **EN** *sweet-toothed* • **PT** *guloso, lambareiro* **Beispill** dat Kand ass esou nascheleg, datt seng Elteren d'Séissegkeete musse verstoppen **Synonymmen** gléischterege, schneekeg

naschelen [n'ɑ'ʃələŋ] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *genaschelt*) » **transitiv 1.** **DE** *naschen* [*Süßigkeiten*] • **FR** *grignoter* (*par gourmandise*) [*des sucreries*] • **EN** *to snack* [*on sweets*] • **PT** *comer* (*por lambarice*) [*doces*] **Beispill** mir hunn näischt méi fir ze naschelen am Haus **Synonym** schneeken » **intransitiv 2.** **DE** *naschen* • **FR** *grignoter* (*entre les repas*) • **EN** *to snack* [*between meals*] • **PT** *petiscar* (*entre as refeições*) **Beispill** hal op mat naschelen, d'Essen ass geschwé prett!

Nascheler [n'ɑ'ʃələ] Maskulinum (Pluriel *Nascheler*) **DE** *Nascher, Leckermaul* • **FR** *gourmand* [*personne friande de gourmandises*] • **EN** *sweet-toothed person* • **PT** *guloso, lambareiro* **Beispill** hues du Nascheler elo dee ganze Schockela giess? **Synonym** Schneekert

1 Weiblech Form: ↗Naschelesch

Naschelesch [n'ɑ'ʃələʃ] Femininum (Pluriel *Nascheleschen*) **DE** *Nascherin, Leckermaul* • **FR** *gourmande* [*personne friande de gourmandises*] • **EN** *sweet-toothed woman, sweet-toothed girl* • **PT** *gulosa, lambareira* **Beispill** hues du Naschelesch elo all déi Séissegkeete giess? **Synonym** Schneekesch

1 Männlech Form: ↗Nascheler

Nascht [nɑʃt] Neutrum (Pluriel *Näschter*) **1.** **DE** *Nest* [*Brutstätte*] • **FR** *nid* [*d'animaux*] • **EN** *nest* [*of birds, of insects*] • **PT** *ninho* [*de animais*] **Beispiller** d'Harespelen hunn en Nascht an eng vun eise Rolluedekëschte gebaut; de Guckuck leet seng Eeër a friem Näschter; hie koum an e gemaachent Nascht ^[egs] |hien ass ouni perséinlechen Effort an eng confortabel Situatioun komm) **2.** ^[egs] **DE** *Nest* [*Kaff*] • **FR** *patelin, trou* • **EN** *dump, hole* • **PT** *aldeola, parvónia* **Beispill** ech wunne léiwer an der Stad ewéi an deem Nascht! **Synonymmen** Bauerenascht, Kaff, Kouduerf

Näschtchen [n'æʃtʃən] Neutrum (Pluriel *Näschtercher*) - Diminutivform vun ↗Nascht

Naschtquakert [n'ɑʃtkwa:kət] Maskulinum (Pluriel *Naschtquakerten*) **DE** *Nesthäkchen, Nestküken* • **FR** *petit dernier, benjamin* • **EN** *baby of the family* • **PT** *filho mais novo, benjamim* **Beispill** hiren Naschtquakert gött schéi verwinnt!

Nashorn [n'a:ʃɔʀn] Neutrum (Pluriel *Nashörner*) **DE** *Nashorn* • **FR** *rhinocéros* • **EN** *rhinoceros* • **PT** *rinoceronte* **Beispill** an deem Zoo gött et wäiss Nashörner **Synonym** Rhinzeros

Nassau Eegennumm **DE** *Nassau* [*Stadt*] • **FR** *Nassau* [*ville*] • **PT** *Nassau* [*cidade*] **Beispill** Nassau ass d'Haaptstad vun de Bahamas

natierlech [nat'i:gləɕ] Adjektiv **1.** **DE** *natürlich* [*der Natur entsprechend, nicht künstlich*] • **FR** *naturel* [*lissu de la nature, non artificiel*] • **EN** *natural* [*derived from nature, not artificial*] • **PT** *natural* [*proveniente da natureza, não artificial*] **Beispill** dee Floss ass eng natierlech Grenz téschent deenen zwee Länner **2.** **DE** *natürlich* [*angeboren*] • **FR** *naturel* [*inné, d'origine*] • **EN** *natural* [*origi-*

nal] • **PT** *natural* [*inato, de origem*] **Beispiller** hien huet eng natierlech Begabung fir d'Musek; meng natierlech Hoerfaarf ass brong **3.** **DE** *natürlich* [*unverfälscht, ungezwungen*] • **FR** *naturel* [*spontané, authentique*] <Adverb *naturellement*> • **EN** *natural* [*spontaneous, unaffected*] <Adverb *naturally*> • **PT** *natural* [*espontâneo, autêntico*] <Adverb *naturalmente*> **Beispiller** hatt huet eng natierlech Laach; behuel dech ganz natierlech um Virstellungsgespréich!

natierlech [nat'i:gləɕ] Adverb **DE** *natürlich, selbstverständlich* • **FR** *naturellement, bien sûr* (*que*) • **EN** *naturally, of course* • **PT** *naturalmente, claro* (*que*) **Beispiller** ech ginn natierlech mat an déi Reunioun, wann d'Cheffin dat gären esou hätt; natierlech kachen ech der eppes, wann s de mech den Owend kachen kënns!

Natierlechkeet [nat'i:gləɕke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Natürlichkeit* [*Ungezwungenheit*] • **FR** *naturel* [*spontanéité*] • **EN** *naturalness* • **PT** *naturalidade* [*espontaneidade*] **Beispill** wéinst hirer Natierlechkeet kënnt d'Ministesesch gutt bei de Wieler un

national [natsjɔn'a:] Adjektiv **DE** *national* • **FR** *national* <Adverb *sur le plan national*> • **EN** *national* <Adverb *nationally*> • **PT** *nacional* <Adverb *a nível nacional*> **Beispiller** déi jonk Politikerin spillt eng wichteg Roll op nationalem Niveau; gëschter huet d'Chamber zwee Gesetzer gestëmmt, déi vun nationalem Interessi sinn; déi Fro muss national geléist ginn

Nationalbibliothéik Femininum (Pluriel *Nationalbibliothéiken*) **1.** **DE** *Nationalbibliothek* [*Institution*] • **FR** *bibliothèque nationale* [*l'institution*] **Beispiller** weess du, wéi wäit d'Fonge vun eiser Nationalbibliothéik zeréckginn?; d'Nationalbibliothéik ass fir den Dépôt légal zoustänneg **2.** **DE** *Nationalbibliothek* [*Gebäude*] • **FR** *bibliothèque nationale* [*bâtiment*] **Beispill** den Tram hält direkt virun der Nationalbibliothéik

Nationalcomité [natsjɔn'a:lkomite:] Maskulinum (Pluriel *Nationalcomitéen*) - Variant vun ↗Nationalkommitee

Nationaldivisioun Femininum (Pluriel *Nationaldivisiounen*) **DE** *Erste Liga* [*einer Sportart in Luxemburg*] • **FR** *première division* [*d'une discipline sportive au Luxembourg*] • **EN** *national division* [*of a sport discipline in Luxembourg*] • **PT** *primeira divisão* [*de uma modalidade desportiva no Luxemburgo*] **Beispill** dem Opsteiger ass et net gelongen, mat den aneren Ekippen aus der Nationaldivisioun matzehalen

Nationalekipp [natsjɔn'a:lekip] Femininum (Pluriel *Nationalekippen*) **DE** *Nationalmannschaft* • **FR** *équipe nationale* • **EN** *national team* • **PT** *seleção nacional* **Beispill** hir Nationalekipp huet sech fir d'Weltmeeschterschaft qualifizéiert

Nationalequipe [natsjɔn'a:lekip] Femininum (Pluriel *Nationalequippen*) - Variant vun ↗Nationalekipp

Nationalfeierdag [natsjɔn:a:lf'æda:ɕ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Nationalfeiertag* • **FR** *fête nationale* • **EN** *national holiday* • **PT** *feriado nacional* **Beispiller** mir ginn all Joer um Virowend vum Nationalfeierdag d'Freedefeier an d'Stad kucken; de Lëtzebuerger Nationalfeierdag gött den 23. Juni gefeiert

Nationalhymn [natsjɔn'a:lhimn] Femininum (Pluriel Nationalhymnen) DE *Nationalhymne* • FR *hymne national* • EN *national anthem* • PT *hino nacional* **Beispill** virum Lännermatch goufen déi zwou Nationalhymne gespillt

nationaliséieren [natsjɔnaliz'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé nationaliséiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Nationalismus [natsjɔnal'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Nationalismus* • FR *nationalisme* • EN *nationalism* • PT *nacionalismo* **Beispill** d'Press wërft deene Verantwortlechen iwwerdrüwwenen Nationalismus vir

Nationalist [natsjɔnal'ist] Maskulinum (Pluriel Nationalisten) DE *Nationalist* • FR *nationaliste* • EN *nationalist* • PT *nacionalista* **Beispill** e puer Nationalisten hu géint dat neit Immigratiounsgesetz demonstréiert

I Weiblech Form: \nearrow Nationalistin

nationalistes [natsjɔnal'istəʃ] Adjektiv DE *nationalistisch* • FR *nationaliste* • EN *nationalistic* • PT *nacionalista* **Beispiller** deen Auteur vertritt a sengem neie Buch *nationalistes* Theesen; seng Riede klänge ganz *nationalistes*

Nationalistin [natsjɔnal'istin] Femininum (Pluriel Nationalistinnen) DE *Nationalistin* • FR *nationaliste [femme]* • EN *nationalist [female]* • PT *nacionalista [mulher]* **Beispill** mat där Nationalistin brauch ee guer net iwwer d'Ausländerwalrecht ze diskutéieren

I Männlech Form: \nearrow Nationalist

Nationalitéit [natsjɔnalit'zi:t] Femininum (Pluriel Nationalitéiten) DE *Staatsangehörigkeit, Nationalität* • FR *nationalité [citoyenneté]* • EN *nationality* • PT *nacionalidade [cidadania]* **Beispill** bei eis am Land kann een zwou Nationalitéiten hunn

Nationalkomitee [natsjɔn'a:lkomite:] Maskulinum (Pluriel Nationalkomiteeën) DE *Nationalvorstand* • FR *comité (directeur) national* • EN *national committee* • PT *direção nacional* **Beispiller** de Parteichef huet nach ëmmer d'Veutraue vum Nationalkomitee; d'Membere vum Nationalkomitee ginn haut fir hir laangjäreg Aarbecht am Déngscht vun der Gewerkschaft geéiert

Nationalliteratur Femininum (Pluriel Nationalliteraturen) DE *Nationalliteratur* • FR *littérature nationale* • PT *literatura nacional* **Beispill** d'lëtzebuergesch Nationalliteratur gétt an der Nationalbibliothék gesammelt

Nationallotterie [natsjɔn'a:lotəri:] Femininum (Pluriel Nationallotterien) DE *staatliche Lotterie* • FR *loterie nationale [jeu de tirage]* • EN *national lottery* • PT *lotaria nacional* **Beispill** haut sinn d'Rubbellousen de beléiftste Produkt vun der Nationallotterie

Nationalpark [natsjɔn'a:lpark] Maskulinum (Pluriel Nationalparken) DE *Nationalpark* • FR *parc national* • EN *national park* • PT *parque nacional* **Beispill** an engem Nationalpark sti Flora a Fauna ënner besonneschem Schutz

Nationalsozialismus [natsjɔn'a:lzotsjalismus] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Nationalsozialismus* • FR

national-socialisme • EN *National Socialism* • PT *nacional-socialismo* **Beispill** déi Historikerin huet en interessant Buch iwwer d'Opkomme vum Nationalsozialismus geschriwwen

Nationalsozialist [natsjɔn'a:lzotsjalist] Maskulinum (Pluriel Nationalsozialisten) DE *Nationalsozialist* • FR *national-socialiste* • EN *National Socialist* • PT *nacional-socialista* **Beispill** vill Nationalsozialisten hu sech no 1945 fir hir Verbrieche misse verantworten

I Weiblech Form: \nearrow Nationalsozialistin

nationalsozialistes [natsjɔn'a:lzotsjalistəʃ] Adjektiv DE *nationalsozialistisch* • FR *national-socialiste* • EN *national socialist* • PT *nacional-socialista* **Beispill** nationalsozialistesche Tendenzen däerfen an eiser Gesellschaft net toleréiert ginn

Nationalsozialistin [natsjɔn'a:lzotsjalistin] Femininum (Pluriel Nationalsozialistinnen) DE *Nationalsozialistin* • FR *national-socialiste [femme]* • EN *nationalist [female]* • PT *nacional-socialista [mulher]* **Beispill** déi grausam Nationalsozialistin huet sech nom Krich misse fir hir Verbrieche verantworten

I Männlech Form: \nearrow Nationalsozialist

Nationalspiller Maskulinum (Pluriel Nationalspiller) DE *Nationalspieler* • FR *joueur de l'équipe nationale* • EN *national player* • PT *jogador da seleção nacional* **Beispill** mäi Brudder ass Nationalspiller am Volleyball

I Weiblech Form: \nearrow Nationalspillerin

Nationalspillerin Femininum (Pluriel Nationalspillerinnen) DE *Nationalspielerin* • FR *joueuse de l'équipe nationale* • EN *national player [female]* • PT *jogadora da seleção nacional* **Beispill** meng Kusine ass Nationalspillerin am Äishockey

I Männlech Form: \nearrow Nationalspiller

Nationalsprooch [natsjɔn'a:lʃpro:χ] Femininum (Pluriel Nationalsproochen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Nationalstadion Maskulinum (Pluriel Nationalstadionen) DE *Nationalstadion* • FR *stade national* • EN *national stadium* • PT *estádio nacional* **Beispill** d'Coupefinal gëtt haut den Owend am Nationalstadion gespillt

Natioun [natsj'əʊn] Femininum (Pluriel Natiouen) DE *Nation* • FR *nation* • EN *nation* • PT *nação* **Beispiller** hie gouf vun der ganzer Natioun ewéi en Held gefeiert; all d'Natioune waren um internationale Sommet vertrauden; iwwer dee Problem hu scho ganz Natiouen nogeduecht [egs] iwwer dee Problem hu scho vill Leit nogeduecht

Natrium [n'a:tri:um] Maskulinum (kee Pluriel) **[Chimie]** DE *Natrium [chemisches Element]* • FR *sodium [élément chimique]* • EN *sodium [chemical element]* • PT *sódio [elemento químico]* **Beispill** d'Element Natrium gehéiert zum Grupp vun den Alkalimetaller

Natur [nat'u:g] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Natur [natürliche Umgebung]* • FR *nature [cadre nature]* • EN *nature [natural world]* • PT *natureza [cenário natural]* **Beispiller** mir ware vun der Natur am Nationalpark begeeschtert; si hunn an der fräier Natur campéiert

2. (kee Pluriel) **DE** *Natur* [Umwelt] • **FR** *nature* [environnement] • **EN** *environment* • **PT** *natureza* [meio ambiente] **Beispill** dës Substanze si geféierlech fir de Mënsch a fir d'**Natur** **Synonym** Ëmwelt **3.** (Pluriel Naturen) **DE** *Natur* [Wesensart] • **FR** *nature* [caractère, tempérament] • **EN** *nature* [character] • **PT** *natureza* [caráter, temperamento] **Beispill** et läit a senger **Natur**, datt e licht rose gött **4.** (kee Pluriel) **DE** *Natur*, *Konstitution* • **FR** *nature* [constitution physique] • **EN** *constitution* [health] • **PT** *constituição* [física] **Beispiller** hien huet eng gesond **Natur**; ech si vun **Natur** aus blond [meng natierlech Hoerfaarf ass blond] **5.** (kee Pluriel) **DE** *Natur* [Art] • **FR** *nature* [sorte] • **EN** *nature* [kind] • **PT** *natureza* [tipo] **Beispill** eis Schwieregkeete si finanzieller **Natur**

Naturalisatioun [natʁalizasj'øʊn] Femininum (Pluriel Naturalisatiounen) **DE** *Einbürgerung* [Verleihung der Staatsangehörigkeit] • **FR** *naturalisation* [assimilation aux nationaux] • **EN** *naturalization* • **PT** *naturalização* [aquisição da cidadania nacional] **Beispill** et gouf dëst Joer vill **Naturalisatiounen**

naturaliséieren [natʁaliz'ziəʁən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participle passé **naturaliséiert**) » **transitiv** **DE** *einbürgern* [die Staatsangehörigkeit verleihen] • **FR** *naturaliser* [assimiler aux nationaux] • **EN** *to naturalize* [a person] • **PT** *naturalizar* [conceder cidadania nacional a] **Beispiller** ech hu wëlles, mech **naturaliséieren** ze loossen; meng Eltere sinn **naturaliséiert**

naturalistesch Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Naturell [natʁu'æ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Naturell* • **FR** *naturel* [caractère] • **EN** *nature* [character] • **PT** *natural* [índole] **Beispill** säi frëndlechen **Naturell** mécht him et licht, Kontakt mat aneren ze kréien

Naturereegnes [nat'u:əʁəre:ɲəs] Neutrum (Pluriel Naturereegnesser) **DE** *Naturereignis* • **FR** *phénomène naturel* • **EN** *natural phenomenon* • **PT** *fenómeno natural* **Beispill** eng Sonnendäischtert ass e seelent **Naturereegnes**

i Variant: **Naturereegniss**

Naturereignis [nat'u:əʁəre:ɲis] Neutrum (Pluriel Naturereegnesser) - Variant vun ↗**Naturereegnes**

Naturfoto [nat'u:ɣfoto:] Femininum (Pluriel Naturfotoen) **DE** *Naturfoto* • **FR** *photo de nature* • **EN** *nature photo* • **PT** *fotografia de natureza* **Beispill** de Veräin invitéiert seng Memberen op eng Projektioun vun **Naturfotoen**

Naturfrënd [nat'u:ɣfrənt] Maskulinum (Pluriel Naturfrënn) **DE** *Naturfreund* • **FR** *ami de la nature* • **EN** *nature lover* • **PT** *amigo da natureza* **Beispill** als **Naturfrënd** kann ech deen Autobunnprojekt net mat ënnerstëtzen

i Weiblech Form: ↗**Naturfrëndin**

Naturfrëndin [nat'u:ɣfrændin] Femininum (Pluriel Naturfrëndinnen) **DE** *Naturfreundin* • **FR** *amie de la nature* • **EN** *nature lover* [female] • **PT** *amiga da natureza* **Beispill** als **Naturfrëndin** kann ech engem Stroossebauprojet wéi dësem net zoustëmmen

i Männlech Form: ↗**Naturfrënd**

Naturgeschichte [nat'u:ɣgəʃiçt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Naturgeschichte* • **FR** *histoire naturelle* • **EN** *natural history* • **PT** *história natural* **Beispill** de Schoulmeeschter gött sech Méi, fir de **Kanner** d'**Naturgeschichte** nozebréngen

naturgetrei [nat'u:ɣgətrɛi] Adjektiv **DE** *naturgetreu* • **FR** *fidèle* [proche de la réalité] <Adverb *fidèlement*> • **EN** *true to life* • **PT** *fiel* [parecido com a realidade] <Adverb *fielmente*> **Beispiller** hei gesitt Dir eng **naturgetrei** Maquette vum Gebai; am Musée **hunn** se déi al Schlassdier **naturgetrei** nogebaut

Naturkatastroph [nat'u:ɣkatastro:f] Femininum (Pluriel Naturkatastrophen) **DE** *Naturkatastrophe* • **FR** *catastrophe naturelle* • **EN** *natural disaster* • **PT** *catástrofe natural* **Beispill** dat Äerdbeewe war eng vun de schlëmmsten **Naturkatastrophen** an de leschte Joerzénngen

Naturmusée [nat'u:ɣmy:ze:] Maskulinum (Pluriel Naturmuséeën) **1.** **DE** *Naturkundemuseum* [Einrichtung] • **FR** *Musée d'Histoire naturelle* [institution] • **EN** *Natural History Museum, Museum of Natural History* [institution] • **PT** *Museu de História Natural* [estabelecimento] **Beispill** den **Naturmusée** huet eng grouss Sammlung vu Kiewerleken aus der ganzer Welt **2.** **DE** *Naturkundemuseum* [Gebäude] • **FR** *Musée d'Histoire naturelle* [bâtiment] • **EN** *Natural History Museum, Museum of Natural History* [building] • **PT** *Museu de História Natural* [edifício] **Beispill** gëschter huet et am **Naturmusée** gebrannt

Naturpark [nat'u:ɣpark] Maskulinum (Pluriel Naturparken) **DE** *Naturpark* • **FR** *parc naturel* • **EN** *nature park* • **PT** *parque natural* **Beispill** am **Naturpark** gött en Deel vun de Bëscher sech selwer iwverlooss

Naturreservat [nat'u:ɣrezerva:t] Neutrum (Pluriel Naturreservater) **DE** *Naturreservat* • **FR** *réserve naturelle* • **EN** *nature reserve* • **PT** *reserva natural* **Beispill** an der Vakanz ware mer mat de **Kanner** a **Schweiden** an engem **wonnerschëinen** **Naturreservat**

Naturschutz [nat'u:ɣfuts] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Naturschutz* • **FR** *protection de la nature, protection de l'environnement* • **EN** *nature conservation* • **PT** *proteção da natureza, proteção do ambiente* **Beispill** schonn als **Student** **hunn** ech mech aktiv fir den **Naturschutz** agesat **2.** ënner **Naturschutz** stoen **DE** *unter Naturschutz stehen* • **FR** *être protégé* [d'un point de vue environnemental] • **EN** *to be under conservation, to be protected* • **PT** *estar protegido* [em termos de conservação da natureza] **Beispill** a ville Géigende stinn d'**Louhecken** ënner **Naturschutz**

Naturschutzgebit [nat'u:ɣfutsɣəbit] Neutrum (Pluriel Naturschutzgebidd / Naturschutzgebitter) **DE** *Naturschutzgebiet* • **FR** *réserve naturelle* • **EN** *nature reserve* • **PT** *reserva natural* **Beispiller** d'**Naturschutzgebit** huet eng Fläch vun 200 Quadratkilometer; am **Naturschutzgebit** sollen d'**Deieren** sech kënnen natierlech reproduzéieren

Naturschutzpolitik [nat'u:ɣfutsɣolitik] Femininum (Pluriel <seelen> **Naturschutzpoliticken**) **DE** *Naturschutzpolitik* • **FR** *politique environnementale, politique de protection de la nature* • **EN** *nature conservation policy* • **PT** *poli-*

tica ambiental **Beispill** vun eiser Jugend koume staark Impulser fir eng besser Naturschutzpolitik

Natursteen [nat'ʉ:ɣfte:n] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Naturstein* [Substanz] • **FR** *pierre naturelle* [matière] • **EN** *natural stone* [matter] • **PT** *pedra natural* [matéria] **Beispill** um Kierfecht sinn déi meescht Kräiz-er aus **Natursteen 2.** (Pluriel **Natursteng**) **DE** *Naturstein* [Gesteinsstück] • **FR** *pierre naturelle* [bloc, fragment] • **EN** *natural stone* [piece of rock] • **PT** *pedra natural* [bloco, fragmento] **Beispill** mir hunn eis e Weier mat **Natursteng** ugeluecht

Naturalent [nat'ʉ:ɣtalənt] Neutrum (Pluriel **Naturalenter**) **DE** *Naturalent* [Person] • **FR** *prodige* [personne talentueuse] • **EN** *natural* [talented person] • **PT** *prodígio* [pessoa talentosa] **Beispiller** wat d'Sange betrëfft, ass hien en **Naturalent**; déi Actrice ass en **Naturalent**

Naturwëssenschaft [nat'ʉ:ɣwəsənʃaft] Femininum (Pluriel **Naturwëssenschaften**) (meeschtens Pluriel) **DE** *Naturwissenschaft* • **FR** *sciences naturelles, sciences de la nature* • **EN** *natural sciences* • **PT** *ciências naturais, ciências da natureza* **Beispill** am Lycée war ech am beschten an den **Naturwëssenschaften**

nätzen [n'ætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **genat** / **genätzt**) » **transitiv 1.** **DE** *gießen, sprengen* • **FR** *arroser* [à l'arrosoir, au tuyau] • **EN** *to water* [la plant] • **PT** *regar* [com o regador, com a mangueira] **Beispiller** ech hunn d'Blumme mat der Strenz **genat**; op eisem Trëppeltour goufe mer e puermol **genat** [egs] [op eisem Trëppeltour si mer e puermol an de Ree geroden] » **intransitiv 2.** **DE** (den Garten) *gießen* • **FR** *arroser le jardin* • **EN** *to water* [the garden] • **PT** *regar o quintal* **Beispill** wann et net geschwé reent, musse mer **nätzen**

Nätzt [nætsɛt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Nässe* • **FR** *humidité, temps pluvieux* • **EN** *rainy weather, wetness* • **PT** *humidade, tempo de chuva* **Beispiller** bei där **Nätzt** ginn ech net baussent d'Dier; bei där **Nätzt** muss de Stiwelen undoen, fir an de Gaart ze goen

Naup [næ:ʊp] Femininum (Pluriel **Naupen**) **1.** (meeschtens Pluriel) **DE** *Laune* [sprunghaftes Verhalten] • **FR** *humeur, caprice* • **EN** *moodiness, moods* • **PT** *humor, capricho* **Beispiller** mir kënnen deng **Naupen** net tol-eréieren!; wann hie seng **Naupen** huet, ass net mat em ze schaffen **2.** (meeschtens Pluriel) **DE** *Neigung* [Unart] • **FR** *penchant, travers, défaut* • **EN** *quirk, crotchet* • **PT** *mania, defeito* **Beispiller** hien huet schonn déi sel-wecht **Naupen** ewéi säi Papp; ech wäert dir déi **Naupen** do nach ausdreiwen!

Nauru [naʊr'u:] Eegennumm, Neutrum **DE** *Nauru* • **FR** *Nauru* • **EN** *Nauru* • **PT** *Nauru* **Beispiller** ech war schonn dräimol op **Nauru**; ech fueren d'nächst Woch op **Nauru**; ech komme vun **Nauru**

i männlech Persoun: ↗Nauruer weiblech Persoun: ↗Nauruerin Adjektiv: ↗nauresch Haaptstad: ↗Yaren

Nauruer [naʊr'u:ɣ] Maskulinum (Pluriel **Nauruer**) **DE** *Nauruer* • **FR** *Nauruan* • **EN** *Nauruan* • **PT** *nauruano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Nauruer**

Nauruerin [naʊr'u:ərin] Femininum (Pluriel **Nauruerinnen**) **DE** *Nauruerin* • **FR** *Nauruane* • **EN** *Nauruan* [female] • **PT** *nauruana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Nauruerin**

nauresch [naʊr'u:əʃ] Adjektiv **DE** *nauruisch* • **FR** *nauruan* • **EN** *Nauruan* • **PT** *nauruano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **nauresch** Kultur kenne geléiert

Navet Maskulinum (Pluriel **Naveten**) **DE** *Speiserübe* • **FR** *navet* • **EN** *turnip* • **PT** *nabo* **Beispill** mir haten de Mëtteg **Naveten** als Geméis beim Brot

Navett [n'ʉ:væɛt] Femininum (Pluriel **Navetten**) **1.** **DE** *Shuttlebus, Pendelbus* • **FR** *navette* [véhicule] • **EN** *shuttle* [vehicle] • **PT** *autocarro* (de ida e volta) **Beispill** d'**Navett** fiert all hallef Stonn **2.** **DE** *Pendelverkehr* [Pendelbus-Service] • **FR** *navette* [service] • **EN** *shuttle* (service) • **PT** *serviço de ida e volta* **Beispill** d'Gemeng huet eng **Navett** organiséiert, déi vun der Parkplaz an den Zentrum fiert

Navigatioun [navigasi'jəʊn] Femininum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Schiffahrt* • **FR** *navigation* [fluviale, maritime] • **EN** *navigation* [passage of ships] • **PT** *navegação* [fluvial, marítima] **Beispill** d'**Navigatioun** um Floss ass wéinst Héichwaasser ënnerbrach **2.** **DE** *Navigation* [im Internet] • **FR** *navigation* [sur Internet] • **EN** *navigation* [on the internet] • **PT** *navegação* [na Internet] **Beispill** d'**Navigatioun** op deem Site ass zimmlech komplizéiert, et fënt een näischt erëm!

navigéieren [na:vig'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **navigéiert**) » **intransitiv 1.** **DE** *fahren* [Schiff] • **FR** *naviguer* [bateau] • **EN** *to navigate, to sail* • **PT** *navegar* [barco] **Beispill** wéinst dem Héichwaasser dierfen den Ament keng Schëffer um Floss **navigéieren** **Synonym** fueren **2.** **DE** *navigieren* [im Internet] • **FR** *naviguer* [sur Internet] • **EN** *to navigate* [a programme, a website], *to surf* [the Internet] • **PT** *navegar* [na Internet] **Beispill** eist Klengt **navigéiert** am Internet, wéi wann et nach näischt anscht gemaach hätt! **Synonym** surfen

nawell [naw'æɛl] Partikel **DE** *echt, wirklich* • **FR** [sert à nuancer l'expressivité d'un énoncé] • **EN** [used to nuance the expressiveness of a statement] • **PT** [serve para matizar a expressividade de um enunciado] **Beispiller** dee Borscht huet **nawell** en zolitten Appetit!; well eng Stee muss opgericht ginn, riskéiert den Ustrach **nawell** deier ze ginn; däin Auto huet **nawell** eng gutt Strooselag

nawell Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

Naypyidaw Eegennumm **DE** *Naypyidaw* • **FR** *Naypyidaw* • **PT** *Nepiedó* **Beispill** **Naypyidaw** ass d'Haaptstad vum Myanmar

Nazi Maskulinum (Pluriel **Nazien**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Nazi Femininum (Pluriel **Nazien**) - weiblech Form vun ↗Nazi

N'Djamena Eegennumm **DE** *N'Djamena* • **FR** *N'Djaména* • **PT** *Jamena* **Beispill** **N'Djamena** ass d'Haaptstad vum Tschad

Necessaire [n'e:sæse:r] Maskulinum (Pluriel **Necessairen**) **DE** *Necessaire, Reisenecessaire* • **FR** *nécessaire* [trousse] • **EN** *manicure set, sewing kit, sponge bag* • **PT** *necessaire* **Beispill** ech ginn ni ouni **Necessaire** op

d'Rees

Néckel [n'ekəl] Maskulinum (kee Pluriel) Chimie DE *Nickel* [chemisches Element] • FR *nickel* [élément chimique] • EN *nickel* [chemical element] • PT *níquel* [elemento químico] **Beispill** d'Element Néckel gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller

nediert [nəd'i:ɛt] Partikel - Variant vun ↗gellt

nedu [ned'u:] Partikel - Variant vun ↗gelldu

nee [ne:] Partikel DE *nein* • FR *non* • EN *no* • PT *não* **Beispiller** *nee*, domat sinn ech net averstane!; hien huet kloer an däitlech *nee* gesot

i Variant: *neen*

Nee [ne:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Nein* • FR *non* • EN *no* • PT *não* **Beispiller** hie soll mat Jo oder mat *Nee* äntweren!; seng Äntwert war e kloer *Nee*; firwat hues de net einfach *Nee* gesot?

i Variant: *Neen*

i Nieft **Nee soen** kann een och **nee soen** schreiwien.

Neeger [n'e:ge] Maskulinum (Pluriel *Neegeren*) vereezlt pejorativ graff DE *Neger* • FR *negre* [de peau noire] • EN *nigger* • PT *preto* [de pele negra] **Beispill** maach, datt s de d'Wuert „Neeger“ ni méi an de Mond hëls!

i Opgepasst! „Neeger“ gëtt haut als rassistesche Begrëff ugesinn.

i Weiblech Form: ↗Neegerin

Neegerin [n'e:gərin] Femininum (Pluriel *Neegerinnen*) vereezlt pejorativ graff DE *Negerin* • FR *négresse*

i Opgepasst! „Neegerin“ gëtt haut als rassistesche Begrëff ugesinn.

i Männlech Form: ↗Neeger

Neelchen [n'e:lçən] Maskulinum (Pluriel *Neelcher*) - Diminutivform vun ↗Nol den *Neelchen* hunn DE *schmerzhaft klamme Finger haben, schmerzhaft klamme Zehen haben* • FR *avoir l'onglée* • EN *to have numb fingers, to have numb toes* • PT *ter os dedos enregelados* **Beispiller** d'Kanner hunn den *Neelchen*, well se ouni Händschen am Schnéi gespillt hunn; ech hat esou den *Neelchen*, datt ech duecht, meng Zéiwe géife mer ofstierwen

Neelchesbier [n'e:lçəsbi:ɛ] Femininum **1.** (Pluriel *Neelchesbieren*) DE *Wildbirne* • FR *poire sauvage* [fruit] • EN *wild pear* • PT *pera-brava* **Beispill** de Brenner huet eng Maisch mat *Neelchesbieren* ugesat **2.** (kee Pluriel) DE *Wildbirnenschnaps* • FR *poire sauvage* [eau-de-vie] • EN *wild pear brandy* • PT *aguardente de pera-brava* **Beispill** eisen Noper brennt eng ganz gutt *Neelchesbier* **3.** (Pluriel *Neelchesbieren*) DE *(Glas) Wildbirnenschnaps* • FR *poire sauvage* [verre d'eau-de-vie] • EN *wild pear brandy* [glass of wild pear brandy] • PT *copo de aguardente de pera-brava* **Beispill** ech hat eng *Neelchesbier* als *Digestif*

Neelchesblumm [n'e:lçəsblum] Femininum (Pluriel *Neelchesblümmen*) DE *Fliederblüte* • FR *lilas* [fleur du lilas] • EN *lilac* [flower] • PT *lilás* [flor do lilás] **Beispill** um Dësch stoung eng Vas mat *Neelchesblümmen*

Neelcheskapp [n'e:lçəska:p] Maskulinum (Pluriel *Neelcheskåpp*) DE *Gewürznelke* • FR *clou de girofle* • EN *clove* [spice] • PT *cravinho, cravo-da-india* **Beispill** ech hunn e puer *Neelcheskåpp* an d'Britt gemaach

neelech [n'e:ləç] Adverb DE *knapp, haarscharf* • FR *de justesse, de très près, de peu* • EN *by a hair's breadth, just* • PT *por uma unha negra, por um triz, por pouco* **Beispiller** mir sinn nach esou *neelech* mam Auto laansch de Potto komm; ech hunn de Bus ganz *neelech* verpasst! **Synonymmen** *just, knapps*

neelen [n'e:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geneelt*) » **transitiv** DE *nageln* [mit Nägeln befestigen] • FR *clouer* [fixer avec des clous] • EN *to nail* [to fasten with nails] • PT *pregar* [fixar com pregos] **Beispill** ech hunn dat neit Schëld un d'Paart *geneelt*

i Verben, déi **neelen** als Basis hunn: ↗festneelen, ↗unneelen, ↗zesummenneelen an ↗zouneelen

Neellack [n'e:lak] Maskulinum (Pluriel *Neellacker / Neellacken*) DE *Nagellack* • FR *vernix à ongles* • EN *nail varnish* • PT *verniz* [de unhas] **Beispiller** dee Lëppstëft passt gutt bei däin *Neellack*; mäin *Neellack* fänkt un ofzageen

Neelpëtz [n'e:lpəts] Femininum (Pluriel *Neelpëtzen*) DE *Nagelknipser* • FR *coupe-ongle* • EN *nail clippers* • PT *corta-unhas* **Beispill** ech hu mer gëschter eng nei *Neelpëtz* kaaft

Neelschéier [n'e:lʃɛɪ] Femininum (Pluriel *Neelschéieren*) DE *Nagelschere* • FR *(paire de) ciseaux à ongles* • EN *nail scissors* • PT *tesoura de unhas* **Beispill** ech hu mer an der Apdik eng nei *Neelschéier* kaaft

Neen [ne:n] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Nee

neen [ne:n] Partikel - Variant vun ↗nee

nees [ne:s] Adverb **1.** DE *wieder* [wie zuvor] • FR *de nouveau* [comme avant] • EN *again* [as before] • PT *novamente, de novo* [como dantes] **Beispill** ech brauch méi Training, fir *nees* a Form ze kommen **Synonym** *erëm* **2.** DE *wieder* [einmal] [nochmals, erneut] • FR *de nouveau, encore* [une nouvelle fois, une fois de plus] • EN *(once) again* • PT *novamente, de novo* [outra vez, mais uma vez] **Beispiller** d'Sécherung ass *nees* erausgesprongen; wat huet dat hënt *nees* gereent! **Synonym** *erëm*

Neestëmm [n'e:jtəm] Femininum (Pluriel *Neestëmmen*) DE *Neinstimme* • FR *voix contre, non* • EN *no, nay, negative vote* • PT *voto contra, não* **Beispill** de Gesetzesprojet gouf mat 46 Jostëmmen, fënnef *Neestëmmen* a sechs Abstentiounen ugeholl

Negatioun [negasj'əʊn] Femininum (Pluriel *Negatiounen*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Negativ [n'e:gati:f] Maskulinum (Pluriel *Negativen / Negativer*) DE *Negativ* • FR *négatif* [cliché] • EN *negative* [photographic image] • PT *negativo* [prova fotográfica] **Beispill** de Mëtteg droen ech d'*Negative* bei de Fotograf

negativ [n'e:gati:f] Adjektiv **1.** DE *negativ* [nachteilig] • FR *négatif* [fâcheux, défavorable] • EN *negative, adverse*

• **PT** *negativo* [desvantajoso, desfavorável] **Beispill** de Schock vum wirtschaftlechen Abroch wäert **negativ** Konsequenzen op d'Zuele vum Aarbechtsmaart hunn **2. DE** *negativ* [ablehnend] • **FR** *négalif* [de refus] • **EN** *negative, unfavourable* • **PT** *negativo* [de recusa] **Beispiller** eng **negativ** Äntwert op meng Demande hëlleft mer net weider; hien huet bei allem eng **negativ** Haltung; hal op, ëmmer esou **negativ** ze denken! [hal op, ëmmer esou pessimistesches ze denken!] **3. DE** *negativ* [Befund] • **FR** *négalif* [résultat d'analyse(s)] • **EN** *negative* [test results] • **PT** *negativo* [resultado de um exame] **Beispill** d'Resultat vum Aidstest war **negativ** **4. [Mathematik]** **DE** *negativ* [unter Null] • **FR** *négalif* [en dessous de zéro] • **EN** *negative* [less than zero, minus] • **PT** *negativo* [abaixo de zero] **Beispill** de Schoulmeeschter huet de Kanner erkläert, wat **negativ** Zuele sinn **5. [Physik]** **DE** *negativ* [geladen] • **FR** *négalif* [charge électrique] • **EN** *negative* [electric charge] • **PT** *negativo* [carga eléctrica] **Beispill** d'Elektronen hunn eng **negativ** Charge

negéieren [nɛˈʒiːərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **negéiert**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Neger [n'eːgɛ] Maskulinum (Pluriel **Negeren**) - Variant vun **Neeger**

O Opgepasst! „Neger“ gëtt haut als rassistesche Begrëff ugesinn.

Negerin [n'eːgəːrɪn] Femininum (Pluriel **Negerinnen**) - Variant vun **Neegerin**

O Opgepasst! „Negerin“ gëtt haut als rassistesche Begrëff ugesinn.

Negligé [n'eːglɪzɛː] Maskulinum (Pluriel **Negligéen**) **DE** *Negligé* • **FR** *négligé* [petite tenue] • **EN** *negligee* • **PT** *negligé* **Beispill** hatt ass am **Negligé** d'Trap erofkomm

negligéieren [nɛglɪz'ʒiːərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **negligéiert**) » **transitiv 1. DE** *außer Acht lassen, nicht berücksichtigen* • **FR** *négliger* [ne pas tenir compte de] • **EN** *to neglect* [to disregard] • **PT** *negligenciar* [não dar atenção a] **Beispiller** d'Fro vum Käschtepunkt därefer mer bei de Verhandlungen op kee Fall **negligéieren**; dësen Aspekt kënne mer **negligéieren** **2. DE** *vernachlässigen* [nicht pflegen] • **FR** *négliger* [ne pas prendre soin de] • **EN** *to neglect* [to fail to care for] • **PT** *negligenciar* [não ter cuidado com] **Beispill** du solls deng Gesondheet net esou **negligéieren** **Synonym** vernoléisseggen

Negociatioun [nɛɡosɪasɪ'əʊn] Femininum (Pluriel **Negociatiounen**) **DE** *Verhandlung* [Gespräche] • **FR** *négociation* [pourparlers] • **EN** *negotiation* • **PT** *negociações* [conversações] **Beispill** béid Länner sinn zu **Negociatioun** bereet **Synonym** Verhandlung

negociéieren [nɛɡosɪ'ʒiːərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **negociéiert**) » **transitiv 1. DE** *aushandeln* • **FR** *négociier* [régler, traiter] • **EN** *to negotiate* • **PT** *negociar* [ajustar, combinar] **Beispill** den Accord gëtt deemnächst nei **negociéiert** **Synonym** aushandelen » **intransitiv 2. DE** *verhandeln* [diskutieren] • **FR** *négociier* • **EN** *to negotiate* • **PT** *negociar* **Beispill** béid Parteie si bereet ze **negociéieren** **Synonym** verhandelen

nei [nɑɪ] Adjektiv **1. DE** *neu* [nicht gebraucht] • **FR** *neuf* [qui n'a pas servi] • **EN** *new* [unused] • **PT** *novo* [não estre-

ado] **Beispiller** no dräi Occasiounen hätt ech elo emol gären en **neien** Auto!; ech hu mer an der Vakanz en **neie** Bikini kaaft **2. DE** *neu* [neuartig, unveröffentlicht] • **FR** *nouveau* [récent, inédit] <Adverb *nouvellement, récemment*> • **EN** *new* [recent, fresh, original] <Adverb *recently, freshly, originally*> • **PT** *novo* [recente, inédito] <Adverb *recentemente, nos últimos tempos*> **Beispiller** op der Foire ginn déi **neisten** Erfindungen ausgestallt; mir mussen eis un déi **nei** Situatioun adaptéieren; dat do ass näischt **Neies**; wat fir (eng) Filmer sinn **nei** erauskomm?; hien ass **nei** am Betrib [hie schafft eréischt zënter Kuerzem am Betrib]; dat do ass mer **nei** [dovu weess ech näischt]; weess de schonn dat **Neist**? [weess de schonn déi lescht **Neiegkeet**?]; mir mussen op en **Neits** vu vir ufänken [mir mussen nach eng **Kéier** vu vir ufänken] **3. DE** *neu* [anders als bisher] • **FR** *nouveau* [autre, différent] <Adverb *à nouveau*> • **EN** *new* [different] <Adverb *newly*> • **PT** *novo* [outro, diferente] <Adverb *de novo, novamente*> **Beispiller** d'Chorale huet en **neien** Dirigent kritzt; an der Pensioun huet hien en **neit** Liewen ugefaangen; ville Leit fält et schwéier, sech op eppes **Neies** anzeloossen; sträich dee Saz duerch a schreife en **nei**!

Neibau [n'ɑɪbæːʊ] Maskulinum (Pluriel **Neibauten**) **DE** *Neubau* [neues Gebäude] • **FR** *nouvel immeuble* [récentement construit] • **EN** *new building* [recently built] • **PT** *edifício novo* [construído recentemente] **Beispill** fir d'Entrée soll den **Neibau** mat zéng Klassenäill a Betrib geholl ginn

Nei Brasilien [nɑɪbrɑzɪ'liːən] Eegennumm **DE** *Grevels* - *Nei-Brasil* • **FR** *Grevels* - *Nei-Brasil* • **EN** *Grevels* - *Nei-Brasil* • **PT** *Grevels* - *Nei-Brasil* **Beispiller** ech wunnen zu **Nei Brasilien**; fiert dëse Bus op **Nei Brasilien**?

néideg [n'ʒidəç] Adjektiv **1. DE** *nötig* • **FR** *nécessaire* [requis, indispensable] • **EN** *necessary* • **PT** *necessário* [requerido, indispensável] **Beispiller** mir feelen déi **néideg** Informatiounen, fir den Artikel ze schreiwen; mir hu just dat **Néidegst** matenee geschwat; ech hunn e bësse Schlof **néideg** [ech brauch e bësse Schlof]; ech hunn deng **Frechheeten** net **néideg**!; ech sinn denger **Frechheeten** net **néideg**! [ech brauch mer deng **Frechheeten** net gefalen ze loossen!]; hatt huet et net fir **néideg** fonnt, eis **Bescheed** ze soen [hatt huet et **iwwerflësseg** fonnt, eis **Bescheed** ze soen]; dat war awer net **néideg**! [⇒ seet een, wann een onerwaart positiv **iwwerrascht** gëtt] **Synonym** noutwendeg **2. néideg** sinn **DE** *auf die Toilette (gehen) müssen* • **FR** *avoir besoin de se soulager* [devoir aller aux toilettes] • **EN** *to need the toilet, to need to go* • **PT** *precisar de ir à casa de banho* **Beispiller** wann s de net esou vill **Téi** géifs drénken, wiers de och net esou dacks **néideg**; mer hunn all zwou **Stonne** misse mam Auto op eng **Tankstell** fueren, well ëmmer eent vun de **Kanner** **néideg** war

Nei-Delhi Eegennumm - Variant vun **New Delhi**

neidesch [n'ɑɪdɛʃ] Adjektiv **DE** *neidisch* • **FR** *envieux* <Adverb *avec envie, plein de jalousie*> • **EN** *jealous, envious* <Adverb *jealously, enviously*> • **PT** *invejoso* <Adverb *com inveja*> **Beispiller** sief net esou **neidesch** op deng **Schwëster**!; hien huet mech **neidesch** gekuckt

Néidesch [n'zi:dəʃ] Femininum (Pluriel Néideschen) - Variant vun ↗Néiesch

Neiduerf [n'aɪdu:ɐ̯f] Eegennumm DE *Neudorf* • FR *Neudorf* • EN *Neudorf* • PT *Neudorf* **Beispiller** ech wunnen am Neiduerf; fiert dëse Bus an d'Neiduerf?

Neiduerf [n'aɪdu:ɐ̯f] Eegennumm DE *Neiduerf* • FR *Neiduerf* • EN *Neiduerf* • PT *Neiduerf* **Beispiller** ech wunnen am Quartier Neiduerf zu Esch-Uelzecht; fiert dëse Bus an de Quartier Neiduerf?

Neiegkeet [n'aɪɛkɛ:t] Femininum (Pluriel Neiegkeeten) **1.** DE *Neuigkeit* [*Nachricht*] • FR *nouvelle* [*d'un événement récent*] • EN *news* [*information*] • PT *novidade* [*de um acontecimento recente*] **Beispill** d'Neiegkeet huet sech als falsch erweisen **Synonymen** Noriicht, Nouvelle **2.** (kee Singulier) DE *Nachrichten* [*in den Medien*] • FR *informations* [*dans les médias*] • EN *news* [*in the media*] • PT *noticias* [*nos média*] **Beispill** mir hunn d'Neiegkeeten am Radio gelauschtert **Synonymen** Noriichten, Nouvellen

néien [n'zi:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *genéit*) » **transitiv** DE *nähen* [*ein Kleidungsstück*] • FR *coudre* [*un vêtement*] • EN *to sew* [*clothing*] • PT *coser* [*uma peça de roupa*] **Beispill** bei deiere Schong ass d'Suel *genéit* an net gepecht **Synonym** bitzen

Neienschaff [nɑɪɛnsh'af] Eegennumm DE *Neienschaff* • FR *Neienschaff* • EN *Neienschaff* • PT *Neienschaff* **Beispiller** ech wunnen um Neienschaff; fiert dëse Bus op den Neienschaff?

néierbrennen [n'zi:ɛbrɛnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *néiergebrannt*) - Variant vun ↗niederbrennen

Neierbuerg [n'aɪɛbu:ɔ̯ɕ] Eegennumm DE *Neuerburg* • FR *Neuerburg* • EN *Neuerburg* • PT *Neuerburg* **Beispiller** ech wunnen zu Neierbuerg; fiert dëse Bus op Neierbuerg?

Néierchen Neutrum (Pluriel Néiercher) - Variant vun ↗Éierchen

neierdéngs [nɑɪɛd'ɛŋs] Adverb DE *neuerdings* • FR *depuis peu* • EN *recently* • PT *há pouco tempo* **Beispill** hien huet neierdéngs en eegenen Auto

néierdrécken [n'zi:ɛdrɛkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *néiergedréckt*) - Variant vun ↗niederdrécken

néierens [n'zi:ɛrɛns] Adverb DE *nirgends* • FR *nulle part* • EN *nowhere* • PT *em nenhum lado* **Beispiller** ech hu meng Schlésselen *néierens* fonnt; et war vill Verkéier, et ass een *néierens* duerchkomm **Synonym** *néierewou*

i Variant: *néierens*

néierewou [n'zi:ɛrɛvəʊ] Adverb DE *nirgendwo* • FR *nulle part* • EN *nowhere* • PT *em nenhum lado* **Beispill** dee Wee féiert *néierewou* hin **Synonym** *néierens*

i Variant: *néierewou*

Néiergang [n'zi:ɛgɑŋ] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Niddergang

Néiergank [n'zi:ɛgɑŋk] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Niddergang

néiergeschloen [n'zi:ɛgəʃlɔ:ən] Adjektiv - Variant vun ↗niddergeschloen

i „néiergeschloen“ kann och de Participle passé vum Verb ↗néierschloen sinn.

néierknéien [n'zi:ɛknɛiən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *néiergeknéit*) - Variant vun ↗niederknéien ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé *néiergeknéit*) - Variant vun ↗niederknéien

Néierlag [n'zi:ɛla:χ] Femininum (Pluriel Néierlagen) - Variant vun ↗Nidderlag

néierleeën [n'zi:ɛle:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *néiergeluecht*) - Variant vun ↗niederleeën

néierloossen [n'zi:ɛlo:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *néiergelooss*) - Variant vun ↗niederloossen

Néierschlag [n'zi:ɛʃla:χ] Maskulinum (Pluriel Néierschléi) - Variant vun ↗Nidderschlag

néierschloen [n'zi:ɛʃlɔ:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *néiergeschloen*) - Variant vun ↗nidderschloen

néierschreiwén [n'zi:ɛʃraɪvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *néiergeschriwwen*) - Variant vun ↗nidderschreiwén

néiersetzen [n'zi:ɛzɛtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *néiergesat*) - Variant vun ↗niddersetzen

Neierung Femininum (Pluriel Neierungen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Néiesch [n'zi:əʃ] Femininum (Pluriel Néieschen) DE *Schneiderin* • FR *couturière* • EN *seamstress* • PT *costureira* **Beispill** d'Néiesch huet der Cliente hire Rack émgéännert

i Variant: Néidesch

neigebuer [nɑɪɛəb'u:ɔ̯] Adjektiv DE *neugeboren* • FR *nouveau-né* • EN *newborn* • PT *recém-nascido* **Beispiller** d'Hiewan hat en *neigebuerent* Kand um Aarm; ech fille mech nees ewéi *neigebuer* ^[ɛgs] lech fille mech nees total a Form!

neigen [n'aɪzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *geneigt*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Neihaff [n'aɪhaf] Eegennumm DE *Neihaff* • FR *Neihaff* • EN *Neihaff* • PT *Neihaff* **Beispiller** ech wunnen um Neihaff; fiert dëse Bus op den Neihaff bei Angelduerf?

Neihaff [n'aɪhaf] Eegennumm DE *Neihaff* • FR *Neihaff* • EN *Neihaff* • PT *Neihaff* **Beispiller** ech wunnen um Neihaff; fiert dëse Bus op den Neihaff bei Ënsber?

Neihaischen [n'aɪhaɪsɛjən] Eegennumm DE *Neuhäuschen* • FR *Neuhaeusgen* • EN *Neuhaeusgen* • PT *Neuhaeusgen* **Beispiller** ech wunnen um Neihaischen; fiert dëse Bus op d'Neihaischen?

Neiinfektioun [n'aɪɪnfɛktsjəʊn] Femininum (Pluriel Neiinfektiounen) DE *Neuinfektion* • FR *nouvelle infection* •

EN *new infection* • PT *nova infeçãõ* **Beispill** eréischt wann d'Zuel vun den Neinfektiounen sech stabiliséiert huet, kann déi éischt Phas vum Deconfinement ugoen

Neijärchen Neutrum 1. d'Neijärche wënschen DE *die Neujahrglückwünsche überbringen* • FR *présenter ses vœux de Nouvel An* • EN *to wish a Happy New Year* • PT *desejar as boas-festas pelo Ano Novo* **Beispill** de Mët-teg fuere mer bei d'Tatta an d'Altersheem d'Neijärche wënschen 2. (Pluriel <seelen> Neijärercher) DE *Neujahrgeschenk* [Geldgeschenk] • FR *étrennes* • EN *New Year present* • PT *prenda de fim de ano* [gratificação] **Beispiller** ech krut ëmmer e schéint Neijärche vun der Grousstatta; hues de de Jonge vun de Kiwwele schonn hiert Neijärche ginn?

i Varianten: Neijeeërchen, Neitjärchen, Neitjeeërchen

Neijeeërchen Neutrum (Pluriel Neijeeërcher) - Variant vun ↗Neijärchen

Neijoerschdag [nɑi'j'o:ʃda:χ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Neujahr, Neujahrstag* • FR *jour de l'An* • EN *New Year's Day* • PT *dia de Ano Novo* **Beispiller** mir sinn op Neijoerschdag bei d'Famill wënsche gaangen; dem gregorianesche Kalenner no fält Neijoerschdag ëmmer op den 1. Januar

Neijoerschempfang [nɑi'j'o:ɛʒəmpfaŋ] Maskulinum (Pluriel Neijoerschempfang) DE *Neujahrs-empfang* • FR *réception du Nouvel An* • EN *New Year's reception* • PT *recepção de Ano Novo* **Beispill** d'Ministerin invitéiert all hir Servicer op den Neijoerschempfang **Synonym** Neijoerschreceptioun

i Variant: Neijoerschempfang

Neijoerschempfang [nɑi'j'o:ʒəmpfaŋk] Maskulinum (Pluriel Neijoerschempfang) - Variant vun ↗Neijoerschempfang

Neijoerschkaart [nɑi'j'o:ʃka:rt] Femininum (Pluriel Neijoerschkaarten) DE *Neujahrskarte* • FR *carte (de vœux) de Nouvel An* • EN *New Year's card* • PT *postal de Ano Novo* **Beispill** ech schreiwe menger Tatta all Joer eng Neijoerschkaart

Neijoerschreceptioun [nɑi'j'o:ʃresæpsjəʊn] Femininum (Pluriel Neijoerschreceptiounen) DE *Neujahrs-empfang* • FR *réception du Nouvel An* • EN *New Year's reception* • PT *recepção de Ano Novo* **Beispill** de Minister invitéiert all seng Servicer op d'Neijoerschreceptioun **Synonym** Neijoerschempfang

Neijoerschried [nɑi'j'o:ʃriət] Femininum (Pluriel Neijoerschrieden) DE *Neujahrsansprache* • FR *discours du Nouvel An* • EN *New Year's message* [speech] • PT *discurso de Ano Novo* **Beispill** dem Premier seng Neijoerschried war dëst Joer manner laang ewéi soss

Neijoerschdag [nɑi'j'o:ʃda:χ] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Neijoerschdag

Neijoerschempfang [nɑi'j'o:ʒəmpfaŋ] Maskulinum (Pluriel Neijoerschempfang) - Variant vun ↗Neijoerschempfang

Neijoerschempfang [nɑi'j'o:ʒəmpfaŋk] Maskulinum (Pluriel Neijoerschempfang) - Variant vun ↗Neijoerschempfang

Neijoerschkaart [nɑi'j'o:ʃka:rt] Femininum (Pluriel Neijoerschkaarten) - Variant vun ↗Neijoerschkaart

Neijoerschreceptioun [nɑi'j'o:ʃresæpsjəʊn] Femininum (Pluriel Neijoerschreceptiounen) - Variant vun ↗Neijoerschreceptioun

Neijoerschried [nɑi'j'o:ʃriət] Femininum (Pluriel Neijoerschrieden) - Variant vun ↗Neijoerschried

Neilicht [nɑi'l'i:çt] Neutrum (kee Pluriel) DE *Neumond* • FR *nouvelle lune* • EN *new moon* • PT *lua nova* **Beispill** munch Leit kënnen bei Neilicht net schlafen

Neiluerenzscheierhaff [nɑi'lʉ:ɛrəntsʃaieħ'af] Eegennumm DE *Neiluerenzscheierhaff* • FR *Neiluerenzscheierhaff* • EN *Neiluerenzscheierhaff* • PT *Neiluerenzscheierhaff* **Beispiller** ech wunnen um Neiluerenzscheierhaff; fiert dëse Bus op den Neiluerenzscheierhaff?

neimaachen [n'ɑima:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé neigemaach / neigemaacht) » **transitiv** DE *erneuern, instand setzen* • FR *remettre à neuf, refaire* • EN *to renew, to replace* • PT *substituir, reparar, refazer* **Beispiller** mir hu wëlles, d'nächst Joer d'Heizung neimaachen ze loossen; d'Sëtzer vu mengem Oldtimer goufen neigemaach

Neimillen [n'ɑimilən] Eegennumm DE *Neimillen* • FR *Neimillen* • EN *Neimillen* • PT *Neimillen* **Beispiller** ech wunnen op der Neimillen; fiert dëse Bus op d'Neimille(n) bei Iechternach?

Neimillen [n'ɑimilən] Eegennumm DE *Neimillen* • FR *Neimillen* • EN *Neimillen* • PT *Neimillen* **Beispiller** ech wunnen op der Neimillen; fiert dëse Bus op d'Neimille(n) bei Groussbus?

Neimillen [n'ɑimilən] Eegennumm DE *Neimillen* • FR *Neimillen* • EN *Neimillen* • PT *Neimillen* **Beispiller** ech wunnen op der Neimillen; fiert dëse Bus op d'Neimille(n) bei Käerch?

Neimillen [n'ɑimilən] Eegennumm DE *Neimillen* • FR *Neimillen* • EN *Neimillen* • PT *Neimillen* **Beispiller** ech wunnen op der Neimillen; fiert dëse Bus op d'Neimille(n) bei Mamer?

Neimillen [n'ɑimilən] Eegennumm DE *Neimillen* • FR *Neimillen* • EN *Neimillen* • PT *Neimillen* **Beispiller** ech wunnen op der Neimillen; fiert dëse Bus op d'Neimille(n) bei Schëffleng?

Neimillen [n'ɑimilən] Eegennumm DE *Neimillen* • FR *Neimillen* • EN *Neimillen* • PT *Neimillen* **Beispiller** ech wunnen op der Neimillen; fiert dëse Bus op d'Neimille(n) bei Iermsdref?

Neimillen [n'ɑimilən] Eegennumm DE *Neimillen* • FR *Neimillen* • EN *Neimillen* • PT *Neimillen* **Beispiller** ech wunnen op der Neimillen; fiert dëse Bus op d'Neimille(n) bei Houfelt?

neimoudesch [n'ɑiməʊdɛʃ] Adjektiv DE *neumodisch* • FR *moderne* [nouveau, de la dernière mode] • EN *modern* [fashionable] • PT *moderno* [novo, da última moda] **Beispill** meng Bomi huet sech nach net un déi neimoudesch Kiche gewinnt

neiräch [n'ɑIRæ:ɪç] Adjektiv pejorativ DE *neureich* • FR *nouveau riche, parvenu* • EN *nouveau riche* • PT *novo-rico* **Beispill** eis neiräch Noperen hunn zwar vill Suen, awer keng Kultur

nérens [n'ɛIRəns] Adverb - Variant vun ↗néierens

néirewou [n'ɛIRəvəʊ] Adverb - Variant vun ↗néierewou

Neirodueschhaff [nɑIRO:dəʃ'h'af] Eegennumm DE *Neirodueschhaff* • FR *Neirodueschhaff* • EN *Neirodueschhaff* • PT *Neirodueschhaff* **Beispiller** ech wunnen um Neirodueschhaff; fiert dëse Bus op den Neirodueschhaff?

Neiséiland Eegennumm, Neutrum - Variant vun ↗Neuseeland

i männlech Persoun: ↗Neiséilänner weiblech Persoun: ↗Neiséilännerin Adjektiv: ↗neiséilännesch

Neiséiland-Dollar Maskulinum (Pluriel Neiséiland-Dollar / Neiséiland-Dollaren) - Variant vun ↗Neuseeland-Dollar

i Neiséiland-Dollar gétt mat NZD oder mat NZ\$ ofgekierzt.

Neiséilänner Maskulinum (Pluriel Neiséilänner) - Variant vun ↗Neuseelänner

Neiséilännerin Femininum (Pluriel Neiséilännerinnen) - Variant vun ↗Neuseelännerin

neiséilännesch Adjektiv - Variant vun ↗neuseelännesch

Neitjärchen Neutrum (Pluriel Neitjärercher) - Variant vun ↗Neitjärchen

Neitjeeërchen Neutrum (Pluriel Neitjeeërcher) - Variant vun ↗Neitjärchen

néitschen [n'ɛɪtʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé genéitscht) - Variant vun ↗néitsen

Néitschert [n'ɛɪtʃet] Maskulinum (Pluriel Néitscherten) - Variant vun ↗Néitsert

néitsen [n'ɛɪtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé genéits) » **intransitiv** DE *niesen* • FR *éternuer* • EN *to sneeze* • PT *espirrar* [dar espirros] **Beispiller** fir keen aneren unzestiechen, soll een an e pabeiers Nuesschnappech oder an den Ielebou néitsen; ech halen net op mat néitsen, ech mengen, ech hunn eng Allergie!; deen héiert d'Fléi néitsen! [egs] [deem entgeet näischt]

i Variant: néitschen

Néitsert [n'ɛɪtʃet] Maskulinum (Pluriel Néitserten) DE *Niesen* • FR *éternuement* • EN *sneeze* • PT *espirro* **Beispill** d'Nues huet mer därmoosse gekribbelt, datt ech den Néitsert net konnt zeréckhalen

i Variant: Néitschert

Neiwal [n'ɑiva:l] Femininum (Pluriel Neiwalen) DE *Neuwahl* • FR *nouvelle élection* • EN *new election(s)* • PT *nova eleição* **Beispill** d'Oppositouen huet Neiwale gefuerdert

Neizäit [n'ɑɪtsæ:ɪt] Femininum (kee Pluriel) DE *Neizeit* • FR *temps modernes* [période historique] • EN *modern period, modern times* • PT *Idade Moderna* **Beispill**

ech hu mer an der Bibliothéik e Buch iwwer d'Neizäit geléint

Neklosdag [nekl'o:sda:χ] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Niklosdag

Nekros Femininum (Pluriel Nekrosen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Nektar [n'æktɑ:R] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** Botanik DE *Nektar* [einer Blüte, einer Pflanze] • FR *nectar* [de fleurs, de plantes] • EN *nectar* [from flowers] • PT *néctar* [de flores, de plantas] **Beispill** am Film gesäit ee gutt, wéi d'Beien den Nektar aus de Bléie suckelen **2.** DE *Nektar* [Getränk] • FR *nectar* [boisson] • EN *nectar* [fruit drink] • PT *néctar* [bebida] **Beispill** ech hu léiwer frëschen Orangéjus ewéi Nektar

Nektarinn Femininum (Pluriel Nektarinnen) DE *Nektarine* • FR *nectarine, brugnnon* • EN *nectarine* • PT *nectarina* **Beispill** als Dessert gouf et e Flan mat engem Coulis aus karamellisierteren Nektarinnen

nëmmen [n'əmən] Adverb **1.** DE *nur* [ausschließlich] • FR *seulement* [exclusivement] • EN *only* [exclusively] • PT *só, apenas* [exclusivamente] **Beispiller** deen Egoist kuckt nëmmen no sech!; ech iessen nëmmen Zalot aus eisem Gaart **Synonym** just **2.** DE *nur* [nicht mehr als] • FR *seulement* [en tout et pour tout] • EN *only* [no more than] • PT *só, apenas* [não mais que] **Beispill** mir wären nëmmen zu dräi, fir Keelen ze spillen **Synonym** just

nëmmen [n'əmən] Partikel **1.** DE *nur, bloß* • FR [sert à nuancer l'expressivité d'un énoncé] • EN [used to nuance the expressiveness of a statement] • PT [serve para matizar a expressividade de um enunciado] **Beispiller** ech kann Iech deen Dokter nëmme recommandéieren!; wéi kann een nëmmen esou falsch sinn!; hätt ech nëmme mengem Gefill nogelauschtert!; hal mer dach nëmmen op mat dengen Dommheeten! **2.** wou et nëmme geet DE *wo es nur möglich ist, wo immer möglich* • FR *en permanence, en toute situation, dans la mesure du possible* • EN *whenever possible, wherever possible* • PT *sempre que possível, em qualquer situação, na medida do possível* **Beispiller** hien dréckt sech laanscht d'Aarbecht, wou et nëmme geet; meng Elteren ënnerstëtze mech, wou et nëmme geet

néng [neŋ] Kardinalzuel DE *neun* • FR *neuf* • EN *nine* • PT *nove* **Beispiller** de Film geet ëm néng Auer un; néng plus zwee ass eelef als Ziffer 9

i Variant: ning

Néng [neŋ] Femininum (Pluriel Néngen) DE *Neun* [Ziffer] • FR *neuf* [chiffre] • EN *nine* • PT *nove* [algarismo] **Beispiller** nennt mer iergendeng Zuel, déi mat enger Néng ufänkt!; an der Zuel 999 stinn dräi Néngen hanereneen als Ziffer 9

i Variant: Ning

Nénga Neutrum (Pluriel Néngaen) Lampetra fluviatilis DE *Bachneunauge* • FR *petite lamproie de rivière* • PT *lampreia-de-rio* **Beispill** gewéinlech stierwen d'Néngaen, esoubal se geläicht hunn **Synonym** Reilach

i Variant: Néngan

néngafofzeg [neŋaf'oftsəç] Kardinalzuel DE *neunundfünfzig* • FR *cinquante-neuf* • EN *fifty-nine* • PT *cinquenta e nove* **Beispill** an der Urgence goufen haut néngafofzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 59

i Variant: ningafofzeg

néngafofzegst [neŋaf'oftsəçst] Ordinalzuel DE *neunundfünfzigste* • FR *cinquante-neuvième* • EN *fifty-ninth* • PT *quinquagésimo nono* **Beispill** eréischt beim néngafofzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 59.

i Variant: ningafofzegst

Néngan Neutrum (Pluriel Néngaen) Lampetra fluvii-atilis - Variant vun **ᵗNénga**

nénganachtzeg [neŋan'açtsəç] Kardinalzuel DE *neunundachtzig* • FR *quatre-vingt-neuf* • EN *eighty-nine* • PT *oitenta e nove* **Beispill** an der Urgence goufen haut nénganachtzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 89

i Varianten: nénganuechtzeg, ninganachtzeg, ninganuechtzeg

nénganachtzegst [neŋan'açtsəçst] Ordinalzuel DE *neunundachtzigste* • FR *quatre-vingt-neuvième* • EN *eighty-ninth* • PT *octogésimo nono* **Beispill** eréischt beim nénganachtzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 89.

i Varianten: nénganuechtzegst, ninganachtzegst, ninganuechtzegst

néngandrësseg [neŋandr'əsəç] Kardinalzuel DE *neununddreißig* • FR *trente-neuf* • EN *thirty-nine* • PT *trinta e nove* **Beispill** an der Urgence goufen haut néngandrësseg Patiente behandelt **mat Zifferen** 39

i Variant: ningandrësseg

néngandrëssegst [neŋandr'əsəçst] Ordinalzuel DE *neununddreißigste* • FR *trente-neuvième* • EN *thirty-ninth* • PT *trigésimo nono* **Beispill** eréischt beim néngandrëssegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 39.

i Variant: ningandrëssegst

néngannonzeg [bankom'a:t] Kardinalzuel DE *neunundneunzig* • FR *quatre-vingt-dix-neuf* • EN *ninety-nine* • PT *noventa e nove* **Beispill** an der Urgence goufen haut néngannonzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 99

i Variant: ningannonzeg

néngannonzegst [neŋan'ontsəçst] Ordinalzuel DE *neunundneunzigste* • FR *quatre-vingt-dix-neuvième* • EN *ninety-ninth* • PT *nonagésimo nono* **Beispill** eréischt beim néngannonzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 99.

i Variant: ningannonzegst

nénganuechtzeg [neŋan'uəçtsəç] Kardinalzuel - Variant vun **ᵗnénganachtzeg**

nénganuechtzegst [neŋan'uəçtsəçst] Ordinalzuel - Variant vun **ᵗnénganachtzegst**

nénganzwanzeg [neŋantsw'antsəç] Kardinalzuel DE *neunundzwanzig* • FR *vingt-neuf* • EN *twenty-nine* • PT *vinte e nove* **Beispill** an der Urgence goufen haut nénganzwanzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 29

i Variant: ninganzwanzeg

nénganzwanzegst [neŋantsw'antsəçst] Ordinalzuel DE *neunundzwanzigste* • FR *vingt-neuvième* • EN *twenty-ninth* • PT *vigésimo nono* **Beispill** eréischt beim nénganzwanzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 29.

i Variant: ninganzwanzegst

néngasechzeg [neŋaz'æçtsəç] Kardinalzuel DE *neunundsechzig* • FR *soixante-neuf* • EN *sixty-nine* • PT *sessenta e nove* **Beispill** an der Urgence goufen haut néngasechzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 69

i Varianten: néngasechzeg, ningasechzeg, ningasechzeg

néngasechzegst [neŋaz'æçtsəçst] Ordinalzuel DE *neunundsechzigste* • FR *soixante-neuvième* • EN *sixty-ninth* • PT *sexagésimo nono* **Beispill** eréischt beim néngasechzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 69.

i Varianten: néngasechzegst, ningasechzegst, ningasechzegst

néngasechzeg [neŋaz'æçtsəç] Kardinalzuel - Variant vun **ᵗnéngasechzeg**

néngasechzegst [neŋaz'æçtsəçst] Ordinalzuel - Variant vun **ᵗnéngasechzegst**

néngasiwwenzeg [neŋaz'ivəntsəç] Kardinalzuel DE *neunundsiebzig* • FR *soixante-dix-neuf* • EN *seventy-nine* • PT *setenta e nove* **Beispill** an der Urgence goufen haut néngasiwwenzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 79

i Variant: ningasiwwenzeg

néngasiwwenzegst [neŋaz'ivəntsəçst] Ordinalzuel DE *neunundsiebzigste* • FR *soixante-dix-neuvième* • EN *seventy-ninth* • PT *septuagésimo nono* **Beispill** eréischt beim néngasiwwenzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 79.

i Variant: ningasiwwenzegst

néngavéierzeg [neŋaf'zɛtsəç] Kardinalzuel DE *neunundvierzig* • FR *quarante-neuf* • EN *forty-nine* • PT *quarenta e nove* **Beispill** an der Urgence goufen haut néngavéierzeg Patiente behandelt **mat Zifferen** 49

i Variant: ningavéierzeg

néngavéierzegst [neŋaf'zɛtsəçst] Ordinalzuel DE *neunundvierzigste* • FR *quarante-neuvième* • EN *forty-ninth* • PT *quadragésimo nono* **Beispill** eréischt beim néngavéierzegste Versuch ass d'Experiment perfekt gelongen **mat Zifferen** 49.

i Variant: ningavéierzegst

néngfach [n'eŋfəç] Adjektiv DE *neunfach* • FR *nonuple, neuf fois* • EN *nine-time* • PT *nove vezes, nóuplo* **Beispill** fir den néngfache Weltmeeschter gëtt et dës Saison net einfach, fir säin Titel ze verteidegen **mat Ziffer** 9-fach

i Variant: ningfach

néngmol [n'eŋmo:l] Adverb DE *neunmal* • FR *neuf fois* • EN *nine times* • PT *nove vezes* **Beispill** ech hu schonn néngmol bei deem Concours matgemaach an nach ni eppes gewonnen **mat Ziffer** 9-mol

i Variant: ningmol

Néngsen [n'ɛŋzən] Eegenumm DE *Neunhausen* • FR *Neunhausen* • EN *Neunhausen* • PT *Neunhausen* **Beispiller** ech wunnen zu Néngsen; fiert dëse Bus op Néngsen?

i Lokalvariant: Ningsen

néngt [nɛŋt] Ordinalzuel DE *neunte* • FR *neuvième* • EN *ninth* • PT *nono* **Beispill** um néngte Stack vum Héichhaus ass e Feier ausgebrach als Ziffer 9.

i Variant: ningt

Néngtchen [n'ɛŋtʃən] Femininum (Pluriel Néngtcher) - Diminutivform vun **Neung** DE *Neun* [Spielkarte] • FR *neuf* [carte à jouer] • EN *nine* [playing card] • PT *nove* [carta de jogar] **Beispiller** wat geet dech un, grad elo déi Néngtchen auszespillen?; de Pätter huet alt erëm eng Néngtche gehalen [egs] [de Pätter war alt erëm e puer Deeg hannerenee voll]

i Variant: Ningtchen

Néngtel [n'ɛŋtəl] Maskulinum (Pluriel Néngtel) DE *Neuntel* • FR *neuvième* [fraction, part] • EN *ninth* [fraction] • PT *nono* [fracção, parte] **Beispill** déi nei Partei huet bei de Walen en Néngtel vun de Stëmme krit

i Variant: Ningtel

Nenn [næn] Femininum (Pluriel Nennen) ^[graff] DE *Titte* • FR *nichon* • EN *tit*, *boob* • PT *teta* [seio da mulher] **Beispill** kuck, dohannen hieft eent säin T-Shirt, fir datt de Rockstar op sengen Nennen ënnerschreift!

Nënnchen [n'ɛŋçən] Femininum (Pluriel Nënnercher) - Diminutivform vun **Nonn**

nennen [n'æɲən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **genannt**) » **transitiv 1.** DE *nennen* [leinen Namen geben] • FR *appeler* [donner un nom à] • EN *to call* [to name] • PT *chamar* [dar um nome a] **Beispill** wéi wëlls de däin Hond **nennen**? **2.** DE *nennen* [bezeichnen, betiteln] • FR *appeler*, *qualifier* (de) • EN *to call* [to describe as] • PT *chamar*, *denominar* **Beispiller** wéi **nennt** een dat Dénge do?; wat geet dech un, mech en Iesel ze **nennen**?; **nenn** d'Kand mam Numm! [egs] [schwätzt richteraus!] **3.** DE *nennen*, *erwähnen* • FR *mentionner* • EN *to name*, *to mention* • PT *mencionar* **Beispiller** ech sinn enttäuscht, datt ech an senger Ried net **genannt** gouf; den Direkter huet sech iwwer seng Mataarbechter geiergt, ouni een (mam Numm) ze **nennen** **4.** DE *nennen* [aufzählen] • FR *citer* [énumérer] • EN *to name* [to list] • PT *citar* [enumerar] **Beispill** **nenn** mer emol fënnf Uertschafte mat méi ewéi 5000 Awunner! **5.** DE *ernennen* (zu) • FR *nommer* [designer, choisir] • EN *to appoint* • PT *nomear* [designar, escolher] **Beispill** de President **gëtt** fir eng Period vu sechs Joer **genannt** » **reflexiv 6.** DE *sich nennen* [sich anmaßen zu sein] • FR *se qualifier* de, *prétendre être* • EN *to call oneself* [to claim to be] • PT *chamar-se* (a si mesmo), *denominar-se* **Beispill** an esou een **nennt** sech e Spezialist! **7.** DE *sich nennen*, *bezeichnet werden als* • FR *s'appeler* [être qualifié de] • EN *to be called* [to be termed, to be described as] • PT *chamar-se* [ser qualificado de] **Beispill** esou en Handel **nennt** sech bei eis eng Gaunerei!

nennenswäert [n'æɲənsvɛ:ɔt] Adjektiv DE *nennenswert* • FR *notable*, *significatif* <Adverb de manière significa-

tive> • EN *notable*, *noteworthy* <Adverb *notably*> • PT *notável*, *significativo* <Adverb *significativamente*> **Beispiller** bis elo gëtt et keng nennenswäert Ännerungen am Programm; dëst Joer ass meng Pai net nennenswäert gehéicht ginn

i Variant: nenneswäert

Nenner [n'æne] Maskulinum (Pluriel Nennen) DE *Nenner* • FR *dénominateur* • EN *denominator* • PT *denominador* **Beispiller** fir d'Bréche ze addéieren, muss de fir d'éischt de gemeinsamen **Nenner** fannen; et ass schwéier, eis Pläng op een **Nenner** ze bréngen [et ass schwéier, eng gemeinsam Grondlag fir eis Pläng ze fannen]

nenneswäert [n'æɲənsvɛ:ɔt] Adjektiv - Variant vun **neennenswäert**

Neodym [n'e:odim] Maskulinum (kee Pluriel) ^[Chimie] DE *Neodym* [chemisches Element] • FR *néodyme* [élément chimique] • EN *neodymium* [chemical element] • PT *neodímio* [elemento químico] **Beispill** d'Element **Neodym** gehéiert zum Grupp vun de Lanthanoiden

Neologismus [neoloʒ'ismus] Maskulinum (Pluriel Neologismen / Neologismussen) DE *Neologismus* • FR *néologisme* • EN *neologism* • PT *neologismo* **Beispill** all Joer kommen eng Retsch **Neologismen** am Dictionnaire bäi

Neon [n'e:õ:] Maskulinum (kee Pluriel) ^[Chimie] DE *Neon* [chemisches Element] • FR *néon* [élément chimique] • EN *neon* [chemical element] • PT *néon* [elemento químico] **Beispill** d'Element **Neon** gehéiert zum Grupp vun den Edelgasen

Neonsluucht [ne:õ:sl'u:xt] Femininum (Pluriel Neonsluuchten) DE *Neonlampe* • FR *(lampe au) néon* • EN *neon lamp* • PT *lâmpada de néon* **Beispill** um Plaffong hängt eng **Neonsluucht**

Neonstüb [ne:õ:st'y:p] Maskulinum (Pluriel Neonstüben) DE *Neonröhre*, *Leuchtstoffröhre* • FR *tube* (au) *néon* • EN *neon tube* • PT *tubo de néon* **Beispiller** am Jongevestiär muss en **Neonstüb** ersat ginn; ech fannen d'Liicht vun den **Neonstüben** onnatierlech

Nepal [n'e:pa:] Eegenumm, Maskulinum DE *Nepal* • FR *Népal* • EN *Nepal* • PT *Nepal* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Nepal; ech fueren d'nächst Woch an den Nepal; ech kommen aus dem Nepal

i männlech	Persoun:	Neopalees	weiblech	Persoun:
Neopaleesin	Adjektiv:	Neopaleesesch	Haaptstad:	Kathmandu

Nepalees [nepal'e:s] Maskulinum (Pluriel Nepaleesen) DE *Nepalese* • FR *Népalais* • EN *Nepalese* • PT *nepalês* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Nepalees**

nepaleesesch [nepal'e:zəf] Adjektiv DE *nepalesisch* • FR *népalais* • EN *Nepalese* • PT *nepalês* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi nepaleesesch Kultur kenne geléiert

Nout [nəʊt] Femininum (kee Pluriel) **1.** DE *Not* [Elend, Armut] • FR *détresse* [misère] • EN *adversity, distress* • PT *miséria* [desgraça, pobreza] **Beispiller** et bleift mir keen Auswee méi aus menger **Nout**; an der **Nout** gleewe vill Leit un iwwernatierlech Kräften; hien ass mat knapper **Nout** laanscht de Prisong komm ^[ɛɡs] [hien ass esou just laanscht de Prisong komm] **2.** zur **Nout** DE *zur Not* • FR *s'il le faut, en cas de nécessité* • EN *if need be* • PT *se for preciso, em caso de necessidade* **Beispill** de Garagist kann eis zur **Nout** en Auto léinen

Nout [nəʊt] Femininum (Pluriel **Nouten**) **1.** DE *Note* [Musiknote] • FR *note* [de musique] • EN *note* [musical] • PT *nota* (musical) **Beispiller** d'Kanner léieren am **Solfège**

hallef a ganz **Noute** schreiwen; meng **Mamm** huet mech no allen **Noute** vernannt ^[ɛɡs] [meng **Mamm** huet mech gehéiereg vernannt] **2.** (kee Singulier) DE *Noten* [Partitur] • FR *partition* [d'une pièce musicale] • EN *score* [of a musical composition] • PT *partitura* **Beispill** d'Pianistin huet de ganze **Concert** ouni **Noute** gespillt **Synonymmen** Partitioun, Partitur

Nout [nəʊt] Femininum (Pluriel **Néit**) **1.** DE *Naht* [genähte Verbindungsstelle] • FR *couture* [raccord cousu] • EN *seam* • PT *costura* [junção cosida] **Beispiller** wéi ech mech gebéckt hunn, ass d'**Nout** vu menger **Jupe** opgefuer; hie bascht aus allen **Néit** ^[ɛɡs] [hien ass ze déck]; d'**Bibliothék** bascht geschwënn aus allen **Néit** ^[ɛɡs] [d'**Bibliothék** ass geschwënn ze kleng] **2.** DE *Naht* [einer Wunde] • FR *suture* [d'une plaie] • EN *suture, stitches* • PT *costura, sutura* [ponto cirúrgico] **Beispill** d'**Nout** muss nach all **Dag** desinifizéiert ginn

Noutausgang [n'əʊdæ:ʊsgaŋ] Maskulinum (Pluriel **Noutausgäŋg**) DE *Notausgang* • FR *sortie de secours* • EN *emergency exit* • PT *saida de emergência* **Beispiller** am **Fliger** si **Liichtercher** um **Buedem**, déi de **Wee** bis bei den **Noutausgang** weisen; d'**Noutausgäŋg** dären nème bei der **Evakuéierung** vum **Gebai** benotzt ginn

I Variant: Noutausgank

Noutausgank [n'əʊdæ:ʊsgaŋk] Maskulinum (Pluriel **Noutausgäŋg**) - Variant vun ↗Noutausgang

Noutbrems [n'əʊtbræms] Femininum (Pluriel **Noutbremsen**) **1.** DE *Notbremse* [Bremsvorrichtung] • FR *signal d'alarme, frein de secours* • EN *emergency brake* • PT *travão de emergência* **Beispiller** et ass verbueden, ouni **Grond** d'**Noutbrems** ze zéien; wéinst ze villen negative **Kriticken** huet d'**Regierung** bei deem **Projet** d'**Noutbrems** gezunn [wéinst ze villen negative **Kriticken** huet d'**Regierung** dee **Projet** abrupt gestoppt] **2.** DE *Notbremse* [Foulspiel] • FR *annihilation d'une occasion de but manifeste* • PT *anulação de uma clara oportunidade de golo* **Beispill** d'**Arbittesch** huet engem **Verteideger** wéinst enger **Noutbrems** d'**Rout** **Kaart** ginn

Noutdéngscht [n'əʊtdɛŋjt] Maskulinum (Pluriel **Noutdéngschter**) DE *Rettingsleitzentrale, Notarzt* • FR *service d'urgence (médicale)* [centre d'appels] • EN *emergency medical service* [call centre] • PT *serviço de urgência (médica)* **Beispill** an **Europa** géllt iwwerall déi selwecht **Telefonsnummer** fir den **Noutdéngscht**

Nouteblat [n'əʊtəbla:t] Neutrum (Pluriel **Nouteblieder**) DE *Notenblatt* • FR *feuille de musique* • EN *music* (sheet) • PT *folha de música* **Beispiller** kuck op däin **Nouteblat** a sief net esou onkonzentriert!; huelt är **Nouteblieder** eraus, mir **prouwen** de **Refrain** nach eng **Kéier**!

Noutem [n'əʊtəm] Eegennumm DE *Nothum* • FR *Nothum* • EN *Nothum* • PT *Nothum* **Beispiller** ech wunnen zu **Noutem**; fiert dëse Bus op **Noutem**?

Noutepult [n'əʊtəpult] Neutrum (Pluriel **Noutepulter**) DE *Notenpult* • FR *lutrin, pupitre* (à musique) • EN *music stand* • PT *estante* (de música) **Beispill** den **Dirigent** huet all **Musikant** déi nei **Partituren** op d'**Noutepult** geluecht

Nouteschlüssel [n'əʊtəʃlɛsəl] Maskulinum (Pluriel Nouteschlüsselen) **DE** Notenschlüssel • **FR** clé [notation musicale] • **EN** clef • **PT** clave [notação na pauta musical] **Beispill** fir d'Pianospartiture gi gewéinlech zwee Nouteschlüssele benotzt

Noutestänner [n'əʊtəʃtæne] Maskulinum (Pluriel Noutestänner / Noutestänneren) **DE** Notenständer • **FR** pupitre (à musique) • **EN** music stand • **PT** estante (de música) **Beispill** ech fäerten, dee kleesperen Noutestänner fällt zesummen, wann ech meng Partitur dropleeën

Noutfall [n'əʊtʃfal] Maskulinum (Pluriel Noutfäll) **DE** Notfall • **FR** urgence, cas d'urgence • **EN** emergency • **PT** (caso de) urgência, (caso de) emergência **Beispiller** bei engem Noutfall op der Autobunn musse mer eis kënnen op de Rettungshelikopter verloossen; den Dokter fiert nëmmen am Fall vun engem Noutfall eraus; am Noutfall mussen d'Haiser all evakuéiert ginn; mir haten déi Sue fir den Noutfall op d'Säit geluecht; am Noutfall kanns de bei eis schlofen [noutfalls kanns de bei eis schlofen]

noutfalls [n'əʊtʃfals] Adverb **DE** notfalls • **FR** au besoin • **EN** if need be • **PT** se necessário, em último caso **Beispill** wann d'ain Auto nach net gefléckt ass, kommen ech dech noutfalls sichen

noutgedrongen [nəʊtɡɛdʁŋ'ŋəŋ] Adverb **DE** notgedrungen, zwangsläufig • **FR** forcément, en toute logique • **EN** perforce, willy-nilly, like it or not • **PT** forçosamente, necessariamente **Beispiller** well soss keen erreechbar war, sinn ech noutgedronge fir mäi Kolleeg agesprongen; a senger neier Funktioun reest hien noutgedronge méi ewéi virdrun; ech sinn net noutgedrongen där selwechter Meenung ewéi hien **Synonym** zwangsléefeg

noutlanden [n'əʊtʃlandən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé noutgelant) » **intransitiv** **DE** notlanden • **FR** faire un atterrissage forcé, se poser en catastrophe • **EN** to make an emergency landing • **PT** fazer uma aterragem forçada **Beispill** de Fliger ass an enger Wiss noutgelant

Noutlandung [n'əʊtʃlanduŋ] Femininum (Pluriel Noutlandungen) **DE** Notlandung • **FR** atterrissage forcé • **EN** emergency landing • **PT** aterragem forçada **Beispill** no der Noutlandung stounge verschidde Passagéier ënner Schock

Noutligen [n'əʊtʃlizən] Femininum (Pluriel Noutligen) **DE** Notlüge • **FR** pieux mensonge, mensonge de circonstance • **EN** white lie • **PT** mentira piedosa **Beispill** ech hu mech mat enger Noutligen erausgeriet

Noutruff Maskulinum (Pluriel Noutruff) **1.** **DE** Notruf [Hilferuf] • **FR** appel d'urgence, appel au secours • **EN** emergency call • **PT** chamada de emergência, chamada de socorro **Beispiller** d'Police huet direkt op den Noutruff reagiert; wéinst den Iwwerschwemmunge sinn e ganze Koup Noutruff beim CGDIS agaangen **2.** **DE** Notruf, Notrufzentrale • **FR** centre d'appels d'urgence • **EN** emergency call centre • **PT** central de emergência **Beispill** den Noutruff vum Rettungsdéngscht ass Dag an Nuecht ze erreechen

Noutsignal [n'əʊtʃsɪna:l] Neutrum (Pluriel Noutsignaler) **DE** Notsignal • **FR** signal de détresse • **EN** emergency signal • **PT** sinal de socorro **Beispill** de Kapitän vum Passagéierschëff huet en Noutsignal gesent, wéi et en Äisberg ze pake kritt hat

Noutsituatioun [n'əʊtʃsitwasjəʊŋ] Femininum (Pluriel Noutsituatiounen) **DE** Notsituation, Notlage • **FR** situation de détresse, situation d'urgence • **EN** emergency situation • **PT** situação de emergência **Beispiller** als Pompjee muss ee wëssen, wéi ee sech an enger Noutsituatioun soll behuelen; a senger Ausbildung üübt e Pilot allméiglech Noutsituatiounen am Simulator

Noutspuer [n'əʊtʃpu:ɔ] Femininum (Pluriel Noutspueren) **DE** Notfallsspur • **FR** voie de détresse • **EN** escape lane • **PT** escapatória [via de emergência] **Beispill** de Camionschauffer huet sech missen op d'Noutspuer retten, well d'Bremse versot hunn

Noutstand [n'əʊtʃtant] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Notstand, Ausnahmezustand • **FR** état d'urgence • **EN** (state of) emergency • **PT** estado de emergência **Beispill** direkt no der Katastroph gouf den Noutstand ausgeruff **Synonymmen** État de crise, État d'urgence

Nouttelefon [n'əʊtʃtələfo:n] Maskulinum (Pluriel Nouttelefonen) **DE** Notrufsäule • **FR** borne d'appel d'urgence • **EN** emergency telephone • **PT** posto SOS, (posto de) telefone SOS **Beispill** d'Nouttelefone laanscht d'Autobunn funktionéiere mat Solarenergie

Nouttelefon [n'əʊtʃtələfo:n] Maskulinum (Pluriel Nouttelefonen) - Variant vun ↗Nouttelefon

noutwendeg [n'əʊtʃvændəɔ] Adjektiv **DE** notwendig [nötig] • **FR** nécessaire [indispensable, essentiel] • **EN** necessary [essential] • **PT** necessário [indispensável, essencial] **Beispiller** dës Computere sinn onbedéngt noutwendeg; mir musse fir d'ëischt déi noutwendeg Formalitéiten erleedegen; war dat do wierklech noutwendeg? **Synonym** néideg

i Variant: noutwenneg

Noutwendegkeet [nəʊtʃvændəɔkɛ:t] Femininum (Pluriel Noutwendegkeeten) **DE** Notwendigkeit • **FR** nécessité [besoin, intérêt] • **EN** necessity • **PT** necessidade [precisão] **Beispiller** d'Moderniséierung vum Gebai ass eng absolut Noutwendegkeet; d'Aktionäre wëllen d'Noutwendegkeet vun där Depense net agesinn

i Variant: Noutwennegkeet

noutwenneg [n'əʊtʃvændəɔ] Adjektiv - Variant vun ↗noutwendeg

Noutwennegkeet [n'əʊtʃvændəɔkɛ:t] Femininum (Pluriel Noutwennegkeeten) - Variant vun ↗Noutwendegkeet

Noutwier [n'əʊtʃvi:ɔ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Notwehr • **FR** légitime défense • **EN** self-defence • **PT** legítima defesa **Beispill** de Verdächtege behaupt, en hätt an Noutwier gehandelt

Nouvelle [n'uvæl] Femininum (Pluriel Nouvellen) **1.** **DE** Nachricht, Neuigkeit • **FR** nouvelle [d'un événement récent] • **EN** piece of news • **PT** novidade [de um acontecimento recente] **Beispill** dat ass eng ganz gutt Nouvelle!

Synonymmen Neiegkeet, Norricht **2.** (kee Singulier) **DE** *Nachrichten [in den Medien]* • **FR** *informations [dans les médias]* • **EN** *news [in the media]* • **PT** *notícias [nos média]*
Beispill mir hunn d'Novellen am Radio gelauschert
Synonymmen Neiegkeeten, Norrichten

Novell [nov'æ:l] Femininum (Pluriel Novellen) **DE** *Novelle [Erzählung]* • **FR** *nouvelle [récit]* • **EN** *novella* • **PT** *novela [conto]* **Beispill** de Schrëftsteller schafft den Ament un enger Novell

November [nov'æmbe] Maskulinum (Pluriel <see-len> Novemberen) **DE** *November* • **FR** *novembre, mois de novembre* • **EN** *November* • **PT** *novembro* **Beispill** am November falen d'Temperaturen dacks ënner de Gefrierpunkt

Noviz [nov'its] Maskulinum (Pluriel Novizen) **DE** *Novize* • **FR** *novice [d'un couvent]* • **EN** *novice [in a religious order]* • **PT** *noviço [numa ordem religiosa]* **Beispill** den Abt huet déi zwee Novizen am Klouschter begréisst

W Weiblech Form: ↗Novizin

Novizin [nov'itsin] Femininum (Pluriel Novizinnen) **DE** *Novizin* • **FR** *novice [femme qui fait son noviciat]* • **EN** *novice [in a religious order]* • **PT** *noviça [numa ordem religiosa]* **Beispill** d'Äbtissin huet déi jonk Novizin am Klouschter begréisst

M Männlech Form: ↗Noviz

novollzéien [n'o:foltsɛiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé novollzunn) » **transitiv DE** *nachvollziehen* • **FR** *(arriver à) comprendre [le comportement d'autrui]* • **EN** *to (be able to) understand* • **PT** *(conseguir) compreender [o comportamento de alguém]* **Beispill** ech kann net novollzéien, datt s du deng Kanner nach esou spéit op d'Strooss léiss! **Synonym** verstoen

Nowéi [n'o:vɛi] Femininum (Pluriel Nowéien) **1.** (meeschens Pluriel) **DE** *Nachwehe [der Gebärmutter]* • **FR** *tranchée [utérine]* • **EN** *afterpains* • **PT** *contração puerperal* **Beispill** no mengem zweeten Accouchement hat ech méi Nowéie wéi nom éischten **2.** (meeschens Pluriel) **DE** *Nachwehe [Folge]* • **FR** *suite (fâcheuse), conséquence (fâcheuse)* • **EN** *aftermath* • **PT** *(má) consequência* **Beispill** d'Leit an där Region kämpfe mat den Nowéie vum Stuerem

noweien [n'o:vaiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé nogewien) » **transitiv DE** *nachwiegen* • **FR** *vérifier le poids de* • **EN** *to reweigh* • **PT** *repesar, verificar o peso de* **Beispill** mir mussen de Pak nach eng Kéier noweien

noweisen [n'o:vaizən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé nogewisen) » **transitiv DE** *nachweisen, belegen* • **FR** *prouver, démontrer* • **EN** *to prove [to demonstrate]* • **PT** *provar, demonstrar* **Beispiller** dem Wëssenschaftler seng Theorie konnt eréischt Joerzénkten no sengem Doud nogewise ginn; an der Prozedur konnt him kee Feeler nogewise ginn [an der Prozedur konnt net nogewise ginn, datt hien e Feeler gemaach hat]

nowerfen [n'o:vɛrfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé nogeworf) » **transitiv 1. DE** *nachwerfen [hinterherwerfen]* • **FR** *lancer, jeter [sur une personne qui s'éloigne]* • **EN** *to throw [at a departing person]* • **PT** *lançar, atirar [a uma pessoa que se afasta]* **Beispill** ech

war esou rosen iwwer hien, datt ech em am léifsten d'Dëppen nogeworf hätt **Synonym** nogeheien **2.** [égs] **DE** *nachwerfen [billig verkaufen]* • **FR** *céder à très bas prix* • **EN** *to sell dirt cheap* • **PT** *ceder a preço muito baixo* **Beispiller** an deem Buttek kriss de d'Teppecher nogeworf; bei deem Professor kréien d'Schüler d'Punkten nogeworf [bei deem Professor mussen d'Schüler net vill Efforte maachen, fir gutt Resultater ze kréien] **Synonym** nogeheien

nowierken [n'o:vi:gkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé nogewierkt) » **intransitiv DE** *nachwirken* • **FR** *produire un effet (prolongé)* • **EN** *to continue to have an effect* • **PT** *produzir um efeito (prolongado)* **Beispill** och wann een dat Medikament net méi hëlt, kann et nach e puer Deeg nowierken

Nowierkung [n'o:vi:gkʊŋ] Femininum (Pluriel Nowierkungen) **DE** *Nachwirkung* • **FR** *effet, répercussion* • **EN** *after-effect, repercussion* • **PT** *efeito, repercussão* **Beispiller** dës Symptomer kënnen nach d'Nowierkung vum de Medikament sinn; déi Länner leiden haut nach ënner den Nowierkung vum Krich

Nowuert [n'o:vu:ɛt] Neutrum (Pluriel Nowierder) **DE** *Nachwort* • **FR** *postface* • **EN** *afterword* • **PT** *posfácio* **Beispill** a sengem Nowuert huet den Auteur alle Col-laborateure Merci gesot

Nowuess [n'o:vuəs] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** *Nachwuchs [Kind(er)]* • **FR** *progéniture, rejeton(s)* • **EN** *offspring* • **PT** *prole, filho(s)* **Beispiller** d'Eltere wëllen dat Beschte fir hiren Nowuess; si hunn Nowuess kritt [si hunn e Puppelche kritt] **2. DE** *Nachwuchs [Nachwuchs-kräfte]* • **FR** *nouvelle génération, relève* • **EN** *next generation [new trainees, replacements]* • **PT** *nova geração [de trabalhadores]* **Beispill** d'Landwirtschaft huet Suerge mam Nowuess **3. DE** *Haaransatz* • **FR** *repousses [cheveux]* • **EN** *roots [of regrowing hair]* • **PT** *raízes [parte do cabelo que cresceu]* **Beispill** ech muss mech beim Coiferer umellen, fir den Nowuess fierwen ze loossem

nowuessen [n'o:vuəsən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé nogewuess) » **intransitiv DE** *nachwachsen* • **FR** *repousser [croître de nouveau]* • **EN** *to grow back* • **PT** *crescer de novo [voltar a despontar, voltar a nascer]* **Beispill** ech verstinn net, wéi däi Baart esou séier kann nowuessen

Nowuesstalent [n'o:vuəstələnt] Neutrum (Pluriel Nowuesstalter) **DE** *Nachwuchstalent* • **FR** *jeune talent* • **EN** *young talent* • **PT** *jovem talento* **Beispill** eise Sportsclub ass ëmmer nees op der Sich no Nowuesstalter

nozeechen [n'o:tse:ɕnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé nogezeechent) » **transitiv DE** *nachzeichnen [eine Vorlage]* • **FR** *copier [en dessinant]* • **EN** *to copy [by drawing]* • **PT** *copiar, desenhar [a partir de um modelo]* **Beispill** d'Schüler mussen déi geomeetresch Formen nozeechen

nozéien [n'o:tsɛiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé nogezunn) » **transitiv 1. DE** *nachziehen [hinter sich herziehen]* • **FR** *tirer (derrière soi), traîner (derrière soi)* • **EN** *to pull behind oneself, to pull along* • **PT** *puxar (atrás de si), arrastar (atrás de si)* **Beispiller** wuer mer

och ginn, **zitt** eise Klengse seng hëlzen Int op Rieder no; hien **zitt** dat rietst Been no [hien hipp] **2. DE** *nachziehen* [leinen Strich] • **FR** *retracer* [une ligne] • **EN** *to draw over, to redraw* [a line] • **PT** *retraçar* [uma linha] **Beispill** den Architekt **huet** verschidde Strécher um Plang **nogezunn** **3. DE** *nachziehen* [eine Schraube, eine Mutter] • **FR** *resserrer* [pour fixer] • **EN** *to retighten* [a screw, a nut] • **PT** *recertpar lum parafuso, uma porca* **Beispill** d'Schrauwe mussen all **nogezu ginn** » **intransitiv** **4. DE** *nachziehen* [einem Beispiel folgen] • **FR** *suivre, faire de même* • **EN** *to follow* [an example] • **PT** *fazer o mesmo* **Beispill** wa mir eis en neien Auto kafen, da mengen d'Noperen, se missten **nozéien**

nozielen [n'o:tsiələn] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **nogezielt**) » **transitiv** **DE** *nachzählen* • **FR** *recompter* • **EN** *to recount* [to count again] • **PT** *recontar* [conferir a contagem de] **Beispill** du muss d'Mënz an der Keess ëmmer direkt **nozielen**

Nr. [n'umə] Femininum (kee Pluriel) - Kuerzform vun **Nummer**

n-Reegel ['ænrɛ:zəl] Femininum (kee Pluriel) **DE** *n-Regel* [in der luxemburgischen Rechtschreibung] • **FR** *régle du n* (final) [dans l'orthographe luxembourgeoise] • **EN** *n-rule, rule of the final n* [in Luxembourgish orthography] • **PT** *regra do n* (final) [na ortografia luxemburguesa] **Beispill** **huet** da keen deem jonken Auteur d'n-Reegel erkläert?

Nu [ny:] Maskulinum (Pluriel Nuen) **[Konscht]** **DE** *Akt* [künstlerische Darstellung] • **FR** *nu* (artistique) • **EN** *nude* • **PT** *nu* (artístico) **Beispill** hien **huet** e Buch mat **Nue** vu bekannte Kënschtler geschenkt **kritt** **Synonym** Akt

Nu [nu] Maskulinum (kee Pluriel) am **Nu** **DE** *im Nu* • **FR** *en un clin d'œil* • **EN** *in a blink, in a flash* • **PT** *num abrir e fechar de olhos* **Beispill** am **Nu** war d'Kiche voller Damp

Nuance [ny'ã:s] Femininum (Pluriel Nuancen) **1. DE** *Nuance* [Abstufung] • **FR** *nuance* [variation] • **EN** *shade, tint* • **PT** *nuance* [matiz] **Beispill** de Moler schafft a senge Biller mat allen **Nuancë** vu blo; du hues eng **Nuance** ze vill Salz an d'Zopp gemaach [du hues e bëssen ze vill Salz an d'Zopp gemaach] **2. DE** *Nuance* [Feinheit] • **FR** *nuance* [subtilité, légère différence] • **EN** *nuance, refinement* • **PT** *nuance* [subtileza, diferença level] **Beispill** looss déi iwwefflësseg **Nuancen** aus dengen Iwwerleungen eraus! **Synonym** Feinheit

nuancéieren [nyã:s'ziərən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **nuancéiert**) » **transitiv** **DE** *nuancieren* [differenzieren] • **FR** *nuancer* [différencier] • **EN** *to nuance, to qualify* • **PT** *matizar* [diferenciar] **Beispill** no deene ville Kriticken **huet** d'Politikerin hir Behauptunge missen **nuancéieren**

nuckelen [n'ukələn] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **genuckelt**)

[i] Hei entsteeft en neien Artikel.

Nuddel [n'udəl] Femininum **1.** (Pluriel **Nuddelen**) **DE** *Nudel* [Teigware] • **FR** *pâte, nouille* • **EN** *pasta* • **PT** *massa* (alimenticia) **Beispill** ech maachen eis de Mëtteg **Nuddele** mat Tomatenzooss **2.** (kee Pluriel) **[ëgs]** **DE** *Nudeln* [Gericht] • **FR** (plat de) *pâtes* • **EN** *pasta* [dish] • **PT** (prato de) *massas* **Beispill** ech weess net, ob ech soll eng **Piz-**

za oder eng **Nuddel** huelen **3. [ëgs]** **geckeg** **Nuddel** **DE** *verrückte(s) Huhn* • **FR** *fofolle* • **EN** *nutter* • **PT** *amalucada* **Beispill** déi **geckeg** **Nuddel** **huet** um Fest **gedanz** ewéi d'Fatz um **Bengel** **4.** (Pluriel **Nuddelen**) **[pejorativ]** **[ëgs]** **DE** *leichtfertige Frau* • **FR** *femme peu sérieuse* • **EN** *frivolous woman* • **PT** *mulher leviana* **Beispill** looss dech net mat deem an, et ass eng **Nuddel**!

nuddelen [n'udələn] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **genuddelt**)

[i] Hei entsteeft en neien Artikel.

Nuddelsdeeg [n'udəlsde:ç] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Nudelteig* • **FR** *pâte à nouilles* • **EN** *pasta dough* • **PT** *massa* [para fazer massa alimenticia] **Beispill** ech maachen ëmmer e bësse **Schmull** an den **Nuddelsdeeg**

Nuebel [n'uəbəl] Maskulinum (Pluriel **Nuebelen**) **DE** *Nabel* • **FR** *nombril* • **EN** *navel* • **PT** *umbigo* **Beispill** no der **Gebuert** muss dem **Bëbee** säin **Nuebel** propper gehale ginn, bis e verheelt ass; ech hunn e **Piercing** am **Nuebel**; meng net, du wiers den **Nuebel** vun der **Welt**! **[ëgs]** [meng net, du wiers déi wichtegst Persoun vun der Welt!]

Nuebelbroch [n'uəbəlbrɔç] Maskulinum (Pluriel **Nuebelbréch**) **DE** *Nabelbruch* • **FR** *hernie ombilicale* • **EN** *umbilical hernia* • **PT** *hérnia umbilical* **Beispill** bei **Pupelcher** ass en **Nuebelbroch** zimmlech heefeg

Nuebelschnouer [n'uəbəlʃn'əʊɐ] Femininum (Pluriel **Nuebelschnéier**) **DE** *Nabelschnur* • **FR** *cordon* (ombilical) • **EN** *umbilical cord* • **PT** *cordão umbilical* **Beispill** den **Dokter** **huet** d'**Nuebelschnouer** duerchgeschnidden; wéi d'Kand op d'Welt koum, hat et d'**Nuebelschnouer** ëm den Hals gewéckelt; et **huet** laang gedauert, ier hien d'**Nuebelschnouer** duerchgeschnidden hat **[ëgs]** [et **huet** laang gedauert, ier hien onofhängeg ginn ass]

Nuecht [nuəçt] Femininum (Pluriel **Nuechten**) **1. DE** *Nacht* [Zeitraum] • **FR** *nuit* [laps de temps] • **PT** *noite* [espaço de tempo] **Beispill** ech kann déi ganz **Nuecht** net schlafen; iwwe **Nuecht** ass bei eis agebrach ginn; den **Zuch** kënnt ëm dräi **Auer** an der **Nuecht** un; et gëtt **Nuecht** [et gëtt däischter]; ech denken **Dag** an **Nuecht** dorun **[ëgs]** [ech denke stänneg dorun]; et ass en **Ënnerscheid** ewéi **Dag** an **Nuecht**! **[ëgs]** [et ass e groussen **Ënnerscheid**; mir iesse gewéinlech ëm siwen **Auer** zu **Nuecht** [mir iessen owes gewéinlech ëm siwen **Auer**]; d'**Kanner** mussen **virun** der **Nuecht** doheem sinn [d'**Kanner** mussen doheem sinn, ier et däischter gëtt]; wa mäi **Brudder** op **Besuch** kënnt, **bleift** en iwwe **Nuecht** [wa mäi **Brudder** op **Besuch** kënnt, **schléift** e bei eis]; hatt ass ellen ewéi d'**Nuecht**! **[ëgs]** [hatt ass ganz ellen] **2. DE** *Nacht, Übernachtung* • **FR** *nuit, nuitée* • **PT** *noite* [com dormida] **Beispill** mir hunn eis dräi **Nuechten** an engem schicken **Hotel** geleescht **Synonym** **Iwwernuechtung** **3. DE** *Nachtschicht* • **FR** *poste de nuit* • **EN** *night shift* • **PT** *turno da noite* **Beispill** de **Papp** kënnt grad vun der **Nuecht** **Synonym** **Nuetsschicht**

Nuechtegailchen [n'uəçtəgailçən] Femininum (Pluriel **Nuechtegailercher**) **Luscinia megarhynchos** **DE** *Nachtigall* • **FR** *rossignol philomèle* • **EN** *common nightingale* • **PT** *rouxinol-comum* **Beispill** wéi **laang**

bréien d'Nuechtegailercher?; hatt séngt ewéi eng Nuechtegailchen [ɛ̃ɡs] [hatt ka ganz schéi sängen]

i Variant: Nuechtigailchen

nuechtelaang [n'ʊæçtələ:ŋ] Adjektiv **DE** *nächtelang* • **FR** *de plusieurs nuits* <Adverb des nuits durant> • **EN** *for nights on end, all night* <Adverb for nights on end, all night> • **PT** *de várias noites* <Adverb durante noites, noites a fio> **Beispiller** an eiser Studentenzäit hu mer **nuechtelaang** Kaart gespillt; hiren Hond billt **nuechtelaang**

Nuechtiessen [n'ʊæçdiəsən] Neutrum (Pluriel Nuechtiessen) **DE** *Abendessen* • **FR** *dîner, repas du soir* • **EN** *evening meal, supper, dinner, tea* • **PT** *jantar* [ʁefeição] **Beispiller** meng Tatta huet eis op d'Nuechtiessen invitéiert; mir hunn den Owend Hierke fir d'Nuechtiessen **Synonym** Owessiessen

Nuechtigailchen [n'ʊæçtigaiçən] Femininum (Pluriel Nuechtigailercher) - Variant vun ↗Nuechtegailchen

Nuechtmanesch [nʊæçtm'a:nəʃt] Eegennumm **DE** *Nachtmanderscheid* • **FR** *Nachtmanderscheid* • **EN** *Nachtmanderscheid* • **PT** *Nachtmanderscheid* **Beispiller** ech wunnen zu Nuechtmanesch; fiert dëse Bus op Nuechtmanesch?

Nuef [nʊæf] Femininum (Pluriel Nuewen) **DE** *Nabe* • **FR** *moyeu* • **EN** *hub* • **PT** *cubo* (de roda) **Beispiller** d'Nuewe mussen agefett ginn; et ass nach esou just op der Nuef erausgaangen [ɛ̃ɡs] [dat Ganzt ass nach esou just gutt ausgaangen]

Nues [nʊəs] Femininum (Pluriel Nuesen) **1.** **DE** *Nase* [Organ] • **FR** *nez* [organe] • **EN** *nose* [organ] • **PT** *nariz* [órgão] **Beispiller** an de Kannerbicher hunn d'Hexen dacks eng Waarzel op der Nues; meng Schwëster huet sech d'Nues operéiere gelooss; hie schwätzt duerch d'Nues; géff mer en Nuesschnappech, ech muss mer d'Nues botzen! [géff mer en Nuesschnappech, ech muss mech schnäizen!]; de Bus ass mer virun der Nues fortgefuer! [ɛ̃ɡs] [ech hunn de Bus just verpasst!]; deng Schlëssele leie virun denger Nues! [ɛ̃ɡs] [deng Schlëssele leien direkt virun der!]; hatt huet him d'Dier virun der Nues zougeschloen [ɛ̃ɡs] [hatt huet hien net eragelooss!]; huel emol eng Nues voll! [ɛ̃ɡs] [rich emol!]; heivu kanns de der roueg emol eng Nues voll huelen [ɛ̃ɡs] [heiru kanns de der roueg emol e Beispill huelen!]; de scharfe Geruch vum Ammoniak geet engem an d'Nues [de scharfe Geruch vum Ammoniak reizt engem d'Schläimhaut an der Nues!]; ech hunn d'Nues voll! [ɛ̃ɡs] [ech sinn es sat!]; hatt dréit d'Nues zimmlech héich [ɛ̃ɡs] [hatt ass iwverhiefléch!]; looss der net alles aus der Nues zéien! [ɛ̃ɡs] [looss der net esou fléiwen!]; ech loosse mir vu kengem op d'Nues schäissen! [graʃ] [ech loosse mir vu kengem eppes gefalen!]; hänk him net alles op d'Nues! [ɛ̃ɡs] [ziel him net alles, hien zielt et weider!]; hie gesäit net méi wäit ewéi seng Nues [ɛ̃ɡs] [hien denkt net iwver d'Konsequenzen nol; mat där Astellung kéints de emol op d'Nues falen [ɛ̃ɡs] [mat där Astellung kéints de emol bäilafen!]; him ass eng gutt Geleeënheet laansch d'Nues gaangen [ɛ̃ɡs] [hien huet eng gutt Geleeënheet verpasst!]; mat deem Geschäft hu si sech eng Gëllen Nues verdéngt [ɛ̃ɡs] [mat deem Geschäft hu si vill Sues verdéngt!]; ech hunn em dat

ënner d'Nues geriwwen! [ɛ̃ɡs] [ech hunn em dat gesot, well ech weess, datt en et net gär héiert!]; mat deenen Argumenter kritt d'Saach eng aner Nues [ɛ̃ɡs] [mat deenen Argumenter presentéiert d'Saach sech anescht!]; mäi Papp reift mer bei all Geleeënheet ënner d'Nues, datt ech en Noexamen hunn [ɛ̃ɡs] [mäi Papp wërft mer bei all Geleeënheet vir, datt ech en Noexamen hunn!]; wat huet dee Wäin eng Nues! [wat richt dee Wäin aromatesch!] **2.** **DE** *Nase* [Gespür] • **FR** *flair, intuition* • **EN** *nose* [flair] • **PT** *faro, intuição* **Beispill** du has nach ëmmer eng gutt Nues, wann et drëm gaangen ass, Geschäfte ze maachen **3.** **DE** *Nase, Spitze* • **FR** *nez* [partie frontale], *bout* • **EN** *nose* [front end], *toecap* • **PT** *nariz* [parte frontal], *biqueira* **Beispiller** d'Nues vum Fliger ass rout lackéiert; den Aarbechter hir Schong hu stolen Nuesen

Nuesdrëpsen [n'ʊæçdrəpsən] Femininum (kee Singular) **DE** *Nasentropfen* • **FR** *gouttes nasales* • **EN** *nose drops* • **PT** *gotas nasais* **Beispill** mat Nuesdrëpsen dierf een net iwverdreiwien

Nuesespëtz [n'ʊæçɛpɛts] Femininum (Pluriel Nuesespëtzten) - Variant vun ↗Nuesespëtz

Nuesespëtz [n'ʊæçɛpɛts] Femininum (Pluriel Nuesespëtzten) **DE** *Nasenspitze* • **FR** *bout du nez* • **EN** *tip of the nose* • **PT** *ponta do nariz* **Beispiller** du hues e bëssen Tomatenzooss op denger Nuesespëtz; deem Typ gesäit een d'Dommheet un der Nuesespëtz of!

i Variant: Nuesespëtz

Nueslach [n'ʊæslɑç] Neutrum (Pluriel Nueslächer) **DE** *Nasenloch* • **FR** *narine* • **EN** *nostril* • **PT** *narina* **Beispiller** an der Urgence sëtzt e klenge Bouf, deen sech eng Jick an d'Nueslach gestach huet; hatt huet esou misse laachen, datt d'Limonad em zu den Nueslächer erauskoum

Nueslächelchen [n'ʊæslæçəlçən] Neutrum (Pluriel Nueslächelcher) - Diminutivform vun ↗Nueslach

Nuesschläimhaut [n'ʊəsʃlæ:imhaʊt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Nasenschleimhaut* • **FR** *muqueuse nasale* • **EN** *nasal mucosa* • **PT** *mucosa nasal* **Beispill** wann een ze dacks Spray géint de Schnapp benotzt, gëtt d'Nuesschläimhaut ugegraff

Nuesschnappech [n'ʊəʃnəpəç] Neutrum (Pluriel Nuesschnappecher) **DE** *Taschentuch* • **FR** *mouchoir* • **EN** *handkerchief, tissue* • **PT** *lenço* [de mão] **Beispill** hues de en Nuesschnappech fir mech, wannechgelift? **Synonym** Schnappech

nuets [nʊəts] Adverb **DE** *nachts* • **FR** (pendant) *la nuit* • **EN** *at night, nights* • **PT** *de noite, à noite, durante a noite* **Beispill** eisen Informatiker schafft nëmmen nuets

Nuetsbetrib [n'ʊətsbɛtri:p] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Nachtbetrieb* [Modus] • **FR** *mode de nuit, fonctionnement de nuit* • **EN** *night mode, night operation* • **PT** *modo noturno, regime noturno* **Beispill** mir hunn d'Heizung op Nuetsbetrib geschalt

Nuetsdësch [n'ʊətsdɛʃ] Maskulinum (Pluriel Nuetsdëscher) **DE** *Nachtisch* • **FR** *table de nuit, table de chevet* • **EN** *bedside table* • **PT** *mesa de cabeceira* **Beispill** ech hu mäi Liesbrëll um Nuetsdësch leie gelooss

Nuetseil Femininum (Pluriel Nuetseilen) ^[ëgs] DE *Nachteule* • FR *oiseau de nuit* [personne] • EN *night owl* • PT *coruja* [pessoa da noite] **Beispiller** zënter s de net méi bei dengen Eltere wunns, bass de eng richtig Nuetseil ginn; ém dës Auerzäit begéint ee just nach Nuetseilen, déi um Heemwee sinn, a Leit, déi ganz fréi ufänke mat schaffen

Nuetsfluch [n'uətsflʊx] Maskulinum (Pluriel Nuetsflüch) DE *Nachtflug* • FR *vol de nuit* • EN *night flight* • PT *voo noturno* **Beispill** wéinst dem Kaméidi goufen d'Nuetsflüch staark reduzéiert

Nuetsflug [n'uətsflʊx] Maskulinum (Pluriel Nuetsflig) - Variant vun ↗Nuetsfluch

Nuetshiem [n'uətsʃiəm] Neutrum (Pluriel Nuetshiemer) DE *Nachthemd* • FR *chemise de nuit* • EN *night-dress* • PT *camisa de dormir* **Beispill** si huet eis am Nuetshiem d'Viischt Dier opgemaach

Nuetsliewen [n'uətsliəvən] Neutrum (kee Pluriel) DE *Nachtleben* • FR *vie nocturne* • EN *nightlife* • PT *vida noturna* **Beispill** du schéngs dech gutt am Nuetsliewen auszekennen

Nuetsopnam Femininum (Pluriel Nuetsopnamen) DE *Nachtaufnahme*, *Nachtsicht* • FR *vue nocturne* [image, photo] • EN *night view* [photograph] • PT *vista noturna* **Beispill** hues du déi schéin Nuetsopnam vun där aler Bueg selwer gemaach?

Nuetsrallye Maskulinum (Pluriel Nuetsrallyen) DE *Nachtpostenlauf* • FR *rallye nocturne* [activité ludique] • PT *pedipaper noturno* **Beispill** de Scoutschef huet fir de Camp e flotten Nuetsrallye virbereet

Nuetsreeër [n'uətsre:ə] Maskulinum (Pluriel Nuetsreeër / Nuetsreeëren) *Nycticorax nycticorax* DE *Nachtreiher* • FR *bihoreau gris* • EN *black-crowned night heron* • PT *socó-taquari* **Beispill** wéi laang bréien d'Nuetsreeër?

Nuetsrou Femininum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Nuetssschicht [n'uətsʃiçt] Femininum (Pluriel Nuetssschichten) DE *Nachtschicht* • FR *poste de nuit*, *service de nuit* • EN *night shift* • PT *(turno da) noite* **Beispiller** d'nächst Woch mécht mäi Mann dräi Nuetssschichten; d'Nuetssschicht geet muer de Moien zesumme Kaffi drénken [d'Aarbechter vun der Nuetssschicht gi muer de Moien zesumme Kaffi drénken]; ech hu missen eng Nuetssschicht aleeën, fir fäerdeg ze ginn ^[ëgs] [ech hu missen d'Nuecht duerchschaffen, fir fäerdeg ze ginn] **Synonym** Nuecht

Nuetsspill [n'uətsʃpil] Neutrum (Pluriel Nuetspill) DE *nächtliche Schnitzeljagd*, *Geländespiel bei Nacht* • FR *jeu de nuit* • EN *night-time scavenger hunt*, *night-time paper chase* • PT *pedipaper noturno* **Beispill** d'Kanner hu mat vill Begeeschterung beim Nuetspill matgemaach

Nuetswaach [n'uətsva:χ] Femininum (Pluriel Nuetswaachen) DE *Nachtwache* [Krankenpfleger] • FR *garde de nuit* • EN *night shift* [nursing] • PT *enfermeiro noturno* **Beispill** de Kranken huet der Nuetswaach geschellt, well e schrecklech Péng hat

Nuetswiechter [n'uətsviəçtə] Maskulinum (Pluriel Nuetswiechter) DE *Nachtwächter* [Wachmann] • FR *veilleur de nuit* • EN *night watchman* • PT *guarda-noturno* **Beispill** hien ass Nuetswiechter an engem grouse Bürosgebai

I Weiblech Form: ↗Nuetswiechterin

Nuetswiechterin [n'uətsviəçtərin] Femininum (Pluriel Nuetswiechterinnen) DE *Nachtwächterin* [Wachfrau] • FR *veilleuse de nuit* • EN *night watchwoman* • PT *guarda-noturna* **Beispill** d'Nuetswiechterin huet d'Abriecher in flagranti erwëscht

I Männelech Form: ↗Nuetswiechter

nujee [nuj'e:] Interjektion **1.** DE *nun ja*, *tja*, *na komm* • FR *mais oui*, *bon*, *ma foi*, *allons donc* • EN *well* • PT *bem*, *enfim*, *paciência* **Beispiller** *nujee*, et sief dann!; *nujee*, et kann een net ëmmer gewannen!; *nujee*, esou ass dat!; *nujee*, wat wëlls de hunn! **Synonymmen** *majo*, *tjo* **2.** ^[vereezelt] DE *Schluss jetzt*, *jetzt reicht's* • FR *assez*, *stop*, *ça suffit*, *c'est marre* • EN *enough*, *that's it* • PT *chega*, *basta*, *pronto* **Beispill** *nujee*, gëss de dech da bal! **Synonym** *dajee*

nujelen [n'uzələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *genujelt*) » **transitiv 1.** DE *nuscheln* • FR *parler dans sa barbe* • EN *to mumble*, *to mutter* • PT *dizer por entre dentes* **Beispill** hien huet iergendeppes *genujelt*, ier en aus der Dier gaangen ass » **intransitiv 2.** DE *nuscheln* • FR *parler dans sa barbe* • EN *to mumble*, *to mutter* • PT *fa-lar por entre dentes* **Beispill** ech ruffen him net gär un, well en um Telefon ëmmer esou *nujelt*

nuklear [nukle'a:r] Adjektiv DE *nuklear* • FR *nucléaire* • EN *nuclear* • PT *nuclear* **Beispiller** déi nuklear Katastroph huet vill Mënschen d'Liewe kascht; de Buedem ass nuklear verknascht

Nuku'alofa Eegennumm DE *Nuku'alofa* • FR *Nuku'alofa* • PT *Nucualofa* **Beispill** *Nuku'alofa* ass d'Haaptstad vun Tonga

Null [nul] Femininum (Pluriel Nullen) **1.** DE *Null* [Ziffer] • FR *zéro* [chiffre] • EN *zero*, *nought* • PT *zero* [algarismo] **Beispiller** pass op, datt s de um Scheck keng *Null* ze vill schreifs!; ech krut eng *Null* an der Physik [ech krut eng ganz schlecht Nott an der Physik] als **Ziffer 0** ^[ëgs] ^[pejorativ] DE *Null* [Nichtskönn(er)in] • FR *zéro*, *nullard(e)*, *null(le)*, *nullité* • EN *duffer*, *washout* • PT *zero*, *zero à esquerda*, *nullidade* **Beispill** am Franséische sinn ech eng *Null*! **Synonym** *Päif*

null [nul] Kardinalzuel DE *null* • FR *zéro* • EN *zero*, *nil* • PT *zero* **Beispiller** et kann ee keng Zuel duerch *null* dividéieren; muer sollen d'Temperaturen ënner *null* (Grad) falen; eis Ekip huet de Champion mat fënnef zu *null* geklappt als **Ziffer 0**

null [nul] Adjektiv **1.** ^[ëgs] DE *miserabel* [schlecht] • FR *null* [mauvais] • EN *rubbish* [bad] • PT *péssimo* [que não vale nada] **Beispiller** dee Film ass wierklech *null*, géi en nëmmen net kucken!; hues du schonn eng *Kéier* esou en *nullt* Buch gelies? **2.** ^[ëgs] DE *null* [keine(r,s)] • FR *zéro*, *pas le moindre* [aucun] • EN *no*, *not the slightest* • PT *nenhum*, *nem o minimo* **Beispill** hal de Mond, du hues jo *null* Anung!

nulleg Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Nullkommanäischt [nulkoma:n'æ:ɪft] Substantiv (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Nullpunkt [n'ulpuŋt] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE Nullpunkt *leiner Skala* • FR *zéro* [d'une échelle graduée], *barre des zéros* • EN *zero* (point), *freezing* (point) [on a scale of measurement] • PT *zero* [numa escala] **Beispill** d'Temperatur soll hënt ënner den Nullpunkt falen **2.** DE Nullpunkt [Tiefpunkt] • FR (degré) *zéro* [minimum] • EN *rock bottom* • PT (grau) *zero* [nada] **Beispill** meng Stëmmung ass um Nullpunkt ukomm

Numerisatioun [numərisa:si'əʊn] Femininum (Pluriel Numerisatiounen) DE Digitalisierung • FR *numérisation* • EN *digitalization*, *digitization* • PT *digitalização* **Beispill** an zwee Joer wëllt d'Archiv mat der Numerisatioun vu senge Fonge fäerdeg sinn **Synonym** Digitaliséierung

Numm [num] Maskulinum **1.** (Pluriel Nimm) DE Name [Eigennamen] • FR *nom* [d'une personne, d'un animal] • EN *name* [of a person, of an animal] • PT *nome* [de uma pessoa, de um animal] **Beispiller** Dir musst Ären Numm, Är Adress an Är Telefonsnummer ugin; am Klassebuch ass eng Lëscht mat den Nimm vun de Schüler; den Auto ass op mäin Numm ugemellt; weess de kee schéinen Numm fir eisen neien Hond?; ech kennen hien nëmme vum Numm hier [ech kennen hien net perséinlech]; d'Rechnung geet op mäin Numm [ech bezuelen d'Rechnung] **2.** (Pluriel Nimm) DE Name [Bezeichnung] • FR *nom* [désignation] • EN *name* [designatio] • PT *nome* [designação] **Beispiller** et fënnt een d'Produkt ënner zwee verschiddeenen Nimm; ech hunn den Numm vun der Strooss opgeschriwwen **3.** am Numm vun DE *im* Namen von • FR *au nom de* • EN *in the name of* [on behalf of] • PT *em nome de* **Beispiller** am Numm vu menge Mataarbechter soen ech Iech Merci; eis Presidentin konnt leider net kommen, dofir schwätzen ech an hirem Numm **4.** (kee Pluriel) DE Name [Ruf, Ansehen] • FR *nom* [réputation, renommée] • EN *name* [reputation] • PT *nome* [reputação, renome] **Beispiller** hien huet sech an der Moud en Numm gemaach; hie fäert fir säi gudden Numm; hie mécht sengem Numm keng Eier! [ëgs] [hie behëlt sech derniewent]

Nummer [n'umə] Femininum (Pluriel Nummeren) **1.** DE Nummer [Ordnungsnummer, Identifikationsnummer] • FR *numéro* [d'ordre, d'identification, de rue] • EN *number* [of order, of identification] • PT *numero* [de ordem, de identificação, de rua], *matricula* **Beispiller** just am Guichet Nummer 8 kann ee Suen ophiewen; mir wunnen an der Haaptstrooss op Nummer 100; ech verhalen d'Nummer vu mengem Auto einfach net!; a sengem Fach ass hien d'Nummer eent [ëgs] [a sengem Fach ass hien dee Beschten]; an dëser Affär gi mir besser op Nummer sécher! [ëgs] [an dëser Affär gi mir besser kee Risiko an] **Synonym** Nummero **2.** DE Nummer [Telefonnummer] • FR *numéro* (de téléphone) • EN (telephone) *number* • PT *numero* (de telefone) **Beispill** entschëllegt, ech hunn déi falsch Nummer gewielt! **Synonym** Telefonsnummer **3.** DE Nummer, Ausgabe • FR *numéro* [d'une publication] • EN *number* [issue] • PT *nú-*

mero [de uma publicação] **Beispill** an der leschter Nummer vun dëser Zäitschrëft war en Artikel iwwer d'Prënzenhochzäit **4.** DE Nummer [Konfektionsgröße] • FR *taille* [de confection] • EN *size* [of clothing] • PT *numero* [tamanho de vestuário] **Beispiller** dee Pullover ass mir eng Nummer ze gross; dee Projet war eis eng Nummer ze gross! [ëgs] [Idee Projet goung iwwer eis Méiglechkeeten eraus] **Synonymmen** Numero, Taille **5.** DE Nummer [Darbietung] • FR *numéro* [d'un spectacle] • EN *act* [performance] • PT *numero* [de um espetáculo] **Beispill** am Zirkus huet mir d'Nummer mat de Clownen am beschte gefall **6.** [ëgs] DE Nummer [Person] • FR (drôle de) *numéro* [personne] • EN *character* [person] • PT *numero* [pessoa] **Beispiller** du bass mir awer eng Nummer!; hien ass eng Nummer fir sech [hien ass en ongewéinleche Mënsch] **Synonymmen** Numero, Unikum

I Kuerzform: Nr.

nummeréieren [numə'r'ziə:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé nummeréiert) » **transitiv** DE *nummerieren* • FR *numéroter* • EN *to number* • PT *numerar* [pôr números em] **Beispill** du muss d'Këschten nummeréieren

Nummereschëld [n'umə'rəʃəlt] Neutrum (Pluriel Nummereschëlter / Nummereschëlde) DE *Nummernschild* • FR *plaque d'immatriculation* • EN *number plate*, *registration plate* • PT *chapa de matrícula* **Beispill** ier den Auto verschrott gëtt, muss d'Nummereschëld erofgeschrauft ginn **Synonym** Plack

Numero [n'umə:ro:] Maskulinum (Pluriel Nummeroen) **1.** DE Nummer [Ordnungsnummer, Identifikationsnummer] • FR *numéro* [d'ordre, d'identification, de rue] • EN *number* [of order, of identification] • PT *numero* [de ordem, de identificação, de rua] **Beispiller** just am Guichet Numeroo aacht kann ee Suen ophiewen; mir wunnen an der Haaptstrooss op Numeroo honnert **Synonym** Nummer **2.** DE Nummer [Telefonnummer] • FR *numéro* (de téléphone) • EN (telephone) *number* • PT *numero* (de telefone) **Beispill** entschëllegt, ech hunn dee falschen Numeroo gewielt! **Synonymmen** Nummer, Telefonsnummer **3.** DE Nummer, Ausgabe • FR *numéro* [d'une publication] • EN *number* [issue of a magazine] • PT *numero* [de uma publicação] **Beispill** am leschten Numeroo vun dëser Zäitschrëft war en Artikel iwwer d'Prënzenhochzäit **Synonym** Nummer **4.** DE Nummer [Konfektionsgröße] • FR *taille* [de confection] • EN *size* [of clothing] • PT *numero* [tamanho de vestuário] **Beispill** dee Pullover ass mir en Numeroo ze gross **Synonymmen** Nummer, Taille **5.** [ëgs] DE Nummer [Person] • FR (drôle de) *numéro* [personne] • EN *character* [unusual, amusing person] • PT *numero* [pessoa] **Beispill** du bass mir awer en Numeroo! **Synonymmen** Nummer, Unikum **6.** DE Los leiner Lotterie, Losnummer • FR *numéro* [de loterie] • EN *lottery ticket*, *tombola ticket*, *number* • PT *numero* [de lotaria] **Beispill** den Numeroo 137 gewënnt den Haaptpräis

nu mol Partikel - Variant vun ↗nun emol

nun emol Partikel

I Hei entsteet en neien Artikel.

I Variant: nu mol

Nuntius [n'untsjʊs] Maskulinum (Pluriel Nuntiusen) DE *Nuntius* • FR *nonce* • EN *nuncio* • PT *núncio* **Beispill** den Nuntius gouf vum Bëschof feierlech empfaangen

Nuque [nyk] Femininum (Pluriel Nuquen) DE *Nacken* • FR *nuque* • EN *scruff, nape [of the neck]* • PT *nuca* **Beispiller** ech hu meng *Nuque* wéi, well ech an der Nuecht schlecht louch; ech krut zwou Bandscheiwen op der Héicht vun der *Nuque* ersat **Synonymmen** Genéck, Halsgenéck

Nutria [n'u:trja:] Maskulinum (Pluriel Nutriaen) Myocastor coypus DE *Nutria* • FR *ragondin* • EN *coypu* • PT *coipu* **Beispill** den *Nutria* ka fir seele Muschelaarten eng Gefor duerstellen

Nylon [n'ílɔ:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Nylon* • FR *nylon* • EN *nylon* • PT *nylon* **Beispill** ech verdroe keng Strémp aus *Nylon*

Nymphefliedermaus [n'imfæfliædemæ:ʊs] Femininum (Pluriel Nymphefliedermäis) *Myotis alcathoe* DE *Nymphenfledermaus* • FR *murin d'Alcathoe* • EN *al-*

cathoe bat • PT *morcego-de-bigodes de Alcathoe* **Beispill** d'*Nymphefliedermaus* ass op Bëscher mat villen ale Beem an op wéineg Agrëffer vum Fierschter ugewisen

nymphomanesch [nimfom'a:nəʃ] Adjektiv DE *nymphoman* • FR *nymphomane* • EN *nymphomaniac* • PT *ninfomaniaco* **Beispill** Fraen, déi hir Sexualitéit oppen ausliewen, ginn oft zu Onrecht als *nymphomanesch* bezechent

Nymphomanie [nimfoman'i:] Femininum (kee Pluriel) DE *Nymphomanie* • FR *nymphomanie* • EN *nymphomania* • PT *ninfomania* **Beispill** eng Fra, déi ënner *Nymphomanie* leit, huet en onkontrolléierbaart Verlaangen no Sex

Nymphomanin [nimfom'a:nin] Femininum (Pluriel Nymphomaninnen) égs pejorativ DE *Nymphomanin* • FR *nymphomane* • EN *nymphomaniac* • PT *ninfomana* **Beispill** ech sinn dach keng *Nymphomanin*, nëmme well ech meng Sexualitéit oppen ausliewen!



o [o:] Interjektioun **1. DE** *hm* [als Ausdruck des Bedenkens, der Unschlüssigkeit] • **FR** *hum* [pour exprimer le doute, la perplexité] • **EN** *um* [used to express hesitation, doubt] • **PT** *hum* [para exprimir dúvida, perplexidade] **Beispiller** *o*, do sinn ech awer net sécher!; *o*, dat do gëtt net einfach! **Synonym** **hm 2. DE** *oh* [als Ausdruck der Enttäuschung] • **FR** *oh* [pour exprimer la déception] • **EN** *oh* [used to express disappointment] • **PT** *ah*, *oh* [para exprimir decepção] **Beispiller** *o*, wéi schued, elo ass de Film schonn eriwwer!; *o*, fir dee Präis hätt ech mer awer méi eng grouss Portioun Fritten erwaart! **3. DE** *hm* [als Ausdruck der Verwunderung, des Erschreckens] • **FR** *oh* [pour exprimer l'étonnement, le fait d'être effrayé] • **EN** *oh* [used to express surprise, shock] • **PT** *oh*, *ui* [para exprimir surpresa, espanto] **Beispiller** *o*, entschëllegt, ech hu mech geiert!; *o*, elo sinn ech Ärem Hond op de Schwanz getrëppelt!; *o*, elo sinn ech paff!; *o*, elo hu mer kee Bensinn méi! **4. DE** *sag mal* [als Ausdruck des Unmuts] • **FR** *dis donc*, *oh* [pour exprimer la désapprobation] • **EN** *hey* • **PT** *mau*, *oh* [para exprimir desagrado, descontentamento] **Beispiller** *o*, wat benotz du elle Wierder!; *o*, elo geet et awer duer!; *o*, ech Dabo! **5. DE** *wow*, *Donnerwetter* • **FR** *waouh*, *eh ben* [pour exprimer une certaine admiration] • **EN** *wow* • **PT** *oh*, *uau* [para exprimir admiraçāo] **Beispill** *o*, hues de deem säi Mo-to gesinn! **Synonymmen** *abee jo*, *wow 6. DE *ach*, *Kopf hoch* • **FR** *allons* [pour exprimer un encouragement] • **EN** *come on*, *chin up* • **PT** *vamos* [para exprimir encorajamento] **Beispiller** *o*, esou schlëmm ass dat och erëm net!; *o*, dat do ass e klenge Bobbo, dee geet séier ewech! **Synonymmen** *allez*, *komm 7. o*, *o DE *oh*, *oh* [nach einer beklemmenden Feststellung] • **FR** *oh*, *oh* [après une constatation inquiétante] • **EN** *uh-oh* [used to express concern] • **PT** *oh*, *oh* [depois de descobrir um facto preocupante] **Beispiller** *o*, *o*, elo kriss de gejaut!; *o*, *o*, dat do häss de op kee Fall däerfe soen!**

O Maskulinum (Pluriel **O-en** / **O**) **DE** *O* [Buchstabe] • **FR** *o* [lettre] **Beispill** dat Klengt gëtt sech vill Méi, fir schéin **O-en** a säin Heft ze schreiwen

Oas Femininum (Pluriel **Oasen**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

ob [op] Konjunktioun **1. DE** *ob* • **FR** *si* • **EN** *if*, *whether* • **PT** *se* **Beispiller** fro de Papp, *ob* en eppes wëllt iessen!; ech weess net, *ob* ech d'Kaffemaschinn ausgemaach hunn **2. ob ... oder DE** *ob ... oder* • **FR** *que ... ou (que)* • **EN** *if ... or, whether ... or* • **PT** *quer ... quer* **Beispill** ech muss elo opstoen, *ob* ech wëll oder net!

obdachlos Adjektiv **DE** *obdachlos* • **FR** *sansabri*, *sans domicile fixe* **Beispiller** wann d'Loyere weider esou massiv an d'Luucht ginn, riskéiere vill Leit, *obdachlos* ze ginn; si war eng gutt Zäit *obdachlos*, ier se eng Sozialwunneng kruz

Obdachlos Femininum (Pluriel **Obdachlos** / **Obdachloser**) **DE** *Obdachlose* • **FR** *sansabri* [femme] **Beispill** eng Passantin huet enger *Obdachloser* e Brëitchen an e puer Su ginn **Synonym** **Sansabri**

I Männlech Form: **Obdachlosen**

Obdachlosen Maskulinum (Pluriel **Obdachlos** / **Obdachloser**) **DE** *Obdachloser* • **FR** *sansabri* **Beispill** am Wanter schlofe vill *Obdachloser* a Foyeren **Synonym** **Sansabri**

I Weiblech Form: **Obdachlos**

Obduktioun [opduksj'əʊn] Femininum (Pluriel **Obduktiounen**) **DE** *Obduktion* • **FR** *autopsie* • **EN** *autopsy* • **PT** *autópsia* **Beispill** de Parquet huet eng *Obduktioun* ordonéiert, well net kloer ass, u wat déi jonk Fra gestuerwen ass **Synonym** **Autopsie**

obduzéieren [opduzɛ'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *obduzéiert*) » **transitiv DE** *obduzieren* • **FR** *autopsier* • **EN** *to carry out a post-mortem (examination), to autopsy* • **PT** *autopsiar* **Beispill** wann d'Doudesursaach net kloer ass, gëtt d'Läich *obduzéiert*

O-Been Neutrum (kee Singulier)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Obeler ['o:bəle] Eegennumm **DE** *Abweiler* • **FR** *Abweiller* • **EN** *Abweiler* • **PT** *Abweiller* **Beispiller** ech wunnen zu *Obeler*; fiert dëse Bus op *Obeler*?

Obelisk Maskulinum (Pluriel **Obelisken**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Oberfläch ['o:beflæç] Femininum (Pluriel **Oberflächen**) **DE** *Oberfläche* • **FR** *surface* [partie extérieure] • **EN** *surface* [outside, top] • **PT** *superfície* [parte exterior] **Beispill** wann s de d'*Oberfläch* vun denger neier Dëschplack gär glat häss, muss de se nach eng *Kéier* poléieren **Synonymmen** *Surface*, *Uewerfläch*

Oberin ['o:bərin] Femininum (Pluriel **Oberinnen**) **Re-
lioun** **DE** *Oberin* • **FR** (mère) *supérieure* • **EN** *Mother Superior* • **PT** *madre superiora* **Beispill** d'*Oberin* huet déi zwou Novizinnen am Klouschter begréisst

obèse [ob'ɛ:s] Adjektiv **DE** *fettleibig*, *adipös* • **FR** *obèse*, *adipeux* • **EN** *obese*, *adipose* • **PT** *adiposo*, *obeso* **Beispill** et gëtt vill Grënn, firwat et mëttlerweil esou vill *obèse* Leit an eiser Gesellschaft gëtt **Synonymmen** *adipös*, *fettleibig*

Objekt [obj'ækt] Neutrum (Pluriel **Objekter**) **DE** *Objekt* [Satzglied] • **FR** *objet* [grammatical] • **EN** *object* [grammatical] • **PT** *objeto* [grammatical] **Beispill** wann s de e *Saz* an den Aktiv setz, gëtt aus dem *Objekt* de *Sujet*

Objektioun [objzæksj'əʊn] Femininum (Pluriel **Objektiounen**) **DE** *Einwand* • **FR** *objection* • **EN** *objection* • **PT** *objeção* **Beispill** wann et keng *Objektioun* gëtt, kënne mer zum nächste Punkt iwwergoen **Synonym** **Awand**

Objektiv [objzækt'i:f] Neutrum (Pluriel **Objektiven** / **Objektiver**) **1. DE** *Ziel* [Zweck] • **FR** *objectif* [but] • **EN** *objective* [goal] • **PT** *objetivo* **Beispill** mir mussen eis *Objektiv-er* nei definéieren **Synonym** **Zil 2. DE** *Objektiv* • **FR** *objectif* [optique, photo] • **EN** *lens* [optical] • **PT** *objetiva* **Beispill** de Fotograf wiesselt de *Filter* op sengem *Objektiv*

objektiv [objzækt'i:f] Adjektiv **DE** *objektiv* [sachlich] • **FR** *objectif* [impartial] <Adverb *objectivement*> • **EN** *objective* <Adverb *objectively*> • **PT** *objetivo* [imparcial] <Adverb

objectivement > **Beispiller** deen Artikel an der Zeitung war net objektiv; et muss een déi Saach objektiv kucken; de Riedner huet objektiv argumentéiert

ofhuelen ['o:fhuelən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgehol) » **transitiv 1. DE** *abholen* • **FR** *aller chercher, venir chercher* • **EN** *to pick up, to collect* • **PT** *ir buscar, vir buscar* **Beispiller** ech muss nach e Pak op der Post ofhuelen; hëls de mech op der Gare of? **Synonym** ewechhuelen **2. DE** *abnehmen [entgegennehmen]* • **FR** *prendre, débarrasser de* • **EN** *to take [to carry for, to look after for]* • **PT** *tirar, desembaraçar de* **Beispiller** komm, ech huelen der déi Këscht of, du packs se net!; kann ech Iech de Mantel ofhuelen?; am Hotel huet de Gepäckdréier eis d'Wallissen ofgehol **3. DE** *abnehmen [übernehmen]* • **FR** *délivrer de, soulager de* • **EN** *to free from, to relieve of [a burden]* • **PT** *livrar de, aliviar de* **Beispiller** ech kann dir deng Decisiounen net ofhuelen; si géif alles maachen, fir hire Kanner déi Laascht ofzehuelen **4. DE** *abnehmen [wegnehmen]* • **FR** *retirer, confisquer* • **EN** *to take away, to confiscate* • **PT** *aprender, confiscar* **Beispiller** hie krut de Führschäi vun der Police ofgehol; de Schoulmeeschter hëlt dem Kand den Handy of **Synonym** ewechhuelen **5. DE** *abnehmen [rauben]* • **FR** *enlever [arracher, voler]* • **EN** *to take [to steal]* • **PT** *tirar [arrancar, roubar]* **Beispill** d'Déif hu mer alles ofgehol, wat ech bei mer hat **6. DE** *abnehmen [glauben]* • **FR** *croire, avaler [des dires, des affirmations]* • **EN** *to buy [to believe]* • **PT** *acreditar em [em ditos, em afirmações]* **Beispiller** mengs du, si hätten him déi faul Excuse ofgehol?; déi Behauptung huelen ech der net of! **Synonym** ofkafen » **intransitiv 7. DE** *abnehmen [an Gewicht]* • **FR** *perdre (du poids), maigrir (de)* • **EN** *to lose (weight)* • **PT** *emagrecer [perder peso]* **Beispiller** ech probéieren, manner z'essen, well ech wëll ofhuelen; ech hu scho fënnf Kilo ofgehol **8. DE** *abnehmen [zurückgehen]* • **FR** *baisser, diminuer* • **EN** *to decrease* • **PT** *baixar, diminuir* **Beispiller** de Bestand vun de Bicher an där Bibliothéik huet ofgehol; d'Zuel vun den Aarbechtslosen hëlt an der Lescht stänneg of **Synonymmen** erofgoen, zeréckgoen

ofhunn ['o:fhun] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgehat) » **transitiv DE** *abhaben [Brille, Kopfbedeckung]* • **FR** *avoir ôté [des lunettes, un couvre-chef]* • **PT** *ter tirado [os óculos, um acessório da cabeça]* **Beispill** ech gesinn näischt, ech hunn de Brëll of

ofhuwwelen ['o:fhuvələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgehuwwelt) » **transitiv DE** *abhobeln* • **FR** *raboter* • **EN** *to plane (down) [wood]* • **PT** *aplainar* **Beispill** de Schräiner huet d'Dier vum Schaf ofgehuwwelt, well se geklemmt huet

ofkachen ['o:fkɑχən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgekacht) » **transitiv DE** *abkochen [keimfrei machen]* • **FR** *(faire) bouillir [pour stériliser]* • **EN** *to boil [so as to sterilize]* • **PT** *ferver [para esterilizar]* **Beispiller**

d'Mamm kacht all Dag d'Biberone fir de Bèbee of; a ville Länner muss een d'Krunnewaasser ofkachen, fir net krank ze ginn

ofkafen ['o:fka:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofkaaft / ofkaf) » **transitiv 1. DE** abkaufen [kaufen] • **FR** acheter à [acquérir] • **EN** to buy from • **PT** comprar a [adquirir] **Beispill** ech hu mengem Noper seng Motorsee ofkaaft **2. [ëgs] DE** abkaufen [glauben] • **FR** avaler, gober [des dires, des affirmations] • **EN** to buy [to believe] • **PT** engolir [acreditar em] **Beispill** déi Geschicht do keeft keen der of **Synonym** ofhuelen

ofkapselen ['o:fkapsələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgekapselt) » **reflexiv DE** sich abkapseln • **FR** s'isoler • **EN** to cut oneself off [to isolate oneself] • **PT** isolar-se **Beispill** hien huert mat kengem méi eppes ënnerholl a sech ëmmer méi ofgekapselt

ofkierzen ['o:fki:ɡtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgekierzt) » **transitiv 1. DE** abkürzen [verkürzt schreiben] • **FR** abréger [un mot] • **EN** to shorten, to abbreviate • **PT** abreviar luma palavra] **Beispill** wéi soll ech dat Wuert ofkierzen? » **intransitiv 2. DE** eine Abkürzung nehmen • **FR** prendre un raccourci • **EN** to take a shortcut • **PT** tomar um atalho **Beispill** kommt, mer kierzten of, well et gëtt schonn däischer!

Ofkierzung ['o:fki:ɡtsuŋ] Femininum (Pluriel Ofkierzungen) **1. DE** Abkürzung [eines Worts] • **FR** abréviation • **EN** abbreviation • **PT** abreviatura **Beispill** déi geleefteg Ofkierzungen am Dictionnaire si mir bekant **2. DE** Abkürzung [eines Wegs] • **FR** raccourci [chemin plus court] • **EN** shortcut • **PT** atalho [caminho mais curto] **Beispill** well mer Verspéidung haten, hu mer eng Ofkierzung geholl

ofkillen ['o:fki:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgekillt) » **transitiv 1. DE** abkühlen • **FR** refroidir, rafraichir • **EN** to cool down • **PT** arrefecer, refrescar **Beispiller** kill de Biberon e puer Sekonnen ënner dem Krunn of!; wéi mer op der Plage ukoumen, hu mer eis fir d'éischt am Mier ofgekillt » **intransitiv - och onperséinlech 2. DE** abkühlen • **FR** refroidir • **EN** to cool down • **PT** arrefecer **Beispiller** ier mer d'Zopp iessen, mussen mer se e bëssen ofkille loossen; nom Wieder hat et dobausse schéin ofgekillt

Ofkillung Femininum (kee Pluriel) **1. DE** Abkühlung [Temperaturrückgang] • **FR** refroidissement, rafraichissement • **PT** arrefecimento [queda de temperatura] **Beispill** d'Donnerwiederer hunn hënt eng zerguttstert Ofkillung vun zéng Grad mat sech bruecht **2. DE** Abkühlung, Erfrischung • **FR** rafraichissement [bienfait rafraichissant] • **PT** refrigerio [sensação refrescante] **Beispill** komm bei eis an d'Schwämm, bei deene waarmen Temperature brauch een heiansdo eng kleng Ofkillung! **Synonym** Erfrischung

ofklappen ['o:fklapən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeklappt) » **transitiv 1. DE** abklöpfen [reinigen] • **FR** nettoyer [en tapant, en tapotant] • **EN** to brush off, to knock off • **PT** limpar [batendo, sacudindo] **Beispiller** klappt är Wanderschong wannechgelift gutt of, ier der erakommt!; komm, ech klappen der de Mantel of, en ass voller Schnéi! **2. DE** abklöpfen [Bewurf, Belag] • **FR** enlever le crêpi de • **PT** picar [para retirar o reboco] **Beispill** déi al Fassad gouf ofgeklappt an nei

verbotzt **3. DE** abklöpfen [untersuchen] • **FR** tapoter [pour examiner] • **EN** to tap, to sound • **PT** percutir, tocar [para examinar] **Beispiller** fir ze héieren, ob een eng Bronchite huert, klappt den Dokter engem de Réck of; de Gipser huert d'Plättercher ofgeklappt **4. DE** abschlagen, abklatschen [beim Spiel, beim Sport] • **FR** attraper en touchant [lors d'un jeu (sportif)] • **EN** to tag, to touch [in a game] • **PT** apanhar, tocar [num jogo (desportivo)] **Beispill** wie beim Fänkches ofgeklappt gëtt, därerf net méi matspillen

ofklapperen ['o:fklapərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeklappert) » **transitiv [ëgs] DE** abklappern • **FR** parcourir [pour trouver] • **EN** to scour, to comb, to hunt through • **PT** bater [percorrer] **Beispill** ech hunn déi ganz Stad ofgeklappert, fir e Kaddo ze fanne **Synonymen** auslafen, klappen

ofklemmen ['o:fkləmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeklemmt) » **transitiv 1. DE** abklemmen [trennen] • **FR** débrancher [couper] • **EN** to disconnect • **PT** desligar [cortar] **Beispill** den Elektriker klemmt d'Zouleitung of, ier en un der Schalttafel schafft **2. DE** abklemmen [zusammenpressen] • **FR** comprimer, clamber • **EN** to clamp [an artery] • **PT** comprimir, apertar **Beispill** den Dokter klemmt d'Oder of, fir d'Bluddung ze stoppen

ofknabberen ['o:fknabərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeknabbert) » **transitiv DE** abknabbern [abbeißen] • **FR** grignoter, ronger • **EN** to gnaw away, to nibble away • **PT** mordiscar, roer **Beispill** d'Wullmais hunn d'Wuerzele vum Péiterséileg ofgeknabbert

ofknäppen ['o:fknæpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeknäppt) » **transitiv [ëgs] DE** abknöpfen [Geld] • **FR** carotter à, soutirer à • **EN** to squeeze out of [to extort] • **PT** subtrair a, extorquir a **Beispill** hie probéiert bei all Geleeënheet, sengem Brudder Suen ofzeknäppen

ofkommen ['o:fkomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ofkomm) » **intransitiv 1.** ofkommen vun **DE** abkommen von [abweichen von] • **FR** dévier de, s'écarter de • **EN** to stray from, to deviate from • **PT** desviar-se de, afastar-se de **Beispiller** duerch deen décken Niwwel si mer vum Wee ofkomm; si si vum Thema ofkomm [si hunn net méi iwwer dat eigentlecht Thema geschwat] **2.** ofkommen vun **DE** abkommen von [ablassen von] • **FR** renoncer à, abandonner l'une idée, un projet] • **EN** to give up, to abandon [an idea, a plan] • **PT** desistir de, abandonar [uma ideia, um projeto] **Beispill** mir si séier vun där Iddi ofkomm, wéi mer d'Aarbecht derhanner gesinn hunn

Ofkommes ['o:fkoməs] Neutrum (Pluriel Ofkommessen) **1. DE** Abkommen [Übereinkunft] • **FR** accord, traité [arrangement] • **EN** agreement, treaty [arrangement] • **PT** tratado [acordo] **Beispill** d'Chamber huert fir dat internationaalt Ofkommes gestëmmt **Synonymen** Accord, Traité, Vertrag **2. DE** Abkommen [Dokument] • **FR** accord, traité [document] • **EN** agreement, treaty [document] • **PT** tratado [documento] **Beispill** béid Presidenten hunn d'Ofkommes während enger feierlecher Zeremonie ënnerschriwwen **Synonymen** Accord, Traité, Vertrag

ofkoppelen ['o:fkopələn] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé ofgekoppelt) » **transitiv DE** *abkuppeln* • **FR** *détacher lune remorque, un wagon* • **EN** *to uncouple [a wagon, a trailer]* • **PT** *desengatar [um atrelado, um vagão]* **Beispill** déi lescht Waggone ginn ofgekoppelt **Synonym** lasskoppelen

ofkrämpen ['o:fkɹæmpən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé ofgekrämp) » **transitiv DE** *abhängen [ein Gefährt]* • **FR** *décrocher [une remorque, un wagon]* • **EN** *to detach, to uncouple [a vehicle]* • **PT** *desengatar [um atrelado, um vagão]* **Beispill** de Wënzer ass grad amgaang, säin Unhänger ofzekrämpen **Synonymmen** auskrämpen, lasskrämpen

ofkrazen ['o:fkɹa:tsən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé ofgekraazt) » **transitiv DE** *abkratzen [sauberkratzen]* • **FR** *gratter [la saleté de], nettoyer [en gratant]* • **EN** *to scrape clean* • **PT** *raspar [a sujeira de], limpar [raspando]* **Beispiller** kraz deng Schong of, soss bréngs de de Bulli mat an d'Haus!; mir *hunn* de ganze Mëtteg gebraucht, fir d'Mauer ofzekrazen

ofkréien ['o:fkɹɛiən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé ofkritt) » **transitiv 1. DE** *abbekommen [entfernen können]* • **FR** *(réussir à) enlever [(réussir à) faire disparaître]* • **EN** *to get rid of, to get out* • **PT** *conseguir tirar [a conseguir fazer desaparecer]* **Beispill** ech hu mat verschidde Produite probéiert, dee Fleck op der Tapéit ofzekréien **2. DE** *abbekommen [einen Schaden]* • **FR** *avoir, subir [un dommage]* • **EN** *to suffer [damage]* • **PT** *ter, sofrer [um dano]* **Beispill** eisen Daach hat glécklecherweis näischt ofkritt

ofkucken ['o:fkukən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé ofgekuckt) » **transitiv 1. DE** *absehen [übernehmen]* • **FR** *copier [pour s'approprier, pour reprendre à son compte]* • **EN** *to take, to copy [to appropriate]* • **PT** *copiar [apropriar-se de]* **Beispill** déi Iddi *hunn* si bei der Konkurrenz ofgekuckt » **intransitiv 2. DE** *abgucken [abschreiben]* • **FR** *copier [tricher]* • **EN** *to crib, to copy* • **PT** *copiar [fazer copiar/colar]* **Beispiller** an der Schoul *huet* hatt seng Frëndin ofkucke gelooss; *hues* du (bei dengem Noper) ofgekuckt?

Oflaf ['o:fla:f] Maskulinum (Pluriel Ofleef) **1. DE** *Abfluss [Vorrichtung]* • **FR** *bonde, conduit [d'écoulement]* • **EN** *drain [outlet]* • **PT** *ralo, conduta [de escoamento]* **Beispill** den Oflaf vum Spullsteen ass verstoppt **Synonym** Offloss **2. DE** *Ablauf [Verlauf, Abfolge]* • **FR** *déroulement [cours, enchainement]* • **EN** *course, organization* • **PT** *decurso [o decorrer]* **Beispill** den Oflaf vun der Zereemonie hält sech un e fixe Programm

oflafen ['o:fla:fən] ♦ Verb (Hëllefverb *sinn*, Participe passé ofgelaf) » **intransitiv 1. DE** *ablaufen [abfließen]* • **FR** *s'écouler [liquide]* • **EN** *to run off [to drain away]* • **PT** *escoar [líquido]* **Beispill** ech muss de Kullang botzen, fir datt d'Waasser besser ofleeft **Synonym** offléissen **2. DE** *ablaufen [verlaufen]* • **FR** *se dérouler [se passer]* • **EN** *to proceed, to take place* • **PT** *decorrer [passar-se]* **Beispill** d'Manifestatioun ass friddlech ofgelaf **3. DE** *ablaufen [enden]* • **FR** *s'écouler [s'achever]* • **EN** *to pass [to come to an end]* • **PT** *escoar-se [acabar]* **Beispill** d'Zäit ass ze séier ofgelaf **4. DE** *ablaufen [verfallen]* • **FR** *expirer [se périmér]* • **EN** *to run out, to expire* • **PT** *caducar [prescrever]* **Beispiller** mäi Pass leeft den nächste Mount of; pass

op, d'Mëllech ass ofgelaf! [pass op, de Verfallsdatum vun der Mëllech ass iwwerschritt!] » **transitiv 5. DE** *ablaufen [lentlanglaufen]* • **FR** *parcourir [en courant], reconnaître [en courant] [un trajet]* • **EN** *to run over, to survey [a course, a track]* • **PT** *percorrer [a correr], reconhecer [a correr] [um trajeto]* **Beispill** virun der Course *sinn* ech d'Streck eng kéier ofgelaf ♦ Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé ofgelaf) » **transitiv 6. DE** *ablaufen [abnutzen]* • **FR** *user [en marchant]* • **EN** *to wear down [by walking]* • **PT** *gastar [a caminhar]* **Beispill** ech hat schonn no dräi Wochen d'Talleke vu menge Schong ofgelaf

oflageren ['o:fla:βərən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé ofgelagert) » **reflexiv DE** *sich ablageren* • **FR** *se déposer* • **EN** *to be deposited, to settle [to sediment]* • **PT** *depositar-se* **Beispill** an dëser Géigend hu vill eisenhaltig Sedimenter sech ofgelagert **Synonym** sech ofsetzen

oflauden ['o:flaʊdən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé ofgelaut) » **intransitiv - och onperséinlech DE** *zum Gottesdienst läuten* • **FR** *sonner les cloches [avant la messe]* • **EN** *to ring the church bell(s) [before a service], to ring [church bell]* • **PT** *tocar os sinos [antes da missa]* **Beispiller** de Koschter *huet* ofgelaut; et *huet* scho viru fënnf Minutten ofgelaut

oflauschteren ['o:flæ:ʊftərən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé ofgelauschert) » **transitiv 1. DE** *abhorchen [auskultieren]* • **FR** *ausculter* • **EN** *to auscultate* • **PT** *auscultar* **Beispiller** d'Doktesch *huet* mech ofgelauschert; beim Oflauschtere krut de Kannerdokter de Verdacht, datt dee klenge Jong eng Longgenentzündung hätt **2. DE** *abhören [heimlich überwachen]* • **FR** *mettre sur écoute* • **EN** *to tap [to bug, to monitor]* • **PT** *pôr sob escuta* **Beispill** de Geheimdengscht *huet* dem Verdächtege säin Telefon ofgelauschert

oflecken ['o:flækən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé ofgeleckt) » **transitiv DE** *ablecken* • **FR** *lécher [passer la langue sur]* • **EN** *to lick* • **PT** *lamber [passar a língua por]* **Beispill** leck d'Messer net of, soss schneits de dech an d'Zong!

ofleeden ['o:fle:dən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé ofgeleet) » **transitiv ofleede** vun **DE** *ableiten* von [herleiten von] • **FR** *dériver de [tirer par dérivation de]* • **EN** *to derive from* • **PT** *derivar de [formar por derivação de]* **Beispill** eise Familjennumm gouf vun engem Beruff ofgeleet

Ofleedung ['o:fle:duŋ] Femininum (Pluriel Ofleedungen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

ofleeën ['o:fle:ən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé ofgeluecht) » **transitiv 1. [gehuewen] DE** *ablegen [sich abgewöhnen]* • **FR** *se défaire de, se débarrasser de [d'une habitude]* • **EN** *to give up [a habit]* • **PT** *livrar-se de, desembaraçar-se de [de um hábito]* **Beispill** am Alter *huet* hien et nach fäerdegbruecht, seng schlecht Gewunnechten ofzeleeën **Synonym** lassginn **2. DE** *abfinden [einen Erben]* • **FR** *racheter les parts d'héritage de* • **EN** *to buy out, to compensate [an heir]* • **PT** *adquirir as quotas hereditárias de* **Beispill** fir den Haaf können ze iwwerhuelen, *huet* e seng Geschwëster missen ofleeën **3. en** Eed ofleeën **DE** *einen Eid ablegen* • **FR** *pré-*

ter serment • **EN** to take an oath • **PT** prestar juramento • **Beispill** hues du schonn eng Kéier missen en Eed ofleeën? » **intransitiv 4. DE** ablegen [abfahren] • **FR** appareiller, lever l'ancre • **EN** to cast off, to sail • **PT** zarpar, levantar ferro **Beispill** d'Schëff huert ofgeluecht, esoubal d'Leit all u Bord waren

ofleenen ['o:fle:nən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeleent) » **transitiv DE** ablehnen, abweisen • **FR** refuser, rejeter [décliner] • **EN** to refuse, to reject • **PT** recusar, rejeitar [declinar] **Beispill** meng Demande fir e Subsid gouf ofgeleent **Synonym** refuséieren

ofléisen ['o:flɛ:zɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeléist) » **transitiv DE** ablösen [ersetzen] • **FR** prendre la relève de, succéder à • **EN** to relieve, to replace • **PT** revezar, render, suceder a **Beispiller** d'Zaldotin gouf no aacht Stonne Gard ofgeléist; den éischte Schäfte léist déi al Buergermeeschtesch of

Ofléisung ['o:flɛ:zɪuŋ] Femininum (Pluriel Ofléisungen) **DE** Ablösung [das Ablösen] • **FR** relève [remplacement] • **EN** changing, relief [of a guard, of a sentry] • **PT** rezevamento, rendição **Beispill** bei der Ofléisung vun der Gard ware vill Touristen do

oflenken ['o:flæŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgelenkt) » **transitiv 1. DE** ablenken [auf andere Gedanken bringen] • **FR** distraire [changer les idées à] • **EN** to distract [to divert] • **PT** distrair [arejar as ideias de] **Beispill** de Film war spannend an huert mech fir zwou Stonnen ofgelenkt **2. oflenke** vun **DE** ablenken von [abbringen von] • **FR** détourner de, distraire de [d'un sujet, d'une occupation] • **EN** to distract from, to divert from • **PT** desviar de, afastar de [de um assunto, de uma ocupação] **Beispill** versich elo net, (eis) vum Thema ofzelenken!

Oflenkung ['o:flæŋkuŋ] Femininum (Pluriel Oflenkungen) **DE** Ablenkung [Zerstreuung] • **FR** distraction [(moyen de) détente, occupation distrayante] • **EN** distraction [recreation] • **PT** distração [diversão] **Beispiller** ech brauch e bëssen Oflenkung, soss denken ech déi ganzen Zäit u seng Problemer; owes Fernsee kucken ass fir vill Leit eng gutt Oflenkung

ofliesen ['o:flɛ:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgelies) » **transitiv 1. DE** ablesen [vortragen] • **FR** lire en public [un texte tout rédigé] • **EN** to read (aloud) [written text] • **PT** ler em público [um texto todo preparado] **Beispill** amplaz fräi ze schwätzen, huert de Student säin Text vum Blat ofgelies **2. DE** ablesen [einen Zähler] • **FR** relever [un compteur] • **EN** to read [a meter] • **PT** ler [um contador] **Beispill** muer kënnst ee vun der Gemeng d'Gasauer ofliesen **3. DE** ablesen [im Gesicht] • **FR** lire [sur le visage] • **EN** to read [on one's face] • **PT** ler [no rosto] **Beispill** d'Mamm konnt hirem Bouf am Gesicht ofliesen, datt e gelunn huert

ofliwweren ['o:flɪvə:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeliiwert) » **transitiv 1. DE** abliefern [eine Ware] • **FR** livrer [une marchandise] • **EN** to deliver [goods] • **PT** entregar [uma mercadoria] **Beispill** am Kontrakt steet, wéi vill Mëllech de Bauer all Woch muss ofliwweren **2. [ëgs] DE** abliefern [eine Person, ein Tier] • **FR** déposer [conduire et laisser à un certain endroit] • **EN** to drop off [a person, an animal] • **PT** levar, depositar [conduzir e deixar em determinado lugar] **Beispill** mir hunn

d'Kanner bei der Bom ofgeliiwert

ofloossen ['o:flo:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgelooss) » **transitiv DE** ablassen [abfließen lassen] • **FR** laisser s'écouler [un liquide] • **EN** to drain off, to let out [a liquid] • **PT** deixar escorrer [um líquido] **Beispill** looss e bësse Waasser of, soss leeft d'Bidden iiwwer!

oflueden ['o:fluədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgelueden) » **transitiv 1. DE** abladen [entladen] • **FR** décharger [débarrasser de son chargement] • **EN** to unload [a vehicle] • **PT** descarregar [desembarcar de carga] **Beispiller** mir hu gehollef, d'Camionnette ofzuelueden; du däerfs däi Gefier bei dësem Schëld net oflueden **2. DE** abladen [eine Ladung] • **FR** décharger [un chargement] • **EN** to unload [cargo] • **PT** descarregar [uma carga] **Beispiller** et sinn ongeféier aacht Tonne Bauschutt ofgeluede ginn; um Camion war e Kran montéiert, fir d'Holz ofzuelueden

oflutschen ['o:flutʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgelutscht) » **transitiv DE** ablutschen • **FR** sucer, lécher • **EN** to lick (off), to suck (off) • **PT** chupar, lamber **Beispill** d'Kanner hunn den Hunneg vun hire Fangeren ofgelutscht

ofmaachen ['o:fmɑ:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgemaach / ofgemaacht) » **transitiv 1. DE** abwischen [säubern] • **FR** essuyer [nettoyer] • **EN** to wipe [to clean] • **PT** limpar [lavar] **Beispiller** maach den Dësch mat engem Duch of!; all Woch ass et un engem anere Schüler, fir mueres d'Tafel ofzemaachen **Synonym** ofwëschen **2. DE** abmachen [vereinbaren] • **FR** convenir de, se mettre d'accord sur • **EN** to arrange, to agree on • **PT** combinar, pôr-se de acordo sobre **Beispiller** deng Fuerderunge ginn iiwwer dat eraus, wat mir ofgemaach haten; mir müssen nach ofmaachen, wat mer de Weekend ënnerhuelen **Synonym** ausmaachen

Ofmaachung ['o:fmɑ:χuŋ] Femininum (Pluriel Ofmaachungen) **DE** Abmachung [Vereinbarung] • **FR** accord, arrangement • **EN** arrangement, agreement • **PT** acordo, combinação **Beispill** mir müssen eis un d'Ofmaachungen halen

Ofmeldung ['o:fmɛ:lduŋ] Femininum (Pluriel Ofmeldungen) **1. DE** Abmeldung [Außerbetriebnahme] • **FR** déclaration de mise hors service [démarche] • **EN** deregistration, statutory off road notification [action] • **PT** cancelamento da matrícula, declaração de baixa [ação] **Beispill** fir d'Ofmeldung vun Ärem Auto musst Der am Büro laanschtkommen **2. DE** Absage [abschlägiger Bescheid] • **FR** réponse négative [à une invitation] • **EN** cancellation • **PT** resposta negativa [a um convite] **Beispill** mer annulléieren den Ausfluch, well mer schonn ze vill Ofmeldunge kritt hunn **3. DE** Abmeldung [beim Einwohnermeldeamt] • **FR** déclaration de départ [auprès de l'administration communale] • **EN** deregistration [at the residents' registration office] • **PT** declaração de partida [junto da administração municipal] **Beispill** wat fir Pabeiere brauch ee fir d'Ofmeldung op der Gemeng?

ofmellen ['o:fmɛ:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgemellt) » **transitiv 1. DE** abmelden [außer Betrieb nehmen, kündigen] • **FR** faire une demande de mise hors service de, résilier [l'abonnement à] • **EN** to

deregister, to take out of service [to make a statutory off road declaration], to cancel la contract, a subscription) • **PT** cancelar a matrícula de, dar baixa de [de uma viatura, de uma assinatura] **Beispiller** ech muss haut onbedéngt deen alen Auto ofmellen; well ech nëmme méi mäin Handy benotzen, hunn ech den Hausteleson ofgemellt **2. DE** entschuldigen [abwesend erklären] • **FR** excuser [avertir de l'absence de] • **EN** to make one's excuses [to excuse one's absence] • **PT** justificar a ausência de **Beispill** ech si verhënnert, kanns de mech fir d'Versammlung ofmellen? **3. DE** abmelden [den Austritt melden von] • **FR** annuler l'inscription de • **EN** to cancel one's enrolment, to withdraw • **PT** anular a matrícula de, anular a inscrição de [de uma pessoa] **Beispill** wann s de wëlles hues, mat der Schoul opzehalen, muss de dech offiziell ofmellen » **reflexiv 4. DE** sich abmelden [beim Einwohnermeldeamt] • **FR** faire une déclaration de départ [auprès de l'administration communale] • **EN** to give notification of change of address • **PT** dar baixa da residência [junto da administração municipal] **Beispill** ech hu mech haut op der Gemeng ofgemellt, well mer plënnere

ofmolen ['o:fmɔ:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgemoolt) » **transitiv DE** abmalen [kopieren] • **FR** copier [un dessin] • **EN** to copy [a drawing, a painting] • **PT** copiar [um desenho] **Beispiller** d'Kanner hunn d'Blummen aus engem Buch ofgemoolt; ech wëilt den Ament net op där Plaz ofgemoolt sinn [ëgs] [ech wëilt mech den Ament net op där Plaz ophalen]

ofmontéieren ['o:fmɔntʒiərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofmontéiert) » **transitiv 1. DE** abmontieren [entfernen] • **FR** démonter [détacher] • **EN** to remove [to dismantle] • **PT** desmontar [retirar] **Beispiller** déi beweeglech Stécker vum Schaf mussen virum Plënnere ofmontéiert ginn; den Usträicher huet d'Heizkierper ofmontéiert **2. DE** abmontieren [zerlegen] • **FR** démonter [désassembler] • **EN** to dismantle, to take down • **PT** desmontar [desmanchar] **Beispill** wéi laang brauch een, fir esou e grousst Riserad ofzemonatéieren? **Synonymmen** demontéieren, ofrappen

ofmuersken Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgemuerkst)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: ofmurksen

ofmurksen Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgemuerkst) - Variant vun ofmuersken

Ofneigung ['o:fnɛiʒuŋ] Femininum (Pluriel Ofneigungen) **DE** Abneigung • **FR** aversion • **EN** dislike, aversion • **PT** aversão **Beispill** ech hunn eng Ofneigung géint autoritär Methoden **Synonym** Aversioun

ofnotzen ['o:fnotsən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgenotzt) » **transitiv 1. DE** abnutzen • **FR** user [abîmer à l'usage] • **EN** to wear down, to wear out • **PT** gastar [deteriorar através do uso] **Beispiller** de Bouf huet seng nei Schong schonn ofgenotzt; hatt deet am léifsten ofgenotzten Jeanssen un ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé ofgenotzt) » **intransitiv 2. DE** abnutzen • **FR** s'user [s'abîmer à l'usage] • **EN** to become worn, to wear out • **PT** gastar-se [deteriorar-se através do uso] **Beispill** hien huet Houssen op sengen

Autossëtzer, fir datt se net esou séier ofnotzen

ofpäifen ['o:fpæ:ɪfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgepaff) » **transitiv DE** abpfeifen • **FR** siffler la fin de [d'une rencontre sportive] • **EN** to blow the final whistle • **PT** apitar o fim de [de um encontro desportivo] **Beispill** no 90 Minutten huet den Arbitter (de Match) ofgepaff

ofpëtzen ['o:fpɛtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgepëtzt) » **transitiv DE** abkneifen [abtrennen] • **FR** sectionner [détacher à la pince] • **EN** to pinch off, to nip off • **PT** cortar [separar com alicata] **Beispill** hien huet d'Zaang geholl an e Stéck Drot ofgepëtzt

ofpompelen ['o:fpɔmpələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgepompelt) » **transitiv DE** abpumpen • **FR** pomper, tirer [un fluide] • **EN** to pump out, to express [a liquid] • **PT** bombear, tirar [um fluido] **Beispiller** d'Pompjeeé si komm, fir d'Waasser no der Iwwerschwemmung ofzepompelen; esoulaang de Bëbee an der Klinik war, huet d'Mamm hir Mëllech ofgepompelt

ofrackeren ['o:frækərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgerackert) » **reflexiv [ëgs] DE** sich abrackern • **FR** se crever, s'éreinter • **EN** to slog away, to break one's back • **PT** esfaltar-se **Beispill** hien huet sech d'ganzt Liewen ofgerackert, fir seng Famill ze ernären

ofräissen ['o:fræ:ɪsən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgerass) » **transitiv 1. DE** abreißen [ein Bauwerk] • **FR** démolir [une construction] • **EN** to tear down, to demolish • **PT** demolir [uma construção] **Beispill** dat aalt Haus gétt geschwënn ofgerass **Synonymmen** ewechrappen, ofrappen ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé ofgerass) » **intransitiv 2. DE** abreißen [aufhören] • **FR** cesser, s'arrêter • **EN** to cease, to stop • **PT** acabar, parar **Beispill** déi Serie vun déidlechen Accidenter op de Stroosse räisst einfach net of

ofrappen ['o:frapən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgerappt) » **transitiv 1. DE** abreißen [ein Bauwerk] • **FR** démolir [une construction] • **EN** to tear down, to demolish • **PT** demolir [uma construção] **Beispiller** ouni d'Awëlleegung vun der Gemeng däerf dat aalt Gebai net ofgerappt ginn; d'Kanner hunn d'Haus bal ofgerappt [ëgs] [d'Kanner hunn d'Haus ganz duerchernee gemaach] **Synonymmen** ewechrappen, ofräissen **2. DE** abbauen [abmontieren, zerlegen] • **FR** démonter [désassembler] • **EN** to dismantle, to take down • **PT** desmontar [desmanchar] **Beispill** wéi laang brauch een, fir esou e grousst Riserad ofzerappen? **Synonymmen** demontéieren, ofmontéieren, ofriichten

ofraumen ['o:fraʊmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgeraunt) » **transitiv 1. (den Dësch)** ofraumen **DE** (den Tisch) abräumen • **FR** débarrasser (la table) • **EN** to clear (the table) • **PT** levantar a mesa **Beispill** raum (den Dësch) of, ier s de aus dem Haus gees! » **intransitiv 2. [ëgs] DE** abräumen [einen großen Gewinn erzielen] • **FR** faire sauter la banque, s'en mettre plein les poches • **EN** to clean up [to profit] • **PT** levar a banca à glória, encher os bolsos **Beispill** hien huet an der Lotterie gehéiereg ofgeraunt

ofreagéieren ['o:frɛɑʒiərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofreagéiert) » **reflexiv DE** sich ab-

reagieren • **FR** se défouler • **EN** to let off steam, to take something out on • **PT** acalmar os nervos, desafogar-se, descarregar **Beispiller** ech ka mech am beschte beim Sport ofreagéieren; reagéier dech wannechgelift net u mir of, wann s de gestresst bass!

ofrechnen ['o:fræçnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgerechent) » **transitiv 1.** ofrechnen (vun) **DE** abrechnen (von) [abziehen (von)] • **FR** déduire (de) [dans un calcul, lors d'un décompte] • **EN** to deduct (from) • **PT** descontar (de), deduzir (de) **Beispill** ech hunn d'Remise scho vum Präis ofgerechent **Synonym** ofzéien (vun) » **intransitiv 2.** **DE** abrechnen keine Schlussrechnung aufstellen] • **FR** faire les comptes • **EN** to settle an account • **PT** fazer as contas **Beispill** mir bezuelen eis Fournisseuren net direkt, mir rechnen Enn des Mounts of **3.** ofrechne mat **DE** abrechnen mit [zur Rechenschaft ziehen] • **FR** régler son compte à, régler un compte avec • **EN** to settle accounts with • **PT** ajustar contas com **Beispill** mir zwee mussen nach mateneen ofrechnen!

Ofrechnung ['o:fræçnuŋ] Femininum (Pluriel Ofrechnungen) **1.** **DE** Abrechnung [Schlussrechnung] • **FR** décompte (final) [calcul du solde à payer] • **EN** statement of account [calculation] • **PT** contas (finais) [cálculo do saldo a pagar] **Beispill** bei der Ofrechnung ass eisem Comptabel e Feeler ënnerlaf **Synonym** Dekont **2.** **DE** Abrechnung [Dokument] • **FR** décompte (final) [document] • **EN** statement of account [invoice] • **PT** conta (final) [documento] **Beispill** haut hat ech d'Ofrechnung vum Gas an der Brëifkëscht **Synonym** Dekont

ofrëcken ['o:frækən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ofgerëckt) » **intransitiv** ofrëcke vun **DE** abrücken von [sich distanzieren von] • **FR** s'écarter de, se distancer de • **EN** to back off from • **PT** afastar-se de, distanciar-se de [abandonar, renunciar a] **Beispill** egal wat kënt, mir wäerten net vun eise Prinzipien ofrëcken

ofreiwien ['o:fraiʋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeriwwen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

ofrënnen ['o:frənən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgerënn) » **transitiv 1.** **DE** abrunden [eine Kante] • **FR** arrondir [une arête] • **EN** to round off [an edge, a corner] • **PT** arredondar [uma aresta] **Beispill** de Schräiner huet d'Dill mam Huwwel ofgerënn **2.** **DE** abrunden [eine Zahl] • **FR** arrondir [un nombre] • **EN** to round [la figure, a number] • **PT** arredondar [um número] **Beispiller** de Verkeefer huet de Präis vum Frigo ofgerënn; d'Kanner hu geléiert, d'Dezimalzuelen ofzerënnen **3.** **DE** abrunden [zu einem schönen Abschluss bringen] • **FR** conclure, terminer en beauté • **EN** to round off [to complete] • **PT** rematar, acabar em beleza **Beispill** de musikaleschen Deel huet d'Soirée ofgerënn

I Variant: ofronnen

ofrëtschen ['o:frætʃən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ofgerëtscht) » **intransitiv** **DE** abrutschen [in einer Rangliste, in einer Rangordnung] • **FR** descendre [dans un classement] • **EN** to slip, to drop [in a ranking] • **PT** descer [numa classificação] **Beispiller** mäi Veräin ass an der Tabell wäit ofgerëtscht; vill Famille riskéieren, an d'Aarmut ofzerëtschen [vill Famille riskéieren, ém-

mer méi aarm ze ginn]

ofriichten ['o:fri:çtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeriicht) » **transitiv** **DE** abbauen [in Einzelteile zerlegen] • **FR** démonter [une construction mobile] • **EN** to dismantle, to take down • **PT** desmontar [uma construção móvel] **Beispiller** d'Kanner hu gehollef, d'Zelter ofzeriichten; no Dräikinnexsdag riichte mir doheem de Chrëschtbeemchen of **Synonym** ofrappen

ofroden ['o:fro:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeroden) » **intransitiv** ofrode vun **DE** abraten von • **FR** déconseiller • **EN** to advise against • **PT** desaconselhar **Beispill** d'Affekotin huet eis dervun ofgeroden, dee Kontrakt ze ënnerschreiw

ofronnen ['o:frønən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeronnt) - Variant vun ofrënnen

ofruffen ['o:frufən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeruff) » **transitiv** **DE** abrufen, abfragen [digitale Daten] • **FR** consulter [des données numériques] • **EN** to access, to consult [digital data] • **PT** consultar [dados digitais] **Beispill** Dir kënt d'Donnéeën op eisem Internetsite ofruffen

ofsaven ['o:fsɔiʋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgesavet / ofgesaved) » **transitiv** **DE** absaven, abspeichern • **FR** effectuer la sauvegarde de, sauvegarder [des données numériques] • **EN** to save [data] • **PT** guardar, salvar [dados digitais] **Beispill** pass op, datt s de (d'Dateien) richteg ofsaves, ier s de de Computer ausméchs! **Synonym** ofspäicheren

ofschafen ['o:fsʃa:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeschaaft) » **transitiv 1.** **DE** abschaffen [beseitigen, aufheben] • **FR** supprimer [abolir, abroger] • **EN** to discontinue, to cut, to abolish • **PT** suprimir [abolir, ab-rogar] **Beispiller** déi Buslinn gëtt d'nächst Joer ofgeschaaft, well ni ee matfirt; op mengem Mann senger Aarbecht ginn zéng Plazen ofgeschaaft; vill Leit si fir d'Ofschafe vun der Doudesstrof; a mengen Ae misst dat Gesetz erëm ofgeschaaft ginn **2.** **DE** abschaffen [nicht behalten, weggeben] • **FR** se séparer de [d'un bien, d'un objet] • **EN** to get rid of • **PT** desfazer-se de [libertar-se da posse de] **Beispiller** mir hunn decidéiert, eisen alen Auto ofzeschaffen an en neien ze kafen; ech hu meng Télee ofgeschaaft, ech schafe mer elo eng Bibliothek un

ofschäffen ['o:fsʃæfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeschäfft) » **transitiv** **DE** abschöpfen [eine Substanz] • **FR** enlever [par écumage] • **EN** to skim off [to remove] • **PT** retirar [por escumação] **Beispill** looss d'Britt ofkillen, da kanns de d'Fett mat engem Schaumläffel ofschäffen! **Synonym** erofschäffen

ofschalten ['o:fsʃaltən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeschalt) » **transitiv 1.** **DE** abschalten [ausmachen] • **FR** couper, éteindre • **EN** to switch off • **PT** cortar, desligar **Beispill** schalt d'Elektresch of, ier s de dru schafft! » **intransitiv 2.** **[égs]** **DE** abschalten [sich entspannen] • **FR** se relaxer, se détendre • **EN** to switch off [to relax] • **PT** relaxar, descontraír-se [distráir-se] **Beispill** um Camping kann ech ëmmer gutt ofschalten **Synonymen** sech entspannen, relaxen **3.** **[égs]** **DE** abschalten [nicht mehr zuhören] • **FR** décrocher [relâcher son attention] • **EN** to switch off [to stop listening] • **PT** desligar [re-

laxar a atenção **Beispill** de Virtrag war esou langweileg, datt ech no zéng Minutten ofgeschalt hunn

ofschëdden ['o:fjɛdɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeschott) » **transitiv DE** *abschütten* [das Kochwasser von] • **FR** *déverser l'eau de cuisson de* • **EN** *to strain, to drain* • **PT** *escorrer* [vazar a água de cozedura de] **Beispill** et muss een d'Grompere matzäit ofschëdden

ofschëssen ['o:fʃɛsɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeschoss) » **transitiv DE** *abschießen* [ein Fluggerät] • **FR** *abattre* [un engin en vol] • **EN** *to shoot down* [an aircraft] • **PT** *abater* [um engenho em voo] **Beispill** d'Arméi krut den Uerder, den entféierte Fliger am Noutfall ofzeschëssen

ofschiermen ['o:fʃi:ɔmɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeschiermt) » **transitiv DE** *abschirmen* (géint) **DE** *abschirmen* (gegen) • **FR** *protéger* (de) [mettre à l'abri (de)] • **EN** *to shield* (against), *to protect* (against) • **PT** *proteger* (de) [resguardar (de)] **Beispiller** d'Police schiermt den Transport géint d'Demonstranten of; dëse Raum ass géint de Kaméidi ofgeschiermt

Ofschiermung ['o:fʃi:ɔmuŋ] Femininum 1. (Pluriel Ofschiermungen) **DE** *Abschirmung* [Vorrichtung] • **FR** *isolation, blindage* • **EN** *insulation, protective sheath* • **PT** *isolamento, blindagem* **Beispill** d'Ofschiermung vum Antennekabel ass füttigefuer 2. (kee Pluriel) **DE** *Abschirmung* [Schutzmaßnahmen] • **FR** *protection* (rapprochée) • **EN** *protection* [security measures] • **PT** *proteção* (policial) **Beispill** d'Ofschiermung vum politesche Besuch aus dem Ausland war licht iwwerdrüwen

ofschläifen ['o:fʃlæ:ɪfɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeschlaff) » **transitiv DE** *abschleifen* • **FR** *poncer* • **EN** *to sand down* • **PT** *lixar* [raspar] **Beispill** mäi Papp huet d'Fensterummen ofgeschlaff a frësch laséiert

ofschlécken ['o:fʃlɛkɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeschléckt) » **transitiv DE** *hinunterschlucken, verschlucken* • **FR** *avaler* [ingérer] • **EN** *to swallow* • **PT** *engolir* [ingerir] **Beispiller** pass op, datt s de däi Knätsch net ofschlécks!; d'Kand ass an d'Urgence komm, well et onverdënt Flëssegkeet fir ze guergelen ofgeschléckt hat; deen hat mech bal ofgeschléckt [ɛgs] [Idee war schrecklech rose mat mer]

ofschleefen ['o:fʃlɛ:fɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeschleeft) » **transitiv DE** *abschleppen* • **FR** *remorquer* [un véhicule en panne], *mettre à la fourrière* • **EN** *to tow away* [a broken-down vehicle], *to impound* [a vehicle] • **PT** *rebocar* [um veículo avariado], *levar para o parque de rebocados* **Beispiller** mäin Auto ass net méi ugaangen an huet missen ofgeschleeft ginn; den Auto ass ofgeschleeft ginn, well e virun enger Garagenafaart stoung

Ofschleefstaang ['o:fʃlɛ:fʃta:ŋ] Femininum (Pluriel Ofschleefstaangen) **DE** *Abschleppstange* • **FR** *barre de remorquage* • **EN** *tow bar* • **PT** *barra de reboque* **Beispill** mat dëser Ofschleefstaang kann e Gefier bis 2,5 Tonnen ofgeschleeft ginn

ofschléissen ['o:fʃlɛ:ɪsɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeschloss) » **transitiv 1. DE** *abschließen* [beenden] • **FR** *terminer, finir* • **EN** *to finish, to com-*

plete • **PT** *terminar, acabar, encerrar* **Beispiller** ech géif dat Kapitel haut gär ofschléissen; hien huet seng Studien net ofgeschloss; dat Theema ass ofgeschloss fir mech! 2. **DE** *abschließen* [vereinbaren] • **FR** *conclure* [une affaire, un contrat] • **EN** *to close* [a deal], *to sign* [an agreement], *to take out* [insurance] • **PT** *concluir* [um negócio, um contrato] **Beispiller** si hunn en Handel mateeneen ofgeschloss; ech hu gëschter eng Liewensversicherung ofgeschloss » **intransitiv 3.** ofschléisse mat **DE** *abschließen mit* • **FR** *tirer un trait sur* • **EN** *to put behind, to finish with* • **PT** *cortar com, deitar para trás das costas* **Beispiller** ech maachen eng Therapie, fir definitiv mat menger Vergaangenheet ofzeschléissen; hien huet mam Liewen ofgeschloss [ɛgs] [hie wëllt net méi liewen]

ofschléissend ['o:fʃlɛ:ɪsɛnt] Adverb **DE** *abschließend* • **FR** *finalement, pour conclure* • **EN** *finally, to conclude* • **PT** *finalmente, por último, para terminar* **Beispill** ofschléissend kann ee soen, datt mer haut enger Léisung e gutt Stéck méi no komm sinn

ofschloen ['o:fʃlɔ:ɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeschloen) » **transitiv DE** *abschlagen* [verweigern] • **FR** *refuser* à [ne pas accorder à] • **EN** *to refuse, to deny* • **PT** *recusar* a [não conceder a] **Beispill** d'Bomi kann hiren Enkelen näischt ofschloen **Synonym** refuséieren

Ofschloss ['o:fʃlɔs] Maskulinum (Pluriel Ofschléss) 1. **DE** *Abschluss* [Beendigung, Ende] • **FR** *fin* [d'un événement] • **EN** *conclusion, end* [of an event] • **PT** *fim, conclusão* [de um evento] **Beispill** fir den Ofschloss vum Fest gouf et e grousst Freedefeier 2. **DE** *Abschluss* [eines Vertrags] • **FR** *conclusion, signature* • **EN** *conclusion, signing* [of a contract] • **PT** *conclusão* [de um contrato] **Beispiller** mir envisagéieren den Ofschloss vun enger Liewensversicherung; nom Ofschloss vum Vertrag hu mir all mat Schampes geprost 3. **DE** *Abschluss* [Schulabschluss] • **FR** *diplôme* [de formation, de fin d'études] • **EN** *diploma, leaving certificate, school qualification* • **PT** *diploma* (final) **Beispill** ouni gudden Ofschloss kriss de keng anstänneg Aarbecht!

Ofschlossaarbecht Femininum (Pluriel Ofschlossaarbechten) **DE** *Abschlussarbeit* [eines Studiums] • **FR** *travail de fin d'études* • **PT** *trabalho final* [de um curso] **Beispill** an hiner Ofschlossaarbecht huet d'Theologiestudentin verschidden Texter aus dem Alen Testament matenee verglach

Ofschlossconcert ['o:fʃlɔskɔ:ɛ:ɛr] Maskulinum (Pluriel Ofschlossconcerten) **DE** *Abschlusskonzert* • **FR** *concert de clôture* • **EN** *closing concert, final concert* • **PT** *concerto de encerramento, concerto final* **Beispill** fir den Ofschlossconcert vum Festival huet den Organisateur eng weltberümt Rockband engagéiert

ofschmaachen ['o:fʃma:χɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeschmaacht)

I Hei entsteet en neien Artikel.

ofschminken ['o:fʃmɪŋkɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ofgeschminkt) » **transitiv DE** *abschminken* • **FR** *démaquiller* • **EN** *to take off* make-up, *to remove* make-up • **PT** *desmaquilhar* **Beispiller** ier hatt schlofe geet, schminkt et sech d'Aen of; de Clown schminkt

sech no der Virstellung of

ofschneiden [ˈoːfʃnaɪdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgeschnidden) » **transitiv 1. DE** abschneiden [durch Abschneiden kürzen] • **FR** couper [raccourcir en coupant] • **EN** to cut off [to shorten by cutting] • **PT** cortar [encurtar] **Beispiller** dem Brauch no kréien d'Männer donneschdes virun der Fuesent d'Krawatt ofgeschnidden; d'Police huet dem Déif de Wee ofgeschnidden [d'Police huet den Déif ofgefaangen] » **intransitiv 2. DE** abschneiden [ein Resultat erzielen] • **FR** obtenir un ... résultat • **EN** to do, to perform [to achieve a result] • **PT** sair-se [chegar a determinado resultado] **Beispiller** hien huet am Exame glänzend ofgeschnidden; ech hat a mengem leschte Marathon schlecht ofgeschnidden

ofschrecken [ˈoːfʃrækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgeschreckt) » **transitiv 1. DE** abschrecken [abhalten] • **FR** dissuader, décourager • **EN** to discourage, to deter • **PT** dissuadir, desencorajar **Beispiller** mir loossen eis net esou licht ofschrecken; d'Presenz vun der Police soll d'Abriecher ofschrecken **2. DE** abschrecken [übergießen] • **FR** passer sous l'eau froide, refroidir [en passant sous l'eau] • **EN** to rinse under cold water • **PT** passar por água fria, (fazer) arrefecer [passando por água] **Beispill** schreck déi haartgekachten Eeër of, da loossen se sech besser schielen!

ofschreckend [ˈoːfʃrækənt] Adjektiv **DE** abschreckend • **FR** dissuasif • **EN** deterrent • **PT** dissuasor **Beispill** dës Strof soll en ofschreckend **Beispill** sinn

ofschreiwen [ˈoːfʃraɪvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgeschriwwen) » **transitiv 1. DE** abschreiben [kopieren] • **FR** (re)copier [un texte] • **EN** to copy, to recopy [la text] • **PT** (re)copiar [um texto] **Beispill** d'Schüler schreiwen den Exercice vun der Tafel of **2. DE** abschreiben, plagieren • **FR** copier, plagier • **EN** to copy, to plagiarize, to crib • **PT** copiar, plagiar **Beispiller** d'Professesch mengt, ech hätt déi Resultater bei mengem Noper ofgeschriwwen; et gëtt behaupt, en hätt Deeler vun senger Dokteraarbecht ofgeschriwwen **3. ofschreiwen** (vun) **DE** abschreiben (von) [absetzen (von)] • **FR** déduire (de) [retrancher (de)] • **EN** to deduct (from) • **PT** deduzir (de) [subtrair (de)] **Beispiller** kann ech mäi Computer vun de Steieren ofschreiwen?; deen hu mer scho laang ofgeschriwwen [egs] [mat deem wëlle mer scho laang näischt méi ze dinn hunn] **Synonym** ofsetzen (vun)

ofschruppen [ˈoːfʃrupən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgeschruppt) » **transitiv DE** abschrubben [reinigen] • **FR** brosser [pour nettoyer] • **EN** to scrub [to clean] • **PT** escovar, esfregar [para limpar] **Beispill** schrapp d'Plättercher of, et ass Schimmel an de Fouen!

ofschwächen [ˈoːfʃwæçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgeschwächt) » **transitiv DE** abschwächen [mildern] • **FR** affaiblir, atténuer • **EN** to moderate [to tone down] • **PT** atenuar, suavizar **Beispill** du muss deng Formulierung eng Grimmel ofschwächen

ofschwäifen [ˈoːfʃwæːfən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé ofgeschwäift) » **intransitiv** ofschwäife vun **DE** abschweifen von [in einer Erörterung] • **FR** s'écarter de [faire une digression] • **EN** to digress from • **PT** des-

viar-se de [fazer divagações] **Beispill** schwäif net stänneg vum Thema of!

ofschwätzen [ˈoːfʃwætən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgeschwat) » **transitiv 1. DE** absprechen [vereinbaren] • **FR** concerter • **EN** to agree, to arrange • **PT** combinar [acordar] **Beispill** hutt Dir déi Demarche mat Ärem Virgesetzten ofgeschwat? **2. DE** absprechen, streitig machen • **FR** contester [un droit, un acquis, une qualité] • **EN** to challenge, to dispute • **PT** negar, contestar **Beispill** mir wëlle kengem d'Recht op seng Iwwerzeegungen ofschwätzen » **reflexiv 3. DE** sich absprechen • **FR** se concerter • **EN** to discuss (with each other), to consult (each other) • **PT** pôr-se de acordo **Beispill** et ass alles esou séier gaangen, si konnten sech net méi ofschwätzen

ofschwällen [ˈoːfʃwələn] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé ofgeschwollen / ofgeschwoll) » **intransitiv DE** abschwollen [Körperteil] • **FR** désenfler [partie du corps] • **EN** to become less swollen • **PT** desinchar **Beispill** de Fouss, deen ech verstaucht hunn, schwëllt einfach net of

ofschwanken [ˈoːfʃwæŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgeschwenkt) » **transitiv DE** abspülen [reinigen] • **FR** rincer [sous un jet d'eau] • **EN** to rinse • **PT** enxaguar [lavar] **Beispill** schwenk d'Telleren of, ier s de se an d'Spüllmaschinn setz! **Synonym** schwenken

ofsécheren [ˈoːfzɛçəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgesécher) » **transitiv 1. DE** absichern [einen Ort] • **FR** sécuriser [un lieu] • **EN** to cordon off, to secure • **PT** tornar seguro [stroo lugar] **Beispiller** nom Accident huet d'Police d'Strooss gespaart an ofgesécher; bei der Inspektioun gëtt kontrolléiert, ob de Chantier ofgesécher ass **2. DE** sichern, absichern [finanziell] • **FR** garantir, assurer, mettre à l'abri [financièrement] • **EN** to secure, to guarantee • **PT** assegurar, garantir, tornar seguro [financeiramente] **Beispiller** erlaben déi aktuell Mesuren et, d'Pensioune laangfristeg ofzesécheren?; duerch meng nei beruflech Situatioun ass meng Zukunft ofgesécher; no enger Rei Ufanksschwiergeete war den neie Betrib relativ séier finanziell ofgesécher » **reflexiv 3. DE** sich absichern [sich vergewissern] • **FR** se procurer des garanties, se procurer une autorisation • **EN** to cover oneself [to get authorization] • **PT** procurar garantias, procurar autorização **Beispill** ier si eng Decisioun huelen, mussen se sech fir d'éischt beim Chef ofsécheren

Ofsécherung [ˈoːfzɛçəɾuŋ] Femininum (Pluriel Ofsécherungen) **DE** Absicherung [Garantie] • **FR** couverture [garantie] • **EN** social security • **PT** cobertura [garantia] **Beispill** an der Chamber gëtt debattéiert, wéi déi sozial Ofsécherung ka finanzéiert ginn

ofseeën [ˈoːfzɛːən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgeseet) » **transitiv DE** absägen [abtrennen] • **FR** couper [à la scie] • **EN** to saw off • **PT** cortar [com serra] **Beispiller** de Bouf huet därfe mam Fuusseschwanz déi kleng Äscht ofseeën; de Parteichef gouf vum Nationalkomitee ofgeseet [egs] [de Parteichef gouf vum Nationalkomitee ofgesat]

ofseelen [ˈoːfzɛːlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ofgeseelt) » **transitiv DE** abseilen • **FR** des-

cedre (à l'aide d'une corde), descendre en rappel • EN *to lower [using a rope]* • PT *fazer descer (com o auxílio de uma corda), (fazer) descer em rappel* **Beispill** de Blesséierten ass op der Drobier ofgeseelt ginn

onbemierkt ['onbæmi:ɛkt] **Adverb** **DE** *unbemerkt* • **FR** *sans se faire remarquer, sans être aperçue* • **EN** *unnoticed* • **PT** *sem ninguém ver, sem ser notado, despercebido* **Beispiller** den Täschendéif ass **onbemierkt** am Gewulls verschwonnen; an der Hallschent vun der Houmass hu mir eis **onbemierkt** erausgeschlach

onbenutzt ['onbənɔtst] **Adjektiv** **DE** *unbenutzt* • **FR** *utilisé* • **EN** *unused* • **PT** *não utilizado* **Beispill** d'Läffels-geschier louch jorelaang **onbenutzt** am Tirang **Synonym** ongebraucht

onbequem ['onbəkwe:m] **Adjektiv** **1. DE** *unbequem* [*unkomfortabel*] • **FR** *inconfortable* [*Adverb inconfortablement*] • **EN** *uncomfortable* [*Adverb uncomfortably*] • **PT** *desconfortável* [*que não proporciona conforto*] [*Adverb desconfortavelmente*] **Beispiller** wat hutt dir hei fir **onbequem** Still!; wat sätzt een hei **onbequem**! **2. DE** *unbequem* [*lástig, unangenehm*] • **FR** *pénible, désagréable, gênant* • **EN** *awkward* [*difficult*], *embarrassing* • **PT** *desconfortável, desagradável, incómodo* **Beispiller** hien ass en **onbequeeme** Mënsch; de Journalist huet dem Minister eng Rei **onbequeem** Froe gestallt **Synonym** onkamoud

onberechenbar [onbær'æçənba:r] **Adjektiv** **DE** *unberechenbar* • **FR** *imprévisible* • **EN** *unpredictable* • **PT** *imprevisível* **Beispiller** am Abrëll ass d'Wieder dacks **onberechenbar**; deen Typ ass **onberechenbar**, et weess een ni, wéi e wäert reagieren

onbeschreiblech [onbɛʁ'aɪflɛç] **Adjektiv** **DE** *unbeschreiblich* • **FR** *indescriptible* [*Adverb indescriptiblement*] • **EN** *indescribable, incredible* [*Adverb indescribably, incredibly*] • **PT** *indescritível* [*Adverb indescritivelmente*] **Beispiller** ech hat eng **onbeschreiblech** Angscht, et géif der eppes geschéien; vun dësem Bierg aus ass d'Aussicht **onbeschreiblech** schéin; ech hunn **onbeschreiblech** vill Bicher

onbeschweiert ['onbɛʃwɛiɛt] **Adjektiv** **DE** *unbeschwert* • **FR** *insouciant* [*léger*] • **PT** *despreocupado* [*sem tormentos*] **Beispiller** ech denken haut nach gären u meng **onbeschweiert** Kannerzäit zeréck; an enger Zone de rencontre soll een d'Kanner **onbeschweiert** kënne spille loossen

onbestänneg ['onbɛʃtænɛç] **Adjektiv** **DE** *unbeständig* • **FR** *instable* [*changeant*] • **EN** *unsettled, changeable, unstable* • **PT** *instável* [*variável, inconstante*] **Beispiller** d'Wieder ass **onbestänneg**, huel léiwer e Prabbeli mat!; hien huet en **onbestänneg** Charakter

onbestëmmt ['onbɛʃtɛmt] **Adjektiv** **1. DE** *unbestimmt* [*nicht festgelegt*] • **FR** *indéterminé* • **EN** *indefinite* [*indeterminate*] • **PT** *indeterminado* **Beispill** dës Strooss ass fir eng **onbestëmmt**en Zäit gespaart **2. DE** *unbestimmt* [*Artikel*] • **FR** *indéfini* [*article*] • **EN** *indefinite* [*article*] • **PT** *indefinido* [*artigo*] **Beispill** „den“ ass e **bestëmmt**en, „en“ ass en **onbestëmmt**en Artikel

onbestritten [onbɛʃ'triːdɛn] **Adjektiv** **DE** *unbestritten* • **FR** *incontesté* • **EN** *undisputed* • **PT** *incontestado* **Beispill** et ass eng **onbestritten** Tatsaach, datt den Tubak schlecht fir d'Gesondheet ass

onbestuet **Adjektiv** **DE** *unverheiratet, ledig* • **FR** *non marié, célibataire* • **PT** *não casado, solteiro* **Beispill** bestuete Leit falen an eng aner Steierklass ewéi déi **onbestueten** **Synonymmen** *célibataire, netbestuet*

onbetount ['onbətəunt] **Adjektiv**

I Hei entsteet en neien Artikel.

onbeweeGLECH ['onbæve:çlɛç] **Adjektiv** **DE** *unbeweglich* • **FR** *immobile* [*fixe*] • **EN** *immovable, fixed* • **PT** *imóvel* [*fixo*] **Beispill** e Schraubstäck besteet aus engem **beweeGLECH**en an engem **onbeweeGLECH**en Deel

onbewosst ['onbəvɔst] **Adjektiv** **DE** *unbewusst* • **FR** *automatique, involontaire* [*Adverb automatiquement, involontairement*] • **EN** *unconscious* [*unintentional*], *automatic* [*instinctive*] [*Adverb automatically*] • **PT** *automático, involuntário* [*Adverb automaticamente, involuntariamente*] **Beispiller** duerch en **onbewosste** Gest huet hie sech verroden; d'Ootme geschitt **onbewosst**

onbewunnt ['onbəvunt] **Adjektiv** **DE** *unbewohnt* • **FR** *inhabité, inoccupé* • **EN** *uninhabited* • **PT** *desabitado, desocupado* **Beispiller** dat Haus ass zënter méi ewéi zéng Joer **onbewunnt**; dës **onbewunnten** Insel ass en Naturschutzgebitt

onbezuel ['onbɛtsuɛlt] **Adjektiv** **1. DE** *unbezahlt* [*nicht bezahlt*] • **FR** *impayé, non réglé* • **EN** *outstanding* [*not yet paid*] • **PT** *não pago* **Beispill** ech hunn e ganze Koup **onbezuel** Rechnungen an Tirang leien **2. DE** *unbezahlt* [*unbesoldet*] • **FR** *sans solde, non rémunéré* • **EN** *unpaid* • **PT** *sem vencimento, não remunerado* **Beispill** ee vu mengen Aarbechtskolleegen huet **onbezuelte** Congé geholl, fir ronderëm d'Welt ze reesen

ondäitlech ['ondæ:ɪtlɛç] **Adjektiv** **DE** *undeutlich* • **FR** *imprécis, indistinct* [*Adverb indistinctement*] • **EN** *illegible, unclear* [*Adverb unclearly*] • **PT** *ilegível* [*letra*], *indistinto* [*Adverb indistintamente*] **Beispiller** du has nach ëmmer eng **ondäitlech** Schrëft; hie schwätzt esou **ondäitlech**, datt een e bal net versteet

ondankbar [ond'ɑŋkba:r] **Adjektiv** **1. DE** *undankbar* [*nicht dankerfüllt*] • **FR** *ingrat* [*non reconnaissant*] • **EN** *ungrateful* • **PT** *ingrato* [*não agradecido*] **Beispill** sief dach net esou **ondankbar** an egoistesch! **2. DE** *undankbar* [*nicht lohnend, unerfreulich*] • **FR** *ingrat, désagréable* • **EN** *thankless* [*unrewarding*] • **PT** *ingrato, desagradável* **Beispiller** ech krut déi **ondankbar** Aarbecht, d'Zalot ze botzen; eis Ekipp ass op déi **ondankbar** véiert Plaz komm

ondecidéiert **Adjektiv**

I Hei entsteet en neien Artikel.

ondefinierbar [ondefin'ɛiɛba:r] **Adjektiv** **DE** *undefinierbar* • **FR** *indéfinissable* • **EN** *indescribable, indefinable* • **PT** *indefinível* **Beispiller** an der Nuecht gouf ech duerch en **ondefinierbaart** Geräisch erwächt; fir Dessert gouf et e Stéck Kuch mat enger **ondefinierbarer** Crème dran

ondeklinéierbar [ondeklin'ɛiɛba:r] **Adjektiv** **DE** *undeklinierbar* • **FR** *indéclinable* • **EN** *indeclinable* • **PT** *indeclinável* [*que não se flexiona*] **Beispill** am Lëtzebuergeresche gétt et eng Rei **ondeklinéierbar** **Adjektiv**-en

ondenkbar [ond'æŋkba:r] Adjektiv **DE** *undenkbar* • **FR** *impensable* • **EN** *unthinkable, unimaginable* • **PT** *impensável* **Beispill** en Telefon ouni Kabel war viru 50 Joer ondenkbar **Synonym** onvirstellbar

ondicht Adjektiv **DE** *undicht* • **FR** *non étanche, perméable* • **PT** *que vaza, que não veda bem, permeável* **Beispill** de Rouer vum Offloss gouf ersat, well en ondicht war; wéi et ugefaangen huet mat reenen, hu mer gemierkt, datt eist Zelt ondicht war

ondiplomatesch [ˈondiploma:təʃ] Adjektiv **DE** *undiplomatisch* • **FR** *peu diplomatique* • **EN** *undiplomatic* <Adverb *undiplomatically*> • **PT** *pouco diplomático* <Adverb *sem diplomacia*> **Beispill** mat sengen ondiplomateschen Aussoe kéint de President dem Land schueden; du hues dech an dëser Affär zimmlech ondiplomatesch beholl

ondiskreet [ˈondiskre:t] Adjektiv - Variant vun *in-diskreet*

ondiskret [ˈondiskre:t] Adjektiv - Variant vun *in-diskreet*

onduerchsichtig [ˈondu:ɛçziçtəç] Adjektiv - Variant vun *onduerchsichtig*

onduerchsiichteg [ˈondu:ɛçzi:çtəç] Adjektiv **1. DE** *undurchsichtig [opak]* • **FR** *opaque [non transparent]* • **EN** *opaque [non-transparent]* • **PT** *opaco [não transparente]* **Beispill** mir brauchen onduerchsiichteg Riddoe fir an d'Buedzëmmer **2. DE** *undurchsichtig, undurchschaubar* • **FR** *difficile à cerner, obscur* • **EN** *opaque [obscure, abstruse]* • **PT** *impenetrável, obscuro* **Beispill** um Gericht gëtt den Ament en onduerchsiichtege Fall behandelt; si sinn derfir bekannt, mat onduerchsiichtege Methoden ze schaffen

i Variant: onduerchsichtig

ondugen [ˈondu:bən] Adjektiv **1. DE** *unartig, ungezogen, widerspenstig* • **FR** *mal élevé, désobéissant, rebelle* • **EN** *difficult, stubborn [behaviour]* • **PT** *malcriado, desobediente, rebelde* **Beispill** esou onduge wéi eis Kanner doheem sinn, esou brav sinn se bei anere Leit; sief net esou ondugen a schéck dech emol! **2. DE** *schwer zu bearbeiten, widerspenstig* • **FR** *ingrat, récalcitrant [difficile à travailler, à traiter]* • **EN** *stubborn [difficult to deal with, to work on]* • **PT** *ingrato, rebelde [difícil de trabalhar, difícil de arranjar]* **Beispill** an deem Holz sinn e puer onduge Kniet; et ass schwéier, deen ondugene Buedem ëmzegruewen; de Coiffer hat all Méi, fir meng ondugen Hoer an d'Fassung ze kréien

Ondugend [ˈondu:bənt] Femininum (Pluriel Ondugenden) **DE** *Untugend* • **FR** *défaut [travers]* • **EN** *bad habit, flaw, shortcoming* • **PT** *defeito [mau hábito]* **Beispill** de Virwëlz ass eng vu senge villen Ondugenden **Synonym** Feeler

onecht Adjektiv **DE** *unecht* • **FR** *faux [factice]* • **PT** *falso, de imitação* **Beispill** well ech eng Nickelallergie hunn, verdroen ech vill onecht Bijouen net **Synonym** falsch

oneeneg [ˈone:nəç] Adjektiv - Variant vun *oneens*

oneens [ˈone:ns] Adjektiv **DE** *uneinig* • **FR** *en désaccord* • **EN** *in disagreement* • **PT** *em desacordo* **Beispill** mir sinn (eis) nach ëmmer oneens, wuer mer sollen an

d'Vakanz fueren

i Variant: oneeneg

onéierlech [ˈonɛiələç] Adjektiv **DE** *unehrlich* • **FR** *malhonnête* <Adverb *malhonnêtement*> • **EN** *dishonest* <Adverb *dishonestly*> • **PT** *desonesto* <Adverb *desonestamente*> **Beispill** an der Vakanz goufe mer vun engem onéierlechen Taxichauffer ugeschmiert

Onéierlechkeet [ˈonɛiələçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Unehrlichkeit* • **FR** *malhonnêteté* • **EN** *dishonesty* • **PT** *desonestidade* **Beispill** deng Onéierlechkeet huet mech batter enttäuscht

onëmgänglech Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

onempfindlech [ˈonæmpfɪndləç] Adjektiv **DE** *unempfindlich [widerstandsfähig]* • **FR** *peu sensible, résistant* • **EN** *insensitive* • **PT** *pouco sensível, resistente* **Beispill** mir mécht d'Sonn net vill aus, ech hunn eng ganz onempfindlech Haut; d'Planzen op der Terrass sinn onempfindlech géint d'Keelt

onendlech [on'ændləç] Adjektiv **DE** *unendlich [unbegrenzt]* • **FR** *infini [sans limites]* <Adverb *infiniment*> • **EN** *infinite, endless* <Adverb *infinitely*> • **PT** *infinito [sem limites]* <Adverb *infinitamente*> **Beispill** den Horizont kënnst engem onendlech vir; mat dir muss een eng onendlech Gedold hunn! [ëgs] [mat dir muss ee ganz vill Gedold hunn!]; déi onendlech Diskussioun huet zu kengem Resultat geféiert [ëgs] [déi ganz laang Diskussioun huet zu kengem Resultat geféiert]; de Riedner huet onendlech laang geschwat [ëgs] [de Riedner huet ganz laang geschwat!]; de Virtrag huet bis an d'Onendlecht gedauert [ëgs] [de Virtrag huet ganz laang gedauert]

Onendlechkeet [on'ændləçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Unendlichkeit* • **FR** *infini, immensité* • **EN** *infinity* • **PT** *infinidade, imensidade* **Beispill** et gëtt Theorien, déi d'Onendlechkeet vum Universum a Fro stellen

One-Night-Stand [ˈwʌnaitstænt] Maskulinum (Pluriel One-Night-Standen / One-Night-Stands)

i Hei entsteet en neien Artikel.

onentschëllegt [ˈonəntʃələçt] Adjektiv **DE** *unentschuldig* • **FR** *non excusé* <Adverb *sans excuse*> • **EN** *unexcused* • **PT** *injustificado* <Adverb *sem justificação*> **Beispill** de Schüler huet wéinst enger Rei vun onentschëllegten Absencen eng Retenue kritt; ee vun eise Klarinettisten huet elo schonn e puermol onentschëllegt an der Prouf gefeelt

onentschloss Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

onerfreelech [onɛfr'e:ləç] Adjektiv **DE** *unerfreulich* • **FR** *fâcheux, déplaisant* • **EN** *unpleasant* • **PT** *penoso, desagradável* **Beispill** op esou engem schéinen Dag wëll ech net iwwer onerfreelech Saache schwätzen; mir hunn e puer onerfreelech Neiegeekte fir Iech

onerfueren [ˈonɛfu:ɛrən] Adjektiv **DE** *unerfahren* • **FR** *inexpérimenté, sans expérience* • **EN** *inexperienced* • **PT** *inexperiente* **Beispill** et sollt een och onerfuerene Kandidaten eng Chance ginn

onerhéiert [onɛh'ʒiɛt] Adjektiv **1.** DE *unerhört* [unverschäm't, empörend] • FR *scandaleux, insolent* <Adverb *scandaleusement*> • EN *outrageous* <Adverb *outrageously*> • PT *escandaloso* [revoltante, chocante] <Adverb *escandalosamente*> **Beispiller** an deem Geschäft froen se onerhéiert Präisser; et ass onerhéiert, wéi dee mat senge Leit ëmgeet!; du hues onerhéiert héich Fuerderungen un eis gestallt **2.** [ɛ̃ɡs] DE *unerhört* [sehr groß, außerordentlich] • FR *inouï* [très grand, extraordinaire] • EN *incredible, mind-boggling* <Adverb *mind-bogglingly*> • PT *inaudito, incrível* [muito grande, extraordinário] **Beispiller** mir haten eng onerhéiert Chance; déi Geschäftsfra ass onerhéiert räich ginn; deen Typ huet onerhéiert vill Sue gemaach

onerkannt ['onɛkant] Adjektiv DE *unerkannt* • FR *sans être reconnu, sans être découvert* • PT *despercebido, sem ser reconhecido, sem ser descoberto* **Beispiller** säi Kriibs ass laang Zäit onerkannt bliwwen; de Spioun huet jorelaang onerkannt als Sekretär vum Arméiminstre geschafft

onerklärlech [onɛkl'ɛ:ɣlɔç] Adjektiv DE *unerklärlich* • FR *inexplicable* • EN *inexplicable* • PT *inexplicável* **Beispill** d'Bijoue sinn op eng onerklärlech Aart a Weis verschwonnen

onermiddlech [onɛm'ɪdlɔç] Adjektiv DE *unermüdtlich* • FR *inlassable* <Adverb *inlassablement*> • EN *tireless* <Adverb *tirelessly*> • PT *incansável, infatigável* <Adverb *incansavelmente*> **Beispiller** eisen Noper gouf fir säin onermiddlecht Engagement bei de Pompjeeë geëiert; zënter Jore setzt si sech onermiddlech fir den Naturschutz an

onerwaart [onɛv'a:ɾt] Adjektiv DE *unerwartet* • FR *inattendu, inopiné* <Adverb *inopinément, à l'improviste*> • EN *unexpected* <Adverb *unexpectedly*> • PT *inesperado, inopinado* <Adverb *inesperadamente, de improviso*> **Beispiller** iwwer deen onerwaarte Besuch hunn ech mech richtig gefreet!; si ass onerwaart gestuerwen; rot emol, wien elo ganz onerwaart zur Dier erakomm ass!

onerwünsch [onɛv'ənʃt] Adjektiv DE *unerwünscht* • FR *indésirable* • EN *undesirable, not welcome* • PT *indesejável* **Beispiller** esoubal onerwünsch Niewewirkunge bei engem Medikament optrieden, soll ee bei den Dokter goen; Hären ouni Krawatt sinn hei onerwünscht!

onfäeg ['onfɛ:əç] Adjektiv **1.** onfäeg sinn ze DE *unfähig sein zu* • FR *être incapable de* • EN *to be unable to, to be incapable of* • PT *ser incapaz de* **Beispiller** vun elauter Freed war ech een Ament onfäeg, eppes ze soen; dee Bouf ass onfäeg, zwou Minutte roueg an der Bänk ze sätzen **Synonym** incapabel sinn ze **2.** DE *unfähig* [inkompetent] • FR *incapable* [incompétent] • EN *incompetent* • PT *incapaz* [incompetente] **Beispill** et schéngt, wéi wa mer et hei mat elauter onfäege Leit ze doen hätten **Synonymen** incapabel, inkompetent

Onfäegkeet Femininum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

onfair ['onfɛ:ɣ] Adjektiv DE *unfair* • FR *déloyal, injuste* <Adverb *de façon déloyale*> • EN *unfair* <Adverb *unfairly*> • PT *desleal, injusto* <Adverb *de modo desleal*> **Beispiller** vill Leit hunn dem Schidsrichter seng Entscheidung on-

fair genannt; ech fannen et onfair, datt s du mam Vëlo däerfs fueren an ech zu Fouss muss goen; hien huet sech bei där Diskussioun onfair verhalen

Onfall Maskulinum (Pluriel Onfäll) DE *Unfall* • FR *accident* • EN *accident* [crash, mishap] • PT *acidente* **Beispill** gëschter Owend hat e jonke Chauffer e schwéieren Onfall **Synonym** Accident

Onfallversécherung Femininum (Pluriel Onfallversécherungen) DE *Unfallversicherung* • FR *assurance accident* • EN *accident insurance* • PT *seguro contra acidentes* **Beispiller** wann en Aarbechter um Chantier net ugemellt ass, huet e keng Onfallversécherung; ass bei menger Liewensversécherung och eng Onfallversécherung mat derbäi?

I Variant: Unfallversécherung

onfeelbar [onf'e:lba:ɾ] Adjektiv **1.** DE *unfehlbar* [vollkommen] • FR *infaillible* [parfait] • EN *infallible* • PT *infallível* [perfeito] **Beispill** et soll kee mengen, e wier onfeelbar **2.** DE *unfehlbar* [untrüglich] • FR *infaillible* [sûr] • EN *unerring* • PT *infallível* [certo] **Beispill** verschidden Déieren hunn en onfeelbaart Gespier fir d'Gefor

onfeelbar [onf'e:lba:ɾ] Adverb DE *unweigerlich* • FR *à coup sûr, infailliblement* • EN *inevitably, unfailingly* • PT *de certeza, infalivelmente* **Beispiller** dat féiert onfeelbar zu enger Katastroph; deen Typ seet onfeelbar eng Dommheet, allkéiers, wann en de Mond opdeet

Onfeelbarkeet [onf'e:lba:rke:t] Femininum (kee Pluriel) DE *Unfehlbarkeit* • FR *infaillibilité* • EN *infallibility* • PT *infaibilidade* **Beispill** Onfeelbarkeet gëtt et a kengem Beruff

onflektéiert ['onflɛktɛiɛt] Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

onfräiwëlleg ['onfræ:ɪvələç] Adjektiv **1.** DE *unfreiwillig* [Notgedrungen] • FR *forcé* [non volontaire] <Adverb *contre son gré*> • EN *forced, unscheduled* <Adverb *willy-nilly*> • PT *forçado* [não voluntário] <Adverb *contra a sua vontade*> **Beispiller** mir haten eng onfräiwëlleg Tësche-landung; mir hu missen onfräiwëlleg e groussen Ëmwee maachen **2.** DE *unfreiwillig* [unbeabsichtigt] • FR *involontaire* <Adverb *involontairement*> • EN *involuntary, unintentional* <Adverb *involuntarily, unintentionally*> • PT *involuntário* [não intencional] <Adverb *involuntariamente*> **Beispiller** seng onfräiwëlleg Komik deet mech ëmmer laachen; ech hunn onfräiwëlleg matkritt, wat se gesot hunn

onfrëndlech ['onfrændləç] Adjektiv **1.** DE *unfreundlich* [unhöflich] • FR *grincheux, revêche* <Adverb *de façon peu aimable*> • EN *surlly, unfriendly* <Adverb *in an unfriendly manner*> • PT *rabugento, arrevesado* <Adverb *de maneira pouco amável*> **Beispiller** eise Portier huet en onfrëndlecht Wiesen; wat bass de haut erëm onfrëndlech!; mir ginn net méi an dee Restaurant, well mer déi leschte Kéier onfrëndlech empfaange goufen **2.** DE *unfreundlich* [unangenehm] • FR *désagréable* [déplaisant] • EN *unfriendly, disagreeable* • PT *desagradável* [desprazível] **Beispill** bei esou engem onfrëndleche Wieder sinn ech ëmmer schlecht gelaunt

Onfrëndlechkeet ['onfrændləçke:t] Femininum (kee Pluriel) DE *Unfreundlichkeit* [Eigenschaft, Haltung] •

FR *manque de gentillesse* • **EN** *unfriendliness* • **PT** *falta de amabilidade* **Beispill** d'Leit ginn him wéinst senger Onfrëndlechkeet aus de Féiss

onfruchtbar ['onfruchtba:R] Adjektiv **1. DE** *unfruchtbar* [ertragslos] • **FR** *stérile, infertile, improductif* • **EN** *infertile, barren* [land] • **PT** *estéril, improdutivo, árido* **Beispill** ouni Waasser gëtt dee beschte Buedem **onfruchtbar** **2. DE** *unfruchtbar* [fortpflanzungsunfähig] • **FR** *stérile, bréhaïne linfécond* • **PT** *estéril, maninho linfécondo* **Beispill** d'Mauldéiere sinn onfruchtbar **Synonym** steril

Onfruchtbarkeit ['onfruchtba:rke:t] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** *Unfruchtbarkeit* [Ertragslosigkeit] • **FR** *stérilité, infertilité, improductivité* • **EN** *infertility, barrenness* [of land] • **PT** *esterilidade, improdatividade, aridez* **Beispill** d'Onfruchtbarkeit vun deem Buedem ass op Erosioun zeréckzeféieren **2. DE** *Unfruchtbarkeit* [Fortpflanzungsunfähigkeit] • **FR** *stérilité lincapacité à concevoir* • **PT** *esterilidade, infertilidade lincapacidade de conceber* **Beispiller** déi Krankheet kann zu Onfruchtbarkeit féieren; nodeem d'Koppel sech mat der Diagnos Onfruchtbarkeit offonnt hat, huet se e Kand adoptéiert

ONG Femininum (Pluriel **ONGen**) **DE** *NGO* [Nichtregierungsorganisation] • **FR** *O. N. G.* [organisation non gouvernementale] • **PT** *ONG* [Organização Não Governamental] **Beispiller** eis **ONG** ass weltwäit am Beräich vum Ëmweltschutz aktiv; de Kooperatiounsministère huet d'Konventioun mat den **ONGe** verlängert

ongär ['ongɛ:ɐ̯] Adverb **DE** *ungern* • **FR** *à contrecœur* • **EN** *reluctantly* • **PT** *de má vontade, a contragosto* **Beispiller** ech fueren **ongär** mam Auto, wann et däischer ass; ech liesen deem Auteur seng Romaner net **ongär**

ungebildt ['ongəbɪlt] Adjektiv **DE** *ungebildet* • **FR** *inculte, ignare* • **EN** *uncultivated* [uneducated] • **PT** *inculto, ignaro* **Beispill** dee Mann ass net domm, mee total **ungebildt**

ungebraucht ['ongəbr'æ:ʊxt] Adjektiv **DE** *ungebraucht* • **FR** *inutilisé, non porté* • **EN** *unused* • **PT** *não usado, por estrear* **Beispiller** mer hunn nach vill **ungebrauchten** Handdicher doheem leien; obscho mäi Mantel quasi **ungebraucht** war, hunn ech en an d'Kleedersammlung ginn **Synonym** onbenutzt

ungebremst ['ongəbræmst] Adverb **DE** *ungebremst* • **FR** *sans freiner* • **EN** *without braking* • **PT** *sem travar* **Beispill** den Auto ass **ungebremst** an de Bam gerannt

ungebremst [ongəbr'æmst] Adjektiv **DE** *ungebremst* [uneingeschränkt] • **FR** *irréfrénable, irrépressible* • **EN** *unbridled, unrestrained* • **PT** *irrefreável* **Beispill** hie schafft mat **ungebremstem** Äifer un senger Dokteraarbecht

Ongedanken ['ongədɑŋkən] Maskulinum (kee Singular) an Ongedanken **DE** aus *Gedankenlosigkeit* • **FR** *par distraction, par inadvertance* • **EN** *absent-mindedly, inadvertently* • **PT** *por distração, por inadvertência* **Beispiller** ech hat an **Ongedanke** vergiess, fir d'Hausdiener zouzespären; ech hunn an **Ongedanken** den Handy an de Frigo geluecht

ongedeckt ['ongədækt] Adjektiv **ongedeckte** Scheck **DE** *ungedeckte(r) Scheck* • **FR** *chèque sans provision* • **EN** *dud cheque, uncovered cheque* • **PT** *cheque sem cobertura* **Beispill** an der Zäit waren d'Geschäftsleit vill mat **ongedeckte** Schecke geplot

ongedëlleg ['ongədələç] Adjektiv **DE** *ungeduldig* • **FR** *impatient* <Adverb *impatiemment*> • **EN** *impatient* <Adverb *impatiently*> • **PT** *impaciente* <Adverb *impacientemente*> **Beispiller** sief dach net esou **ongedëlleg!**; hien huet **ongedëlleg** op d'Auer gekuckt

Ongedold ['ongədolt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Ungeduld* • **FR** *impatience* • **EN** *impatience* • **PT** *impaciência* **Beispiller** d'Kanner si vun elauter **Ongedold** ëmmer méi wibbeleg ginn; du **Ongedold**, kanns de keng fënnef Minutte waarden? [əgs] [du **ongedëllege** Mënsch, kanns de keng fënnef Minutte waarden?]

ongeféier [ong'əfɛiɐ] Adjektiv **DE** *ungefähr* • **FR** *approximatif* <Adverb *approximativement, à peu près*> • **EN** *approximate* <Adverb *approximately*> • **PT** *aproximado, aproximativo* <Adverb *aproximadamente, mais ou menos*> **Beispiller** so mer den **ongeféiere** Präis vun denger Stereosanlag; een Euro entsprécht **ongeféier** 40 ale Lëtzebuurger Frang **Synonym** approximativ

ongeféierlech [ong'əfɛiələç] Adjektiv **DE** *ungefährlich* • **FR** *sans danger, sans risque* • **EN** *without danger, safe* • **PT** *sem perigo, sem risco* **Beispiller** et gëtt **geféierlech** an **ongeféierlech** Sportarten; Daachdecker ass keen **ongeféierleche** Beruff; et ass net ganz **ongeféierlech**, fir an de Floss schwammen ze goen

ongefleegt Adjektiv

1 Héi entsteet en neien Artikel.

1 Variant: **ongefleeht**

ongefrot [ongəfr'o:t] Adverb **DE** *ungefragt* • **FR** *sans y être invité* [sans y être incité] • **EN** *without being asked* • **PT** *sem ser perguntado* [sem ser solicitado] **Beispill** hie seet stänneg an **ongefrot** seng Meenung

ongehalen ['ongəha:lən] Adjektiv **DE** *ungehalten* • **FR** *irrité, impatient* • **EN** *angry, irritated* • **PT** *irritado, impaciente* **Beispill** sief net esou **ongehalen!**

Ongeheier ['ongəhaie] Neutrum (Pluriel **Ongeheier**) **DE** *Ungeheuer* [Monster] • **FR** *monstre* [animal fantastique] • **EN** *monster* [imaginary creature] • **PT** *monstro* [animal fantástico] **Beispill** a mengem Dram koum en **Ongeheier** aus engem Weier gekroch **Synonym** Monster

ongeheier ['ongəhaie] Adjektiv **DE** *ungeheuer* • **FR** *extrême, immense* <Adverb *extrêmement, immensément*> • **EN** *enormous, tremendous* <Adverb *enormously, tremendously*> • **PT** *extremo, imenso* <Adverb *extremamente, imensamente*> **Beispiller** mir huet déi **ongeheier** Spannung am Buch gutt gefall; den Doud vum President ass en **ongeheiere** Verloscht fir d'Land; ech hunn de Mëtteg en **ongeheier** wichtege Rendez-vous

ongeheierlech [ongəh'aiələç] Adjektiv **DE** *ungeheuerlich* [unerhört] • **FR** *abominable* [choquant, scandaleux] • **EN** *outrageous* • **PT** *chocante, escandaloso* **Beispill** dat doten ass eng **ongeheierlech** Frechheet!

ongehuwwelt [ˈɔŋəhuwəlt] Adjektiv **DE** ungehobelt [grob, rüde] • **FR** *rustre, grossier, fruste* • **PT** *rude, grosseiro, tosco* **Beispill** deen ongehuwwelte Kärel huet awer och guer keng Manéieren!

ongekämmt [ˈɔŋəkæmt] Adjektiv **DE** ungekämmt • **FR** *non peigné, dépeigné* • **EN** *unkempt* • **PT** *não penteado, despenteado* **Beispill** du kanns dach net ongewäsch an ongekämmt bei den Dokter goen!

ongekierzt [ˈɔŋəkɪːtst] Adjektiv **DE** ungekürzt • **FR** *intégral, complet [non raccourci]* • **EN** *unabridged, uncut* • **PT** *integral, completo [sem cortes]* **Beispill** um Festival gött d'ongekierzt Versioun vum Film gewisen

ongeklärt Adjektiv

i Hei entstee en neien Artikel.

ongeleen [ˈɔŋələːən] Adjektiv **DE** ungelegen • **FR** *inoportun* <Adverb *mal à propos, à contretemps*> • **EN** *inconvenient* <Adverb *inconveniently*> • **PT** *inoportuno* <Adverb *inoportunamente, em má altura*> **Beispiller** du kënns zu enger ongeleener Zäit; du kënns mir ongeleeen

ongelteg [ˈɔŋəltɛç] Adjektiv - Variant vun **ongülteg**

ongemälleg [ˈɔŋəmælɛç] Adjektiv **1.** [ɛ̃gs] **DE** *heimlich (zumute)* • **FR** *peu rassuré, inquiet* • **EN** *uneasy, anxious* • **PT** *afito, inquieto* **Beispill** wéi ech d'lescht Nuecht Trëtt am Virgäertchen héieren hunn, war et mir ongemälleg **2.** [ɛ̃gs] **DE** *unbehaglich (zumute)* • **FR** *mal à l'aise, saisi d'un certain malaise* • **EN** *queasy, uncomfortable* • **PT** *indisposto, pouco à vontade* **Beispill** nom Iesse gouf et mer op eemol ongemälleg **3.** [ɛ̃gs] **DE** *unangenehm, unangenehm* • **FR** *désagréable, pénible* • **EN** *unpleasant, disagreeable* • **PT** *desagradável, incómodo* **Beispill** ech froe mech, wéi déi ongemälleg Geschicht weidergeet

ongemitterlech [ɔŋəmˈitɛləç] Adjektiv - Variant vun **ongemittlech**

ongemittlech [ˈɔŋəmɪtlɛç] Adjektiv **DE** ungemütlich [unangenehm] • **FR** *désagréable [déplaisant]* • **EN** *uncomfortable, uninviting* • **PT** *desagradável [desprazível]* **Beispiller** wann et reent, dann ass et ongemittlech um Camping; an deem groussen Haus ass eng ongemittlech Atmosphär

i Variant: ongemitterlech

ongenee [ˈɔŋəneː] Adjektiv **DE** ungenau • **FR** *imprécis [vague]* • **EN** *vague, imprecise* • **PT** *impreciso [vago]* **Beispill** deng Beschreiwung war esou ongenee, datt ech dän Haus eréischt no laangem Siche fonnt hunn **Synonymmen** flou, vag

ongeniert [ɔŋzənˈʒiɛt] Adjektiv **DE** ungeniert • **FR** *désinvolte, sans-gêne* <Adverb *sans se gêner*> • **EN** *uninhibited, shameless* <Adverb *uninhibitedly*> • **PT** *descarado, sem vergonha* **Beispiller** dän ongeniert Behuele stéiert de ganze Grupp; deen ongenierte Kärel huet mech emäerbelt, wéi wann e mech zënter éiweg géif kennen; hien huet beim Iesse ganz ongeniert gerepst

ongenschteg [ˈɔŋəntɛç] Adjektiv **DE** ungünstig • **FR** *peu favorable, peu propice* <Adverb *de façon peu avantageuse, mal*> • **EN** *unfavourable* <Adverb *unfavourably*> • **PT** *desfavorável, pouco propício* <Adverb *desfavoravel-*

mente, mal> **Beispiller** d'Wieder ass haut ongenschteg, fir picknicken ze goen; dee Buttek huet net vill Clienten, e läit ze vill ongenschteg

ongenügend [ɔŋənˈyːzənt] Adjektiv **DE** ungenügend • **FR** *insuffisant [déficientaire]* • **EN** *insufficient, inadequate* • **PT** *insuficiente* **Beispiller** wa 50 % vun de Schüler ongenügend Kenntnisser an de Sciencen hunn, da musse mer eise Schoulsystem a Fro stellen; d'Ennerstëtzung vun der Gemeng fir d'Veräiner ass absolut ongenügend; dee Schüler kann sech keng Ongenügend méi leeschten [dee Schüler kann sech keng ongenügend Nott méi leeschten]

ongepfleegt Adjektiv - Variant vun **ongefleegt**

ongeplangt [ˈɔŋəplənt] Adjektiv **DE** ungeplant • **FR** *imprévu, non planifié* • **EN** *unplanned, unforeseen* • **PT** *imprevisto, não planeado* **Beispill** wéinst deem schlechte Wieder hate mer eng ongeplangt Tëschelandung

ongerecht [ˈɔŋərəɛçt] Adjektiv **DE** ungerecht • **FR** *injuste* <Adverb *injustement*> • **EN** *unfair, unjust* <Adverb *unfairly, unjustly*> • **PT** *injusto, iníquo* <Adverb *injustamente*> **Beispiller** dat ass eng ongerecht Opdeelung vun de Chargen!; ech fille mech vum Schoulmeeschter ongerecht behandelt

Ongerechtegkeet [ˈɔŋərəɛçtɛçkeːt] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Ungerechtigkeit [Eigenschaft, Haltung]* • **FR** *injustice [attitude]* • **EN** *unfairness, injustice [attitude]* • **PT** *injustiça [atitude]* **Beispill** seng Ongerechtegkeet mécht mech ganz rosen **2.** (Pluriel Ongerechtegkeeten) **DE** *Ungerechtigkeit [Handlung]* • **FR** *injustice [acte]* • **EN** *injustice, unfairness [act]* • **PT** *injustiça [ato]* **Beispill** d'Welt ass voller Ongerechtegkeeten

Ongereimtheit [ˈɔŋərəimtheːt] Femininum (Pluriel Ongereimtheeten) (meeschtens Pluriel) **DE** *Ungereimtheit [Unstimmigkeit]* • **FR** *incohérence [contradiction]* • **EN** *inconsistency* • **PT** *incoerência [contradição]* **Beispill** am Ugekote senger Ausso ware vill Ongereimtheeten

ongerued [ˈɔŋərəuɛt] Adjektiv **DE** ungerade [Zahl] • **FR** *impair [nombre]* • **EN** *odd [number]* • **PT** *impar [número]* **Beispill** d'Zuel vun de Kommitteesmembere soll ongerued sinn

ongeschéckerlech [ɔŋəˈʃɛkɛləç] Adjektiv - Variant vun **ongeschécklech**

Ongeschéckerlechkeet [ɔŋəˈʃɛkɛləçkeːt] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **ongeschécklechkeet**

ongeschécklech [ɔŋəˈʃɛklɛç] Adjektiv **DE** ungeschickt • **FR** *gauche, maladroit* <Adverb *maladroitement*> • **EN** *clumsy* <Adverb *clumsily*> • **PT** *desajeitado, desastrado* <Adverb *desajeitadamente*> **Beispill** ech sinn ze vill ongeschécklech fir déi delikat Aarbecht

i Varianten: ongeschéckerlech, ongeschéck

Ongeschécklechkeet [ɔŋəˈʃɛklɛçkeːt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Ungeschicklichkeit* • **FR** *maladresse, manque d'adresse* • **EN** *clumsiness* • **PT** *falta de habilidade, falta de jeito* **Beispill** d'Leit hunn sech iwwer meng Ongeschécklechkeet füttigelaacht

i Varianten: Ongeschéckerlechkeet, Ongeschécktheet

ongeschéckt ['ɔŋgɛkt] Adjektiv - Variant vun **ongeschécklech**

Ongeschécktheet ['ɔŋgɛkthe:t] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **ongeschécklechkeet**

ongeschminkt ['ɔŋgɛmɪŋkt] Adjektiv **DE** *ungeschminkt* • **FR** *non maquillé, sans maquillage* • **PT** *não maquilhado, sem maquilhagem* **Beispiller** ech ginn net ongeschminkt aus dem Haus; mir wëllen déi ongeschminkte Wouerecht héieren! [mir wëllen déi ganz Wouerecht héieren!]

ongeschriwwen ['ɔŋgɛʀivən] Adjektiv **DE** *ungeschrieben* • **FR** *coutumier, non écrit* • **EN** *unwritten* [*accepted*] • **PT** *consuetudinário, não escrito* **Beispill** et ass eng ongeschriwwe Reegel an eisem Club, datt en neie Member muss e Patt ginn

ongeschützt ['ɔŋgɛʃtst] Adjektiv **DE** *ungeschützt* [Geschlechtsverkehr] • **FR** *non protégé* [rapport sexuel] • **EN** *unprotected* [sex] • **PT** *não protegido* [relação sexual] **Beispill** ongeschützte Geschlechtsverkéier kann zu engem Schwangerschaft féieren

ongeseent ['ɔŋgɛ:nt] Adjektiv **DE** *nicht gesegnet* [nicht geweiht] • **FR** *non consacré, non béni* • **EN** *unconsecrated* • **PT** *não consagrado, não benzido* **Beispiller** d'Massendénger hunn e puer ongeseenten Hostercher stibitz; bleif mat dengen ongeseente Fangere vu mengem Computer ewech! [égs] [pak mäi Computer op kee Fall un!]

ongesond ['ɔŋgɛzɔnt] Adjektiv **1. DE** *ungesund* [kränklich] • **FR** *malsain, maladié* [qui dénote la maladie] • **EN** *unhealthy* [ill] • **PT** *doentio* [que denota doença] **Beispiller** du hues eng ongesond Faarf am Gesiicht, bass de krank?; eisen Noper kuckt esou ongesond dran, ech mengen, deem felt eppes **2. DE** *ungesund* [gesundheitsschädlich] • **FR** *malsain* [nuisible à la santé] <Adverb de façon malsaine> • **EN** *unhealthy* [harmful to health] <Adverb unhealthily> • **PT** *malsão* [nocivo à saúde] **Beispiller** wéinst deene sëllege Fabriken ass an déser Géigend eng ongesond Loft; hien huet Gewiichtsproblemer, well en ongesond lieft

ongespëtz ['ɔŋgɛʃpɛst] Adjektiv **DE** *ungespitzt* • **FR** *non taillé* [non rendu pointu] • **EN** *unsharpened, unpointed* • **PT** *não aguçado, não apontado* **Beispiller** déi gespëtz Pëil si méi deier ewéi déi ongespëtz; deen nervt mech, ech kéint en ongespëtz an de Buedem schloen! [égs] [Ideen nervt mech, ech géif en am léifste gutt zerschloen]

ongestéiert ['ɔŋgɛʃtɛ:t] Adjektiv **DE** *ungestört* • **FR** *tranquille* [non dérangé] <Adverb tranquillement> • **EN** *undisturbed, quiet* <Adverb without being disturbed, quietly> • **PT** *sossegado, tranquilo* [não perturbado] <Adverb sossegadamente> **Beispiller** iwwer d'Mëttesstonn sinn ech gär ongestéiert; mir haten haut nach keng ongestéiert Minutt; owes géif ech gär ongestéiert d'Norichten op der Télee kucken

ongestrooft [ɔŋgɛʀ'tr'o:ft] Adjektiv **DE** *ungestraft* • **FR** *impuni* <Adverb impunément, en toute impunité> • **EN** *unpunished* <Adverb without punishment> • **PT** *impune* <Adverb impunemente, com toda a impunidade> **Beispiller** esou e Verbriechen däerf net ongestrooft bleiwen; hien ass ongestrooft dervukomm

ongewäsch ['ɔŋgɛvæʃ] Adjektiv **DE** *ungewaschen* • **FR** *non lavé* • **EN** *unwashed* • **PT** *não lavado* **Beispiller** du kanns dach net ongewäsch an ongekämmt bei den Dokter goen!; komm mer net mat ongewaschen Hänn un den Dësch!; bleif mat dengen ongewäsche Fangere vu mengem Computer ewech! [égs] [pak mäi Computer op kee Fall un!]

ongewéinlech ['ɔŋgɛvɛɪnlɛç] Adjektiv **DE** *ungewöhnlich* [unüblich] • **FR** *inhabituel, exceptionnel* <Adverb particulièrement> • **EN** *unusual, exceptional* <Adverb unusually, exceptionally> • **PT** *inabitual, excepcional* <Adverb excepcionalmente> **Beispiller** esou en exotesche Menü ass ongewéinlech fir eng Hochzäit; fir dee Schüler war dës Leeschtung ongewéinlech; d'Schülerin huet ongewéinlech gutt geschafft; et huet dëse Summer ongewéinlech laang gereent **Synonym** aussergewéinlech

ongewëss ['ɔŋgɛvəs] Adjektiv **DE** *ungewiss* • **FR** *incertain* [douteux] • **EN** *uncertain* • **PT** *incerto* **Beispiller** d'Zukunft vun deene kleng Betriber ass ongewëss; et ass nach ongewëss, ob en déi Plaz unhëlt

Ongewëssen ['ɔŋgɛvəsən] Neutrum am Ongewëssen **DE** *in der Ungewissheit* • **FR** *dans l'incertitude* • **EN** *in the dark, in uncertainty* • **PT** *na incerteza* **Beispill** si hunn d'Leit am Krisegebit am Ongewësse gelooss, wéi et weidergéing **Synonym** an der Ongewëssheet

Ongewëssheet ['ɔŋgɛvəsɛ:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Ungewissheit* • **FR** *incertitude, doute* • **EN** *uncertainty* • **PT** *incerteza, dúvida* **Beispiller** déi Ongewëssheet bréngt mech ëm!; si hunn d'Leit am Krisegebit an der Ongewëssheet gelooss, wéi et weidergéing

ongewinnt ['ɔŋgɛvɪnt] Adjektiv **DE** *ungewohnt* • **FR** *inhabituel* • **EN** *unusual* • **PT** *inabitual* **Beispiller** hie wouss net, wéi en op déi ongewinnt Situatioun sollt reagéieren; meng Tatta huet déi ongewinnt Hëtzt net verdroen

ongewollt ['ɔŋgɛvɔlt] Adjektiv **DE** *ungewollt* • **FR** *non désiré* <Adverb malgré soi> • **EN** *unwanted, unintended* <Adverb unintendedly> • **PT** *não desejado* <Adverb sem querer> **Beispiller** beim Experiment koum et zu enger ongewollter cheemescher Reaktioun; hien huet eis ongewollt an d'Laberente bruecht

ongezillt [ɔŋgɛʀs'ilt] Adjektiv **DE** *unerzogen* • **FR** *mal élevé* • **EN** *ill-behaved* • **PT** *mal-educado* **Beispiller** haut ware vill ongezillte Kanner op der Spillplaz; esou eppes ongezilltes ass mir nach net begéint!

ongezwongen ['ɔŋgɛʀzwɔŋən] Adjektiv **DE** *ungezwungen* • **FR** *décontracté, relax* <Adverb de façon décontractée> • **EN** *casual, informal* <Adverb casually, informally> • **PT** *descontraído* <Adverb descontraidamente, com avontade> **Beispiller** op der Chrëschtfeier vun eisem Btrib war eng ongezwongen Ambiance; d'Ministerin huet sech ganz ongezwonge mat hirem Chauffeur ënnerhalen

ongläich ['ɔŋglæ:ɪç] Adjektiv **DE** *ungleich, unterschiedlich* • **FR** *différent, dissemblable* • **EN** *different, dissimilar, ill-matched* • **PT** *diferente, desigual* **Beispiller** déi zwee Bridder si ganz ongläich am Charakter; wat sinn

déi zwee awer eng ongläich Koppel!

Ongléck [ˈɔŋglɛk] Neutrum **1.** (Pluriel Onglécker) DE *Unglück* [Unfall] • FR *accident* [ayant des effets dommageables] • EN *accident* [resulting in damage] • PT *acidente* [com efeitos prejudiciais] **Beispiller** an der Grouf ass e schwéiert Ongléck passéiert; op dëser geféierlecher Kräizung geschéie vill Onglécker **2.** (kee Pluriel) DE *Unglück* [Unheil] • FR *malheur* [adversité, misère] • EN *misery, hardship* • PT *desgraça* [adversidade, miséria] **Beispiller** dee Krich huet vill Ongléck geschitt, wéi en de Wäin erausgeschott huet; kräisch net wéinst esou engem klengen Ongléck!; een Ongléck kënt seelen eleng!; dem Bouf ass e klengt Ongléck geschitt [égs] [de Bouf huet an d'Box gemaach]

onglécklech [ˈɔŋglɛklɛç] Adjektiv **1.** DE *unglücklich* [bedrückt, traurig] • FR *malheureux* [abattu, triste] • EN *unhappy, miserable* • PT *infeliz* [abatido, triste] **Beispiller** ech mengen, hatt ass onglécklech op senger neier Plaz; maach dach keen esou een onglécklecht Gesicht!; firwat kuckt däi Brudder esou onglécklech dran? **2.** DE *unglücklich* [ungünstig] • FR *mauvais, inopportun* <Adverb mal> • EN *unfortunate, ill-timed* <Adverb unfortunately> • PT *mau, inoportuno* <Adverb mal> **Beispiller** du hues der en onglécklechen Ament erausgesicht, fir bei eis ze kommen; deng Feier fällt onglécklech, well mir deen Dag am Ausland sinn **3.** DE *unglücklich* [ungeschick, verfehlt] • FR *maladroit, déplacé* • EN *unfortunate, inappropriate* • PT *infeliz* [despropositoado, inconveniente] **Beispill** ech wollt mech fir déi onglécklech Bemierkung entschëllegen **4.** DE *unglücklich* [verhängnisvoll] • FR *mauvais* [entraînant de graves conséquences] <Adverb mal> • EN *unfortunate, unlucky* <Adverb unfortunately, unluckily> • PT *mau* [com consequências graves] <Adverb mal> **Beispiller** no menger onglécklecher Chute hunn ech misse mat der Ambulanz an d'Klinik gefouert ginn; wéi kënnen mer aus där onglécklecher Situatioun erauskommen?; meng Tatta ass esou onglécklech gefall, datt se sech e Bee gebrach huet

onglécklecherweis [ɔŋglɛklɛçv'ais] Adverb DE *unglücklicherweise* • FR *malheureusement* • EN *unfortunately* • PT *infelizmente* **Beispill** ech hat onglécklecherweis mäi Pass am Hotel vergiess

ongültig [ˈɔŋgyltɛç] Adjektiv DE *ungültig* • FR *nul, non valable* • EN *invalid, void* • PT *nulo, inválido* **Beispill** wann s de eppes op däi Stëmmziedel krozels, dann ass en ongültig

i Variant: ongëlteg

ongutt [ɔŋ'ut] Adjektiv **1.** DE *ungut* • FR *mauvais* [trauisant un malaise] • EN *bad, uneasy* • PT *mau* [que traduz um mal-estar] **Beispill** ech hunn en ongutt Gefill bei där Saach **2.** näischt fir ongutt DE *nichts für ungut* • FR *sans rancune* • EN *no hard feelings* • PT *sem ressentimentos, sem ofensa* **Beispill** näischt fir ongutt, mee ech hunn do eng aner Meenung!

onheelbar [ɔnh'e:lba:r] Adjektiv DE *unheilbar* • FR *incurable* <Adverb incurablement> • EN *incurable, terminal*

<Adverb incurably, terminally> • PT *incurável* <Adverb incuravelmente> **Beispiller** den Dokter huet der Patientin misse matdeelen, datt hir Krankheet onheelbar wier; mäi Bopi ass onheelbar krank

onheemlech [ˈɔnhe:mlɛç] Adjektiv **1.** DE *unheimlich* [furchterregend] • FR *effrayant, terrifiant* • EN *spooky, frightening* • PT *assustador, medonho* **Beispiller** verzielt de Kanner owes keng esou onheemlech Geschicht-en!; dat Geräisch war richtig onheemlech; déi Gestalt gesäit onheemlech aus **2.** DE *unheimlich* [unbehaglich] • FR *angoissé, inquiet* • EN *uneasy* [worried, uncomfortable] • PT *angustiado, inquieto* **Beispiller** wann ech nuets eleng ënnerwee sinn, ass et mer onheemlech; et gött mer lues a lues onheemlech bei där Geschicht **3.** [égs] DE *unheimlich* [sehr groß, außerordentlich] • FR *terrible* [très grand, extraordinaire] <Adverb terriblement> • EN *terrible* [huge] <Adverb terribly> • PT *terrível, imenso* <Adverb imensamente> **Beispiller** d'Attentat huet eng onheemlech Zuel vun Affer gefuerdert; hien huet en onheemlechen Appetit; meng Kanner sinn onheemlech frou mat Déieren **Synonymmen** schrecklech, terribel

onhéiflech [ˈɔnhɛiflɛç] Adjektiv DE *unhöflich* • FR *impoli* <Adverb impoliment> • EN *ill-mannered, impolite* <Adverb impolitely> • PT *descortês, indelicado* <Adverb indelicadamente> **Beispiller** déi onhéiflech Persoun kënt mir net méi bannent d'Dier!; Ären neie Vendeur ass dacks onhéiflech mat de Clienten; ech krut ganz onhéiflech op meng Froe geäntwert

Onhéiflechkeet [ˈɔnhɛiflɛçke:t] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Unhöflichkeit* [Eigenschaft, Haltung] • FR *impolitesse* [manque de politesse] • EN *impoliteness, rudeness* [quality] • PT *descortesia* [falta de cortesia] **Beispill** deng Onhéiflechkeet ass onerhéiert! **2.** (Pluriel Onhéiflechkeeten) DE *Unhöflichkeit* [Handlung] • FR *impolitesse* [acte] • EN *rudeness* [act] • PT *descortesia* [ato] **Beispill** mussen mir eis esou eng Onhéiflechkeet gefale loossen?

oninteressant [ˈɔnintrɛsant] Adjektiv DE *uninteressant* • FR *inintéressant* • EN *uninteresting* • PT *desinteressante* **Beispiller** ech hunn nach ni esou en oninteressant Buch gelies; géff dech dach net mat esou oninteressante Leit of!; mir ware scho laang net méi an esou enger oninteressanter Gesellschaft

i Variant: onintressant

onintressant [ˈɔnintrɛsant] Adjektiv - Variant vun ↗oninteressant

oniwwerluecht [ˈɔnive:lueçt] Adjektiv DE *unüberlegt* • FR *irréfléchi, inconsidéré* <Adverb sans réflexion> • EN *thoughtless, rash* <Adverb thoughtlessly, rashly> • PT *irrefletido, inconsiderado* <Adverb irrefletidamente> **Beispiller** esou oniwwerluechte Bemierkunge kaschten dech nach eng Kéier deng Plaz!; du hues seelen esou oniwwerluecht geschwat ewéi gëschter am Interview

oniwwersichtlech Adjektiv - Variant vun ↗oniwwersichtlech

oniwwersichtlech [ˈɔnivezi:çtlɛç] Adjektiv **1.** DE *unübersichtlich* [nicht gut übersehbar] • FR *sans visibilité* [non visible dans toute son étendue] • EN *blind, concealed* [not offering a clear view] • PT *sem visibilidade* [não visível na sua totalidade] **Beispill** déi Kräizung ass

oniwwersiichtlech **2.** **DE** *unübersichtlich* [nicht klar gegliedert] • **FR** *confus, mal structuré* <Adverb de manière confuse> • **EN** *confusing, unclear* <Adverb confusingly, unclearly> • **PT** *confuso, mal estruturado* <Adverb de modo confuso> **Beispiller** op deem oniwwersiichtleche Plang fënnt ee guer näischt erëm; dat Kapitel ass oniwwersiichtlech strukturéiert

i Variant: oniwwersiichtlech

Onk [oŋk] Femininum (Pluriel Onken) **1.** **DE** *Unke, Feuerkröte* • **FR** *crapaud, crapaud sonneur* • **EN** *toad* • **PT** *sapo* **Beispiller** beim Weier am Park héiers de am Fréijero owes d'Onke ruffen; eisen Noper séft ewéi eng Onk **[eggs]** [eisen Noper drénkt vill Alkohol] **2.** **DE** *Ringelnatter* • **FR** *couleuvre à collier* • **EN** *grass snake* • **PT** *cobra-de-água-de-colar* **Beispill** do hannen um Stee läit eng Onk sech ze sonnen **Synonym** Réngelnatter

onkamoud ['onkamøʊt] Adjektiv **1.** **DE** *unpraktisch* [unfunktional] • **FR** *peu fonctionnel, peu pratique* • **EN** *impractical* • **PT** *pouco funcional, pouco práctico* **Beispiller** dän neien Auto ass extravagant awer onkamoud; mir hunn eng onkamoud Kellertrap **Synonym** onpraktesch **2.** **DE** *unbequem* [lästig, unangenehm] • **FR** *pénible, désagréable, gênant* • **EN** *awkward, unpleasant* • **PT** *incómodo, desagradável, desconfortável* **Beispiller** bei mengem Prozess hunn ech gemierkt, wéi onkamoud dee ka sinn; ech hu keng Schwieregkeeten, fir mat onkamoute Leit eens ze ginn; dës Journalistin ass fir hir onkamoud Froe bekannt **Synonym** onbequeem

Onkäschten ['onkæʃtən] Substantiv (kee Singulier) **DE** *Unkosten* • **FR** *frais* [dépenses] • **EN** *expenses, costs* • **PT** *gastos* [despesas] **Beispiller** wie kënnt fir d'Onkäschten op?; wat hues du dech fir eis an d'Onkäschte gestierzt! [wat hues du fir eis (onnéideg) vill Suen ausginn!] **Synonym** Fraisen

onkloer ['onklo:e] Adjektiv **1.** **DE** *unklar* [unverständlich, missverständlich] • **FR** *incompréhensible* [difficile à comprendre] <Adverb incompréhensiblement> • **EN** *unclear* [imprecise] <Adverb unclearly> • **PT** *incompreensível* [difícil de compreender] <Adverb de forma incompreensível> **Beispiller** d'Gebrauchsanweisung vun dësem Apparat ass onkloer; de Professor huet sech onkloer ausgedréckt **Synonym** onverständlech **2.** **DE** *unklar* [ungewiss, ungeklärt] • **FR** *incertain, irrésolu* • **EN** *unclear, uncertain* • **PT** *incerto, irresoluto* **Beispiller** et ass onkloer, ob ech déi Plaz kréien oder net; trotz eisem laange Gespréich bleiwe vill Froen onkloer **3.** **DE** *undurchsichtig* [undurchschaubar] • **FR** *obscur* [difficile à cerner] • **EN** *unclear* [hidden, impenetrable] • **PT** *obscuro* [impenetrável] **Beispill** d'Reliouunen téschent deenen zwou Firmae sinn onkloer **Synonym** onduerchsiichteg

Onkloerheet ['onklo:ehe:t] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Unklarheit* [Ungewissheit] • **FR** *confusion, doute(s)* • **EN** *uncertainty, doubt* • **PT** *confusão, dúvida(s)* **Beispill** et besteet nach ëmmer Onkloerheet iwwer d'Zuel vun den Doudegen **2.** (Pluriel Onkloerheeten) **DE** *Unklarheit* [unverständlicher Punkt] • **FR** *ambiguïté, imprécision, point obscur* • **EN** *uncertainty, ambiguity* • **PT** *ambiguidade, imprecisão, ponto obscuro* **Beispill** et gétt nach eng Rei Onkloerheeten an dengem Text

Onkolog [oŋkol'o:k] Maskulinum (Pluriel Onkologen) **DE** *Onkologe* • **FR** *cancérologue, oncologue* • **EN** *oncol-*

ogist • **PT** *oncologista* **Beispill** well mäin Hausdokter e Verdacht op Longekriibs hat, huet e mech bei en Onkolog geschéckt

i Weiblech Form: ♀Onkologin

onkologesch [oŋkol'o:gəʃ] Adjektiv **DE** *onkologisch* • **FR** *oncologique* • **EN** *oncological* [concerned with tumours] • **PT** *oncológico* **Beispill** d'Chimiotherapie ass eng vun de weesentlechen onkologeschen Therapien

Onkologie [oŋkoloz'i:] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Onkologie* [Fachgebiet] • **FR** *cancérologie, oncologie* [spécialité médicale] • **EN** *oncology* [branch of medicine] • **PT** *oncologia* [especialidade médica] **Beispill** an der Onkologie gétt grouse Wäert drop geluecht, datt de Kriibspatient kee Wéi muss aushalen **2.** (Pluriel Onkologien) **DE** *Onkologie* [Abteilung] • **FR** *service de cancérologie, service d'oncologie* • **EN** *oncology* [hospital department] • **PT** *serviço de oncologia* **Beispill** am neie Spidol läit d'Onkologie um véierte Stack

Onkologin [oŋkol'o:gin] Femininum (Pluriel Onkologinnen) **DE** *Onkologin* • **FR** *cancérologue, oncologue* [femelle] • **EN** *oncologist* [female] • **PT** *oncologista* [mulher] **Beispill** well mäin Hausdokter bei mir e Verdacht op Kriibs hat, huet e mech bei eng Onkologin geschéckt

i Männlech Form: ♂Onkolog

onkomplett ['onkomplæt] Adjektiv **DE** *unvollständig* • **FR** *incomplet* • **EN** *incomplete* • **PT** *incompleto* **Beispill** déi onkomplett Donnéeë verfälschen d'Statistik

onkomplizéiert ['onkomplitsɛiɛt] Adjektiv **DE** *unkompliziert* • **FR** *simple, peu compliqué* [personne] • **EN** *uncomplicated* [person] • **PT** *simples, pouco complicado* [pessoa] **Beispill** meng Niess ass en onkomplizéiert Kand

onkontrolléiert ['onkontrolɛiɛt] Adjektiv **DE** *unkontrolliert* • **FR** *incontrôlé* <Adverb de manière incontrôlée> • **EN** *uncontrolled, unchecked* <Adverb out of control> • **PT** *descontrolado* <Adverb descontroladamente> **Beispiller** allkéiers wann ech un dee Kärel denken, iwwerkernt mech eng onkontrolléiert Roserei!; den Auto ass warscheinlech onkontrolléiert de Rampli erofgerannt

onkonventionell ['onkonvæntsɪonæ] Adjektiv **DE** *unkonventionell* [ungewohnt] • **FR** *peu conventionnel* [inhabituel] • **EN** *unconventional* • **PT** *pouco convencional* [inabitual] **Beispill** den Expert konnt de Verwaltungsrot vu sengen onkonventionellen Iddien iwwerzeegen

onkonzentriert ['onkontsæntɛɛiɛt] Adjektiv **DE** *unkonzentriert* • **FR** *peu concentré, inattentif* • **EN** *inattentive, distracted* • **PT** *pouco concentrado, desatento* **Beispiller** ech hunn d'Stoppschéld iwwersinn, well ech een Ament onkonzentriert war; kuck op dän Noutenblat a sief net esou onkonzentriert!

Onkraut [onkr'æ:ʊt] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Unkraut* • **FR** *mauvaises herbes* • **EN** *weed* • **PT** *ervas daninhas* **Beispiller** d'Onkraut wüsst gutt, absënns wann et waarm a ficht ass; Onkraut vergeet net **[eggs]** [⇒ seet een am Spaass vu Leit, déi alles iwwerstinn]

onkritesch ['onkri:təʃ] Adjektiv **DE** *unkritisch* [leichtgläubig] • **FR** *peu critique, crédule* <Adverb sans sens critique> • **EN** *uncritical* <Adverb uncritically> • **PT** *pouco crítico, crédulo* <Adverb sem sentido crítico> **Beispiller** hien ass esou onkritesch, datt en ëmmer alles fir boer Mënz hält; du däärfst net alles onkritesch unhuelen, wat hien erzielt

onlauter [onl'æ:ʊtə] Adjektiv **DE** *unlauter* • **FR** *déloyal* [malhonnête] • **PT** *desleal* [desonesto] **Beispill** déi grouss Chaine kritt vun e puer Familljebetriber onlauter Konkurrenz ënnerstallt

onléisbar [onl'ɛisba:r] Adjektiv **DE** *unlösbar* [ausweglos] • **FR** *insoluble* [impossible à résoudre] • **EN** *unsolvable, insoluble* • **PT** *insolúvel* [sem solução] **Beispill** mir stinn hei virun engem onléisbare Problem

onlieserlech ['onli:zələç] Adjektiv **DE** *unleserlich* • **FR** *illisible* [indéchiffrable] <Adverb illisiblement> • **EN** *unreadable, illegible* <Adverb illegibly> • **PT** *ilegível* <Adverb ilegivelmente> **Beispiller** deng Schrëft ass onlieserlech!; wann s de esou onlieserlech schreifts, kann ech dän Text net liesen

online ['onlɔin] onverännerbaart Adjektiv **DE** *online* • **FR** *en ligne* [sur Internet] • **EN** *online* • **PT** *online* **Beispiller** hautdesdaags schaffe vill Leit mat online Dictionnären; mir bestellen eis Bicher online

Onlinebanking Maskulinum (Pluriel Onlinebankingen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Online-Formulaire ['onlɔinfɔrmjɛ:r] Maskulinum (Pluriel Online-Formulieren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Onlineshop ['onlɔinʃop] Maskulinum (Pluriel Onlineshopen / Onlineshops) **DE** *Online-Shop* • **FR** *boutique en ligne* • **EN** *online shop* • **PT** *loja online* **Beispill** ech bestellen nëmme bei Onlineshopen, wann ech d'Saachen, déi mer net gefalen, fir näischt kann zeréckschëcken

Onlineshopping ['onlɔinʃopɪŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Online-Shopping* • **FR** *achats en ligne, shopping en ligne* • **EN** *online shopping* • **PT** *compras online, compras em linha* **Beispill** wa mir all op Onlineshopping ëmsteigen, kann de lokalen Handel geschwënn zoumaachen

onlogesch [onl'o:gəʃ] Adjektiv **DE** *unlogisch* • **FR** *illogique* <Adverb de manière illogique> • **EN** *illogical* <Adverb illogically> • **PT** *ilógico* <Adverb de modo ilógico> **Beispiller** däi Rasonement ass komplett onlogesch; deen Text ass onlogesch opgebaut

onmanéierlech ['onmanɛi:ələç] Adjektiv **DE** *unerzogen, unmanierlich* • **FR** *mal élevé, impoli* <Adverb sans manières, impoliment> • **EN** *ill-mannered, impolite* <Adverb impolitely> • **PT** *mal-educado, malcriado* <Adverb sem maneiras, mal-educadamente> **Beispiller** wat ass dat en onmanéierlechen Dëlpes!; et ass onmanéierlech, ee beim Schwätzen ze ënnerbriechen; iess net esou onmanéierlech!

Onmass ['onmas] Femininum (Pluriel Onmassen) **DE** *Unmenge* • **FR** *masse* [grand nombre, grande quantité]

• **EN** *loads, tons* [a large quantity] • **PT** *sem-número* [Número elevado, grande quantidade] **Beispiller** ech hu gëschter eng Onmass vun alem Gezei an d'Kleedersammlung ginn; Onmasse vu Leit stounge laanscht d'Stroos, fir de Cortège ze kucken

onméiglech [onm'ɛizləç] Adjektiv **1. DE** *unmöglich* [nicht durchführbar] • **FR** *impossible* [irréalisable] • **EN** *impossible* [unfeasible] <Adverb impossibly> • **PT** *impossível* [irrealizável] **Beispiller** et ass onméiglech, déi Streck an esou kuerzer Zäit ze lafen; déi Aarbecht kann een onméiglech eleng maachen! **2. DE** *unmöglich* [schwierig] • **FR** *impossible* [difficile, pénible] • **EN** *impossible* [difficult] • **PT** *impossível* [difícil, penoso] **Beispill** du bréngs mech an eng onméiglech Situatioun! **3. DE** *unmöglich* [unangebracht] • **FR** *déplacé, inconvenant* <Adverb de manière déplacée> • **EN** *impossible, inappropriate* <Adverb impossibly> • **PT** *descabido, inconveniente* <Adverb de modo inconveniente> **Beispiller** wéi kanns de nëmme esou eng onméiglech Fro stellen?; hien huet sech um Fest onméiglech beholl! **Synonym** déplacéiert **4. [ëgs] DE** *unmöglich* [unvorstellbar] • **FR** *inimaginable* • **EN** *impossible* [unimaginable] • **PT** *incrível* [inconcebível] **Beispill** bei deenen ass en onméiglechen Duercherneen doheem!

onmëndeg ['onmændəç] Adjektiv - Variant vun ↗onmündeg

onmënneg Adjektiv - Variant vun ↗onmündeg

Onmënsch ['onmənʃ] Maskulinum (Pluriel Onmënschen) **DE** *Unmensch* • **FR** *monstre, brute* • **EN** *monster, brute* • **PT** *monstro, besta* **Beispill** wéi kanns de esou eppes vu mir denken, ech sinn dach keen Onmënsch!

onmënschlech ['onmənʃləç] Adjektiv **1. DE** *unmenschlich* [grausam, menschenunwürdig] • **FR** *inhumain* [atroce, insupportable] <Adverb d'une façon inhumaine> • **EN** *inhumane* <Adverb inhumanely> • **PT** *desumano* [atroz, insuportável] <Adverb desumanamente> **Beispiller** dës Associatioun mécht op déi onmënschlech Zoustänn opmierksam, an deene vill Leit liewen; si goufen an der Gefaangenschaft onmënschlech behandelt **2. [ëgs] DE** *unmenschlich* [sehr groß] • **FR** *surhumain* • **EN** *superhuman* • **PT** *sobre-humano* [muito grande] **Beispiller** den Alpinist huet sech nach net vu senger onmënschlecher Ustrengung erholl; dee Borscht huet eng onmënschlech Kraaft!

onmëssverständlech [onməsɛft'ændləç] Adjektiv **DE** *unmissverständlich* • **FR** *clair* (et net), *sans équivoque* • **EN** *unmistakable* [unambiguous] <Adverb unmistakably> • **PT** (mais que) *claro, sem equívoco* **Beispiller** seng Äntwert war onmëssverständlech; si hunn eis onmëssverständlech ze verstoe ginn, datt se net averstane sinn

onmoosseg [onm'o:səç] Adjektiv [ëgs] **DE** *außerordentlich, maßlos* • **FR** *énorme, excessif* <Adverb énormément, excessivement> • **EN** *extreme, inordinate* <Adverb inordinately> • **PT** *enorme, excessivo* <Adverb demasiado, excessivamente> **Beispiller** duerch déi onmoosseg Ëmweltverschmutzung zerstéiere mir de Liewensraum vu villen Déieren; meng Bomi huet sech onmoosseg iwwe de Kaddo gefreet **Synonym** immens

onmoraesch [onmor'a:ləʃ] Adjektiv **DE** *unmoralisch* • **FR** *immoral* <Adverb *de façon immorale*> • **EN** *immoral* <Adverb *immorally*> • **PT** *imoral* <Adverb *imoralmente*> **Beispiller** ech fannen et **onmoraesch**, wéi verschidde Leit mat hirem Geld émginn; du hues dech zimmlech onmoraesch beholl

onmündeg ['onmyndəç] Adjektiv **DE** *unmündig* • **FR** *incapable juridiquement, irresponsable (devant la loi)* • **EN** *under age, not judicable* • **PT** *juridicamente incapaz, irresponsável (perante a lei)* **Beispill** d'Gericht huet déi eeler Fra fir onmündeg erkläert

i Varianten: onmëndeg, onmënneg

onmusikalesch [onmuzik'a:ləʃ] Adjektiv **DE** *unmusikalisch* [ohne Sinn für Musik] • **FR** *dénué de sens musical, sans sensibilité musicale* • **EN** *unmusical* [unskilled in music] • **PT** *sem sentido musical, sem sensibilidade musical* **Beispiller** eise Professor bréngt et fäerdeg, och onmusikalesche Schüler d'Musek méi no ze bréngen; och wann déi Fra onmusikalesch ass, geet se mat hirem Mann Concerte lauschteren

onnatierlech ['onati:çləç] Adjektiv **1. DE** *unnatürlich* [künstlich] • **FR** *artificiel* [non naturel] • **EN** *unnatural* [artificial] • **PT** *artificial* [não natural] **Beispiller** ech fannen d'Liicht vun den Neonstüben **onnatierlech**; duerch den Telefon kléngt deng Stëmm ganz **onnatierlech** **2. DE** *unnatürlich* [gekünstelt] • **FR** *artificiel, affecté, forcé* <Adverb *d'une manière affectée*> • **EN** *unnatural* [affected] <Adverb *unnaturally*> • **PT** *artificial, afetado, forçado* <Adverb *afetadamente, forçadamente*> **Beispiller** dâin **onnatierlecht** Behuele fält allgemeng op; hie laacht ëmmer esou **onnatierlech** **Synonym** forcéiert

onnéideg ['onɔɪdɛç] Adjektiv **DE** *unnötig* • **FR** *inutile* [non nécessaire] <Adverb *inutilement*> • **EN** *unnecessary* <Adverb *unnecessarily*> • **PT** *inútil* [desnecessário] <Adverb *inutilmente*> **Beispiller** mir hunn eist Beschtt gemaach, fir **onnéideg** Käschten ze vermeiden; maach der d'Liewen net **onnéideg** schweier!

onnëtz ['onɛts] Adjektiv **DE** *unnützlich*, *unnötig* • **FR** *inutile* [sans résultat] <Adverb *inutilement*> • **EN** *useless, pointless* <Adverb *uselessly, pointlessly*> • **PT** *inútil* [sem resultado] <Adverb *inutilmente*> **Beispiller** dat war en **onnëtz**en Effort!; dir hutt d'Saach **onnëtz** an d'Längt gezunn

onofhängeg ['ono:fhæŋçɛç] Adjektiv onofhängeg (vun) **DE** *unabhängig* (von) • **FR** *indépendant* (de), *autonome* <Adverb *indépendamment*> • **EN** *independent of* <Adverb *independently of*> • **PT** *independente* (de), *autónomo* <Adverb *independentemente*> **Beispiller** an enger Demokratie ass d'Justiz onofhängeg; mat mengem Auto fillen ech mech onofhängeg vum öffentliche Transport; hien ass e ganz onofhängege Mënsch; fir dës Enquête huet d'Organisation onofhängeg gehandelt **Synonym** autonom

Onofhängegkeet ['ono:fhæŋçɛçkɛ:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Unabhängigkeit* • **FR** *indépendance, autonomie* • **EN** *independence* • **PT** *independência, autonomia* **Beispiller** d'Onofhängegkeet vun der Justiz ass duerch d'Verfassung garantéiert; vill Leit wëllen am Bestietnes eng gewëssen Onofhängegkeet bäibehalen **Synonym** Autonomie

onopfälleg ['onopfælɛç] Adjektiv **DE** *unauffällig* • **FR** *discret* [qui passe inaperçu] <Adverb *discrètement*> • **EN** *discreet* [unobtrusive] <Adverb *discreetly*> • **PT** *discreto* [que passa despercebido] <Adverb *discretamente*> **Beispiller** eisen neien Noper ass en onopfällege Mënsch; de Concierge suergt onopfälleg derfir, datt am Gebai ëmmer alles an der Rei ass

onopmierksam ['onopmi:çkza:m] Adjektiv **DE** *unaufmerksam* • **FR** *inattentif* • **EN** *inattentive* • **PT** *desatento* **Beispill** dee Feeler hues de nëmme gemaach, well s de onopmierksam waars

Onopmierksamkeet [onopm'i:çkza:mke:t] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Unaufmerksamkeit* [Eigenschaft] • **FR** *inattention, inadvertance* • **EN** *inattention* [absent-mindedness] • **PT** *desatenção, inadvertência* **Beispill** hien huet aus Onopmierksamkeet d'Hausdier grouss opstoe gelooss **2.** (Pluriel Onopmierksamkeeten) **DE** *Unaufmerksamkeit* [Handlung] • **FR** *acte d'inattention* • **EN** *inattention* [negligence] • **PT** *inadvertência* [ato] **Beispill** duerch esou Onopmierksamkeete kënnen Accidenter geschéien

onparteiesch ['onpartaiɛʃ] Adjektiv **DE** *unparteiisch* • **FR** *impartial* <Adverb *impartialement*> • **EN** *impartial* <Adverb *impartially*> • **PT** *imparcial* <Adverb *imparcialmente*> **Beispiller** als Arbitter muss een onparteiesch sinn; mir versichen, dee sougenannte Skandal onparteiesch ze beurteilen

onpassend ['onpasənt] Adjektiv **1. DE** *unpassend* [unangebracht] • **FR** *déplacé* [inconvenant, inapproprié] <Adverb *de manière inappropriée*> • **EN** *inappropriate* <Adverb *inappropriately*> • **PT** *descabido, inconveniente* <Adverb *de forma inconveniente*> **Beispiller** meng Mamm huet sech iwwer der Nopesch hir onpassend Bemierkung geiergert; du waars fir déi Geleeënheet wierklech onpassend gekleet **Synonym** déplacéiert **2. DE** *unpassend* [unangelegen] • **FR** *inopportun, mauvais* [mal choisi] • **EN** *inconvenient, bad* [ill-timed] • **PT** *inoportuno, mau* [mal escolhido] **Beispill** du hues elo en onpassende Moment geroen

onpénktlech ['onpɛŋktlɛç] Adjektiv **DE** *unpünktlich* • **FR** *non ponctuel* • **EN** *unpunctual* • **PT** *impontual* **Beispill** wéinst e puer onpénktleche Leit huet de ganze Grupp misse waarden

i Variant: onpünktlech

Onpénktlechkeet ['onpɛŋktlɛçkɛ:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Unpünktlichkeit* • **FR** *manque de ponctualité* • **EN** *unpunctuality* • **PT** *impontualidade, falta de pontualidade* **Beispill** mäi Frënd ass bekannt fir seng Onpénktlechkeet

i Variant: Onpünktlechkeet

onperséinlech ['onpɛrɛzɪnlɛç] Adjektiv **1. DE** *unpersönlich* [ohne persönliche Note] • **FR** *impersonnel* [sans touche personnelle] • **EN** *impersonal* [without a personal touch] • **PT** *impessoal* [sem junho pessoal] **Beispiller** d'Arichtung vun deem neie Restaurant ass ganz onperséinlech; den Text vun der Invitatioun ass zimmlech onperséinlech opgesat **2. DE** *unpersönlich* [unnahbar, kalt] • **FR** *distant, froid* • **EN** *impersonal, remote, cold* • **PT** *distante, frio* **Beispiller** mir haten e ganz onperséinlecht Gespräch; hie wirkt ganz onperséinlech am

Ëmgang **3.** **DE** *unpersönlich* [Verb] • **FR** *impersonnel* [verbe] <Adverb à la forme impersonnelle> • **EN** *impersonal* [verb] <Adverb impersonally> • **PT** *impessoal* [verbo] <Adverb na forma impessoal> **Beispiller** et gëtt net vill onperséinlech Verben; d'Verb „reenen“ gëtt nëmmen onperséinlech gebraucht

onpraktesch ['onpraktəʃ] Adjektiv **1.** **DE** *unpraktisch* [unhandlich, nicht zweckmäßig] • **FR** *peu pratique* [peu maniable, peu fonctionnel] • **EN** *impractical* [nonfunctional] • **PT** *pouco prático* [pouco maneável, pouco funcional] **Beispiller** déi nei Verpackung ass schéin, awer onpraktesch; mir hunn eng ganz onpraktesch Späichertrap **Synonym** onkamoud **2.** **DE** *unpraktisch* [ungeschickt] • **FR** *maladroit, malhabile* • **EN** *impractical* [clumsy] • **PT** *desajeitado, inábil* **Beispill** du kanns deen onpraktesche Mënsch net fir esou eng komplizéiert Aarbecht ustellen! **Synonym** ongeschécklech

onproblematesch Adjektiv

i Hei entsteht en neien Artikel.

onprofessionell ['onprofæsjənəl] Adjektiv **DE** *unprofessionell* • **FR** *peu professionnel* <Adverb de façon peu professionnelle> • **EN** *unprofessional* <Adverb unprofessionally> • **PT** *pouco profissional* <Adverb de forma pouco profissional> **Beispiller** bei eis am Betrib gëtt net mat esou onprofessionelle Methode geschafft; du hues an der Reunioun zimmlech onprofessionell argumentéiert

onpünktlech ['onpyŋtlɛç] Adjektiv - Variant vun **▷** onpénktlech

Onpünktlechkeet [on'pyŋtlɛçke:t] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **▷** Onpénktlechkeet

Onrecht ['onræçt] Neutrum (kee Pluriel) **1.** Onrecht hunn **DE** *Unrecht haben* • **FR** *avoir tort* • **EN** *to be wrong* • **PT** *não ter razão, estar errado* **Beispill** ech wëll dech net iwwerstreiden, mee ech mengen, du hues **Onrecht 2.** am Onrecht sinn **DE** *im Unrecht sein* • **FR** *être en tort, être dans son tort* • **EN** *to be in the wrong* • **PT** *ter cometido uma falta, ter a culpa* **Beispill** Dir sidd am Onrecht! **Synonym** am Feeler sinn **3.** zu Onrecht **DE** *zu Unrecht* • **FR** *à tort* • **EN** *wrongly* • **PT** *sem razão, erradamente* **Beispill** ech gouf zu **Onrecht** verdächtegt **4.** Onrecht doen **DE** *Unrecht tun* • **FR** *causer du tort à* • **EN** *to wrong, to do an injustice* • **PT** *causar prejuízo a* **Beispill** ech hunn him Onrecht gedoen, wéi ech e beschëllegt hunn

onreegelméisseg ['onre:zəlmɛisɛç] Adjektiv **1.** **DE** *unregelmäßig* [zeitlich] • **FR** *irrégulier* [dans le temps] <Adverb irrégulièrement> • **EN** *irregular* [intervals] <Adverb irregularly> • **PT** *irregular* [no tempo] <Adverb irregularmente> **Beispiller** dem Patient säin Häerz schléit onreegelméisseg; de Vizepresident kënnt ganz onreegelméisseg an d'Kommitteessetzung **2.** **DE** *unregelmäßig* [uneinheitlich] • **FR** *irrégulier* [dans sa forme, dans sa disposition] <Adverb irrégulièrement> • **EN** *irregular* [uneven] <Adverb irregularly> • **PT** *irregular* [na sua forma, na sua disposição] <Adverb irregularmente> **Beispill** deng onreegelméisseg Schrëft léisst sech schlecht liesen **3.** **DE** (grammatisch) *unregelmäßig* • **FR** *irrégulier* [grammaticalement] • **EN** *irregular* [grammatically] • **PT** *irregular* [gramaticalmente] **Beispill** du méchs nach vill Feeler beim Gebrauch vun den onreegelméisseg Verben

Onreegelméissegkeet ['onre:zəlmɛisɛçke:t] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Unregelmäßigkeit* [Ungleichmäßigkeit] • **FR** *irrégularité* [inégalité] • **EN** *irregularity* [unevenness] • **PT** *irregularidade* [desigualdade] **Beispill** d'Onreegelméissegkeet vu senger Schrëft ass opfälleg **2.** (Pluriel Onreegelméissegkeeten) **DE** *Unregelmäßigkeit* [Verstoß] • **FR** *irrégularité* [infraction] • **EN** *irregularity* [infringement, breach] • **PT** *irregularidade* [infracção] **Beispill** bei der Kontroll si kleng Onreegelméissegkeete fonnt ginn

Onrou ['onrøʊ] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Unruhe* [Aufregung, Anspannung] • **FR** *agitation, inquiétude* • **EN** *restlessness* • **PT** *agitação, desassossego, inquietação* **Beispill** ech hunn heiansdo eng **Onrou** am Leif, déi ech mer net kann erklären **2.** (Pluriel **Onrouen**, kee Singulier) **DE** *Unruhen* • **FR** *troubles, émeutes* • **EN** *unrest, riot* • **PT** *tumultos, motins* **Beispill** e klengt Kand war ënner den Affer vun deene bluddegen **Onrouen**

onroueg ['onrøʊɛç] Adjektiv **1.** **DE** *unruhig* [aufgedreht] • **FR** *remuant, turbulent* • **EN** *restless* [fidgety] • **PT** *irrequieto* [buliçoso, turbulento] **Beispill** d'Kanner waren haut ganz onroueg an der Schoul **Synonymen** wibbelig, opgedreit **2.** **DE** *unruhig* [besorgt, unruhig] • **FR** *inquiète, soucieux* • **EN** *anxious, worried* • **PT** *irrequieto* [inquiète, ansioso] **Beispiller** ech sinn onroueg, well ech nach ëmmer kee Resultat vu mengem Exame kritt hunn; eis Nopesch gëtt ëmmer schrecklech onroueg, wann hir Kanner nach owes spéit ënnerwee sinn **3.** **DE** *unruhig* [bewegt, gestört] • **FR** *agité, troublé* • **EN** *unrestful, fitful* <Adverb fitfully> • **PT** *agitado, perturbado* **Beispiller** d'Berufspompjeeën haten haut eng onroueg Nuecht; de Patient huet en zimmlech onrouege Schlof; ech hunn dës Nuecht onroueg geschlof

ons [ons] Personalpronomen - Variant vun **▷** eis

ons [ons] Reflexivpronomen - Variant vun **▷** eis

ons [ons] Possessivpronomen - Variant vun **▷** eis

onscheinbar ['onʃaɪnbə:r] Adjektiv **DE** *unscheinbar* • **FR** *discret* [qui n'attire pas l'attention] • **EN** *inconspicuous, unremarkable* • **PT** *discreto* [que não dá nas vistas] **Beispiller** si wunnen op der Haaptstrooss an engem onscheinbaren Haus; wien hätt scho geduecht, datt deen onscheinbare Mënsch zu esou enger Leeschtung fäeg ass!

onschëlleg ['onʃəlɛç] Adjektiv **1.** **DE** *unschuldig* [unbeteiligt, nicht verantwortlich] • **FR** *innocent* [non impliqué, sans responsabilité] • **EN** *innocent* [not guilty] • **PT** *inocente* [não implicado, sem responsabilidade] **Beispill** den Diktator huet Dausende vun onschëllege Leit hirichte gelooss **2.** **DE** *unschuldig* [rechtlich] • **FR** *innocent* [devant la loi] • **EN** *innocent* [legally] • **PT** *inocente* [perante a lei] **Beispill** dee Journalist setzt sech an, fir den onschëllegen Ugekloten ze rehabilitéieren **3.** **DE** *unschuldig* [unverdorben, ahnungslos] • **FR** *innocent, candide* • **EN** *innocent* [ingenuous] • **PT** *inocente, cândido* **Beispiller** d'Kanner sinn net ëmmer esou onschëlleg, ewéi ee mengt; d'Meedchen huet eng onschëlleg Minn gemaach; kuck net esou onschëlleg dran, du weess genee, vu wat ech schwätzen!

onschiedlech ['onʃiɛtlɛç] Adjektiv **DE** *unschädlich* • **FR** *inoffensif* [sans danger] • **EN** *harmless* • **PT** *inofensivo*

[sem perigo] **Beispiller** dat Spréztzmittel ass onschiedlech fir d'Insekten; d'Police huet de Gangster onschiedlech gemaach [égs] [d'Police huet de Gangster neutraliséiert]

onschlësseg Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Onschold ['onʃolt] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** *Unschuld* [Schuldlosigkeit] • **FR** *innocence* [absence de culpabilité] • **EN** *innocence* [guiltlessness] • **PT** *inocência* [ausência de culpabilidade] **Beispiller** d'Affekotin konnt dem Ugeklote seng Onschold beweisen; hien huet sech d'Hänn an Onschold gewäsch [égs] [hien huet all Verantwortung vu sech gewisen] **2. DE** *Unschuld* [Unverdorbenheit, Ahnungslosigkeit] • **FR** *innocence, candeur* • **EN** *innocence* [artlessness] • **PT** *inocência, candura* **Beispiller** et soll een de Kanner esou laang ewéi méiglech hir Onschold loossen; de klenge Bouf huet an alle Onschold gezielt, wat wierklech geschitt war **3. DE** *Unschuld* [Jungfräulichkeit] • **FR** *virginité* • **EN** *innocence* [virginity] • **PT** *inocência, virgindade* **Beispill** a munche Kulture gëtt vill Wäert drop geluecht, datt e Meedche virum Bestietnes seng Onschold behält

onsécher ['onzɛçɐ] Adjektiv **1. DE** *unsicher* [gefährvoll] • **FR** *dangereux, peu sûr* • **EN** *unsafe, dangerous* • **PT** *inseguro, perigoso* **Beispiller** ech wéilt net an esou enger onsécherer Géigend wunnen; eng Band Täschendéif mécht d'Stad onsécher [égs] [wéinst enger Band Täschendéif ass et an der Stad geféierlech]; de Fanclub huet de ganzen Hotel onsécher gemaach [égs] [de Fanclub huet am ganzen Hotel Zodi gemaach] **2. DE** *unsicher* [unzuverlässig] • **FR** *peu fiable* • **EN** *unreliable* • **PT** *inseguro, favel* **Beispill** dat ass eng ganz onsécher Method, fir d'Féiwer ze moossen **3. DE** *unsicher* [zögerlich] • **FR** *hésitant* [qui manque d'assurance] <Adverb d'une façon hésitante> • **EN** *unsure, unsteady, self-conscious* <Adverb self-consciously> • **PT** *inseguro, hesitante* <Adverb com hesitação> **Beispiller** wann s de dech onsécher spiërs, dann häss de besser, d'Fangere vun deem Handel ze loossen; no menger Operatioun war ech nach laang onsécher op de Been; verschidde Jonker behuele sech onsécher a Gesellschaft vun Erwuessenen; a menger éischer Farstonn sinn ech nach onsécher gefuer **4. DE** *unsicher* [ungewiss] • **FR** *incertain* [aléatoire, instable] • **EN** *uncertain, unsettled* • **PT** *incerto* [aleatório, instável] **Beispiller** d'Zäite sinn onsécher; d'Situatioun op der Bourse ass nach ëmmer onsécher

Onsécherheet ['onzɛçɛ:te] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** *Unsicherheit* [Gefährlichkeit] • **FR** *insécurité* • **EN** *insecurity* [lack of safety] • **PT** *insegurança* [perigo] **Beispill** wéinst der Onsécherheet an deem Quartier ginn d'Leit owes net méi eraus **2. DE** *Unsicherheit* [Unzuverlässigkeit] • **FR** *manque de fiabilité* • **EN** *unreliability* • **PT** *falta de fiabilidade* **Beispill** trotz neie Methode bleibt bei de Wiederprevisiounen eng gewëssen Onsécherheet **3. DE** *Unsicherheit* [Zögerlichkeit] • **FR** *hésitation, manque d'assurance* • **EN** *hesitation, uneasiness* • **PT** *insegurança* [falta de confiança] **Beispill** et héiert een eng gewëssen Onsécherheet aus senger Stëmm eraus **4. DE** *Unsicherheit* [Ungewissheit] • **FR** *incertitude* [instabilité, fragilité] • **EN** *instability, uncertainty* • **PT** *incerteza* [instabilidade, fragilidade] **Beispill** wéinst der Onsécher-

heet vun der Wirtschaft si vill Leit beonrouegt

onsem ['onzəm] Possessivpronomen - Variant vun **↗eistem**

onsen ['onzən] Possessivpronomen - Variant vun **↗eisen**

Onsënn ['onzən] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Unsinn* [Unsinnigkeit] • **FR** *absurdité, non-sens* • **EN** *nonsense* • **PT** *absurdo, disparate* **Beispill** et ass pueren Onsënn, esou eppes ze behaupten!

onsënneeg ['onzənəç] Adjektiv **DE** *unsinnig* • **FR** *insensé, absurde* <Adverb de façon insensée> • **EN** *nonsensical, senseless* <Adverb nonsensically, senselessly> • **PT** *insensato, absurdo* <Adverb de modo insensato> **Beispiller** déi onsënneeg Diskussiounen hunn zu kengem Resultat geféiert; wou kann e Mënsch nëmmen esou onsënneeg argumentéieren?

onser ['onzɛ] Personalpronomen - Variant vun **↗eiser**

onser ['onzɛ] Possessivpronomen - Variant vun **↗eiser**

onseriö Adjektiv **DE** *onseriös* • **FR** *peu sérieux, peu fiable* [douteux] <Adverb de façon peu sérieuse> • **EN** *unreliable, dubious* <Adverb unreliably, dubiously> • **PT** *pouco sério, pouco fiável* <Adverb de modo pouco sério> **Beispiller** wann ech gewosst hätt, datt hien esou en onseriöe Kärel ass, hätt ech en net agestatt!; vun deem Entrepreneur géif ech der ofroden, ech hunn héieren, e géif zimmlech onseriö schaffen

i Variant: onseriös

onseriös Adjektiv - Variant vun **↗onseriö**

onsersäits ['onzɛzæ:ɪts] Adverb - Variant vun **↗eisersäits**

onsichtbar ['onzɪçtba:ɾ] Adjektiv - Variant vun **↗onsichtbar**

onsiichtbar ['onzi:çtba:ɾ] Adjektiv **DE** *unsichtbar* • **FR** *invisible* • **EN** *invisible* • **PT** *invisível* **Beispiller** kanns du dann zauberen oder dech onsiichtbar maachen?; d'Musek kënnt aus onsiichtbare Lautsprecher

i Variant: onsiichtbar

onsportlech ['onʃpɔɾtlɛç] Adjektiv **1. DE** *unsportlich* [sportlich inaktiv] • **FR** *peu sportif* • **EN** *unathletic* • **PT** *que pratica pouco desporto* **Beispill** ech war nach ëmmer en onsportleche Mënsch **2. DE** *unsportlich* [unfair] • **FR** *antisportif* [contraire à l'esprit du sport] <Adverb de façon peu sportive> • **EN** *unsporting* <Adverb unsportingly> • **PT** *antidesportivo* [contrário ao espírito desportivo] <Adverb antidesportivamente> **Beispiller** wéinst sengem onsportleche Verhale krut de Verteideger déi Rout Kaart gewisen; haut gouf wierklech onsportlech gespillt! **Synonym** onfair

onst [onst] Possessivpronomen - Variant vun **↗eist**

onstabil ['onʃtabil] Adjektiv **DE** *instabil* • **FR** *instable* • **PT** *instável* **Beispill** an dëser Regioun ass déi politesch Situatioun onstabil

onstierflech [onʃt'i:çflɛç] Adjektiv **DE** *unsterblich* • **FR** *immortel* • **EN** *immortal* • **PT** *imortal* **Beispiller** dem

chrëschtliche Glawen no ass d'Séil **onstierflech**; d'Schülerin huet sech **onstierflech** an hire Museksprofesser verléift [égs] [d'Schülerin huet sech ganz staark an hire Museksprofesser verléift]

onsympathesch [ˈonsɪmpa:təʃ] Adjektiv **DE** *unsympathisch* • **FR** *antipathique* • **EN** *unlikeable* • **PT** *antipático* **Beispill** mat senger arroganter Binnett war dee Kàrel mer vun Ufank un **onsympathesch**

ontrei [ˈɔntɾɔi] Adjektiv **DE** *untreu* • **FR** *infidèle* [à l'égard d'une personne, d'un engagement] • **EN** *unfaithful* • **PT** *infiel* [em relação a uma pessoa, a um compromisso] **Beispiller** am Roman vergëft d'Fra hiren **ontrei** Libhaber; zënter hie seng nei Freiesch huet, ass e senge Kolleegen **ontrei** ginn; d'Leit werfen dem Politiker vir, datt e senge Prinzippien **ontrei** ginn ass

ontréischtlech [ɔntɾɛˈʒɪʃtləç] Adjektiv **DE** *untröstlich* • **FR** *inconsolable* • **EN** *inconsolable* • **PT** *inconsolável* **Beispill** eis Kanner waren **ontréischtlech**, wéi mir den Hond hu missen aschléifere loossen

ontypesch [ˈɔntɪpəʃ] Adjektiv **DE** *untypisch* • **FR** *inhabituel* • **EN** *atypical* • **PT** *inabitual* **Beispiller** eist Meedchen huet sech an **ontypesche** Beruff erausgesicht; déi schrecklech Keelt ass **ontypesch** fir eist Klima

onuerdentlech [ˈɔnu:ɛdɛntləç] Adjektiv **1. DE** *unordentlich* [ohne Sinn für Ordnung] • **FR** *désordonné* [personne] • **EN** *disorderly*, *untidy* [person] • **PT** *desarrumado* [pessoa] **Beispill** wann s du net esou **onuerdentlech** wiers, bräichts de elo net no dengem Schlëssel ze sichen! **2. DE** *unordentlich* [unaufgeräumt] • **FR** *en désordre*, *en bataille* • **EN** *untidy*, *chaotic* <Adverb untidily> • **PT** *desarrumado*, *em desordem*, *em desalinho* **Beispiller** esou en **onuerdentlech** Zëmmer hunn ech scho laang net méi gesinn; deng Hoer hänken der **onuerdentlech** an d'Stier **3. DE** *unordentlich* [ungepflegt, vernachlässigt] • **FR** *peu soigné*, *négligé* <Adverb sans soin> • **EN** *careless*, *scruffy* <Adverb scruffily> • **PT** *pouco esmerado*, *desleixado* <Adverb sem esmero> **Beispiller** dat do ass eng **onuerdentlech** Aarbecht; d'Kanner waren **onuerdentlech** gekleet

Onuerdnung [ˈɔnu:ɛdnuŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Unordnung* • **FR** *désordre* [défaut de rangement] • **EN** *mess* [disorder] • **PT** *desordem* [ausência de arrumação] **Beispill** wat hunn déi eng **Onuerdnung** am Haus! **Synonymmen** Duercherneen, Wull

onverännerbar Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

onverännert [ɔnfɛrˈænet] Adjektiv **DE** *unverändert* • **FR** *inchangé* <Adverb sans changements> • **EN** *unchanged*, *unaltered* <Adverb unchangingly> • **PT** *inalterado* <Adverb sem alteração> **Beispiller** der Patientin hiren Zoustand ass **onverännert**; däi Lieserbrëif ass **onverännert** publizéiert ginn; d'Wieder ass **onverännert** kal bliwwen

onverantwortlech [ɔnfɛrˈantvɔrtləç] Adjektiv **DE** *unverantwortlich* • **FR** *irresponsable* [irréfléchi, insouciant] <Adverb de façon irresponsable> • **EN** *irresponsible* <Adverb irresponsibly> • **PT** *irresponsável* [irrefletido, leviano] <Adverb de maneira irresponsável> **Beispiller** et ass **onverantwortlech**, déi erlaabte Vitess net anzehalen; de Moniteur huet sech de Kanner géintiwwer **onver-**

antwortlech beholl **Synonym** irresponsabel

onverbesserlech [ɔnfɛbˈæseləç] Adjektiv **DE** *unverbesserlich* • **FR** *incorrigible*, *invétéré* • **EN** *incorrigible* • **PT** *incorrigível*, *inveterado* **Beispiller** du bass einfach **onverbesserlech**; dat ass en **onverbesserleche** Ligener!

onverbindlech [ˈɔnfɛbɪndləç] Adjektiv **DE** *unverbindlich* [nicht bindend] • **FR** *sans engagement* <Adverb sans s'engager> • **EN** *non-binding* [not legally binding] <Adverb non-committally> • **PT** *sem compromisso* <Adverb sem se comprometer> **Beispiller** de Verkeefer huet eis eng **onverbindlech** Offer gemaach; eis Cheffin huet sech zu déser Fro zimmlech **onverbindlech** ausgedréckt

onverdaulech [ɔnfɛdˈɑsləç] Adjektiv **DE** *unverdaulich* • **FR** *inassimilable* [par l'organisme] • **EN** *indigestible* • **PT** *indigerível* **Beispiller** Plastik ass fir de mënschlechen Organismus **onverdaulech**; deen heiten Text ass fir déi meeschte Leit **onverdaulech** Ideen heiten Text ass fir déi meeschte Leit schwéier ze verstoen!

onverdéngt [ɔnfɛdˈɛŋt] Adjektiv **DE** *unverdient* • **FR** *non mérité*, *injuste* <Adverb injustement> • **EN** *undeserved* <Adverb undeservedly> • **PT** *imerecido*, *indevido* <Adverb indevidamente> **Beispiller** dat war eng **onverdénge** Strof!; eis Ekipp huet de Match **onverdéngt** verluer

onverfälscht [ˈɔnfɛfɛlʃt] Adjektiv **DE** *unverfälscht* • **FR** *authentique* [non faussé, non altéré] • **EN** *authentic*, *genuine* • **PT** *autêntico* [não adulterado] **Beispill** an deem ofgeleeënen Duerf do fënnt een nach **onverfälschten** Traditiounen **Synonym** authentesch

onvergiess [ɔnfɛgˈiəs] Adjektiv **onvergiess** bleiwen **DE** *unvergiessen bleiben* • **FR** *rester dans les annales* • **EN** *unforgotten* • **PT** *permanecer nas memórias*, *permanecer inesquecível* **Beispiller** duerch seng Wierker bleibt de Komponist **onvergiess**; dat schrot Aerdbiewe bleibt **onvergiess**

onvergiesslech [ɔnfɛgˈiəsləç] Adjektiv **DE** *unvergiesslich* • **FR** *inouvable* • **EN** *unforgettable* • **PT** *inesquecível* **Beispill** an der leschter Vakanz hu mir e puer **onvergiesslech** Momenter erlieft

onvergläichlech [ɔnfɛglˈæ:ɪçləç] Adjektiv **DE** *unvergleichlich* • **FR** *sans pareil*, *incomparable* <Adverb incomparablement> • **EN** *incomparable* <Adverb incomparably> • **PT** *sem igual*, *incomparável* <Adverb incomparavelmente> **Beispiller** mäi Monni huet eng **onvergläichlech** Aart a Weis, fir d'Leit laachen ze doen; gëschter hunn ech eng **onvergläichlech** (gutt) Gromperenzalot giess; déi Schauspillerin ass **onvergläichlech** schéin

onverhofft [ˈɔnfɛhoft] Adjektiv **DE** *unverhofft*, *unerwartet* • **FR** *inopiné* <Adverb inopinément> • **EN** *unexpected* <Adverb unexpectedly> • **PT** *inesperado* <Adverb inesperadamente> **Beispiller** ech sinn net frou mat **onverhofftem** Besuch; seng Mamm gouf **onverhofft** an d'Spidol ageliwwert; déi Terfschaft koum ganz **onverhofft**

onverschimmt [ɔnfɛˈɪmt] Adjektiv **DE** *unverschämt* • **FR** *effronté*, *insolent* <Adverb effrontément> • **EN** *impudent*, *impertinent*, *unashamed* <Adverb unashamedly> • **PT** *descarado*, *insolente* <Adverb descaradamente> **Beispiller** eise Patron huet deen **onverschimmte** Client eegenhänneg erausgehait; dat do ass eng **onverschimmte** Ligen!; hien huet sech ganz **onverschimmt** laanscht

d'Aarbecht gedréckt **Synonymmen** affrontéiert, impertinent

Onverschimmtheet ['onfeʃimthe:t] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Unverschämtheit* [Haltung, Eigenschaft] • **FR** *insolence* [attitude] • **EN** *impudence, impertinence, insolence* [attitude] • **PT** *insolência* [atitude] **Beispill** mat senger Onverschimmtheet huet e scho vill Leit wider de Kapp gestouss **Synonym** Impertinenz **2.** (Pluriel Onverschimmtheeten) **DE** *Unverschämtheit* [Handlung, Äußerung] • **FR** *insolence* [acte, parole] • **EN** *impertinence, insolence* [act, remark] • **PT** *insolência* [ato, dito] **Beispill** et war eng Onverschimmtheet, mech matzen an der Nuecht aus dem Bett ze schellen! **Synonym** Frechheet

onversinns [onfez'ins] Adverb vereelt **DE** *unversehens, plötzlich* • **FR** *tout à coup, soudainement, subitement* • **EN** *unexpectedly* • **PT** *inesperadamente, de repente, subitamente* **Beispiller** onversinns goug d'Dier op an du stoug säi Mann an der Kummer!; dëst Joer koum de Wanter ganz onversinns **Synonymmen** onerwaart, stënterlech

Onverstand [onfeʃt'ant] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Unverstand* • **FR** *inconscience* [absence de discernement] • **EN** *foolishness, lack of judgement* • **PT** *inconsciência* [falta de discernimento] **Beispill** dat, wat s de der do geleescht hues, war en Zeeche vun Onverstand

onverständlech [onfeʃt'ændlɛç] Adjektiv **1.** **DE** *unverständlich* [nicht zu verstehen] • **FR** *incompréhensible, inintelligible* <Adverb *de façon inintelligible*> • **EN** *unintelligible, incomprehensible* <Adverb *unintelligibly*> • **PT** *incompreensível, ininteligível* <Adverb *de modo ininteligível*> **Beispiller** d'Hallschent vun den Examensfroe war onverständlech; deen Text ass onverständlech geschriwwen **Synonym** onkloer **2.** **DE** *unverständlich* [nicht zu begreifen] • **FR** *incompréhensible* [inconcevable] • **EN** *incomprehensible* [hard to understand] • **PT** *incompreensível* [inconceivable] **Beispiller** wat hien do gemaach huet, ass eigentlech onverständlech; et ass onverständlech, wéi een esou eng Dommheet ka maachen!

Onverständnes ['onfeʃtæntnəs] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Unverständnis* • **FR** *incompréhension* • **EN** *incomprehension* • **PT** *incompreensão* **Beispill** hir Propos ass bei de Leit just op Onverständnes gestouss

i Variant: Onverständnis

Onverständnis ['onfeʃtæntnis] Neutrum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Onverständnes

onverstänneg ['onfeʃtænɛç] Adjektiv **DE** *unvernünftig* • **FR** *déraisonnable, irréfléchi* <Adverb *déraisonnablement*> • **EN** *foolish, unreasonable* <Adverb *unreasonably*> • **PT** *desarrazoado, irrefletido* <Adverb *desarrazoadamente*> **Beispiller** wéi kann een an deem Alter nach esou onverstänneg sinn?; wien esou onverstänneg drénkt, brauch sech net ze wonneren, wann en den Dag drop krank ass

onverzeilech [onfets'aɪlɛç] Adjektiv **DE** *unverzeihlich* • **FR** *impardonnable* • **EN** *unforgivable* • **PT** *imperdoável* **Beispiller** du hues en onverzeileche Feeler gemaach; et ass onverzeilech, esou eng Chance net auszenotzen!

onvibreer ['onfi:ɛbərə:t] Adjektiv **DE** *unvorbereitet* • **FR** *improvisé, sans préparation* • **EN** *unprepared* • **PT** *improvisado, sem preparação* **Beispiller** déi onvibreerete Riede sinn dacks déi bescht; hien ass onvibreer an den Exame gaangen

onvorsichtig Adjektiv - Variant vun ↗onvorsichtig

Onvorsichtigkeet ['onfi:ɛziçtəçke:t] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Onvorsichtigkeet

onvorsichtig ['onfi:ɛzi:çtəç] Adjektiv **DE** *unvorsichtig* • **FR** *imprudent* <Adverb *imprudemment*> • **EN** *imprudent* <Adverb *imprudently*> • **PT** *imprudente* <Adverb *imprudentemente*> **Beispiller** d'Maus gouf vun der Kaz geholl, well se onvorsichtig war; et dierf een net onvorsichtig handeln

i Variant: onvorsichtig

Onvorsichtigkeet ['onfi:ɛzi:çtəçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Unvorsichtigkeit* • **FR** *imprudence* • **EN** *rashness, recklessness* • **PT** *imprudência, falta de cautela* **Beispill** dem Biergsteiger seng Onvorsichtigkeet huet en d'Liewe kascht

onvirstellbar [onfi:ɛʃt'ælbɑ:ɾ] Adjektiv **DE** *unvorstellbar* • **FR** *inimaginable, incroyable* <Adverb *incroyablement*> • **EN** *unimaginable* [incredible] <Adverb *unimaginably*> • **PT** *inimaginável, incrível* <Adverb *incrivelmente*> **Beispiller** bei deenen doheem ass en onvirstellbaren Duercherneen!; deen Typ ass onvirstellbar domm!

onwarscheinlech [onva:ʃ'aɪnlɛç] Adjektiv **1.** **DE** *unwahrscheinlich* [kaum möglich] • **FR** *improbable, peu probable* • **EN** *unlikely, improbable* • **PT** *improvável, pouco provável* **Beispill** bei deem Schnéi ass et onwarscheinlech, datt hien haut matzäit op d'Aarbecht kënn **2.** **DE** *unwahrscheinlich* [unglaublich] • **FR** *incroyable, invraisemblable* • **EN** *unlikely, unbelievable, incredible* • **PT** *incrível, inverosímil* **Beispill** wat s du do ziels, ass eng onwarscheinlech Geschicht **3.** **DE** *unwahrscheinlich* [sehr groß, außerordentlich] • **FR** *incroyable* [très grand, extraordinaire] <Adverb *incroyablement*> • **EN** *incredible, extraordinary* <Adverb *incredibly*> • **PT** *incrível* [muito grande, extraordinário] <Adverb *incrivelmente*> **Beispiller** hien hat eng onwarscheinlech Chance, datt en net méi schwéier blesséiert gouf; fir seng Gréisst ass hatt onwarscheinlech staark; ech hunn héieren, du kéints onwarscheinlech gutt kachen

Onwee ['onve:] Maskulinum (kee Pluriel) zu(m) Onwee maachen **DE** *Unheil stiften, Chaos anrichten, verbrechen, anstellen* • **FR** *mettre en pagaille, mettre le fou-tour* • **EN** *to cause harm, to wreak havoc* • **PT** *causar dano, fazer estragos* **Beispill** looss d'Fanger vu mengem Computer, du hues scho genuch zu(m) Onwee gemaach!

onweesentlech ['onve:zəntlɛç] Adjektiv **DE** *unwesentlich* • **FR** *insignifiant, sans importance* • **EN** *insignificant, unimportant* • **PT** *insignificante, sem importância* **Beispiller** mat e puer onweesentlechen Ännerunge kanns de deen Text direkt publizéieren; ech mengen, dat ass eng Fro, déi net onweesentlech ass

onwëlleg ['onvələç] Adjektiv **DE** *unwillig* [widerwillig] • **FR** *récalcitrant, rétif* <Adverb *à contrecœur*> • **EN** *unwilling* <Adverb *unwillingly*> • **PT** *recalcitrante, renitente* <Adverb a

contragosto • **Beispill** et ass net einfach, onwëlleg Kan-ner un d'Leieren ze kréien

onwesentlech [onv'e:zəntləç] Adjektiv - Variant vun *onweesentlech*

Onwëssenheet ['onvəsənhe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Unwissenheit* • **FR** *ignorance, manque d'information(s)* • **EN** *ignorance* • **PT** *ignorância, falta de informação* **Beispiller** ech hunn d'Nopesch aus **Onwëssenheet** getréppelt; verschidden Organisatioune mëssbrauchen d'**Onwëssenheet** vun de Leit

onwichtig ['onviçtəç] Adjektiv **DE** *unwichtig* • **FR** *sans importance, futile* • **EN** *unimportant* • **PT** *sem importância, fútil* **Beispill** verléier keng Zäit mat **onwichtigen** Detailer!

onwierdeg ['onvi:ədəç] Adjektiv - Variant vun *onwürdeg*

Onwiesen ['onviəzən] Neutrum (kee Pluriel) säin Onwiesen dreiwien **DE** *sein Unwesen treiben* • **FR** *sevoir [exercer son activité (néfaste)]* • **EN** *to make trouble* • **PT** *exercer a sua atividade (nefasta)* **Beispill** eng Band Abriecher dreift den Ament hiert **Onwiesen** an der Ëmgegend

onwuel ['onvuə] Adjektiv **1. DE** *unwohl [unbehaglich]* • **FR** *mal à l'aise* • **EN** *uncomfortable* • **PT** *pouco à vontade* **Beispill** an där Gesellschaft fillen ech mech **onwuel** **2. DE** *unwohl [unpässlich]* • **FR** *indisposé, (légèrement) souffrant* • **EN** *unwell* • **PT** *indisposto* **Beispill** ech sinn net richtig krank, ech fille mech just e bëssen **onwuel**

onwürdeg ['onvyrdəç] Adjektiv **DE** *unwürdig [entwürdigend]* • **FR** *indigne [dégradant]* *<Adverb de façon indigne>* • **EN** *shameful, degrading, disgraceful* *<Adverb shamefully>* • **PT** *indigno [aviltante]* *<Adverb de modo indigno>* **Beispiller** si hu missen ënner **onwürdege** Konditioune schaffen; hien huet sech **onwürdeg** aus der Af-fär gezunn

i Variant: onwierdeg

Onz [onts] Femininum (Pluriel **Onzen**) **1. DE** *Unze [Gewichtseinheit]* • **FR** *once [unité]* • **EN** *ounce* • **PT** *onça [unidade de peso]* **Beispill** d'Gewiicht vum Gold gëtt an **Onzen** ausgedréckt **2. [égs]** eng **Onz** **DE** *eine Spur, ein klein wenig* • **FR** *un soupçon (de), un brin (de), un peu (de)* • **EN** *a tad of* • **PT** *uma pitada (de), um bocadinho (de), um pouco (de)* **Beispiller** et ass eng **Onz** ze vill Pfeffer an der Zooss; et ass keng **Onz** Fett un deem Kärel Iet ass guer kee Fett un deem Kärel **Synonymmen** eng Grëtz, eng Grimmel, en Hauch

Onze de base Maskulinum (Pluriel **Onze-de-basen**) **DE** *Stammelf* • **FR** *onze de base* • **EN** *first eleven, starting eleven* • **PT** *onze habitual [equipa de futebol]* **Beispill** am **Onze de base** vun der Nationalekip si bal nëmme Profien **Synonym** Stammeelef

onzefridden ['ontsəfridən] Adjektiv **DE** *unzufrieden* • **FR** *insatisfait [mécontent]* • **EN** *discontented, dissatisfied* • **PT** *insatisfeito [descontente]* **Beispiller** hien ass en onze-friddene Mënsch; sief net esou onzefridde mat denge Resultater!; mä Papp kuckt onzefridden dran, well en haut net konnt am Gaart schaffen

Onzefriddenheet ['ontsəfridənhe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Unzufriedenheit* • **FR** *insatisfaction* • **EN** *discontent, dissatisfaction* • **PT** *insatisfação* **Beispiller** seng stänneg **Onzefriddenheet** mécht ee midd; d'**Onzefriddenheet** vum Vollek huet zu enger Revolt geféiert

onzertrennlech [ontsetr'ænləç] Adjektiv **DE** *unzer-trennlich* • **FR** *inséparable(s) [personnes]* • **EN** *inseparable* • **PT** *inseparáveis [pessoas]* **Beispiller** meng Grousseltere ware 60 Joer laang eng onzertrennlech Koppel; déi zwee ware schonn als Kanner onzertrennlech Frënn

onzieleg Adjektiv **DE** *unzählig* • **FR** *innombrable [très nombreux]* • **PT** *inumerável [muito numerosos]* **Beispill** no onzielege Sëtzunge konnt endlech eng Léisung fonnt ginn **Synonym** onendlech vill

Onzième ['ɔ:zjəm] Femininum (Pluriel **Onzième**) **DE** [Definitiou] *elfte Klasse im Luxemburger Schulsystem [technischer Sekundarunterricht bis 2017-2018]* • **FR** [Definitiou] *onzième année d'études dans l'enseignement luxembourgeois [enseignement secondaire technique jusqu'en 2017-2018]* • **EN** [Definitiou] *year eleven of the school system in Luxembourg [technical secondary education until 2017-2018]* • **PT** [Definitiou] *décimo primeiro ano de escolaridade no sistema de ensino luxemburguês [ensino secundário técnico até o ano letivo de 2017/2018]* **Beispiller** si waren deemools op **Onzième** zesummen an der Klass; bei eis am Lycée gouf et sechs **Onzième**

onziviliséiert ['ontsivilizɛt] Adjektiv **DE** *unzivilisiert [ungesittet]* • **FR** *non civilisé, grossier* *<Adverb grossièrement>* • **EN** *uncivilized, ill-mannered, boorish* *<Adverb boorishly>* • **PT** *incivilizado, grosseiro* *<Adverb grosseiramente>* **Beispiller** déi onziviliséiert Leit komme mir net méi bannent d'Dier!; esou en onziviliséiert Behuelen däerf een dach net zouloossen!; hien huet sech op der Receptioun ganz onziviliséiert opgeféiert

onzouverlāsseg ['ontsəvələsəç] Adjektiv **DE** *unzu-verlässig* • **FR** *peu fiable* • **EN** *unreliable* • **PT** *pouco fiável* **Beispill** verlooss dech net op hien, en ass ze vill onzou-verlāsseg

Onzouverlāssegkeet ['ontsəvələsəçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Unzuverlässigkeit* • **FR** *manque de fiabilité* • **EN** *unreliability* • **PT** *falta de fiabilidade* **Beispill** weinst senger **Onzouverlāssegkeet** huet mäi Kollegee schonn e puer Aarbechtsplaze verluer

ootmen ['o:tmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geotemt) » **intransitiv** **1. DE** *atmen* • **FR** *respirer* • **EN** *to breathe* • **PT** *respirar* **Beispiller** den ale Mann huet schwéier geotemt; wann een duerch d'Nues otemt, erkaalt een sech net esou séier » **transitiv** **2. DE** *atmen* • **FR** *respirer, inhaler* • **EN** *to breathe (in)* • **PT** *respirar, inalar* **Beispill** am Spidol krut de Patient renge Sauerstoff ze ootmen

i Verben, déi **ootmen** als Basis hunn: *anootmen, ausootmen, duerchootmen* an *opootmen*

Ootmung ['o:tmʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Atmung* • **FR** *respiration* • **EN** *breathing* • **PT** *respiração* **Beispill** d'**Ootmung** vun der Patientin gëtt vun engem Apparat iwwerwaacht

op [op] Adverb **1. DE** *offen, geöffnet [offen stehend]* • **FR** *ouvert [non fermé]* • **EN** *open [not shut]* • **PT** *aberto [não fechado]* **Beispiller** gëff Uecht, d'Dier vum Schaf ass nach **op**!; d'Fenster an eiser Kummer war déi ganz Nuecht **op**; et läit nach e Pak Kichelcher an der Spënnchen, dee schon **op** ass let läit nach e Pak Kichelcher an der Spënnchen, dee schon ugefaangen ass; an dëser Affär ass nach alles **op**! [egs] [an dëser Affär ass nach näischt decidéiert] **2. DE** *offen [nicht zugeschlossen]* • **FR** *ouvert [qui n'est pas fermé à clé]* • **EN** *open [not locked]* • **PT** *aberto [que não está fechado à chave]* **Beispill** komm eran, d'Dier ass **op**! **3. DE** *offen, geöffnet [zugänglich]* • **FR** *ouvert [accessible]* • **EN** *open [for business, for use]* • **PT** *aberto [acessível]* **Beispiller** de Passbüro ass och iwuer Mëtteg **op**; samschdes sinn d'Geschäfte bis sechs Auer **op**; no dräi Joer Chantier ass d'Strooss elo nees **op**; dëse Concours ass **op** fir all Mënsch! Iall Mënsch kann un dësem Concours deelhuele; d'Juegd ass **op**! Id'Juegdsaison ass amgaang **4. op** sin **DE** *auf sein [nicht im Bett sein]* • **FR** *être debout [être hors du lit, être levé]* • **EN** *to be up [to be out of bed]* • **PT** *estar a pé, estar levantado [estar fora da cama]* **Beispiller** ech sinn zënter fënnf Auer mueres **op**; bass de nach **op**?

op [op] Prepositioun » **mam Akkusativ / mam Dativ 1. DE** *auf [räumlich]* • **FR** *sur [en contact avec, contre, en haut de]* • **EN** *on [in contact with, on the surface of], up [a tree]* • **PT** *em, sobre, a [em contacto com, contra, em cima de]* **Beispiller** meng Schwëster sëtzt am Park **op** enger Bänk; hien huet eng Länzeechen **op** der Stier; stell d'Was mat de Blumen **op** den Dësch; de Papp klëmmt **op** de Bam, fir Kiischten ze plécken; ech hu mer eng Rous **op** d'Schëller tätowéiere gelooss » **mam Akkusativ 2. DE** *nach [zur Zeitangabe]* • **FR** *(et) [pour l'indication de l'heure]* • **PT** *e [para indicar as horas]* **Beispiller** et ass Véierel **op** néng; et ass aacht Minutten **op** dräi; et ass zéng (Minutten) **op** dräi; et ass fënnf **op** hallwer; de Bus fiert all Stonn um sechs Minutten **op**; de Bus fiert all Stonn um fënnf (Minutten) **op 3. DE** *auf [mit Hilfe von, anhand]* • **FR** *en, de, à [à l'aide de]* • **EN** *in [with the help of]* • **PT** *em, de, a [com a ajuda de]* **Beispiller** erklär him et **op** Franséisch, well hien net gutt Lëtzebuergesch versteet; hien huet sech **op** eng elegant Aart a Weis erausgeriet; jidderee muss **op** seng Fassong glécklech ginn **4. DE** *nach [seinem Zielort]* • **FR** *à [(vers) un lieu de destination]* • **EN** *to [a destination]* • **PT** *a [(para) um destino]* **Beispiller** ech ginn de Mëtteg **op** Esch bei den Dokter; den Zuch fiert bis **op** Kautebaach **5. DE** *auf, zu [einer Institution, einer Einrichtung, einer Verkaufsanlage]* • **FR** *à [(vers) une institution, un établissement]* • **EN** *to [an institution, an establishment]* • **PT** *para, a [(para) uma instituição, um estabelecimento]* **Beispiller** elo geet mäin Neveu schon **op** d'Uni!; hie muss nach schnell **op** d'Bank; fuer **op** déi nächst Tankstell, mir hu kee Bensinn méi! **6. DE** *auf, zu [einer Veranstaltung]* • **FR** *à [(vers) un événement]* • **EN** *to [an event]* • **PT** *a [(para) um evento]* **Beispiller** mir ginn e Sonndeg **op** d'Kiermes; an hirer Fräizäit gi meng Cousinsen **op** d'Juegd; eis Kanner ginn zweemol d'Woch **op** den Training **7. DE** *auf [auf eine Entfernung von]* • **FR** *à [à une distance de]* • **EN** *from [from a distance of]* • **PT** *a [a uma distância de]* **Beispill** et héiert een dech **op** 500 Meter laachen **8. DE** *auf [je, pro]* • **FR** *par [pour chaque]* • **EN** *per [for each]* • **PT** *por [para cada]* **Beispill** fir déi

ophéieren ['ophɛiəɾən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgehéiert**) » **intransitiv - och onperséinlech 1. DE** *aufhören [nicht weitermachen]* • **FR** *arrêter, cesser* • **EN** *to stop [to quit, to come to an end]* • **PT** *parar, cessar* **Beispiller** **héiert** wannechgelift **op** ze kräischen!; **héiert** op mat deem Gedeessesms!; wéini **héiers** de endlech **op** mat fëmmen?; wann dee Kaméidi net **ophéiert**, da plënnere mer; wéi mäi Patron mam Betrib **opgehéiert** huet, sinn ech ausbezuelt ginn; stell dech ënner, bis et **ophéiert** mat reenen!; do **héiert** awer alles **op!** [égs] [dat do fannen ech onerhéiert!] » **intransitiv 2. DE** *gehen bis [sich erstrecken bis]* • **FR** *s'arrêter [s'étendre jusqu'à]* • **EN** *to stop at [to extend to]* • **PT** *acabar [estender-se até]* **Beispill** eise Gaart **héiert** bei der Baach **op** **Synonym** ophalen

ophëllefen ['ophələfən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgeholfen**) » **intransitiv 1. DE** *aufhelfen [beim Aufstehen helfen]* • **FR** *aider à se lever [aider à se mettre debout]* • **EN** *to help up* • **PT** *ajudar a levantar-se [ajudar a pôr-se de pé]* **Beispill** **hëllef** der Madamm **op**, se ass mam Réck geplot! **2. DE** *Einhalt gebieten* • **FR** *faire cesser, couper court à* • **EN** *to make stop, to put an end to* • **PT** *fazer parar, pôr cobro a* **Beispiller** wann s de net **ophält** mat deenen Dommheeten, dann **hëllefen** ech der op!; deem Zodi wäerte mer schonn **ophëllefen!**

ophetzen ['ophætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgehëtz) » **transitiv** ophetzen (géint) **DE** aufhetzen (gegen) • **FR** exciter (contre) • **EN** to stir up against, to work up against • **PT** instigar (contra) **Beispill** d'Vollek gouf géint de President opgehëtz

ophëtzen ['ophætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgehëtzt) » **transitiv** 1. **DE** erwärmen • **FR** chauffer • **EN** to warm up, to heat up • **PT** aquecer [tornar quente] **Beispill** d'Sonn huet d'Waasser vun eiser Schwämm opgehëtzt » **reflexiv** 2. **DE** sich erwärmen • **FR** se réchauffer • **EN** to warm up, to heat up • **PT** aquecer [ficar quente] **Beispill** et gëtt behaupt, d'Äerdatmosfera géif sech ëmmer méi ophëtzen

ophiewen ['ophiəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgehewen) » **transitiv** 1. **DE** aufheben [in die Höhe heben] • **FR** soulever [lever] • **EN** to pick up, to lift up • **PT** levantar, erguer **Beispill** hief déi Këschter op a stell se an d'Regal! 2. **DE** einsammeln • **FR** ramasser, faire la collecte de • **EN** to take in, to collect • **PT** recolher, fazer a recolha de **Beispiller** d'Joffer huet d'Hefter opgehewen, fir se ze verbesseren; d'Massendenger hiewen den Affer op; nom Klibbere kommen d'Kanner ophiewen Inom Klibbere ginn d'Kanner bei d'Leit schellen, fir eng kleng Belounung ze kréien! 3. **DE** erheben [Eintrittsgeld, eine Gebühr] • **FR** exiger, percevoir • **EN** to collect [an entrance fee] • **PT** pedir, cobrar **Beispill** d'Virfeierung ass net gratis, et gëtt Entrée opgehewen 4. **DE** abheben [Geld] • **FR** retirer [de l'argent] • **EN** to withdraw [money] • **PT** levantar [dinheiro] **Beispill** am Guichet Nummer 7 kann ee Suen ophiewen 5. **DE** aufheben [beenden] • **FR** lever [clôre] • **EN** to close [a meeting] • **PT** levantar, encerrar **Beispiller** no deenen heftegen Diskussiounen huet de President d'Sëtzung opgehewen; d'Sëtzung ass opgehewen! 6. **DE** aufheben [außer Kraft setzen] • **FR** annuler [supprimer, mettre fin à] • **EN** to abolish, to do away with • **PT** levantar, anular, pôr fim a **Beispiller** d'Chamber wëllt e Reglement ophiewen, dat iwerflësseg ginn ass; esoubal de Chantier eriwuer ass, gëtt d'Vitesslimitatioun opgehewen » **intransitiv** 7. **DE** abnehmen [ein Telefongespräch entgegennehmen] • **FR** décrocher [répondre au téléphone] • **EN** to pick up [to answer the phone] • **PT** atender [responder ao telefone] **Beispill** ech hunn ugeruff, mee et huet keen opgehewen » **reflexiv** 8. [vereez] **DE** sich erheben [aufstehen] • **FR** se lever [se mettre debout] • **EN** to get to one's feet, to stand up • **PT** levantar-se [pôr-se de pé] **Beispill** wéi d'Leit dat héieren hunn, hunn se sech opgehewen a sinn aus dem Sall gaangen **Synonymen** sech hiewen, opstoen 9. **DE** sich aufheben • **FR** se neutraliser, se compenser • **EN** to balance out • **PT** anular-se, compensar-se **Beispill** du hues zwee Punkte gewonnen an zwee verluer, dat hieft sech op

ophuelen ['ophuələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgehol) » **transitiv** 1. **DE** aufnehmen [aufzeichnen] • **FR** enregistrer [sur un support matériel] • **EN** to record [electronically] • **PT** registar, gravar [num suporte material] **Beispiller** soll ech der de Film ophuelen?; de Journalist huet säin Interview opgehol 2. **DE** aufnehmen [einbeziehen] • **FR** inclure, intégrer • **EN** to include, to incorporate • **PT** incluir, integrar **Beispill** eisen Dirigent huet e puer Vollekslider an de Programm opgehol 3. **DE** aufnehmen [ein Zuhause bieten] • **FR** accueillir [don-

ner l'hospitalité à] • **EN** to take in, to offer a home • **PT** recolher [dar hospitalidade a] **Beispill** si hunn hien opgehol, wéi wann et hiren eegene Jong wier 4. **DE** aufnehmen [als Mitglied] • **FR** accueillir [comme membre d'un groupe] • **EN** to admit, to accept [as a member] • **PT** admitir [como membro de um grupo] **Beispill** ech sinn derfir, dés Fra an de Komitee opzehuelen! 5. **DE** aufnehmen [auffassen, deuten] • **FR** prendre [interpréter, comprendre] • **EN** to take [to interpret] • **PT** levar [a bem ou a mal], interpretar **Beispill** ech hunn däi Witz schlecht opgehol! 6. **DE** aufnehmen [Kontakt, eine Verbindung] • **FR** établir [un contact, un lien] • **EN** to make [contact] • **PT** estabelecer [um contacto, uma relação] **Beispill** mir musse Kontakt mat der Ambassade ophuelen 7. **DE** aufnehmen [ein Darlehen] • **FR** faire, souscrire à [un emprunt, une hypothèque] • **EN** to take out [a loan] • **PT** fazer, contrair [um empréstimo, uma hipoteca] **Beispill** fir eisen neien Auto ze kafen, hu mer missen e Prêt ophuelen 8. **DE** aufnehmen [wettmachen] • **FR** rattraper [un retard] • **EN** to make up for [a delay] • **PT** recuperar [um atraso] **Beispill** 20 Kilometer virun der Arrivée huet de Coureur säi Retard nees opgehol 9. **DE** aufnehmen [absorbieren] • **FR** absorber [assimiler] • **EN** to absorb • **PT** absorver [assimilar] **Beispill** d'Déieren hunn déi gëfteg Stoffer iwuer d'Drénkwaasser opgehol 10. d'Moossen ophuelen **DE** die Maße feststellen • **FR** établir le métré • **EN** to measure up [to determine the size] • **PT** tomar as medidas [de um terreno, de uma construção] **Beispill** den Zammermann kënnt de Mëtteg d'Moosse vum Gespär ophuelen

ophunn ['ophun] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgehat) » **intransitiv** 1. **DE** aufhaben, tragen • **FR** avoir (mis), porter [un accessoire sur la tête] • **EN** to have on, to wear [on the head] • **PT** ter (posto), trazer na cabeça [um acessório] **Beispiller** ech gesinn net gutt, wann ech mäi Brëll net ophunn; wa mäi Bopi aus dem Haus geet, huet en ëmmer en Hutt op 2. **DE** aufhaben, offen haben [nicht (ab)geschlossen haben] • **FR** avoir ouvert, garder ouvert • **EN** to have open • **PT** ter aberto, manter aberto **Beispiller** wéi ech et wollt erwächen, hat d'Kand d'Ae schonn op; du kanns zu all Moment bei eis kommen, mir hunn d'Dier ëmmer op 3. **DE** geöffnet haben [zugänglich sein] • **FR** être ouvert [à la clientèle, au public] • **EN** to be open [for business] • **PT** estar aberto [aos clientes, ao público] **Beispill** weess du, wéi eng Epicerie sonndes ophunn?

opiessen ['opiəsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgiess)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Opium ['o:pjʊm] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Opium • **FR** opium • **EN** opium • **PT** ópio **Beispill** mäi Monni behaupt, en hätt schonn Opium gefëmmt

opjoen ['opjo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgejot) » **transitiv** **DE** aufjagen • **FR** débuser, lever [un animal] • **EN** to flush [to drive from cover] • **PT** fazer sair do mato, levantar [um animal] **Beispill** op der Klappjuegd joen d'Jeeër vill Huesen op **Synonym** opdreien

opkachen ['opkaxən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgekacht) » **transitiv** **DE** aufkochen [erhitzen] • **FR** porter à ébullition • **EN** to bring to the boil •

PT *deixar ferver* **Beispill** meng Mamm huet de Pudding kuerz opgekacht

opkafen ['opka:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opkaaft / opakaf) » **transitiv** DE *aufkaufen* • FR *acheter [systématiquement, intégralement]* • EN *to buy up* • PT *comprar [sistematicamente, integralmente]* **Beispiller** e Promoteur huet dat ganz Areal opkaaft, fir eng Cité ze bauen; eis Firma ass vun engem groussen Konzern opkaaft ginn

opkammen ['opkæmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgekämmt) » **transitiv** 1. DE *auskämmen [Haare]* • FR *démêler [des cheveux]* • EN *to comb out* • PT *desembaraçar [o cabelo]* **Beispill** fir esou e Buscht opzekammen, brauchts de eng Biischt 2. DE *aufkammen [die Frisur verbessern]* • FR *recoiffer [arranger la coiffure de]* • EN *to comb through the hair, to adjust the hair* • PT *retocar o penteado de* **Beispill** virun der Hochzäit kënnt de Coiffer d'Brout nach eng Kéier opkammen

opkappen ['opkapən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgekapp) » **transitiv** DE *aufhacken* • FR *binner* • EN *to hoe* • PT *sachar* **Beispill** ech hu gëschter am Gaart de Buedem ronderem d'Blummen opgekapp

opkéipen ['opkɛipən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgekéipt) » **transitiv** 1. DE *aufhäufen* • FR *entasser, amonceler* • EN *to pile up* • PT *amontoar, empilhar* **Beispiller** d'Aarbechter hunn de Sand niewent dem Schapp opgekéipt; dee Gurmang huet sech den Teller gutt opgekéipt ^[égs] [Idee Gurmang huet sech den Teller gutt mat Iesse geféllt] 2. DE *anhäufen* • FR *accumuler, amasser* • EN *to pile up, to accumulate* • PT *acumular [juntar, arrecadar]* **Beispill** si hu vill Suen opgekéipt, well se e puer Bauplaze verkaaft hunn » **reflexiv** 3. DE *sich anhäufen* • FR *s'accumuler* • EN *to pile up* • PT *acumular-se* **Beispill** am Congé kéipt d'Aarbecht um Büro sech op **Synonym** sech optieren

opkieren ['opki:ɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgekier) » **transitiv** DE *auffegen [mit Handbesen und Schaufel]* • FR *ramasser [à l'aide d'un balai]* • PT *apanhar [com pá e vassoura]* **Beispill** ech kieren den Zocker um Buedem léiwer direkt op, soss trëppelt jidderen dran

opklappen ['opklapən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgeklappt) » **transitiv** DE *aufklappen [öffnen]* • FR *ouvrir [en soulevant, en faisant pivoter]* • EN *to fold back, to open* • PT *abrir [fazendo girar em torno de um eixo]* **Beispiller** bei dëser Verpackung klappt een den Deckel einfach op; mueser klappen ech d'Lueden op, fir datt d'Sonn eraschéngt; wéi ech d'Buch opgeklappt hunn, ass eng Kaart erausgefall

opklappen ['opklapən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgeklappt) » **transitiv** 1. DE *aufschütteln* • FR *secouer [un coussin, une couette]* • EN *to fluff up, to plump up* • PT *sacudir [uma almofada, um edredão]* **Beispill** wann ech mueser d'Bett maachen, klappen ech d'Pillemen ëmmer op 2. DE *schlagen [mischen]* • FR *battre [agiter pour mélanger]* • EN *to beat [to mix]* • PT *bater [agitar para misturar]* **Beispill** ech hunn eng Koppel Eeër opgeklappt, fir mer eng Omlett ze maachen

opklären ['opklɛ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgekläert) » **transitiv** 1. DE *aufklären [aufdecken]* • FR *élucider* • EN *to solve* • PT *esclarecer, elucidar* **Beispill** de Mord konnt bis haut nach net opgekläert ginn 2. opklären (iwwer) DE *aufklären (über) [unterrichten (über)]* • FR *renseigner (sur), informer (sur)* • EN *to inform (about), to explain* • PT *esclarecer (sobre), informar (sobre)* **Beispiller** den Dokter huet de Patient iwwer de Risiko vun der Operatioun opgekläert; klär mech emol op, èm wat et hei geet! 3. DE *aufklären [über Sexualität informieren]* • FR *faire l'éducation sexuelle de* • EN *to explain the facts of life to* • PT *fazer a educação sexual de* **Beispill** mir hunn eis Duechter nach net opgekläert

opklären ['opklɛ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgekläert) » **intransitiv** - **onperséinlech** 1. DE *aufklaren* • FR *y avoir une éclaircie* • EN *to clear up [weather]* • PT *haver uma aberta [no céu]* **Beispill** wann de Schluet bis erof ass, da klärt et erëm op » **reflexiv** 2. DE *aufklaren* • FR *s'éclaircir, se dégager [ciel]* • EN *to clear (up) [weather]* • PT *clarear, desanuviar [céu]* **Beispiller** den Himmel klärt sech op; seng Minn huet sech opgekläert ^[égs] [hien huet erliichtert gewierkt]

Opklärung ['opklɛ:ruŋ] Femininum (kee Pluriel) 1. DE *Aufklärung [Aufdeckung]* • FR *élucidation* • EN *clearing up, solving [of a crime]* • PT *esclarecimento, elucidação* **Beispill** den Zeien huet bei der Opklärung vum Verbriche matgeholf 2. DE *Aufklärung [Information, Sensibilisierung]* • FR *information, sensibilisation* • EN *information, advice* • PT *informação, sensibilização* **Beispiller** d'Opklärung vun de Konsumenten iwwer d'Qualitéit vun de Wueren ass wichtig; duerch eng gutt Opklärung kënne vill Verkéiersaccidenter verhënnert ginn 3. DE *Aufklärung [Sexualkunde]* • FR *éducation sexuelle* • EN *sex education* • PT *educação sexual* **Beispill** d'Opklärung ass och haut nach fir vill Elteren e schwieregt Thema 4. DE *Aufklärung [Militäroperation]* • FR *reconnaissance [opération militaire]* • EN *reconnaissance [military observation]* • PT *reconhecimento [operação militar]* **Beispill** am Krich ass d'Opklärung aus strategesche Grënn ganz wichtig

Opklärung ['opklɛ:ruŋ] Femininum (Pluriel Opklärungen) DE *Aufheiterung [des Wetters]* • FR *éclaircie, embellie* • EN *sunny spell, bright interval* • PT *aberta [no céu]* **Beispill** fir de Mëtteg sinn e puer Opklärunge gemellt

opkiewen ['opkliəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgekiewt) » **transitiv** DE *aufkleben* • FR *coler [sur une surface]* • EN *to stick on, to glue on* • PT *colar [numa superfície]* **Beispill** déi Logoen hei si geduecht fir opzekiewen **Synonym** oppechen

opknäppen ['opknæpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgeknäppt) » **transitiv** DE *aufknöpfen* • FR *déboutonner* • EN *to unbutton* • PT *desabotoar* **Beispill** hatt huet seng Blus opgeknäppt

Op Kneiff [opkn'aɪf] Eegennumm DE *Colline Kneiff* • FR *Colline Kneiff* • EN *Colline Kneiff* • PT *Colline Kneiff* **Beispiller** waars de schonn eng Kéier Op Kneiff?; mir sinn de Weekend Op Kneiff gewandert

opkommen ['opkomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé opkomm) » **intransitiv** 1. DE *aufstehen* kön-

nen • **FR** *réussir à se mettre debout, réussir à se lever* • **EN** *to manage to get up* • **PT** *conseguir pôr-se de pé, conseguir levantar-se* **Beispiller** hëllef mer aus der Fotell, eleng kommen ech net op!; wann ech owes eraus war, kommen ech mueres schlecht (aus dem Bett) op **2. DE** *aufkommen lentstehen, sich bilden* • **FR** *naître, surgir, se former* • **EN** *to arise, to develop, to come up* • **PT** *nascer, surgir, formar-se* **Beispiller** deen Owend ass einfach kee Gespréich opkomm; esou schlecht Gewunnechten däerf een net opkomme loossen!; géint der Owend ass e scharfe Wand opkomm; de Gäertner léisst keen Onkraut am Virgäertchen opkommen **3.** opkomme fir **DE** *aufkommen für [haften für]* • **FR** *prendre en charge, payer pour* • **EN** *to make a payout, to pay for, to be responsible for* • **PT** *pagar, responder por* **Beispiller** d'Assurance ass fir de Schued opkomm; mir kommen net méi fir deng Dommheeten op! **4. DE** *aufschlagen [hart auftreffen]* • **FR** *se cogner (par terre), atterrir (brutalement)* • **EN** *to land on, to come down on [a part of one's body]* • **PT** *bater (no chão), aterrar (abruptamente)* **Beispill** wéi ech vun der Mauer gespronge sinn, sinn ech mam Knéi opkomm

opkräizen ['opkræ:ɪtsən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé opgekräizt) » **intransitiv** [égs] **DE** *aufkreuzen* • **FR** *débarquer [arriver à l'improviste]* • **EN** *to turn up, to show up* • **PT** *aparecer, surgir [chegar inesperadamente]* **Beispill** hien ass um Fest opgekräizt, obwuel en net ageluede war

opkrazen ['opkra:tsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgekraazt) » **transitiv DE** *aufkratzen* • **FR** *gratter, ouvrir [en grattant]* • **EN** *to scratch open, to scratch off* • **PT** *abrir [coçando], raspar* **Beispiller** den Hond kraazt sech seng Wonn ëmmer erëm op; um Lotterieslout muss de déi gr Case opkrazen

opkréien ['opkrɛ:ɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opkritt) » **transitiv DE** *öffnen können, lösen können* • **FR** *arriver à ouvrir, arriver à défaire* • **EN** *to manage to open* • **PT** *conseguir abrir, conseguir desfazer* **Beispiller** hien huet d'Këscht mat engem Grëff opkritt; et ass net einfach, dee Knuet opzekeréien; hie kritt de Mond net op [égs] [hie seet ni eppes]

opkucken ['opkukən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgekuckt) » **intransitiv DE** *aufblicken, aufsehen* • **FR** *lever les yeux* • **EN** *to look up [to raise one's eyes]* • **PT** *levantar os olhos* **Beispill** hien huet emol net opgekuckt, wéi ech erakomm sinn

oplackeren ['oplakərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgelackert) » **transitiv 1. DE** *auflockern [locker machen]* • **FR** *biner, ameubler* • **EN** *to loosen, to break up [earth]* • **PT** *sachar, surribr* **Beispill** de Gäertner huet de Buedem mam Heel opgelackert **2. DE** *auflockern [entspannen]* • **FR** *détendre [l'ambiance]* • **EN** *to loosen up, to lighten [the mood, the atmosphere]* • **PT** *descontrair [o ambiente]* **Beispill** mat senge Witzer huet hien d'Stëmmung opgelackert

oplafen ['opla:fən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé opgelaf) » **intransitiv DE** *aufschwemmen, aufquellen [Gewebe, Gesicht]* • **FR** *enfler, bouffir* • **EN** *to swell, to puff up, to become bloated* • **PT** *inchar, tornar-se balofo* **Beispiller** zënter meng Tatta Medikamenter hëlt, leeft se ëmmer méi op; duerch de villen Alkohol ass säi

Gesiicht ganz opgelaf

Oplag ['opla:χ] Femininum (Pluriel Oplagen) - Variant vun ↗Oplo

oplammelen ['oplamələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgelammelt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

oplaueren ['oplaʊərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgelauert) » **intransitiv DE** *auflauern* • **FR** *guetter, épier* • **EN** *to lie in wait for* • **PT** *estar à coca, espiar* **Beispiller** d'Bouwen hunn där klenger Knätzel opgelauert, fir se ze erfëieren; de Gangster huet sengem Affer opgelauert

oplecken ['oplækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgeleckt) » **transitiv DE** *auflecken* • **FR** *laper, lécher* • **EN** *to lick up* • **PT** *beber [lambendo], lamben* **Beispiller** d'Kaz huet d'Mëllech vum Buedem opgeleckt; ech hunn dee klenge Rescht Glace vum Teller opgeleckt

opleeën ['ople:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgeluecht) » **transitiv 1. DE** *auflegen [ausbreiten]* • **FR** *mettre [étaler]* • **EN** *to lay out, to spread* • **PT** *pôr [desdobrar]* **Beispill** ech leeën de Mëtteg dat geblummelegt Dëschelduch op **2. DE** *auflegen [einen Tonträger, Musik]* • **FR** *mettre [un disque, de la musique]* • **EN** *to put on, to play [music, a disk, a recording], to DJ* • **PT** *pôr (a tocar) [um disco, uma música]* **Beispiller** beim Aperitif huet hien en Disk mat kllassescher Musek opgeluecht; mäi Brudder leet den Owend an enger bekannter Disko (d'Musek) op **3. DE** *aufziehen [Reifen, Schneeketten]* • **FR** *mettre [des pneus, des chaînes à neige]* • **EN** *to fit, to put on [tyres, snow chains]* • **PT** *montar [pneus, correntes de neve]* **Beispill** d'Automobiliste muss Schnéiketten opleeën, fir de Col eropzefueren **4. d'Hand opleeën DE** *die Hand auflegen* • **FR** *imposer la main (à)* • **EN** *to lay one's hand on* • **PT** *impor as mãos (a)* **Beispill** bei der Firmung leet de Bëschof de Kanner d'Hand op **5. DE** *auflegen [herausgeben]* • **FR** *éditer [publier]* • **EN** *to publish, to print* • **PT** *editar [publicar]* **Beispill** säi Roman ass eng véiert Kéier opgeluecht ginn » **intransitiv 6. DE** *auflegen [ein Telefongespräch beenden]* • **FR** *raccrocher [clôre une communication téléphonique]* • **EN** *to hang up, to ring off* • **PT** *desligar [terminar uma chamada telefónica]* **Beispill** mir si schonn zwou Stonnen um Telefon, ech muss elo wierklech opleeën! **Synonym** anhänken

opleien ['opla:ɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgeleeën) » **intransitiv 1. DE** *aufliegen [auf etwas liegen]* • **FR** *être posé* • **EN** *to be on [to have been placed]* • **PT** *estar pousado, estar assente* **Beispiller** kuck, ob den Deckel vum Dëppe richteg opläit; eisen Telefon ass net futti, mee den Hörer louch net richtig op; wat fir eng Plack läit op? [égs] [wat fir eng Musek heiert een?] **2. DE** *aufliegen [offen liegen]* • **FR** *être à la disposition [livre d'or, livre de condoléances]* • **EN** *to lie open [a book]* • **PT** *estar à disposição [livro de ouro, livro de condolências]* **Beispill** am Musée läit e Buch op, wou d'Gäschter hir Remarque kënnen androen

opléisen ['oplɔ:ɪzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgeléist) » **transitiv 1. DE** *auflösen [in einer Flüssigkeit]* • **FR** *dissoudre [dans un liquide]* • **EN** *to dis-*

solve [in a liquid] • **PT** dissolver [num líquido] **Beispiller** du muss d'Hief an der wotlecher Mëllech opléisën; déi Pëlle sinn, fir am Waasser opzeléisën **2. DE** auflösen [außer Kraft setzen, beenden] • **FR** dissoudre, résilier [mettre fin à] • **EN** to dissolve [to dismiss], to terminate • **PT** dissolver, rescindir **Beispiller** d'Staatscheffin huet d'Parlament opgeléist; déi zwou Parteien hunn d'Recht, de Kontrakt opzeléisën » **reflexiv 3. DE** sich auflösen [in einer Flüssigkeit] • **FR** se dissoudre [dans un liquide] • **EN** to dissolve [in a liquid] • **PT** dissolver-se [num líquido] **Beispill** d'Pëll huet sech am Waasser opgeléist

Opléisung ['oplɛ:zʊŋ] Femininum (Pluriel Opléisungen) **1. DE** Auflösung [Beendigung, Aufhebung] • **FR** dissolution [cessation] • **EN** dissolution • **PT** dissolução [cessação] **Beispill** no der Opléisung vum Parlament koom et zu Neiwalen **2. DE** Auflösung, Lösung • **FR** solution [d'un problème, d'une énigme] • **EN** solution [of a problem, of a puzzle] • **PT** solução [de um problema, de um enigma] **Beispill** d'Opléisung vum Rätsel steet op der leschter Säit **3. DE** Auflösung [eines Bilds, eines Bildschirms] • **FR** résolution [d'une image, d'un écran] • **EN** resolution [of a picture, of a screen] • **PT** resolução [de uma imagem, de um ecrã] **Beispiller** wéi kann ech d'Opléisung vu menge Fotoen änneren?; fir de Gebuertsdag hätt ech gären e Bildscherm mat enger ganz héijer Opléisung

opléschten ['oplɛ:tən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgeléicht) » **transitiv DE** auflisten • **FR** noter [sous forme de liste], lister • **EN** to make a note of, to list • **PT** apontar [sob forma de lista], listar **Beispiller** de Riedner hat sech all déi wichteg Themaen opgeléicht; de Sekretär huet a sengem Rapport verschide Punkten opgeléicht, déi nach musse beschwat ginn

opliewen ['opliə:vən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé opgelieft) » **intransitiv DE** aufleben • **FR** renaître, revivre • **EN** to come alive (again), to be revived • **PT** renascer, reavivar-se **Beispiller** am Fréijoer lieft d'Natur nees op; vill schéi Gebräicher vu fréier liewen erëm op

Oplo ['oplo:] Femininum (Pluriel Oploen) **1. DE** Auflage [Ausgabe] • **FR** édition [d'un ouvrage imprimé] • **EN** edition [of a published text] • **PT** edição [de uma obra impressa] **Beispiller** déi drëtt Oplo vum deem Dictionnaire kënn geschwënn eraus; dee Roman huet esou vill Erfolleg, datt schonn déi fënneft Oplo am Drock ass **Synonymmen** Ausgab, Edition **2. DE** Auflage [einer Veranstaltung] • **FR** édition [d'une manifestation] • **EN** edition [of an event] • **PT** edição [de um evento] **Beispill** d'nächst Woch geet déi zéngt Oplo vum Theaterfestival op en Enn **Synonym** Edition **3. DE** Auflage [Verpflichtung] • **FR** obligation [contrainte] • **EN** condition, requirement • **PT** obrigação [dever] **Beispill** si kruten de Betrib zouge-maach, well se eng Rei Oploen net agehalen haten

i Variant: Oplag

oploossen ['oplo:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgelooss) » **transitiv 1. DE** auflassen, offen lassen [nicht (ab)schließen] • **FR** laisser ouvert [ne pas fermer (à clé)] • **EN** to leave open [to leave unlocked] • **PT** deixar aberto [não fechar (à chave)] **Beispiller** looss (d'Dier) op, ech kommen no!; wien huet d'Fënster

opgelooss? **2. DE** auflassen [zugänglich lassen] • **FR** laisser ouvert [laisser accessible, laisser en activité] • **EN** to leave open [for business] • **PT** deixar aberto [deixar acessível, deixar em atividade] **Beispill** en neit Reglement erlaabt et, d'Geschäfte owes méi laang opzeloossen **3. DE** offen lassen [nicht entscheiden] • **FR** laisser en suspens • **EN** to leave open [to leave in abeyance] • **PT** deixar em suspenso **Beispill** fir den Ament loosse mer déi Fro nach op **4. DE** auflassen [nicht ins Bett schicken] • **FR** autoriser à rester debout [ne pas envoyer au lit] • **EN** to let stay up • **PT** deixar ficar a pé [não mandar para a cama] **Beispill** de Weekend loosse mer d'Kanner owes méi laang op

opluedbar Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel

oplueden ['opluədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgelueden) » **transitiv 1. DE** aufladen [verladen] • **FR** charger [un chargement] • **EN** to load [cargo] • **PT** carregar [um carregamento] **Beispiller** d'Steng goufe mat engem Bagger opgelueden; d'Palette ginn den Owend nach opgelueden, da kritt Dir se muer geliwert **2. DE** aufladen [elektrisch laden] • **FR** charger [d'électricité] • **EN** to charge [with electrical energy] • **PT** carregar [com eletricidade] **Beispiller** ier mir an d'Vakanz ginn, muss ech nach den Akku vum Fotoaparát oplueden; ech hunn d'Batterie eréischt opgelueden, elo ass se schonn nees platt! **3. [égs] DE** aufladen, aufhalsen • **FR** coller à, refiler à, imposer à • **EN** to land with, to saddle with • **PT** empurrar a, impor a **Beispiller** d'Cheffin luet eis an der Lescht ze vill Aarbecht op; d'Nopere lueden eis all Weekend hiren Hond op » **reflexiv 4. DE** sich aufladen [elektrostatisch] • **FR** se charger [électrostatiquement] • **EN** to be electric, to become electric [with static electricity] • **PT** carregar-se [com eletricidade estática] **Beispill** bei deem Wieder luede meng Hoer sech op

opmaachen ['opma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgemaach / opgemaacht) » **transitiv 1. DE** aufmachen [öffnen] • **FR** ouvrir [ce qui est fermé] • **EN** to open • **PT** abrir [o que está fechado] **Beispiller** hien huet d'Fenster opgemaach, fir den Donst erauszeloossen; d'Kanner hu voller Freed hir Päck opgemaach; soll ech nach eng Fläsch Wäin opmaachen?; maach de Mond grouss op, datt d'Doktesch der kann an d'Strass kucken!; wéi ech geschellt hunn, huet e Bouf mer (d'Dier) opgemaach; maach de Mantel op, wann et der ze waarm ass!; ech maachen den ieweschte Knapp vum Hiem op lech maachen den ieweschte Knapp vum Hiem lass!; et ass nach ze kal, fir de Gaart opzemaachen [égs] [et ass nach ze kal, fir mat der Gaardenaarbecht unzefänken] **2. opmaache** fir **DE** aufmachen, öffnen für [zugänglich machen für] • **FR** ouvrir à [rendre accessible à] • **EN** to be open to [to be accessible to] • **PT** abrir a [tornar acessível a] **Beispill** d'Arméi gouf och fir Ausländer opgemaach **3. DE** aufmachen, eröffnen [neu gründen] • **FR** ouvrir [établir, créer] • **EN** to open [to establish, to create] • **PT** abrir [estabelecer, criar] **Beispiller** d'Gemeng huet eng nei Deponie opgemaach; eis Coiffeuse mécht geschwënn en zweete Salon op; ech hu wëlles, en neie Bankkont opzemaachen **4. DE** aufmachen [gestalten, ausstatten] • **FR** présenter, mettre en page [d'une

certaine manière) • **EN** *to lay out [a publication]* • **PT** *apresentar, paginar [de uma certa forma]* **Beispiller** si hunn hir nei Broschür ganz modern opgemaach; kuck, dat heite Buch ass immens flott opgemaach! » **intransitiv 5**. **DE** *öffnen [eröffnet werden]* • **FR** *ouvrir (ses portes) [s'établir]* • **EN** *to open (its doors)* • **PT** *abrir (as suas portas) [estabelecer-se]* **Beispill** den neie Supermarché soll d'nächst Woch opmaachen **Synonym** opgoen **6**. **DE** *öffnen [für Kunden, für Benutzer]* • **FR** *ouvrir [devenir accessible à la clientèle, au public]* • **EN** *to open [for customers]* • **PT** *abrir [ficar acessível à clientela, ao público]* **Beispiller** weess du, um wéi vill Auer d'Librairie opmécht?; och samschdes mécht eise Metzler um aacht Auer op **Synonym** opgoen » **reflexiv 7**. sech opmaache fir **DE** *sich öffnen für [zugänglich werden für]* • **FR** *s'ouvrir à [devenir accessible à, devenir réceptif à]* • **EN** *to be open to [to be receptive to]* • **PT** *abrir-se a [tornar-se acessível a, mostrar-se recetivo a]* **Beispiller** d'Land wëllt sech nach méi fir den Tourismus opmaachen; dee Klatzkapp wëllt sech einfach net fir nei Iddien opmaachen! **8**. [**égs**] **DE** *sich aufmachen [sich auf den Weg machen]* • **FR** *se mettre en route [partir]* • **EN** *to set off [on a journey]* • **PT** *pôr-se a caminho* **Beispill** mir hunn eis an aller Fréi opgemaach **Synonym** sech op de Wee maachen

Opmaachung ['opma:χuŋ] Femininum (Pluriel Opmaachungen) **DE** *Aufmachung [Gestaltung]* • **FR** *présentation, mise en page [d'un document]* • **EN** *presentation, layout* • **PT** *apresentação, paginação [de um documento]* **Beispill** d'Opmaachung vun Ärer Broschür ass ganz modern

opmierksam ['opmi:ɡkza:m] Adjektiv **1**. **DE** *aufmerksam [konzentriert]* • **FR** *attentif [concentré]* <Adverb *attentivement*> • **EN** *attentive [with concentration]* <Adverb *attentively*> • **PT** *atento [concentrado]* <Adverb *atentamente*> **Beispiller** de Riedner huet sech iwwer esou vill opmierksam Nolauschterer gefreet; d'Studenten hunn d'Froen opmierksam gelies **2**. **DE** *aufmerksam [zuverkommend]* • **FR** *attentif, prévenant* • **EN** *attentive [considerate]* • **PT** *atento, atento* **Beispill** dee Buschauffer ass ëmmer ganz opmierksam vis-à-vis vun eelere Leit **3**. opmierksam maachen op **DE** *aufmerksam machen auf* • **FR** *rendre attentif à, attirer l'attention sur* • **EN** *to draw attention to, to point out to* • **PT** *chamar a atenção para* **Beispill** ech si frou, datt s de mech op dee Feeler opmierksam gemaach hues **Synonym** stoussen op

Opmierksamkeit ['opmi:ɡkza:mke:t] Femininum **1**. (kee Pluriel) **DE** *Aufmerksamkeit [Konzentration]* • **FR** *attention [concentration]* • **EN** *attentiveness [concentration]* • **PT** *atenção [concentração]* **Beispill** de Public huet mat grousser Opmierksamkeit nogelauschert **2**. (kee Pluriel) **DE** *Aufmerksamkeit [Zuwendung]* • **FR** *attention [affection, attachement]* • **EN** *attention [care]* • **PT** *atenção [afeição, dedicação]* **Beispill** d'Kanner brauche Léif an Opmierksamkeit **3**. (kee Pluriel) **DE** *Aufmerksamkeit [Aufsehen]* • **FR** *attention [intérêt]* • **EN** *attention [interest]* • **PT** *atenção [interesse]* **Beispill** mat hirer neier Frisur huet si déi ganz Opmierksamkeit op sech gezunn **4**. (Pluriel Opmierksamkeiten) **DE** *Aufmerksamkeit [Geschenk, Erkenntlichkeit]* • **FR** *attention [cadeau, geste]* • **EN** *attentions [gifts, gestures]* • **PT** *atenção [prenda, gesto]* **Beispill** hie verwirnt seng Frëndin stänneg mat klengen Opmierksamkeiten

opmiessen ['opmiəsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgemiess) - Variant vun opmoossen

opmonteren ['opmontəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgemontert) » **transitiv DE** *aufmuntern [aufheitern]* • **FR** *remonter le moral à* • **EN** *to cheer up* • **PT** *levantar o moral de* **Beispiller** hien ass ganz verdrësslech, ech kann e mat näischt opmonteren; kuck e lëschtege Film, dat montert dech op!

Opmonterung ['opmontəruŋ] Femininum (Pluriel Opmonterungen) **DE** *Aufmunterung [Aufheiterung]* • **FR** *distraktion, réconfort* • **EN** *cheering up* • **PT** *distração, conforto* **Beispill** du gesäis esou trauereg aus, du brauchts eng kleng Opmonterung

opmoossen ['opmo:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgemooss) » **transitiv DE** *aufmessen [ausmessen]* • **FR** *mesurer [établir le mètre de]* • **EN** *to measure up [to determine the measurements of]* • **PT** *medir [tomar as medidas de]* **Beispill** den Usträicher muss d'Appartement opmoossen, fir kënnen e geneeën Devis ze maachen

i Variant: opmiessen

Opnam ['opna:m] Femininum (Pluriel Opnamen) **1**. **DE** *Aufnahme [das Aufnehmen von Ton oder Bild]* • **FR** *enregistrement [action d'enregistrer]* • **EN** *filming, recording [process]* • **PT** *gravação [ação de gravar sons ou imagens]* **Beispiller** fir déi Opnam brauchts de e Kameraermann mat Erfahrung; d'Opname ginn an engem Studio gemaach **2**. **DE** *Aufnahme [Ton-, Bildmaterial]* • **FR** *enregistrement [document audiovisuel]* • **EN** *recording(s) [audiovisual material]* • **PT** *gravação [documento audiovisual]* **Beispill** an eisem Archiv hu mer Opnamen aus de Fofzegejoren **3**. **DE** *Aufnahme [Empfang, Unterbringung]* • **FR** *accueil [asile, hébergement]* • **EN** *reception, accommodation, placement* • **PT** *acolhimento [asilo, alojamento]* **Beispill** fir d'Opnam vu Flüchtlinge brauche mer eng nei Infrastruktur **4**. **DE** *Aufnahme [Zulassung]* • **FR** *admission, inscription* • **EN** *admission, enrolment* • **PT** *admissão, inscrição* **Beispill** den Datum fir d'Opnam vun neie Studenten ass erlaanscht

Opnamexamen ['opna:mægza:mən] Maskulinum (Pluriel Opnamexamen) **DE** *Aufnahmeprüfung* • **FR** *examen d'admission, examen d'entrée* • **EN** *entrance exam* • **PT** *exame de admissão, exame de ingresso* **Beispiller** am Opnamexame gouf gesift, well ze vill Kandidaten do waren; wann s de wëlls op dës Universitét goen, muss de zwee Opnamexame packen!

op ongefëier [opongəf'ɛɪɛ] Adverb **DE** *nach Augenmaß* • **FR** *à vue de nez* • **EN** *by eye* • **PT** *a olho* **Beispill** ech hunn déi Jupe op ongefëier gekierzt

opootmen ['opo:təmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgeotemt) » **intransitiv DE** *aufatmen [erleichtert sein]* • **FR** *respirer, être soulagé* • **EN** *to breathe again, to breathe a sigh of relief* • **PT** *respirar, ficar aliviado* **Beispiller** wa mer mat där Aarbecht fäerdeg sinn, kënne mer endlech opootmen; de Papp huet opgeotemt, wéi en d'Kand am Geschäft erëmfonnt huet

oppäppelen ['opæpələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgepäppelt) » **transitiv DE** *aufpäppeln* • **FR** *requinquer* • **EN** *to pep up [to revitalize]* • **PT** *revigorar*

Beispill ech war eng Woch an der Klinick, fir emol nees richteg opgepäppelt ze ginn

oppassen ['opasən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgepasst) » **intransitiv 1.** oppassen (op) **DE** aufpassen (auf) lachtgeben (auf), aufmerksam sein! • **FR** faire attention (à) • **EN** to watch out, to pay attention • **PT** ter cuidado, prestar atenção (a) **Beispiller** pass op, datt s de net fäls!; Feeler geschéien, a wann een nach esou gutt oppasst!; d'Automobiliste mussen op d'Foussgänger oppassen; wann s de an der Schoul gutt oppass, brauchts de doheem net méi vill ze schaffen! **Synonym** Uecht ginn **2.** oppassen op **DE** aufpassen auf [beaufsichtigen] • **FR** garder, surveiller • **EN** to look after, to mind [a person] • **PT** tomar conta de, vigiar **Beispill** donneschdes mëttes muss ech ëmmer op mäi klenge Brudder oppassen **Synonym** Uecht ginn **3.** oppassen op **DE** pfleglich umgehen mit, sorgsam behandeln • **FR** prendre soin de [utiliser avec soin] • **EN** to look after, to take care of [belongings] • **PT** estimar [tratar com cuidado] **Beispill** wien op säi Gezei oppasst, brauch net esou dacks Neies ze kafen **Synonymmen** Uecht doen, Uecht ginn

oppechen ['opæçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgepecht) » **transitiv DE** aufkleben • **FR** coller [sur une surface] • **EN** to stick on, to glue on • **PT** colar [numa superfície] **Beispiller** déi Logoën hei si geduecht fir opzepechen; den Tiernchen um Gebai wirkt ewéi opgepecht [ëgs] [den Tiernche passt net bei d'Gebail; haut krut ech erëm een opgepecht [ëgs] [haut krut ech erëm e Protokoll] **Synonym** opkliween

oppen ['opən] Adjektiv **1.** **DE** offen [geöffnet] • **FR** ouvert [non fermé] • **EN** open [not shut] • **PT** aberto [não fechado] **Beispiller** ech ka just bei oppener Fënster schlofen; hien huet eng oppe Wonn um Aarm [hien huet eng Wonn um Aarm, déi blutt]; et stinn nach zwou oppe Wäifläschchen am Frigo [et stinn nach zwou ugefaange Wäifläschchen am Frigo]; deen neie Restaurant huet e grouse Choix un oppene Wäiner [deen neie Restaurant huet e grouse Choix u Wäiner, déi am Glas oder am Pichet zerweiert ginn] **2.** **DE** offen [ungeklärt] • **FR** ouvert [en suspens, non réglé] • **EN** open [unresolved] • **PT** em aberto, pendente **Beispill** de Mëtteg wëllt de Conseil sech mat deene leschten oppene Froe beschäftegen **3.** **DE** offen [unverhüllt, öffentlich] • **FR** ouvert [public] • **EN** open [unconcealed, public] • **PT** aberto [manifesto, público] **Beispiller** zënter Jore féieren déi zwou Familljen en oppene Krich mateneen; d'Bierg-erinitiativ huet en oppene Bréif un de Gemengerot adresséiert; hie gouf op oppener Strooss erschoss! [hie gouf virun de Leit op der Strooss erschoss!]; hir Relatioun ass en oppent Geheimnis [ëgs] [si versichen, hir Relatioun ze verstopen, mee se ass allgemeng bekannt] **4.** **DE** offen [lose] • **FR** ouvert [détaché] • **EN** loose [not tied up] • **PT** solto [desatado] **Beispiller** mir gefäls de mat oppenen Hoer besser, ewéi wann s de se als Päerdsschwanz zesummegebonden hues; meng Mamm huet sech an de Solden e Puer oppe Schong kaaft [meng Mamm huet sech an de Solden e Puer Schong kaaft, déi vir an hannen op sinn] **Synonym** lassen

Oppenheet Femininum (kee Pluriel)

Hei entsteet en neien Artikel.

oppicken ['opikən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgepickt) » **transitiv 1.** **DE** aufstechen • **FR** percer [ouvrir, inciser] • **EN** to open, to prick [to puncture] • **PT** abrir [furar, incisar] **Beispiller** komm, ech picken der déi Bloder op!; dee Schwier do géif ech mer léiwer vun engem Dokter oppicke loosse **2.** **DE** aufpicken [aufnehmen] • **FR** becqueter, picorer • **EN** to peck up • **PT** picar, debicar **Beispill** d'Hénger picken d'Kären op

opplatzen Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé opgeplatzt) » **intransitiv DE** aufplatzen • **FR** s'ouvrir [brusquement], éclater • **PT** estourar, estalar [abrir-se de repente] **Beispill** looss d'Träip an der Pan roueg opplatzen, esou hunn ech se am Léifsten!

oppompelen ['opompələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgepompelt) » **transitiv DE** aufpumpen • **FR** gonfler [à l'aide d'une pompe] • **EN** to pump up [to inflate] • **PT** encher [com bomba de ar] **Beispiller** hëllef mer, d'Loftmatrass oppompelen!; de Pneu ass nach net ganz opgepompelt

Opponent [opon'ænt] Maskulinum (Pluriel Opponenten) **DE** Opponent • **FR** opposant • **EN** opponent • **PT** oponente **Beispill** den Diktator huet all méiglech Opponenten ausgeschalt

Weiblech Form: ♀Opponentin

Opponentin [opon'æntin] Femininum (Pluriel Opponentinnen) **DE** Opponentin • **FR** opposante • **EN** opponent [female] • **PT** oponente [mulher] **Beispill** ech hat keng Chance, fir géint dës staark Opponentin ze gewannen

Männlech Form: ♂Opponent

opportun ['opɔrtu:n] Adjektiv **DE** opportun • **FR** opportun • **EN** opportune • **PT** oportuno **Beispill** esou drastesch Moosname si fir den Ament net opportun **Synonym** ubruecht

Opportunist [opɔrtun'ist] Maskulinum (Pluriel Opportunisten) **DE** Opportunist • **FR** opportuniste • **EN** opportunist • **PT** oportunista **Beispill** en Opportunist sicht ëmmer säin Avantage

Weiblech Form: ♀Opportunistin

opportunistesch ['opɔrtunistəʃ] Adjektiv **DE** opportunistisch • **FR** opportuniste <Adverb de manière opportuniste> • **EN** opportunistic <Adverb opportunistically> • **PT** oportunista <Adverb de modo oportunista> **Beispiller** opportunistesch Leit si mir prinzipiell onsympathesch; wéi kann een nëmmen esou opportunistesch denken?

Opportunistin [opɔrtun'istin] Femininum (Pluriel Opportunistinnen) **DE** Opportunistin • **FR** opportuniste [femme] • **EN** opportunist [female] • **PT** oportunista [mulher] **Beispill** als Opportunistin sicht meng Aarbecht-skolleegin ëmmer hiren Avantage

Männlech Form: ♂Opportunist

Opportunitéit Femininum (Pluriel Opportunitéiten)

Hei entsteet en neien Artikel.

opposéieren [opoz'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opposéiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

oppositionell [opozitsj'on'æ:l] Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Oppositoum [opozizj'əʊn] Femininum (Pluriel Oppositounen) **1. DE** *Opposition* [Widerstand, Widerspruch] • **FR** *opposition* [résistance, contestation] • **EN** *opposition* [resistance] • **PT** *oposição* [resistência, contestação] **Beispiller** weinst der staarker Oppositoum vun den Awunner huet d'Gemeng dee Projet fale gelooss; hie mécht ëmmer Oppositoum [égs]; hien ass ëmmer an Oppositoum [égs] [hien ass ëmmer géint alles] **2. DE** *Opposition* [politische Partei(en), politisches Gegengewicht] • **FR** *opposition* [parti(s) politique(s), contre-pouvoir] • **EN** *opposition* [political party] • **PT** *oposição* [partido(s) político(s), contrapoder] **Beispiller** d'Oppositoum ass meeschtens net mat der Regierung hiner Aarbecht zefridden; no de Walen ass meng Partei an d'Oppositoum gaangen

Oppositounspartei [opozizj'əʊnspartaɪ] Femininum (Pluriel Oppositounsparteien) **DE** *Oppositionspartei* • **FR** *parti d'opposition* • **EN** *opposition party* • **PT** *partido da oposição* **Beispiller** et ass e raffinéierte Schachzuch, deen d'Oppositounspartei mat deem Manöver realiséiert huet; d'Oppositounspartei huet eng parlamentaresch Ufro deponéiert

opputschen ['oputʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgeputscht) » **transitiv DE** *aufputschen* [stimulieren] • **FR** *exciter* [par un stimulant] • **EN** *to pep up, to stimulate* • **PT** *excitar* [com um estimulante] **Beispill** Koffein putscht een op

Opputtschmëttel ['oputʃmætəl] Neutrum (Pluriel Opputtschmëttelen / Opputtschmëttel) **DE** *Aufputtschmitteln* • **FR** *stimulant* [physique, psychique] • **EN** *stimulant* • **PT** *estimulante* [físico, psíquico] **Beispill** Kaffi ass e beléift Opputtschmëttel

oprafen ['opra:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgeraf / opgeraaft) » **transitiv 1. DE** (vom Boden) *aufheben* • **FR** *ramasser, soulever* [de terre] • **EN** *to pick up* [from the floor] • **PT** *apanhar* (do chão), *levantar* (do chão) **Beispiller** raf déi Bananneschuel op, ier een drop ausrëtscht!; Kräisch net, mäi Kand, ech kommen dech oprafen! **2. [égs] DE** *auflesen* [eine Krankheit, Ungeziefer] • **FR** *ramasser, attraper* [une maladie, de la vermine] • **EN** *to pick up* [an illness, vermin] • **PT** *apanhar* [uma doença, bicharia] **Beispiller** den Tourist huet op senger Rees eng Gielzecht opgeraf; eis Kaner hunn an der Schoul Lais opgeraf; ech hunn (mir) an der Schwämm e Fousspilz opgeraf **3. [égs] DE** *aufgaben* [eine Person] • **FR** *ramasser, dégoter* [une personne] • **EN** *to pick up, to find* [a person] • **PT** *descantar, descobrir* [uma pessoa] **Beispill** wou hues de dee Knëff dann opgeraf?

opräissen ['opra:ɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgerass) » **transitiv 1. DE** *aufreißen* [öffnen] • **FR** *ouvrir* [en déchirant] • **EN** *to tear open* • **PT** *abrir* [rasgando] **Beispill** ech war esou virwëlzég, datt ech de Pak direkt hu missen opräissen **Synonym** oprappen **2. DE** *aufreißen* [zerreißen] • **FR** *déchirer* [abîmer] • **EN** *to tear* [to rip, to damage] • **PT** *rasgar* [romper] **Beispill** ech hu mer d'Box un engem Nol opgerass **Synonym** oprappen

3. DE *aufreißen* [aufbrechen, aufhacken] • **FR** *ouvrir* [en creusant] • **EN** *to tear up* [by digging] • **PT** *abrir* [lescando] **Beispill** fir nei Kabelen ze zéien, gouf d'Strooss opgerass **Synonym** oprappen **4. DE** *aufreißen* [ruckartig öffnen] • **FR** *ouvrir* [tout grand] [d'un geste brusque] • **EN** *to fling open* • **PT** *escancarar* [abrir de repente] **Beispill** hien huet d'Fenster opgerass, fir frësch Loft eranzeloossen **Synonym** oprappen

oprappen ['oprapən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgerappt) » **transitiv 1. DE** *aufreißen* [öffnen] • **FR** *ouvrir* [en déchirant] • **EN** *to tear open* • **PT** *abrir* [rasgando] **Beispill** ech war esou virwëlzég, datt ech de Pak direkt hu missen oprappen **Synonym** opräissen **2. DE** *aufreißen* [zerreißen] • **FR** *déchirer* [abîmer] • **EN** *to tear* [to rip, to damage] • **PT** *rasgar* [romper] **Beispill** ech hu mer d'Box un engem Nol opgerappt **Synonym** opräissen **3. DE** *aufreißen* [aufbrechen, aufhacken] • **FR** *ouvrir* [en creusant] • **EN** *to tear up* [by digging] • **PT** *abrir* [lescando] **Beispill** fir nei Kabelen ze zéien, gouf d'Strooss opgerappt **Synonym** opräissen **4. DE** *aufreißen* [ruckartig öffnen] • **FR** *ouvrir* [tout grand] [d'un geste brusque] • **EN** *to fling open* • **PT** *escancarar* [abrir de repente] **Beispill** hien huet d'Fenster opgerappt, fir frësch Loft eranzeloossen **Synonym** opräissen » **reflexiv 5. [égs] DE** *sich aufraffen* • **FR** *faire un effort, prendre son courage à deux mains* • **EN** *to pull oneself together, to make an effort* • **PT** *fazer um esforço, encher-se de coragem* **Beispiller** rapp dech op a schaff eppes!; hien huet sech trotz sengem héije Féiwer opgerappt, fir op d'Aarbecht ze goen

opraumen ['opraʊmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgeraamt) » **intransitiv 1. DE** *aufräumen* [Ordnung schaffen] • **FR** *mettre de l'ordre* [(re)mettre en état de bon fonctionnement] • **EN** *to straighten up, to put right, to sort out* • **PT** *pôr ordem* [(tornar a) pôr em estado de bom funcionamento] **Beispill** déi nei Direktesch huet emol richteg opgeraamt am Betrib! **2.** *opraume* mat **DE** *aufräumen mit* • **FR** *mettre fin à, se débarrasser de* • **EN** *to do away with, to put an end to* • **PT** *acabar com, livrar-se de* **Beispill** et gëtt héich Zäit, datt mat deenen ale Virstellungen opgeraamt gëtt! » **transitiv 3. DE** *aufräumen* [in Ordnung bringen] • **FR** *ranger, mettre de l'ordre sur* • **EN** *to tidy, to clear up* • **PT** *arrumar* [ordenar, organizar] **Beispiller** hues de deng Kummer schonn opgeraamt?; den Desktop vun dengem Computer misst opgeraamt ginn **Synonym** raumen

oprechterhalen ['opraɛctə:halən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé oprechterhalen / oprechterhal) » **transitiv DE** *aufrechterhalten* • **FR** *maintenir, sauvegarder* • **EN** *to maintain, to preserve* • **PT** *conservar, manter* **Beispill** eise Veräin wëllt an eisem Duerf déi al Bräich an Traditionen oprechterhalen

opreegen ['opre:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgereegt) » **transitiv 1. DE** *aufregen* [beunruhigen, aufwühlen] • **FR** *inquiéter, agiter* • **EN** *to upset, to unsettle* • **PT** *inquietar, agitar* **Beispiller** d'Ongewëssheet nom Accident huet déi ganz Famill opgereegt; ech kann owes kee Krimi kucken, dat reegt mech ze vill op » **reflexiv 2. DE** *sich beunruhigen, sich sorgen* • **FR** *s'inquiéter, se faire du souci* • **EN** *to worry* • **PT** *inquietar-se, preocupar-se* **Beispill** meng Mamm reegt sech ëmmer op, wann ech owes mam Auto ënnerwee sinn **3. DE** *sich aufregen* [sich ereifern] • **FR** *se fâcher, s'irriter* •

EN to get worked up [to become irritated] • **PT** zangarse, irritar-se **Beispiller** mäi Papp reegt sech iwwer all Klenggekeet op; du wäerts dech dach elo net wéinst esou engem harmlose Witz opreegen!

Opreegung ['opre:zʊŋ] Femininum 1. (kee Pluriel) **DE** Aufregung [Gefühl] • **FR** inquiétude, agitation • **EN** excitement, anxiety [feeling] • **PT** inquietação, agitação **Beispiller** déi Nouvelle huet fir **Opreegung** gesuergt; ech hu vun elauter **Opreegung** kee Wuert méi erauskritt!; an der **Opreegung** hat ech mäi Prabbeli vergiess **2.** (Pluriel **Opreegungen**) **DE** aufregendes Erlebnis • **FR** tracas • **EN** excitement [experience] • **PT** preocupações, confusões **Beispill** no all deenen **Opreegung** misst ee kënnen eng Woch Vakanz maachen!

opréieren ['opɾɛiəɾən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **opgeréiert**) » **transitiv 1.** **DE** aufrühren [umrühren] • **FR** touiller • **EN** to stir • **PT** mexer [agitar, misturar] **Beispill** de Kach huet d'Zooss nach eng Kéier **opgeréiert**, ier se zerwéiert gouf **2.** [ëgs] **DE** aufrühren [wieder zur Sprache bringen] • **FR** remettre sur le tapis • **EN** to stir up [to bring up again] • **PT** revolver [voltar a trazer à discussão] **Beispill** du wäerts dach elo déi al Afären net erëm opréieren!

oprënnen ['opɾənən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **opgerënnt**) » **transitiv DE** aufrunden • **FR** arrondir [à une unité supérieure] • **EN** to round up [a number] • **PT** arredondar [por excesso] **Beispill** d'Kanner hu geléiert, d'Dezimalzuelen opzerënnen

i Variant: opronnen

opreselen ['opɾɛzələn] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **opgeréselt**) » **transitiv 1.** **DE** aufschütteln • **FR** secouer [un coussin, une couette] • **EN** to plump up [a pillow] • **PT** sacudir [uma almofada, um edredão] **Beispill** d'Kéisse mussen **opgeréselt ginn 2.** **DE** aufrütteln [zum Nachdenken, zum Handeln bewegen] • **FR** secouer [arracher à l'indifférence] • **EN** to shake up, to rouse • **PT** sacudir [despertar, consciencializar] **Beispill** déi schlecht Noriicht misst eigentlech jiddereen **opreselen**

opriichteg Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

opriichten ['opɾi:çtən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **opgeriicht**) » **transitiv 1.** **DE** aufrichten, aufbauen, aufstellen, errichten • **FR** dresser, installer • **EN** to erect, to put up • **PT** erguer, instalar **Beispiller** d'Gemeng huet am Park e Monument **opgeriicht**; fir d'Fassad nei ze maachen, muss eng Stee **opgeriicht ginn**; d'Scoute riichten en Zelt op; d'Kiermes gëtt grad **opgeriicht**; hëlles de mer de Chrëschtbeemchen **opriichten**? » **reflexiv 2.** **DE** sich aufrichten • **FR** se dresser, se redresser [se mettre debout, se mettre droit] • **EN** to rear up, to straighten up, to sit up straight • **PT** erguer-se, endireitar-se **Beispiller** de Bier huet sech **opgeriicht** an elle gegrommelt; wann ech laang gebéckt sinn, kréien ech mech bal net méi **opgeriicht**; no menger Operation konnt ech mech laang net gutt am Bett **opriichten**

opronnen ['opɾonən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **opgeronnt**) - Variant vun **oprënnen**

Oprou ['opɾəʊ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Aufruhr [Aufregung] • **FR** agitation [trouble, nervosité] • **EN** unrest, turmoil • **PT** agitação, alvoroço [perturbação, nervosidade] **Beispill** dës Rumeuren hu fir vill **Oprou** bei de Leit gesuergt

Opruff ['opɾuf] Maskulinum (Pluriel **Opruffer / Opriff**) **DE** Aufruf [Aufforderung] • **FR** appel (au public) • **EN** appeal [to the public] • **PT** apelo (ao público) **Beispiller** mat engem **Opruff** an der Zeitung sinn Zeie vum Accident gesicht ginn; nom Äerdbeiewen hu vill karitativ Organisationsiounen en **Opruff** fir ze spende gemaach

opruffen ['opɾufən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **opgeruff**) » **transitiv 1.** **DE** aufrufen [beim Namen rufen] • **FR** appeler [par le nom], faire l'appel de • **EN** to call [by name] • **PT** chamar [pelo nome], fazer a chamada de **Beispiller** ech souz eng Stonn am Wartesall, ier ech **opgeruff gouf**; d'Gewënner **ginn** een nom aneren **opgeruff 2.** **DE** aufrufen [um abzufragen] • **FR** interroger [un apprenant] • **EN** to question, to test [a student] • **PT** interrogar [um aluno] **Beispiller** léier deng Vokabele gutt, well de Schoulmeeschter dech bestëmmt **opriff!**; **bass** de schonn an der Mathematik **opgeruff ginn**? **Synonym** opfroen **3.** **opruffen** zu **DE** aufrufen zu • **FR** appeler à, inviter à • **EN** to request to • **PT** apelar a, convidar a **Beispill** d'Leit **goufen** derzou **opgeruff**, an hiren Haiser ze bleiwen

oprollen ['opɾulən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **opgerullt**) » **transitiv 1.** **DE** aufrollen [zusammenrollen] • **FR** enrouler [mettre en rouleau] • **EN** to roll up [into a cylinder] • **PT** enrolar [dobrar em rolo] **Beispill** rull den Teppesch op, fir drënner ze kieren! **2.** **DE** aufrollen [erneut untersuchen] • **FR** rouvrir [revenir sur] • **EN** to reopen [to deal with again] • **PT** reabrir [retomar] **Beispill** de Prozess **gouf** erëm **opgerullt**, well nei Zeie sech gemellt hunn

Opsaz ['opzɑ:ts] Maskulinum (Pluriel **Opsätz**) **DE** Aufsatz, Zubehörteil • **FR** accessoire [d'un appareil électroménager] • **EN** accessory, attachment • **PT** acessório [de um aparelho eletrodoméstico] **Beispill** mäi Mixer huet en extraen **Opsaz**, fir Geméis ze rappen

opschaffen ['opʃafən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **opgeschafft**) » **transitiv 1.** **DE** aufarbeiten [nachholen] • **FR** traîner [ce qui est resté en attente] • **EN** to catch up on [work] • **PT** tratar de [do que ficou pendente] **Beispill** mir hunn nach eng Rei Dossieren **opzeschaffen 2.** **DE** restlos verarbeiten [Material] • **FR** épuiser, utiliser [complètement] • **EN** to use up [material] • **PT** esgotar, utilizar [completamente] **Beispill** meng Mamm stréckt Strémp, fir d'Reschter Woll **opzeschaffen**

opschëdden ['opʃədən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **opgeschött**) » **transitiv 1.** **DE** aufbrühen • **FR** verser de l'eau chaude sur [pour faire infuser] • **EN** to brew [tea, coffee] • **PT** deitar água quente sobre [para pôr de infusão] **Beispill** ech hunn den Téi **opgeschött** an zéng Minutten zéie gelooss **2.** **DE** aufschütten [aufhäufen] • **FR** déverser, amonceler • **EN** to tip [to dump] • **PT** despejar, amontoar **Beispill** fir eis Terrass ze maachen, ass vill Buedem hannerem Haus **opgeschött ginn**

Opschlag ['opʃla:ç] Maskulinum (Pluriel **Opschläi**) **1.** **DE** Umschlag [Kompress] • **FR** compresse [humide] • **EN** compress • **PT** compressa [úmida] **Beispill** mat kalen

Opschléi vergeet d'Schwellung **Synonymmen** Ëmschlag, Kompress **2. DE** *Aufschlag* [Aufprall] • **FR** *impact* [collision, heurt] • **EN** *impact* [collision] • **PT** *impacto* [colisão, embate] **Beispill** beim **Opschlag** ass de Fliger exodéiert

opschlitzen ['opʃlɪtsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgeschlitzt**) » **transitiv** **DE** *aufschlitzten* • **FR** *ouvrir* [en incisant], *taillader* • **EN** *to slit open*, *to slash open* • **PT** *abrir* [incisando], *fazer cortes em* **Beispiller** hien **huet** d'Fësch **opgeschlitzt**, fir se ze botzen; et **hunn** e puer Raudien am Bus d'Sëtzer **opgeschlitzt**

opschloen ['opʃlɔ:ən] ♦ Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgeschloen**) » **transitiv** **1. DE** *aufschlagen* [durch einen Schlag öffnen] • **FR** *ouvrir* [par un coup], *casser* • **EN** *to break open*, *to crack* (open) • **PT** *abrir* [com um golpe], *partir* **Beispiller** fir d'Fest **gëtt** e Faass **opgeschloen**; ech **hunn** eng Dosen Eeër fir eng Omlett **opgeschloen** **2. DE** *aufschlagen* [verletzen] • **FR** *ouvrir* [blesser] • **EN** *to open* [to injure] • **PT** *abrir* [ferir] **Beispill** ech **hu** mer beim Falen d'Stier **opgeschloen** **3. DE** *aufschlagen* [ein Buch, eine Zeitung] • **FR** *ouvrir* [un livre, un journal] • **EN** *to open* [a book, a paper] • **PT** *abrir* [um livro, um jornal] **Beispill** schlot d'Buch op der Sait zwanzeg op! ♦ Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé **opgeschloen**) » **intransitiv** **4. DE** *aufschlagen* [aufprallen] • **FR** *heurter* [se cogner] • **EN** *to hit*, *to impact* • **PT** *bater*, *dar* [ir contra, chocar] **Beispill** de Leeëndecker ass vun der Stee gefall a mam Kapp um Trottoir **opgeschloen**

Opschloss ['opʃlɔs] Maskulinum (Pluriel <seelen> Opschlëss) **DE** *Aufschluss* [Auskunft] • **FR** *renseignement*, *éclaircissement* • **EN** *information*, *clarification* • **PT** *informação*, *esclarecimento* **Beispiller** et gOUNG dorëm, dem Parlament a schwierigen Zäiten **Opschloss** iwwer d'Geschécker vum Land ze ginn; d'Proportionen tëschent den Isotope vun deem Element ginn eis (en) **Opschloss** iwwer d'Charakteristike vun deem Material

opschlossräich Adjektiv **DE** *aufschlussreich* • **FR** *instructif*, *révélateur* • **PT** *instrutivo*, *esclarecedor* **Beispill** no engem **opschlossräiche** Gespréich mat menger Cheffin hat ech e besseren Iwwerbléck iwwer d'Situatioun

opschnapen ['opʃna:pən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgeschnaapt**) » **transitiv** [ëgs] **DE** *aufschnappen* [hören, mitbekommen] • **FR** *entendre*, *saisir au vol* • **EN** *to pick up*, *to hear* • **PT** *ouvir*, *apanhar* (no ar) **Beispill** wou hues du déi Dommheeten **opgeschnaapt**? **Synonym** opfänken

opschneiden ['opʃnaɪdən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgeschnidden**) » **transitiv** **1. DE** *aufschneiden* [durch Schneiden öffnen] • **FR** *ouvrir* [en coupant, en incisant] • **EN** *to cut open* • **PT** *abrir* [cortando, incisando] **Beispiller** huel d'Schéier, fir de Pak **opzuschneiden**!; de Kranken **huet** sech aus Verzweigung d'Oderen **opgeschnidden**; bei verschiddenen Operatiounen brauch de Chirurg (d'Haut) net méi **opzuschneiden** **2. DE** *anschneiden* [das erste Stück abschneiden] • **FR** *entamer* [couper un premier morceau de] • **EN** *to start*, *to cut* [the first slice] • **PT** *encetar* [cortar o primeiro pedaço de] **Beispill** de Papp **huet** eng Bauerenham **opgeschnidden** » **intransitiv** **3. [ëgs]** **DE** *aufschneiden* [prahlen] • **FR** *frimer* • **EN** *to show off*, *to boast* •

PT *armar-se* [gabar-se] **Beispill** dee kann **opschneiden**, datt d'Dronkenellen engem ausginn!

opschreiwén ['opʃraɪvən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgeschriwwen**) » **transitiv** **1. DE** *aufschreiben* [notieren] • **FR** *noter* [écrire] • **EN** *to write down*, *to note down* • **PT** *apontar* [escrever] **Beispill** ech hat vergiess, mer deng Telefonsnummer **opzuschreiwén** **Synonym** notéieren **2. DE** *verschreiben*, *verordnen* • **FR** *prescrire* [un médicament] • **EN** *to prescribe* • **PT** *receitar*, *prescrever* [um medicamento] **Beispill** mäin Hautdoktor **huet** mer eng Sallef **opgeschriwwen** **Synonym** verschreiwén **3. DE** *anschreiben* [geschuldete Beträge] • **FR** *faire crédit sur* [de petits achats] • **EN** *to put on a tab* • **PT** *pôr na conta* [pequenas compras] **Beispill** du muss direkt bezuelen, de Wiert **schreift** näischt méi op!

opschwätzen ['opʃwætsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgeschwätzen**) » **transitiv** **DE** *aufschwätzen* • **FR** *refourguer* à, *amener* à [accepter (malgré soi)] • **EN** *to talk into* [to persuade into] • **PT** *impingir a*, *levar a aceitar* (contra vontade) **Beispiller** pass op, deen do **schwätzt** der egal wat op!; mäin Agent wollt mer onbedengt eng Liewensversicherung **opschwätzen**; ech **hu** mer alt erëm d'Charge vum Tresorier **opschwätze** gelooss!

Opschwong ['opʃwɔŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** (wirtschaftlicher) *Aufschwung* • **FR** *essor* (économique) • **EN** *upswing* [upward trend] • **PT** *retoma* (económica) **Beispill** no der Kris koum et zu engem wirtschaftlechen **Opschwong** am Tourismus

i Variant: Opschwonk

Opschwonk ['opʃwɔŋk] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun **Opschwong**

opsetzen ['opzætsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgesat**) » **transitiv** **1. DE** *aufsetzen* [eine Kopfbedeckung, eine Brille] • **FR** *mettre* [sur la tête, sur le visage] • **EN** *to put on* [headgear, glasses] • **PT** *pôr* [na cabeça, na cara] **Beispiller** d'Kanner **hunn** sech Fuesboken **opgesat**; **setz** däi Bréll **op**, da gesäis de besser! **Synonym** opdoen **2. DE** *aufsetzen* [zum Kochen] • **FR** *mettre sur le feu*, *mettre à chauffer* • **EN** *to put on* [to cook, to heat] • **PT** *pôr ao lume*, *pôr a aquecer* **Beispiller** ech **hu** grad d'Essen **opgesat**; **setz** de Waasser fir den Tèi op? **3. DE** *aufsetzen* [den Fuß] • **FR** *poser* (par terre) [le pied] • **EN** *to put down*, *to put weight on* [a foot] • **PT** *pousar* (no chão) [o pé] **Beispill** esoubal ech de Fouss **opsetzen**, deet et wéi **4. DE** *aufsetzen* [verfassen] • **FR** *rédiger* • **EN** *to draft*, *to draw up* • **PT** *redigir* **Beispiller** hëllef mer wannechgelift, dee Bréif **opsetzen**!; de Kontrakt ass op eng akribesch Manéier **opgesat** **5. DE** *aufsetzen* [eine Miene] • **FR** *prendre* [un certain air] • **EN** *to put on* [a face] • **PT** *tomar* [um certo ar] **Beispill** du brauchts keng esou eng eescht Kuck **opsetzen**, et geschitt der näischt! **6. DE** *aufnähen* • **FR** *plaquer* [appliquer en cousant] • **EN** *to sew on* • **PT** *aplicar*, *coser* **Beispill** ech **hunn** net gär e Paltong mat **opgesaten** Täschen **7. DE** *aufstellen* [schriftlich zusammenstellen] • **FR** *établir* [par écrit] • **EN** *to draw up* [in writing] • **PT** *estabelecer* [por escrito] **Beispill** d'Gemeng **huet** de Budget **opgesat** **8. DE** *aufstellen* [als Kandidat für eine Wahl] • **FR** *désigner* (comme candidat) [à une élection] • **EN** *to nominate* [as candidate] • **PT** *designar* (como candidato) [numa elei-

ção] **Beispill** hien ass rosen, well seng Partei en net fir d'Walen **opgesat huet** » **reflexiv 9**. **DE** kandidieren • **FR** se porter candidat [à une élection] • **EN** to stand, to run [for election] • **PT** candidatar-se [às eleições] **Beispill** meng Frëndin huet wëlles, sech fir d'Gemengewalen **opzesetzen** » **intransitiv 10**. **DE** aufsetzen [beim Landen] • **FR** se poser, toucher terre • **EN** to touch down, to land • **PT** pousar (em terra), tocar o solo **Beispill** kuerz nodeem de Fliger **opgesat huet**, ass em e Pneu geplatzt

Opsicht ['opzi:çt] Femininum (kee Pluriel) **DE** Aufsicht [Verantwortung, Kontrolle] • **FR** responsabilité, surveillance, contrôle • **EN** supervision [control, charge] • **PT** supervisão, vigilância, controlo **Beispiller** d'Ekipp schafft ënner der **Opsicht** vun engem Viraarbechter; dir kënt d'Kanner dach net einfach unni **Opsicht** loossen!; dee Verdächtige gouf vum Geriicht ënner **Opsicht** (vun der Police) gestallt; no der Kris hu vill Leit eng offiziell **Opsicht** fir d'Banke gefuerdert

opsoen ['opzo:ən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgesot**) » **transitiv DE** auftragen [hersagen] • **FR** réciter [dire à haute voix] • **EN** to recite • **PT** recitar [dizer em voz alta] **Beispill** dee klenge Bouf kann d'Gedicht ausweneig **opsoen**

opspanen ['opʃpa:nən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgespaant**) » **transitiv DE** aufspannen [öffnen, ausbreiten] • **FR** ouvrir, installer [en tendant] • **EN** to open, to put up [to stretch out] • **PT** abrir, instalar [estancando] **Beispiller** wéi et ugefaangen huet mat reenen, **huet** hie säi Prabbeli **opgespaant**; fir d'Grillfest **spane** huet en Iwwerdaach **op**, wou d'Leit kënnen drënner essen

opspären ['opʃpɛ:rən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgespaart**) » **transitiv DE** aufschließen [aufsperrn] • **FR** ouvrir (à clé) • **EN** to open [to unlock] • **PT** abrir (à chave) **Beispill** de Gardien huet eis (d'Dier) **opgespaart**

opspießen ['opʃpi:sən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgespiisst**) » **transitiv DE** aufspießen [verletzen, töten] • **FR** embrocher [blesser, tuer] • **EN** to impale, to spear • **PT** espetar [ferir, matar] **Beispill** den Aarbechter wier op en Hoer vun enger eise Staang **opgespiisst ginn**

opspillen ['opʃpilən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgespillt**) » **reflexiv 1**. [égs] **DE** sich aufspielen [sich wichtig tun] • **FR** crâner, frimer • **EN** to act up, to show off • **PT** armar-se, gabar-se **Beispill** mäi Brudder **spillt** sech ëmmer **op**, wa mir Besuch **hunn 2**. sech **opspillen** (als) **DE** sich aufspielen (als) • **FR** se donner des allures (de) • **EN** to pose, to act, to put on airs • **PT** dar-se ares (de) **Beispiller** ech wëll mech net als Moralapostel **opspillen**, mee dat do ass net richtig!; hie **spillt** sech **op**, wéi wann en hei de Chef wier » **intransitiv 3**. **DE** ausspielen [das Kartenspiel eröffnen] • **FR** ouvrir la partie [au jeu de cartes] • **EN** to lead [to play the first card] • **PT** abrir o jogo [no jogo das cartas] **Beispill** wie **spillt** op? **Synonym** ausspielen

opsplécken ['opʃplekən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgespléckt**) » **transitiv DE** aufteilen, aufspalten • **FR** diviser, scinder • **EN** to divide, to split • **PT** dividir, cindir **Beispiller** du hues am beschten, dat Kapitäl a verschidden Abschnitter **opzesplécken**; no de

Wale gouf d'Partei **opgespléckt**

opsprangen ['opʃpɾaŋən] Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé **opgesprongen / opgesprong**) » **intransitiv 1**. **DE** aufspringen [hochspringen] • **FR** se lever brusquement • **EN** to jump up [to jump to one's feet] • **PT** levantar-se de um pulo **Beispill** a senger Roserei ass en **opgesprongen** an zur Dier erausgerannt **2**. **opspangen** op **DE** aufspringen auf • **FR** monter dans [un véhicule en marche] • **EN** to jump on [a moving vehicle] • **PT** subir para [um veículo em andamento] **Beispill** de Mann konnt nach am leschte Moment op den Tram **opsprangen 3**. **DE** aufspringen [sich öffnen] • **FR** s'ouvrir [d'un coup] • **EN** to (spring) open • **PT** abrir-se [de repente] **Beispill** fir datt d'Mall **opsprängt**, muss de op dese Knäppchen drécken

opstachelen Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgestachelt**) » **transitiv DE** anstacheln • **FR** inciter (à) [pousser (à)] • **EN** to incite (to), to instigate (to) • **PT** incitar (a), instigar (a) **Beispill** d'Schülerin **huet** hir Bänknopesch **opgestachelt**, fir mam Schwamp op de Schoulmeeschter ze schéissen **Synonymen** stëppelen, ustachelen, ustiwwelen

Opstand ['opʃtant] Maskulinum (Pluriel **Opstänn**) **DE** Aufstand • **FR** insurrection, émeute • **EN** uprising • **PT** sublevação, insurreição **Beispill** den **Opstand** gouf op eng brutal Manéier ënnerdréckt **Synonym** Revolt

opsteigen ['opʃtaizən] Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé **opgestigen**) » **intransitiv DE** aufsteigen [in eine höhere Spielklasse] • **FR** monter (en division supérieure) • **EN** to be promoted [sports team] • **PT** subir (à divisão superior) **Beispill** eis Fussballsekipp ass an déi éischt Divisioun **opgestigen**

Opsteiger Maskulinum (Pluriel **Opsteiger**) **DE** Aufsteiger [im Mannschaftssport] • **FR** promu, équipe promue [en division supérieure] • **EN** promoted team • **PT** equipa que subiu de divisão **Beispill** den **Opsteiger** huet dës Saison nach kee Match gewonnen

opstellen ['opʃtæləən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **opgestallt**) » **transitiv 1**. **DE** aufstellen [hinstellen] • **FR** disposer, placer • **EN** to set, to lay [la trap] • **PT** dispor, colocar **Beispill** de Fierschter **stellt** eng Fal **op**, fir e Marder ze fänken **2**. **DE** aufstellen [erzielen] • **FR** établir [réaliser] • **EN** to set [a record] • **PT** estabelecer [realizar] **Beispill** bei den Olympesche Spiller **gi** stänneg nei Rekorder **opgestallt 3**. **DE** aufstellen, erstellen [zusammenstellen] • **FR** établir, composer • **EN** to draw up [la programme], to put together [la team] • **PT** estabelecer, constituir **Beispiller** hutt der schon e Programm fir d'Dëppfest **opgestallt?**; fir dee wichtige Match hat den Trainer eng ganz jonk Ekipp **opgestallt 4**. **DE** aufstellen [erdenken] • **FR** établir [concevoir] • **EN** to put forward, to submit • **PT** estabelecer [conceber] **Beispill** an der Wëssenschaft **ginn** all Dag nei Theorien **opgestallt**

Opstellung ['opʃtæləŋ] Femininum (Pluriel **Opstellungen**) **DE** Aufstellung [Zusammenstellung] • **FR** établissement, constitution • **EN** establishment, preparation • **PT** estabelecimento, constituição **Beispill** bei der **Opstellung** vum Budget gouf e wichtige Poste vergiess

opstëppelen ['opʃtəpələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgestëppelt) » **transitiv** opstëppelen (géint) **DE** aufhetzen (gegen) • **FR** monter contre, exciter (contre) • **EN** to set against [to incite against] • **PT** voltar contra, instigar (contra) **Beispill** si hunn et eraus, fir ee géint deen aneren opzestëppelen

opstiechen ['opʃtiəçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgestach) » **transitiv 1.** **DE** aufstechen • **FR** percer, crever • **EN** to puncture • **PT** abrir, furar [abrir fu-ro em] **Beispill** op der Spillplaz huet ee mer mäin neie Ball opgestach! **2.** **DE** anbrechen [ein Nahrungsmittel] • **FR** entamer [un aliment] • **EN** to start, to cut [the first slice], to break open • **PT** encetar [um alimento] **Beispiller** de Papp huet eng Bauerenham opgestach; um Fest sinn zwee Fässer opgestach ginn

opstocken ['opʃtokən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgestockt)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

opstoen ['opʃto:ən] ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé opgestanen / opgestan) » **intransitiv 1.** **DE** aufstehen [sich erheben] • **FR** se lever, se mettre debout • **EN** to rise, to stand up • **PT** levantar-se, pôr-se de pé **Beispiller** d'Leit sinn opgestanen, wéi d'Nationalhymn gespilt gouf; am Bus stinn ech ëmmer op, fir enger eelerer Persoun meng Plaz ze ginn **2.** **DE** aufstehen [das Bett verlassen] • **FR** se lever [sortir du lit] • **EN** to get up • **PT** levantar-se [sair da cama] **Beispiller** ech sinn an aller Herrgottsfréi opgestanen, fir meng Elteren op de Flughafen ze féieren; ech war elo dräi Woche krank, haut sinn ech fir d'éischt erm opgestanen; direkt no enger Narkos soll de Patient net eleng opstoen; fir deen do Meeschter ze ginn, muss de fréi opstoen! ^[ëgs] [fir deen do Meeschter ze ginn, muss de dech schéin druginn!] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgestanen / opgestan) » **intransitiv 3.** **DE** aufstehen [auf einem Untergrund] • **FR** être (bien) calé [par terre] • **EN** to stand [on the floor] • **PT** estar (bem) seguro [no chão] **Beispill** den Dësch steet net richtig op, lee e Béierdeckel ënner de Stempel! **4.** **DE** auf dem Herd stehen • **FR** être sur le feu • **EN** to be on the stove [to be cooking] • **PT** estar ao lume **Beispill** d'Grompere sti scho laang op, se missten eigentlech mëll sinn **5.** **DE** offen stehen [geöffnet sein] • **FR** être ouvert [être baillant] • **EN** to be open [to be left open] • **PT** estar aberto [estar escancarado, estar mal fechado] **Beispiller** d'Hausdier stoung grouss op, wéi ech heemkoom; deng Box steet op!; hien huet éiweg de Mond opstoen! ^[ëgs] [hie schwätzt stänneg!]; mir ass de Mond opstoe bliwwen, wéi ech dat héieren hunn! ^[ëgs] [ech war ganz verwontert, wéi ech dat héieren hunn] **6.** **DE** offen stehen [nicht erledigt sein] • **FR** être en suspens, être en souffrance • **EN** to be pending, to be outstanding • **PT** estar em suspense, estar pendente **Beispiller** an dëser Affär steet d'Urteil nach op; si hu bei hirem Liwwerant nach en ettlech Rechnungen opstoen **7.** **DE** offen stehen [Möglichkeit] • **FR** être accessible, être ouvert [opportunité] • **EN** to be open [to be possible] • **PT** estar acessível [oportunidade] **Beispill** mat deem Diplom steet der praktesch alles op! **8.** **DE** unbesetzt sein [verfügbar sein] • **FR** être inoccupé, être vacant • **EN** to be open, to be vacant • **PT** estar vago, estar vacante [estar sem titular] **Beispill** bei eis am Betrib stinn nach dräi Plazen op

opstoppen ['opʃtopən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgestoppt) » **transitiv** **DE** ausstopfen [ein Tier] • **FR** empailler, naturaliser • **EN** to stuff [an animal] • **PT** empalhar [um animal] **Beispiller** hie schafft an engem Atelier, wou Déieren opgestoppt ginn; du brauchst dee Fuuss net ze féierten, en ass opgestoppt!

opstoussen ['opʃtəʊsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgestouss) » **transitiv** **DE** aufstoßen [öffnen] • **FR** ouvrir d'un coup [en poussant] • **EN** to kick open • **PT** abrir (com um empurrão) **Beispill** hien huet d'Hausdier mam Fouss opgestouss

opstrecken ['opʃtrækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgestreckt) » **transitiv 1.** **DE** aufbügeln [glätten] • **FR** passer un coup de fer (à repasser) sur • **EN** to iron, to press [lightly] • **PT** passar o ferro (de engomar) em **Beispill** deng Box muss opgestreckt ginn, ier s de se undees **2.** **DE** aufbügeln [auf Stoff übertragen] • **FR** appliquer au fer (à repasser) • **EN** to iron on • **PT** aplicar com o ferro (de engomar) **Beispill** déi Billercher si fir opzestrecken

Optakt ['optakt] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Auftakt [Beginn] • **FR** ouverture, début • **EN** opening [start, beginning] • **PT** abertura, início **Beispill** fir den Optakt vun de Festlechkeeten huet de Minister eng Ried gehalen **2.** (Pluriel Optäkt) **DE** Auftakt [zu Beginn eines Musikstücks] • **FR** anacrouse • **EN** prelude [introductory piece of music] • **PT** anacruse [no início de uma peça musical] **Beispill** dës Symphonie fänkt mat engem Optakt un

optauchen [optæ:ʊçən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé opgetaucht) » **intransitiv 1.** **DE** auftauchen [an die Wasseroberfläche kommen] • **FR** remonter à la surface • **EN** to surface [to rise to the surface] • **PT** vir à superfície **Beispill** no enger gewëssener Zäit ass d'Läich erm opgetaucht **2.** **DE** auftauchen [erscheinen, auftreten] • **FR** apparaître, surgir • **EN** to turn up, to surface [to be found] • **PT** aparecer, surgir **Beispiller** si sinn ouni Invitatioun um Fest opgetaucht; no Jore sinn déi geklaute Biller bei engem Antiquaire erm opgetaucht; bei den Aarbechte si Problemer opgetaucht

i Variant: opdauchen

optéieren [opt'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé optéiert) » **intransitiv** optéiere fir **DE** optieren für • **FR** opter pour • **EN** to opt for • **PT** optar por **Beispill** mir hunn an dëser Affär fir méi eng defensiv Approche optéiert **Synonymmen** sech decidéiere fir, sech entscheede fir

optesch ['optəʃ] Adjektiv **1.** **DE** optisch [die Optik betreffend] • **FR** optique [relatif à l'optique] • **EN** optical [relating to optics] • **PT** ótico [relativo à ótica] **Beispill** an der Schoul krute mer verschidden optesch Instrumenter erkläert **2.** **DE** optisch [mit dem Auge wahrgenommen] • **FR** optique [relatif à la vision] <Adverb visuellement> • **EN** optical [relating to sight] <Adverb optically> • **PT** ótico [relativo à visão] <Adverb visualmente> **Beispiller** bass de sécher, datt dat keng optesch Täuschung war?; optesch wierkt de Raum méi grouss ewéi e wierklech ass

optiermen ['opti:gmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgetiermt) » **transitiv 1.** **DE** auftürmen • **FR** empiler • **EN** to pile up • **PT** empilhar **Beispill** den Nop-

er huet säi ganze Krëppeng aus der Garage um Trottoir opgetiermt **Synonym** opkéipen » **reflexiv 2.** **DE** sich auftürmen • **FR** s'empiler, s'accumuler • **EN** to pile up, to mount up • **PT** empilhar-se, acumular-se **Beispill** an der Vakanz tiermen sech d'Dossieren op mengem Büro op **Synonym** sech opkéipen

Optik ['optik] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Optik [Wissenschaft] • **FR** optique [science] • **EN** optics • **PT** ótica [ciência] **Beispill** d'Akustik an d'Optik sinn zwee Beräicher vun der Physik **2.** (Pluriel Optiken) **DE** Optik [Linsensystem] • **FR** optique [système de lentilles] • **EN** lens (system) • **PT** sistema ótico [sistema de lentes] **Beispill** deng Spektiv huet eng gutt Optik **3.** (Pluriel Optiken) **DE** Standpunkt, Sicht • **FR** optique, point de vue • **EN** point of view • **PT** ótica, ponto de vista **Beispill** ziel eis d'Geschicht emol aus denger Optik! **Synonymmen** Perspektiv, Siicht

Optiker ['optike] Maskulinum (Pluriel Optiker) **DE** Optiker • **FR** opticien • **EN** optician • **PT** oculista [fabricante, vendedor] **Beispill** den Optiker mécht mer nei Glieser a mäi Gestell

1 Weiblech Form: ↗Optikerin

Optikerin ['optikərin] Femininum (Pluriel Optikerinnen) **DE** Optikerin • **FR** opticienne • **EN** optician [female] • **PT** oculista [fabricante, vendedora] **Beispill** d'Optikerin huet mer e roude Brëll proposéiert

1 Männlech Form: ↗Optiker

optimal ['optima:l] Adjektiv **DE** optimal • **FR** optimal <Adverb de façon optimale> • **EN** optimal <Adverb optimally> • **PT** ótimo <Adverb otimamente> **Beispiller** hei ass déi optimal Plaz, fir eist Zelt opzerichten; ech hat optimalt Wieder an der Vakanz; mir sinn optimal ekipéiert, fir op de Camping ze goen

optiméieren [optim'ziəɾən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé optiméiert) - Variant vun ↗optimiséieren

optimiséieren [optimiz'ziəɾən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé optimiséiert) » **transitiv** **DE** optimieren • **FR** optimiser • **EN** to optimize • **PT** otimizar **Beispill** mat där Technik kann een d'Qualitéit vum Dréckwaasser optimiséieren

1 Variant: optiméieren

Optimismus [optim'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Optimismus • **FR** optimisme • **EN** optimism • **PT** otimismo **Beispill** déi Politikerin straal eng gutt Portioun Optimismus aus

Optimist [optim'ist] Maskulinum (Pluriel Optimisten) **DE** Optimist • **FR** optimiste • **EN** optimist • **PT** otimista **Beispill** hien ass vun Natur aus en Optimist

1 Weiblech Form: ↗Optimistin

optimistesesch [optim'istəʃ] Adjektiv **DE** optimistisch • **FR** optimiste <Adverb avec optimisme> • **EN** optimistic <Adverb optimistically> • **PT** otimista <Adverb com otimismo> **Beispiller** bei all deene Ki musse mer optimistesesch bleiwen!; déi lescht Bulletin in iwuer d'Gesondheet vum President waren optimistesesch; d'Partei sinn déi schwierig Debatten optimistesesch ugaangen

Optimistin [optim'istin] Femininum (Pluriel Optimistinnen) **DE** Optimistin • **FR** optimiste [femme] • **EN** optimist [female] • **PT** otimista [mulher] **Beispill** ech si vun Natur aus Optimistin

1 Männlech Form: ↗Optimist

optional [optʃɔn'a:l] Adjektiv - Variant vun ↗optionell

optionell [optʃɔn'æɛl] Adjektiv **1.** **DE** optional [auf Wunsch] • **FR** optionnel, en option • **PT** opcional, em opção **Beispill** bei dësem Auto sinn d'Liedersëtzer optionell **2.** **DE** optional, wahlweise • **FR** optionnel [donnant lieu à un choix] <Adverb au choix, optionnellement> • **PT** optativo [que envolve uma escolha] <Adverb à escolha> **Beispill** op dëser Sektioon kënnen d'Schüler optionell Spuenesch oder Italieenesch léieren **Synonym** alternativ

1 Variant: optional

Option [opsj'øʊn] Femininum (Pluriel Optionen) **1.** **DE** Option [Möglichkeit] • **FR** option [possibilité] • **EN** option [possibility] • **PT** opção [possibilidade] **Beispill** mir hunn zwou Optionen, entweder mer fuere mam Auto oder mam Zuch **Synonymmen** Alternativ, Méiglechkeet **2.** **DE** Wahlfach • **FR** (matière à) option • **EN** optional subject • **PT** (disciplina de) opção **Beispill** de Schüler huet Biologie als Option gewielt **3.** **DE** Zusatzausstattung, Zusatzangebot • **FR** option [supplément payant] • **EN** option [optional extra] • **PT** extra [suplemento que se paga à parte] **Beispiller** d'Klimaanlag ass an deem Auto eng Option; ouni Optione kascht d'Croisière 1500 Euro **4.** **DE** Vorkaufsrecht • **FR** option [promesse de vente] • **EN** option [to buy, to sell] • **PT** opção de compra **Beispill** mir hunn d'Haus nach net kauft, mer hu just eng Option drop **5.** **DE** Option, Einstellung [einer Software] • **FR** option [d'un logiciel] • **EN** option, preference [for software] • **PT** opção [de um programa informático] **Beispiller** wou fanne ech d'Option, fir d'Sprooch vum Programm ze änneren?; du kanns d'Gréisst vun der Schrëft an den Optionen astellen **Synonym** Astellung

Optrag ['optra:χ] Maskulinum (Pluriel Opträge) **DE** Auftrag [Bestellung] • **FR** ordre (d'achat), commande [d'une marchandise, d'un service] • **EN** order [for goods, for services] • **PT** ordem (de compra), encomenda [de uma mercadoria, de um serviço] **Beispiller** d'Dréckerei krut den Optrag, fir 1000 Exemplare vum Buch ze drécken; dee jonken Architekt huet schon eng ganz Rei interessant Opträge; d'Gewerkschaft huet eng nei Etüd an Optrag ginn [d'Gewerkschaft huet eng nei Etüd bestallt]; de Kënschler realiséiert eng Skulptur am Optrag vun der Gemeng [de Kënschler ass vun der Gemeng chargéiert ginn, fir eng Skulptur ze realisieren]

1 Variant: Opdrag

optrëppelen ['optrəpələn] Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé opgetrëppelt) » **intransitiv** **DE** auftreten [den Fuß aufsetzen] • **FR** poser le pied (par terre) • **EN** to put weight on one's foot • **PT** pousar o pé (no chão) **Beispill** wéinst engem décke Kréien kann ech net richtig optrëppelen **Synonym** optrieden

Optrëtt ['optrət] Maskulinum (Pluriel Optrëtter) **1.** **DE** Auftritt [das Erscheinen auf der Bühne] • **FR** entrée en

scène [d'un artiste] • **EN** *entrance* [on stage] • **PT** *entrada em cena* [de um artista] **Beispill** ech hu mäin Optrétt eréischt am zweeten Akt vum Stéck **2. DE** *Auftritt* [künstlerische Darbietung] • **FR** *prestation* [d'un artiste] • **EN** *performance* [of an artist] • **PT** *atuação* [de um artista] **Beispill** de Publikum war vum Artist sengem Optrétt begeschert **3. DE** *Auftritt* [das Erscheinen in der Öffentlichkeit] • **FR** *apparition* (en public) • **EN** (public) *appearance* • **PT** *aparicação* (em público) **Beispill** haut ass där neier Presidentin hiren éischten offiziellen Optrétt **4. DE** *Auftritt* [Streit] • **FR** *scène, éclat* [dispute] • **EN** *scene, outburst* • **PT** *cena* [disputa] **Beispiller** deen Optrétt do háss de der awer wierklech kënnen spueren!; wéinst denge penibelen Optréttler gëss de geschwé vu kemem méi invitéiert! **Synonym** Zeen

optrieden ['optriədən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé opgetrueden / opgetratt) » **intransitiv 1. DE** *aufreten* [den Fuß aufsetzen] • **FR** *poser le pied* (par terre) • **EN** *to put weight on one's foot* • **PT** *pousar o pé* (no chão) **Beispill** wéinst engem décke Kréina kann ech net richtig optrieden **Synonym** optréppelen **2. DE** *aufreten* [auf einer Bühne] • **FR** *se produire* [s'offrir en spectacle] • **EN** *to perform, to appear* [on stage] • **PT** *subir ao palco, atuar* **Beispill** no enger Ënnerbriechung vun senger Tournée ass de Sänger gëschter fir d'éischt erëm opgetrueden **3. DE** *aufreten* [erscheinen, sich zeigen] • **FR** *se montrer* (en public) • **EN** *to show oneself, to appear* (in public) • **PT** *mostrar-se* (em público) **Beispill** dee fréiere Minister ass scho laang net méi éffentlech opgetrueden **4. DE** *aufreten* [auftauchen] • **FR** *apparaitre, surgir* [événement] • **EN** *to arise* [to occur] • **PT** *aparecer, surgir* [acontecimento] **Beispill** bei der Realisatioun vum Plang si Problemer opgetratt, déi net virausgezegi waren **Synonym** optauchen **5. optrieden** (ewéi) **DE** *sich benehmen* (wie) • **FR** *se comporter* (comme) • **EN** *to act like, to behave like* • **PT** *comportar-se* (como) **Beispill** d'Serveuse trétt op, wéi wann si d'Patronne wier

Optrieden ['optriədən] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Auf-treten* • **FR** *attitude* [manière, comportement] • **EN** *behaviour, conduct* • **PT** *atitude* [maneira, comportamento] **Beispill** säin arrogant Optriede gefält mir guer net

optrompen ['optrɔmpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgetrompt) » **intransitiv DE** *auftrumpfen* [sich großtun] • **FR** *frimer, crâner* • **EN** *to show off, to boast* • **PT** *vangloriar-se, gabar-se* **Beispill** de Wiert wollt mat sengem Wëssen optrompen

opwäerten ['opvɛ:ɣtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgewäert) » **transitiv 1. DE** *aufwerten* [Währung] • **FR** *réévaluer* [une monnaie] • **EN** *to revalue* • **PT** *revalorizar* [uma moeda] **Beispill** d'national Währung gouf iwver Nuecht opgewäert **2. DE** *aufwerten* [bereichern] • **FR** *valoriser* [conférer davantage d'intérêt à] • **EN** *to make more attractive, to add value* to • **PT** *valorizar* [atribuir mais valor a] **Beispill** mat deene renovéierte Fassade gouf déi al Maartplaz opgewäert **Synonym** valoriséieren » **intransitiv 3. DE** *aufwerten* • **FR** *gagner en valeur* [monnaie] • **EN** *to appreciate, to rise in value* • **PT** *revalorizar-se* [moeda] **Beispill** wéinst der widerhi gudder finanzieller Situatioun vum Land wäert déi national Währung stänneg op

Opwäertung ['opvɛ:ɣtʊŋ] Femininum (Pluriel Opwäertungen) **1. DE** *Aufwertung* [einer Währung] • **FR** *réévaluation* [d'une monnaie] • **EN** *revaluation* • **PT** *apreciação, (re)valorização* **Beispill** d'Statistik weist, datt d'Opwäertung vun eiser Währung dem Export geschuet huet **2. DE** *Aufwertung* [Bereicherung] • **FR** *valorisation* [mise en valeur] • **EN** *enhancement* • **PT** *valorização* [aumento do préstimo, do valor] **Beispill** mat deenen neien Trottoire koun et zu enger Opwäertung vum ganze Quartier

opwalen ['opva:lən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé opgewaalt) » **intransitiv DE** *aufwallen* • **FR** *être porté à ébullition* • **EN** *to come to the boil* • **PT** *levantar fervura* **Beispill** déi Zooss däerf net kachen, se soll just opwalen

Opwand ['opvɑŋt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Aufwand* [Einsatz] • **FR** *moyens investis* • **EN** *effort* [trouble] • **PT** *meios investidos* **Beispill** dat daierlecht Resultat war dee groussen Opwand net wäert

opwändeg ['opvændəɕ] Adjektiv **DE** *aufwendig* • **FR** *demandant des moyens considérables* <Adverb à grands frais> • **EN** *elaborate, lavish* <Adverb elaborately, lavishly> • **PT** *que envolve meios consideráveis* <Adverb com meios consideráveis> **Beispiller** et ass eng opwändeg Prozedur, wann ee wëllt e Kand adoptéieren; den Danzsaal war fir de Fuesbal opwändeg dekoréiert

i Varianten: opwänneg, opwendeg, opwenneg

opwänneg ['opvænəɕ] Adjektiv - Variant vun opwändeg

opwäckelen ['opvəkələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé opgewäckelt) » **transitiv DE** *aufwickeln, aufrollen* • **FR** *enrouler* [mettre en bobine, en rouleau] • **EN** *to coil up, to roll up* • **PT** *enrolar* [pôr em bobina, em rolo] **Beispill** hëllef mer dee Kabel opwäckelen!

opweechen ['opvɛ:çən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé opgeweecht) » **intransitiv DE** *aufweichen* [durch Flüssigkeit] • **FR** *se ramollir, se gorgier d'eau* • **EN** *to become soggy* • **PT** *amolecer, encharcar-se* **Beispill** et brauch net laang ze reenen, fir datt hei de Buedem opweecht

opweisen ['opvɔizən] Verb » **transitiv** opzeweisen hunn **DE** *aufzuweisen haben* • **FR** *avoir à son actif, pouvoir présenter* [comme succès, comme réussite] • **EN** *to have something to show for oneself* • **PT** *ter para mostrar* [como sucesso, como éxito], *ter cumprido, ter realizado* **Beispiller** no all deene Joren op der Uni hat hien um Enn net vill opzeweisen; d'Bank huet eng gutt Bilanz opzeweisen

opweises ['opvɔizəs] Adverb opweises hunn **DE** *aufzuweisen haben, aufweisen können* • **FR** *avoir à son actif, avoir accompli* • **EN** *to have to show, to have achieved* • **PT** *ter no seu ativo, ter cumprido* **Beispiller** wat huet dee Kârel opweises?; ech hu mech de ganzen Dag midd gemaach, mee owes hat ech net vill opweises

opwendeg ['opvændəɕ] Adjektiv - Variant vun opwändeg

opwenneg ['opvænəɕ] Adjektiv - Variant vun opwändeg

opwerfen [ˈɔpɐvɛfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé opgeworf) » **transitiv DE** aufwerfen [zur Sprache bringen] • **FR** soulever [une question, un problème] • **EN** to raise, to bring up [a question, a problem] • **PT** levantar [uma pergunta, um problema] **Beispill** de Journalist huet eng interessant Fro opgeworf **Synonym** evoquéieren

opwèschen [ˈɔpvɛʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé opgewëscht) » **transitiv 1. DE** aufwischen [mit einem Lappen aufnehmen] • **FR** essuyer, absorber [en passant la serpillière] • **EN** to wipe up, to mop up • **PT** limpar, absorver [com o pano do chão] **Beispill** kanns de dat Waasser vum Buedem opwèschen? **2. DE** aufwischen [durch Wischen säubern] • **FR** nettoyer (à la serpillière) • **EN** to wipe, to mop • **PT** passar a pano (o chão de) **Beispill** ech muss de Gank nach opwèschen

opwiermen [ˈɔpvi:ɐmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé opgewiermt) » **transitiv 1. DE** aufwärmen • **FR** réchauffer • **EN** to heat up, to warm up • **PT** requentar **Beispiller** ech muss d'Tomatenzoos nach kuerz opwiermen; opgewiermt schmaacht d'Zopp mir am beschten **Synonym** wiermen » **reflexiv 2. DE** sich aufwärmen • **FR** se réchauffer • **EN** to warm oneself up • **PT** aquecer-se **Beispill** ech hu mech mat enger waarmer Taass Téi nees opgewiermt

opwuessen [ˈɔpvuəsən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé opgewuess) » **intransitiv DE** aufwachsen • **FR** grandir, passer son enfance • **EN** to grow up [to be brought up] • **PT** crescer, passar a sua infância **Beispiller** ech sinn an engem klengen Duerf opgewuess; et ass flott, an enger Famill mat ville Kanner opzewuessen **Synonym** grouss ginn

opwullen [ˈɔpvulən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé opgewullt) » **transitiv 1. DE** aufwühlen [umwühlen] • **FR** fouiller, remuer • **EN** to churn up [earth] • **PT** focar, revolver **Beispill** d'Wëllschwäin hunn dem Bauer seng Stécker opgewullt **2. DE** aufwühlen [erregen] • **FR** bouleverser [émouvoir] • **EN** to move, to shake [to distress] • **PT** mexer com [afetar] **Beispill** déi Noriicht huet eis ellen opgewullt

opzéien [ˈɔptsɪəɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé opgezunn) » **transitiv 1. DE** aufziehen [öffnen] • **FR** ouvrir [en tirant] • **EN** to pull open • **PT** abrir [puxando] **Beispiller** ech hunn déi Schwéier Dier mat zwou Hänne opgezunn; wéi d'Leit am Sall roueg waren, gouf de Riddo opgezunn **2. DE** aufziehen [einen Mechanismus] • **FR** remonter [un mécanisme] • **EN** to wind (up) [clockwork] • **PT** dar corda a [um mecanismo] **Beispill** meng Auer ass stoe bliwwen, well ech vergiess hat, se opzezéien **3. DE** aufziehen [anbringen] • **FR** mettre [une housse, un drap] • **EN** to put on, to change [a pillowcase, a cover] • **PT** pôr [uma fronha] **Beispiller** ech muss nei Kappzichen opzezéien; hëllef mer, d'Better opzezéien! [hëllef mer, d'Bettgezei ze wiesselen!] **4. DE** aufziehen [eine Saite] • **FR** monter [une corde d'instrument de musique] • **EN** to change, to replace [the string of a musical instrument] • **PT** armar [uma corda de um instrumento musical] **Beispill** während dem Concert huet de Violonist missen eng nei Sait opzezéien **5. DE** aufziehen [Gestricketes] • **FR** démailler • **EN** to undo, to unravel [knitting] • **PT** desmalhar **Beispill** ech hu mech beim Strécke geiert, elo kann ech erëm alles opzezéien! **6. DE** aufzie-

hen [durch Einsaugen füllen] • **FR** remplir [par aspiration] • **EN** to prepare, to fill [by suction, by aspiration] • **PT** encher [por aspiração] **Beispill** d'Infirmière zitt d'Spréztz op **7. DE** aufziehen [aufkleben] • **FR** coller [sur un support] • **EN** to mount [to fix on a support] • **PT** colar [num suporte] **Beispill** déi Foto kritt méi Halt, wann s de se opzezéie léiss **8. DE** aufziehen [veranstalten] • **FR** organiser [d'une certaine manière] • **EN** to organize, to stage [an event] • **PT** organizar [de uma certa forma] **Beispiller** ech wéilt, mäi Begriefnes géif ewéi eng Hochzäit opgezu ginn!; säi fofzegste Gebuertsdag ass grouss opgezu ginn **9. [ëgs] DE** aufziehen [necken] • **FR** taquiner, charrier • **EN** to tease, to make fun of • **PT** fazer troça de, gozar com **Beispill** meng Geschwëster zéie mech haut nach mat där Blamage op

opzerräissen Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé opzerrass) » **transitiv DE** bis zum Verschleiß tragen [Kleidung] • **FR** porter jusqu'à l'usure [un vêtement] • **EN** to wear out [clothing] • **PT** usar até o desgaste [uma peça de roupa] **Beispiller** als Kand hunn ech mengem grouse Brudder säi Gezei ëmmer missen opzerräissen; mir mussen eise Bop esou opzerräissen, wéi en ass [ëgs] [mir mussen eis dermat offannen, datt eise Bop sech net méi ännert]

i Variant: opzräissen

opzielen [ˈɔptsɪələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé opgezielt) » **transitiv DE** aufzählen • **FR** énumérer • **EN** to enumerate • **PT** enumerar **Beispill** ech kann nach all d'Kanner opzielen, déi bei mir an der Spillschoul waren

Opzielung [ˈɔptsɪəlʊŋ] Femininum (Pluriel Opzielungen) **DE** Aufzählung • **FR** énumération • **EN** enumeration • **PT** enumeração **Beispill** am Guide ass eng Opzielung vun deene schéinsten Aussichtspunkten

opzillen [ˈɔptsɪlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé opgezillt) » **transitiv DE** aufziehen [großziehen] • **FR** élever [un enfant, un jeune animal] • **EN** to raise, to rear [to care for] • **PT** criar [uma criança, um animal jovem] **Beispiller** ech gouf vu menger Bomi opgezillt; de Bauer huet d'Kallef mat der Fläsch opgezillt

opzräissen [ˈɔptsræ:ɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé opzrass / opgezrass) - Variant vun ↗opzerräissen

opzwéngen [ˈɔptsweŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé opgezwongen / opgezwong) » **transitiv DE** aufzwingen • **FR** imposer à [faire accepter à] • **EN** to force on, to impose on • **PT** impor a [fazer aceitar al] **Beispiller** meng Cheffen hu mer déi Aarbecht opgezwongen; ech loosse mer vu kengem eng Meenung opzwéngen

Oral [o:r'al] Maskulinum (Pluriel Orallen) - Variant vun ↗Orall

oral [ɔr'a:] Adjektiv **DE** oral • **FR** oral [par la bouche] <Adverb oralement> • **EN** oral, orally • **PT** oral **Beispill** dëst Medikament kann nëmmen op oralem Wee ageholl ginn

Orall Maskulinum (Pluriel Orallen) **DE** mündliche Prüfung • **FR** (examen) oral • **EN** oral exam • **PT** (exame) oral **Beispiller** de Schüler huet säin Orall gepackt; ech hunn

d'nächst Woch nach zwee Orallen

Orange ['ORÄ:f] Femininum (Pluriel Orangen) **DE** Orange • **FR** orange • **EN** orange • **PT** laranja [fruta] **Beispill** géff mer eng Zeif vun denger Orange!

orange ['ORÄ:f] Adjektiv **DE** orange • **FR** orange • **EN** orange • **PT** cor de laranja **Beispiller** ech di muer mäin orangt Hiem un; ech hu mer an de Solden en orangé Pullover kaaft

Orangëbam Maskulinum (Pluriel Orangëbeem)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Orangëgebeess ['ORÄ:fægəbe:s] Neutrum (Pluriel <seelen> Orangëgebeesser) **DE** Orangenmarmelade • **FR** confiture d'oranges • **PT** doce de laranja **Beispill** ech hunn de Goût vum Orangëgebeess net gär

Orangëjus ['ORÄ:fəʒy:] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Orangensaft [Getränk] • **FR** jus d'orange [boisson] • **EN** orange juice [drink] • **PT** sumo de laranja [bebida] **Beispill** vun alle Jusen hunn ech den Orangëjus am léifsten **2.** (Pluriel Orangëjus / Orangëjusen) **DE** (Glas) Orangensaft • **FR** (verre de) jus d'orange • **EN** (glass of) orange juice • **PT** (copo de) sumo de laranja **Beispill** kéinte mir zwee Orangëjuse kréien, wannechgelift?

Orbit ['ORbit] Maskulinum (Pluriel Orbiter) **DE** Orbit • **FR** orbite [dans l'espace] • **EN** orbit • **PT** órbita [no espaço] **Beispiller** d'Rakéit huet déi zwee Satellitten op Orbit gesat; d'Kosmonaute waren zwee Méint am Orbit

Orchester [ORk'æstə] Maskulinum (Pluriel Orchesteren) **1.** **DE** Orchester [Ensemble] • **FR** orchestre [grand ensemble] • **EN** orchestra [instrumentalists] • **PT** orquestra [grande conjunto] **Beispill** den Dirigent huet dem Orchester den Asaz ginn **2.** **DE** Tanzkapelle • **FR** orchestre (de danse) • **EN** dance band • **PT** banda (de dança) **Beispill** fir eis Hochzäit hu mir en Orchester engagéiert, fir Danzmusek ze spillen

Orchesterstéck [ORk'æstəʃtek] Neutrum (Pluriel Orchesterstécker) **DE** Orchesterstück • **FR** morceau de musique pour orchestre • **EN** piece of orchestral music • **PT** peça musical para orquestra **Beispill** dee Komponist ass bekannt fir seng Transkriptioun vum Orchesterstécker fir de Piano

orchestréieren [ORkæstr'ziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé orchestréiert)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Orchidee [ORçid'e:] Femininum (Pluriel Orchideeën) **DE** Orchidee • **FR** orchidée • **EN** orchid • **PT** orquídea **Beispill** wa mir op Besuch ginn, huele mer nawell gären eng Orchidee mat

Orchideeënzort [ORçid'e:əntsɔRT] Femininum (Pluriel Orchideeënzorten) **DE** Orchideenart • **FR** variété d'orchidée • **EN** variety of orchid • **PT** variedade de orquídea **Beispiller** et ass eng nei Orchideeënzort entdeckt ginn; am Naturschutzgebitt stinn zwou Orchideeënzorten, déi et soss néierens méi gëtt

Ordinalzuel [ORdin'a:Itsuəl] Femininum (Pluriel Ordinalzuelen) **DE** Ordinalzahl • **FR** nombre ordinal • **PT** número ordinal **Beispill** am Lëtzebuergeschen hëlt ee beim Datum Ordinalzuelen

ordinär [ORdin'e:ə] Adjektiv **1.** **DE** ordentlich [planmäßig] • **FR** ordinaire [courant, régulier] • **EN** ordinary, standard, regular • **PT** ordinário [corrente, regular] **Beispiller** am ordinäre Budget muss gespuert ginn; de Staat soll keng Scholden ophuelen, fir ordinär Depensen ze finanzéieren **2.** **DE** ordinär [vulgär, unanständig] • **FR** vulgaire, grossier <Adverb vulgairement, grossièrement> • **EN** vulgar <Adverb vulgarly> • **PT** ordinário, grosseiro <Adverb ordinariamente, grosseiramente> **Beispiller** wat huet deen en ordinäert Mondstéck!; behuel dech net esou ordinär!

ordonéieren [ORdon'ziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ordonéiert) » **transitiv 1.** **DE** anordnen • **FR** ordonner, imposer • **EN** to say [to give orders about] • **PT** ordenar, impor **Beispill** du hues hei näischt ze ordonéieren! **2.** [Administration] **DE** anordnen • **FR** ordonner • **EN** to order • **PT** ordenar **Beispill** de Parquet huet eng Enquête ordonéiert

pachten [p'açtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepacht) » **transitiv** DE *pachten* • FR *prendre à bail, louer* • EN *to rent, to lease* • PT *tomar de arrendamento, arrendar* **Beispiller** de Bauer huert e puer Hektar Land gepacht; mäi Monni huert eng Juegd am Éislek gepacht; dee mengt, en hätt d'Weisheet gepacht [égs] [dee mengt, e wier deen Eenzege, deen alles wéisst]

Päckelchen [p'ækəlçən] Maskulinum (Pluriel Päckelcher) - Diminutivform vun **ᵗPak**

packen [p'akən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepackt) » **transitiv** **1.** DE *tragen können* [*halten können*] • FR *arriver à porter* [*arriver à supporter le poids de*] • EN *to manage to carry* • PT *conseguir levar, conseguir sustentar* [*conseguir aguentar o peso de*] **Beispiller** wa Grëffer um Cageot wieren, géif ech e besser packen; de Bam huert d'Laascht vum Schnéi net méi gepackt **2.** DE *ertragen (können)* • FR (*arriver à supporter* [*pouvoir endurer*]) • EN *to (be able to) stand, to (be able to) bear* • PT (*conseguir*) *suportar* [*poder aguentar*] **Beispiller** all Dag déi selwecht Leier, dat packen ech net méi!; déi Patientin laangt et net méi laang! [égs] [déi Patientin lieft net méi laang]; du hues et nawell laang am Bistro gepackt! [égs] [du bass nawell laang am Bistro bliwwen!] **3.** DE *schaffen, bestehen, bewältigen* • FR *réussir* [*faire avec succès*], *venir à bout de* • EN *to pass* [*an exam, a test*], *to manage* [*to succeed in*] • PT *conseguir* [*fazer com êxito*], *vencer* [*realizar*] **Beispiller** nach e puer Héff, dann hu mer et gepackt!; de Student war glécklech, wéi e säin Exame gepackt hat; de Rescht vun der Aarbecht packen ech eleng; de Cyclist geet aus dem Suedel, fir de Bierg ze packen **4.** DE *beherrschen, kontrollieren* [*eine Person, ein Tier*] • FR (*arriver à*) *venir à bout de*, (*arriver à*) *maîtriser* [*une personne, un animal*] • EN *to manage, to have under control* • PT (*conseguir*) *dominar*, (*conseguir*) *controlar* [*uma pessoa, um animal*] **Beispill** d'Mamm packt hire Lëmmel vu Bouf net méi **Synonym** Meeschter ginn **5.** DE *schaffen* [*essen können, trinken können*] • FR *arriver à manger, arriver à boire* [*une*

certaine quantité • **EN** *to manage* [to be able to eat, to be able to drink] • **PT** *conseguir comer, conseguir beber* [uma certa quantidade] **Beispiller** ech hunn de Bauch voll, ech **packen** näischt méi!; huel der net méi op den Teller, wéi s de **packs**!; dee grouse Bëlles **packt** ouni Weideres eng Dosen Humpen! » **reflexiv 6.** **[ëgs]** **DE** *sich beherrschen* • **FR** *se maîtriser, se contrôler* • **EN** *to control oneself* • **PT** *dominar-se, controlar-se* **Beispiller** ech hu mech vu Roserei net méi **gepackt**!; d'Kanner hu sech vun elauter Freed net méi **gepackt**!; **pack** dech! **Synonym** sech beherrschen

Packung [p'akʊŋ] Femininum (Pluriel Packungen) **DE** *Packung* [Ware und Verpackung] • **FR** *boîte* [emballage et contenu] • **EN** *packet* [packing and contents] • **PT** *pacote* [embalagem e conteúdo] **Beispiller** ech hunn nach eng ganz **Packung** Pëlle géint de Kappwéi am Schaf; de Präis vun enger **Packung** läit bei fofzeg Euro; et louch just nach d'**Packung** do [et louch just nach d'Verpackung do]

pacsen [p'aksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepacst) » **transitiv 1.** **DE** *als Lebenspartner eintragen* • **FR** *pacser* • **EN** *to register as Civil Partners* [PACS] • **PT** *registar como parceiros em união de facto* **Beispiller** de Buergermeeschter huet d'Koppel **gepacst**; si ginn net bestuet, si **gi gepacst** » **reflexiv 2.** **DE** *eine eingetragene Lebenspartnerschaft eingehen* • **FR** *se pacser* • **EN** *to enter into a Civil Partnership, to sign a Civil Solidarity Pact* [PACS] • **PT** *registar-se como parceiros em união de facto* **Beispill** fir sech kënnen ze **pacsen**, muss een eng Rei Krittären erfëllen

Pad [pa:t] Maskulinum (Pluriel Pied) **DE** *Pfad* • **FR** *sentier* • **EN** *path* • **PT** *caminho, caminho, vereda* **Beispiller** dee **Pad** elei ass eng Ofkierzung; laanscht d'**Baach** leeft e **Pad**

Pädagog [pɛ:dag'o:k] Maskulinum (Pluriel Pädagogen) - Variant vun **Pedagog**

pädagogesch [pedag'o:gəʃ] Adjektiv - Variant vun **pedagogesch**

Pädagogik [pedag'o:zik] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **Pedagogik**

Pädagogin [pɛ:dag'o:gin] Femininum (Pluriel Pädagoginnen) - Variant vun **Pedagogin**

Paddel [p'adəl] Maskulinum (Pluriel Paddelen) **DE** *Paddel* • **FR** *pagaie* • **EN** *paddle* • **PT** *pagaia* **Beispill** matzen um Floss ass mir mäi **Paddel** entwuscht

Paddelboot [p'adəlbo:t] Neutrum (Pluriel Paddelbooter) **DE** *Paddelboot* • **FR** *canoë, kayak* • **EN** *paddle boat* • **PT** *canoa, kayak* **Beispill** d'Kanner sinn an engem **Paddelboot** eraus op de Séi gefuer

Paddelbot [p'adəlbo:t] Neutrum (Pluriel Paddelboter) - Variant vun **Paddelboot**

paddelen [p'adələn] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepaddelt) » **intransitiv 1.** **DE** *paddeln* [sich eines Paddels bedienen] • **FR** *pagayer* [se servir d'une pagaie] • **EN** *to paddle* [to use a paddle] • **PT** *pagaiar* [manobrar a pagaia] **Beispill** d'Kanner **hu gepaddelt** ewéi wëll, mee se koumen an der Stréimung net vun der Plaz ♦ **Verb** (Hëllefverb sinn, Participe passé gepaddelt) » **intransitiv 2.** **DE** *paddeln* [sich paddelnd

fortbewegen] • **FR** *pagayer* [se déplacer en pagayant] • **EN** *to paddle* [to move with the help of a paddle] • **PT** *pagaiar* [deslocar-se pagaiando] **Beispill** mir si bis op d'**Insel** **gepaddelt**

Pädophilie [pɛ:dofil'i:] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **Pedophilie**

Paella Femininum (Pluriel Paellaen) **DE** *Paella* • **FR** *paella* • **PT** *paelha* **Beispill** an eng **Paella** gehéiert onbedéngt **Safran**

Päerd [pɛ:ɐ̯t] Neutrum (Pluriel Päerd) **1.** **DE** *Pferd* [Tier] • **FR** *cheval* [animal] • **EN** *horse* [animal] • **PT** *cavalo* [animal] **Beispiller** d'**Päerd** sinn iwuer d'**Weed** galoppéiert; hie schafft ewéi e **Päerd** **[ëgs]** [hie schafft ganz vill]; hien ass staark ewéi e **Päerd** **[ëgs]** [hien ass ganz staark]; eise Chef ass séier um héije **Päerd** **[ëgs]** [eise Chef gëtt séier rosen]; an där Affär hu mer op dat falscht **Päerd** gesat **[ëgs]** [an där Affär hu mer déi falsch Option gewielt]; mat him kanns de **Päerd** stiele goen **[ëgs]** [op hie kanns de dech verloossen]; hien ass dat bescht **Päerd** am Stall **[ëgs]** [hien ass de beschte Matarbechter]; mech brénge keng zéng **Päerd** op d'Achterban! **[ëgs]** [ech ginn op kee Fall op d'Achterban!]; du spaans de Won virun d'**Päerd** **[ëgs]** [du méchs dat fir d'éischt, wat s de fir d'lescht misst maachen] **2.** **DE** *Pferd* [Fleisch] • **FR** *cheval* [viande] • **EN** *horsemeat* • **PT** *carne de cavalo* **Beispill** ech iesse vun Zäit zu Zäit **Fleesch**, mee kee **Päerd** a kee **Wëld** **3.** **DE** *Springer* [Schachfigur] • **FR** *cavalier* [pièce d'échecs] • **EN** *knight* [chess piece] • **PT** *cavalo* [peça de xadrez] **Beispill** de Schachspiller huet gläich am Ufank eent vu senge **Päerd** verluer **4.** **DE** *Pferdestärke, PS* • **FR** *cheval, cheval-vapeur* • **EN** *horsepower* • **PT** *cavalo, cavalo-vapor* **Beispill** wéi vill **Päerd** huet däin **Auto**? **Synonym** PS

Päerdchen [p'ɛ:ɐ̯tçən] Neutrum (Pluriel Päerdercher) - Diminutivform vun **Päerd** **DE** *Karusellpferd* • **FR** *cheval de manège* • **EN** *merry-go-round horse, carousel horse* • **PT** *cavalinho de carrossel* **Beispiller** op dësem **Karusell** sinn d'**Päerdercher** nach aus Holz; all Joer op der Kiermes dréie mir en **Tour** op de **Päerdercher** [all Joer op der Kiermes dréie mir en **Tour** um **Päerdercherspill**]

Päerdercherspill [p'ɛ:ɐ̯dɛçɛspil] Neutrum (Pluriel Päerdercherspiller) **DE** *Karusell* • **FR** *manège* [attraction foraine] • **EN** *merry-go-round, roundabout* • **PT** *carrossel* **Beispill** d'Kanner freeën sech, fir op d'**Päerdercherspill** ze goen **Synonym** **Karusell**

Päerdsbier [p'ɛ:ɐ̯tsbi:ɐ̯] Femininum/Neutrum (Pluriel Päerdsbieren) **DE** *Brombeere* [Frucht] • **FR** *mûre* [fruit] • **EN** *blackberry* [fruit] • **PT** *amora* [fruto da silva] **Beispiller** d'**Päerdsbier** sinn nach net zeideg; wéi mer gëschter wollte **Päerdsbier** plécken, hongen der just nach e puer un der Heck **Synonym** **Schwarzzbier**

i De Genre vum **Wuert** **Päerdsbier**, wann et am Singulier d'**Uebstzort** oder méi **Käre** bezechent, ass **sächlech**: **Ech hu gudd zeidegt** **Päerdsbier** vum **Maart** **matbruecht**. An deem Fall gëtt et keng Plurielsform. Wann d'**Wuert** am Singulier en eenzle **Kär** bezechent, kann et weiblech oder sächlech sinn: **Ech hunn eng** **Päerdsbier** **giess** oder **Ech hunn e** **Päerdsbier** **giess**. An deem Fall gëtt et eng Plurielsform: **Et si mer zwou** **Päerdsbieren** **op de** **Buedem** **gefall** oder **Et si mer zwee** **Päerdsbieren** **op de** **Buedem** **gefall**. Dee weibliche Genre ass haut méi gebräichlech ewéi dee sächlechen.

Päerdsbier Neutrum (kee Pluriel) **DE** Brombeeren [Früchte] • **FR** mûres [fruits] • **EN** blackberries [fruits] • **PT** amoras [frutos da silva] **Beispiller** d'Päerdsbier ass nach net zeideg; déi nach e puer Käre Päerdsbier an d'Uebstzalot! **Synonym** Schwaarzbier

i De Genre vum Wuert **Päerdsbier**, wann et am Singulier d'Uebstzort oder méi Käre bezeechent, ass sächlech: **Ech hu gutt zeidegt Päerdsbier vum Maart matbruecht**. An deem Fall gëtt et keng Plurielsform. Wann d'Wuert am Singulier en eenzele Kär bezeechent, kann et weiblech oder sächlech sinn: **Ech hunn eng Päerdsbier giess** oder **Ech hunn e Päerdsbier giess**. An deem Fall gëtt et eng Plurielsform: **Et si mer zwou Päerdsbieren op de Buedem gefall** oder **Et si mer zwee Päerdsbieren op de Buedem gefall**. Dee weibleche Genre ass haut méi gebräichlech ewéi dee sächlechen.

Päerdsbiersgebeess [p'ɛ:ɔtsbi:ɛsgəbe:s] Neutrum (Pluriel <seelen> Päerdsbiersgebeesser) **DE** Brombeermarmelade • **FR** confiture de mûres • **PT** doce de amora **Beispill** de Moien hunn ech eng gutt Schmier mat Päerdsbiersgebeess giess **Synonym** Schwaarzbiersgebeess

Päerdsbiersjelli [pɛ:ɔtsbi:ɛsʒ'æli:] Maskulinum (Pluriel <seelen> Päerdsbiersjellien) **DE** Brombeergelee • **FR** gelée de mûres • **PT** geleia de amora **Beispill** kanns de e Glas Päerdsbiersjelli aus der Spënnche matbréngen? **Synonym** Schwaarzbiersjelli

Päerdsbifdeck [pɛ:ɔtsb'ɪfdæk] Maskulinum (Pluriel Päerdsbifdecker) **Gastronomie** **DE** Pferdesteak • **FR** steak de cheval • **EN** horse steak • **PT** bife de cavalo **Beispill** eng Spezialitéit vun dësem Restaurant ass Päerdsbifdeck mat enger schaarfer Zooss

i Variant: Päerdsbüfdeck

Päerdsbüfdeck [pɛ:ɔtsb'yfdæk] Maskulinum (Pluriel Päerdsbüfdecker) - Variant vun ↗Päerdsbifdeck

Päerdsfleesch [p'ɛ:ɔtsfle:] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Pferdefleisch • **FR** viande de cheval • **EN** horse meat • **PT** carne de cavalo **Beispiller** de Konsum vu Päerdsfleesch ass an de leschte Jore staark zeréckgaangen; d'Päerdsfleesch huet e séisselzege Gout

Päerdshoer [p'ɛ:ɔtsho:e] Neutrum (Pluriel Päerdshoer) **DE** Pferdehaar, Rosshaar • **FR** crin [de cheval] • **EN** horsehair • **PT** crina de cavalo **Beispill** eis antik Fotelle sinn nach mat Päerdshoer gepolstert

Päerdsknoll Femininum (Pluriel Päerdsknollen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Päerdskutsch Femininum (Pluriel Päerdskutschen) **DE** Pferdewagen, Pferdeutsche • **FR** voiture attelée, calèche **Beispiller** fréier hunn d'Leit wäit Strecke mat der Päerdskutsch zeréckgeluecht; d'Braut gouf mat der Päerdskutsch bis bei d'Kierch gefouert

Päerdsmäsch [p'ɛ:ɔtsmæʃt] Femininum (kee Pluriel) **DE** Pferdemist • **FR** fumier de cheval • **EN** horse manure • **PT** estrume de cavalo **Beispill** eisen Noper düngt säi Gaart nëmme mat Päerdsmäsch

Päerdsrass [p'ɛ:ɔtsras] Femininum (Pluriel Päerdsrassen) **DE** Pferderasse • **FR** race de cheval • **EN** horse breed • **PT** raça de cavalos **Beispill** wéi bezeechen d'Spezialisten dës Päerdsrass?

Päerdschwanz [p'ɛ:ɔtsʃwants] Maskulinum (Pluriel Päerdschwanz) **DE** Pferdeschwanz [Haarschopf] • **FR** queue de cheval [coiffure] • **EN** ponytail • **PT** rabo de cavalo [penteado] **Beispill** fir joggen ze goen, maachen ech mer ëmmer e Päerdschwanz

Päerdsstall [p'ɛ:ɔtsʃtal] Maskulinum (Pluriel Päerdsstall) **DE** Pferdestall • **FR** écurie [bâtiment] • **EN** stable [building] • **PT** cavalaria, estabaria **Beispill** d'Kanner si mam Bauer an de Päerdsstall gaangen, fir dat neit Füllen ze kucken

Päertchen [p'ɛ:ɔtʃən] Femininum (Pluriel Päertchen) - Diminutivform vun ↗Paart

Paf [pa:f] Maskulinum (Pluriel Pafen) **1.** **pejorativ** **DE** Paffe • **FR** cureton, curailon • **EN** priestling, shaveling • **PT** padreco, sotaina **Beispill** ech gleewe scho laang net méi, wat d'Pafen an der Mass priedegen **2.** **pejorativ** **DE** Frömmeler • **FR** bigot, cabotin • **EN** sanctimonious person, overpious person, bigot • **PT** beato, carola **Beispill** als gudder Paf geet hien all Sonndeg an d'Mass **3.** **pejorativ** **DE** Anhänger des christlichen Konservatismus, Christlich-Konservativer • **FR** partisan de la droite chrétienne • **EN** Christian Conservative • **PT** partidário da direita cristã **Beispill** déi Pafe kréie vu mir keng Stëmm!

Pafeberg [p'a:fəbi:ɛɔ] Eegennumm **DE** Pfaffenberg • **FR** Pfaffenberg • **EN** Pfaffenberg • **PT** Pfaffenberg **Beispiller** ech wunnen um Pafeberg; fiert dëse Bus op de Pafeberg?

Pafeberg [p'a:fəbi:ɛɔ] Eegennumm **DE** Pafeberg • **FR** Pafeberg • **EN** Pafeberg • **PT** Pafeberg **Beispiller** waars de schon eng Kéier um Pafeberg?; mir sinn de Weekend op de Pafeberg gewandert

Pafebruch [p'a:fəbrʊx] Eegennumm **DE** Pafebruch • **FR** Pafebruch • **EN** Pafebruch • **PT** Pafebruch **Beispiller** ech wunnen am Pafebruch; fiert dëse Bus an de Pafebruch?

Pafefrësser [p'a:fəfrəsɛ] Maskulinum (Pluriel Pafefrësser) **égs** **DE** Pfaffenhasser, Kirchenfeind • **FR** bouffeur-curé • **EN** enemy of the church, anticlerical • **PT** inimigo da padralhada **Beispill** als Student war hie staark lénks engagéiert an als Pafefrësser bekannt

i Weiblech Form: ↗Pafefrëssesch

Pafefrëssesch [p'a:fəfrəsɛʃ] Femininum (Pluriel Pafefrësseschen) **égs** **DE** Pfaffenhasserin, Kirchenfeindin • **FR** bouffe-curé [femme]

i Männlech Form: ↗Pafefrësser

pafeg [p'a:fəɔ] Adjektiv **1.** **pejorativ** **DE** bigot • **FR** bigot, bondieusard • **PT** beato, carola **Beispill** eis pafeg Nopere schwätzen net mat eis, well mer net an der Kierch bestuet goufen **Synonym** verpaaft **2.** **pejorativ** **DE** christlich-konservativ, erzkonservativ • **FR** chrétien conservateur, ultraconservateur • **PT** cristão conservador, ultraconservador **Beispill** eis sozialisteschen Buergermeeschteschen huet sécher keng Stëmm vu menge pafegen Nopere kritte! **Synonym** verpaaft

Pafemillen [p'a:fəmilən] Eegennumm **DE** Fünfbrunnen • **FR** Cinqfontaines • **EN** Cinqfontaines • **PT** Cinqfontaines **Beispiller** ech wunnen op der Pafemillen; fiert dëse Bus op d'Pafemillen?

I Lokalvariant: Fünfbrunnen

Pafendall [p'a:fənda] Eegennumm **DE** Pfaffenthal • **FR** Pfaffenthal • **EN** Pfaffenthal • **PT** Pfaffenthal **Beispiller** ech wunnen am Pafendall; fiert dëse Bus an de Pafendall?

paff [paf] Adjektiv **DE** baff, verblüfft • **FR** stupéfait • **EN** stunned, astonished • **PT** estupefacto **Beispill** ech war esou paff, datt ech kee Wuert méi erauskru! **Synonym** platt

paffen [p'afən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé gepafft) » **transitiv 1.** **[ëgs]** **DE** paffen • **FR** griller, fumer [sans avaler la fumée] • **EN** to puff, to puff on [to smoke without inhaling] • **PT** bafar, fumar [sem tragar] **Beispill** mäi Bopi huet gemittlech en Zigar gepafft » **intransitiv 2.** **[ëgs]** **DE** paffen • **FR** crapoter • **EN** to puff [to smoke without inhaling] • **PT** fumar sem tragar **Beispill** hie fëmmt net op d'Long, e paff just

PAG Maskulinum (Pluriel PAGen) **DE** Flächennutzungsplan • **FR** plan d'aménagement général • **PT** plano geral de ordenamento **Beispiller** deen neie PAG gouf haut vum Gemengerot gestëmmt; d'Gesetz definéiert d'Prozedur, déi bei enger Modifikatioun vum PAG muss agehale ginn

Pai [pai] Femininum (Pluriel Paien) **DE** Lohn • **FR** salaire • **EN** pay, salary • **PT** salário, ordenado, vencimento **Beispill** de Comptabel rechent den Aarbechter hir Paien aus **Synonymmen** Gehalt, Loun, Salaire

Paias Maskulinum (Pluriel Paiassen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Paias / Paillasse

Paiement Maskulinum/Neutrum (Pluriel Paiementer)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Päif [pæ:ɪf] Femininum (Pluriel Päifen) **1.** **DE** Pfeife [Instrument] • **FR** sifflet [instrument] • **EN** whistle • **PT** apito [instrumento] **Beispiller** dem Polizist seng Päif war net ze iwwerhéieren; mir müssen no senger Päif danzen **[ëgs]** [mir musse maachen, wat hie seet] **2.** **DE** Pfeife [Tabakspfeife] • **FR** pipe [à tabac] • **EN** pipe [tobacco pipe] • **PT** cachimbo [de tabaco] **Beispiller** de Pätter klappt seng Päif aus; et ass eng Konscht, eng Päif richtig unzefëmme **3.** **DE** Pfeife [Orgelpfeife] • **FR** tuyau [d'orgue] • **EN** pipe [organ pipe] • **PT** tubo [de órgão] **Beispill** dës Uergel huet eng honnert Päifen **Synonym** Uergelpäif **4.** **DE** Pfeife [Ofenpfeife] • **FR** tuyau [de poêle] • **EN** stovepipe • **PT** tubo [de fogão] **Beispiller** et gëtt Zäit, datt de Papp d'Päif vun der Kachmaschinn botzt; déi Sue sinn d'Päif aus! **[ëgs]**; déi Sue sinn duerch d'Päif! **[ëgs]** [déi Sue si fort]; den Abriecher war schonn duerch d'Päif, wéi d'Police koum **[ëgs]** [den Abriecher war scho fort, wéi d'Police koum] **5.** **[ëgs]** **[pejorativ]** **DE** Pfeife [Nichtskönner(in)] • **FR** nullarde(e) • **EN** dunce, duffer • **PT** nulidade [pessoa] **Beispill** ech sinn eng Päif am Franséischen **Synonym** Null

Päifekapp Maskulinum (Pluriel Päifekäpp)

I Hei entsteet en neien Artikel.

päifen [p'æ:ɪfən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé gepafft) » **transitiv 1.** **DE** pfeifen [ein Lied, eine Melodie] • **FR** siffler, siffloter [une chanson, une mélodie] • **EN** to whistle [a song, a tune] • **PT** assobiar [uma canção, uma melodia] **Beispill** mäi Bopi päift ëmmer déi selwecht Weis, wann en am Keller koschtert **2.** **DE** pfeifen, Schiedsrichter sein bei, (als Schiedsrichter) leiten • **FR** arbitrer [au sifflet] • **EN** to referee • **PT** apitar [arbitrar com o apito] **Beispill** wie päift e Sonndeg de Match? **3.** **DE** pfeifen [pfeifend anzeigen] • **FR** siffler [pour signaler] • **EN** to whistle [as a signal] • **PT** apitar [para assinalar] **Beispill** den Arbieter huet en Eefemeter gepafft » **intransitiv 4.** **DE** pfeifen [Mensch, Tier] • **FR** siffler [personne, animal] • **EN** to whistle [person, animal] • **PT** assobiar [pessoa, animal] **Beispiller** hie ka richtig gutt päifen; ech lauschtere gär no, wann d'Villercher päifen; mat deem Sonnestach kriss de nach ze päifen! **[ëgs]** [mat deem Sonnestach kriss de nach vill Péng auszestoen!]; wéi de Politiker op d'Bün koum, **hunn** d'Leit gepafft [⇒ fir ze weisen, datt se net averstane mat him waren] **5.** **DE** pfeifen [mit einem Instrument] • **FR** siffler [à l'aide d'un instrument] • **EN** to whistle, to blow a whistle • **PT** apitar [com um instrumento] **Beispiller** wéi de Schaffner gepafft huet, ass den Zuch gefuer; den Arbieter huet gepafft, well de Ball iwwer d'Linn war; hie päift um leschte Lach! **[ëgs]** [hien ass finanziell schlecht drun; hien ass gesondheetlech schlecht drun]; mäi Vëlo päift um leschte Lach! **[ëgs]** [mäi Vëlo ass geschwé ganz futti] **6.** **DE** pfeifen [einen Pfeifton erzeugen] • **FR** siffler [produire un sifflement] • **EN** to whistle [to produce a sound] • **PT** assobiar [produzir um assobio] **Beispiller** de Biz päift, wann d'Waasser kacht; iwwer d'Éisleker Héichten huet e raue Wand gepafft **7.** **[ëgs]** päifen op **DE** pfeifen auf • **FR** se fier de • **EN** to not give a toss about, to be indifferent to • **PT** estar-se marimbando para **Beispiller** ech päifen der op deng Gromperen, géff mir léiwer nach eng Tranche Ham!; hie päift op déi déck Pai, aner Saache si fir hie méi wichteg

I Verben, déi **päifen** als Basis **hunn**: ↗auspäifen, ↗nopäifen, ↗ofpäifen, ↗upäifen an ↗zeréckpäifen

Päifint [p'æ:ɪfɪnt] Femininum (Pluriel Päifinten) **Anas penelope** **DE** Pfeifente • **FR** canard siffleur • **EN** Eurasian wigeon • **PT** pato-piadeiro **Beispill** wéi laang bréien d'Päifinten?

Paillasse Maskulinum (Pluriel Paillassen) - Variant vun ↗Paias

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Paillasse / Paias

Paillette [p'ajæ:t] Femininum (Pluriel Pailletten) **DE** Paillette • **FR** paillette [de décoration] • **EN** paillette, sequin • **PT** lantejoula **Beispill** d'Dänzerin hat e Kleed mat Pailletten un

Päinetsch [p'æ:ɪnætʃ] Maskulinum (kee Pluriel) **[vereelt]** **DE** Spinat • **FR** épinard [plante] • **EN** spinach • **PT** espinafre **Beispill** ech maachen e bësse Knuewelek an de Päinetsch **Synonym** Spinat

Pain surprise Maskulinum (Pluriel Pain-surprisesen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Päiperlek [p'æ:ɪpelek] Maskulinum (Pluriel Päiperleken) **DE** Schmetterling [Insekt] • **FR** papillon [insecte] •

EN *butterfly* • PT *borboleta [inseto]* **Beispill** am Summer hu mer de Gaart voller Päiperleken

Päischtdënschdeg Maskulinum (Pluriel Päischtdënschdeger) DE *Dienstag nach Pfingsten* • FR *mardi de la Pentecôte* • EN *Whit Tuesday, Pentecost Tuesday* • PT *terça-feira de Pentecostes* **Beispill** Päischtdënschdeg komme vill Leit wéinst der Sprangpressiou op Iechternach

i Varianten: Päischtdënschden, Pëngschtdënschdeg, Pëngschtdënschden

Päischtdënschden Maskulinum (Pluriel Päischtdënschdeger) - Variant vun ↗Päischtdënschdeg

Päischten [p'æ:ɪftən] Neutrum (Pluriel Päischten) 1. DE *Pfingsten* • FR *Pentecôte* • EN *Whitsun* • PT *Pentecostes* **Beispill** Päischten ass e chrëschtlecht Fest 2. DE *Pfingstfeiertage* • FR *fêtes de la Pentecôte [week-end de la Pentecôte]* • EN *Whit weekend, Whitsuntide* • PT *fim de semana de Pentecostes* **Beispill** Päischte maache mir all Joer eng kleng Rees

i Variant: Pëngschten

Päischtméindeg Maskulinum (Pluriel Päischtméindeger) DE *Pfingstmontag* • FR *lundi de (la) Pentecôte* • EN *Whit Monday, Pentecost Monday* • PT *segunda-feira de Pentecostes* **Beispill** well Päischtméindeg fräi ass, profitiere vill Leit vum verlängerte Weekend fir fortzefueren

i Varianten: Päischtméinden, Pëngschtméindeg

Päischtméinden Maskulinum (Pluriel Päischtméindeger) - Variant vun ↗Päischtméindeg

i Variant: Pëngschtméinden

Päischtrous [p'æ:ɪftʁəʊs] Femininum (Pluriel Päischtrousen) DE *Pfingstrose* • FR *pivoine* • EN *peony* • PT *peónia* **Beispill** an de Gäert bléien déi eischt Päischtrousen

i Variant: Pëngschtrous

Päischtsoundeg Maskulinum (Pluriel Päischtsoundeger) DE *Pfingstsonntag* • FR *dimanche de (la) Pentecôte* • EN *Whit Sunday, Pentecost* • PT *domingo de Pentecostes* **Beispill** 2019 ass Mammendag op Päischtsoundeg gefall

i Varianten: Päischtsounden, Pëngschtsoundeg

Päischtsounden Maskulinum (Pluriel Päischtsoundeger) - Variant vun ↗Päischtsoundeg

i Variant: Pëngschtsounden

Päischtvakanz [p'æ:ɪftvakants] Femininum (Pluriel Päischtvakanzen) DE *Pfingstferien* • FR *vacances de (la) Pentecôte* • EN *Whit(sun) holidays* • PT *férias de Pentecostes* **Beispill** d'Päischtvakanz notze vill Leit, fir eng Croisière ze maachen

i Variant: Pëngschtvakanz

Päischtwoekend Maskulinum (Pluriel Päischtwoekender) DE *Pfingstwochenende* • FR *week-end de (la) Pentecôte* • EN *Whit weekend, Pentecost weekend* • PT *fim de semana de Pentecostes* **Beispill** fir de Päischtwoekend hu mir eng kleng Vakanz geplangt

i Variant: Pëngschtwoekend

Paiziedel [p'aɪtsiədəl] Maskulinum (Pluriel Paiziedelen) DE *Lohnzettel* • FR *fiche de paie* • EN *payslip* • PT *folha de vencimento* **Beispill** wie bei der Bank wëllt Sue léinen, muss seng dräi lescht Paiziedele virleeën

Pak [pa:k] Maskulinum (Pluriel Päck) 1. DE *Paket [Postsendung, Geschenk]* • FR *paquet [colis, cadeau]* • EN *packet, parcel* • PT *pacote, embrulho [envio postal, presente]* **Beispiller** mir mussen e Pak op d'Post siche goen; dee gréisste Pak enner dem Chrëschtbeemche war fir mech!; hien ass mat Sak a Pak verschwonnen ^[ëgs] [hien ass mat allem, wat en hat, verschwonnen] 2. DE *Packung, Schachtel* • FR *paquet, sachet [emballage et contenu]* • EN *pack [packet and content]* • PT *pacote, maço [embalagem e conteúdo]* **Beispiller** bréngs de mer e Pak Zigarette vun der Tankstell mat?; fir den Aperitif ass just nach ee Pak Chipsen do 3. DE *Stapel, Bündel* • FR *pile, liasse* • EN *stack, bundle* • PT *pilha, maço* **Beispiller** eise Comptabel huet mir de Mueren e ganze Pak Dossieren op de Büro geluecht; firwat hues du e ganze Pak Schäiner an der Paltongstäsch?

Pak [pa:k] Maskulinum (kee Pluriel) ^[graaf] ^[pejorativ] DE *Pack [Gesindel]* • FR *racaille* • EN *riff-raff, rabble* • PT *ralé [súcia]* **Beispiller** hal dech dach net mat deem Pak op!; Pak zerschléit sech, Pak verdréit sech! [wa Pak streit, ass et ni fir laang] **Synonymmen** Buttek, Kreemchen, Krom

paken [p'a:kən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepaakt / gepak) » **transitiv** 1. DE *packen [füllen]* • FR *préparer, faire [en remplissant]* • EN *to pack [to fill]* • PT *preparar, fazer [enchendo]* **Beispiller** pak däi Schoulsak owes, da brauchts de dech mueres net esou ze fläissen!; hues de deng Wallis scho gepaakt? 2. paken an DE *packen in [einpacken in]* • FR *mettre dans, envelopper dans* • EN *to pack in, to wrap in* • PT *meter em, envolver em* **Beispiller** pak déi al Bicher all an eng Këscht!; d'Mamm hat de kranke Puppelchen an eng Decke gepaakt 3. DE *packen [rühren, zu Herzen gehen]* • FR *toucher, émouvoir* • EN *to move, to touch* • PT *tocar, comover, emocionar* **Beispill** dem Paschtouer seng Ried um Begriefnes huet d'Leit gepaakt **Synonymmen** ergräifen, reieren 4. DE *packen [fesseln, begeistern]* • FR *captiver* • EN *to captivate [to fascinate]* • PT *cativar [arrebatar, entusiasmar]* **Beispill** de Krimi, deen s de mer geléint hues, huet mech vun der eischer Säit u gepaakt 5. ze pake kréien DE *packen können, zu fassen bekommen* • FR *réussir à attraper* • EN *to manage to catch* • PT *conseguir apanhar, conseguir apagar* **Beispiller** de Golkipp krut de Ball nach just ze paken; hie krut mam viischte Pneu den Trottoir ze paken [hien ass mam viischte Pneu an den Trottoir gerannt]; et kritt een eise Chef seelen ze paken ^[ëgs] [et huet ee seelen d'Geleeënheet, fir mat eisem Chef ze schwätzen]; ech kréien de Sënn vun deem Gedicht net ze paken ^[ëgs] [ech verstinn de Sënn vun deem Gedicht net]; pass op, wann ech dech ze pake kréien! ^[ëgs] [⇒ seet een zu engem, fir em ze dreeën] **Synonym** erwätschen

i Verben, déi **paken** als Basis hunn: ↗apaken, ↗auspaken, ↗ëm-paken, ↗upaken an ↗zesummepaken

Pakistan [p'akista:n] Eegennumm, Maskulinum / Neutrum DE *Pakistan* • FR *Pakistan* • EN *Pakistan* • PT *Paquistão* **Beispiller** ech war skiston dräimol am Pakistan; ech fueren d'nächst Woch an de Pakistan; ech kom-

men aus dem Pakistan; ech war schonn dräimol a Pakistan; ech fueren d'nächst Woch a Pakistan; ech kommen aus Pakistan

i männlech Persoun: ↗Pakistaner weiblech Persoun: ↗Pakistanerin Adjektiv: ↗pakistanesch Haaptstad: ↗Islamabad

Pakistaner [pakist'a:nə] Maskulinum (Pluriel Pakistaner) **DE** *Pakistaner* • **FR** *Pakistanaïs* • **EN** *Pakistani* • **PT** *paquistanês* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Pakistaner

Pakistanerin [pakist'a:nərin] Femininum (Pluriel Pakistanerinnen) **DE** *Pakistanerin* • **FR** *Pakistanaise* • **EN** *Pakistani [female]* • **PT** *paquistanesa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Pakistanerin

pakistanesch [pakist'a:nəʃ] Adjektiv **DE** *pakistanisch* • **FR** *pakistanaïs* • **EN** *Pakistani* • **PT** *paquistanês* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi pakistanesch Kultur kenne geléiert

Pakpabeier [p'a:kpabəiə] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Packpapier* • **FR** *papier kraft, papier d'emballage* • **EN** *brown paper, kraft paper* • **PT** *papel de embrulho, papel de embalagem* **Beispill** hu mer nach Pakpabeier, fir déi Bicher hei anzewéckelen?

Pakt [pakt] Maskulinum (Pluriel Pakten / Pakter) **1.** **DE** *Pakt [Vereinbarung]* • **FR** *pacte [convention]* • **EN** *pact [agreement]* • **PT** *pacto [convenção]* **Beispill** téschent deene véier Länner besteet e militäresche Pakt **2.** **DE** *Pakt [Dokument]* • **FR** *pacte [document]* • **EN** *pact [document]* • **PT** *pacto [documento]* **Beispill** d'Presidenten hunn de Pakt ënnerschriwwen

paktéieren [pakt'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé paktéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Palais [palɛ:] Maskulinum (Pluriel Palaisen) **DE** *Palast* • **FR** *palais [résidence]* • **EN** *palace* • **PT** *palácio* **Beispill** de Staatschef huet déi nei Ambassadeuren a sengem Palais empfaangen; wat hunn déi sech do e Palais opgeriicht! **[əgs]** [wat hunn déi sech do eng grouss Villa opgeriicht!]

Palästina [palæst'i:na:] Eegennumm, Neutrum **DE** *Palästina* • **FR** *Palestine* • **EN** *Palestine* • **PT** *Palestina* **Beispill** ech war schonn dräimol a Palästina; ech fueren d'nächst Woch a Palästina; ech kommen aus Palästina

i männlech Persoun: ↗Palästinenser weiblech Persoun: ↗Palästinenserin Adjektiv: ↗palästinensesch Haaptstad: ↗Ramallah

Palästinenser [palæstin'ænzə] Maskulinum (Pluriel Palästinenser) **DE** *Palästinenser* • **FR** *Palestiniens* • **EN** *Palestinian* • **PT** *palestiniano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Palästinenser

Palästinenserin [palæstin'ænzərin] Femininum (Pluriel Palästinenserinnen) **DE** *Palästinenserin* • **FR** *Palestinienne* • **EN** *Palestinian [female]* • **PT** *palestiniana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Palästinenserin

palästinensesch [palæstin'ænzəʃ] Adjektiv **DE** *palästinensisch* • **FR** *palestiniens* • **EN** *Palestinian* • **PT** *palestiniano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi palästinensesch Kultur kenne geléiert

palatal [p'alata:] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Palau [pal'ʊ] Eegennumm, Neutrum **DE** *Palau* • **FR** *Palaoas* • **EN** *Palau* • **PT** *Palau* **Beispill** ech war schonn dräimol op Palau; ech fueren d'nächst Woch op Palau; ech komme vu Palau

i männlech Persoun: ↗Palauer weiblech Persoun: ↗Palauerin Adjektiv: ↗palauesch Haaptstad: ↗Ngerulumud

Palauer [pal'ʊə] Maskulinum (Pluriel Palauer) **DE** *Palauer* • **FR** *Palaosien* • **EN** *Palauan* • **PT** *palauano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Palauer

Palauerin [p'alʊərin] Femininum (Pluriel Palauerinnen) **DE** *Palauerin* • **FR** *Palaosienne* • **EN** *Palauan [female]* • **PT** *palauana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Palauerin

palauesch [pal'ʊəʃ] Adjektiv **DE** *palausch* • **FR** *palauan* • **EN** *Palauan* • **PT** *palauano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi palauesch Kultur kenne geléiert

Palaver [pal'a:və] Maskulinum (Pluriel Palaveren) **[pejorativ]** **DE** *Palaver* • **FR** *palabres [discussion interminable]* • **EN** *palaver [discussion]* • **PT** *palavreado [verborrea]* **Beispill** trotz hirem laange Palaver konnten se sech net eenegen **Synonym** Discours

palaveren [pal'a:vərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé palavert) » **intransitiv** **[pejorativ]** **DE** *palavern* • **FR** *palabrer* • **EN** *to palaver* • **PT** *palavrear* **Beispill** amplaz de Feeler ze behiewen, hunn d'Experte stonnelaang iwwer d'Ursach vum Problem palavert

Palier [p'aljɛ:] Maskulinum (Pluriel Palieren) **1.** **DE** *Treppenabsatz, Etage* • **FR** *palier [plateforme d'escalier, étage]* • **EN** *landing [of a staircase]* • **PT** *patamar, andar* **Beispill** well ech mäi Schlëssel vergiess hat, hunn ech um Palier op meng Fra gewaart; d'Nopesch bleift ëmmer um éischte Palier stoen, fir sech e bëssen ze erblosen; et wunnen dräi Familien um selwechte Palier **2.** **DE** *Stufe [in einer grafischen Kurve]* • **FR** *palier [d'un graphique]* • **EN** *point, plateau [on a graph, on a curve]* • **PT** *patamar [de um gráfico]* **Beispill** wéi kann een deen drëtte Palier an der Kurv vum Pétrolspräis erklären?

Palikir Eegennumm **DE** *Palikir* • **FR** *Palikir* • **PT** *Paliquir* **Beispill** Palikir ass d'Haaptstad vun de Federéierte Staate vu Mikronesien

Palissad [palis'a:t] Femininum (Pluriel Palissaden) **DE** *Bretterzaun* • **FR** *palissade [clôture]* • **EN** *wooden fence, hoarding* • **PT** *paliçada [tapume]* **Beispill** ronderëm de Chantier gouf eng Palissad opgeriicht

Pall [pal] Eegennumm **DE** *Pall* • **FR** *Pall* • **EN** *Pall* • **PT** *Pall* **Beispill** d'Pall leeft bei Rächel an d'Atert

Palladium [p'ala:djʊm] Maskulinum (kee Pluriel) **[Chimie]** **DE** *Palladium [chemisches Element]* • **FR** *palladium [élément chimique]* • **EN** *palladium [chemical element]* • **PT** *paládio [elemento químico]* **Beispill** d'Element Palladium gehéiert zum Grupp vun den Iwwer-gangsmetaller

Pallasbliedervillchen [p'alasbliədɛfɪlçən] Maskulinum (Pluriel Pallasbliedervillercher) Phyllo-

scopus proregulus **DE** Goldhähnchenlaubsänger • **FR** pouillot de Pallas • **EN** Pallas's leaf-warbler • **PT** estrelinha-de-pallas **Beispill** wéi laang bréien d'Pallas-bliedervillercher?

Pällem [p'æləm] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Buchsbaum • **FR** buis • **EN** box (tree) • **PT** buxo **Beispiller** an der Zäit hate vill Gaardepied eng Bordür aus Pällem; am Weiwaasseschdëppche läit eng Strauss Pällem fir ze seenen

Pällemsondeg [p'æləmzondæg] Maskulinum (Pluriel Pällemsondeger) **DE** Palmsonntag • **FR** Dimanche des Rameaux • **EN** Palm Sunday • **PT** domingo de Ramos **Beispill** op Pällemsondeg gëtt an der Kierch de Pällem geseent

i Variant: Pällemsonnden

Pällemsonnden Maskulinum (Pluriel Pällemsondeger) - Variant vun ↗Pällemsondeg

Pallett Femininum (Pluriel Palletten) **1. DE** Palette [für Stapelgüter] • **FR** palette [de chargement] • **EN** pallet [for loads] • **PT** paleta [de carregamento] **Beispiller** eisen neie Camion huet e Gräifaarm, fir d'Palletten op- an ofzelueden; mir kruten dräi Palette Plättercher geliwert **2. DE** Palette [zum Farbmischen] • **FR** palette [de peintre] • **EN** palette [for mixing paint] • **PT** paleta [de pintar] **Beispill** de Musée stellt d'Palette vun e puer bekannte Moler aus **3. DE** Palette [Vielfalt] • **FR** palette [gammelle] • **EN** range, assortment • **PT** gama, leque **Beispill** d'Vendeuse huet eis eng ganz Pallett Kaffismaschine gewisen **Synonym** Gamm

palliatiiv [paljɑt'i:f] Adjektiv **DE** palliativ • **FR** palliatif • **EN** palliative • **PT** paliativo **Beispill** d'palliatiiv Méiglecheete vun haut maachen dem stierweskranken Patient seng lescht Zäit esou liicht ewéi méiglech

Palliativfleeg [paljɑt'i:flɛ:ç] Femininum (kee Pluriel) **DE** Palliativpflege • **FR** soins palliatifs • **EN** palliative care • **PT** cuidados paliativos **Beispill** d'Palliativfleeg an d'Euthanasie sinn zu Lëtzebuerg iwwer e Gesetz gereegelt

Palliativmedezin [paljɑt'i:fmədɛtsɪn] Femininum (kee Pluriel) **DE** Palliativmedizin • **FR** médecine palliative • **EN** palliative medicine • **PT** medicina paliativa **Beispill** d'Palliativmedezin ass drop aus, de Patient u sengem Liewensenn net leiden ze loossen

Palliativmoosnam [paljɑt'i:fmɔ:sna:m] Femininum (Pluriel Palliativmoosnamen) **DE** Palliativmaßnahme • **FR** mesure palliative • **EN** palliative measure • **PT** medida paliativa **Beispill** eng ganz Rei Palliativmoosname suergen derfir, datt e Patient sech um Enn vu sengem Liewen esou wuel ewéi méiglech spiert

Palliativstatioun [paljɑt'i:ftstasjœn] Femininum (Pluriel Palliativstatiouen) **DE** Palliativstation • **FR** service de médecine palliative • **EN** palliative care unit [in a hospital] • **PT** serviço de medicina paliativa **Beispill** op der Palliativstatioun kritt de Patient um Enn vu sengem Liewen déi Fleeg, déi säin Zoustand erfuerdert

Palm [palm] Femininum (Pluriel Palmen) **DE** Palme • **FR** palmier • **EN** palm (tree) • **PT** palmeira **Beispiller** ech hu mer eng Palm fir op eis Terrass kaaft; als Teenager hunn ech meng Elteren dacks op d'Palm gedriwwen

égs [als Teenager hunn ech meng Elteren dacks uerg rose gemaach]

Palmarès [p'almarɛs] Maskulinum (Pluriel Palmarèssen) **1. DE** Siegesliste, Erfolgsliste [einer Person, einer (Sports-)Mannschaft] • **FR** palmarès [d'une personne, d'une équipe (sportive)] • **EN** track record [of a person, of a (sports) team] • **PT** palmarés [de uma pessoa, de uma equipa (desportiva)] **Beispiller** an der Leeferin hirem Palmarès stinn ënner anerem zwee Titelen als Weltmeeschterin; de weltberühmte Kënschtler huet e beandrockende Palmarès virzeweisen; d'Volleyballsekkipp huet neierdengs den Titel als Landesmeeschter an hirem Palmarès stoen **2. DE** Liste der Preisträger, Siegerliste • **FR** palmarès [liste de lauréats, de vainqueurs] • **EN** list of (award) winners • **PT** palmarés [lista de premiados, de vencedores] **Beispiller** dës Saison konnt e Lëtzebuurger Pilot säin Numm an de Palmarès schreiwen; de Palmarès vum Filmfestival gouf op enger feierlecher Soirée annoncéiert

Palmueleg [p'almuələç] Maskulinum (Pluriel Palmueleger) **DE** Palmöl • **FR** huile de palme • **EN** palm oil • **PT** óleo de palma **Beispill** ech kafe keng Liewensmëttel, an deene Palmueleg verschafft gouf

Paltong [p'altɔŋ] Maskulinum (Pluriel Paltongen) **DE** Sakko, Jacke • **FR** veston, veste • **EN** jacket, blazer • **PT** casaco, paletó **Beispiller** ech hunn Epauletten a mäi Paltong gebitzt kritt; fir an dee Restaurant brauchs de kee Paltong!; de leschte Paltong huet keng Täschen [⇒ seet een zu engem, deen ze vill knéckeg ass; nom Doud kann een net méi vu senger Sue profitéieren]

Paltongsrevers [paltɔŋsrɛ'vɛ:r] Maskulinum (Pluriel Paltongsreversen) **DE** Revers [des Sakkos] • **FR** revers du veston • **EN** jacket lapel • **PT** lapela do casaco **Beispill** de Klarinettist hat eng Spéngel mam Ofzeeche vun der Duerfmusek um Paltongsrevers

Paltongstäsch [p'altɔŋstæç] Femininum (Pluriel Paltongstäschen) **DE** Jackentasche • **FR** poche de (la) veste • **EN** jacket pocket • **PT** bolso do casaco **Beispill** wéi ech mech gebéckt hunn, ass mäi Brëll mer aus der Paltongstäsch gerétscht

Paltongszéier [p'altɔŋstsɛiɐ] Maskulinum (Pluriel Paltongszéierer) **DE** Speichellecker, Kriecher, Einschmeichler, Bauchpinseler • **FR** flagorneur, frotte-manches, lèche-bottes • **EN** bootlicker, toady, lickspittle, groveller • **PT** bajulador, lambe-botas **Beispill** dee Paltongszéierer probéiert stänneg, sech bei eiser Cheffin bäizeschmieren

Paltongszéierei [p'altɔŋstsɛiɐri] Femininum (kee Pluriel) **DE** Speichelleckerei, Liebedienerei • **FR** flagornerie • **EN** creeping, toadying • **PT** bajulação, adulação **Beispill** dem Schüler seng éiweg Paltongszéierei beim Professor geet deenen aneren op d'Nerven **Synonym** Geschmiers

Paltongszéierin [p'altɔŋstsɛiɐri:n] Femininum (Pluriel Paltongszéierinnen) - weiblech Form vun ↗Paltongszéier

Pampa Femininum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Pampelmousse [pã:mpəlm'us] Femininum (Pluriel Pampelmoussen) - Variant vun ↗Pampelmousse

Pampelmuss Femininum (Pluriel Pampelmussen) - Variant vun ↗Pampelmousse

Pampers Femininum (Pluriel Pamperssen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Pamplemousse [pã:mpləm'us] Femininum (Pluriel Pamplemoussen) **1.** DE *Pampelmuse* • FR *pamplemousse* [fruít] • EN *pomelo* • PT *pomelo* [fruta] **Beispill** ech hu gâr e bësse **Pamplemousse** a menger Uebstzalot **2.** [égs] DE *Grapefruit* • FR *grapefruit*, *pomélo* • EN *grapefruit* • PT *toranja* **Beispill** ech maachen e bëssen Zocker op meng **Pamplemousse**, fir datt se net esou batter schmaacht **Synonym** Grapefruit

i Varianten: Pampelmousse, Pampelmuss

Pan [pa:n] Femininum (Pluriel Panen) DE *Pfanne* • FR *poêle* [ustensile de cuisine] • EN *pan* [frying pan] • PT *frigideira* [utensílio] **Beispiller** d'Fett brutzelt an der **Pan**; du hues eng mat der **Pan**! [égs] [du bass verrécktl!]; du hues eng gesticht an ech kann d'**Pan** klaken! [égs] [du hues eng gesticht an ech muss d'Konsequenzen droen]; mir sinn drun ewéi d'**Pan** an der Fuesent [égs] [mir hu vill ze dinn]; ech hunn een op der **Pan** [graf] [ech spieren, datt ech muss fuerzen]

Panaché [p'anaʃe:] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE *Radler*, *Biermischgetränk* • FR *panaché* [boisson] • EN *shandy* • PT *panaché* [bebida] **Beispill** ech drénke **Panaché** net gâr, mir schmaacht de Béier puer besser **2.** (Pluriel *Panaché* / *Panachéen*) DE (*Glas*) *Radler* • FR (*verre de*) *panaché* • PT (*copo de*) *panaché* **Beispill** mir hunn op enger Terrass e **Panaché** gedronk

Panama [p'ana:ma:] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum DE *Panama* • FR *Panama* • EN *Panama* • PT *Panamá* **Beispiller** ech war schonn dräimol am **Panama**; ech fueren d'nächst Woch an de **Panama**; ech kommen aus dem **Panama**; ech war schonn dräimol a **Panama**; ech fueren d'nächst Woch a **Panama**; ech kommen aus **Panama**

i männlech Persoun: ↗Panamaer weiblech Persoun: ↗Panamaerin Adjektiv: ↗panamaesch Haaptstad: ↗Panama

Panama Eegennumm DE *Panama*, *Panama-Stadt* • FR *Panama* [ville] • PT *Cidade do Panamá* **Beispill** **Panama** ass d'Haaptstad vum Staat **Panama**

Panamaer [panam'a:ə] Maskulinum (Pluriel *Panamaer*) DE *Panamaer* • FR *Panaméen* • EN *Panamanian* • PT *panamense* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Panamaer**

Panamaerin [panam'a:ərin] Femininum (Pluriel *Panamaerinnen*) DE *Panamaerin* • FR *Panaméenne* • EN *Panamanian* [female] • PT *panamense* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Panamaerin**

panamaesch [panam'a:əʃ] Adjektiv DE *panamaesch* • FR *panaméen* • EN *Panamanian* • PT *panamense* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **panamaesch** Kultur kenne geléiert

panaschéieren [p'anaʃiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **panaschéiert**) » **intransitiv** DE *panaschieren* [bei einer Wahl] • FR *panacher* (les listes élec-

torales) • EN *to split one's votes* [between different lists] • PT *votar em candidatos de listas diferentes* **Beispill** et hu vill Leit bei de Wale **panaschéiert**

Pancetta [pantʃ'æta:] Femininum (Pluriel *Pancettaen*) DE *Pancetta* • FR *pancetta* • EN *pancetta* • PT *bacon italiano*, *pancetta* **Beispill** fir dëst Rezept brauchts de 200 Gramm **Pancetta** an dräi Tomaten

Pand Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) DE *Pfand* [als Bürgschaft] • FR *gage* [comme garantie d'un prêt] • PT *penhor* [como garantia de pagamento] **Beispill** fréier hu Leit, déi schlecht dru waren, alt emol e **Bijou** als **Pand** ginn, fir Sue geléint ze kréien

Panda Maskulinum (Pluriel *Pandaen*) DE *Panda* • FR *panda* • PT *panda* [mamífero] **Beispill** d'**Pandaen** ernäre sech bal ausschliisslech vu **Bambus**

Pandemie [pandem'i:] Femininum (Pluriel *Pandemien*) DE *Pandemie* • FR *pandémie* • EN *pandemic* • PT *pandemia* **Beispill** d'Joer 2020 wäert wéinst enger **Pandemie** an Erënnerung bleiwen

Pandemieplang [pandem'i:plɑŋ] Maskulinum (Pluriel *Pandemieplangen* / *Pandemiepläng*) DE *Pandemieplan* [Maßnahmen] • FR *plan* (de) *pandémie* [mesures] • EN *pandemic plan* [measures] • PT *plano pandémico* [medidas] **Beispill** wann den nationale **Pandemieplang** ëmgesat gëtt, misst d'Zuel vun den Neiinfekiounen erofgoen

Pandemiewell [pandem'i:væɫ] Femininum (Pluriel *Pandemiewellen*) DE *Pandemiewelle* • FR *vague pandémique* • PT *onda pandémica* **Beispiller** kee Wëssenschaftler schléisst eng zweet **Pandemiewell** komplett aus; d'Weltgesundheetsorganisatioun rechent mat weidere **Pandemiewellen** an den nächste Méint

Panech Maskulinum (Pluriel *Panecher*) - Variant vun ↗Paangech

panéieren [pan'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **panéiert**) » **transitiv** DE *panieren* • FR *paner* • EN *to bread*, *to coat with breadcrumbs* • PT *panar* **Beispill** häss de de Fësch gäre **panéiert** oder einfach am Botter gebroden?

Panéiermehl [pan'ziəmiəl] Neutrum (kee Pluriel) DE *Paniermehl* • FR *chapelure* • EN *breadcrumbs* • PT *pão ralado* **Beispill** dréi de **Filet** fir d'éischt an engem opgeklappten **Ee**, an dann am **Panéiermehl**!

panesch [p'a:nəʃ] Adjektiv DE *panisch* • FR *panique* <Adverb avec *panique*> • EN *panicky* <Adverb with *panic*> • PT *pânico*, *terrível* <Adverb com *pânico*> **Beispiller** ech hu vu Klengem un eng **panesch** Angscht viru **Spannen**; wéi d'Kand d'Sprëtz gesinn huet, huet et **panesch** reagéiert

Panewippchen [p'a:nəvɪpçən] Maskulinum (Pluriel *Panewippercher*) **Motacilla alba** DE *Bachstelze* • FR *bergeronnette grise* • EN *white wagtail* • PT *alvéola-branca* **Beispill** wéi laang bréien d'**Panewippercher**?

Panflütt [p'a:nflyt] Femininum (Pluriel *Panflütten*) DE *Panflöte* • FR *flûte de Pan*, *syrix* • EN *pan pipes* • PT *flauta de Pã*, *siringe* **Beispill** an der Foussgängerzon huet e jonke **Museker** op senger **Panflütt** gespillt

Pangolin [p'ɑŋɡoli:n] Maskulinum (Pluriel Pangolinen) **DE** *Schuppentier, Pangolin* • **FR** *pangolin* • **PT** *pangolim* **Beispiller** gouf de Coronavirus vun engem Pangolin op de Mënsch iwwerdroen?; d'Pangoline gehéiere weltwäit zu deenen Déieren, déi am meeschte geschmuggelt ginn

Panik [p'a:nik] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Panik* • **FR** *panique* • **EN** *panic* • **PT** *pânico* **Beispiller** wéi am Stadion Panik ausgebrach ass, goufen dräi Leit dout getrëpelt; nëmme keng Panik!; maach keng Panik! ^[egs] Ireeg dech net op!

Panikattack [p'a:nikatak] Femininum (Pluriel Panikattacken) **DE** *Panikattacke* • **FR** *crise de panique, crise d'angoisse (aiguë)* • **EN** *panic attack, anxiety attack* • **PT** *ataque de pânico, crise de ansiedade* **Beispill** bei enger richteger Panikattack hëllef och gutt Zourieden näischt

panikéieren [pa:nik'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé panikéiert) » **intransitiv DE** in *Panik* geraten • **FR** *paniquer* • **EN** *to panic* • **PT** *entrar em pânico* **Beispill** wéi säin Auto un d'Rëtsche komm ass, huet de Chauffeur panikéiert

Pankrätius [paŋkr'a:tsjus] Maskulinum **DE** *Heiliger Pankrätius* • **FR** *Saint Pancrace* • **EN** *St Pancras* • **PT** *São Pancrácio* **Beispill** den 12. Mee ass mam Pankrätius deen zweeten Äishellegen un der Rei

i Déi Äishelleg Mamertus, Pankrätius, Servatius, Bonifatius a Kaat Sophie zielen zu deenen Hellegen, déi d'Leit aus Suerg ëm d'Wieder veréiert hunn. Se ware Bëscheef oder Märtyrer am 4. oder 5. Joerhonnert an hunn, dem julianesche Kalenner no, tëschent dem 11. a 15. Mee Namensdag. Dee Moment kënnen Polarluftströmungen nach heefeg Buedemfrascht mat sech bréngen. Aus dësem Phänomeen ass eng Bauerereegel entstanen, déi seet, datt d'Wieder am Mee eréischt nom Kale Sophie, där leschter Äishelleger an der Rei, stabil gëtt an da kee Risiko méi fir empfindlech Planzen am Fräie besteet.

Pankreas [p'ɑŋkreas] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Bauchspeicheldrüse, Pankreas* • **FR** *pancréas* • **EN** *pancreas* • **PT** *pâncreas* **Beispill** de Pankreas spillt eng wichteg Roll bei der Verdauung **Synonym** Bauchspeicheldrüs

Pankreaskriibs [p'ɑŋkreas'kri:ps] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Bauchspeicheldrüsenkrebs* • **FR** *cancer du pancréas* • **EN** *pancreatic cancer* • **PT** *canço do pâncreas* **Beispill** beim Pankreaskriibs sinn d'Heelungschancen ëmmer nach kleng **Synonym** Bauchspeicheldrüsekriibs

Pann [pan] Femininum (Pluriel Pannen) **DE** *Panne, Störung* • **FR** *panne [défaillance technique]* • **EN** *breakdown [malfunction]* • **PT** *avaria [falha técnica]* **Beispiller** op der Heemrees hat eise Bus eng Pann; zënter enger Stonn hu mer eng elektresch Pann

Pännchen [p'æŋçən] Femininum (Pluriel Pännercher) **1. DE** *Förmchen [zum Backen, zum Spielen]* • **FR** *moule [à pâtisserie, à sable]* • **EN** *small sand mould, cake mould* • **PT** *molde [para pastelaria, de praia]* **Beispill** fir am Sand ze spillen, huet d'Bomi den Enkelkanner e puer Pännercher kaaft **2. DE** *Hüftgelenkpfanne* • **FR** *cotyle* • **EN** *hip socket* • **PT** *acetábulo* **Beispill** den Dokter huet op der Röntge gesinn, datt den Äpplchen aus der Pännchen ass

Panneau [p'ɑno:] Maskulinum (Pluriel Panneauen) - Variant vun **▷**Panno

Pannespuer [p'ɑnəʃpu:ɐ] Femininum (Pluriel Pannespueren) **DE** *Standspur* • **FR** *bande d'arrêt d'urgence* • **EN** *hard shoulder* • **PT** *faixa de paragem de emergência* **Beispill** de Camion krut en Auto ze paken, deen op der Pannespuer stoung

Panno Maskulinum (Pluriel Pannoen) **1. DE** *Schild [Verkehrs-, Hinweisschild]* • **FR** *panneau [de signalisation]* • **EN** *sign [road sign, notice]* • **PT** *placa [de sinalização]* **Beispill** de Wee war mat Panno gezeecht **Synonym** Schëld **2. DE** *Plakatwand, Trennwand* • **FR** *panneau [d'affichage, de séparation]* • **EN** *hoarding, partition wall* • **PT** *painel [de afixação, de separação]* **Beispill** laanscht d'Autobunn sti Panno mat Reklammen **3. DE** *Paneel* • **FR** *panneau [d'assemblage]* • **EN** *panel* • **PT** *painel [de ensamblar]* **Beispill** a senger Roserei huet e mat der Aaxt de Panno vun der Dier ageschloen

Panoplie [panopl'i:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Vielzahl, Reihe [Anzahl]* • **FR** *panoplie [gamme]* • **EN** *panoply [range]* • **PT** *panóplia [gama, série]* **Beispiller** d'Regierung probéiert, de Bauere mat enger ganzer Panoplie vu Mesuren ze hëllegen; meng Tatta huet eng ganz Panoplie vun Hitt

Party [p'a:rti:] Femininum (Pluriel Partyen) **DE** *Party* • **FR** *soirée* [dansante], *boum* • **EN** *party* [social gathering] • **PT** *festa* [dançante] **Beispill** d'*Nopere* feiern den *Owend* eng *Party*

Parvis [p'arvi:] Maskulinum (Pluriel Parvisen) **DE** Vorplatz [einer Kirche, eines öffentlichen Gebäudes] • **FR** parvis • **EN** forecourt • **PT** adro, terreiro **Beispiller** de Paschtouer huet d'Bräutpuer um Parvis vun der Kierch empfangen; fir d'Festivitéite gouf um Parvis vun der Gemeng eng Tribün opgeriicht

Parzeläin [pɑrtsəl'æ:ɪn] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** Porzellan [Material] • **FR** porcelaine [matériau] • **EN** porcelain [material] • **PT** porcelana [material] **Beispill** eis Schalter sinn all aus Parzeläin **2. DE** Porzellan [Tafelgeschirr] • **FR** porcelaine [vaisselle de table] • **EN** porcelain, china [tableware] • **PT** porcelana [louça] **Beispiller** wa mir op Besuch kommen, brauchts de de Parzeläin net erauszehuelen!; an der Roserei huet hien an de Parzeläi geschloen [ëgs] [an der Roserei huet hien alles futti geschloen]; an deem Sträit gouf vill Parzeläin zerschloen [ëgs] [an deem Sträit gouf eng Relatioun, déi virdu gutt geklappt huet, futtigemaach]

i Variant: Porzeläin

parzeläins [pɑrtsəl'æ:ɪns] onverännerbaart Adjektiv **DE** aus Porzellan • **FR** en porcelaine • **EN** porcelain, china • **PT** de porcelana **Beispill** meng Tatta huet eng wäertvoll parzeläins Figur an hirer Vitriin stoen

i Variant: porzeläins

Parzeläinshéngchen [pɑrtsəl'æ:ɪnshɛŋçən] Neutrum (Pluriel Parzeläinshéngercher) Porzana porzana **DE** Tüpfelsumpfhuhn • **FR** marouette ponctuée • **EN** spotted crane • **PT** franga-d'água-grande **Beispill** wéi laang bréien d'Parzeläinshéngercher? **Synonym** Getéppelt Rall

Parzeläinstaass [pɑrtsəl'æ:ɪnsta:s] Femininum (Pluriel Parzeläinstasen) **DE** Porzellantasse • **FR** tasse en porcelaine • **EN** porcelain cup • **PT** chávena de porcelana **Beispill** déi grujeleg Kaffislaffele passen absolut net bei deng schéi Parzeläinstasen

Parzell [pɑrts'æ:] Femininum (Pluriel Parzellen) **DE** Parzelle • **FR** parcelle [de terrain] • **EN** parcel, plot [of land] • **PT** parcela [de terreno] **Beispill** déi Parzell muss vum Kadaster ausgemooß ginn

Pascha [p'aʃa:] Maskulinum (Pluriel Paschaen) [ëgs] [pejorativ] **DE** Pascha [fauler Mensch] • **FR** pacha [fainéant] • **EN** lazybones • **PT** paxá [preguiçoso] **Beispill** pak emol eng Hand mat un, du Pascha do!

Paschtéit [pɑʃt'ɛɪt] Femininum (Pluriel Paschtéiten) **1. DE** Blätterteigpastete [Teigmantel] • **FR** croûte [du vol-au-vent] • **EN** vol-au-vent [pastry case] • **PT** vol-au-vent [base de massa folhada] **Beispill** pass op, datt s de d'Paschtéit net bréchs, wann s de se félls! **2. DE** Köninginpastete • **FR** vol-au-vent • **EN** vol-au-vent [dish] • **PT** vol-au-vent, empada de massa folhada **Beispill** an deem Restaurant kritt een déi bescht Paschtéit z'iessen **Synonymmen** Bouchée, Bouchée à la reine, Vol-au-vent

Paschtéitchen [pɑʃt'ɛɪtçən] Femininum (Pluriel Paschtéitercher) - Diminutivform vun ↗Paschtéit

Paschtouer [pɑʃt'əʊɐ] Maskulinum (Pluriel Paschtéier) **1. DE** Pfarrer • **FR** curé • **EN** parish priest • **PT** pároco **Beispiller** eis Por kritt en neie Paschtouer; hautdesdaags gëtt et net genuch Paschtéier fir déi

séllege Poren; du häss sollen nolauschteren, de Paschtouer priedegt nëmmen eng Kéier! [ëgs] [du häss sollen nolauschteren, ech widderhuelen net, wat ech scho gesot hunn!]; wann et op de Paschtouer reent, dann drépst et op de Koschter [ëgs] [wann dichteg Leit Virdeeler hunn, da profitéieren déi gewéinlech Leit ronderëm och e bëssen dervun] **Synonym** Här **2. DE** Geistlicher, Priester • **FR** prêtre • **EN** priest, clergyman • **PT** padre **Beispill** eisen Eelste geet fir Paschtouer

Paschtouesch [pɑʃt'əʊɐʃ] Femininum (Pluriel Paschtoueschchen) - weiblech Form vun ↗Paschtouer

Paschtoueschhaus [pɑʃt'əʊɐʃhæ:ʊs] Neutrum (Pluriel Paschtoueschhaiser) **DE** Pfarrhaus • **FR** presbytère • **EN** presbytery [parish priest's house] • **PT** presbitério [residência paroquial] **Beispiller** de Kiercherot versammelt sech am Paschtoueschhaus; d'Paschtoueschhaus ass meeschens direkt niewent der Kierch **Synonym** Härenhaus

Pass [pas] Maskulinum (Pluriel Päss) **1. DE** Pass [Ausweis] • **FR** passeport • **EN** passport • **PT** passaporte **Beispiller** fir anzechecke muss de däi Pass weisen; meng Elteren hunn hir Päss erneiere gelooss **2. DE** Passierschein, Dauerkarte • **FR** laissez-passer • **EN** pass, season ticket • **PT** passe, livre-trânsito **Beispill** mat deem Pass kommen ech an all Musée eran

Pass [pas] Femininum (Pluriel Passen) **DE** Pass [Zuspiel] • **FR** passe [de ballon] • **EN** pass [in a ball game] • **PT** passe [da bola] **Beispill** de Mëttelfeldspiller huet dem Stiermer eng Pass gemaach

Pass [pas] Maskulinum (Pluriel Päss) **DE** Pass [Gebirgspass] • **FR** col [en montagne] • **EN** pass [mountain pass] • **PT** passo, desfiladeiro **Beispill** uewen um Pass huet et geschneit **Synonym** Col

passabel [pas'a:bəl] Adjektiv **DE** passabel • **FR** passable [acceptable, convenable] <Adverb passablement> • **EN** passable [acceptable, suitable] <Adverb passably> • **PT** passável, aceitável <Adverb aceitavelmente> **Beispill** ech hu kee passabele Kostüm méi am Schaf!

Passage [pas'a:] Maskulinum **1. (Pluriel Passagen)** **DE** Passage [Durchgang] • **FR** passage [chemin] • **EN** passage [narrow way] • **PT** passagem [caminho] **Beispill** dese schmuele Passage féiert an d'Alstad **Synonym** Duerchgang **2. (Pluriel Passagen)** **DE** Übergang [Überweg] • **FR** passage (clouté) [pour piétons, pour cyclistes] • **EN** crossing [for pedestrians, for cyclists] • **PT** passagem [para peões, para ciclistas] **Beispill** dëst Schëld bedeit, datt ee bei e Passage fir Vëloë kënnt **3. (Pluriel Passagen)** **DE** Passage [Ladenstraße] • **FR** passage (couvert) [commerçant] • **EN** arcade, mall • **PT** passagem (coberta) [com lojas] **Beispill** an deem laange Passage sinn zéng Geschäfte **4. (Pluriel Passagen)** **DE** Passage [Textabschnitt, Musikabschnitt] • **FR** passage [extrait] • **EN** passage [extract] • **PT** passagem [excerto] **Beispiller** lies mer nach e Passage aus dengem Tagebuch vir!; de Museker huet Passagen aus engem bekannte Wierk gespilt **5. (kee Pluriel)** **DE** Übergang [Wechsel] • **FR** passage [d'un degré à un autre] • **EN** passage [transition] • **PT** passagem [de um grau a outro] **Beispill** de Passage vun der Grondschoul an de Lycée fält ville Kanner schwéier **Synonym** Iwwergang **6. (kee Pluriel)** **DE** Kommen und Gehen, Verkehr • **FR** passage [va-et-vient, cir-

ulation) • EN coming and going, traffic • PT vaivém, trânsito **Beispill** an dëser Strooss ass vill Passage

Passagéier [pasəʒ'ziɛ] Maskulinum (Pluriel Passagéier) DE Passagier • FR passager • EN passenger • PT passageiro **Beispill** d'Passagéier mussen virun aacht Auer anchecken

Passagéierschëff [pasəʒ'ziɛfəʃ] Neutrum (Pluriel Passagéierschëffer) DE Passagierschiff • FR navire à passagers, paquebot • EN liner, passenger ship • PT navio de passageiros, paquete **Beispiller** d'Besatzung vun dësem Passagéierschëff wiesselt all sechs Méint; de Kapitän vum Passagéierschëff huet en Noutsignal gesent, wéi et en Äisbjerg ze pake kritt hat

Passant [pas'ant] Maskulinum (Pluriel Passanten) DE Passant • FR passant [piéton] • EN passer-by • PT passante **Beispill** eng Rei Passante si stoe bliwwen fir ze afen

W Weiblech Form: ♀Passantin

Passantin [pas'antin] Femininum (Pluriel Passantinnen) DE Passantin • FR passante • EN passer-by [female] • PT passante [peã] **Beispill** eng Passantin hat matkritt, wéi ech mam Vélo gefall war

M Männlech Form: ♂Passant

Passbureau [p'asby:ʀo:] Maskulinum (Pluriel Passbureauen) - Variant vun ♂Passbüro

Passbüro ['pasby:ʀo:] Maskulinum (Pluriel Passbüroen) DE Passamt • FR bureau des passeports • EN passport office • PT repartição dos passaportes **Beispiller** de Passbüro ass och iwuer Mëtteg op; stellt de Passbüro och Visaen aus?

passéieren [pas'ziəʀən] ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé passéiert) » **intransitiv** 1. DE vorbeigehen, vorbeifahren • FR passer [en se déplaçant] • EN to pass, to go past [to move past] • PT passar [deslocando-se] **Beispiller** de Peloton soll géint zwou Auer passéieren; ass de Brëfdréier scho passéiert? 2. DE vorbeischaue, vorstellig werden • FR passer [se présenter] • EN to visit, to look in at [a stall, a shop], to pass a medical [to visit a doctor] • PT passar, apresentar-se **Beispiller** op der Foire si vill Leit op eisem Stand passéiert; ier Der ugestallt gitt, musst Der beim Dokter passéieren; den Usträcher kënnt, wann de Gipser passéiert ass [den Usträcher kënnt, wann de Gipser seng Aarbecht fäerdeg huet] 3. DE passieren [sich eraignen] • FR se passer, arriver • EN to happen [to take place] • PT passar-se, acontecer **Beispill** wat ass dann hei passéiert? **Synonym** geschéien 4. DE passieren [gemacht werden, begangen werden] • FR être fait, être commis • EN to happen [to be done] • PT ser feito, ser cometido **Beispill** wann hei net geschwénn eppes passéiert, da mécht de Betrib Faillite! **Synonym** geschéien 5. DE passieren [widerfahren] • FR arriver à [advenir à] • EN to happen [to befall] • PT acontecer a [suceder a] **Beispill** firwat huet dat Ongléck grad mir misse passéieren? **Synonymmen** geschéien, widerfuereen ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé passéiert) » **transitiv** 6. DE seihen • FR passer [filtrer] • EN to strain, to sieve • PT passar [coar] **Beispill** d'Zooss wier méi reng, wann s de se passéiert häss 7. DE passieren [einen Ort] • FR passer [un lieu] • EN to pass [a place] • PT passar [um lugar] **Beispill** den Zuch hat grad den Tunnel passéiert,

du ass en entgleist

passen [p'asən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepasst) » **intransitiv** 1. DE passen [in Größe und Form] • FR aller (à) [avoir la taille, la forme adaptée] • EN to fit [to be the right size] • PT servir, dar [ter o tamanho, a forma adaptada] **Beispiller** dës Schong passe mer net, se sinn eng Nummer ze kleng; de Schlëssel, deen s de mer ginn hues, passt net op d'Dier; dee Stopp passt perfekt op dës Fläsch! 2. DE passen [harmonieren] • FR aller (bien), être (bien) assorti • EN to match, to suit, to go with • PT condizer, ficar (bem), estar (bem) **Beispiller** deng brong Schong passen net bei däi Kostüm; dat modernt Gebai passt net an de Kader vun der Alstad; dir zwee Eefalte passt gutt beieneen! 3. DE passen [recht sein] • FR aller à, convenir à, arranger • EN to suit, to be convenient for • PT convir a, dar jeito a **Beispiller** passt et Iech, fir e Samschdeg bei eis iessen ze kommen?; dat géif dir esou passen! [ironesch] [⇒ seet een zu engem, deen egoistesch Fuerderunge stellt] **Synonymmen** arrangéieren, goen 4. DE passen [bei einem Gesellschaftsspiel] • FR passer (son tour) [au jeu] • EN to pass [to forgo one's turn in a game] • PT passar (a sua vez) [num jogo de sociedade] **Beispiller** ech hu keng gutt Kaarten, ech passen!; bei deem Plat passen ech, soss packen ech keen Dessert! [égs] [vun deem Plat huelen ech näischt, soss packen ech keen Dessert] » **reflexiv** 5. DE sich gehören, sich schicken • FR se faire, être convenable • EN to befit, to be done [to be good form] • PT fazer-se, ser conveniente **Beispiller** hie weess guer net, wat sech passt!; dat passt sech net! **Synonym** sech gehéieren » **transitiv** 6. DE passen [zuspielen] • FR passer (à) [le ballon] • EN to pass [the ball] • PT passar (a) [a bola] **Beispill** de Stiermer huet engem Matspiller de Ball gepasst **Synonym** zouspielen

V Verben, déi **passen** als Basis hunn: ♀apassen, ♀erapassen, ♀hipassen, ♀oppassen, ♀upassen, ♀zeréckpassen an ♀zesummepassen

passend [p'asənt] Adjektiv 1. DE passend [abgestimmt, stimmig] • FR assorti [en accord] • EN matching • PT condizente [bem combinado, harmonioso] **Beispiller** hues de eng passend Jackett fir bei deng nei Box fonnt?; eis nei Tapët gefält mer, mee ech fannen einfach keng passend Riddeon! 2. DE passend [geeignet, angemessen] • FR approprié • EN suitable • PT apropriado **Beispiller** meng Schwëster sicht e passend Geschenk fir hire Mann; ech hu kee passend Gezei fir op d'Fest; d'Doktesch huet déi passend Wieder fonnt, fir d'Kand ze tréischen; mir hunn nach keng passend Geleeënheet fonnt, fir mam Chef ze schwätzen; ech siche nom passenden Ausdrock, fir meng Iddi auszudrécken

Passepartout [paspart'u:] Maskulinum (Pluriel Passepartouten) 1. DE Passepartout, Generalschlüssel • FR passe-partout [clé] • EN master key • PT chave mestra **Beispill** de Portier huet eis d'Dier mat sengem Passepartout opgespaart **Synonym** Generalschlüssel 2. DE Passepartout [Bilderrahmen] • FR passe-partout [d'encadrement] • EN passepartout (frame) • PT passe-partout **Beispill** en donkele Passepartout passt besser bei dat Bild ewéi en hellen

Passerell [pasər'æl] Femininum (Pluriel Passerellen) DE Überführung [Brücke] • FR passerelle

[pont] • EN *footbridge* • PT *passarela* [pont] **Beispill** déi zwee Gebaier si mat engem Passerell verbonnen

Passett [pas'æt:] Femininum (Pluriel Passetten) DE *Sieb, Küchensieb* • FR *passette* • EN *strainer, sieve, colander* • PT *coador, passador* **Beispiller** schëtt den Téi virum Zerweieren duerch eng Passett!; ech huelen ëmmer eng Passett, fir d'Nuddelen ofzeschëdden

Passeur [p'asœ:r] Maskulinum (Pluriel Passeuren) DE *Fluchthelfer, Schleuser, Schlepper* • FR *porteur [personne qui fait passer la frontière]* • EN *people smuggler* • PT *passador [de fronteira]* **Beispiller** am Krich hu Passeure Resistenzler iwwer d'Grenz geféiert; de Passeur huet illegal Awanderer fir vill Geld an d'Land geschleist

1 Weiblech Form: ↗Passeuse

Passeuse [p'asø:s] Femininum (Pluriel Passeusen) DE *Fluchthelferin, Schleuserin, Schlepperin* • FR *passeuse [femme qui fait passer la frontière]* • EN *people smuggler [female]* • PT *passadora [de fronteira]* **Beispill** am Krich huet d'Passeuse Resistenzler iwwer d'Grenz geféiert

1 Männlech Form: ↗Passeur

Passe-vite [pasv'it] Maskulinum/Femininum (Pluriel Passe-vitten)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Passfoto [p'asfoto:] Femininum (Pluriel Passfotoen) DE *Passfoto* • FR *photo d'identité* • EN *passport photograph* • PT *fotografia tipo passe* **Beispill** fir en neie Pass ze kréien, brauch een zwou Passfotoen

passionéieren [pasjõn'ziãrõn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé passionéiert)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

passionéiert [pasjõn'ziãt] Adjektiv DE *passioniert* • FR *passionné [enthousiaste]* • EN *passionate, enthusiastic* • PT *apaixonado, entusiasmado* **Beispill** eise Paschtouer ass e passionéierte Keelespiller **Synonymen** begeeschtert, fervent

1 „passionéiert“ kann och de Participe passé vum Verb ↗passionéieren sinn.

Passioun [pasjõn'õõn] Femininum 1. (kee Pluriel) DE *Leidenschaft [Begeisterung, Vehemenz]* • FR *passion [ardeur, véhémence]* • EN *passion [enthusiasm, vehemence]* • PT *paixão [ardor, veemência]* **Beispill** dat Theema ass mat vill Passioun diskutéiert ginn **Synonym** Leidenschaft 2. (Pluriel Passiounen) DE *Passion [Steckenpferd]* • FR *passion [dada]* • EN *passion, hobby* • PT *paixão [objeto de paixão]* **Beispill** de Gaart ass eis grouss Passioun **Synonym** Leidenschaft 3. (Pluriel Passiounen) DE *Leidenschaft [leidenschaftliche Liebe]* • FR *passion [amoureuse]* • EN *passion [passionate love]* • PT *paixão [amor intenso]* **Beispill** déi grouss Passioun huet net laang ugehalen **Synonym** Leidenschaft

Passionsfrucht Femininum (Pluriel Passionsfrüchten) DE *Passionsfrucht* • FR *fruit de la passion* • EN *passion fruit* • PT *maracujá (roxo)* **Beispiller** ech hunn de Goût vun der Passionsfrucht schrecklech gär; ech hu Passionsfrüchte kaaft, fir Sorbet ze maachen

passiv [pas'i:f] Adjektiv 1. DE *passiv [unbeteiligt]* • FR *passif [indifférent]* <Adverb *passivement*> • EN *passive* <Adverb *passively*> • PT *passivo [indiferente]* <Adverb *passivamente*> **Beispiller** an där Affär hate mer ze vill eng passiv Haltung; meng krank Mamm wënscht sech passiv Stierfhëllef, also stierwe gelooss ze ginn, wann de Moment do ass; d'Kanner fëmme passiv mat, wann d'Elteren doheem fëmme [d'Kanner sinn de schiedleche Konsequenze vum Zigarettendamp ausgelüwert, wann d'Elteren doheem fëmme] 2. DE *passiv [im Passiv]* • FR *(au) passif [grammaticalement]* • EN *passive [grammatical]* <Adverb *passively*> • PT *passivo, na (voz) passiva* **Beispiller** d'Verb an demeng *passive* Sa ass falsch gebraucht; intransitiv Verbe kann een net passiv gebrauchen

Passiv [p'asi:f] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Passiv [Leideform]* • FR *voix passive, passif [voix grammaticale]* • EN *passive (voice)* • PT *(voz) passiva* **Beispill** d'Schüler sollen d'Sätz vum Aktiv an de Passiv setzen

Passivitéit [pasivit'zõt] Femininum (kee Pluriel) DE *Passivität* • FR *passivité* • EN *passiveness, passivity* • PT *passividade* **Beispill** seng Passivitéit kann een duerch e Manntem u Motivatioun erklären

Passkontroll [p'askontrol] Femininum (Pluriel Passkontrollen) 1. DE *Passkontrolle [das Kontrollieren]* • FR *contrôle des passeports [procédure de contrôle]* • EN *passport control [control procedure]* • PT *controlo de passaportes [procedimento de controlo]* **Beispill** op der Grenz gi reegelméisseg Passkontrollen gemaach 2. DE *Passkontrolle [Kontrollstelle]* • FR *contrôle des passeports [poste de contrôle]* • EN *passport control [control point]* • PT *controlo de passaportes [posto de controlo]* **Beispill** wann een de Fliger hëlt, muss een duerch d'Passkontrollen

Pastang [past'ɑŋ] Maskulinum (kee Pluriel) vereezlt DE *Zeitvertreib* • FR *passé-temps* • PT *passatempo* **Beispill** Brodiere war menger Grousstatta hire léifste Pastang **Synonym** Zäitverdreif

Passwuert [p'asvu:ɔt] Neutrum (Pluriel Passwörter) DE *Passwort* • FR *mot de passe* • EN *password* • PT *palavra-passe, senha, password* **Beispill** du muss däi Passwuert aginn, fir dech anzuloggen

Pasta [p'asta:] Femininum (kee Pluriel) 1. Gastronomie DE *Pasta [Teigwaren]* • FR *pâtes (alimentaires)* • EN *pasta* • PT *massas (alimenticias)* **Beispill** am italieenesche Restaurant iessen ech léiwer Pasta ewéi Pizza **Synonym** Nuddelen 2. DE *Spaghetti [Gericht]* • FR *(plat de) spaghetti* • EN *spaghetti [dish]* • PT *(prato de) esparguete* **Beispill** ech maachen eis den Owend eng gutt Pasta **Synonym** Spaghetti

Pastaschutta Femininum (kee Pluriel) DE *Spaghetti mit Bolognesesauce* • FR *spaghetti bolognaise* • EN *spaghetti bolognese* • PT *esparguete à bolonhesa* **Beispill** ei, de Mëtteg gött et Pastaschutta

Pastellfaarf [past'ælfɑ:f] Femininum (Pluriel Pastellfaarwen) 1. DE *Pastellfarbe [Malfarbe]* • FR *pastel [bâtonnet, crayon]* • PT *pastel [lápis de cor]* **Beispill** ech brauch nach Zeechepabeier a Pastellfaarwe fir mäin Owescours 2. DE *Pastellfarbe, Pastellton* • FR *ton pastel* • EN *pastel colour* • PT *cor pastel, tom pastel* **Beispiller** dat

ganzt Appartement ass a Pastellfaarwe gehalten; ech hu mer fir menger Schwëster hir Hochzäit e Kleeed an enger Pastellfaarf erausgesicht

pasten Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepaste)

I Hei entsteht en neien Artikel.

Pasteurisation [pastørizasj'ø̃sɔ̃] Femininum (kee Pluriel) DE *Pasteurisation* • FR *pasteurisation* • EN *pasteurization* • PT *pasteurização* **Beispill** no der Pasteurisation gëtt d'Mëllech a Fläsche gefëllt

I Variant: Pasteuriséierung

pasteuriséieren [pastøriz'ziø̃rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé pasteuriséiert) » **transitiv** DE *pasteurisieren* • FR *pasteuriser* • EN *to pasteurize* • PT *pasteurizar* **Beispiller** an der Molkerei gëtt d'Mëllech pasteuriséiert; ech drénken nëmme pasteuriséiert Mëllech

Pasteuriséierung [pastøriz'ziø̃rɔ̃ŋ] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **Pasteurisation**

Pastill [past'il] Femininum (Pluriel Pastillen) **1.** DE *Pastille* • FR *pastille* [*cachet à sucer*] • EN *lozenge, pastille* • PT *pastilha* [*de chupar*] **Beispiller** déi Pastille schmaachen net gutt; ech hunn ëmmer eng kleng Dous mat Pastillen an der Posch **2.** DE *Reinigungstablette* • FR *pastille* [*de nettoyage*] • EN *tablet* [*for descaling, for cleaning*] • PT *pastilha de limpeza* **Beispill** wou stinn d'Pastillen, fir d'Kaffismaschinn ze botzen?

Pastillchen [past'ilçən] Femininum (Pluriel Pastillercher) - Diminutivform vun **Pastill**

Pastinak Femininum (Pluriel Pastinaken) DE *Pastinake* • FR *panais* • EN *parsnip* • PT *chervovia, pastinaga* **Beispill** mir haten de Mëttig Pastinaken als Geméis beim Brot **Synonym** Pëitener

Pastis Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE *Pastis* [*Getränk*] • FR *pastis* [*boisson*] • PT *pastis* [*bebida*] **Beispill** weess du, datt Pastis mat Anäis gemaach gëtt? **2.** (Pluriel Pastis / Pastissen) DE (*Glas*) *Pastis* • FR (*verre de*) *pastis* • PT (*copo de*) *pastis* **Beispiller** et gëtt näischt Besseres, ewéi am Summer op der Terrass e **Pastis** als Aperitif ze drénken; ech hunn eis beim Garçon zwee **Pastis** bestallt

Pâté [p'a:te:] Maskulinum (Pluriel Pâtéen) DE *Terrine, Pastete* [*aus Fleisch und Leber*] • FR *pâté* (*au foie*) [*en terrine*] • EN *pâté* • PT *paté* [*de carne e fígado*] **Beispiller** ech iesse Pâté net gären, well Liewer dran ass; hätt Dir gär eng Tranche rengen oder graffe Pâté?

Patent [pat'ænt] Neutrum (Pluriel Patenter) DE *Patent* [*Patentschutz*] • FR *brevet* [*d'invention*] • EN *patent* • PT *patente* [*de invenção*] **Beispill** op där Erfindung ass e **Patent** **Synonym** Brevet

patent [pat'ænt] Adjektiv **1.** DE *patent* [*Person*] • FR *bien* [*personnel*] • EN *first rate* [*person*] • PT *fixe* [*pessoa*] **Beispill** dän neie Frënd ass nawell e **patente** Kärel! **2.** DE *patent* [*clever*] • FR *astucieux, ingénieux* • EN *clever, ingenious* • PT *astucioso, engenhoso* **Beispill** ech weess e **patenten** Trick, fir Fläschchen opzemaachen!

patentéieren [patænt'ziø̃rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé patentéiert) » **transitiv** DE *patentieren* • FR *breveter* • EN *to patent* • PT *patentear* [*luma invenção*] **Beispiller** hie wëllt seng Erfindung patentéiere loossen; dat Produkt ass patentéiert

patentrechtlech [pat'æntʁæçtləç] Adjektiv DE *patentrechtlich* • FR *relatif au droit des brevets* <Adverb *par brevet*> • EN *patent (law)* <Adverb *by patent (law)*> • PT *relativo ao direito de patentes* <Adverb *por patente*> **Beispiller** d'Firma muss sech un déi **patentrechtlech** Virschrëften halen; d'Zesummesetzung vun deem Medikament ass **patentrechtlech** geschützt

Pater [p'a:tə] Maskulinum (Pluriel Pateren) DE *Pater* • FR *père* [*religieux*] • EN *friar* [*priest of a monastic order*] • PT *padre* [*religioso*] **Beispiller** dee **Pater** ass aus dem Uerden ausgetrueden; d'Pateren hunn en neien Abt gewielt **Synonym** Mësch

patheetesch [pat'e:təʃ] Adjektiv DE *pathetisch* • FR *pathétique* • EN *sentimental, full of pathos* • PT *patético* **Beispiller** ech verdroen deem Auteur säi **patheetesche** Stil net; déi Doudesannonce kléngt mir ze vill **patheetesch**

pathetes [pat'e:təʃ] Adjektiv - Variant vun **patheetesch**

Pathogenees [pato:ʒen'e:s] Femininum (Pluriel Pathogeneesen) DE *Pathogenese* • FR *pathogénie, pathogénèse* • EN *pathogenesis* • PT *patogenia, patogénese* **Beispill** aus der Pathogenees geet ervir, datt d'Patientin laang Zäit falsch behandelt gouf

Patholog [patol'o:k] Maskulinum (Pluriel Pathologen) DE *Gerichtsmediziner, Pathologe* • FR *médecin légiste* • EN *forensic pathologist* • PT *médico-legista* **Beispiller** als **Patholog** ass hien den Ubléck vu Läiche gewinnt; de **Patholog** huet d'Läich obduzéiert, fir d'Doudesursaach festzustellen

I Weiblech Form: **Pathologin**

pathologesch [patol'o:gəʃ] Adjektiv **1.** DE *pathologisch* [*das Krankheitsbild betreffend*] • FR *pathologique* [*relatif aux maladies*] • EN *pathological* [*relating to pathology*] • PT *patológico* [*relativo a uma doença*] **Beispill** fir de Suivi vun der Behandlung wier et wichteg, der Patientin hire **pathologeschen** Dossier ze gesinn **2.** DE *pathologisch* [*krankhaft*] • FR *pathologique* [*maladie*] • EN *pathological* [*obsessive*] • PT *patológico* [*doentio*] **Beispill** ech hunn eng **pathologesch** Angscht viru Sprëtzen **Synonym** krankhaft

Pathologie [patoloʒ'i:] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Gerichtsmedizin* • FR *médecine légale* • EN *forensic pathology* • PT *medicina legal* **Beispill** ech hu **Pathologie** studéiert an elo schaffen ech an der Fuerschung **2.** (Pluriel Pathologien) DE *Krankheitsbild* • FR *pathologie* [*maladie*] • EN *pathology* [*of a disease*] • PT *patologia* [*doença*] **Beispill** wéinst hirer komplizierter **Pathologie** läit d'Patientin an engem extraen Zëmmer

Pathologin [patol'o:gin] Femininum (Pluriel Pathologinnen) DE *Gerichtsmedizinerin, Pathologin* • FR (*femme*) *médecin légiste* • EN *pathologist* [*female*] • PT *médica-legista* **Beispill** d'Pathologin obduzéiert d'Läich, fir d'Doudesursaach erauszefannen

Männlech Form: ↗Patholog

Pathos [p'a:tos] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Pathos* • **FR** *pathos* [emphase] • **EN** *pathos* • **PT** *pathos* **Beispill** géif eise President nëmmen dee Pathos aus senge Rieden erausloossen!

Patient [patsi'ænt] Maskulinum (Pluriel Patienten) **DE** *Patient* • **FR** *patient* • **EN** *patient* • **PT** *paciente* [que recebe cuidados médicos] **Beispill** den Dokter huet beim Patient en Häerzfeeler festgestallt

Weiblech Form: ↗Patientin

Patientekartei [patsi'æntekartai] Femininum (Pluriel Patientekarteien) **DE** *Patientekartei*, *Patientendatei* • **FR** *fichier des patients* • **EN** *patient's file*, *health records* • **PT** *ficheiro dos pacientes* **Beispill** wa mäin Hausdokter an d'Pensioun geet, gëtt e seng Patientekartei weider u säin Nofollger

Patienteverfügung [patsi'æntəfəy:zʊŋ] Femininum (Pluriel Patienteverfügungen) **DE** *Patientenverfügung* • **FR** *directive anticipée* [d'un patient] • **EN** *living will*, *advance directive* • **PT** *diretriz anticipada* [de um paciente] **Beispill** dat, wat an engem senger Patienteverfügung festgehal ass, muss respektéiert ginn

Patientin [patsi'æntin] Femininum (Pluriel Patientinnen) **DE** *Patientin* • **FR** *patiente* • **EN** *patient* [female] • **PT** *paciente* [mulher, rapariga sob cuidados médicos] **Beispill** d'Patientin war laang op der Intensivstatioun, ier et hir besser gaangen ass

Männlech Form: ↗Patient

Patientin Null [patsi'æntinul] Femininum (Pluriel <seelen> Patientinnen Null) **DE** *Patientin Null* • **FR** *patiente zéro* • **EN** *patient zero* [female] • **PT** *paciente zero* [mulher] **Beispill** et gëtt gemonkelt, datt dës Fra d'Patientin Null vun der Infektionskette war

Männlech Form: ↗Patient Null

Patient Null [patsi'æntnul] Maskulinum (Pluriel <seelen> Patienten Null) **DE** *Patient Null* • **FR** *patient zéro* • **EN** *patient zero* • **PT** *paciente zero* **Beispill** fir de Verlaf vun enger Pandemie ze verstoen, ass et wichteg erauszufannen, mat wiem de Patient Null a Kontakt koom

Weiblech Form: ↗Patientin Null

Pâtisserie [patisɛr'i:] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Feingebäck* • **FR** *pâtisserie* [produits] • **EN** *pastries*, *cream cakes* • **PT** *pastelaria* [conjunto de bolos] **Beispiller** iess net ze vill Pâtisserie, du gëss ze déck!; fir Dessert gouf et e puer Zorte Pâtisserie **2.** (Pluriel Pâtisseries) **DE** *Konditorei* • **FR** *pâtisserie* [commerce] • **EN** *cake shop*, *tea shop* • **PT** *pastelaria* [estabelecimento comercial] **Beispill** de Kaffi, deen ech gëschter an der Pâtisserie hat, war net ze drénken!

Pâtissier [pat'isje:] Maskulinum (Pluriel Pâtissieren) **DE** *Konditor* • **FR** *pâtissier* • **EN** *pastry cook*, *confectioner* • **PT** *pasteleiro* **Beispill** mäi Kollege mécht eng Léier fir Pâtissier **Synonym** Zockerbäcker

Weiblech Form: ↗Pâtissière

Pâtissière [pat'isje:R] Femininum (Pluriel Pâtissieren) **DE** *Konditorin* • **FR** *pâtissière* • **EN** *pastry cook*, *con-*

fectioner [female] • **PT** *pasteleira* [mulher] **Beispill** déi nei Pâtissière huet sech op Hochzäitskuche spezialiséiert

Männlech Form: ↗Pâtissier

Pâtissiersflan [pat'isje:sflɑ:] Maskulinum (Pluriel Pâtissiersflanen) **DE** *französischer Pudding-kuchen* • **FR** *flan pâtissier*, *flan parisien* • **EN** *custard tart* • **PT** *flan francês*, *flan parisiense* **Beispill** ech freeë mech schonn op e Stéck Pâtissiersflan mat flëssegem Karamell drop

Patrëiner [patr'ziŋe] Maskulinum (Pluriel Patrëiner) **DE** *Namenspatron*, *Schutzheiliger* • **FR** *patron* [saint] • **EN** *patron saint* • **PT** *padroeiro* [santo] **Beispiller** wat fir en Hellegen ass däi Patrëiner?; haut feieren d'Bäcker hire Patrëiner; 1841 gouf eng Statu fir de Patrëiner vun der Kierch opgericht; ech kenne meng Patrëiner! ^[ironesch] lech weess, wéi d'Leit, mat deenen ech ze dinn hunn, reagéieren; eise Mëllechmann ass e bossege Patrëiner ^[egs] [eise Mëllechmann ass e bossegen Typ] **Synonym** Schutzpatrëiner

Weiblech Form: ↗Patrëinesch

Patrëinerin [patr'ziŋerɪn] Femininum (Pluriel Patrëinerinnen) - Variant vun ↗Patrëinesch

Patrëinesch [patr'ziŋə] Femininum (Pluriel Patrëineschen)

Variant: Patrëinerin

Männlech Form: ↗Patrëiner

Patriarch [patr'i'arç] Maskulinum (Pluriel Patriarchen) **1.** ^[Relioun] **DE** *Patriarch* • **FR** *patriarche* • **EN** *patriarch* • **PT** *patriarca* **Beispill** d'orthodox Kierch gëtt vu Patriarche geleet **2.** **DE** *Patriarch* [Familienoberhaupt] • **FR** *patriarche* [de famille] • **EN** *patriarch* [head of the family] • **PT** *patriarca* [de familiar] **Beispill** déi ganz Famill huet sech dem Wëlle vum Patriarch ze fügen

patriarchalesch [patr'i'arç'a:lə] Adjektiv **DE** *patriarchalisch* • **FR** *patriarcal* • **EN** *patriarchal*, *paternalistic* <Adverb *patriarchally*> • **PT** *patriarcal* **Beispiller** mäi fréiere Shouddirekter hat nach patriarchalesch Usiichten iwwe d'Erzéiung; eise Chef denkt zimmlech patriarchalesch

Patriot [patr'i'o:t] Maskulinum (Pluriel Patriot) **DE** *Patriot* • **FR** *patriote* • **EN** *patriot* • **PT** *patriota* **Beispill** als Patriot hänkt hien op Nationalfeierdag de Fändel aus

Weiblech Form: ↗Patriotin

patriotesch [patr'i'o:tə] Adjektiv **DE** *patriotisch* • **FR** *patriotique* • **EN** *patriotic* <Adverb *patriotically*> • **PT** *patriótico* **Beispiller** dee Schrëftsteller ass fir seng patriotesch Gedichter bekannt; a Krisenzäite behuele sech d'Leit dacks méi patriotesch

Patriotin [patr'i'o:tin] Femininum (Pluriel Patriotinnen) **DE** *Patriotin* • **FR** (femme) *patriote* • **EN** *patriot* [female] • **PT** *patriota* [mulher] **Beispill** als Patriotin feiert meng Mamm besonnesch gär den Nationalfeierdag

Männlech Form: ↗Patriot

Patriotismus [patriot'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Patriotismus* • **FR** *patriotisme* • **EN** *patriotism* • **PT** *patriotismo* **Beispill** an eisem Sträit ass et ëm Patriotismus gaangen

Patron [p'atrɔ̃:] Maskulinum (Pluriel Patronen) **1.** DE *Chef, Betriebsleiter* • FR *patron, chef* • EN *boss, manager* • PT *patrão, chefe* **Beispiller** de Patron mengt et gutt mat sengen Employéen; mäi Patron huet mer eng Woch Congé accordéiert; schwätzt mam Patron, fir en Dësch ze reservéieren! **2.** (kee Singulier) DE *Arbeitgeber [Arbeitgeberschaft]* • FR *patrons [patronat]* • EN *employers* • PT *patrões [patronato]* **Beispill** de Ministère vermëttelt tëschent de Patronen an der Gewerkschaft **Synonym** Patronat

W Weiblech Form: ↗Patronne

Patron [p'atrɔ̃:] Maskulinum (Pluriel Patronen) DE *Schnittmuster* • FR *patron (de couture)* • EN *pattern [for sewing]* • PT *molde [para vestuário]* **Beispill** ouni Patron bitz de kee Paltong!

Patronage [patron'a:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Schirmherrschaft* • FR *patronage [parrainage]* • EN *patronage, sponsorship* • PT *patrocinio [auspícios]* **Beispill** d'Ausstellung steet enner dem Patronage vum Ministère **Synonym** Protektorat

Patronat [patron'a:t] Neutrum (kee Pluriel) DE *Arbeitgeberschaft, Arbeitgeber* • FR *patronat* • EN *employers* • PT *patronato [entidade patronal]* **Beispill** d'Gewerkschafte streide mam Patronat fir eng Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen

patronéieren [patron'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé patronéiert) » **transitiv** DE *unter seine Schirmherrschaft stellen* • FR *patronner [aider, soutenir]* • EN *to patronize, to sponsor* • PT *patrocinar [apoiar]* **Beispill** de Gesondheitsministère patronéiert eise Projet

Patronne [p'atron] Femininum (Pluriel Patronnen) DE *Chefin [Arbeitgeberin]* • FR *patronne [employeuse]* • EN *boss [female]* • PT *patroa, chefe* **Beispill** eis Patronne mëcht sech vill Suergen ëm d'Zukunft vum Betrieb **Synonym** Cheffin

W Männlech Form: ↗Patron

Patroun [patr'əʊn] Femininum (Pluriel Patrounen) **1.** DE *Patrone [eines Geschosses]* • FR *cartouche [d'un projectile]* • EN *cartridge [of a bullet]* • PT *cartucho [de um projétil]* **Beispiller** d'Kanner hunn am Bësch eng eidel Patroun vun engem Juegdgewier fonnt; de Braconnier hat d'Täsch voller Patrounen **Synonym** Kartusch **2.** DE *Patrone [Tintenbehälter]* • FR *cartouche [recharge d'encre]* • EN *cartridge [ink container]* • PT *cartucho [recarga de tinta]* **Beispill** ech hunn déi schwaarz Patroun am Printer gewiesselt **Synonym** Kartusch

Patrull [patr'ul] Femininum (Pluriel Patrullen) **1.** DE *Streife [Kontrollgang]* • FR *patrouille [ronde de surveillance]* • EN *patrol [activity]* • PT *patrulha [ronda de vigilância]* **Beispill** d'Police huet hir Patrullen an dësem Quartier verduebelt **2.** DE *Streife [Polizeiinheit, Militär-einheit]* • FR *patrouille [détachement]* • EN *patrol [detachment]* • PT *patrulha [unidade policial, unidade militar]* **Beispill** et waren zwou Patrulle vun der Police néideg, fir d'Situatioun Meeschter ze ginn **3.** DE *Sippe [Pfadfindereinheit]* • FR *patrouille [de scouts, de guides]* • EN *patrol [of Scouts, of Guides]* • PT *patrulha [de escuteiros]* **Beispill** um Scoutscamp baut all Patrull hir eege Kichen

patrulléieren [patrul'ziəɾən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé patrulléiert) » **intransitiv** DE *patrouillieren* • FR *patrouiller* • EN *to patrol* • PT *patrulhar* **Beispiller** d'Zaldote sinn an de Stroosse vun der Stad patrulléiert; d'Monitricë patrulléieren owes am Dor-toir, bis d'Kanner all schlofen

pattschen [p'atʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepatscht) » **transitiv** **1.** [ëgs] DE *rauchen [eine Zigarette]* • FR *griller [une cigarette]* • EN *to smoke [la cigarette]* • PT *fumar [um cigarro]* **Beispill** an der Zäit hunn ech dräi Päck den Dag gepatscht » **intransitiv** **2.** [ëgs] DE *qualmen [rauchen]* • FR *cloper* • EN *to smoke [cigarettes]* • PT *tabaquear, fumar* **Beispill** dee Kärel pattscht schonn zënter Joren!

pätschen [p'ætʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepätscht) » **intransitiv** - och onperséinlech DE *knallen, puffen* • FR *claquer [faire un bruit sec]* • EN *to pop, to go bang* • PT *estalar [emitir um som seco]* **Beispiller** et huet gepätscht, wéi d'Bier futtigefuer ass; wat huet elo esou gepätscht?

Patt [pat] Maskulinum (Pluriel Pätt) **1.** DE *Glas, Krug [Trinkgefäß]* • FR *verre, chope [récipient]* • EN *glass, beer mug* • PT *copo, caneca [recipiente]* **Beispiller** e Client huet aus Versi säi Patt ëmgestouss; et ass, fir an e Patt ze faschten! [graf] [→ seet een, wann ee sech iergert] **2.** DE *Glas [Inhalt]* • FR *pot, verre [boisson]* • EN *glass [of wine, of beer]* • PT *copo [conteúdo]* **Beispiller** hie geet all Dag an de Café säi Patt huelen; ech hunn zwee Pätt Wäi gedronk; hien huet e Patt iwwer den Dusch gedronk [ëgs] [hien huet ze vill Alkohol gedronk] **3.** DE *Runde [Getränk]* • FR *tournée [de consommations offertes]* • EN *round [of drinks]* • PT *rodada [de bebidas ofertas]* **Beispill** elo ass et u mir, fir e Patt ze ginn! **4.** DE *Umtrunk* • FR *pot [réunion conviviale]* • EN *drinks [social gathering]* • PT *beberete* **Beispill** nom Patt si mer all zesammen iesse gaangen

Patt [pat] Femininum (Pluriel Patten) **1.** DE *Pfote [Tierfuß]* • FR *patte [d'un animal]* • EN *paw [of an animal]* • PT *pata [de um animal]* **Beispill** d'Kaz kraazt sech mat der hënneschter Patt hannerem Ouer **2.** [ëgs] DE *Pfote [Hand]* • FR *patte [main]* • EN *paw [person's hand]* • PT *pata [mão]* **Beispiller** bleif mer mat denge Patte vun de Knéien ewech!; bei där Affär kann ee sech d'Patte verbrennen [déi Affär ass rickant] **Synonym** Pout

Pättchen [p'ætʃən] Maskulinum (Pluriel Pättercher) - Diminutivform vun ↗Patt

Pättchen Femininum (Pluriel Pättercher) - Diminutivform vun ↗Patt

Pätter [p'æte] Maskulinum (Pluriel Pätteren) **1.** DE *Pa-te [Taufpate]* • FR *parrain [lors d'un baptême]* • EN *godfather* • PT *padrinho [de batismo]* **Beispiller** de Pätter an d'Giedel hunn no der Daf Dragéeeën ausgedeelt; ech si Pätter iwwer menger Schwëster hiren Eelsten; ech gouf gefrot, ob ech wéilt Pätter vun de Pompjeeën hirem neie Fändel ginn [ech gouf gefrot, ob ech wéilt de Pompjeeën hiren neie Fändel finanzéieren]; bei där Saach kanns de Pätter ginn! [ëgs] [déi Saach kann dech vill Sue kaschten!] **2.** [ëgs] DE *Opa [alter Mann]* • FR *vieillard, vieux, papi* • EN *grandad [old man]* • PT *velhote, velho* **Beispill** déi véier Pättère spillen eemol d'Woch Kaart mateneen **3.** [vereezlt] DE *Großvater* • FR *grand-père*

• **EN** *grandad* [*grandfather*] • **PT** *avô* **Beispill** eise Pätter ass nach gutt a Form a riicht ewéi eng Dänn **Synonym** Grousspapp

Pätterchen [p'æ̀tɛ̀çən] Maskulinum (Pluriel Pättercher) - Diminutivform vun ↗Pätter **DE** *Patensohn* • **FR** *filleul* • **EN** *godson* • **PT** *afilhado* **Beispill** d'Gued huet hirem Pätterchen eng Auer geschenkt

paueren Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé gepauert)

i Hei entstee en neien Artikel.

Pauk [pauk] Femininum (Pluriel Pauken) **DE** *Pauke* • **FR** *timbale* [*instrument*] • **EN** *kettledrum, timpani* • **PT** *timpano* [*instrumento musical*] **Beispill** virum Concert huet de Perkussionist d'Pauke gestëmmt

Paus [paʊs] Femininum (Pluriel Pausen) **1. DE** *Pause* [*Ruhepause*] • **FR** *pause* [*interruption*] • **EN** *break* [*pause, interruption*] • **PT** *pausa, intervalo* [*interrupção*] **Beispiller** ech muss eng Paus maachen, fir zou mer ze kommen; hatt ass amstand, stonnelaang ouni Paus ze schaffen **2. DE** *Pause* [*zwischen Schulstunden*] • **FR** *récréation* [*scolaire*] • **EN** *break* [*between school lessons*] • **PT** *recreio* [*lescolar*] **Beispill** an der Paus **hunn** d'Bouwe Fussball gespillt **3. DE** *Pause* [*während einer Aufführung, einer Vorstellung*] • **FR** *entracte* • **EN** *interval* [*entr'acte*] • **PT** *intervalo, entreato* **Beispill** d'Theaterstéck huet fénnef Akten, awer nëmmen zwou Pausen **4. DE** *Pause* [*in einem Musikstück, Sprechpause*] • **FR** *silence, pause* • **EN** *rest* [*in music*], *breath* [*pause*] • **PT** *silêncio, pausa* **Beispill** d'Trompetten **hunn** am Ufank vum Stéck zwielef Takt Paus; maach emol Pausen, wann s de schwätzt, et versteet een dech schlecht! **5. DE** *Pause* [*Zeichen*] • **FR** *pause* [*notation musicale*] • **EN** *fermata, pause* • **PT** *pausa* [*notação musical*] **Beispill** de Museksschüler krut e Punkt ofgezunn, well en am Diktat eng Paus vergiess hat

pauschal [paʊʃ'a:l] Adjektiv **1. DE** *pauschal* [*Preis, Summe*] • **FR** *forfaitaire* <Adverb *forfaitairement*> • **EN** *flat-rate, all-inclusive* • **PT** *global* [*preço, soma*] <Adverb *a um preço global*> **Beispiller** fir den Transport vu klenge Päck gétt eng pauschal Zomm facturéiert; d'Tax gouf pauschal festgeluecht **2. DE** *pauschal* [*undifferenziert, allgemein*] • **FR** *général, schématique* <Adverb *sans discernement, de manière globale*> • **EN** *sweeping, indiscriminate* <Adverb *indiscriminatingly*> • **PT** *geral* [*indiferenciado*] <Adverb *sem diferencar, de modo geral*> **Beispiller** dat ass eng pauschal Ausso, déi een net kann esou stoe loosgen; du kanns dach net esou pauschal iwwer déi Leit jugéieren!

pausen [p'auzən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé gepauert) » **intransitiv** **DE** *pausieren* [*eine längere Pause machen*] • **FR** *prendre du repos* • **EN** *to take time off* • **PT** *descansar, folgar* **Beispill** ech **hunn** aus gesondheetleche Grënn missen eng Zäit pausen

Pautsch [p'æ:ʊtʃ] Femininum (Pluriel Pautschen) **DE** *Pustel, Pickel* • **FR** *bouton, pustule* • **EN** *pimple, spot* • **PT** *borbulha, pústula* **Beispill** an der Pubertéit hat mäi Brudder d'Gesicht voller Pautschen **Synonym** Eess

Pavé [pav'e:] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Pawee

Pavillon [p'aviʊ:] Maskulinum (Pluriel Pavillon) **1. DE** *Pavillon* [*Gartenpavillon*] • **FR** *pavillon* [*dans un jardin, dans un parc*] • **EN** *pavilion* [*in a garden, in a park*] • **PT** *pavilhão* [*num jardim, num parque*] **Beispill** am Park steet e Pavillon, deen ee fir Fester ka lounen **2. DE** *Pavillon* [*einer Ausstellung*] • **FR** *pavillon* [*d'une exposition*] • **EN** *pavilion* [*at an exhibition*] • **PT** *pavilhão* [*de uma exposição*] **Beispill** de Lëtzebuenger Pavillon op der Weltausstellung huet ville Leit gutt gefall **3. DE** *Flagge* [*in der Schifffahrt*] • **FR** *pavillon* [*maritime*] • **EN** *flag* [*maritime*] • **PT** *pavilhão* [*símbolo marítimo*] **Beispill** dat Schëff fiert ënner eisem Pavillon

Pawee [pav'e:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Kopfsteinpflaster* • **FR** *pavé* [*pavement*] • **EN** *cobblestones* • **PT** *piso em paralelo* **Beispiller** an der Alstad läit nach op ville Plaze Pawee; de klenge Jong huet sech um Pawee de Knéi opgeschloen

Paweesteen Maskulinum (Pluriel Paweesteng) **DE** *Pflasterstein* [*Baumaterial*] • **FR** *pavé* [*bloc de pierre*] • **PT** *pedra de calçada, paralelepípedo* **Beispill** wéi eng Paweesteng géift Dir fir eis Afaart recommandéieren?

Payment Maskulinum/Neutrum (Pluriel Payementer) - Variant vun ↗Paiement

Paysagist [peizag'ist] Maskulinum (Pluriel Paysagisten) **DE** *Landschaftsgärtner* • **FR** (*jardinier*) *paysagiste* • **EN** *landscape gardener* • **PT** *jardineiro paisagista* **Beispill** eise Gaart gouf vun engem Paysagist geplangt

i Weiblech Form: ↗Paysagistin

Paysagistin [peizaz'istin] Femininum (Pluriel Paysagistinnen) **DE** *Landschaftsgärtnerin* • **FR** (*jardinière*) *paysagiste* • **EN** *landscape gardener* [*female*] • **PT** *jardineira paisagista* **Beispill** d'Gemeng huet eng Paysagistin engagéiert, fir deen neie Park ze plangen

i Männlech Form: ↗Paysagist

Pays d'origine [pe'ido:ʀiz'in] Maskulinum (Pluriel Pays-d'originen) **Administratioun** **DE** *Herkunftsland* • **FR** *pays d'origine* • **PT** *país de origem* **Beispiller** um Formulaire, fir e Visa unzefroen, muss ee säi Pays d'origine uginn; bei Liewensméttel sollt de Pays d'origine vum Produkt op der Verpackung stoen **Synonym** Hierkonftsland

pazifesch [pats'i:fəʃ] Adjektiv **DE** *pazifisch* • **FR** *du Pacifique* • **EN** *Pacific* • **PT** *do Pacífico* **Beispill** Mikronesien ass en Ensembl vu pazifeschen Inselstaaten

Pazifist [patsif'ist] Maskulinum (Pluriel Pazifisten) **DE** *Pazifist* • **FR** *pacifiste* • **EN** *pacifist* • **PT** *pacifista* **Beispill** als Pazifist huet hie refuséiert, de Militärdéngscht ze maachen

i Weiblech Form: ↗Pazifistin

pazifistes [patsif'istəʃ] Adjektiv **DE** *pazifistisch* • **FR** *pacifiste* • **EN** *pacifist* • **PT** *pacifista* **Beispill** dee Politiker ass Member vun enger pazifistescher Bewegung

Pazifistin [patsif'istin] Femininum (Pluriel Pazifistinnen) **DE** *Pazifistin* • **FR** (*femme*) *pacifiste* • **EN** *pacifist* [*female*] • **PT** *pacifista* [*mulher*] **Beispill** als Pazifistin ass meng Schwëster géint all Asaz vun der Arméi

i Männlech Form: ↗Pazifist

PCR-Test [pe:se:'ɛ:Rtæst] Maskulinum (Pluriel PCR-Tester) **DE** PCR-Test • **FR** test PCR • **PT** teste PCR **Beispill** mat engem PCR-Test kann de Virus bannent kierzter Zäit nogewise ginn

Peage [p'e:a:f] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Maut • **FR** péage [taxe] • **EN** toll [charge] • **PT** portagem [taxal] **Beispill** bei d'Käschte fir de Bensinn muss de och nach de Peage rechnen **Synonym** Maut **2.** (Pluriel Peagen) **DE** Zahlstelle [auf Straßen] • **FR** péage [endroit] • **EN** toll-booth, toll plaza • **PT** portagem [lugar] **Beispill** virum Peage stoung mer bal eng hallef Stonn am Stau

Pech [pæç] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** Klebstoff • **FR** colle • **EN** glue • **PT** cola [substância] **Beispill** ech kann d'Vas elo net flécken, well mir kee Pech am Haus hunn **Synonym** Koll **2.** **DE** Klebeband • **FR** ruban adhésif, scotch • **EN** Sellotape, sticky tape • **PT** fita-cola **Beispill** ech hunn den Ziedel mat Pech un d'Dier gehaangen **Synonym** Pechpabeier

Pech [pæç] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Pech [un-glückliche Fügung] • **FR** malchance • **EN** bad luck • **PT** má sorte, azar **Beispill** wat e Pech, datt mir de Bus verpasst hunn!; déi Fra hat bis elo nëmme Pech am Liewen

Pechbild [p'æçbɪlt] Neutrum (Pluriel Pechbiller) **DE** Aufkleber • **FR** autocollant • **EN** sticker • **PT** autocolante **Beispill** de Bouf huet sengem Papp zwee Pechbiller an déi hënnescht Autofenster gepecht **Synonymen** Autocollant, Sticker

pecheg [p'æçəç] Adjektiv **1.** **DE** klebrig [klebend, schmierig] • **FR** collant, gluant, poisseux • **EN** sticky • **PT** pegajoso, peganhento **Beispill** de Bouf hat pecheg Hänn vun de Kamellen **2.** **DE** klebrig [aufdringlich] • **FR** collant [importun] • **EN** importunate, clinging • **PT** pegajoso [importuno] **Beispill** mir ginn deem pechege Kärel einfach net lass

pechen [p'æçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepecht) » **transitiv 1.** **DE** kleben [ankleben, aufkleben] • **FR** coller [faire adhérer] • **EN** to stick [to affix] • **PT** colar [fazer aderir] **Beispill** ech hu vergiess, en Timber op de Brëif ze pechen; ech hat keng Mënz fir an d'Parkauer, hoffentlech krut ech kee gepecht! [ëgs] [ech hat keng Mënz fir an d'Parkauer, hoffentlech krut ech kee Protokoll!] **Synonym** kliewen **2.** **DE** kleben [reparieren] • **FR** coller [réparer] • **EN** to glue [to repair] • **PT** colar [consertar] **Beispill** ech hunn net dee richtege Koll, fir d'Vas ze pechen **Synonym** kollen » **intransitiv 3.** **DE** kleben • **FR** coller [adhérer] • **EN** to stick [to adhere] • **PT** colar [aderir] **Beispill** dee Koll ass verdrécht, dofir pecht en net méi!

Verben, déi pechen als Basis hunn: ↗apechen, ↗oppechen, ↗upechen, ↗zesummepechen an ↗zoupechen

Pechert [p'æçet] Maskulinum (Pluriel Pecherten) [ëgs] **DE** Knöllchenmann • **FR** (agent) contractuel [du service du stationnement] • **EN** traffic warden • **PT** agente de fiscalização de estacionamento **Beispill** an dëser Strooss passéiert de Pechert zweemol den Dag

Weiblech Form: ↗Pechesch

Pechesch [p'æçəʃ] Femininum (Pluriel Pecheschen) [ëgs] **DE** Politesse • **FR** (agente) contractuelle [du service

de stationnement] • **PT** agente de fiscalização de estacionamento [mulher] **Beispill** ech hunn d'Pechesch informéiert, datt de Parkautomat an eiser Strooss futti ass

Männlech Form: ↗Pechert

Pechpabeier [p'æçpabɛi] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Klebeband • **FR** ruban adhésif, scotch • **EN** Sellotape, sticky tape • **PT** fita-cola **Beispill** ech hunn den Ziedel mat Pechpabeier un d'Dier gehaangen

pechschwarz [p'æçʃwa:Rts] Adjektiv **DE** pechschwarz • **FR** noir comme jais • **EN** pitch-black • **PT** preto como o carvão **Beispill** a menger Famill hunn se bal alleguer pechschwarz Hoer

Peckelshaff [pækəlʃ'af] Eegennumm **DE** Peckelshaff • **FR** Peckelshaff • **EN** Peckelshaff • **PT** Peckelshaff **Beispill** ech wunnen um Peckelshaff; fiert dëse Bus op de Peckelshaff?

Pécksert [p'ekst] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** (übler) Beigeschmack • **FR** (petit) goût [désagréable] • **EN** unpleasant aftertaste • **PT** sabor desagradável [de um alimento alterado] **Beispill** déi Ham kanns de net zerweieren, se huet e Pécksert **Synonym** Stach

Péckvillchen [p'ekfɪçən] Maskulinum (Pluriel Péckvillercher) **DE** Vogelpeife [Tonflöte in Vogelform] • **FR** oiseau sifflet [en terre cuite] • **EN** [Definition] small whistling bird made of clay and sold on Easter Monday • **PT** pássaro-apito [de barro] **Beispill** all Enkelkand krut vun der Bomi e Péckvillche geschenkt

Pecorinozooss [pekori:'no:tso:s] Femininum (Pluriel Pecorinozoossen / Pecorinozosen) [Gas-tronomie] **DE** Pecorinosauce • **FR** sauce au pecorino • **EN** pecorino sauce • **PT** molho de queijo pecorino **Beispill** den Owend kachen ech eis Tagliatellë mat Pecorinozooss

Pedagog [pedag'o:k] Maskulinum (Pluriel Pedagogen) **DE** Pädagoge • **FR** pédagogue • **EN** pedagogue • **PT** pedagogo **Beispill** eise Scoutschef ass e gudder Pedagog

Weiblech Form: ↗Pedagogin

pedagogesch [pedag'o:gəʃ] Adjektiv **DE** pädagogisch • **FR** pédagogique <Adverb pédagogiquement> • **EN** pedagogic <Adverb pedagogically> • **PT** pedagógico <Adverb pedagogicamente> **Beispill** d'Professeren hu vill iwwee pedagogesch Konzepter geschwat; dat Buch ass pedagogesch wäertvoll

Pedagogie Femininum (kee Pluriel) **DE** Pädagogik • **FR** pédagogie [science] • **PT** pedagogia [ciência] **Beispill** déi nei Direktesch vun der Maison relais huet e Master an der Pedagogie **Synonym** Pedagogik

Pedagogik [pedag'o:zik] Femininum (kee Pluriel) **DE** Pädagogik • **FR** pédagogie [science] • **EN** pedagogy • **PT** pedagogia [ciência] **Beispill** déi nei Direktesch vun der Maison relais huet e Master an der Pedagogik **Synonym** Pedagogie

Pedagogin [pedag'o:gin] Femininum (Pluriel Pedagoginnen) **DE** Pädagogin • **FR** pédagogue [femme]

Männlech Form: ↗Pedagog

Pedall [pə'dal] Femininum (Pluriel Pedallen) **1.** DE *Pedal* [Tretkurbel] • FR *pédale* [de rotation] • EN *pedal* [for powering a vehicle] • PT *pedal* [de rotação] **Beispiller** fir mam Vélo biergop ze fueren, muss ee kräfteg an d'Pedallen drécken; mäi Brudder huet schonn am éischte Joer Uni d'Pedalle verluer [égs] [mäi Brudder war schonn am éischte Joer Uni iwwerfuert] **2.** DE *Pedal* [Fußhebel] • FR *pédale* [levier, commande] • EN *pedal* [for controlling a vehicle] • PT *pedal* [lavanca, comando] **Beispill** du muss d'Pedall mam Fouss bis hannenhin drécken

pedalléieren [pədal'ziəɾən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **pedalléiert**) » **intransitiv 1.** DE *in die Pedale treten* • FR *pédaler* [appuyer sur les pédales] • EN *to make an effort* • PT *pedalar* [impulsionar os pedais] **Beispill** fir eng gutt Moyenne ze kréien, muss een zolidd **pedalléieren** ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **pedalléiert**) » **intransitiv 2.** DE *radeln* • FR *pédaler* [se déplacer à bicyclette] • EN *to pedal* [to bicycle] • PT *pedalar* [andar de bicicleta] **Beispill** mir sinn duerch d'Stad **pedalléiert**

Pedant [pə'dant] Maskulinum (Pluriel Pedanten) DE *Pedant* • FR *maniacque, pinailleur* • EN *pedant* • PT *maniacco, picuinhas* **Beispill** hien ass e Pedant, wann et em d'Orthografie geet

1 Weiblech Form: ↗Pedantin

Pedanterie [pədantə'ri:] Femininum (kee Pluriel) DE *Pedanterie* • FR *minutie excessive* • EN *pedantry* • PT *minúcia excessiva* **Beispill** eise Comptabel ass bekannt fir seng Pedanterie

pedantesch [pə'dantəʃ] Adjektiv DE *pedantisch* • FR *tatillon* <Adverb de manière tatillonne> • EN *pedantic* <Adverb pedantically> • PT *picuinhas, miudinho* <Adverb de forma picuinhas> **Beispiller** seng **pedantesch** Manéier kann engem op d'Nerve goen!; du däärfst dat net esou **pedantesch** gesinn

Pedantin [pə'dantin] Femininum (Pluriel Pedantinnen) DE *Pedantin* • FR *maniacque, pinailleuse* • PT *maniacca, picuinhas* **Beispill** mat där **Pedantin** kann ee kee flott Gespréich féieren!

1 Männlech Form: ↗Pedant

Pediater [pedi'a:te] Maskulinum (Pluriel Pediatere) DE *Kinderarzt* • FR *pédiatre* • EN *paediatrician, children's doctor* • PT *pediatra* **Beispill** de **Pediater** huet direkt erkannt, datt de Jong misst mam Blinddarm operéiert ginn **Synonym** Kannerdokter

1 Weiblech Form: ↗Pediaterin

Pediaterin [pedi'a:tərin] Femininum (Pluriel Pediatereinnen) DE *Kinderärztin* • FR *pédiatre* [femme] • PT *pediatra* [mulher] **Beispill** ech muss mat mengem Kand bei d'Pediaterin goen, well et nach ëmmer krank ass **Synonym** Kannerdoktesch

1 Männlech Form: ↗Pediater

Pediatrie [pediə'tri:] Femininum (kee Pluriel) **1.** DE *Pädiatrie, Kinderheilkunde* [Fachgebiet] • FR *pédiatrie* [spécialité médicale] • EN *paediatrics* [branch of medicine] • PT *pediatria* [especialidade médica] **Beispill** d'Pediatrie gräift déi selwecht Spezialisatiounen op ewéi

d'Erwuessenemedezin **2.** DE *Pädiatrie, Kinderheilkunde* [Abteilung] • FR *(service de) pédiatrie* • EN *paediatrics* [hospital department] • PT *(serviço de) pediatria* **Beispill** weinst Häerzproblemer koum de Puppelchen direkt no der Gebuert op d'Intensivstatioun vun der **Pediatrie**

Pedikür [pedik'y:r] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Pediküre* [Fußpflege] • FR *pédicurie* • EN *pedicure* • PT *tratamento dos pés* **Beispill** ech ginn eemol de Mount an d'Pedikür **2.** (Pluriel **Pedikürene**) DE *Pediküre* [Fußpfleger(in)] • FR *pédicure* • EN *chiroprapist* • PT *pedicuro, pedicura* **Beispill** meng **Pedikür** geet och heem bei d'Leit

Pedophilie [pe:dofil'i:] Femininum (kee Pluriel)

1 Hei entsteeft en neien Artikel.

Peegel [p'e:zəl] Maskulinum (Pluriel **Peegelen**) DE *Pegel, Pegelstand* • FR *niveau des eaux* • EN *(water) level* • PT *nível das águas* **Beispill** weinst dem Héichwaasser gëtt de Radio déi aktuell **Peegele** vun de Flëss duerch **Synonym** **Peegelstand**

Peegelstand [p'e:zəlʃtant] Maskulinum (Pluriel **Peegelstänn**) DE *Pegelstand* • FR *niveau des eaux* • EN *water level* • PT *nível das águas* **Beispill** weinst dem Héichwaasser gëtt de Radio déi aktuell **Peegelstänn** vun de Flëss duerch **Synonym** **Peegel**

Peenis [p'e:nis] Maskulinum (Pluriel **Peenissen**) DE *Penis* • FR *pénis* • EN *penis* • PT *pénis* **Beispill** den Urolog huet dem Patient säi **Peenis** ënnersicht **Synonym** **Glidd**

peepstlech [p'e:pstləç] Adjektiv DE *päpstlich* • FR *papal* • EN *papal, pontifical* • PT *papal* **Beispill** no der Mass kruten d'Pilger de **peepstleche** Seegen

Peer-Review Maskulinum (Pluriel **Peer-Reviewen** / **Peer-Reviews**)

1 Hei entsteeft en neien Artikel.

Peeso Maskulinum (Pluriel **Peeso** / **Peesoene**) DE *Peso* • FR *peso* • EN *peso* • PT *peso* [unidade monetária] **Beispiller** a Latäinamerika gëtt a ville Länner mat **Peeso** bezuelt; mat wéi vill **Peeso** muss ee fir eng Nuecht am Hotel rechnen?; hues de nach e puer **Peesoene** am Portmonni?

1 Zu Lëtzebuerg ass mam Wuert **Peeso** meeschtens de ↗Mexikanesche **Peeso** gemengt.

Peffer [p'æfe] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Pfeffer* • FR *poivre* • EN *pepper* • PT *pimenta* [condimento] **Beispiller** et feelt eng Grëtz **Peffer** an denger Zooss; wiers du gutt, wou de **Peffer** wüsst! [égs] [wiers du gutt do, wou ech näischt méi mat der ze dinn hätt!]

pefferen [p'æfəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gepeffert**) » **transitiv 1.** DE *pfeffern* • FR *poivrer* • EN *to pepper* [to season] • PT *apimentar* [temperar com pimenta] **Beispiller** vergiess net, d'Bifdecker ze **pefferen**; d'Zooss ass gutt **gepeffert**; dat war eng **gepeffert** Rechnung! [égs] [dat war eng héich Rechnung!] » **intransitiv** - **onperséinlech 2.** DE *brennen* [schmerzen] • FR *brûler* [faire mal] • EN *to burn, to sting* [to be painful] • PT *arder* [doer] **Beispill** wat huet dat **gepeffert**, wéi ech mer de Knéi operappt hunn! **Synonym** **brennen**

pëfferen [p'əfəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *gepëffert*) » **intransitiv** - **onperséinlech** DE *brennen* [schmerzen] • FR *brûler* [faire mal] • EN *to burn, to sting* [to be painful] • PT *arder* [doer] **Beispill** wat huet dat *gepëffert*, wéi ech mer de Knéi opgerappt hunn! **Synonym** brennen

Pefferkär [p'æfɛkə:ɾ] Maskulinum (Pluriel *Pefferkären*) DE *Pfefferkorn* • FR *grain de poivre* • EN *peppercorn* • PT *grão de pimenta* **Beispiller** ech hätt mech bal un engem *Pefferkär* verschléckt; hie muss ëmmer säi *Pefferkär* bäileeën [ëgs] [hie mengt, e misst ëmmer seng Meenung zu allem soen]

Peffermanz Maskulinum/Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗*Peffermënz*

Peffermënz [p'æfɛmənts] Maskulinum/Femininum (kee Pluriel) DE *Pfefferminze* • FR *menthe (poivrée)* • EN *mint, peppermint* • PT *hortelá-pimenta* **Beispiller** *Peffermënz* ass gutt fir d'Verdauung; den Dessert war mat engem *Blat Peffermënz* garnéiert

i Variant: *Peffermanz*

Peffermillen [p'æfɛmilən] Femininum (Pluriel *Peffermillen*) DE *Pfeffermühle* • FR *moulin à poivre* • EN *pepper mill* • PT *moinho de pimenta* **Beispill** d'*Peffermille* muss nogefëllt ginn

Péggi Maskulinum (Pluriel *Péggien*) [vereezlt] [ëgs] DE *Belgier* • FR *Belge* • EN *Belgian* • PT *belga* [pessoa] **Beispill** du kanns soen, wat s de wëlls, d'*Péggie* maachen awer nach ëmmer déi beschte *Fritten*! **Synonymmen** *Belsch*, *Zillebäcker*

i Variant: *Peggi*

Peggi Maskulinum (Pluriel *Peggien*) - Variant vun ↗*Péggi*

Péilchen [p'ɛilçən] Maskulinum (Pluriel *Péilercher*) - Diminutivform vun ↗*Poull*

peilen [p'ɔilən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *gepeilt*) » **intransitiv** DE *peilen* [eine Richtung bestimmen] • FR *viser* [pour déterminer un azimuth] • EN *to take a bearing* • PT *determinar a direção, visar* [com bússola] **Beispiller** d'*Scouten* hunn haut gewise *kritt*, wéi ech mat *Hëllef* vun engem *Kompass* *peilt*; iwwer den *Daum* *gepeilt* wäert eis nei *Kichen* herno 25.000 Euro *kaschten* [eis nei *Kiche* wäert herno ongeféier 25.000 Euro *kaschten*]

i Verb, dat **peilen** als Basis huet: ↗*upeilen*

péilen [p'ɛilən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *gepéilt*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Peiler [p'ɔilɛ] Maskulinum (Pluriel *Peiler*) DE *Pfeiler* • FR *pilier* [construction de support] • EN *pillar* • PT *pilar* [construção de suporte] **Beispiller** d'*Héichwaasser* huet zwee *Peiler* vun der *Bréck* ewechgerappt; déi nei *Landwirtschaftspolitik* berout op dräi *Peiler* [déi nei *Landwirtschaftspolitik* berout op dräi *Grondprinzipien*]

peinlech [p'ɔɪnlɛç] Adjektiv DE *peinlich, unangenehm* • FR *pénible, fâcheux, gênant* • EN *embarrassing, awkward* • PT *incómodo, desagradável, aborrecido* **Beispiller**

mat där *Fro* *hues* de mech an eng *peinlech* *Situatioun* bruecht; et ass mer *peinlech*, mee ech hat eise *Rendez-vous* ganz vergiess; ech hu missen zwou *Stonnen* niewent deem *peinlechen* *Typ* am *Zuch* sätzen! **Synonym** *penibel*

Péis [pɛis] Femininum (Pluriel <seelen> *Péis*) DE *Tenglocke* • FR *glas* • EN *knell* • PT *dobre de finados* **Beispill** et muss ee *gestuerwe* sinn, d'*Péis* huet de *Moie* gelaut

Péitener Maskulinum (Pluriel *Péitener*) [vereezlt] DE *Pastinake* • FR *panais* • EN *parsnip* • PT *cherovia, pastinaga* **Beispill** beim *Fleesch* zerwéiere mer *gebrode* *Péitener* a *Muerten* **Synonym** *Pastinak*

Péiteng [p'ɛitɛŋ] Eegennumm DE *Petingen* • FR *Pétange* • EN *Pétange* • PT *Pétange* **Beispiller** ech wunnen zu *Péiteng*; fiert *dése* *Bus* op *Péiteng*?

Péiterséileg [p'ɛitɛzɛilɛç] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Petersilie* • FR *persil* • EN *parsley* • PT *salsa [erva aromática]* **Beispiller** d'*Plattoe* ware mat *Péiterséileg* garnéiert; et gött *Leit*, déi hunn dee *glate* *Péiterséileg* léiwer ewéi dee *gekrauselten*

Péitrus [p'ɛitrus] Eegennumm 1. DE *Petruss* [Bach] • FR *Pétrusse [cours d'eau]* • EN *Pétrusse [river]* • PT *Pétrusse [ribeiro]* **Beispill** d'*Péitrus* leeft am *Gronn* an d'*Uelzecht* 2. DE *Petrusstal* [in der Stadt *Luxemburg*] • FR *vallée de la Pétrusse* [de la ville de *Luxembourg*] • EN *Pétrusse Valley* [in *Luxembourg City*] • PT *vale do Pétrusse* [na cidade de *Luxemburgo*] **Beispiller** d'*Quiriuskapell* ass an der *Péitrus* ass de *Fiels* gehae ginn; am *Skatepark* an der *Péitrus* ass vu *moies* bis *owes* eng *lass*

i D'Baach *Péitrus* gött dem *Dall*, duerch deen se leeft, säin *Numm*. Den *Dall* mécht eng *natierlech* *Trennung* téschent der *Stater Uewerstad* an der *Gare*. Déi zwee *Quartiere* sinn duerch zwou *Brécke* *matenee* *verbonnen*, d'*Al Bréck* an d'*Nei Bréck*, déi iwwer d'*Péitrus* féieren an hiert *Bild* *matbestimmen*. D'*Péitrus* zitt d'*Leit* aus *ënnerschiddleche* *Grënn* un, sief et, fir *spadséieren* ze *goen*, *Sport* ze *maachen* oder *einfach* ze *relaxen*.

Pejemëpp [pɛzəm'əp] Femininum (Pluriel *Pejemëppen*) [vulgär] [pejorativ] DE *leichtes Mädchen, Flittchen* • FR *vadrouille* [femme de mauvaise vie] • EN *tart, floozy* • PT *galdéria, vadia* **Beispill** hatt *kleet* *sech* *gär* à la *Pejemëpp*

pejorativ [pɛzɔrat'i:f] Adjektiv DE *pejorativ* • FR *pejoratif* <Adverb *pejorativement*> • EN *pejorative* <Adverb *pejoratively*> • PT *pejorativo* <Adverb *pejorativamente*> **Beispiller** deng *pejorativ* *Bemierkunge* sinn net *ubruecht!*; dat *Wuert* gött bal *nëmme* *pejorativ* *gebraucht* **Synonym** *ofwäertend*

Peking Eegennumm DE *Peking* • FR *Pékin* • PT *Pequim* **Beispill** *Peking* ass d'*Haaptstad* vu *China*

i Variant: *Beijing*

Pëll [pɛl] Femininum (Pluriel *Pëllen*) 1. DE *Pille* [Medikament] • FR *pilule, comprimé* [médicament] • EN *pill* [medicine] • PT *pilula, comprimido* [medicamento] **Beispill** dat *Medikament* gött et a *flesseger* *Form* an als *Pëllen* **Synonymmen** *Cachet*, *Tablett* 2. d'*Pëll* DE *die Pille* [die *Antibabypille*] • FR *la pilule* [contraceptive] • EN *the pill* [contraceptive] • PT *a pilula* [contracetival] **Beispiller** hatt *hëlt* d'*Pëll*, well et *keng* *Kanner* wëllt;

aus gesondheetleche Grënn hunn ech d'Pëll missen ofsetzen

Pëll [pəl] Femininum (Pluriel Pëllen) **1.** *DE junges Huhn* • *FR poulette, jeune poule* • *EN pullet* • *PT franga, galinha nova* **Beispill** de Fuuss huet an der Nuecht e puer Pëlle geholl **2.** *[vereezelt] [égs] DE Backfisch [Person]* • *FR poulette, cocotte [personne]* • *EN chick [person]* • *PT franga [pessoa]* **Beispill** ech froe mech, wat déi Pëllen dohannen erëm ze schnadderer hunn!

Pëllchen [p'əlçən] Femininum (Pluriel Pëllercher) - Diminutivform vun **♂Pëll**

pellen [p'ælən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepellt)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Pellerin [p'ælərin] Femininum (Pluriel Pellerinnen) *DE Regenumhang* • *FR cape de pluie* • *EN rain cape* • *PT capa para a chuva* **Beispill** wann et reent, ginn ech net ouni meng Pellerin virun d'Dier

Peloton [p'otɔː] Maskulinum (Pluriel Pelotonen) *DE Peloton, Hauptfeld* • *FR peloton [dans une course]* • *EN peloton* • *PT pelotão [numa corrida]* **Beispill** d'Ausrësser hunn eng confortabel Avance op de Peloton

Pelz [pæltz] Maskulinum (Pluriel Pelzer) **1.** *DE Pelz, Fell* • *FR pelage, fourrure* • *EN fur, coat, pelt* • *PT pelo, pelagem* **Beispiller** d'Kaz huet e schéinen, glate Pelz; un der Mauer hânt de Pelz vun engem Bier; du muss der méi en décke Pelz zillen! *[égs]* [du muss léieren, manner empfindlech ze sinn]; elo geet et him un de Pelz! *[égs]* [elo gëtt et brenzeleg fir hien]; hal mer dee Kärel vum Pelz! *[égs]* [verhënnen, datt dee Kärel ze noe Kontakt mat mer huet!]; pass op, datt s de de Pelz net iwwer d'Ouere gezu kriss! *[égs]* [pass op, datt s de net gehéiereg bedru gëss!]; verkauf de Pelz net, dees du hues de Bier geschoss! *[égs]* [ier s de vun eppes wëlls profitéieren, muss de et fir d'éischt emol hunn] **2.** *DE Pelz [Kleidungsstück]* • *FR fourrure [accessoire vestimentaire]* • *EN fur [garment]* • *PT pele [agasalho]* **Beispill** meng Bom huet e Pelz, fir sech ëm den Hals ze leeën **3.** *DE Schimmel [auf Nahrungsmitteln]* • *FR (couche de) moissi [sur des aliments]* • *EN mould [on food]* • *PT (camada de) bolor [em alimentos]* **Beispill** ä, et ass e Pelz um Gebeess!

pelzeg [p'æltzəç] Adjektiv *DE pelzig [behaart]* • *FR poilu, velu* • *EN hairy, furry* • *PT peludo, felpudo* **Beispiller** ech eekle mech viru groussen, pelzege Spannen; wéinst menger Allergie hunn ech eng pelzeg Zong *[égs]* [wéinst menger Allergie ass meng Zong geschwollen a beluecht]

pelzen [p'æltzən] onverännerbaart Adjektiv *DE aus Pelz* • *FR en fourrure, de fourrure* • *EN fur [made of fur]* • *PT de pele* **Beispiller** am Wanter deet mäi Bop ëmmer eng pelze Kap op; als Déierefrënd kann ech net verstoen, datt d'Leit haut nach pelze Mäntel kafen

penaliséieren [penaliz'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé penaliséiert)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Penalty [pe:n'alti:] Maskulinum (Pluriel Penaltien) *DE Strafstoß* • *FR pénalty* • *EN penalty [in sports]* • *PT pe-*

nalti **Beispiller** den Arbitter huet e Penalty gefaift; d'Ekipp huet duerch e Penalty gewonnen

Pendant [pã:d'ã:] Maskulinum (Pluriel Pendanten) *DE Pendant* • *FR pendant [chose comparable]* • *EN counterpart* • *PT equivalente [coisa comparável]* **Beispill** de Bac ass de franséische Pendant zu eisem Premièresexamen

Pendel [p'ændəl] Maskulinum (Pluriel Pendelen) **1.** *DE Pendel [Uhrpendel]* • *FR pendule [balancier]* • *EN pendulum [of a clock]* • *PT pêndulo [de relógio]* **Beispill** de Pendel vun der Standauer ass stoe bliwwen **2.** *DE (siderisches) Pendel* • *FR pendule [de sourcier]* • *EN pendulum [for dowsing]* • *PT pêndulo [de vedor]* **Beispill** den Noper sicht mat engem Pendel a sengem Gaart no Waasser

pendelen [p'ændələn] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gependelt) » **intransitiv** **1.** *DE schwanken [sich verändern]* • *FR osciller [varier]* • *EN to fluctuate* • *PT oscilar [variar]* **Beispill** d'Temperaturen hunn tëschent 30° a 36° gependelt **2.** *DE mit einem (siderischen) Pendel arbeiten* • *FR faire de la radiesthésie [à l'aide d'un pendule]* • *EN to divine, to dowse [with a pendulum]* • *PT usar o pêndulo radiestésico* **Beispill** mäi Schwoer behaupt, e kéint pendelen ♦ **Verb** (Hëllefverb sinn, Participe passé gependelt) » **intransitiv** **3.** *DE pendeln [zwischen zwei Orten]* • *FR faire la navette* • *EN to shuttle, to commute* • *PT andar de cá para lá* **Beispiller** dee Bus pendelt tëschent der Gare an dem Flughafen; all Dag pendele vill Leit iwwer eis Grenzen, fir hei ze schaffen

i Verb, dat **pendelen** als Basis huet: **♂pendelen**

Pendler Maskulinum (Pluriel Pendler) *DE Pendler* • *FR personne qui fait la navette [entre le domicile et le lieu de travail], navetteur* • *EN commuter* • *PT trabalhador pendular* **Beispill** d'Pendler, déi all Dag an d'Stad schaffe fueren, stinn dacks am Stau

i Weiblech Form: **♂Penderin**

Penderin Femininum (Pluriel Penderinnen) *DE Penderin* • *FR personne qui fait la navette [entre le domicile et le lieu de travail], navetteuse* • *EN commuter [female]* • *PT trabalhadora pendular* **Beispill** ech war fënnef Joer laang Penderin, elo wunnen ech méi no bei menger Aarbechtsplaz

i Männelech Form: **♂Pendler**

penetrant [penetr'ant] Adjektiv **1.** *DE penetrant [stark, intensiv]* • *FR pénétrant, fort* • *EN penetrating, pungent* <Adverb pungently> • *PT penetrante, forte* **Beispiller** wouhier kënnt dee penetrante Geruch?; hei richt et penetrant no Bensinn **2.** *DE penetrant [aufdringlich]* • *FR envahissant, importun* • *EN pushy, insistent, importunate* • *PT importuno [pessoa]* **Beispill** dee Kärel ass esou penetrant, et kann een sech senger net erwieren

Péng [peŋ] Femininum (kee Pluriel) *DE Schmerz(en) [körperliche Empfindung]* • *FR douleur [physique]* • *EN pain [physical]* • *PT dor [física]* **Beispiller** d'Patientin kritt staark Medikamenter géint d'Péng; ech hat eng Péng am Leif, ech kann der se net beschreiwen!; hues de soss keng Péng? *[ironesch]* [hues de soss kee Problem?] **Synonym** Wéi

péngegen [p'ɛŋɛzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *gepéngegt*) » **transitiv 1.** DE *ärgern, plagen* • FR *agacer, embêter, harceler* • EN *to annoy, to torment* • PT *irritar, chatear, importunar* **Beispiller** lies léiwer e Buch, amplaz däi kleng Brudder ze *péngegen*!; wat goufen d'Meedercher fréier mat Handaarbechte *gepéngegt*! **Synonymmen** *kujenéieren, pisaken, quälen* **2.** DE *foltern* • FR *torturer [soumettre à des tortures]* • EN *to torture* • PT *torturar [infligir tortura a]* **Beispill** am Konzentrationslager goufen d'Leit zu Doud *gepéngegt* **Synonym** *folteren*

Péngschtdénschdeg Maskulinum (Pluriel *Péngschtdénschdeger*) - Variant vun *♂Päischtdénschdeg*

Péngschtdénschden Maskulinum (Pluriel *Péngschtdénschdeger*) - Variant vun *♂Päischtdénschdeg*

Péngschten [p'ɛŋʃtən] Neutrum (Pluriel *Péngschten*) - Variant vun *♂Päischten*

Péngschtméindeg Maskulinum (Pluriel *Péngschtméindeger*) - Variant vun *♂Päischtméindeg*

Péngschtméinden Maskulinum (Pluriel *Péngschtméindeger*) - Variant vun *♂Päischtméinden*

Péngschtrous [p'ɛŋʃtrəʊs] Femininum (Pluriel *Péngschtrousen*) - Variant vun *♂Päischtrous*

Péngschtsonndeg Maskulinum (Pluriel *Péngschtsonndeger*) - Variant vun *♂Päischtsonndeg*

Péngschtsonnden Maskulinum (Pluriel *Péngschtsonndeger*) - Variant vun *♂Päischtsonnden*

Péngschtvakanz [pɛŋʃtvak'ants] Femininum (Pluriel *Péngschtvakazen*) - Variant vun *♂Päischtvakanz*

Péngschtweekend Maskulinum (Pluriel *Péngschtweekender*) - Variant vun *♂Päischtweekend*

penibel [pen'i:bəl] Adjektiv **1.** DE *peinlich, unangenehm* • FR *pénible, fâcheux, gênant* • EN *embarrassing, awkward* • PT *incómodo, desagradável, aborrecido* **Beispiller** mat där Fro hues de mech an eng *penibel* Situatioun bruecht; et ass mer *penibel*, mee ech hat eise Rendez-vous ganz vergiess; ech hu missen zwou Stonnen niewent deem *penibelen* Typ am Zuch sätzen! **Synonym** *peinlech* **2.** DE *mühsam, beschwerlich* • FR *pénible [éreintant]* • EN *back-breaking, exhausting* • PT *penoso [fatigante]* **Beispill** dës *penibel* Aarbecht gétt hautdesdaags vu Maschinnen iwweholl **Synonym** *beschwéierlech*

penibel [pen'i:bəl] Adverb DE *penibel* • FR *avec minutie* • EN *meticulous* <Adverb *meticulously*> • PT *meticulosamente, com minúcia* **Beispill** den Tresorier huet d'Ausgabe ganz *penibel* opgeschriwwen **Synonym** *akribesch*

Penicillin [penisil'in] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Penicillin* • FR *pénicilline* • EN *penicillin* • PT *penicilina* **Beispill** Penicillin ass en Antibiotique, dee bei ville bakteriellen Infektiounen hëlleft

Penis [p'e:nis] Maskulinum (Pluriel *Penissen*) - Variant vun *♂Peenis*

Pénk Femininum (Pluriel *Pénken*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

pénken [p'ɛŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *gepénkt*) » **intransitiv** - och onperséinlech DE *schlagen [läuten]* • FR *tinter, sonner (faiblement) [cloche]* • EN *to chime* • PT *tocar (ao de leve) [sino]* **Beispiller** wann et Mëtteg ass, *pénkt* d'Klack zwielef Mol; et huet elo just e puermol *gepénkt*

pénktlech [p'ɛŋktlɛç] Adjektiv DE *pünktlich* • FR *à l'heure, ponctuel* <Adverb *ponctuellement, pile-* • EN *on time, punctual* <Adverb *punctually*> • PT *pontual [não atrasado]* <Adverb *pontualmente, em ponto*> **Beispiller** dee kann awer och ni *pénktlech* sinn!; eise Locataire bezilt säi Loyer ëmmer *pénktlech*; *pénktlech* um 12 Auer stoung d'Iessen um Dësch

i Variant: *pünktlech*

Pénktlechkeet [p'ɛŋktlɛçke:t] Femininum (kee Pluriel) DE *Pünktlichkeit* • FR *ponctualité* • EN *punctuality* • PT *pontualidade* **Beispill** an eisem Betrib hale mer op *Pénktlechkeet*

i Variant: *Pünktlechkeet*

pennen [p'æənən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *gepennt*) » **intransitiv 1.** [ɛgs] DE *pennen* • FR *rou-piller* • EN *to sleep in, to kip* • PT *dormir, chonar* **Beispiller** sonndes *pennen* ech, esou laang ewéi ech wëll!; du hues *gepennt*, wéi ech dat do erkläert hunn! [du hues net opgepasst, wéi ech dat do erkläert hunn!] **2.** [graff] *penne* mat DE *pennen* *mit* [koitieren *mit*] • FR *baiser avec* [coucher avec] • EN *to sleep with, to go to bed with* • PT *ir para a cama com* [ter relações sexuais com] **Beispill** du wäerts dach net mat deem *gepennt* hunn!

i Verb, dat **pennen** als Basis huet: *♂apennen*

Pënsch [pənʃ] Eegennumm DE *Pintsch* • FR *Pintsch* • EN *Pintsch* • PT *Pintsch* **Beispiller** ech wunnen zu *Pënsch*; fiert dëse Bus op *Pënsch*?

Pënsel [p'ənzəl] Maskulinum (Pluriel *Pënselen*) - Variant vun *♂Pinsel*

Pënselchen [p'ənzəlçən] Maskulinum (Pluriel *Pënselcher*) - Diminutivform vun *♂Pinsel*

pënselen [p'ənzələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *gepënselt*) - Variant vun *♂pinselen*

Pensionaire [pã:sjɔn'ɛ:R] Maskulinum (Pluriel *Pensionairen*) - Variant vun *♂Pensionnaire*

Pensionairin [pã:sjɔn'ɛ:rin] Femininum (Pluriel *Pensionairinnen*) - Variant vun *♂Pensionairin*

Pensionat [pænsjɔn'a:t] Neutrum (Pluriel *Pensionater*) DE *Mädcheninternat* • FR *pensionnat, internat* [pour jeunes filles] • EN *girls' boarding school* • PT *pensionato, internato* [para raparigas] **Beispill** si hunn hiert Meedchen an e *Pensionat* gedoan

pensionéieren [pænsjɔn'ɛ:Rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *pensionéiert*) » **transitiv** *pensionéiert* ginn DE *in Rente gehen, in den Ruhestand versetzt werden* • FR *partir à la retraite, être mis à la retraite* • EN *to retire, to be retired* [from work] • PT *passar à reforma, ser reformado* **Beispiller** mäi Papp *gëtt* dëst Joer

pensionéiert; zënter hie pensionéiert ass, genéisst en seng Fräiheet

Pensionnaire [pã:sjɔn'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel Pensionnaires) **1.** DE *Ruheständler, Rentner* • FR *retraité, pensionné* • EN *pensioner* • PT *reformado, aposentado* **Beispill** zënter datt ech Pensionnaire sinn, hunn ech Zäit fir ze reesen **Synonym** Rentner **2.** DE *Pensionsgast* • FR *pensionnaire [chez le particulier]* • EN *lodger* • PT *hóspede [numa casa particular]* **Beispill** eis Noperen hunn zäitliewens Zëmmeren u Pensionnairë verlount **3.** DE *Heimbewohner* • FR *pensionnaire [d'une maison de retraite, de soins]* • EN *resident [in a care home]* • PT *residente [de um lar de terceira idade]* **Beispill** an dësem Altersheem ginn d'Pensionnairë gutt versuergt **Synonym** Resident

1 Weiblech Form: \nearrow Pensionnairin

Pensionnairin [pã:sjɔn'ɛ:rɪn] Femininum (Pluriel Pensionnairinnen)

1 Männelech Form: \nearrow Pensionnaire

Pensioun [pãnsj'əʊn] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Ruhestand* • FR *retraite [période de vie]* • EN *retirement* • PT *reforma [período de vida]* **Beispiller** eis Direktesch geet geschwënn a Pensioun; de Schmelzaarbechter krut d'Pensioun weinst Invalidéit; ech hu schonn zéng Joer d'Pensioun **2.** (Pluriel Pensiounen) DE *Rente, Altersrente* • FR *pension, retraite [allocation]* • EN *retirement pension [allowance]* • PT *pensão, reforma [renda]* **Beispill** där Wittfra hir Pensioun ass alles anescht ewéi déck! **Synonym** Rent **3.** (Pluriel Pensiounen) DE *Pension [Hotel]* • FR *pension (de famille)* • EN *boarding house, guest house* • PT *pensão [hospedaria]* **Beispill** ech hu mer en Zëmmer an enger Pensioun geholl **4.** (Pluriel Pensiounen) DE *Tierpension* • FR *pension [pour animaux]* • EN *kennels, boarding hostel for pets* • PT *pensão [para animais]* **Beispiller** eis Noperen hunn eis eng flott Pensioun uginn; wa mer an d'Vekantz fueren, gi mer eise Kanarievillchen a Pensioun **5.** (kee Pluriel) DE *(Preis für) Kost und Logis* • FR *pension [tarif]* • EN *board and lodging [payment]* • PT *pensão [quantia paga]* **Beispill** mir hunn dëst Joer vill méi deier Pensioun bezuelt ewéi d'lescht Joer

Pensiounsalter [pãnsj'əʊnzaltə] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Rentenalter* • FR *âge de la retraite* • EN *retirement age* • PT *idade da reforma* **Beispill** d'nächst Joer erreecht meng Mamm de Pensiounsalter

Pensiounskeess [pãnsj'əʊnske:s] Femininum (Pluriel Pensiounskeesen / Pensiounskeessen) DE *Rentenkasse* • FR *caisse de retraite* • EN *pension fund* • PT *caixa de aposentações* **Beispill** meng Mamm huet 35 Joer an d'Pensiounskeess abezuelt

Pensum [p'ænzum] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Pensum* • FR *tâche, besogne* • EN *(allotted) task, work quota* • PT *arefa [trabalho a ser realizado]* **Beispill** duerch déi vill Ënnerbriechunge sinn ech haut net mat mengem Pensum fäerdeg ginn

Pente [pã:t] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Gefälle, Schräge, Neigung* • FR *pente [déclivité, inclinaison]* • EN *slope, pitch, angle* • PT *inclinação, declive* **Beispiller** an deem Wéngert kann een net mam Trakter schaffen, well d'Pente ze géi ass; d'Pente vun eisem Daach ass

net géi genuch, fir e kënne mat Zillen ze decken **Synonymmen** Gefäll, Schrëi **2.** (Pluriel Penten) DE *Hang [Abhang]* • FR *pente [versant]* • EN *slope [hillside]* • PT *encosta, vertente* **Beispill** well mer eist Haus an eng Pente gebaut hunn, ass eise Keller stänneg ficht **Synonym** Hang

Penthau [p'ænthəʊs] Neutrum (Pluriel Penthaiser) DE *Penthouse* • FR *penthouse* • EN *penthouse* • PT *apartamento no último andar* **Beispill** mir hunn eis e flott Penthau kaaft

Penurie Femininum (Pluriel Penurien) DE *Knappheit, Verknappung* • FR *pénurie* • PT *penúria [escassez]* **Beispill** fir eng Penurie vu Medikamenter ze verhënneren, sollt erëm méi regional produzéiert ginn

Peperoni [pæpə'rɔ:ni:] Maskulinum/Femininum (Pluriel Peperonien) **1.** DE *Paprika [Paprikaschote]* • FR *poivron, piment doux* • EN *pepper [sweet pepper, capsicum]* • PT *pimento (doce) [fruto]* **Beispiller** mir hunn d'Peperonie mat Schofskéis geféllt; fir dëst Rezept muss een zwee rout Peperonie kleng schneiden; de Mëtteg gétt et geféllte Peperonien **Synonymmen** Paprika, Poivron **2.** DE *Peperoni* • FR *piment (fort) [fruit]* • EN *chilli pepper, hot pepper* • PT *pimento (picante) [fruto]* **Beispill** déi agemaache Peperonie si mir ze schaarf!

Pepinière Femininum (Pluriel Pepiniären)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Pëppchen [p'əpçən] Femininum (Pluriel Pëppercher) - Diminutivform vun \nearrow Popp

peppeg Adjektiv

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Pëppel [p'əpəl] Femininum (Pluriel Pëppelen) DE *Pappel [Baum]* • FR *peuplier [arbre]* • EN *poplar* • PT *choupo, álamo* **Beispill** bei der Baach sinn d'Gemengenaarbechter amgaang, d'Pëppelen ëmzeseen

Peppeng [p'æpɛŋ] Eegennumm DE *Peppingen* • FR *Peppange* • EN *Peppange* • PT *Peppange* **Beispiller** ech wunnen zu Peppeng; fiert dëse Bus op Peppeng?

per [pɛ:ɐ] Prepositioun » **mam** Akkusativ DE *per [mit-tels]* • FR *par [au moyen de]* • EN *by [by means of]* • PT *por [por meio de]* **Beispiller** Dir kënnt eis d'Dokument **per** Mail, **per** Fax oder **per** Post schécken; wichteg Dokumenter schéckt een am beschte **per** ageschriwwene Brëif

Perceptioun Femininum (Pluriel Perceptiounen) **1.** DE *Wahrnehmung [Empfindung, Sinneseindruck]* • FR *perception [sensation]* • PT *percepção [sensação]* **Beispill** Persoun mat Autismus hunn dacks eng intensiv Perceptioun vu Geräischer **2.** DE *Sichtweise, Auffassung* • FR *perception [impression]* • PT *percepção [impressão]* **Beispiller** ech froe mech, ob deng Perceptioun um Problem net ze vill subjektiv ass; d'Parteien hunn ënnerschiddlech Perceptiounen vun deem, wat an eiser Gesellschaft net gutt leeft

Perch [pɛɾç] Femininum (Pluriel Perchen) DE *eingezäunte Weide* • FR *pâturage, pâture [clôture]* • EN *pasture [fenced in]* • PT *pastagem [cercada]* **Beispiller** en Trapp Kei huet den Drot vun der Perch futti gemaach an ass an de Bësch gelaf; mer mussen nach eng elek-

tresch **Perch** fir d'Päerd oprichten [mer müssen nach en elektreschen Drot fir d'Päerd oprichten]

i Variant: Pierch

percutéieren [pɛʁkyt'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé percutéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: percutéieren / perkutéieren

Perf Femininum (Pluriel Perfen) [ɛ̃ɡs] - Kuerzform vun **Perfusioun**

perfekt [pɛʁf'ækt] Adjektiv **1.** **DE** *perfekt* [vollkommen, hervorragend] • **FR** *parfait* [irréprochable, excellent] • **EN** *perfect* [faultless] • **PT** *perfeito* [irrepreensível, excelente] **Beispiller** kee Mënsch ass **perfekt!**; dat ass eng **perfekt** Kopie vum Original!; meng Schwëster schwätzt **perfekt** Englesch **2.** **perfekt** sinn **DE** *perfekt sein* [gültig sein, abgemacht sein] • **FR** *être conclu* [par un accord] • **EN** *to be completed, to be finalized* • **PT** *ser concluído* [por um acordo] **Beispill** den Handel ass **perfekt**, mir hu gëschter de Kontrakt ënnerschrifwen!

perfektionéieren [pɛʁfæksjən'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé perfektionéiert) » **transitiv 1.** **DE** *perfektionieren* • **FR** *perfectionner* • **EN** *to perfect* • **PT** *aperfeiçoar* **Beispill** eise Verdeelungssystem vum interne Courier muss **perfektionéiert** ginn » **reflexiv 2.** **DE** *sich verbessern, sich weiterbilden* • **FR** *se perfectionner* • **EN** *to perfect oneself, to improve oneself* • **PT** *aperfeiçoar-se* **Beispill** hie geet a Coursen, fir sech am Engleschen ze **perfektionéieren**

Perfektionismus [pɛʁfæksjən'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Perfektionismus* • **FR** *perfectionnisme* • **EN** *perfectionism* • **PT** *perfeccionismo* **Beispill** hie geet mir mat sengem **Perfektionismus** op de Su

Perfektionist [pɛʁfæksjən'ist] Maskulinum (Pluriel Perfektionisten) **DE** *Perfektionist* • **FR** *perfectionniste* • **EN** *perfectionist* • **PT** *perfeccionista* **Beispill** a sengem Handwierk ass hien e **Perfektionist**

i Weiblech Form: **Perfektionistin**

perfektionistes [pɛʁfæksjən'istəʃ] Adjektiv **DE** *perfektionistisch* • **FR** *perfectionniste* • **EN** *perfectionist, perfectionistic* • **PT** *perfeccionista* **Beispill** eisen neie Mataarbechter ass éiergäzeg a **perfektionistes**

Perfektionistin [pɛʁfæksjən'istin] Femininum (Pluriel Perfektionistinnen) **DE** *Perfektionistin* • **FR** (*femme*) *perfectionniste* • **PT** *perfeccionista* [mulher] **Beispill** als **Perfektionistin** wëllt meng Frëndin hir Aarbecht ëmmer besonnesch gutt maachen

i Männlech Form: **Perfektionist**

Perfektion [pɛʁfæksjɪ'əʊn] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Perfektion* • **FR** *perfection* • **EN** *perfection* • **PT** *perfeição* **Beispiller** mä Patron verlaangt vu senger Mataarbechter **Perfektion** bei der Ausféierung vun hirer Aarbecht; deen dote Soufflé war wierklech no un der **Perfektion**; eis Sekretärin ass d'**Perfektion** a Persoun [eis Sekretärin ass ganz exakt bei hirer Aarbecht]

perforéieren [pɛʁfɔr'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé perforéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Performance [pɛʁfɔʁm'ɑ:s] Femininum (Pluriel Performancen) **DE** *Leistung* [(Ergebnis einer) Anstrengung] • **FR** *performance, exploit* • **EN** *performance, achievement* • **PT** *performance, proeza* **Beispiller** de Sportler huet haut eng fantastesch **Performance** bruecht; fir zwanzeg Mann ze kachen, ass eng schéi **Performance!**

performant [pɛʁfɔʁm'ɑnt] Adjektiv **DE** *leistungsfähig* • **FR** *performant* <Adverb de manière performante> • **EN** *efficient* <Adverb efficiently> • **PT** *com bom rendimento, eficiente* <Adverb de maneira eficiente> **Beispiller** fir kënne méi séier ze schaffen, muss mer méi **performant** Maschinne kafen; mat deem neien Ekipement kënne mer méi **performant** schaffen

Perfusioun [pɛʁfyzjɪ'əʊn] Femininum (Pluriel Perfusiounen) **DE** *Infusion* • **FR** *perfusion* • **EN** *drip, (intravenous) infusion, perfusion* • **PT** *perfusão* **Beispill** iwwer eng **Perfusioun** gëtt e Medikament iwwer e bestëmmten Zäitraum gläichméisseg doséiert **Synonymmen** **Baxter**, **Infusioun**

i Kuerzform: **Perf**

Pergament [pɛʁgam'ænt] Maskulinum/Neutrum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Pergament* [Material] • **FR** *parchemin* [support d'écriture] • **EN** *parchment* [material] • **PT** *pergamino* [suporte de escrita] **Beispill** am Mëttelalter gouf op **Pergament** geschriwwen **2.** (Pluriel Pergamenter) **DE** *Pergament* [Handschrift] • **FR** *parchemin* [manuscrit] • **EN** *parchment* [document] • **PT** *pergamino* [manuscrito] **Beispill** d'Archiv huet eng grouss Sammlung vu mëttelalterleche **Pergamenter**

Pergola [pɛʁg'ɔla:] Femininum (Pluriel Pergolaen) **DE** *Pergola* • **FR** *pergola* • **EN** *pergola* • **PT** *pérgula* **Beispill** mir hu wëlles, eng **Pergola** an eisem Gaart opzeriichten

Pericardite [pɛʁikɑrd'it] Femininum (Pluriel Pericarditten) - Variant vun **Perikarditt**

Periduralanästhesie [pɛʁidu:ra:lənæstezi:] Femininum (Pluriel Periduralanästhesien) **DE** *Periduralanästhesie* • **FR** (*anesthésie*) *péridurale* • **EN** *epidural anaesthesia* • **PT** *anestesia epidural* **Beispill** mat der **Periduralanästhesie** ass d'Gebuert fir d'Fra mat manner Péng verbonnen **Synonym** **Peridurale**

Peridurale [pɛʁidy'r'al] Femininum (Pluriel Peridurallen) **DE** *Periduralanästhesie* • **FR** (*anesthésie*) *péridurale* • **EN** *epidural (anaesthesia)* • **PT** (*anestesia*) *epidural* **Beispill** mat der **Peridurale** ass d'Gebuert fir d'Fra mat manner Péng verbonnen **Synonym** **Periduralanästhesie**

Perikarditt [pɛʁikɑrd'it] Femininum (Pluriel Perikarditten) **DE** *Herzbeutelentzündung, Perikarditis* • **FR** *péricardite* • **EN** *pericarditis* • **PT** *pericardite* **Beispill** eng staark Péng hanner dem Broschtbeen, déi bis an den Hals oder d'Schëller ausstraalt, kann op eng **Perikarditt** hindeiten **Synonym** **Herzbeutelentzündung**

Perimeter Maskulinum (Pluriel Perimeeteren) - Variant vun **Perimeter**

Perimeter [pɛʁim'e:tɛ] Maskulinum (Pluriel Perimeeteren) - Kuerzform vun **Bauperimeter 1.** **Mathematik**

DE *Umfang* [einer geometrischen Figur] • FR *périmètre* [d'une figure géométrique] • PT *perímetro* [de uma figura geométrica] **Beispill** mir hunn haut an der Schoul geléiert, wéi een de **Perimeter** vun engem Trapezee rechent **Synonym** Ëmfang **2.** DE *Umkreis, Bereich* • FR *périmètre* [zone délimitée] • PT *perímetro* [zona delimitada] **Beispiller** no der Explosioun stoung an engem **Perimeter** vu 50 Meter keen Haus méi; wéinst der Staatsvisitt gouf am Stadzentrum e **Perimeter** definéiert, wou haut keng Autoen däerfe fueren

Period [pɛri'ɔ:t] Femininum (Pluriel Perioden) **1.** DE *Periode* [Zeitabschnitt] • FR *période* [de temps] • EN *period* [of time] • PT *período* [de tempo] **Beispill** dat war eng bedeutend **Period** a mengem Liewen **2.** DE *Periode* [Menstruation] • FR *règles* [menstruation] • EN *period* [menstruation] • PT *período* [menstruação] **Beispiller** ech ginn net mat schwammen, ech hu meng **Period**; well hir **Period** esou staark ass, leit d'Fra stänneg ënner Eisemangel **Synonym** Reegel

Periodentafel [pɛri'ɔ:dənta:fəl] Femininum (Pluriel Periodentafelen) [Chimie] DE *Periodentafel* • FR *tableau périodique* • EN *periodic table* • PT *tabela periódica* **Beispill** op der **Periodentafel** stinn d'Eedelgase ganz riets ënnereneen

periodesch [pɛri'ɔ:dəʃ] Adjektiv DE *periodisch* • FR *périodique* <Adverb *périodiquement*> • EN *periodical* <Adverb *periodically*> • PT *periódico* <Adverb *periodicamente*> **Beispiller** eng **periodesch** Kontroll ass wichtig, fir d'Gewässer propper ze halen; **periodesch** ginn d'Taxe gehéicht

Periodensystem [pɛri'ɔ:dəsiste:m] Maskulinum (Pluriel Periodensystemer) [Chimie] DE *Periodensystem* • FR *système périodique* • EN *periodic system* • PT *sistema periódico* **Beispill** fir d'Prüfung an der **Chimie** hunn ech de ganze **Periodensystem** mat senge cheemeschen Elementer auswenneg geléiert

Periostite [pɛriost'it] Femininum (Pluriel Periostiten) - Variant vun ↗Periostitt

Periostitt [pɛriost'it] Femininum (Pluriel Periostiten) DE *Knochenhautentzündung, Periostitis* • FR *périostite* • EN *periostitis* • PT *periostite* **Beispiller** bei enger **Periostitt** ass d'Haut vun der Schank entzünd; virun allem Sportler leiden heefeg ënner enger **Periostitt**

Peripherie [pɛrifer'i:] Femininum (Pluriel <seelen> Peripherien) DE *Peripherie* [Randgebiet] • FR *périphérie* [zone excentrée] • EN *periphery, outskirts* • PT *periferia* [área afastada do centro] **Beispill** an der **Peripherie** vun der Stad wunne méi Leit ewéi an der Stad selwer

Perkussionist [pɛrkusjən'ist] Maskulinum (Pluriel Perkussionisten) DE *Perkussionist* • FR *percussionniste* • EN *percussionist* • PT *percussionista* **Beispill** de **Perkussionist** huet e Solo op der Batterie gespillt

♀ Weiblech Form: ↗Perkussionistin

Perkussionistin [pɛrkusjən'istin] Femininum (Pluriel Perkussionistinnen) DE *Perkussionistin* • FR *percussionniste* [musicienne] • PT *percussionista* [mulher] **Beispill** meng Tatta ass **Perkussionistin** an engem groussen Orchester

♂ Männlech Form: ↗Perkussionist

Perkussioun [pɛrkusj'əʊn] Femininum (kee Pluriel) DE *Perkussionsinstrumente, Schlaginstrumente* • FR *percussion* [instruments] • EN *percussion* [instruments] • PT *percussão* [instrumentos] **Beispiller** de Concert huet mat engem **Stéck** fir **Perkussioun** an Orchester ugefaangen; eise Jéngste léiert **Perkussioun**

perkutéieren [pɛrkut'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé perkutéiert) - Variant vun ↗percutéieren

ℹ Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: perkutéieren / percutéieren

Permanence [pɛrman'ɑ:s] Femininum (Pluriel Permanencen) DE *Bereitschaftsdienst* • FR *permanence* [service] • EN *standby duty* • PT *serviço de piquete* **Beispiller** d'**Permanence** gëtt esou bezuelt ewéi d'Iwwerstonnen; wie vun iech huet dëse **Weekend Permanence**? **Synonym** Bereitschaftsdéngscht

permanent [pɛrman'ænt] Adjektiv DE *ständig, permanent* • FR *permanent* <Adverb *en permanence, sans arrêt*> • EN *permanent* <Adverb *permanently*> • PT *permanente* <Adverb *permanemente*> **Beispiller** als **Direktesch** vun der Firma ass si engem **permanenten** Drock ausgesat; an sengem Beruff gëtt hie **permanent** giefuert; iwwerem **Fueren** huet **permanent** eppes vir am **Auto** gerabbelt **Synonym** konstant

Permanente [pɛrman'ɑ:t] Femininum (Pluriel Permanenten) DE *Dauerwelle* • FR *permanente* • EN *perm* [permanent wave] • PT *permanente* **Beispill** meng **Mamm** huet sech fréier beim **Coiffer** ëmmer eng **Permanente** maache gelooss

Permis [p'ɛrmi:] Maskulinum (Pluriel Permissen) **1.** DE *Erlaubnisschein* • FR *permis* [autorisation] • EN *permit, licence* • PT *licença* [autorização] **Beispiller** fir hei kënnen ze fëschchen, muss een e **Permis** hunn; Dir erfëllt net déi néideg **Konditiounen**, fir e **Permis** ze kréien **2.** DE *Führerschein* • FR *permis* [de conduire] • EN *driving licence* • PT *carta de condução* **Beispill** d'**Police** huet haut fënnef **Permissen** agezunn **Synonym** Führerschäin

Permissioun [pɛrmissj'əʊn] Femininum (Pluriel Permissiounen) DE *Ausgang* [Ausgangserlaubnis] • FR *permission* [de sortie] • EN *leave* [of absence], *pass* • PT *licença* [de saída, de folga] **Beispill** de **Rekrutt** huet dëse **Weekend Permissioun** **Synonym** **Ausgang**

perplex [pɛrpl'æks] Adjektiv DE *perplex* • FR *perplexe* • EN *perplexed* • PT *perplexo* **Beispill** bei där **Nouvelle** war ech **perplex**

perquisitionéieren [pɛrkizisjən'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé perquisitionéiert)

ℹ Hei entsteet en neien Artikel.

Perquisitioun [pɛrkizisj'əʊn] Femininum (Pluriel Perquisitiounen) DE *Hausdurchsuchung* • FR *perquisition* • EN *house search* • PT *busca* [judicial] **Beispill** den **Untersuchungsrichter** huet eng **Perquisitioun** am **Verdächtege** senger **Wunneng** erlaabt

Perréck [pɛ:'ɛk] Femininum (Pluriel Perrécken) - Variant vun ↗Paréck

Perruche [pɛr'yʃ] Femininum (Pluriel Perruchen) DE *Wellensittich* • FR *perruche* • EN *budgerigar, budgie* • PT

periquito **Beispill** ziicht däi Monni nach ëmmer Per-
ruchen?

Perséinchen [pɛʀz'ziŋçən] Femininum (Pluriel Perséinercher) - Diminutivform vun ↗Persoun

perséinlech [pɛʀz'ziŋləç] Adjektiv **1. DE** *persönlich* [*privat, eigen*] • **FR** *personnel* [*privé, propre à soi*] • **EN** *personal* [*private*] • **PT** *peessoa* [*privado, próprio*] **Beispiller** meng Kritik huet nëischt mat menge *perséinleche* Gefiller ze doen; den Direkter huet aus *perséinleche* Grënn demissionéiert **2. DE** *persönlich* [*individuell*] • **FR** *personnel* [*individuel*] <Adverb *personnellement*> • **EN** *personal* [*individual*] <Adverb *personally*> • **PT** *peessoa* [*individual*] <Adverb *pessoalmente*> **Beispill** de Buergermeeschter huet mech *perséinlech* begréisst **3. DE** *persönlich* [*beleidigend*] • **FR** *personnel, blessant* <Adverb *personnellement*> • **EN** *personal* [*offensive*] <Adverb *personally*> • **PT** *peessoa, ofensivo* <Adverb *pessoalmente*> **Beispiller** dat war eng *perséinlech* Attack!; bleif bei der Saach a géiff net *perséinlech*!

perséinlech [pɛʀz'ziŋləç] Adverb **DE** *persönlich* [*selbst*] • **FR** *en personne* [*lui-même, soi-même*] • **EN** *in person* • **PT** *pessoalmente, em pessoa* **Beispiller** de Buergermeeschter *perséinlech* huet dem Jubilar gratuléiert; du muss dech *perséinlech* entschëllege goen **Synonym** a Persoun

Perséinlechkeet [pɛʀz'ziŋləçke:t] Femininum (Pluriel *Perséinlechkeeten*) **1. DE** *Persönlichkeit* [*Wesen*] • **FR** *personnalité* [*individualité psychologique*] • **EN** *personality* [*individuality*] • **PT** *personalidade* [*individualidade psicológica*] **Beispill** de Psycholog befaasst sech mat der Entwécklung vun der *Perséinlechkeet* bei de Kanner **2. DE** *Persönlichkeit* [*geachtete Person*] • **FR** *personnalité* [*personne remarquable*] • **EN** *personality* [*celebrity*] • **PT** *personalidade* [*personagem de destaque*] **Beispiller** hie gehéiert zu de wichtigste *Perséinlechkeete* vu senger Zäit; um Begrieffnes ware vill *Perséinlechkeeten*

persesch Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Persiflage [pɛʀsɪfl'a:] Femininum (Pluriel *Persiflagen*) **DE** *Persiflage* • **FR** *imitation parodique* [*d'une personne*] • **EN** *send-up, persiflage* • **PT** *paródia* [*de uma pessoa*] **Beispill** dem Acteur ass eng excellent *Persiflage* vun deem bekannte Politiker gelongen

Personal [pɛʀsən'a:l] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Personal* • **FR** *personnel* • **EN** *personnel, staff* • **PT** *peessoa* **Beispiller** dés Trap ass fir d'*Personal* reservéiert; eisen Handwierksbetrib huet ewell zéng Mann *Personal*

Personalchef [pɛʀsən'a:lʃæf] Maskulinum (Pluriel *Personalcheffen*) **DE** *Personalchef* • **FR** *chef du personnel, chef des ressources humaines* • **EN** *head of personnel, personnel manager* • **PT** *gestor do peessoa, diretor dos recursos humanos* **Beispill** de *Personalchef* huet dem fläisseg Aarbechter eng besser Plaz an Aussicht gestallt

I Weiblech Form: ↗Personalcheffin

Personalcheffin [pɛʀsən'a:lʃæfin] Femininum (Pluriel *Personalcheffinnen*) **DE** *Personalchefin* • **FR** *chef de personnel, chef des ressources humaines* [*femme*] •

PT *gestora do peessoa, diretora dos recursos humanos* **Beispill** eis *Personalcheffin* huet nach kengem de Congé refuséiert

I Männlech Form: ↗Personalchef

Personaldelegatioun [pɛʀsən'a:ldelegasjəʊn] Femininum (Pluriel *Personaldelegatiounen*) **DE** *Personalrat, Personalvertretung* • **FR** *délégation du personnel* • **EN** *staff committee, employee representatives* • **PT** *comissão de trabalhadores* **Beispill** de Patron ass op verschidde legitim Fuerderunge vun der *Personaldelegatioun* agaangen

personaliséieren [pɛʀsənəlɪz'ziɛrən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *personaliséiert*) » **transitiv** **DE** *personalisieren* • **FR** *personnaliser, individualiser* [*axer sur l'individu*] • **EN** *to personalize* • **PT** *personalizar, individualizar* [*centrar no individuo*] **Beispill** an deem Geschäft kriss de Artikelen, mat deenen s de kanns däin Auto *personaliséieren*

Personalkäschten Substantiv (kee Singular)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Personalpronomen [pɛʀsən'a:lprɔnɔ:mən] Maskulinum (Pluriel *Personalpronomen*) **DE** *Personalpronomen* • **FR** *pronom personnel* • **EN** *personal pronoun* • **PT** *prnome peessoa* **Beispill** an der Prüfung hu mer missen dee richtige *Personalpronomen* asetzen

Personifikatioun Femininum (Pluriel *Personifikatiounen*) **DE** *Personifikation, Verkörperung* • **FR** *personnification* • **EN** *personification* • **PT** *personificação* **Beispill** d'Justitia, mat hire verbonnenen Aen, hirer Wo an hirem Schwäert, ass d'*Personifikatioun* vun der Gerechtegkeet **Synonym** *Personifizierung*

personifizéieren [pɛʀsənɪfɪts'ziɛrən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *personifizéiert*) » **transitiv** **1. DE** *personifizieren* [*als Allegorie darstellen*] • **FR** *personnifier* [*représenter sous les traits d'une personne*] • **EN** *to personify* [*to anthropomorphize*] • **PT** *personificar* [*representar sob a forma de peessoa*] **Beispill** an der Konscht gétt den Doud dacks *personifizéiert* **2. DE** *personifizieren, verkörpern* • **FR** *personnifier* [*représenter de façon exemplaire*] • **EN** *to personify* [*to epitomize*] • **PT** *personificar* [*ser o exemplo perfeito de*] **Beispiller** hie *personifizéiert* den duerchschnëttleche Konsument; dee Kärel ass déi *personifizéiert* Dommheet! [égs] [dee Kärel ass ganz domm!]

Personifizierung Femininum (Pluriel *Personifizierungen*) **DE** *Personifizierung, Verkörperung* • **FR** *personnification* • **EN** *personification* • **PT** *personificação* **Beispill** d'Justitia, mat hire verbonnenen Aen, hirer Wo an hirem Schwäert, ass d'*Personifizierung* vun der Gerechtegkeet **Synonym** *Personifikatioun*

Personnage [pɛʀsən'a:] Maskulinum (Pluriel *Personnagen*) **1. DE** *Figur, Person* [*Darstellung*] • **FR** *personnage* [*d'une œuvre*] • **EN** *character* [*in a novel, play or film*] • **PT** *personagem* [*de uma obra*] **Beispill** an deenen eischen zwee Kapitele vun Roman stellt den Auteur déi verschidde *Personnage* vir **2. DE** *Gestalt* [*geachtete Person*] • **FR** *personnage* [*personnalité remarquable*] • **EN** *personage* [*important person*] • **PT** *personagem* [*peessoa de destaque*] **Beispill** hie gehéiert zu de wichtigste

Personnagë vu senger Zäit **Synonym** Perséinlechkeet **3.** [ëgs] **DE** Gestalt [Individuum] • **FR** *personnage* [individu] • **EN** *character* [individual] • **PT** *pessoa, individuo* **Beispill** an deem Haus wunnt e komesche **Personnage**

Plaz [pla:ts] Femininum **1.** (Pluriel Plazen) DE *Platz* [*freie urbane Fläche*] • FR *place* [*espace urbain*] • EN *square* [*town square*] • PT *praça, largo* **Beispiller** an der Mëtt vun der **Plaz** steet e Sprangbuer; de Knuedler ass eng vun deene gréisste **Plazen** an der Stad **2.** (Pluriel Plazen) DE *Platz* [*Ort*] • FR *endroit* [*lieu, site*] • EN *place* [*location*] • PT *lugar* [*local, sitio*] **Beispiller** dat ass eng gutt **Plaz**, fir e Geschäft opzemaachen; et gétt vill schéi **Plaze** laanscht d'Musel; d'Police ass op d'**Plaz** komm [d'Police ass op d'**Plaz** komm, wou eppes geschitt war] **3.** (Pluriel Plazen) DE *Platz* [*Sitzplatz*] • FR *place* [*assise*] • EN *place* [*seat*] • PT *lugar* [*sentado*] **Beispiller** kanns de mir eng **Plaz** niewent dir versueren?; am Kino krute mer zwou **Plazen** an der éischter Rei; e Motorrad mat Seidekärchen huet maximal véier **Plazen** **4.** (kee Pluriel) DE *Platz* [*verfügbarer Raum*] • FR *place* [*espace libre*] • EN *room* [*available space*] • PT *lugar* [*espaço livre*] **Beispiller** ech hunn a mengem Regal keng **Plaz** méi fir nei Bicher; a ville Fligere huet ee bal keng **Plaz**; ech hunn der **Plaz** op der Kaart gelooss, fir datt s de se och kanns énnerschréieren; huet Iech **Plaz**! [setzt Iech!] **5.** (Pluriel Plazen) DE *Platz* [*freie Stelle*] • FR *place* [*possibilité d'accueil*] • EN *space, place* [*available position, vacancy*] • PT *lugar* [*vaga*] **Beispiller** den neie Parking huet eng Capacitéit vun 800 **Plazen**; mir waarden op eng **Plaz** fir eise Bouf an enger Crèche **6.** (Pluriel Plazen) DE *Platz* [*zugeordneter Platz*] • FR *place* [*emplacement attribué*] • EN *place* [*seat, allotted place, customary place*] • PT *lugar* [*espaço atribuído*] **Beispiller** am Schoulsall hunn d'Kanner all hir fest **Plaz**; nom Usträchen hu mir d'Miwwelen nees op hir **Plaz** gesat; hien huet seng **Plaz** an der Gesellschaft fonnt [hien huet sech an d'Gesellschaft integriéiert]; an denger **Plaz** géif ech reklaméieren! [wann ech an denger Situatioun wier, géif ech reklaméieren!]; ech hunn hie weinst senger Bemierkung op d'**Plaz** gesat [égs] [ech hunn him dätlecht gesot, datt seng Bemierkung deplacéiert war] **7.** (Pluriel Plazen) DE *Platz* [*Platzierung*] • FR *place* [*rang*] • EN *place* [*rank, position*] • PT *lugar* [*numa classificação*] **Beispiller** mir stinn op der éischter **Plaz** vum Klassement; un éischter **Plaz** wéll ech Iech Merci soen [fir d'éischt wéll ech Iech Merci soen] **8.** (Pluriel Plazen) DE *Stelle* [*Ort*] • FR *endroit* [*déterminé*] • EN *place* [*location, area*] • PT *sítio* [*lugar preciso*] **Beispiller** hei sidd Dir net op der richteger **Plaz**, Dir musst an de Büro niewendru goen; ech fannen d'**Plaz** net, wou ech däi Bols fillen; den Daach vun der Scheier ass op e puer **Plazen** agefall; d'Aarbechte kommen net vun der **Plaz** [égs] [d'Aarbechte kommen net gutt virun] **9.** (Pluriel Plazen) DE *Stelle* [*Arbeitsstelle*] • FR *place* [*emploi*] • EN *place* [*employment*] • PT *lugar* [*emprego*] **Beispiller** de Chômeur huet bis elo nach keng nei **Plaz** fonnt; d'Fabrick huet zéng **Plazen** ausgeschriwwen **Synonym** Aarbechtsplaz **10.** (Pluriel Plazen) DE *Fleck* [*andersfarbige Stelle*] • FR *tache* [*surface de couleur différente*] • EN *place, mark* [*of different colour*] • PT *mancha*

[*pinta de cor diferente*] **Beispiller** ech hunn eng déck rout **Plaz** um Réck; wou d'Mauer ficht ass, sinn e puer donkel **Plazen** op der Fassad **Synonym** **Fleck 11**. blo **Plaz** **DE** *blauer Fleck* [*Hämatom*] • **FR** *bleu* [*hématome*] • **EN** *bruise* • **PT** *pisadura, nódoa negra* **Beispill** och wann ech mech nëmme liicht stoussen, kréien ech direkt eng blo **Plaz 12**. op der **Plaz** **DE** *auf der Stelle* • **FR** *sur le coup, immédiatement* • **EN** *on the spot* • **PT** *logo, imediatamente* **Beispill** hie war dout op der **Plaz**

Plazenta Femininum (Pluriel Plazentaen)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

plazeweis [pl'a:tsəva:is] **Adverb** **DE** *stellenweise* • **FR** *par endroits* • **EN** *in places* • **PT** *em certos sítios* **Beispill** de Moie waren d'Stroosse **plazeweis** spigelglat

Plazverweis **Maskulinum** (Pluriel **Plazverweiser**) - Variant vun **Platzverweis**

plécken [pl'ekən] **Verb** (Hëllefverb hunn, **Participe passé** **gepléckt**) » **transitiv 1**. **DE** *plückeren* • **FR** *cueillir* • **EN** *to pick, to pluck* • **PT** *colher, apanhar* **Beispiller** dës Blummen däerf een net **plécken**; d'Kanner hunn der Bomi gehollef d'Quetsche **plécken 2**. [égs] sech ee **plécken** **DE** *sich jemanden vorknöpfen* • **FR** *prendre quelqu'un à part, pincer quelqu'un* [*pour le contrôler, le réprimander*] • **EN** *to take to one side, to nab* [*so as to check, to reprimand*] • **PT** *chamar alguém à pedra* **Beispill** d'Joffer **huet** sech de Frechdachs **gepléckt** an em d'Le-witte gelies **Synonymmen** sech ee schnapen, sech ee virknäppen

i Verb, dat **plécken** als Basis **huet**: **Pläusplécken**

pléischteren [pl'ʒi:ʃtə:ən] **Verb** (Hëllefverb hunn, **Participe passé** **gepléischtert**) » **transitiv 1**. **DE** *behandeln* [*wegen einer leichten Verletzung*] • **FR** *soigner* [*à cause d'une plaie légère*] • **EN** *to look after, to treat* [*because of a minor injury*] • **PT** *tratar as feridas* [*ligeiras*] de **Beispill** wéi de Bouf mam Skateboard heemkoom, hu seng zwee Knéie misse **gepléischtert** ginn » **intransitiv 2**. [égs] **pléischteren** un **DE** *herumdoktern an* • **FR** *s'essayer à soigner* [*de manière peu professionnelle*] • **EN** *to try to doctor, to try to treat* [*unprofessionally, unsuccessfully*] • **PT** *tentar curar* [*de modo pouco profissional*] **Beispiller** ech **pléischtere** scho jorelaang u mengem wéie Been; un där baufälliger Bréck gouf en halleft Joer laang **gepléischtert** (un där baufälliger Bréck gouf en halleft Joer laang ëmmer erëm gefléckt) **Synonym** **dokteren** un

i Verb, dat **pléischteren** als Basis **huet**: **Pläuspléischteren**

Plëmmchen [pl'əmçən] **Femininum** (Pluriel **Plëmmcher**) - Diminutivform vun **Plom**

plëmmen [pl'əmən] **Verb** (Hëllefverb hunn, **Participe passé** **geplëmmt**) » **transitiv 1**. **DE** *rupfen* [*die Federn ausreißen*] • **FR** *plumer* [*arracher les plumes à*] • **EN** *to pluck* [*a bird*] • **PT** *depenar* [*tirar as penas a*] **Beispill** ier s de d'Hong kanns **plëmmen**, muss de et an d'kache Waasser zappen **2**. [égs] **DE** *plündern* [*leeren*] • **FR** *vider* [*de son contenu*] • **EN** *to clear, to empty* [*an account*] • **PT** *esvaziar* [*livar do seu conteúdo*] **Beispill** hien **huet** säi Kont **geplëmmt**, fir sech en décken Auto ze kafen **3**. [égs] **DE** *rupfen* [*eine Person*] • **FR** *plumer* [*une personne*] • **EN** *to fleece* [*to cheat*] • **PT** *depenar* [*uma pessoa*] **Beispill**

bei deem Handel sinn ech schéi **geplëmmt** ginn! **Synonym** **beidelen**

plëmmplemm [plæmpl'æm] **Adjektiv** [égs] **DE** *plemplem* • **FR** *zinzin, cinglé* • **EN** *nuts* [*crazy*] • **PT** *maluco, choné, lelé* **Beispill** bass du **plëmmplemm**, fir esou eppes ze behaupten? **Synonymmen** **geckeg**, **jaus**, **mëll**, **tibbi**, **verréckt**

Plenarsall [plen'a:ʀza] **Maskulinum** (Pluriel **Plenarsäll**) **DE** *Plenarsaal* • **FR** *salle de séance* [*pour assemblées plénières*] • **EN** *conference hall, chamber* [*used for plenary sessions*] • **PT** *sala do plenário* **Beispill** den internationale Kongress gëtt am **Plenarsall** ofgehalen

Plenièr [pl'e:ɲi:ɛ:r] **Femininum** (Pluriel **Plenièren**) **DE** *Plenum* • **FR** *assemblée plénière* • **EN** *plenum, plenary session* • **PT** *assembleia plenária* **Beispill** iwwer dëse Punkt gëtt an der nächster **Plenièr** diskutéiert **Synonym** **Plenum**

Plënner [pl'ənə] **Femininum** (Pluriel **Plënneren**) **DE** *Umzug* [*Wohnortwechsel, Standortwechsel*] • **FR** *déménagement* • **EN** *move* [*change of house, change of premises*] • **PT** *mudança(s)* [*de casa, de empresa*] **Beispiller** fir d'Plënner muss mir dräi Deeg aplangen; hien **huet** am Aarbechtskontrakt stoen, datt hien d'Plënner vun sengem neie Patron bezuelt **kréich**

plënneren [pl'ənə:ən] ♦ **Verb** (Hëllefverb hunn, **Participe passé** **geplënnert**) » **transitiv 1**. **DE** *spedieren, befördern* [*Möbelstücke, Gegenstände*] • **FR** *déménager* • **EN** *to move* [*furniture, objects*] • **PT** *fazer a mudança de* [*de móveis, de objetos*] **Beispiller** dëse Weekend muss ech e puer Miwwele **plënneren**; **plënner** deen ale Krom do emol op de Späicher! [égs] [*dro deen ale Krom do emol op de Späicher!*]; **muer plënnere** mer eist Meedchen a seng Studentewunneng [*muer hëllef mer eisem Meedchen, seng Studentewunneng anzerrichten*] ♦ **Verb** (Hëllefverb sinn, **Participe passé** **geplënnert**) » **intransitiv 2**. **DE** *umziehen* [*den Wohnort wechseln*] • **FR** *déménager* • **EN** *to move* [*house*] • **PT** *mudar-se, mudar de casa* **Beispiller** mir **plënnere** an e puer Méint; **plënner**, du nervs! [égs] [*verschwann, du nervs!*]

i Verben, déi **plënnere** als Basis hunn: **Pläusplënnere**, **Pläusplënnere**, **Pläusplënnere**, **Pläusplënnere** an **Pläusplënnere**

Plënnerfirma [pl'ənəfɪrma:] **Femininum** (Pluriel **Plënnerfirmaen** / **Plënnerfirmen**) **DE** *Umzugsfirma* • **FR** *société de déménagement* • **EN** *removal company* • **PT** *empresa de mudanças* **Beispill** fir de Piano an eist neit Appartement ze transportéieren, hunn ech en **Devis** bei enger **Plënnerfirma** gefrot

Plënnerkëscht [pl'ənəkə:ʃt] **Femininum** (Pluriel **Plënnerkëschten**) **DE** *Umzugskarton* • **FR** *carton de déménagement* • **EN** *removal box* • **PT** *caixote das mudanças* **Beispill** ech hunn de ganze Mëtteg **Plënnerkëschte** geschleeft

Plënnerleit [pl'ənələit] **Substantiv** (kee Singulier) **DE** *Möbelpacker* • **FR** *déménageurs* • **EN** *removal men* • **PT** *homens das mudanças* **Beispill** d'Plënnerleit hunn am Trapenhaus d'Tapéit abiméiert

Plënnerwon **Maskulinum** (Pluriel **Plënnerween**) **DE** *Möbelwagen, Umzugswagen* • **FR** *camion de déménagement* • **PT** *camião das mudanças* **Beispill** wéi mir eist

Appartement eidel geraumt haten, war eise Plënnerron struppevoll

Plenum [pl'e:num] Maskulinum (Pluriel Plenumen) DE Plenum • FR *assemblée plénière* • EN *plenum, plenary session* • PT *assembleia plenária* **Beispill** iwwer dëse Punkt gëtt am nächste Plenum diskutéiert **Synonym** Plenière

Pleséier [pləz'zɪɐ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Vergnügen, Freude* • FR *plaisir [joie]* • EN *pleasure* • PT *prazer [alegria]* **Beispiller** et war e Pleséier, bei deem schéine Wieder spadséieren ze goen; maach mer de Pleséier an dréck e Patt mat!

Plëss Eegennum DE *Place d'Armes, Paradeplatz [in Luxembourg-Stadt]* • FR *Place d'Armes [de la ville de Luxembourg]* • EN *Place d'Armes [in Luxembourg City]* • PT *Place d'Armes [na cidade de Luxemburgo]* **Beispill** am Summer lackelt d'Plëss d'Leit op eng vun hire sëllegen Terrassen

I D'Plëss, wéi déi Stater Place d'Armes am Volleksmond heescht, gouf an der Zäit fir militäresch Parade genotzt. Um Enn vum 17. Joerhonnert krut se ënner dem Louis XIV. de virleefeg leschte Schléif duerch d'Verleeë vu Pawee an d'Planze vu Lannen. Haut ass d'Plëss eng beléift Plaz, wou ee kann e Patt drénken, e Concert genëssen oder iwwer ee vun de Mäert flanéieren, déi do ofgehale ginn.

Pletschette [pl'ætʃæt] Eegennum DE *Pletschette* • FR *Pletschette* • EN *Pletschette* • PT *Pletschette* **Beispiller** ech wunnen um Pletschette; fiert dëse Bus op de Pletschette?

plötzlech Adjektiv DE *plötzlich* • FR *soudain, subit* <Adverb *soudainement*> • EN *sudden* <Adverb *suddenly*> • PT *repentino, súbito* <Adverb *de repente, subitamente*> **Beispiller** eisen Noper knat nach ëmmer um plötzlechen Doud vu senger Fra; eng Schwindelattack ka plötzlech kommen a goen **Synonym** stënterlech

Pli [pli:] Maskulinum (Pluriel Plien) **1.** DE *Falte [im Stoff]* • FR *pli [dans un tissu]* • EN *pleat* • PT *prega [num tecido]* **Beispill** et ass eng Konscht, eng Jupe mat Plien ze strecken! **2.** DE *Gewohnheit, Angewohnheit* • FR *pli [habitude, tendance]* • EN *habit* • PT *hábito, costume* **Beispiller** wann s de de Pli bis hues, da geet d'Aarbecht der liicht vun Hand; hien huet de Pli, fir no der Schaff nach een huelen ze goen

Plinthe Femininum (Pluriel Plinthen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Plissé [pl'ise:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Plissee* • FR *plissé* • EN *pleats* • PT *plissado* **Beispill** dee Rack huet e schéine Plissé

plisséieren [plis'zɪɐrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé plisséiert) » **transitiv** DE *plissieren* • FR *plisser [un tissu]* • EN *to pleat* • PT *plissar* **Beispiller** d'Néiesch huet de Rack plisséiert; déi plisséiert Jupe geet der nawell gutt!

Plo [plo:] Femininum (Pluriel Ploen) **1.** DE *Plage [Belästigung]* • FR *plaie, fléau* • EN *plague, pain* • PT *praga, flagelo* **Beispiller** d'Harespele waren de ganze Summer eng Plo!; dee Kärel ass eng richtig Plo! [égs] [Idee Kärel ass e richtige Plogeescht!] **2.** DE *Plage [Mühsal]* • FR *source de tracas* • EN *tribulation, trial* • PT *fonte de embaços* **Beispiller** hiert Liewe war eng eenzeg Plo; an der

Schoul waren d'Mathéssonne fir mech ëmmer eng Plo

ploen [pl'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geplot) » **transitiv 1.** DE *plagen [belästigen, zu schaffen machen]* • FR *embêter, donner du fil à retordre à* • EN *to pester, to plague* • PT *irritar, aborrecer, fazer a vida negra a* **Beispiller** d'Harespelen hunn eis de ganze Summer geplot; meng Schwëster ass mat Réckwéi geplot **2.** DE *behelligen* • FR *importuner* • EN *to trouble, to bother* • PT *incomodar, importunar* **Beispill** ech ploen hien net mat menge Suergen, hien huet der selwer genuch **Synonym** behellegen » **reflexiv 3.** DE *sich plagen* • FR *s'esquinter, s'éreinter, se démener* • EN *to wear oneself out* • PT *esforçar-se, estafar-se, azafamar-se* **Beispiller** plo dech nach net esou!; mat deene schwéieren Zillen hunn ech mech elle geplot; ech hu mech de ganzen Nomëtteg mat mathematesche Formele geplot **Synonym** sech kristillegen

I Verb, dat **ploen** als Basis huet: ʔerëmpleen

Plogeescht [pl'o:ge:ft] Maskulinum (Pluriel Plogeeschter) [égs] DE *Plagegeist* • FR *casse-pied* • EN *nuisance, pest, pain in the neck* • PT *peste, melga [pessoal]* **Beispill** deng Kanner si richtig Plogeeschter! **Synonym** Leitsgeheier

Plomb [plomp] Maskulinum/Femininum (Pluriel Plëmb) **1.** DE *Füllung [Zahnfüllung]* • FR *plombage [amalgame dentaire]* • EN *filling [tooth filling]* • PT *chumbo [amalgama dentária]* **Beispill** ech muss bei den Zändokter goen, ech hunn e Plomb verluer **2.** DE *Plombe [Metallsiegel]* • FR *plomb [de scellage]* • EN *lead seal* • PT *selo de chumbo* **Beispill** den Elektriker huet de Plomb um Panzerkasten duerchgepëtz

plombéieren [plɔ:mb'zɪɐrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé plombéiert) » **transitiv** DE *plombieren* • FR *plomber [une dent]* • EN *to fill [a tooth]* • PT *chumbar [um dente]* **Beispill** den Zändokter huet mir en Zant plombéiert

Plomm [plom] Femininum (Pluriel Plommen) DE *Dau-ne* • FR *plumule, (plume de) duvet* • EN *feather, down* • PT *plumula, penugem* **Beispiller** d'Kaz huet de Villche mat de Plomme gefriess; am Wanter geet nëmscht iwwer eng Jackett mat Plommen; däi Vëlo ass liicht ewéi eng Plomm [égs] [däi Vëlo ass ganz liicht]; hie kënnt mueres net aus de Plommen [égs] [hien huet mueres Schwieregkeeten, fir matzäit opzestoen]; op der Bourse kann ee liicht Plomme loossen [égs] [op der Bourse kann ee liicht Geld verléieren]

I Variant: Plaum

Plommebett Neutrum (Pluriel Plommebetter)

I Hei entsteet en neien Artikel.

plomp [plomp] Adjektiv **1.** DE *plump [massig, unförmig]* • FR *lourd, massif [pesant]* • EN *bulky, heavy [ill-proportioned]* • PT *pesado, maciço, informe* **Beispill** wat mécht esou eng plomp Klensch un esou enger eleganter Dier? **2.** DE *plump [schwerfällig]* • FR *lourd [peu agile, inélégant]* <Adverb *lourdement*> • EN *ungainly, clumsy* <Adverb *clumsily*> • PT *pesado [pouco ágil, deselegante]* <Adverb *pesadamente*> **Beispiller** a wéi soll esou e plomme Mensch eng Walz danzen?; hie beweegt

sech esou **plomp** ewéi en Elefant **Synonym** schwéier-fälleng **3.** **DE** *plump* [lungeschickt, taktlos] • **FR** *maladroit, grossier* <Adverb *maladroitement*> • **EN** *clumsy* [tactless, crude] <Adverb *clumsily*> • **PT** *tosco, grosseiro* [rude, sem tato] <Adverb *grosseiramente*> **Beispiller** dee Kärel huet eng **plomp** Manéier, fir mat de Leit émzegen; dat Bild do ass eng **plomp** Fälschung!; hien huet ganz **plomp** probéiert, mech vu senger Meenung ze iwweezeegen

plompsen [pl'ompʰən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **geplompst**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Plongeon [pl'õ:ʒõ:] Maskulinum (Pluriel **Plongeonnen**) **DE** *Hechtsprung* • **FR** *plongeon* • **EN** *dive* [plunge] • **PT** *salto de cabeça* **Beispiller** am Schwamme krute mer gewisen, wéi een e richtege **Plongeon** mécht; de Golkipp huet missen e **Plongeon** maachen, fir de Ball ze kréien; ech hunn op den naasse Plättercher e **Plongeon** gemaach **[ëgs]** [ech sinn op den naasse Plättercher gefall] **Synonym** Kappsprong

Plooschter [pl'o:ʰtɛ] Maskulinum/Femininum (Pluriel **Plooschteren**) **DE** *Pflaster* [Heftpflaster] • **FR** *sparradrap, pansement* (adhésif) • **EN** (sticking) *plaster* • **PT** *adesivo, penso rápido* **Beispiller** d'Mamm huet dem Bouf eng **Plooschter** op de Knéi gepecht; dat doten ass eng **Plooschter** op en hëlzent Been! **[ëgs]** [dat doten ass eng onnëtz Moosnam]

Plosivlaut [ploz'i:flæ:ʊt] Maskulinum (Pluriel **Plosivlauter**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Plott [plot] Femininum (Pluriel **Plotten**) **DE** *Knäuel* [Woll-, Garnknäuel] • **FR** *pelote* [de laine, de coton] • **EN** *ball* [of wool] • **PT** *novelo* [de lã, de linha] **Beispill** et feelt mer eng **Plott** Woll, fir de Pullover fäerdeg ze strécken

Plou [pləʊ] Maskulinum (Pluriel **Pléi**) **1.** **DE** *Pflug* • **FR** *charrue* • **EN** *plough* • **PT** *charrua* **Beispill** d'Päerd hunn de **Plou** gezunn **2.** **[ëgs]** **DE** *Drahtesel* • **FR** *bécane* [vélo] • **EN** *boneshaker* [bike] • **PT** *burra* [bicicleta] **Beispill** u mengem **Plou** spréngt d'Ketten ëmmer erof **3.** **[ëgs]** **DE** *Lümmel, Grobian* • **FR** *malotru, goujat* • **EN** *lout, boor* • **PT** *grosseirão, brutamontes* **Beispill** du kanns dee **Plou** net mat bei d'Leit huelen!

plouen [pl'əʊən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **geplout**) » **transitiv** **DE** *pflügen* • **FR** *labourer* [re-tourner] • **EN** *to plough* • **PT** *lavarar* [arar] **Beispill** d'Stécker ginn am Hierscht **geplout**

i Verben, déi **plouen** als Basis hunn: »**ëmplouen** an »**ënnerplouen**

ploufen [pl'əʊfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **geplouft**) » **intransitiv** - **onperséinlech** **[ëgs]** **DE** *plumpsen* • **FR** *faire plouf* • **EN** *to make a splash, to splash* • **PT** *fazer um chape* **Beispill** wat huet dat **geplouft**, wéi deen an d'Waasser gefall ass!

Ploufert [pl'əʊfɛt] Maskulinum (Pluriel **Plouferten**) **DE** *Plumps* • **FR** *plouf* • **EN** *splash* • **PT** *chape* **Beispill** de Bouf ass mat engem **Ploufert** an d'Waasser gefall

Plower Maskulinum (Pluriel **Ploweren**) - Variant vun »**Pullover**

Plural [pl'u:ɾa:l] Maskulinum (Pluriel **Pluralen**) - Variant vun »**Pluriel**

Pluralismus [plʊɾal'ismʊs] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Pluralismus* • **FR** *pluralisme* • **EN** *pluralism* • **PT** *pluralismo* **Beispill** d'Gesellschaft vun haut ass duerch **Pluralismus** charakteriséiert

pluralistes [plʊɾal'istɛʃ] Adjektiv **DE** *pluralistisch* • **FR** *pluraliste* • **EN** *pluralist* • **PT** *pluralista* **Beispill** de Schoulsystem muss sech eiser **pluralistescher** Gesellschaft upassen

Pluriel [pl'yriæl] Maskulinum (Pluriel **Pluriellen**) **DE** *Plural, Mehrzahl* • **FR** *pluriel* • **EN** *plural* • **PT** *plural* **Beispill** bei dësem Exercice geet et drëm, d'Substantiven an de **Pluriel** ze setzen **Synonym** Meerzal

i Variant: **Plural**

Plurielendung [pl'yriælsændʊŋ] Femininum (Pluriel **Plurielendungen**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Pluriels-s [pl'y:riælæs] Maskulinum (Pluriel **Pluriels-sen**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Plus [plus] Maskulinum **1.** (Pluriel **Plusen**) **DE** *Pluszeichen* • **FR** *signe plus* [symbole de l'addition] • **EN** *plus* [plus sign] • **PT** *sinal mais* [sinal da adição] **Beispill** schreif e **Plus** iwwee déi lénks an e **Minus** iwwee déi riets Kolonn! **2.** (kee Pluriel) **DE** *Zunahme, Steigerung* • **FR** *augmentation* [accroissement] • **EN** *plus* [increase] • **PT** *aumento* [acréscimo] **Beispill** eis Partei huet am Verglach mat de leschte Walen e **Plus** vun dräi Prozent **3.** (kee Pluriel) **DE** *Plus* [Gewinn, Überschuss] • **FR** *bénéfice, excédent* • **EN** *plus* [profit, surplus] • **PT** *benefício, excedente* **Beispiller** d'Konten ergi fir dëst Joer e **Plus** vun 10.000 Euro; mäi Kont ass ëmmer am **Plus** [ech hunn ëmmer Suen op mengem Kont] **Synonymen** Benefice, Boni, Gewënn, Iwwerschoss **4.** (Pluriel **Plusen**) **[ëgs]** **DE** *Plus* [Vorzug] • **FR** *plus* [atout] • **EN** *plus* [advantage] • **PT** *vantagem* **Beispill** e Kandidat mat Erfahrung huet e **Plus** géintiwwee engem Ufänger

plus [plus] Konjunktioun **DE** *plus* [und] • **FR** *plus* [et] • **EN** *plus* [and] • **PT** *mais* [e] **Beispill** zwee **plus** zwee gëtt véier **Synonym** an

plus [plus] Adverb **DE** *plus* [über Null] • **FR** *plus* [au-dessus de zéro] • **EN** *plus* [above zero] • **PT** *mais* [acima de zero] **Beispill** minus dräi mol minus dräi gëtt **plus** néng

plus [plus] Prepositioun » **mam** **Akkusativ** **DE** *plus* [zuzüglich] • **FR** *plus* [à quoi s'ajoute] • **EN** *plus* [together with, as well as] • **PT** *mais* [a que se acrescenta] **Beispill** ech hu mer op der Bank all meng Erspuernesser **plus** d'Zësen ausbezuele gelooss

Plüsch [plyʃ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Plüsch* • **FR** *peluche* [tissu] • **EN** *plush* • **PT** *peluche* [tecido] **Beispill** an deem alen Hotel hu se nach Riddoen aus **Plüsch**

plüschchen [pl'yʃən] onverännerbaart Adjektiv **DE** *aus Plüsch* • **FR** *en peluche* • **EN** *stuffed* [toy], *plush* [fabric] • **PT** *de peluche* **Beispiller** ech hunn op der Kiermes eng

plüsché Giraff gewonnen; mir loossen dee plüsché Canapé nei iwwerzéien

plus ou moins Adverb **1.** DE *mehr oder weniger* [leinermaßen, ziemlich] • FR *plus ou moins* [assez, relativement] **Beispiller** ech si plus ou moins mat mengem Resultat zefridden, mee am Fong ech hat mer méi erhofft; d'Kanner gi plus ou moins reegelméisseg schwammen **Synonymmen** eenegermoossen, méi oder manner, méi oder weíneger **2.** DE *mehr oder weniger* [ungefähr] • FR *plus ou moins* [à peu près] **Beispiller** bis elo hu mer plus ou moins d'Hallschent vun den Tickete verkaaft; 2023 hunn zu Lëtzebuerg plus ou moins 660.000 Leit gewunnt **Synonymmen** méi oder manner, méi oder weíneger, ongeféier

Pluspunkt [pl'uspunt] Maskulinum (Pluriel Pluspunkten) DE *Pluspunkt* [Vorteil] • FR *plus, atout* • EN *plus* [advantage] • PT *vantagem* **Beispill** d'fachlech Berodung vun de Clienten ass e Pluspunkt vun deem Geschäft

Plus-value [pl'y:valy:] Femininum (Pluriel Plus-valuen) DE *Wertzuwachs* • FR *plus-value* • EN *capital gain, increase in value* • PT *mais-valia* **Beispill** si hunn dat restauréiert Haus mat enger Plus-value vu 15 Prozent verkaaft

Pluto Eegennumm (kee Pluriel) **1.** DE *Pluto* [Himmelskörper] • FR *Pluton* [corps céleste] **Beispill** firwat ass de Pluto kee Planéit méi? **2.** DE *Pluto* [Gottheit] • FR *Pluton* [dieu de la mythologie] **Beispill** an der réimescher Mythologie herrscht de Pluto iwwer d'Räich vun den Doudegen

Plutonium [pl'uto:nium] Maskulinum (kee Pluriel) Chimie DE *Plutonium* [chemisches Element] • FR *plutonium* [élément chimique] • EN *plutonium* [chemical element] • PT *plutónio* [elemento químico] **Beispill** d'Element Plutonium gehéiert zum Grupp vun den Actinoiden

PME Femininum (Pluriel PMEen) DE *KMU, mittelständisches Unternehmen* • FR *P. M. E.* **Beispiller** ech si Patron vun enger PME mat 30 Employéen; an dëser Industriezon gëtt et zwou PMEen, déi am Beräich vun der Elektronik aktiv sinn **Synonymmen** mëttelstännesche Betrib, mëttelstännesch Entreprise

Pneu [pnø:] Maskulinum (Pluriel Pneuen) DE *Reifen* [Gummireifen] • FR *pneu* • EN *tyre* • PT *pneu* **Beispiller** deng Pneuen hu kee Profil méi; ech hu mer e richtige Pneu gezillt! EgS [ech hunn e Burreli kritt!]

Pneufabrikant [pn'ø:əfabrikant] Maskulinum (Pluriel Pneufabrikanten) DE *Reifenhersteller* • FR *fabricant de pneus* • EN *tyre manufacturer* • PT *fabricante de pneus* **Beispill** de Pneufabrikant huet en neit Wierk am Nopeschduerf opgemaach

pneumatesch [pnø:m'a:təʃ] Adjektiv DE *pneumatisch* • FR *pneumatique* [à air comprimé] <Adverb de manière pneumatique> • EN *pneumatic* <Adverb pneumatically> • PT *pneumático* [a ar comprimido] <Adverb pneumaticamente> **Beispiller** déi meescht Camionen hu pneumatesch Bremsen; déi nei Schleis geet pneumatesch op an zou

Pneumocoqueninfektioun [pnø:mo:k'okənin-fæktsjəʊn] Femininum (Pluriel Pneumocoqueninfektiounen) DE *Pneumokokkeninfektion* • FR *infection à pneumocoque* • EN *pneumococcal infection* • PT *infecção pneumocócica* **Beispill** eng Pneumocoqueninfektioun ka liewensbedrolech Krankheete wéi eng Longenentzündung ausléisen

Pneumolog Maskulinum (Pluriel Pneumologen) DE *Pneumologe* • FR *pneumologue* • PT *pneumologista* **Beispill** ech si weínt enger chronischer Bronchite bei engem Pneumolog a Behandlung

i Weiblech Form: ♀Pneumologin

Pneumologin Femininum (Pluriel Pneumologinnen) DE *Pneumologin* • FR *pneumologue* [femme]

i Männlech Form: ♂Pneumolog

pochéieren [pɔʃ'ziəʁən] Verb (Hëlfsverb hunn, Participe passé pochéiert) » **transitiv** Gastronomie DE *po-chieren* • FR *pocher* • EN *to poach* • PT *escalfar* **Beispiller** et ass eng Konscht, Eeër richteg ze pochéieren; mam Spinat zerwéieren ech am léifste pochéiert Eeër

pochen [p'ɔχən] Verb (Hëlfsverb hunn, Participe passé gepocht) » **intransitiv** pochen op DE *pochen auf* [bestehen auf] • FR *faire valoir, insister sur* • EN *to insist on* • PT *fazer valer, insistir em* **Beispiller** hien huet op säi Recht gepocht, entschiedegt ze ginn; dee Kärel verpasst keng Geleeeënheet, op seng adeleg Ofstamung ze pochen

Pochette [p'ɔfæt] Femininum (Pluriel Pochetten) - Variant vun ♀Poschett

Podcast Maskulinum (Pluriel Podcasten / Podcasts)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Podest [pod'æst] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Podester) DE *Podest* [Podium] • FR *(petite) estrade* • EN *rostrum* • PT *(pequeno) estrado* **Beispill** fir seng Ried ze halen, stoung de President op engem Podest

Podgorica Eegennumm DE *Podgorica* • FR *Podgorica* • PT *Podgoritza, Podgorica* **Beispill** Podgorica ass d'Haaptstad vu Montenegro

Podium [p'o:dium] Maskulinum (Pluriel Podiumen) **1.** DE *Podium* [Bühne] • FR *podium* [estrade] **Beispill** de Buergermeeschter ass op de Podium geklommen, fir seng Ried ze halen **2.** DE *Siegerpodest* • FR *podium* [des vainqueurs] **Beispiller** d'Sportler stoungen um Podium, wéi se hir Medail iwwerrecht kruten; de Leefer koum bei der Meeschterschaft op de Podium [de Leefer war op der Meeschterschaft ee vun deenen dräi Eischen]

Podolog [podol'o:k] Maskulinum (Pluriel Podologen) DE *Podologe* • FR *podologue* • EN *chiroprapist, podiatrist* • PT *podologista* **Beispill** zënter mäi Podolog mir nei Suele gemaach huet, hunn ech vill manner Problemer mam Knéi

i Weiblech Form: ♀Podologin

Podologie [podoloz'i:] Femininum (kee Pluriel) DE *Podologie* • FR *podologie* • EN *chiroprody, podiatry* • PT *podologia* **Beispill** d'Podologie befaasst sech mat alle Problemer vum Fouss, fir déi ee keen Dokter brauch

Podologin [podol'o:gin] Femininum (Pluriel Podologinnen) **DE** *Podologin* • **FR** *podologue* [femme] • **PT** *podologista* [mulher] **Beispill** ech hu mer nei Einlage bei menger Podologin maache gelooss

i Männlech Form: **Podolog**

Poeet Maskulinum (Pluriel Poeeten) **DE** *Poet* • **FR** *poète* • **EN** *poet* • **PT** *poeta* **Beispill** et geet net duer ze reimen, fir e grouss Poeet ze sinn! **Synonym** Dichter

i Weiblech Form: **Poeetin**

poetesesch Adjektiv **DE** *poetisch* • **FR** *poétique* <Adverb *poétiquement*> • **EN** *poetic* <Adverb *poetically*> • **PT** *poético* <Adverb *poeticamente*> **Beispiller** dëse poeteschen Text geet richteg un een!; dat Meedchen huet eng poetesesch Oder; hien huet en Don, fir d'Natur ganz poetesesch ze beschreiwen

Poeetin Femininum (Pluriel Poeetinnen) **DE** *Poetin* • **FR** (femme) *poète* • **PT** *poeta*, *poetisa* **Beispill** d'Poeetin huet hir Wierker elo a Form vun engem Buch verëfflecht **Synonym** Dichterin

i Männlech Form: **Poeet**

Poesie [poe:z'i:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Poesie* [Lyrik] • **FR** *poésie* [genre littéraire] • **EN** *poetry* [literary genre] • **PT** *poesia* [género literário] **Beispill** ech sinn e groussen Amateur vu klassescher Poesie

Poesiealbum [poe:z'i:album] Maskulinum (Pluriel Poesiealbumen / Poesiealben) **DE** *Poesiealbum* • **FR** *album souvenir* [d'un enfant] • **EN** *autograph album* [with poetry or sayings added by friends] • **PT** *livro de autógrafos* [de uma criança] **Beispill** hatt huet senger beschter Frëndin eppes an de Poesiealbum gemoolt

Poet [po'e:t] Maskulinum (Pluriel Poeten) - Variant vun **Poeet**

poetes [po'e:təf] Adjektiv - Variant vun **poetesesch**

Poetin [po'e:tin] Femininum (Pluriel Poetinnen) - Variant vun **Poeetin**

Pohunn [po:h'un] Maskulinum (Pluriel Pohunnen) **DE** *Pfau* • **FR** *paon* • **EN** *peacock* • **PT** *pavão* **Beispiller** hues du schonn e Pohunn gesinn, deen d'Rad geschloen huet?; hie stolzéiert dohier ewéi e Pohunn

Point de vue [pwɛ:dəv'y:] Maskulinum (Pluriel Point-de-vuen) **DE** *Standpunkt*, *Ansicht* • **FR** *point de vue* [opinion] • **EN** *point of view* • **PT** *ponto de vista* [opinião] **Beispiller** de Politiker huet an engem Interview säi Point de vue am Detail duergeluecht; och wa mer dacks verschidde Point-de-vuen hunn, schaffe mer ganz gutt zesummen **Synonymen** Standpunkt, Usicht, Vue

Pointe [pw'ɛ:t] Femininum (Pluriel Pointeën) **DE** *Pointe* • **FR** *chute* [d'une histoire] • **EN** *point*, *punchline* • **PT** *fim* [de uma história] **Beispiller** ech hunn d'Pointe vum Witz net verstanen; mir waarden nach ëmmer op d'Pointe vun der Geschicht

Pois chiche [pwaʃ'iç] Femininum (Pluriel Poischichen) **DE** *Kichererbse* • **FR** *pois chiche* • **EN** *chickpea* • **PT** *grão-de-bico* **Beispill** ech hat aus Versinn amplaz vun enger Béchs wäisse Bounen eng Béchs Pois-

chichen am Supermarché kauft

Poivron [pɔ'vʁɔ̃:] Maskulinum (Pluriel Poivronen) **DE** *Paprika* [Paprikaschote] • **FR** *poivron*, *piment doux* • **EN** *pepper* [sweet pepper, capsicum] • **PT** *pimento* [fruto] **Beispill** de Mëtteg gëtt et gefëllte Poivronen **Synonymen** Paprika, Peperoni

Poker [p'əʊkɛ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Poker* • **FR** *poker* • **EN** *poker* • **PT** *póquer* **Beispill** hie gouf beim Poker schéi gebeidelt

pokeren [p'əʊkɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepokert) » **intransitiv** **DE** *pokern* [Poker spielen] • **FR** *jouer au poker* • **EN** *to play poker* • **PT** *jogar póquer* **Beispiller** mir hu bis déif an d'Nuecht gepokert; hien huet op der Bourse ze héich gepokert [égs] [hien huet op der Bourse ze vill riskéiert]

Pol [pɔl] Maskulinum (Pluriel Polen) **1. DE** *Pol* [Endpunkt der Erdachse] • **FR** *pôle* [terrestre] • **EN** (terrestrial) *pole* • **PT** *polo* [terrestre] **Beispill** d'Magnéitfeld op deenen zwee Pole gëtt vun de Physiker ënnersicht **2. DE** *Pol* [eines Magnets, einer Stromquelle] • **FR** *pôle* [d'un aimant, d'un circuit électrique] • **EN** *pole* [of a magnet], *pole*, *terminal* [of a battery] • **PT** *polo* [de um iman, de um circuito elétrico] **Beispiller** den negativen an de positive Pol zéien sech géigesäiteg un; hues de de Kabel och un dee richteg Pol vun der Batterie ugeschloss?

Pol [pɔl] Maskulinum (Pluriel Polen) **DE** *Pole* • **FR** *Polonais* • **EN** *Pole* • **PT** *polaco* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Pol

polar [pɔl'a:r] Adjektiv **DE** *polar* • **FR** *polaire* • **EN** *polar* • **PT** *polar* **Beispill** vun Norden erfot kennt e polart Déifdrockgebitz op eis zou

polariséieren [pɔlariz'ziə:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé polariséiert) » **transitiv** **1.** [Physik] **DE** *polarisieren* • **FR** *polariser* • **EN** *to polarize* • **PT** *polarizar* **Beispiller** d'Liicht gëtt duerch de Filter polariséiert; ech hu mer e Sonnebrëll mat polariséierte Glieser kauft **2. DE** *polarisieren* [spalten] • **FR** *diviser* [semer la désunion entre] • **EN** *to polarize* [to divide] • **PT** *dividir* [fomentar a desunião de] **Beispill** dat neit Gesetz huet d'Gesellschaft polariséiert

Polarkrees [pɔl'a:rkrɛ:s] Maskulinum (Pluriel Polarkreesser) **DE** *Polarkreis* • **FR** *cercle polaire* • **EN** *polar circle* • **PT** *circulo polar* **Beispill** et leien nach eng Partie Stied nördlech vum Polarkrees

poleemesch [pɔl'e:məf] Adjektiv **DE** *polemisch* • **FR** *polémique* • **EN** *polemical* • **PT** *polémico* **Beispill** dem Journalist seng poleemesch Commentairen hu fir vill Diskussiounen gesuergt

Poleemik [pɔl'e:mik] Femininum (Pluriel Poleemiken) **DE** *Polemik* [unsachliche Auseinandersetzung] • **FR** *polémique* • **EN** *polemic* • **PT** *polémica* **Beispill** déi ganz Poleemik ëm de Bau vun engem neie Shoppingcenter verstinn ech net

poléieren [pɔl'ziə:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé poléiert) » **transitiv** **1. DE** *polieren* [glänzend machen] • **FR** *polir* [astiquer] • **EN** *to polish* [to shine, to gloss] • **PT** *polir* [dar lustro a] **Beispiller** mäi Schwoer poléiert säin Auto eemol d'Joer; ech hunn déi poléiert Miwwelen net gär **Synonym** wixsen **2. DE** *polieren*

[glätten, schleifen] • **FR** *polir* [poncer] • **EN** *to polish, to smooth, to sand* • **PT** *polir* [alisar, limar] **Beispill** mir hunn de Marber am Hall **poléiere** gelooss **Synonym** schläifen

polemesch [pol'e:məʃ] Adjektiv - Variant vun ↗poleemesch

Polemik [pol'e:mik] Femininum (Pluriel Polemiken) - Variant vun ↗Poleemik

polemiséieren [polemiz'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **polemiséiert**) » **intransitiv** **DE** *polemisieren* [unsachlich kritisieren] • **FR** *polémiquer* • **EN** *to polemicize* • **PT** *polemizar* **Beispill** am plaz e puer seriö Propositionen ze maachen, **huet** hien nëmme **polemiséiert**

polen [p'o:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gepoolt**) » **transitiv** **DE** *polen* • **FR** *polariser* • **EN** *to connect* [to a terminal, to a pole] • **PT** *polarizar* **Beispiller** d'Kabelen un der Batterie **goufen** net richtig **gepoolt**; a senger Denkweis ass hien anescht **gepoolt** ewéi den Duerchschnëtt vun de Leit [ëgs] [hien denkt anescht ewéi den Duerchschnëtt vun de Leit]

i Verb, dat **polen** als Basis huet: ↗empolen

Polen [p'o:lən] Eegennumm, Neutrum **DE** *Polen* • **FR** *Pologne* • **EN** *Poland* • **PT** *Polónia* **Beispiller** ech war schonn dräimol a **Polen**; ech fueren d'nächst Woch a **Polen**; ech kommen aus **Polen**

i männlech Persoun: ↗Pol weiblech Persoun: ↗Polin Adjektiv: ↗polnesch Haaptstad: ↗Warschau

Polenta [pol'ænta:] Femininum (kee Pluriel) [Gas-tronomie] **DE** *Polenta* • **FR** *polenta* • **EN** *polenta* • **PT** *polenta* **Beispill** ech hunn am Kachbuch nogelies, wat een alles brauch, fir eng gutt **Polenta** ze maachen

Police [p'olis] Femininum **1.** (Pluriel **Policen**) **DE** *Polizei* [Behörde] • **FR** *police* [force publique] • **EN** *police, police force* • **PT** *polícia* [força pública] **Beispiller** mäi Brudder ass Commissaire bei der **Police**; hien ass op d'**Police** gaangen, fir eng **Plainte** ze maachen [hien ass op e **Policebüro** gaangen, fir eng **Plainte** ze maachen] **2.** (kee Pluriel) **DE** *Polizei* [Polizeikräfte] • **FR** *police* [agents] • **EN** *the police* • **PT** *polícia* [agentes] **Beispill** mir hunn d'**Police** geruff, well een an eisen Auto agebrach war **3.** (Pluriel **Policen**) **DE** *Police* [eines Versicherungsvertrags] • **FR** *police* [d'un contrat d'assurance] • **EN** *(insurance) policy* • **PT** *apólice* [de um contrato de seguro] **Beispill** ech krut d'**Police** vu menger Autosassurance heemgeschéckt **4.** (kee Pluriel) [vereezlt] **DE** *Polizist* • **FR** *policier* • **EN** *policeman, policewoman* • **PT** *polícia* [agentes] **Beispiller** vir um Eck steet eng **Police**; säi Papp ass **Police**

Policeauto [p'olizastø:] Maskulinum (Pluriel **Policeautoen**) **DE** *Polizeiauto* • **FR** *voiture de police* • **EN** *police car* • **PT** *carro de polícia* **Beispiller** als klenge Bouf war et mäin Dram, eng Kéier an engem **Policeauto** matzefueren; um Wee fir heem ass eis eng ganz Kolonn **Policeautoen** entgéintkomm

Policebureau [polisb'y:ro:] Maskulinum (Pluriel **Policebureauen**) - Variant vun ↗Policebüro

Policebüro [polisb'y:ro:] Maskulinum (Pluriel **Policebüroen**) **DE** *Polizeidienststelle, Polizeirevier* • **FR** *poste*

(de police), commissariat (de police) • **EN** *police station* • **PT** *posto* (de polícia), *esquadra* (de polícia) **Beispill** um **Policebüro** krut de Verdächtige seng Fangerofdréck geholl **Synonym** **Kommissariat**

Poliklinik [p'oliklinik] Femininum (Pluriel **Poliklinicken**) **DE** *Poliklinik* • **FR** *policlinique* • **EN** *polyclinic, outpatients' department, outpatients' clinic* • **PT** *policlínica* **Beispill** d'Patientin gouf an der **Poliklinik** behandelt

Polin [p'o:lin] Femininum (Pluriel **Polinnen**) **DE** *Polin* • **FR** *Polonaise* • **EN** *Pole* [female] • **PT** *polaca* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Polin**

Polio [p'oljo:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Polio* (myelitis), *Kinderlähmung* • **FR** *polio* (myélite) • **EN** *polio* (myelitis) • **PT** *pólio, poliomielite* **Beispill** wéinst der systematescher Impfung kënnt d'**Polio** weltwäit just nach seele vir **Synonym** **Kinderlähmung**

politesch [pol'itəʃ] Adjektiv **1.** **DE** *politisch* • **FR** *politique* <Adverb *politiquement*> • **EN** *political* <Adverb *politically*> • **PT** *político* <Adverb *politicamente*> **Beispiller** zënter 20 Joer ass d'Anarchie deen eenzege **politesche** System, deen dat Land kennt; duerch eng Amnestie goufen d'**politesch** Prisonéier fräigelooss; eise Veräin ass **politesch** an ideologesch neutral **2.** **politesch** korrekt **DE** *politisch korrekt* • **FR** *politiquement correct* • **EN** *politically correct* • **PT** *politicamente correto* **Beispill** deng Aussoen iwwer d'Ausländer ware **politesch** net korrekt

Politik [polit'ik] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Politik* [Staatskunst] • **FR** *politique* [manière de gouverner] • **EN** *politics* [way of governing] • **PT** *política* [maneira de governar] **Beispiller** d'Ministere bestëmmen d'**Politik** vun der Regierung; déi haiteg Regierung mécht eng liberal **Politik**; mäi Papp huet nach ëmmer **Politik** gemaach [ëgs] [mäi Papp war nach ëmmer **politesch** aktiv]; kommt, mer maache keng **Politik!** [ëgs] [kommt, mer schwätzen net iwwer **Politik!**; kommt, mer **polemiséieren** net!] **2.** (kee Pluriel) **DE** *Politik* [die politisch Verantwortlichen] • **FR** *politique* [instances politiques] • **EN** *political authorities* • **PT** *política* [instituições políticas] **Beispill** d'**Politik** wäert op dee Problem reagéieren **3.** (Pluriel **Politicken**) **DE** *Politik* [Strategie] • **FR** *politique* [stratégie] • **EN** *policy* [strategy] • **PT** *política* [estratégia] **Beispill** et war schonn ëmmer eis **Politik**, eng gutt Relatioun mat eise Clienten ze hunn

Politiker [pol'itike] Maskulinum (Pluriel **Politiker**) **DE** *Politiker* • **FR** *politicien, (homme) politique* • **EN** *politician* • **PT** *político* **Beispiller** den nei gewielte **Politiker** trëtt fir eng Reform vum Steiersystem an; eng ganz Rei **Politiker** hu mat géint de Krich demonstriert

i Weiblech Form: ↗Politikerin

Politikerin [pol'itikərin] Femininum (Pluriel **Politikerinnen**) **DE** *Politikerin* • **FR** *politicienne, (femme) politique*

i Männlech Form: ↗Politiker

politiséieren [politiz'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **politiséiert**) » **transitiv** **DE** *politisieren* [als politische Frage behandeln] • **FR** *politiser* • **EN** *to politicize* • **PT** *politicizar* [dar caráter político a] **Beispill** d'Diskussioun iwwer déi nei Bensinnstax gouf virun de Wale staark **politiséiert**

Politur [polit'u:ɔ] Femininum (Pluriel Polituren) **DE** *Politur* [Glanz] • **FR** *verniss, lustre* [d'une surface] • **EN** *polish, gloss* [finish] • **PT** *polimento, lustro* [de uma superfície] **Beispill** d'Politur vun där Komoud ass nach ëmmer wonnerschéin

Polizist [polits'ist] Maskulinum (Pluriel Polizisten) **DE** *Polizist* • **FR** *policier* • **EN** *policeman, policewoman, police officer* • **PT** *polícia* [agente] **Beispill** an der Mëtt vun der Kräizung stoung e Polizist, de Verkëier ze reegelen

1 Weiblech Form: **Polizistin**

Polizistin [polits'istin] Femininum (Pluriel Polizistinnen) **DE** *Polizistin* • **FR** *policieère* • **EN** *police agent* [female] • **PT** *mulher-polícia* **Beispill** den Déif ass in flagranti vun der Polizistin gepézt ginn

1 Männlech Form: **Polizist**

Polka Femininum (Pluriel Polkaen) **DE** *Polka* • **FR** *polka* • **EN** *polka* • **PT** *polca* **Beispill** déi bekannt Melodie, déi bei der Iechternacher Sprangpressessioun gespillt gëtt, ass eng Polka

Pollak Maskulinum (Pluriel Pollaken) **pejorativ** **égs** **DE** *Polack* • **FR** *polaque* [Polonais] • **EN** *Polack* • **PT** *polaco* [pessoa] **Beispill** fir d'Lies engagéiere mir Pollaken, déi ginn eis méi bëlleg **Synonym** Pol

Pollen [p'olən] Maskulinum (Pluriel Pollen) **DE** *Pollen* • **FR** *pollen* • **EN** *pollen* • **PT** *pólen* **Beispill** den Heeschnapp ass eng allergesch Reaktioun op Pollen

Pollenallergie [p'olənəlɛrʒi:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Pollenallergie* • **FR** *allergie au pollen* • **EN** *pollen allergy* • **PT** *alergia ao pólen* **Beispill** den Heeschnapp ass eng Zort **Pollenallergie**

Pollenzäit [p'oləntsæ:it] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Pollenzeit* • **FR** *saison des pollens* • **EN** *pollen season* • **PT** *época dos pólenes* **Beispill** wa **Pollenzäit** ass, muss ech stänneg néitsen

polluéieren [poly'ziɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **polluéiert**)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Pollutioun [pɔlysj'øʊn] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Verschmutzung, Umweltverschmutzung* • **FR** *pollution* [dégradation de l'environnement] • **EN** *pollution* • **PT** *poluição* [degradação do meio ambiente] **Beispill** den Ëmweltministère huet eng Etüd iwwer d'Pollutioun vun de Gewässer gemaach

polnesch [p'olnə] Adjektiv **DE** *polnisch* • **FR** *polonais* • **EN** *Polish* • **PT** *polaco* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi polnesch Kultur kenne geléiert

Polo [p'o:lo:] Maskulinum (Pluriel Poloen) - Kuerzform vun **Poloshiem** **DE** *Polo* • **FR** *polo* [sport] • **EN** *polo* • **PT** *polo* [desporto] **Beispill** kenns du e Reitstall, wou ee ka Polo spillen?

Polonium [pol'o:njəm] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** *Polonium* [chemisches Element] • **FR** *polonium* [élément chimique] • **EN** *polonium* [chemical element] • **PT** *polónio* [elemento químico] **Beispill** d'Element Polonium gëtt haut éischer zum Grupp vun de Metalle gerechent

Poloshiem Neutrum (Pluriel Poloshiemer) **DE** *Polohemd, Poloshirt* • **FR** *polo* [vêtement] • **EN** *polo shirt* • **PT** *polo* [peça de vestuário] **Beispill** fir an d'Vakanz hunn ech ausser T-Shirten och nach e puer **Poloshiemer** agepaakt

1 Kuerzform: **Polo**

Polster [p'olste] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Polsteren) **DE** *Polster* [Polsterung] • **FR** *capiton, rembourrage* • **EN** *upholstery, padding* • **PT** *estofa* [de uma poltrona, de um sofá] **Beispill**er de Bouf huet d'Gesicht an de **Polster** vun der Fotell gedréckt; an de leschte Méint konnt ech mer e klengt finanziell **Polster** uleeën **égs** [an de leschte Méint konnt ech mer eng kleng finanziell Reserv uleeën]

polsteren [p'olstɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gepolstert**) » **transitiv** **DE** *polstern* • **FR** *capitonner, rembourrer* • **EN** *to upholster* • **PT** *estofar, acolchoar* **Beispill**er den Tapissier huet eisen ale Canapé frësch **gepolstert**; déi nei Fotelle sinn zimmlech haart **gepolstert**; mäi Brudder ass gutt **gepolstert** **égs** [mäi Brudder ass korpulent]

1 Verb, dat **polsteren** als Basis huet: **auspolsteren**

Polsterer Maskulinum (Pluriel Polsterer)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Polsterin Femininum (Pluriel Polsterinnen) - weiblech Form vun **Polsterer**

Polver [p'olfe] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) **1. DE** *Pulver* [Substanz in Pulverform] • **FR** *poudre* [substance broyée] • **EN** *powder* • **PT** *pó* [substância pulverizada] **Beispill** dës Seef kritt ee fësseg oder als **Polver 2. DE** *Pulver* [Schießpulver] • **FR** *poudre* [explosif] • **EN** *gunpowder* • **PT** *pólvora* **Beispill**er d'Zaldoten hunn de **Polver** an d'Kanoune gefëllt; deen do huet d'**Polver** net erfonnt! **égs** [Ideen do ass net ganz gescheit]; si haten hiert **Polver** séier verschoss **égs** [si haten all hir Argumenter séier an ouni vill Wierkung verbraucht]

Polvermiller [p'olfemilən] Eegennum **DE** *Pulvermühl* • **FR** *Pulvermühl* • **EN** *Pulvermühl* • **PT** *Pulvermühl* **Beispill**er ech wunnen op der **Polvermiller**; fiert dese Bus op d'**Polvermiller**?

Polyarthrite [poliartr'it] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **Polarthritt**

Polyarthritt [poliartr'it] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Polyarthrit* • **FR** *polyarthrite* • **EN** *polyarthrit* • **PT** *poliartrite* **Beispill** bei enger **Polyarthritt** huet de Patient seng entzündte Gelenker staark wéi

Polyp [pol'ip] Maskulinum (Pluriel Polypen) **DE** *Polyp* [Tumor] • **FR** *polype* [tumeur] • **EN** *polyp* [growth] • **PT** *pólip* **Beispill**er bei der Daarmspigelung huet d'Doktesch e puer **Polyppe** fonnt; ech krut mat zéng Joer d'**Polyppen** (aus der Nues) erausgeholl

Polysaccharid [poli:sakar'it] Maskulinum (Pluriel Polysacchariden) **Chimie** **DE** *Polysaccharid* • **FR** *polysaccharide* • **EN** *polysaccharide* • **PT** *polissacárido* **Beispill**er ech hunn am Internet nogesicht, wat **Polysaccharide** sinn

polyvalent Adjektiv **DE** *vielseitig* [vielfältig] • **FR** *polyvalent* [*qui peut remplir plusieurs fonctions*] <Adverb de manière polyvalente> • **PT** *polivalente* [*que tem várias funções ou utilidades*] <Adverb de forma polivalente> **Beispiller** eis nei Informatikerin ass ganz **polyvalent**, se kennt sech esouwuel mat Programméieren ewéi mat Reseauen aus; der Gemeng hir nei Maschinn ka **polyvalent** agesat ginn, am Summer fir ze botzen an am Wanter fir ze streeën

Pomelo Maskulinum/Femininum (Pluriel Pomeloen) **DE** *Pomelo* • **FR** *pomélo exotique* • **EN** *pomelo* • **PT** *pomelo* **Beispiller** eleng packen ech déi ganz **Pomelo** net; Pamplemoussen a Pomeloe ginn dacks verwiesselt

Pommad [p'oma:t] Femininum (Pluriel Pommaden) **DE** *Salbe* • **FR** *pommade* [*onguent*] • **EN** *ointment* • **PT** *pomada* [*unguento*] **Beispill** mäin Hautdokter huet mir eng **Pommad** opgeschriwwen **Synonym** Salfef

Pommerlach [pomel'ax] Eegennumm **DE** *Pommerloch* • **FR** *Pommerloch* • **EN** *Pommerloch* • **PT** *Pommerloch* **Beispiller** ech wunnen am **Pommerlach**; fiert dese Bus an d'**Pommerlach**?

Pomp [pomp] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Pomp* • **FR** *faute* • **EN** *pomp* • **PT** *pompa, fausto* **Beispill** den neie Bëschof gouf mat vill **Pomp** an der Cathedral geweit

Pompel [p'ompəl] Femininum (Pluriel Pompelen) **1.** **DE** *Pumpe* [*Vorrichtung, Gerät*] • **FR** *pompe* [*appareil*] • **EN** *pump* [*device*] • **PT** *bomba* [*máquina, aparelho*] **Beispiller** ech krut meng **Pompel** vun Vëlo geklaut; d'**Pompel** vun eiser Heizung ass futti; eis **Pompjeeë** kruten eng nei **Pompel** **2.** [ëgs] **DE** *Tankstelle* • **FR** *station-service* • **EN** *petrol station* • **PT** *estação de serviço* **Beispill** ech hu kee Bensinn méi, ech fuere bis op d'**Pompel** **Synonymmen** Bensinnsstation, Tankstell **3.** [ëgs] **DE** *Pumpe* [*Herz*] • **FR** *palpitant* [*cœur*] • **EN** *pump, ticker* [*heart*] • **PT** *coração* **Beispiller** d'**Pompel** deet et net méi; ech muss bei den Dokter, ech hunn et un der **Pompel** **4.** **DE** *Liegestütz* • **FR** *pompe* [*exercice de musculation*] • **EN** *press-up* • **PT** *flexão* [*exercício físico*] **Beispill** ech packe maximal 20 **Pompelen**

Prestige [pʁæst'i:f] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Pres-tige* • **FR** *prestige* • **EN** *prestige* • **PT** *prestígio* **Beispiller** d'Presenz vum Staatschef gëtt der Feierlechkeet e gewëssene Prestige; bei dësem Turnéier maachen déi meescht nëmme mat wéinst dem Prestige

prestigiéis Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

presuméieren [pʁe:zym'ziəʁəŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **presuméiert**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

presuméiert [pʁezym'ziɛt] Adjektiv **DE** *mutmaßlich* • **FR** *préssumé* • **EN** *suspected, presumed* • **PT** *presumível* **Beispill** de **presuméierte** Mäerder gëtt vun der Police gesicht

i „presuméiert“ kann och de Participe passé vum Verb **presuméieren** sinn.

Prêt [pʁɛ:] Maskulinum (Pluriel **Prêten**) **DE** *Kredit, Hypothek [Darlehen]* • **FR** *prêt (bancaire)* • **EN** *loan* • **PT** *empréstimo (bancário)* **Beispill** d'Bank huet der jonker Koppel e **Prêt** bewëllegt **Synonym** Kredit

Pretekoll [pʁɛtək'ol] Maskulinum (Pluriel Pretekollen / Pretekoller) **1.** **DE** *Strafzettel, gebührenpflichtige Verwarnung* • **FR** *contravention [avertissement taxé]* • **EN** *ticket [for a traffic offence]* • **PT** *(aviso de) multa* **Beispill** ech krut e **Pretekoll**, well ech ze séier duerch d'Uertschaft gefuer sinn **2.** **DE** *Strafzettel [Dokument]* • **FR** *contravention [document]* • **EN** *ticket [document]* • **PT** *multa [documento]* **Beispill** de **Pretekoll** hannerem Wischer war ganz ogeweecht vum Reen

i Varianten: Protokoll, Protokoll

Pretemer Haff [pʁ'e:təmɛh'af] Eegennumm **DE** *Prétemerhaff* • **FR** *Prétemerhaff* • **EN** *Prétemerhaff* • **PT** *Prétemerhaff* **Beispiller** ech wunnen um **Pretemer Haff**; fiert dëse Bus op de **Pretemer Haff**?

Preteritum Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Präteritum, Imperfekt* • **FR** *imparfait* • **EN** *imperfect (tense)* • **PT** *imperfecto* **Beispiller** den **Imparfait** gëtt och nach **Preteritum** genannt; de **Preteritum** ass eng Vergaangenheitsform **Synonymmen** Imperfekt, Imparfait

Pretoria Eegennumm **DE** *Pretoria* • **FR** *Prétoria* • **PT** *Pre-tória* **Beispill** Pretoria ass d'Haaptstad vu Südafrika

prett [pʁæt] Adjektiv **1.** **prett** sinn **DE** *bereit sein [vorbereitet sein, fertig sein]* • **FR** *être prêt [être préparé]* • **EN** *to be ready [to be prepared, to be finished]* • **PT** *estar pronto [estar preparado]* **Beispiller** ass d'Esse scho **prett**?; den Text ass iwweermuer **prett**, fir gedréckt ze ginn **2.** **prett** sinn **DE** *bereit sein [gewillt sein]* • **FR** *être prêt [être d'accord, être disposé]* • **EN** *to be ready [to be willing]* • **PT** *estar disposto, estar decidido* **Beispill** d'Oppositioun ass **prett**, fir d'Gesetz ze stëmmen **Synonym** bereet sinn

Pretten [pʁ'ætən] Eegennumm **DE** *Prettingen* • **FR** *Prettingen* • **EN** *Prettingen* • **PT** *Prettingen* **Beispiller** ech wunnen zu **Pretten**; fiert dëse Bus op **Pretten**?

prettleeën [pʁ'ætle:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **prettgeluecht**) » **transitiv** **DE** *bereitlegen* • **FR** *préparer [en disposant à l'avance]* • **EN** *to lay out ready* • **PT** *deixar pronto, preparar [dispondo previamente]* **Beispiller** ech leeë mer ëmmer owes d'Kleeder fir den Dag drop **prett**; ech hunn Iech déi bestallte Bicher **prettgeluecht**

prettmaachen [pʁ'ætma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **prettgemaach** / **prettgemaacht**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

prettstoen [pʁ'ætfto:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **prettgestanen** / **prettgestan**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Prevalenztest [pʁeval'æntstæst] Maskulinum (Pluriel **Prevalenztester**) **DE** *Prävalenztest* • **FR** *étude de prévalence* • **PT** *estudo de prevalência* **Beispill** de **Prevalenztest** weist, wéi verbreet de Virus an der Bevëlkerung ass

prevenéieren [pɹevən'ziəɹən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé prevenéiert) » **transitiv 1.** **DE** verständigen • **FR** prévenir [informer] • **EN** to warn, to inform • **PT** avisar [informar] **Beispill** ech wollt Iech prevenéieren, datt ech muer méi spéit schaffe kommen **2.** **DE** vorwarnen • **FR** prévenir [avertir] • **EN** to warn, to forewarn • **PT** avisar [advertir] **Beispiller** d'Bierger goufe prevenéiert, datt e staarke Stuerem opkéim; komm elo net kräischen, du waars prevenéiert!

Preventioun [pɹevænsj'əʊn] Femininum (kee Pluriel) **DE** Prävention [Vorbeugung] • **FR** prévention [mesures préventives] • **EN** prevention • **PT** prevenção [medidas preventivas] **Beispiller** mir hunn an der Schoul e Film iwwer d'Preventioun vun Aids gekuckt; wat d'Sécherheet op de Stroossen ugeet, soll méi Wäert op d'Preventioun geluecht ginn

Preventiounscampagne [pɹevä:sj'əʊnskã:mɔŋ] Femininum (Pluriel Preventiounscampagnen) **DE** Präventionskampagne • **FR** campagne de prévention • **EN** prevention campaign • **PT** campanha de prevenção **Beispill** an der neier Preventiounscampagne vun der Regierung steet déi iwwerdrifwe Vitess op de Stroossen am Mëttelpunkt

preventiv [pɹevænt'i:f] Adjektiv **DE** präventiv • **FR** préventif <Adverb préventivement> • **EN** preventive <Adverb preventively> • **PT** preventivo <Adverb preventivamente> **Beispiller** vill Leit hu sech fir eng preventiv Behandlung géint d'Gripp entscheet; den Trainer huet déi blesséiert Spillerin preventiv ausgetosch

Preventivmoosnam [pɹevænt'i:fmo:sna:m] Femininum (Pluriel Preventivmoosnamen) **DE** Präventivmaßnahme • **FR** mesure de prévention • **EN** preventive measure • **PT** medida preventiva **Beispill** als Preventivmoosnam géint d'Ausbredung vum Virus soll een sech reegelméisseg d'Hänn wäschen

Previsioun [pɹevizi'əʊn] Femininum (Pluriel Previsiounen) **DE** Prognose, Vorhersage • **FR** prévision [prospective] • **EN** forecast, prediction • **PT** previsão [prognóstico] **Beispill** de Previsiounen no ass mat engem Defizit a Milliounenhéicht ze rechnen

Prezedenzfall [pɹetsed'aentsfal] Maskulinum (Pluriel Prezedenzfäll) **DE** Präzedenzfall • **FR** précédent • **EN** precedent [judicial] • **PT** precedente **Beispiller** mat dëser Decisioun huet de Conseil e Prezedenzfall geschafen; den Affekot huet sech a sengem Plädoyer op zwee Prezedenzfäll beruff

prezis [pɹets'is] Adjektiv **1.** **DE** präzise [genau] • **FR** précis [exact] <Adverb avec précision> • **EN** precise [exact] <Adverb precisely> • **PT** preciso [exato] <Adverb com precisão> **Beispiller** de Fournisseur konnt mir keng prezis Zäit soen, wéini e kéint liwweren; dat Gewier schéisst ganz prezis **Synonymmen** exakt, genee **2.** **DE** präzise [klar] • **FR** précis [clair] <Adverb clairement> • **EN** precise [clear] <Adverb precisely> • **PT** preciso [claro] <Adverb claramente> **Beispiller** ech hu schonn eng prezis Virstellung, wéi ech mäin Haus wëll ariichten; zu där Affär huet nach keen sech prezis geäussert; muss ech nach méi prezis ginn? [ëgs] [⇒ seet een zu engem, deen net wëllt verstoen] **Synonymmen** genee, kloer

preziséieren [pɹetsiz'ziəɹən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé preziséiert) » **transitiv 1.** **DE** präzisieren • **FR** préciser [détailler, clarifier] • **EN** to state more precisely, to clarify • **PT** precisar [especificar, clarificar] **Beispill** de Professor huet d'Studentin gebieden, hir Äntwert ze preziséieren **2.** **DE** betonen, unterstreichen • **FR** préciser [rappeler, insister (sur)] • **EN** to insist, to make clear • **PT** salientar, sublinhar **Beispill** ech preziséieren nach eng kéier, datt heibannen net däréf gefëmmt ginn

Prezisioun [pɹetsiz'əʊn] Femininum **1.** (Pluriel Prezisiounen) **DE** Einzelheit • **FR** précision [détail] • **EN** detail [information] • **PT** informação detalhada **Beispill** et gëtt nach keng Prezisiounen iwwer d'Attentat **Synonymmen** Detail, Eenzelheet **2.** (kee Pluriel) **DE** Präzision [Genauigkeit] • **FR** précision [exactitude] • **EN** precision [accuracy] • **PT** precisão [exatidão] **Beispiller** ech bewonneren an deem Roman d'Prezisioun vun de Beschreibungen; dat Gewier schéisst mat grousser Prezisioun **Synonym** Genauegkeet

priedegen [pɹ'iədəʒən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepriedegt) » **transitiv 1.** **DE** predigen [verkündigen] • **FR** prêcher [annoncer, enseigner] • **EN** to preach [to proclaim] • **PT** pregar [anunciar, ensinar] **Beispill** d'Missionaren hunn d'Evangelium gepriedegt **2.** **DE** predigen [wiederholt mahnen] • **FR** prêcher [répéter, recommander sans cesse à] • **EN** to preach, to advocate • **PT** pregar [repetir, recomendar constantemente] **Beispiller** mir hunn doheem dacks genuch gepriedegt kritt, d'Kamelle wieren net gutt fir d'Zänn; d'Askees priedegen ass méi einfach ewéi se praktikéieren » **intransitiv 3.** **DE** predigen [eine Predigt halten] • **FR** prêcher [prononcer un sermon] • **EN** to preach [a sermon] • **PT** pregar [proferir um sermão] **Beispiller** eise Paschtouer ka gutt priedegen; du häss sollen nolauschteren, de Paschtouer priedegt nëmmen eng kéier! [ëgs] [du häss sollen nolauschteren, ech widderhuelen net, wat ech scho gesot hunn!]

Priedeger [pɹ'iədəʒe] Maskulinum (Pluriel Priedeger) **DE** Prediger • **FR** prédicateur • **EN** preacher • **PT** pregador [orador] **Beispill** eise Paschtouer ass kee gudde Priedeger

i Weiblech Form: ↗Priedegerin

Priedegerin [pɹ'iədəʒərin] Femininum (Pluriel Priedegerinnen) **DE** Predigerin • **FR** prédicatrice • **PT** pregadora [oradora] **Beispill** dés protestantesch Paschtouesch ass eng groussaarteg Priedegerin

i Männlech Form: ↗Priedeger

Priedegt [pɹ'iədəʒt] Femininum (Pluriel Priedegten) **1.** **DE** Predigt [Ansprache im Gottesdienst] • **FR** sermon [homélie], prêche • **EN** sermon [in church] • **PT** sermão, pregaçao **Beispiller** d'Gebot vun der Nächsteléift stoung am Mëttelpunkt vun der Priedegt; hal elo keng Priedegt, mee komm op de Punkt! [ëgs] [schwätz elo net laang, mee komm op de Punkt!] **2.** **DE** Predigt [ermahnende Rede] • **FR** sermon [remontrance] • **EN** sermon, reprimand • **PT** sermão [repreensão] **Beispill** de Papp huet de Kanner eng zolidd Priedegt gehalten, wéi se ze spéit heemkoumen

Priedegstull [pʁ'iedəçtʃtul] Maskulinum (Pluriel Priedegstull) **DE** Kanzel [des Predigers] • **FR** chaire (du prédicateur) • **EN** pulpit • **PT** pulpito [do pregador] **Beispill** de Priedegstull vun eiser Porkierch gëtt restauréiert

Priister Maskulinum (Pluriel Priisteren)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Priisterin Femininum (Pluriel Priisterinnen) - weiblech Form vun **♂**Priister

Priisterwei Femininum (Pluriel Priisterweien)

I Hei entsteet en neien Artikel.

prima [pʁ'ima:] Adjektiv **[égs]** **DE** prima • **FR** super [formidable], impeccable <Adverb super bien> • **PT** ótimo, porreiro <Adverb muito bem> **Beispiller** dat do ass eng prima Af-fär!; däin Tuyau, wéi ee Fettflecken aus engem Hiem erauskritt, funktionéiert prima **Synonymmen** tipptopp, wonnerbar

Primaner [pʁim'a:ne] Maskulinum (Pluriel Primaner) **DE** Abiturient • **FR** élève de terminale • **EN** final year student [A-level pupil] • **PT** (aluno) finalista [do ensino secundário] **Beispill** d'Primaner sinn amgaang, sech op de Premiësexame virzebereeden **Synonym** Premiëresschüler

I Weiblech Form: **♂**Primanerin

Primanerin [pʁim'a:nərin] Femininum (Pluriel Primanerinnen) **DE** Abiturientin • **FR** élève de terminale [lycéenne] • **PT** (aluna) finalista [do ensino secundário] **Beispill** no hirem Ofschloss wëllt d'Primanerin an d'Ausland studéiere goen **Synonym** Premiëresschülerin

I Männlech Form: **♂**Primaner

primär [pʁim'ɛ:ɐ] Adjektiv **DE** primär [grundlegend, vorrangig] • **FR** primaire [élémentaire] <Adverb en premier lieu, avant tout, de façon prioritaire> • **EN** primary, basic <Adverb primarily> • **PT** primário [fundamental] <Adverb em primeiro lugar, prioritariamente> **Beispiller** am Krisegebit gëtt probéiert, fir fir de Leit hir primär Besoinen ze suergen; eis Organisatioun ass primär fir d'Rechter vun de Kanner zoustänneg

Primär [pʁ'imɛ:ɐ] Maskulinum (kee Pluriel) - Kuerzform vun **♂**Primärschoul

Primärschoul [pʁim'ɛ:ɐʃu] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Grundschule [Bildungseinrichtung] • **FR** école primaire [institution] • **EN** primary school [institution] • **PT** (escola) primária [instituição] **Beispiller** wou hues du d'Primärschoul? [gees du op de Basar vun de Schüler an dem Léierpersounal aus der Primärschoul?] **Synonym** Grondschoul **2.** (Pluriel Primärschoulen) **DE** Grundschule [Gebäude] • **FR** école primaire [bâtiment] • **EN** primary school [building] • **PT** escola primária [edifício] **Beispill** déi al Primärschoul kritt eng nei Fassad

I Kuerzform: Primär

I Bis d'Rentrée 2009-2010 sinn d'Kanner am Alter vu sechs bis zwielef Joer ze Lëtzebuerg an d'Primärschoul gaangen. Am deemolege Schoulsystem gouf et sechs Klassen, ugefaange mam éischte Schouljoer fir déi Kleng bis erop an d'sechst Schouljoer fir déi Gross. Haut ass déi frierer Primärschoul en Deel vun der 2009 agefeierter **♂**Grondschoul an deckt där hir Zyklen z.

3 a 4 of.

Primärschoulsklass [pʁim'ɛ:ɐʃuɪsklas] Femininum (Pluriel Primärschoulsklassen) **DE** Grundschulklasse • **FR** classe (d'école primaire) • **EN** primary school class • **PT** turma de escola primária **Beispill** d'Schwämm ass dëschdes exklusiv fir d'Primärschoulsklasse reservéiert

Primat Maskulinum (Pluriel Primaten)

I Hei entsteet en neien Artikel.

priméieren [pʁim'ziəɐn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé priméiert) » **transitiv 1.** **DE** prämiieren, auszeichnen • **FR** primer [récompenser] • **EN** to award a prize, to give an award • **PT** premiar [distinguir com um prémio] **Beispiller** hire Film gouf um leschte Festival priméiert; dese Wäin ass zwar priméiert, mee e schmaacht net **Synonym** auszeechnen » **intransitiv 2.** **DE** Vorrang haben • **FR** primer [l'emporter] • **EN** to take priority • **PT** prevalecer [ser de primeira importância] **Beispill** bei den Diskussiounen iwwer d'Schoul muss d'Wuel vum Kand priméieren

primen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geprimet / geprimed)

I Hei entsteet en neien Artikel.

primitiv [pʁimit'i:f] Adjektiv **1.** **DE** primitiv [schlicht] • **FR** primitif, rudimentaire <Adverb de façon rudimentaire> • **EN** primitive [rudimentary, unsophisticated] <Adverb primitively> • **PT** primitivo, rudimentar <Adverb de modo rudimentar> **Beispiller** esou eng primitiv Konstruktioun fällt beim éischte Wandstouss ëm; an deser Geigend liewen d'Leit nach zimmlech primitiv **2.** **DE** primitiv [zu einfach, undifferenziert] • **FR** primitif [simple, simpliste] <Adverb de façon primitive> • **EN** simplistic <Adverb simplistically> • **PT** primitivo [simples, simplista] <Adverb de modo primitivo> **Beispiller** är primitiv Gesprécher langweile mech!; den Affekot konnt de Richter net mat senge primitiven Argumenter iwwerzeegen; wéi kann een nëmmen esou primitiv denken? **3.** **DE** primitiv [ursprünglich] • **FR** primitif [ethnie] • **EN** primitive [culture] • **PT** primitivo [etnia] **Beispill** déi primitiv Vëlker hate meeschtens keng Schrëft

Primiz [pʁim'its] Femininum (Pluriel Primizen) **[Kierchesprooch]** **DE** Primiz • **FR** première messe [d'un prêtre] • **EN** first mass [of a priest] • **PT** missa nova [primeira missa de um padre] **Beispill** de jonke Seminarist huet sech op seng Primiz gefreut

Primm [pʁim] Femininum (Pluriel Primmen) **1.** **DE** Prämie, Geldprämie • **FR** prime [de récompense, d'encouragement] • **EN** bonus [financial reward] • **PT** prémio [de recompensa, de incentivo] **Beispiller** säi Fläiss ass mat engem Primm belount ginn; dëst Joer huet de Betrib keng Primme verdeelt **2.** **DE** Prämie [Versicherungsprämie] • **FR** prime (d'assurance) • **EN** (insurance) premium • **PT** prémio (de seguro) **Beispill** d'Versécherung huet verschidde Primme gehéicht **3.** **DE** Zuschuss [Beihilfe] • **FR** prime [subvention] • **EN** grant, allowance • **PT** subsídio [subvenção] **Beispill** nëmmen déi sozial Schwaach kommen an de Genoss vun deser Primm

Primzuel [pʁ'imtsuəl] Femininum (Pluriel Primzuelen) **[Mathematik]** **DE** Primzahl • **FR** nombre premier • **EN**

prime number • **PT** *número primo* **Beispiller** 13 a 17 si Primzuelen; d'Primzuele loose sech nëmmen duerch eent an duerch sech selwer dividéieren

printen [pʁ'ɪntən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geprint) » **transitiv 1.** **DE** *drucken* [mit einem Printer] • **FR** *imprimer* [sur imprimante] • **EN** *to print* [with a printer] • **PT** *imprimir* [com impressora] **Beispill** du hues de falschen Text geprint! **Synonymmen** drécken, erausdrécken » **intransitiv 2.** **DE** *drucken* [Printer] • **FR** *imprimer* [imprimante] • **EN** *to print* [printer] • **PT** *imprimir* [impressora] **Beispill** eisen Drucker kann nëmmen eesäiteg printen

Printer [pʁ'ɪnte] Maskulinum (Pluriel Printeren) **DE** *Printer, Drucker* • **FR** *imprimante* • **EN** *printer* [machine] • **PT** *impressora* [periférico informático] **Beispill** déi schwaarz Kartusch am Printer misst gewiesselt ginn **Synonymmen** Drucker, Imprimante

Printmedium Maskulinum/Femininum (Pluriel Printmedium) (meeschens Pluriel) **DE** *Printmedium* • **FR** *presse (écrite)* • **EN** *print medium* • **PT** *imprensa (escrita)* **Beispill** duerch den Internet huet den Afloss vun de Printmedie staark ofgeholl

Prinzessin [prints'æsin] Femininum (Pluriel Prinzessinnen) **DE** *Prinzessin* • **FR** *princesse* • **EN** *princess* • **PT** *princesa* **Beispill** an deem Märche gëtt déi verwonsche Prinzessin duerch de Kuss vun engem Prënz erléist

Männlech Form: ↗Prënz

Prinzip [prints'ip] Maskulinum (Pluriel Prinzippien) **1.** **DE** *Prinzip* [Verhaltensregel] • **FR** *principe* [précepte, règle de conduite] • **EN** *principle* [rule of conduct] • **PT** *princípio* [preceito, regra de conduta] **Beispiller** mäi Prinzip ass et, mueres matzäit opzestoen; ech léinen aus Prinzip kengem e Buch; mäi Papp war e Mann mat Prinzippien [mäi Papp war e Mann, dee sech fest u Prinzipie gehalen huet] **2.** am Prinzip **DE** *im Prinzip* • **FR** *en principe* [en règle générale] • **EN** *in principle* • **PT** *em princípio* **Beispill** am Prinzip geet all Kand zu Lëtzebuerg mat véier Joer an d'Spillschoul **Synonymmen** grondsätzlech, prinzipiell, theoreetesoch **3.** **DE** *Prinzip* [wissenschaftlicher Grundsatz] • **FR** *principe* [loi (fondamentale)] • **EN** *principle* [scientific law] • **PT** *princípio* [lei (fundamental)] **Beispill** op wat fir engem physikalesche Prinzip berout dat Experiment? **4.** **DE** *Prinzip* [Kriterium, Verfahrensweise] • **FR** *principe* [critère] • **EN** *principle* [criterion] • **PT** *princípio* [critério] **Beispill** d'Championnat funktionéiert nom Prinzip vun der Eliminatioun

prinzipiell [printsipj'æɛl] Adjektiv **DE** *grundsätzlich* [fundamental] • **FR** *fondamental* [important, crucial] • **EN** *fundamental* [basic, important] • **PT** *fundamental* [importante, crucial] **Beispill** fir d'ëischt mussen e puer prinzipiell Froe gekläert ginn **Synonym** grondsätzlech

prinzipiell [printsipj'æɛl] Adverb **1.** **DE** *prinzipiell* [im Prinzip] • **FR** *en principe* • **EN** *in principle* • **PT** *em princípio* **Beispill** prinzipiell fréiert et am Juni net méi **Synonym** am Prinzip **2.** **DE** *prinzipiell* [aus Prinzip] • **FR** *par principe* • **PT** *por princípio* **Beispill** ech mësche mech prinzipiell net an anere Leit hir Saachen an **Synonymmen** aus Prinzip, grondsätzlech, theoreetesoch

prioritär [pʁio:rit'ɛ:r] Adjektiv **DE** *vorrangig* • **FR** *prioritaire* [primordial] <Adverb *prioritairement*> • **EN** *of prime importance, paramount* <Adverb *as a matter of priority*> • **PT** *prioritário* [primordial] <Adverb *prioritariamente*> **Beispiller** wat ass fir dech prioritär, d'Famill oder de Beruff?; dësen Dossier soll prioritär behandelt ginn! **Synonym** virranged

Prioritéit [pʁio:rit'ɛ:ɪt] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Vorrecht, Vortritt* • **FR** *priorité* [droit de passer le premier] • **EN** *priority* [precedence] • **PT** *prioridade* [direito de passar primeiro] **Beispill** an dësem Guichet hunn eeler Leit (d') **Prioritéit 2.** (Pluriel Prioritéiten) **DE** *Priorität* [Vorrang] • **FR** *priorité* [importance] • **EN** *priority* [prime importance] • **PT** *prioridade* [importância] **Beispiller** dat Gesetz do huet an der Chamber **Prioritéit**; et muss een am Liewe **Prioritéite** setzen let muss een am Liewe verschidde Saachen als prioritär ugesinn **3.** (Pluriel **Prioritéiten**) **DE** *Priorität* [vorrangiges Vorhaben] • **FR** *priorité* [élément prioritaire] • **EN** *priority* [matter of priority] • **PT** *prioridade* [propósito prioritário] **Beispiller** d'Integratioun vun den Auslänner ass eng politesch **Prioritéit**; a senger Ried huet de Premier d'**Prioritéiten** am Regierungsprogramm nach eng Kéier ënnerstrach **4.** (kee Pluriel) **DE** *Vorfahrt* • **FR** *priorité* [selon le code de la route] • **EN** *priority, right of way* • **PT** *prioridade* (de passagem) [na estrada] **Beispill** d'Automobilisten, déi vu riets kommen, hu **Prioritéit** **Synonym** Virfaart

Pris Femininum (Pluriel **Prisen**) **1.** **DE** *Steckdose* • **FR** *prise (électrique)* • **EN** *plug point, (electric) socket* • **PT** *tomada (elétrica)* **Beispiller** am Hotel huet de Stecker vu mengem Fön net an d'**Pris** gepasst; den Elektriker huet gekuckt, ob op all de **Prise** Stroum ass **Synonym** Steckdous **2.** eng **Pris** **DE** *eine Prise, ein wenig* • **FR** *une pincée (de), un peu (de), un soupçon (de)* • **EN** *a pinch (of), a grain (of)* • **PT** *uma pitada (de) luma porção diminuta (de)* **Beispill** maach nach eng **Pris** Salz an deng Zopp!

Prison [pʁ'izɔ̃:] Maskulinum (Pluriel **Prisonen**) - Variant vun ↗Prisong

Prisonéier [pʁizon'ɛiɛ] Maskulinum (Pluriel **Prisonéier**) **DE** *Gefangener, Häftling* • **FR** *prisonnier* [détenu] • **EN** *prisoner* • **PT** *prisioneiro* [detido] **Beispill** de Giischtjen huet dem **Prisonéier** d'Iessen eragereecht **Synonym** Gefaangenen

Weiblech Form: ↗Prisonéiesch

Prisonéiesch [pʁizon'ɛiɛʃ] Femininum (Pluriel **Prisonéieschen**) **DE** *Gefangene, Häftling* • **FR** *prisonnière* [détenue] • **PT** *prisioneira* [detida] **Beispill** well d'**Prisonéiesch** sech dernieftbeholl hat, gouf se an hir Zell geschéckt

Männlech Form: ↗Prisonéier

Prisong [pʁ'izɔŋ] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Gefängnis* [Strafe] • **FR** *(peine de) prison* • **EN** *prison* [punishment] • **PT** *(pena de) prisão* **Beispiller** den Dealer krut zwee Joer **Prisong**; op deem Verbrieche stinn zéng Joer **Prisong**; Bedruch ka mat **Prisong** bestrooft ginn **2.** (Pluriel **Prisongen**) **DE** *Gefängnis* [Gebäude] • **FR** *prison* [bâtiment] • **EN** *prison* [building] • **PT** *prisão* [edifício] **Beispill** dem Mäerder säin Ausbroch aus dem **Prisong** huet fir Opregung gesuergt

Variant: Prison

Prisongsstrof [pr'izɔŋsʃtro:f] Femininum (Pluriel Prisongsstrofen) DE Gefängnisstrafe • FR peine de prison • EN prison sentence • PT pena de prisão **Beispiller** dem Verurteelte seng Prisongsstrof ass an eng Geldstrof ëmgewandelt ginn; déi zwee Mäerder kruten eng liewenslänglech Prisongsstrof

Pristina Eegennumm DE Pristina • FR Pristina • PT Pristina **Beispill** Pristina ass d'Haaptstad vum Kosovo

Pritt Maskulinum (Pluriel Pritten) DE Klebestift • FR bâton de colle • EN Pritt stick, glue stick • PT cola em stick, cola em batom **Beispiller** an der Schoul brauchen d'Kanner Pritt fir ze bastelen; ech hunn d'Fotoe mat Pritt an den Album gepecht

privat [priv'a:t] Adjektiv **1.** DE privat [persönlich] • FR privé [individuel, personnel] <Adverb en privé> • EN private [personal] <Adverb personally> • PT privado [pessoal] <Adverb em privado> **Beispiller** a sengem privaten Archiv huet hie vill wäertvoll Dokumenter aus vergaangenen Zäiten; hien huet mech ëm e privat Gespräch gebieden; ech kennen de Minister **privat 2.** DE privat [nicht öffentlich] • FR privé [de droit privé] • EN private [not public] • PT privado [de direito privado] **Beispiller** d'Gestioun vun der Piscine gétt vun enger privater Gesellschaft iwwerholl; wéi et schéngt soll déi privat Gestioun méi effikass sinn ewéi déi öffentlech; déi Entreprise war iwwer Generatiounen a privater Hand [déi Entreprise gouf iwwer Generatiounen privat geféiert]

Privatbeamten [priv'a:tbəamtən] Maskulinum (Pluriel Privatbeamten) DE Angestellter [in der freien Wirtschaft] • FR employé privé • EN private employee • PT empregado privado **Beispill** de Statut vun de Privatbeamte gouf geännert

Kuerzform: Beamten

Weiblech Form: ↗Privatbeamtin

Privatbeamtin [priv'a:tbəamtin] Femininum (Pluriel Privatbeamtinnen) DE Angestellte [in der freien Wirtschaft] • FR employée privée • PT empregada privada **Beispill** ech schaffen als Privatbeamtin an enger grousser Firma

Männlech Form: ↗Privatbeamten

Privatbesët [priv'a:tbəzəts] Maskulinum (kee Pluriel) DE Privatbesitz • FR propriété privée, collection privée • EN private property, private collection • PT propriedade privada, coleção privada **Beispiller** dat Schluss ass zënter Generatiounen a Privatbesët; et gi Wierker aus dem Moler sengem Privatbesët versteet

Privatdetektiv [priv'a:tde'tektiv:f] Maskulinum (Pluriel Privatdetektiven) DE Privatdetektiv • FR détective privé • EN private detective • PT detetive privado **Beispill** ech gouf wochelaang vun engem Privatdetektiv ausspionéiert

Weiblech Form: ↗Privatdetektivin

Privatdetektivin [priv'a:tde'tektiv:vin] Femininum (Pluriel Privatdetektivinnen) DE Privatdetektivin • FR détective privée • PT detetive privada **Beispill** meng Mamm géif am léifsten eng Privatdetektivin engagéiere fir erauszefannen, ob mäi Papp friemgeet

Männlech Form: ↗Privatdetektiv

Privatfra Femininum (kee Pluriel)

Hei entsteeft en neien Artikel.

Privatisatioun [priva:tizasj'əʊŋ] Femininum (Pluriel Privatisatiounen) - Variant vun ↗Privatiséierung

privatiséieren [privatiz'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé privatiséiert) » **transitiv** DE privatisieren • FR privatiser • EN to privatize • PT privatizar **Beispill** d'Post ass a ville Länner privatiséiert ginn

Privatiséierung [priva:tiz'ziəʀuŋ] Femininum (Pluriel Privatiséierungen) DE Privatisierung • FR privatisation • EN privatization • PT privatização **Beispill** de Gemengerot huet sech fir d'Privatiséierung vun Gaswierk ausgeschwat

Variant: Privatisioun

Privatkollektioun [priv'a:tkolæksjəʊŋ] Femininum (Pluriel Privatkollektiounen) DE Privatsammlung • FR collection privée • EN private collection • PT coleção privada **Beispill** vill Wierker an dëser Ausstellung stamen aus Privatkollektiounen **Synonym** Privatsammlung

Privatleit [priv'a:tlait] Substantiv (kee Singulier) DE Privatpersonen • FR particuliers [personnes privées] • PT particulares [pessoas privadas] **Beispill** d'Offer vun der Garage géllt nëmme fir Privatleit, net fir Betriber

Privatliewen [priv'a:tljəvən] Neutrum (kee Pluriel) DE Privatleben • FR vie privée • EN private life • PT vida privada **Beispiller** hal dech wannechgelift aus mengem Privatliewen eraus!; verschidden Acteuren hu guer kee Privatliewe méi

Privatmann Maskulinum (kee Pluriel)

Hei entsteeft en neien Artikel.

Privatnummer [priv'a:tnumə] Femininum (Pluriel Privatnummern) DE private Rufnummer • FR numéro (de téléphone) personnel • EN private number • PT número (de telefone) pessoal **Beispill** ech hunn deng Privatnummer a mengem Handy gespäichert

Privatpersoun Femininum (Pluriel Privatpersounen)

Hei entsteeft en neien Artikel.

Privatsaach [priv'a:tza:χ] Femininum (Pluriel Privatsaachen) DE Privatsache • FR affaire (privée) • EN business [private matter, concern] • PT assunto privado **Beispiller** et ass meng Privatsaach, ob ech an d'Kierch ginn oder net; dat sinn hirer Privatsaachen, déi gi keen eppes un

Privatschoul [priv'a:tʃəʊl] Femininum (Pluriel Privatschoulen) DE Privatschule • FR école privée • EN private school • PT escola privada **Beispill** mäi Monni huet bis zu senger Pensioun an enger Privatschoul ensegnéiert

Privatsecteur Maskulinum (kee Pluriel) DE Privatwirtschaft, Privatsektor • FR secteur privé • PT setor privado **Beispill** ech hunn als Fonctionnaire opgehale an de Privatsecteur gewiesselt

Privatsphär [priv'a:tʃfɛ:g] Femininum (kee Pluriel) DE Privatsphäre • FR intimité [vie privée] • EN privacy • PT privacidade [vida privada] **Beispill** respektéier wannechgelift meng Privatsphär!

Privatstonn [pʁiv'a:tʃton] Femininum (Pluriel Privatstonnen) **DE** Privatstunde • **FR** *cours particulier, cours privé* • **EN** *private lesson* • **PT** *aula particular, aula privada* **Beispill** mäi Pianospfesser gëtt och Privatstonnen, mee déi kann ech mer net leeschten

Privatterrain [pʁiv'a:tɛrɛː] Maskulinum (Pluriel Privatterrainen) **DE** Privatgrundstück • **FR** *terrain privé* • **EN** *private property* • **PT** *terreno privado* **Beispill** dëst ass e Privatterrain, Dir hutt hei näischt verluer!

Privatwee [pʁiv'a:tveː] Maskulinum (Pluriel Privatweeër) **DE** Privatweg • **FR** *chemin privé* • **EN** *private path, private road* • **PT** *caminho privado* **Beispiller** vun der Villa féiert e Privatwee direkt op d'Plage; do däerfs de net erafuere, dat ass e Privatwee!

Privileeg [pʁivil'eːç] Maskulinum (Pluriel Privileegien) **1. DE** *Vergünstigung, Vorteil* • **FR** *privilege* [avantage] • **EN** *privilege* [advantage] • **PT** *privégio, vantagem* **Beispill** do, wou ech wunnen, hunn ech de Privileeg, kënnen zu Fouss an d'Stad ze goen **2. DE** *Privileg* [Vorrecht, Sonderrecht] • **FR** *privilege* [prévu par la loi] • **EN** *privilege* [prerogative] • **PT** *privégio* [previsto pela lei] **Beispill** déi Adeleg hate fréier vill Privileegien

privilegéieren [pʁivilɛʒ'iːɔrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé privilegéiert) - Variant vun \nearrow privilegéieren

privilegéieren [pʁivilɛʒ'iːɔrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé privilegéiert) » **transitiv DE** *begünstigen, bevorzugen* • **FR** *privilegier* [avantager] • **EN** *to privilege* [to favour] • **PT** *favorecer* [tratar de forma desigual] **Beispill** d'Eltere wollte keent vun de Kanner privilegéieren **Synonym** avantagéieren

i Variant: privilegéieren

pro [pʁoː] Prepositioun » **mam Akkusativ DE** *pro* • **FR** *par* [pour chaque] • **EN** *per* • **PT** *por* [por cada] **Beispiller** all Member kritt *pro* Sätzung e Jeton vu 50 Euro; den duerchschnëttlechen Energieverbrauch *pro* Awunner soll reduzéiert ginn

proaktiv [pʁoːakt'iːf] Adjektiv **DE** *proaktiv* • **FR** *proactif* • **EN** *proactive* • **PT** *proativo* **Beispiller** d'Oppositioun fuerdert méi eng *proaktiv* Politik vun der Regierung am Wunnengsbau; während der Coronakris hu sech vill Betreiber mat *proaktiven* Iddien iwwe Waasser gehal

probabel [pʁob'a:bəl] Adjektiv **DE** *wahrscheinlich* • **FR** *probable* • **PT** *provável* [possível] **Beispill** wéi *probabel* ass et, datt eis Firma den Optrag fir deen neie Stadion krit? **Synonym** warscheinlech

Probabilitéit Femininum (Pluriel Probabilitéiten) **DE** *Wahrscheinlichkeit, Probabilität* • **FR** *probabilité* • **EN** *probability* • **PT** *probabilidade* **Beispiller** d'Probabilitéit, fir den Jackpot am Lotto ze gewinnen, ass extrem geréng; eis Ekonomistin kann d'Probabilitéite vun deene verschidde Zenarioe berechnen

probéieren [pʁob'iːɔrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé probéiert) » **transitiv 1. DE** *versuchen, testen* • **FR** *essayer* [mettre à l'épreuve, expérimenter] • **EN** *to try, to try out* • **PT** *experimentar* [ensaiar, provar] **Beispiller** *probéier* emol en anert Medikament!; iess dach net ëmmer dat selwecht, *probéier* emol eppes

Neies!; hues de schon deng nei Stiwwele bei där Jupe *probéiert*?; wann den Himmel sech hént net zouzitt, da *probéieren* ech mäin Teleskop! **2. probéieren** ob **DE** *versuchen ob* • **FR** *essayer si* • **EN** *to try if* • **PT** *experimentar se* **Beispill** ech hu *probéiert*, ob de Schlëssel passt **3. probéieren** ze **DE** *versuchen zu* • **FR** *essayer de, tenter de* • **EN** *to try to* • **PT** *experimentar, tentar* [fazer alguma coisa] **Beispiller** ech hu scho mat ville Mëttele *probéiert*, dee Fleck aus mengem Hiem erauszekréien; ech hunn de ganzen Dag *probéiert*, meng Affekotin ze errechen **Synonym** versichen ze » **intransitiv 4. DE** *probieren* [Versuche anstellen] • **FR** *essayer* [faire des essais] • **EN** *to try* [to attempt] • **PT** *tentar* [fazer tentativas] **Beispiller** ech *probéieren* esou laang, bis et klappt!; *probéiere* geet iwwe studéieren! [égs] [d'Praxis bréngt dacks besser Resultater ewéi d'Theorie]; *probéier* emol! [égs] [→ äntwert een engem, fir em ze dreeën]

i Verben, déi **probéieren** als Basis hunn: \nearrow ausprobéieren an \nearrow uprobéieren

Probeller [pʁob'æle] Maskulinum (Pluriel Probelleren) - Variant vun \nearrow Propeller

Probellerchen [pʁob'æleçən] Maskulinum (Pluriel Probellercher) - Diminutivform vun \nearrow Propeller

Problem [pʁobl'eːm] Maskulinum (Pluriel Probleemer) - Variant vun \nearrow Problem

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: *Probleem* / *Problem*

problemelos Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Problem [pʁ'obleːm] Maskulinum (Pluriel Probleemer) **1. DE** *Problem* [Schwierigkeit] • **FR** *problème* [difficulté, ennui] • **EN** *problem* [difficulty] • **PT** *problema* [dificuldade, chatice] **Beispiller** den Techniker konnt de *Problem* un der Elektronik séier behiewen; d'Kanner maachen den Elteren an der Pubertéit dacks vill *Problemer*; wou läit de *Problem*?; dat ass net mäi *Problem*! [égs] [dat betrëfft mech net!]; hues du soss keng *Problemer*? [égs] [deng *Problemer* sinn net schlëmm]; hien huet *Problemer* mam Alkohol [hien ass Alkoholiker] **2. DE** *Problem* [Aufgabe, Frage] • **FR** *problème* [exercice, question] • **EN** *problem* [exercice, question] • **PT** *problema* [exercício, questão] **Beispill** d'Kanner hunn dee *mathematesche Problem* ouni Hëllef kënne léisen

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: *Probleem* / *Problem*

problematesch [pʁobleːm'a:təʃ] Adjektiv **1. DE** *problematisch* [schwierig, voller Probleme] • **FR** *problématique* [difficile, à problèmes] • **EN** *problematic* [difficult] • **PT** *problemático* [difícil, cheio de problemas] **Beispiller** et ka *problematesch* ginn, fir all déi fréier Klassekometerden erëmzefannen; dat ass en Heem fir Kanner aus *problematesche* Verhältnisser **2. DE** *problematisch* [bedenklich] • **FR** *problématique* [douteux] • **EN** *problematic* [dubious, questionable] • **PT** *problemático* [duvidoso] **Beispill** ech fannen et *problematesch*, wann eng Administratioun sech selwer soll kontrolléieren

Problematik [pʁoblɛm'a:tik] Femininum (Pluriel Problematiken) **DE** *Problematik* • **FR** *problématique, questions lenjeu* • **EN** *difficulty, problem(s)* • **PT** *proble-mática, questões* **Beispill** hien huet a senger Ried besonnesch op déi sozial Problematik insistéiert

problemlos Adjektiv - Variant vun ↗*problemlos*

Procedé [pʁos'e:de:] Maskulinum (Pluriel *Procedéen*) **DE** *Methode, Verfahren* • **FR** *procédé* • **EN** *process [method]* • **PT** *procedimento, método* **Beispill** eis Firma huet en neie *Procedé* entwéckelt, fir d'Onkraut ze bekämpfen

Procès-verbal [pʁos'ɛ:vɛrb'al] Maskulinum (Pluriel *Procès-verballen*)

I Hei entsteeet en neien Artikel.

Procuratioun [pʁokyrasj'øʃn] Femininum (Pluriel *Procuratiounen*) **1.** **DE** *Vollmacht [Ermächtigung]* • **FR** *procuration, pleins pouvoirs* • **EN** *power of attorney* • **PT** *procuração, plenos poderes* **Beispill** ech hunn d'*Procuratioun* op mengem Papp säi Kont **Synonymmen** *Vollmuecht, Vollmacht* **2.** **DE** *Vollmacht [Dokument]* • **FR** *procuracion [document]* • **EN** *mandate [document]* • **PT** *procuração [documento]* **Beispill** Är *Procuratioun* ass net gülteg, wann se net ënnerschiwwen ass **Synonymmen** *Vollmuecht, Vollmacht*

Procureur [pʁokyr'œ:r] Maskulinum (Pluriel *Procureuren*) **DE** *Staatsanwalt* • **FR** *procureur [magistrat]* • **EN** *public prosecutor* • **PT** *procurador [magistrado]* **Beispill** op Uerder vum *Procureur* gouf eng systematesch Alkoholkontroll duerchgefëiert

I Weiblech Form: ↗*Procureure*

Procureure Femininum (Pluriel *Procureureën*) **DE** *Staatsanwältin* • **FR** *procureure [magistrate]* • **PT** *procuradora [magistrada]*

I Variant: *Procureurin*

I Männlech Form: ↗*Procureur*

Procureurin Femininum (Pluriel *Procureurinnen*) - Variant vun ↗*Procureure*

Production Femininum (Pluriel *Productionen*) - Variant vun ↗*Produktioun*

Productionstechnik Femininum (Pluriel *Productionstechniken*) - Variant vun ↗*Produktiounstechnik*

Produit [pʁ'odɥi] Maskulinum (Pluriel *Produiten*) **1.** **DE** *Produkt [Erzeugnis]* • **FR** *produit [bien produit]* • **EN** *product [manufactured article, substance]* • **PT** *produto [bem produzido]* **Beispiller** d'Firma bréngt déi nächst Woch en neie *Produit* op de Maart; eise *Produit* hält, wat e verspricht! **Synonym** *Produkt* **2.** **DE** *Mittel [Präparat]* • **FR** *produit, substance [chimique]* • **EN** *product [substance, preparation]* • **PT** *produto [substância química]* **Beispill** am beschte behandelt een d'holz mat engem spezielle *Produit* **3.** **DE** *Finanzprodukt* • **FR** *produit [financier]* • **EN** *financial product* • **PT** *produto [financeiro]* **Beispill** op menger Bank krut ech en neie *Produit* ugebueden

Produkt [pʁod'ukt] Neutrum (Pluriel *Produkter*) **1.** **DE** *Produkt [Erzeugnis]* • **FR** *produit [bien produit]* • **EN** *product [manufactured article, substance]* • **PT** *produto [bem*

produzido] **Beispiller** eis Clientë si vun deem neie *Produkt* begeeschtert; ëmmer méi Leit kafe biologesch *Produkter* **Synonymmen** *Artikel, Produit* **2.** **DE** *Produkt [Ergebnis]* • **FR** *produit [résultat]* • **EN** *product [result]* • **PT** *produto [resultado]* **Beispill** hire *Wuelstand* ass d'*Produkt* vun hirem Fläiss

Produktioun [pʁoduksj'øʃn] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Produktion [Erzeugung]* • **FR** *production [fabrication, création]* • **EN** *production [manufacture, creation]* • **PT** *produção [fabrica, criação]* **Beispiller** leider gouf d'*Produktioun* vun dësem Artikel gestoppt; déi literaresch *Produktioun* hält vu Joer zu Joer zou; de Prototyp ass prett fir an d'*Produktioun* [de Prototyp ass prett, fir seriëméisseg produzéiert ze ginn] **2.** (kee Pluriel) **DE** *Produktion [Produkte]* • **FR** *production [produits]* • **EN** *production [products]* • **PT** *produção [produtos]* **Beispill** en Deel vun der *Produktioun* vun haut de Moien huet net déi gewënschte *Qualitéit* **3.** (kee Pluriel) **DE** *Produktion [Abteilung eines Unternehmens]* • **FR** *production [service dans une entreprise]* • **EN** *production [department]* • **PT** *produção [departamento numa empresa]* **Beispill** den Aarbechter ass vun der *Produktioun* an den Akaf gewiesselt **4.** (kee Pluriel) **DE** *Produktion [eines Films, eines Bühnenwerks]* • **FR** *production [d'un film, d'un spectacle]* • **EN** *production [of a film, of a play, of a show]* • **PT** *produção [de um filme, de um espetáculo]* **Beispill** d'*Produktioun* vum Film ass dräimol méi deier ginn ewéi virgesinn **5.** (Pluriel *Produktionen*) **DE** *Produktion [Film, Bühnenwerk]* • **FR** *production [film, spectacle]* • **EN** *production [film, play, show]* • **PT** *produção [filme, espetáculo]* **Beispill** den Theater sicht jonk *Acteure* fir seng nächst *Produktion*

Produktionstechnik [pʁoduksj'øʃnstæçnik] Femininum (Pluriel *Produktionstechniken*) **DE** *Produktionstechnik* • **FR** *technique de production* • **EN** *production technique, production technology* • **PT** *técnica de produção* **Beispill** duerch eng nei *Produktionstechnik* kënne mer eis *Produiten* elo méi ëmweltfrëndlech hierstellen

produktiv [pʁodukt'i:f] Adjektiv **1.** **DE** *produktiv [rentabel, ergiebig]* • **FR** *productif [rentable, lucratif]* <Adverb de manière productive> • **EN** *productive [lucrative]* <Adverb productively> • **PT** *produtivo [rentável, lucrativo]* <Adverb produtivamente> **Beispiller** duerch d'*Moderniséierung* vun hirer *Anlag* ass d'*Fabrick* nach méi *produktiv* ginn; an engem *Wierk* gëtt méi *produktiv* geschafft ewéi an deem aneren **2.** **DE** *produktiv [schöpferisch]* • **FR** *productif [créatif]* <Adverb de manière productive> • **EN** *productive [creative]* <Adverb productively> • **PT** *produtivo [criativo]* <Adverb produtivamente> **Beispiller** de *Schrëftsteller* war och nach am héijen *Alter* *produktiv*; wéi soll en an dësem *Kaméidi* *produktiv* kënne schaffen?

Produktivitéit [pʁoduktivit'ɛit] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Produktivität* • **FR** *productivité [rendement]* • **EN** *productivity [output, efficiency]* • **PT** *produtividade [rendimento]* **Beispill** mat deenen neie *Maschinen* ass d'*Produktivitéit* vun der *Fabrick* an d'*Luucht* gaangen

produzéieren [pʁoduts'ziəʀən] Verb (*Hëllefsvb* hunn, *Participe passé* *produzéiert*) » **transitiv** **1.** **DE** *produzieren [erzeugen]* • **FR** *produire [fabriquer, générer]* • **EN** *to produce [to make, to manufacture]* • **PT** *produzir [fabricar, gerar]* **Beispiller** dës *Molkerei* *produzéiert* ver-

schidden Zorte Kéis; verschidde Fabricke produzéieren ze vill Offall **2. DE** *produzieren* [einen Film, ein Bühnenwerk] • **FR** *produire* [un film, un spectacle] • **EN** *to produce* [a film, a play, a show] • **PT** *produzir* [um filme, um espetáculo] **Beispill** déi nei Televisiounsserie gëtt vun enger auslännescher Firma produzéiert » **intransitiv 3. DE** *produzieren* • **FR** *avoir une activité* (de production) • **EN** *to be active* (in production) • **PT** *produzir* [ter uma atividade de produção] **Beispill** déi Firma produzéiert scho laang net méi » **reflexiv 4. DE** *sich produzieren* • **FR** *se produire* [en spectacle] • **EN** *to appear, to perform* • **PT** *apresentar-se* [em espetáculo] **Beispill** bei där Show hunn eng Dosen Artisten sech produzéiert

Produzent [produts'ænt] Maskulinum (Pluriel Produzenten) **1. DE** *Produzent* [Hersteller, Erzeuger] • **FR** *producteur* [industriel, agricole] • **EN** *producer* [industrial, agricultural] • **PT** *produtor* [industrial, agrícola] **Beispiller** hien ass ee vun de weënege Produzente vu Garagëpaarten hei an der Géigend; mir kafen eisen Hunneg direkt beim **Produzent 2. DE** *Produzent* [Film-, Theaterproduzent] • **FR** *producteur* [d'un film, d'un spectacle] • **EN** *producer* [of a play, of a film, of a show] • **PT** *produtor* [de um filme, de um espetáculo] **Beispill** de Regisseur ass op der Sich no engem zweete Produzent fir säi Film

1 Weiblech Form: **Produzentin**

Produzentin [produts'æntin] Femininum (Pluriel Produzentinnen) **1. DE** *Produzentin* [Herstellerin, Erzeugerin] • **FR** *productrice* [industrielle, agricole] **2. DE** *Produzentin* [Film-, Theaterproduzentin] • **FR** *productrice* [d'un film, d'un spectacle]

1 Männlech Form: **Produzent**

profan [prɔf'a:n] Adjektiv **DE** *profan* [weltlich] • **FR** *profane* [étranger à la religion] • **EN** *profane* [secular] • **PT** *profano* [estranho à religião] **Beispill** dat Haus ass e Beispill fir profan Architektur am spéide Mëttelelter

profanéieren [prɔfan'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé profanéiert) » **transitiv DE** *profanieren* • **FR** *profaner* [un lieu sacré, une tombe] • **EN** *to profane* [a place of worship, a tomb] • **PT** *profanar* [um lugar sagrado, um túmulo] **Beispill** um Kierfecht hunn Onbekannter eng Rei Griewer profanéiert **Synonym** schännen

Profess Femininum (Pluriel Professen)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Professor [prɔf'æse] Maskulinum (Pluriel Professeren) **1. DE** *Lehrer* [an einem Gymnasium, an einer Realschule] • **FR** *professeur* [de collège, de lycée] • **EN** *teacher* [in a secondary school] • **PT** *professor* [de ensino secundário] **Beispiller** ech si schonn drësseg Joer laang **Professor** an deem selwechte Lycée; dee jonke **Professor** ass bei all senge Schüler beléift **2. DE** *Professor* • **FR** *professeur* [d'université] • **EN** *professor* • **PT** *professor* [de universidade] **Beispiller** mäi fréiere **Professor** ass zum Rektor vun der Universitéit ernannt ginn; dëse **Professor** encadréiert seng Studente gutt

1 Kuerzform: **Prof**

1 Weiblech Form: **Professesch**

Professesch [prɔf'æsəʃ] Femininum (Pluriel Professeschen)

1 Variant: **Professorin**

1 Kuerzform: **Prof**

1 Männlech Form: **Professer**

professionaliséieren [prɔfæsjɔnliz'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé professionaliséiert)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

professionell [prɔfæsjɔn'æɫ] Adjektiv **1. DE** *professionell* [beruflich] • **FR** *professionnel* [de profession] <Adverb professionnellement, en professionnel> • **EN** *professional* [non-amateur, paid] <Adverb professionally> • **PT** *profissional* [por profissão] <Adverb profissionalmente> **Beispiller** mir hunn eis Hochzäitsfotoe vun engem **professionelle** Fotograf maache gelooss; ech bedreive mäin Hobby elo **professionell 2. DE** *professionell* [fachmännisch] • **FR** *professionnel* [de spécialiste] <Adverb avec professionnalisme> • **EN** *professional* [expert, skilled] <Adverb professionally> • **PT** *profissional* [de especialista] <Adverb profissionalmente> **Beispiller** mir si ganz zefridde mam Handwierker senger **professioneller** Aarbecht; du muss méi **professionell** un déi Saach erугоen

Professorin [prɔfæs'o:rɪn] Femininum (Pluriel Professorinnen) - Variant vun **Professesch**

Prof [prɔf] Maskulinum (Pluriel Proffen) [ɛgs] - Kuerzform vun **Professer**

Prof [prɔf] Femininum (Pluriel Proffen) [ɛgs] - Kuerzform vun **Professesch**

Proffi [prɔfi:] Maskulinum (Pluriel Proffien) **1. DE** *Prof* [Sportler] • **FR** *professionnel* [sportif] • **EN** *professional, pro* [in sport] • **PT** *profissional* [desportista] **Beispill** et fueren nëmme **Proffie** bei där Vëloscourse mat **2. [ɛgs] DE** *Prof* [Fachmann] • **FR** *professionnel* [spécialiste, personne de métier] • **EN** *professional* [specialist, expert] • **PT** *profissional, entendido* **Beispill** fir déi méi technesch Aspekter muss de e **Proffi** froen

1 Variant: **Prof**

Prof [pr'ɔ:fi:] Maskulinum (Pluriel Profien) - Variant vun **Proffi**

Profil [prɔf'il] Maskulinum (Pluriel Profillen / Profiller) **1. DE** *Profil* [Seitenansicht] • **FR** *profil* [vue latérale] • **EN** *profile* [side view] • **PT** *perfil* [vista lateral] **Beispill** knips mech net am **Profil**, soss gesäit ee meng laang Nues ze gutt! **2. DE** *Profil* [Schnittzeichnung] • **FR** *profil* [représentation en coupe] • **EN** *profile* [vertical section] • **PT** *perfil* [representação em corte] **Beispill** dës Maquette weist d'Buedemschichte vum Bierg am **Profil 3. DE** *Profil* [Merkmale] • **FR** *profil* [caractéristiques] • **EN** *profile* [characteristics], *outline* • **PT** *perfil* [características] **Beispiller** de Patron sicht e Mataarbechter mat engem ganz bestëmmte **Profil**; am Virstellungsgespréich krut de Kandidat de **Profil** vun der Aarbecht erkläert; eis Direktesch huet **Profil!** [ɛgs] leis Direktesch huet eng staark Perséinlechkeet! **4. DE** *Profil* [von Reifen, von Schuhsohlen] • **FR** *profil* [d'un pneu, d'une chaussure] • **EN** *tread* [of a tyre], *sole* [of a shoe] • **PT** *relevo* [de um pneu, de uma sola de sapato] **Beispiller** hunn deng Pnueen nach genuch **Profil?**; fir wanderen ze goen, brauchts de Schong mat guddem **Profil**

profiléieren [pʁɔfɪl'ʒiəʁən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participe passé **profiléiert**) » **reflexiv** **DE** *sich profilieren* • **FR** *se donner du profil, se faire remarquer [socialement, professionnellement]* • **EN** *to make one's mark* • **PT** *destacar-se, distinguir-se [socialmente, profissionalmente]*
Beispill bei där Aufgab kanns de dech **profiléieren**

Profit [pʁɔfɪt] Maskulinum (Pluriel **Profitter**) **1. DE** *Profit, Rendite* • **FR** *profit, bénéfice [financier]* • **EN** *profit [financial gain]* • **PT** *benefício, lucro* **Beispill** eise Betrib huet dëst Joer kee **Profit** ofgeworf **Synonym** **Boni** **2. DE** *Gewinn, Vorteil* • **FR** *profit, bénéfice [avantage]* • **EN** *profit [avantage]* • **PT** *proveito, vantagem* **Beispill** du bass deen eenzegen, dee **Profit** aus där Saach zitt

profitabel [pʁɔfɪt'a:bəl] Adjektiv **1. DE** *profitabel [Gewinn bringend, einträglich]* • **FR** *profitable [rentable]* <Adverb *avec profit*> • **EN** *profitable [financially]* <Adverb *profitably*> • **PT** *proveitoso [rentável]* <Adverb *proveitosamente*> **Beispill** deen Handel war fir mech nach laang net **profitabel**; eise Betrib schafft **profitabel** **2. DE** *vorteilhaft, bekömmlich* • **FR** *profitable [avantageux]* • **EN** *beneficial* • **PT** *proveitoso [benéfico, vantajoso]* **Beispill** ze vill gesalzt Iessen ass net **profitabel** fir d'Gesondheet

Profitdenken [pʁɔfɪt'dæŋkən] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Profitdenken* • **FR** *recherche de profit(s), esprit du lucre* • **EN** *profit orientated thinking, profit motive* • **PT** *orientação para o lucro, espírito do lucro* **Beispill** d'Profitdenke pervertéiert all politesche System

provisoresch [pɹoviz'ɔ:rəʃ] Adjektiv **DE** *provisorisch* • **FR** *provisoire* <Adverb provisoirement> • **EN** *provisional* <Adverb provisionally> • **PT** *provisório* <Adverb provisoriamente> **Beispiller** iwuer den déi **provisoresch** Decisiounen mussen mer muer nach eng Kéier diskutéieren; mir halen deen Datum emol **provisoresch** fest **Synonym** virleefeg

Provitamin [pɹovitam'in] Maskulinum/Femininum (Pluriel Provitaminen) **DE** *Provitamin* • **FR** *provitamine* • **EN** *provitamin* • **PT** *provitamina* **Beispill** weess du, wat de geneeën Ënnerscheid tëschent engem Vitamin an engem Provitamin ass?

provokant [pɹovok'ant] Adjektiv **DE** *provokant* • **FR** *provocant, provocateur* <Adverb de manière provocante> • **EN** *provocative* <Adverb provocatively> • **PT** *provocante, provocador* <Adverb provocadoramente> **Beispiller** wann der dee **provokanten** Toun of!; fir opzefalen doen se sech gâr **provokant** un

Provokatioun [pɹovokasj'əʊn] Femininum (Pluriel Provokatiounen) **DE** *Provokation* • **FR** *provocation* [action, parole provocante] • **EN** *provocation* • **PT** *provocação* [ato, dito provocante] **Beispill** wann s de op seng Provokatiounen agee, dann ass der net ze hëllefen!

provozéieren [pɹovɔts'ziəɹən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé provozéiert) » **transitiv 1.** **DE** *provizieren* [eine Person] • **FR** *provoquer* [une personne] • **EN** *to provoke* [a person] • **PT** *provocar* [uma pessoa] **Beispiller** hal op, dâi klenge Brudder ze **provozéieren**!; de Politiker huet sech net vun de Journaliste **provozéiere** gelooss **2.** **DE** *provizieren* [auflösen] • **FR** *provoquer* [causer] • **EN** *to provoke* [to cause] • **PT** *provocar* [causar] **Beispiller** et huet dach kee Wäert, wéinst esou enger Dommheet e Sträit ze **provozéieren**!; den Tsunami gouf duerch e Biewen am Mier **provozéiert**

Proximitéit [pɹɔksimit'ɜ:ɪt] Femininum (Pluriel <seen> Proximitéiten)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Proz [pɹo:ts] Eegennumm **DE** *Pratz* • **FR** *Pratz* • **EN** *Pratz* • **PT** *Pratz* **Beispiller** ech wunnen zu **Proz**; fiert dëse Bus op **Proz**?

Prozedur [pɹɔtsed'u:ɹ] Femininum (Pluriel Prozeduren) **1.** **DE** *Prozedur, Verfahren* • **FR** *procédure* [procédé] • **EN** *procedure* [routine] • **PT** *processo* [procedimento, ação] **Beispill** am Spidol hunn ech déi ganz **Prozedur** vun den Analyse missen iwuer mech ergoe loosse **2.** **DE** *Prozedur* [vorschriftsmäßiger Ablauf, Rechtsgang] • **FR** *procédure* [administrative, judiciaire] • **EN** *procedure*

[administrative, legal] • **PT** *trâmite(s), procedimento* [administrativo, legal] **Beispiller** an der Verwaltung muss een sech un d'Prozeduren halen; d'Prozedur fir eng Adoptioun ass gesetzlech festgeluecht

Prozent [pɹɔts'ænt] Maskulinum **1.** (Pluriel **Prozent** / **Prozenter**) **DE** *Prozent* [hundertster Teil] • **FR** *pour cent* [dans une proportion], *pourcentage* • **EN** *per cent* [in every hundred] • **PT** *por cento* [numa proporção], *percentagem* **Beispiller** d'lescht Joer sinn d'Ausgabe vum Staat ëm zwee **Prozent** geklommen; d'Walresultater sinn op dëser Tabell a **Prozenter** ausgedréckt **2.** (Pluriel **Prozent**) **DE** *Prozent* [Alkoholgehalt] • **FR** *degré* [d'alcool] • **EN** *per cent* [of alcohol] • **PT** *grau* [de álcool] **Beispill** deen heite Brantewäin huet 48 **Prozent** (Alkohol) **3.** (Pluriel **Prozenter**, kee Singulier) **DE** *Prozente* [Rabatt] • **FR** *remise, réduction* • **EN** *discount* [percentage reduction] • **PT** *desconto* [redução no preço] **Beispill** während de Solde kriss de an de meeschte Geschäfte **Prozenter**

Prozentsaz [pɹɔts'æntsa:ts] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Prozentsatz* • **FR** *pourcentage* • **EN** *percentage* • **PT** *percentagem* **Beispill** nëmmen e klenge **Prozentsaz** vun de Bierger ass wile gaangen

prozentual [pɹɔtsæntu'a:l] Adjektiv **DE** *prozentual* • **FR** *(défini) en pourcentage* • **EN** *percentage* <Adverb as a percentage, percentage-wise> • **PT** *percentual, em percentagem* **Beispiller** an dëser Firma huet de Staat eng héich **prozentual** Bedeelegung; d'Ausgabe sinn am Verglach mam leschte Joer **prozentual** liicht gefall

Prozentzechen [pɹɔts'æntse:çən] Neutrum (Pluriel Prozentzechen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Prozess [pɹɔts'æs] Maskulinum (Pluriel Prozesser) **1.** **DE** *Prozess* [Verfahren] • **FR** *procès* [procédure judiciaire] • **EN** *trial* [court case] • **PT** *processo* [ação judicial] **Beispiller** dësem Zeie seng Ausso huet am **Prozess** eng entscheidend Roll gespillt; si hu wéinst engem Stéck Terrain jorelaang géint hir Nopere **Prozess** geféiert; et gëtt Zäit, datt dee Schwindler endlech de **Prozess** gemaach kritt!; elo maache mer kuerze **Prozess**! **DE** *Prozess* [Vorgang] • **FR** *processus* [procédé, déroulement] • **EN** *process* [procedure, event] • **PT** *processo* [desenvolvimento] **Beispiller** déi verschidde cheemesch **Prozesser** gi vu Spezialisten iwuerwaacht; d'Entwécklung vun engem Päiperlek ass e laange **Prozess**

prozesséieren [pɹɔtsæs'ziəɹən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé prozesséiert) » **intransitiv** prozesséieren (géint) **DE** *prozessieren* (gegen) • **FR** *livrer une bataille juridique* (contre) • **EN** *to litigate* (against), *to bring a lawsuit* (against) • **PT** *travar uma batalha judicial* (contra) **Beispill** si hu wéinst engem Stéck Terrain jorelaang géint hir Nopere **prozesséiert**

prüd [pɹy:t] Adjektiv **DE** *prüde* • **FR** *prude* • **EN** *prudish* • **PT** *pudico* **Beispill** hien ass ze **prüd**, fir an d'Sauna ze goen

Puecht [pɹ'uəçt] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Pracht

Prüfung [pr'y:fuŋ] Femininum (Pluriel Prüfungen) **1.** DE *Klassenarbeit* [Test] • FR *contrôle, composition* [épreuve scolaire] • EN *test* [examination] • PT *teste, ponto* [prova escolar] **Beispiller** ech ka mer an der leschter Prüfung keng Datz méi erlaben; eisen Eelsten huet d'nächst Woch nach véier Prüfungen **2.** DE *Klassenarbeit* [Dokument] • FR *contrôle, composition* [copie d'élève] • EN *test* [copy] • PT *teste* [folha de prova escolar] **Beispill** deng Eltere müssen d'Prüfung ënnerschreien **3.** DE *Prüfung* [Schicksalsschlag] • FR *épreuve* [coup du sort] • EN *trial, ordeal* • PT *provação* [desgraça] **Beispill** déi Krankheet war fir hien eng schwéier Prüfung

Prüfungsblat [pr'y:fuŋsbla:t] Neutrum (Pluriel Prüfungsblätter) DE *Prüfungsblatt* • FR *copie* (d'élève) [d'un devoir scolaire, d'une composition] • EN *question sheet, test paper* • PT *(folha de) teste* [de uma prova escolar] **Beispiller** schreift ären Numm a Virnumm an de Rand vum Prüfungsblat; wéi d'Zäit ofgelaf war, huet de Professor d'Prüfungsblätter agesammelt

Prüfungssall [pr'y:fuŋsʒal] Maskulinum (Pluriel Prüfungssäle) DE *Prüfungsraum* • FR *salle d'examen* • EN *exam room* • PT *sala de exame* **Beispiller** de Schüler hat en Täscherechner an de Prüfungssall geschmuggelt; am Gank virun de Prüfungssäll muss der ganz roueg sinn!

Prüfungszäit [pr'y:fuŋstsæ:ɪt] Femininum (Pluriel Prüfungszäiten) DE *Klassenarbeitszeit* [vor Schulferien] • FR *interros* [période précédant les vacances scolaires] • EN *period of class tests* [before the school holidays] • PT *período de provas, período de testes* [antes das férias escolares] **Beispiller** du häss besser, scho virun der Prüfungszäit e bëssen ze léieren!; leider fält mäi Gebuertsdag matzen an d'Prüfungszäit!

Prunkstéck Neutrum (Pluriel Prunkstécker)

i Hei entsteet en neien Artikel.

PS [pe:'æs] Maskulinum (Pluriel PS) DE *PS* [Pferdestärke] • FR *cheval, cheval-vapeur, ch* • PT *cavalo, cavalo-vapor* **Beispill** wéi vill PS huet däin Auto? **Synonym** Päerd

PS Maskulinum (Pluriel PSen) - Kuerzform vun **Postskriptum**

Psal [psalm] Maskulinum (Pluriel Psalmen) **Relioun** DE *Psal* • FR *psaume* • EN *psalm* • PT *salmo* **Beispiller** wéi de Paschtouer d'Psalme virgelies huet, hunn d'Kanner ugefaangen ze ramoueren; an der Vesper goufe fréier haaptsächlech Psalme gesongen

Pseudonym [psɔːdon'im] Maskulinum (Pluriel Pseudonymen) DE *Pseudonym* • FR *pseudonyme* • EN *pseudonym* • PT *pseudónimo* **Beispiller** de Schrëftsteller schreift ënner engem Pseudonym; e Pseudonym garantéiert dem Auteur seng Anonymitéit

Psoriasis [psɔːri'a:zɪs] Femininum (kee Pluriel) DE *Schuppenflechte, Psoriasis* • FR *psoriasis* • EN *psoriasis* • PT *psoríase* **Beispill** Psoriasis ass eng heefeg Hautkrankheet, déi net ustécht **Synonym** Schuppenflecht

Psychanalys [psikanal'i:s] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Psychoanalyse* [Theorie] • FR *psychanalyse* [théorie] • EN *psychoanalysis* [theory] • PT *psicanálise* [teoria] **Beispill** hien huet sech am Laf vu seng Studien

op d'Psychanalys spezialiséiert **2.** (Pluriel Psychoanalysen) DE *Psychoanalyse* [Therapie] • FR *psychanalyse* [thérapie] • EN *psychoanalysis* [therapy] • PT *psicanálise* [terapia] **Beispill** während menger Psychoanalys ass mer bewosst ginn, datt ech den Doud vu menger Fra net iwwerwonnen hunn

Psychanalyst [psikanal'ist] Maskulinum (Pluriel Psychoanalysten) DE *Psychoanalytiker* • FR *psychanalyste* • EN *psychoanalyst* • PT *psicanalista* **Beispill** d'Doktesch huet dem Mann geroden, eng Therapie bei engem Psychoanalyt ze probéieren

i Variant: Psychoanalytiker

i Weiblech Form: **Psychanalystin**

Psychanalystin [psikanal'istin] Femininum (Pluriel Psychoanalytistinnen)

i Variant: Psychoanalytikerin

i Männlech Form: **Psychanalyst**

psychesch [ps'i:çəʃ] Adjektiv DE *psychisch* • FR *psychique* <Adverb *psychiquement*> • EN *psychic* [mental] <Adverb *psychically*> • PT *psíquico* <Adverb *psiquicamente*> **Beispiller** duerch de Konsum vun Haschisch kënn psychesch Schied entstoen; deen Trauma huet mech physech a psychesch markéiert **Synonym** sélesch

Psychiater [psik'i'a:te] Maskulinum (Pluriel Psychiatere) DE *Psychiater* • FR *psychiatre* • EN *psychiatrist* • PT *psiquiatra* **Beispill** an deem dote Fall hëlleft e Psychiater méi ewéi en Hausdokter

i Weiblech Form: **Psychiaterin**

Psychiaterin [psik'i'a:tərin] Femininum (Pluriel Psychiaterinnen) DE *Psychiaterin* • FR *psychiatre* [femme] • PT *psiquiatra* [mulher] **Beispill** meng Psychiaterin huet mer e Medikament géint Depressioun verschriwwen

i Männlech Form: **Psychiater**

psychiatresch [psik'i'a:trəʃ] Adjektiv DE *psychiatrisch* • FR *psychiatrique* • EN *psychiatric* • PT *psiquiátrico* **Beispill** déi psychiatresch Expertis huet erginn, datt den Ugekloten net zourechnungsfäeg ass

Psychiatrie [psik'jatr'i:] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Psychiatrie* [Fachgebiet] • FR *psychiatrie* [spécialité médicale] • EN *psychiatry* [branch of medicine] • PT *psiquiatria* [especialidade médica] **Beispill** d'Psychiatrie ass a bleift eng schwéier Wëssenschaft **2.** (Pluriel Psychiatrien) DE *Psychiatrie* [Abteilung] • FR *service de psychiatrie* • EN *psychiatry* [hospital department] • PT *serviço de psiquiatria* **Beispill** weinst sengen Depressioun war hie schonn dacks an der Psychiatrie

Psychoanalys [psiko:anal'i:s] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Psychoanalyse* [Theorie] • FR *psychanalyse* [théorie] • EN *psychoanalysis* [theory] • PT *psicanálise* [teoria] **Beispill** wat ass eigentlech Psychoanalys? **2.** (Pluriel Psychoanalysen) DE *Psychoanalyse* [Therapie] • FR *psychanalyse* [thérapie] • EN *psychoanalysis* [therapy] • PT *psicanálise* [terapia] **Beispill** während menger Psychoanalys ass mer bewosst ginn, datt ech den Doud vu menger Fra net iwwerwonnen hunn

psychoanalytesch [psiko:anal'itəʃ] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Psychoanalytiker [psikoanal'itike] Maskulinum (Pluriel Psychoanalytiker) - Variant vun \nearrow Psychanalyst

Psychoanalytikerin [psikoanal'itikærin] Femininum (Pluriel Psychoanalytikerinnen) - Variant vun \nearrow Psychanalystin

Psycholog [psikol'o:k] Maskulinum (Pluriel Psychologen) DE *Psychologe* • FR *psychologue* • EN *psychologist* • PT *psicólogo* [profissional] **Beispill** hues de scho mat engem Psycholog iwwer deng Problemer geschwat?

W Weiblech Form: \nearrow Psychologin

psychologesch [psikol'o:gəf] Adjektiv DE *psychologisch* • FR *psychologique* <Adverb *psychologiquement*> • EN *psychological* <Adverb *psychologically*> • PT *psicológico* <Adverb *psicologicamente*> **Beispiller** ouni psychologesch Hëllef hätt ech déi Kris net gepackt; d'Zaldote ginn am Krisegebitt psychologesch betreit

Psychologie [psikolɔʒ'i:] Femininum (kee Pluriel) **1.** DE *Psychologie* • FR *psychologie* [science] • EN *psychology* [science] • PT *psicologia* [ciência] **Beispill** ech hunn am Ausland Psychologie studéiert **2.** DE *seelische Struktur* • FR *psychologie* [d'une personne] • EN *psychology* [of a person] • PT *psicologia* [de uma pessoa] **Beispill** et ass wichtig, d'Psychologie vum Kand eescht ze huelen

Psychologin [psikol'o:gin] Femininum (Pluriel Psychologinnen) DE *Psychologin* • FR *psychologue* [femme] • PT *psicóloga* [profissional] **Beispill** meng Psychologin huet mer gehollef, mäin Trauma ze verschaffen

W Männlech Form: \nearrow Psycholog

Psychos [psik'o:s] Femininum (Pluriel Psychosen) DE *Psychose* [Krankheit] • FR *psychose* [maladie] • EN *psychosis* • PT *psicose* **Beispill** de Psychiater huet bei sengem Patient eng Psychos festgestallt

psychosomatesch [psikozom'a:təf] Adjektiv DE *psychosomatisch* • FR *psychosomatique* • EN *psychosomatic* • PT *psicossomático* **Beispill** seng Migräne si vläicht eng psychosomatesch Reaktioun op de Stress

psychosozial [psikozotsj'a:] Adjektiv

W Hei entsteet en neien Artikel.

Psychoterror [ps'ikotɛRO:R] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Psychoterror* • FR *terreur psychologique, harcèlement* (moral) • PT *terrorismo psicológico, assédio* (moral) **Beispiller** duerch Gewalt a Psychoterror konnt den Diktator jorelaang un der Muecht bleiwen; Stalking ass eng Form vu Psychoterror

Psychotherapeut [ps'iko:tɛrapɔit] Maskulinum (Pluriel Psychotherapeuten) DE *Psychotherapeut* • FR *psychothérapeute* • EN *psychotherapist* • PT *psicoterapeuta* **Beispill** meng Hausdoktesch huet mech bei e gudden Psychotherapeut geschéckt

W Weiblech Form: \nearrow Psychotherapeutin

Psychotherapeutin [ps'iko:tɛrapɔitin] Femininum (Pluriel Psychotherapeutinnen) DE *Psychotherapeutin* • FR *psychothérapeute* [femme] • PT *psicoterapeuta* [mulher] **Beispill** meng Psychotherapeutin huet mer Medikamenter géint meng Depressioun verschri-

wwen

W Männlech Form: \nearrow Psychotherapeut

Psychotherapie [psiko:tɛrap'i:] Femininum (Pluriel Psychotherapien) DE *Psychotherapie* • FR *psychothérapie* • EN *psychotherapy* • PT *psicoterapia* **Beispill** eng speziell Psychotherapie huet mir gehollef, meng Problemer an de Grëff ze kréien

Pub Femininum (Pluriel Pubben) - Kuerzform vun \nearrow Publicitéit

Pub Maskulinum (Pluriel Pubben / Pubs)

W Hei entsteet en neien Artikel.

pubertär [pubɛr'tɛ:R] Adjektiv DE *pubertär* • FR *pubertaire* • EN *pubescent, pubertal* • PT *pubertário, púbere* **Beispill** pubertär Jugendlecher kënnen ganz ustrengegend sinn

Pubertéit [pubɛr'tɛit] Femininum (kee Pluriel) DE *Pubertät* • FR *puberté* • EN *puberty* • PT *puberdade* **Beispill** an der Pubertéit fille jonk Leit sech dacks net wuel an hirer Haut

Public [pybl'ik] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *Öffentlichkeit* [Allgemeinheit] • FR (grand) *public* • EN *the* (general) *public* • PT (grande) *público* **Beispill** deen Deel vum Gebai ass fir de Public net zougänglech **Synonym** Öffentlechkeet **2.** DE *Publikum* • FR *public* [assistance, auditoire] • EN *the public* [audience] • PT *público* [assistência, auditório] **Beispill** de Public war vum Artist sengem Optrëtt begeeschtert **Synonym** Publikum

public [pybl'ik] Adjektiv DE *publik* • FR *public* [connu de tous] • EN *public* [widely-known, published] • PT *público* [conhecido de todos] **Beispiller** wéi de Skandal public gouf, huet de President direkt demissionéiert; d'nächst Woch sollen d'Resultater vun der Enquête public gemaach ginn

W Variant: publik

Publicatioun Femininum (Pluriel Publicatiounen) - Variant vun \nearrow Publikatioun

W Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Publicatioun / Publikatioun

Publicitéit [pyblisit'ɛit] Femininum (kee Pluriel) DE *Werbung* [Verkaufsförderung] • FR *publicité* [commerciale] • EN *advertising* • PT *publicidade* [comercial] **Beispill** fir deen neien Autosmodell gëtt masseg Publicitéit gemaach **Synonym** Reklamm

W Kuerzform: Pub

publik [publ'ik] Adjektiv - Variant vun \nearrow public

Publikatioun [p'ublikasj'əʊn] Femininum (Pluriel Publikatiounen) **1.** DE *Veröffentlichung* [Publizierung] • FR *publication* [action d'éditer] • EN *publication* [issuing, publishing] • PT *publicação* [ato de editar] **Beispill** de Verlag kënnegt d'Publikatioun vun engem neie Kachbuch un **Synonym** Veröffentlichung **2.** DE *Veröffentlichung* [Bekanntmachung] • FR *publication* [action de rendre public] • EN *publication* [announcement, publicizing] • PT *publicação* [ato de tornar público] **Beispill** no der Publikatioun vun de Walresultater koum et zu Demonstratiounen **Synonym** Veröffentlichung **3.** DE *Publikation* [Druckschrift] • FR *publication* [imprimé] • EN

publication [printed work] • **PT** *publicação* [obra impressa] **Beispill** den Editeur huet de Katalog vu senger Publikatiounen aktualiséiert

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert ännern: Publikatioun / Publicatioun

Publikum [p'ublikum] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Publikum* • **FR** *public* [assistance, auditoire] • **EN** *the public* [audience] • **PT** *público* [assistência, auditório] **Beispiller** de Publikum huet nom Concert beegeschtert geklappt; et haten sech Kläpper ënner d'Publikum gemécht; fir d'Finall souz esouguer de Groussherzog am Publikum **Synonym** Public

publizéieren [publits'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé publizéiert) » **transitiv** **1.** **DE** *veröffentlichen* [herausgeben, publizieren] • **FR** *publier* [éditer] • **EN** *to publish* [to issue] • **PT** *publicar* [editar] **Beispill** de Schrëftsteller féinnt keen Editeur, dee säi Roman wëllt publizéieren **Synonymmen** verëffentlechen, editéieren, erausbriengen **2.** **DE** *veröffentlichen* [bekannt machen] • **FR** *publier* [rendre public] • **EN** *to publish* [to make public] • **PT** *publicar* [tornar público] **Beispill** déi definitiv Walresultater ginn eréischt d'nächst Woch publizéiert **Synonym** verëffentlechen

Publizist [publits'ist] Maskulinum (Pluriel Publizisten) **DE** *Publizist* • **FR** *journaliste, essayiste* • **EN** *commentator, journalist* [of current affairs] • **PT** *publicista* [jornalista, escritor] **Beispill** dee Publizist ass fir seng kritesch Analyse bekannt

i Weiblech Form: ♀Publizistin

Publizistin [publits'istin] Femininum (Pluriel Publizistinnen) **DE** *Publizistin* • **FR** *journaliste, essayiste* [femme] • **PT** *publicista* [jornalista, escritora] **Beispill** déi Publizistin ass fir hir kritesch Analyse bekannt

i Männlech Form: ♂Publizist

puchen [p'uxən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepucht) » **transitiv** [égs] **DE** *schmeißen* • **FR** *jeter, flanquer* • **EN** *to throw, to chuck* • **PT** *deitar, atirar, arremessar* **Beispiller** ech hunn d'Reschter vum Picknick an den Dreckseemer gepucht; d'Kand huet d'Spillsaachen op de Buedem gepucht **Synonymmen** geheien, klaken, schmässen, werfen

i Verben, déi **puchen** als Basis hunn: ♂émpuchen, ♀eraus-puchen an ♀ewechpuchen

Puddel [p'udəl] Maskulinum (Pluriel Puddelen) **1.** **DE** *Pudel* • **FR** *caniche* • **EN** *poodle* • **PT** *caniche* **Beispill** d'Nopesch geet all Dag mat hirem Puddel an de Park spadséieren **2.** **DE** *Pfütze* • **FR** *flaque* (d'eau) • **EN** *puddle* • **PT** *poça* (de água) **Beispill** de Bouf spréngt an all Puddel, deem e begéint **Synonym** Pull

puddelen [p'udələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepuddelt) » **intransitiv** **DE** *planschen* • **FR** *barboter* [remuer dans l'eau] • **EN** *to splash about, to paddle* • **PT** *chapinhar* [agitar-se na água] **Beispiller** de Bébee huet mat Genoss an der Bidde gepuddelt; am Summer deet et gutt, mat de Féiss an der Baach ze puddelen

Pudder [p'udə] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Pudderen) **1.** **DE** *Pulver* [Substanz in Pulverform] • **FR** *poudre* [substance broyée] • **EN** *powder* [fine particles] • **PT** *pó*

[substância pulverizada] **Beispiller** wat ass dat fir e Pudder um Buedem?; wëllt Der d'Medikament als Pëllen oder als Pudder? **2.** **DE** *Puder* • **FR** *poudre* [cosmétique] • **EN** *powder* [face powder] • **PT** *pó de arroz* **Beispill** maach der e wéineg Pudder an d'Gesicht, da bass de net esou blatzeg!

pudderen [p'udəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gepuddert) » **transitiv** **DE** *pudern* • **FR** *poudrer* [appliquer de la poudre sur] • **EN** *to powder* [to apply powder to] • **PT** *pó* *em, empoar* **Beispiller** d'Mamm huet dem Puppelchen den Dokes gepuddert; ech puddere mer d'Gesicht nach séier

Puddermëllech [p'udemələç] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Trockenmilch, Milchpulver* • **FR** *lait en poudre* • **PT** *leite em pó* **Beispiller** d'Arméi huet d'Leit am Katatrophegebitt mat Waasser, Räs a Puddermëllech versuergt; well meng Fra net konnt nieren, krut eise Jéngste vun Ufank u Puddermëllech

Pudderzocker Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Puderzucker* • **FR** *sucre glace* • **PT** *açúcar em pó* **Beispill** ech iesse mäin Eisekuch am léifste mat e bësse Pudderzocker drop **Synonym** Mielzocker

Pudding [p'udiŋ] Maskulinum (Pluriel Puddingen) **DE** *Pudding* • **FR** *flan, crème* • **EN** *blancmange, (cold) custard* • **PT** *pudim, creme* **Beispill** de Mëtteg gouf et Pudding als Dessert

Puer [pu:ɻ] Neutrum **1.** (Pluriel Puer) **DE** *Paar* [zusammengehöriger Dinge] • **FR** *paire* [ensemble de choses] • **EN** *pair* [set, combination of two parts] • **PT** *par* [conjunto de coisas] **Beispiller** de Papp huet sech en neit Puer Schaffschong kauft; ech huele sechs Puer déck Strémp mat an de Wantersport **2.** (Pluriel <seelen> Puerer) **DE** *Paar* [Personen] • **FR** *couple* [de personnes] • **EN** *pair, couple* [of people] • **PT** *casal* [de pessoas] **Beispill** wat sidd dir zwee awer e schéint Puer! **Synonym** Koppel

puer [pu:ɻ] Indefinitpronomen » Pluriel / männlech / weiblech / sächlech (e) puer **DE** (ein) paar • **FR** *quelques* • **EN** (a) few • **PT** *alguns, algumas, (uns) poucos, (umas) poucas* **Beispiller** bei der Organisatioun hunn e puer Veräiner zesummegewierkt; loosst mech e puer Wuert zu deem Thema soen!; mat denger puer Hoer brauchs de net bei de Coiffer ze goen!; déi puer Drèpse Ree sinn um waarmen Trottoir direkt verdonst

puer [pu:ɻ] Adjektiv **DE** *pur* • **FR** *pur* • **EN** *pure* [complete], *straight* [undiluted] • **PT** *puro* **Beispiller** mäi Pullover ass aus puerer Schofswoll; aus puerem Muttwëll ass hie mam Vëlo d'Trap erofgefueer; ech drénken de Whisky ëmmer puer

Puff [puf] Maskulinum (Pluriel Puffen) **DE** *Puff* [Sitzgelegenheit] • **FR** *pouf* [siège] • **EN** *pouffe* • **PT** *pufe* [assento] **Beispill** setz dech op de Puff niewent dem Canapé!

Puff [puf] Maskulinum (Pluriel Puffen) [graf] **DE** *Puff* [Bordell] • **FR** *bordel* [maison close] • **EN** *brothel* • **PT** *bordel* **Beispill** fréier war e Puff an dësem Haus

Puff [puf] Maskulinum (kee Pluriel) [égs] op Puff **DE** *auf Pump* • **FR** *à crédit* • **EN** *on credit* • **PT** *a crédito* **Beispill** mir hunn eis Miwwelen op Puff kauft

puffeg [p'ufəç] Adjektiv DE *bauschig* • FR *bouffant* • EN *puff, bouffant* • PT *tufado* **Beispiller** ech hu mer eng Blus mat kuerzen, **puffegen** Äerm kaaft; wann s de vum Coiffer këns, hues de d'Hoer ëmmer esou schéi **puffeg**

puffen [p'ufən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gepufft*) » **transitiv** 1. [ëgs] DE *auf Kredit kaufen* • FR *acheter à crédit* • EN *to buy on credit* • PT *comprar a crédito* **Beispill** hien *huet* säin Auto *gepufft* » **intransitiv** 2. [ëgs] DE *pumpen [anschreiben lassen]* • FR *consommer à crédit* • EN *to run a tab* • PT *tomar uma bebida a crédito* **Beispill** well hie säi Portmonni vergiess hat, *huet* e misen am Café **puffen**

Puffer [p'ufe] Maskulinum (Pluriel *Puffer / Pufferen*) 1. DE *Puffer [eines Schienenfahrzeugs]* • FR *tampon [d'un véhicule ferroviaire]* • PT *tampão de choque* **Beispill** beim Ukrämpe vun engem Waggon ass en Aarbechter mat der Hand tëschent zwee **Puffer** geroden 2. DE *Puffer [finanzielle Rücklage]* • FR *réserve [moyens financiers]* • PT *reserva [meios financeiros]* **Beispiller** mir brauchen e klenge **Puffer**, fir datt mir och an Zukunft eis Rechnung kënne bezuelen; a wirtschaftlech gudden Zäite muss e finanzielle **Puffer** an de Pensionsfonge geschafe ginn **Synonym** *Reserv*

Pujel [p'uzəɔ] Maskulinum/Femininum (kee Pluriel) DE *Kalbsbries* • FR *ris de veau* • PT *moleja de vitela* **Beispill** wann ech beim Metzler wëll **Pujel** kafen, muss ech en am *Virus* bestellen **Synonym** *Ris de veau*

Pull [pul] Maskulinum (Pluriel *Pill*) DE *Pfütze* • FR *flaque (d'eau)* • EN *puddle* • PT *poça* **Beispill** trëppel net an dee **Pull**, soss kriss de d'Féiss naass! **Synonym** *Puddel*

Pullover [pul'o:və] Maskulinum (Pluriel *Pulloveren*) DE *Pullover* • FR *pull-over* • EN *jumper, sweater, pullover* • PT *camisola, pulóver* **Beispill** wann et der kal ass, kanns de méi en *décke Pullover* undinn

Variant: *Plover*

Pullschnep [p'ulʃnəp] Femininum (Pluriel *Pullschneppen*) *Limosa lapponica* DE *Pfuhlschnepfe* • FR *barge rousse* • EN *bar-tailed godwit* • PT *fuselo* **Beispill** wéi laang bréien d'**Pullschneppen**?

pulséieren [pulz'zɪəʀən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *pulséiert*)

Hei entsteet en neien Artikel.

Pult [pult] Neutrum (Pluriel *Pulter*) 1. DE *Schreibtisch* • FR *bureau [meuble]* • EN *desk [writing table]* • PT *secretária [móvel]* **Beispill** doheem *hunn* ech e groust **Pult** a mengem Büro stoen **Synonymmen** *Büro, Schreifdësch* 2. DE *Pult [Lehrerpult]* • FR *bureau, pupitre [de l'enseignant]* • EN *desk [teacher's desk]* • PT *secretária [do professor]* **Beispill** d'Professesch *huet* zwee Schüler bei d'**Pult** geruff 3. DE *Pult [Notenpult]* • FR *pupitre [à musique]* • EN *music stand* • PT *estante [de música]* **Beispiller** den *Dirigent* *huet* all *Musikant* déi nei *Partituren* op d'**Pult** geluecht; hie steet fir d'éischte *Kéier* *virum* *Orchester* um **Pult** [ëgs] [hien dirigéiert den *Orchester* fir d'éischte *Kéier*] **Synonym** *Noutepult* 4. DE *Pult [Rednerpult]* • FR *pupitre [de conférencier]* • EN *lectern* • PT *pulpito [de orador]* **Beispill** d'*Politikerin* *huet* am *Laf* vun hirer *Ried* e *puermol* mat der *Fauscht* op d'**Pult** geschloen

Synonym *Riednerpult*

Pumpernickel Maskulinum (kee Pluriel) DE *Pumpernickel* • FR *pain de seigle noir [spécialité allemande]* • PT *pão preto de centeio [especialidade alemã]* **Beispill** ech maache *gär* e *bësse* *Wäisse* *Kéis* a *Bratzelen* op mäi **Pumpernickel**

Punaise [p'yne:s] Femininum (Pluriel *Punaisen*) DE *Reißzwecke* • FR *punaise [de fixation]* • EN *drawing pin* • PT *pionés, percevejo* **Beispill** ech *brauch* *Punaisen*, fir mäi *Plakat* opzehänken!

Punk [pəŋk] Maskulinum 1. (Pluriel *Punken*) DE *Punk, Punker* • FR *punk [personne]* • EN *punk [punk rocker]* • PT *punk [pessoa]* **Beispill** fréier *hunn* ech mir als **Punk** d'*Hoer* blo gefeert 2. (kee Pluriel) DE *Punk [Musikstil]* • FR *punk [style de musique]* • EN *punk [punk rock]* • PT *punk [estilo de música]* **Beispill** ech *lauschteren* am *léifste* **Punk** **Synonym** *Punkmusek*

Variant: *Punker*

Weiblech Form: *↗Punkerin*

Punker [p'əŋkə] Maskulinum (Pluriel *Punkerer*) - Variant vun *↗Punk*

Punkerin [p'əŋkərin] Femininum (Pluriel *Punkerinnen*) DE *Punk, Punkerin* • FR *punk [femme adepte du punk]* • PT *punk [mulher]* **Beispill** un *hirem* *Museksgoüt* an *hirem* *Stil* *erkennt* een, datt si *Punkerin* ass

Männlech Form: *↗Punk*

Punkmusek [p'əŋkmuzek] Femininum (kee Pluriel) DE *Punkmusik, Punkrock, Punk* • FR *musique punk* • EN *punk (rock)* • PT *música punk* **Beispill** ech *lauschteren* am *léifste* **Punkmusek** **Synonym** *Punk*

Punkt [pʊŋt] Maskulinum (Pluriel *Punkten*) 1. DE *Punkt [Schnittstelle]* • FR *point [géométrique]* • EN *point [intersection]* • PT *ponto [geométrico]* **Beispiller** de **Punkt** *huet* keng *Dimension*; déi *zwo* *Linne* *kräizen* *sech* op engem **Punkt**; et ass **Punkt** *zwielef* *Auer* [et ass *genee* *zwielef* *Auer*] 2. DE *Punkt, Tupfen* • FR *point, tache* • EN *spot* • PT *ponto, pinta* **Beispiller** déi *rout* **Punkten** am *Gesiicht* *komme* vun engem *Allergie*; dat *klengt* *Meedchen* hat e *wäisse* *Rack* mat *roude* **Punkten** un **Synonym** *Tëppel* 3. DE *Punkte [grafisches Zeichen]* • FR *point [signe graphique]* • EN *full stop, dot* • PT *ponto [sinal gráfico]* **Beispiller** *hanner* engem **Punkt** *gëtt* dat *éischt* *Wuert* *groussgeschriwwen*; de *klengen* „i“ *huet* e **Punkt** 4. DE *Punkt [Ort, Stelle]* • FR *point [endroit, lieu]* • EN *point, place* • PT *ponto [sitio, lugar]* **Beispill** dat *he* ass *deen* *héchste* **Punkt** *vum* *Land* 5. DE *Punkt [Frage, Thema]* • FR *point [de discussion]* • EN *point, item* • PT *ponto [de discussão]* **Beispiller** et *sti* *fënnf* **Punkten** um *Programm*; du *hues* d'*Saach* op de **Punkt** *bruecht*! [ëgs] [du *hues* d'*Saach* *ganz* *kloer* *formuléiert*] 6. DE *Punkt [Bewertungs-, Bonus-, Strafpunkt]* • FR *point [de bonification, de pénalisation, d'évaluation]* • EN *mark, point [unit for scoring or counting, bonus point, penalty point]* • PT *ponto [de avaliação, de bónus, de penalização]* **Beispiller** am *Franséische* *krut* de *Schüler* op *senger* *Nott* *dräi* *Punkte* *bäi*; ech *hunn* *zwee* **Punkten** um *Fürerschäi* *verluer*, well ech *ze* *séier* *gefuer* *sinn*; ech *war* *déi* *ganz* *Woch* op der *Rull*, ech *muss* bei *menger* *Fra* *erëm* e *puer* *Punkte* *sammelen* [ëgs] [ech *war* *déi*

ganz Woch op der Rull, ech muss mech bei menger Fra erëm e weínege beléift maachen] **7.** (kee Singulier) **DE** *Noten* [Schulnoten] • **FR** *notes (scolaires)* • **EN** *mark, grade* • **PT** *notas (escolares)* **Beispiller** d'Punkte vun deenen zwee Fächer ginn zesummegezielt; ech hat ëmmer gutt **Punkten** an der Schoul **Synonym** **Notten** **8.** **DE** *Punkt* [Grenze, Schwelle] • **FR** *seuil, limite* • **EN** *point* [limit] • **PT** *ponto, limite* **Beispiller** wann et iwwer e gewëssene **Punkt** erausgeet, maachen ech net méi mat!; ech sinn um **Punkt**, fir rosen ze ginn! [et dauert net méi laang, bis ech rose ginn]

pünktlech [p'yntləç] Adjektiv - Variant vun **pénktlech**

Pünktlechkeet [p'yntləçke:t] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **pénktlechkeet**

punktuell [puŋtʷ'æ] Adjektiv **DE** *punktuell* • **FR** *ponctuel* [isolé] <Adverb *ponctuellement*> • **EN** *limited, partial* <Adverb *partially*> • **PT** *pontual* [isolado] <Adverb *pontualmente*> **Beispiller** bei véier Datze kann een net vun enger punktueller Schwächt schwätzen; d'Reform gouf nëmme **punktuell** ëmgesat

pupeg [p'u:pəç] Adjektiv **1.** [égs] **DE** *blasiert* • **FR** *arrogant, hautain* <Adverb *de manière arrogante*> • **EN** *snooty, stuck-up* <Adverb *snootily*> • **PT** *arrogante, altivo* <Adverb *de forma arrogante*> **Beispiller** wat war ech do an eng **pupeg** Gesellschaft geroden!; dee Kärel schwätzt esou **pupeg** **2.** [égs] **DE** *öde* [langweilig] • **FR** *insipide* [ennuyeux] • **EN** *insipid* [dull] • **PT** *insipido* [laborrecido, enfadonho] **Beispill** wat war dat e **pupege** Concert!

pupegal [pu:beg'a:l] Adjektiv [égs] **pupegal** sinn **DE** *piepegal sein* • **FR** *s'en ficher royalement* • **PT** *estar-se nas tintas, estar-se perfeitamente a borrifar* **Beispiller** et ass mir **pupegal**, wien dee Feeler gemaach huet, kuck, datt s du d'Saach erëm riichtgebéit kriss!; dat ass mir esou eppes vu **pupegal**! **Synonym** **quitschegal** sinn

pupen [p'u:pən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gepuupt**) » **intransitiv** [Kannersprooch] **DE** *pupen* • **FR** *prouter* [lâcher un prout] • **EN** *to break wind, to fart* • **PT** *dar um pum* **Beispill** de Bëbee huet **gepuupt**

1 Variant: **puupsen**

Pupes [p'u:pəs] Maskulinum (Pluriel **Pupessen**) [Kannersprooch] **DE** *Popo, Po* • **FR** *popotin, cucul* • **EN** *bottom, bum* • **PT** *tutu, pupu* [nâdegas] **Beispiller** dee klenge Butz kräischt, well en op de **Pupes** gefall ass; setz dech net op déi kal Mauer, der erkaals der de **Pupes**! [setz dech net op déi kal Mauer, der kriss eng Blose-nzündung!] **Synonymmen** **Dokes, Kicles, Tut**

Pupill [pup'il] Femininum (Pluriel **Pupillen**) **DE** *Pupille* • **FR** *pupille* [de l'œil] • **EN** *pupil* [of the eye] • **PT** *pupila* [do olho] **Beispill** den Aendokter huet mir Drëpsen an d'Ae gemaach, fir d'**Pupille** méi grouss ze maachen

Puppelchen [p'upəlçən] Maskulinum (Pluriel **Puppelcher**) **DE** *Säugling, Baby* • **FR** *nourrisson, bébé* • **EN** *baby* [infant] • **PT** *lactente, bebé* **Beispiller** fir de **Puppelchen** ze berouegen, huet de Papp em e Schloflidd gesongen; d'Mamm gétt dem **Puppelchen** d'Fläsch; ech ka meng Schong scho selwer strécken, ech si jo kee **Puppelche** méi! **Synonym** **Bëbee**

puppsat [p'upza:t] Adjektiv [égs] **DE** *pappsatt* • **FR** *gavé* [complètement rassasié] • **EN** *stuffed* [full up] • **PT** *cheio, farto* <Adverb *à farto*> **Beispiller** no deem risege Buffet waren d'Gäscht alleguer **puppsat**; mir hunn eis déi ganz Vakanz iwwer **puppsat** giess

Püree [p'yre:] Maskulinum (Pluriel **Püreeën**) **DE** *Püree* • **FR** *purée* • **EN** *mash, creamed potatoes* • **PT** *puré* **Beispill** de Mëtteg gétt et an der Kantin Schwéngsbrot mat **Püree** an Ierbessen

Purée [p'y:re:] Maskulinum (Pluriel **Puréeën**) - Variant vun **püree**

püréieren [pyr'ziəɐən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **püréiert**) » **transitiv** **DE** *pürieren* • **FR** *réduire* en *purée* • **EN** *to purée, to mash* • **PT** *reduzir a puré* **Beispill** esoulaang e keng Zänn huet, **püréiert** d'Mamm dem Bëbee d'Essen

Purge Femininum (Pluriel **Purgen**) **1.** **DE** *Darmreinigung* • **FR** *purge* [traitement purgatif] • **PT** *limpeza intestinal* **Beispill** virum enger Daarmspiegelung muss de Patient eng **Purge** maachen **2.** **DE** *Abführmittel* • **FR** *purge* [remède purgatif] • **PT** *purgante* [medicamento] **Beispill** virum enger Daarmspiegelung muss de Patient eng **Purge** anhuelen

purgéieren [pyr'ziəɐən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **purgéiert**) - Variant vun **pürgen**

purgen [p'yRzən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gepurget**) » **transitiv** **1.** **DE** *purgieren, den Darm leeren* • **FR** *purger* [administrer un purgatif à] • **EN** *to purge* [to administer a purgative] • **PT** *purgar* [dar um purgante al] **Beispill** virum Accouchement gouf d'**Fra** **gepurget** **2.** **DE** *entlüften* [lein (hydraulisches) System] • **FR** *purger* [évacuer l'air de] • **EN** *to bleed* [to release fluid or gas] • **PT** *purgar o ar de, sangrar* **Beispiller** zënter ech d'Heizkierpere **gepurget** **hunn**, gi se nees méi waarm; ech hunn de ganze Weekend gebraucht, fir d'Bremse vu mengem Vélo ze **purgen** **Synonym** **entlüften**

1 Variant: **purgéieren**

puristesch [pur'istəʃ] Adjektiv

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Purpurreeër [p'u:Rpurə:e] Maskulinum (Pluriel **Purpurreeër** / **Purpurreeëren**) **Ardea purpurea** **DE** *Purpur-reiher* • **FR** *héron pourpré* • **EN** *purple heron* • **PT** *garça-roxa* **Beispill** wéi laang bréien d'**Purpurreeër**?

purpurrot [purpur'əʊt] Adjektiv **DE** *purpurn, purpurrot* • **FR** *pourpre* • **EN** *purple* • **PT** *purpúreo* **Beispill** de Kardinol hat eng **purpurrot** Soutane un

pushen Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gepusht**) » **transitiv** **1.** [égs] **pushen** (zu) **DE** *pushen* (zu) [antreiben (zu)], fördern • **FR** *pousser* (à) [stimuler], promouvoir • **EN** *to push* [to encourage] • **PT** *puxar por, incentivar* (a), promover **Beispiller** den Trainer huet eis haut um Training nach méi **gepusht** ewéi soss; meng Math-ésproff ass derfir bekannt, fir all Schüler zu bessere Leeschtungen ze **pushen**; fir de regionalen Tourismus ze **pushen**, krut all Stot e Bong fir zwou Iwweruechtungen **2.** [égs] **DE** *pushen* [bekannt machen] • **FR** *faire la promo de* • **EN** *to push* [to promote] • **PT** *promover* (a *venta de*), fazer grande publicidade a **Beispill** eisen neie

Produit soll duerch eng Campagne an de soziale Media gepusht ginn

Putsch [putʃ] Maskulinum (Pluriel Putschen) **DE** *Putsch* • **FR** *putsch* • **EN** *putsch* • **PT** *putsch, golpe de Estado* **Beispill** d'Genereel hunn e Putsch géint d'Regierung geplangt

Putsch [putʃ] Maskulinum (Pluriel Pitsch) **1. DE** *Büschel* • **FR** *touffe* • **EN** *tuft* • **PT** *tufo* **Beispill** hatt huet sengem klengen Brudder e puer Pitsch Hoer ausgerapp't **2. DE** *Schleife [als Schmuck]* • **FR** *nœud [ruban noué]* • **EN** *bow [in a ribbon]* • **PT** *laço [fita com nó]* **Beispiller** d'Vendeuse huet e schéine Putsch op de Pak gemaach; dat klengt Meedchen hat zwee rosa Pitsch an den Hoer

putschen [pʊtʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **geputscht**) » **intransitiv DE** *putschen* • **FR** *organiser un putsch* • **EN** *to organize a putsch* • **PT** *organizar um golpe de Estado* **Beispill** e puer Genereel hu géint de Staatschef **geputscht**

i Verb, dat **putschen** als Basis huet: ↗**opputschen**

Putter Femininum (Pluriel Putteren) **DE** *Schwebelbalken, Balancierbalken* • **FR** *poutre [d'équilibre]* • **EN** *balance beam* • **PT** *barra de equilibrio, trave* **Beispiller** bei hirem leschte Sprong op der Putter huet d'Turnerin d'Gläichgewicht verluer; d'Putter férdert de Gläichgewichtssënn bei de Kanner

puupsen [pʊ:psən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gepuupst**) - Variant vun ↗**pupen**

puzzelen [pʊzələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gepuzzelt**) » **intransitiv DE** *puzzeln* • **FR** *faire un puzzle, faire des puzzles* • **EN** *to do a jigsaw (puzzle)* • **PT** *montar um puzzle, montar puzzles* **Beispill** hien huet schonn als klengen Bouf gär **gepuzzelt** **Synonymmen** e Puzzle maachen, Puzzele maachen

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: **puzzelen** / **péselen**

Puzzle [pʊzəl] Maskulinum (Pluriel Puzzelen) **DE** *Puzzle* • **FR** *puzzle* • **EN** *jigsaw (puzzle)* • **PT** *puzzle* **Beispill** ech sinn amgang, e Puzzle vun dausend Stécker ze maachen

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: **Puzzle** / **Pésel**

Puzzlestéck [pʊzəlʃtek] Neutrum (Pluriel **Puzzlestécker**) **DE** *Puzzleteil* • **FR** *pièce d'un puzzle* • **EN** *piece of a jigsaw* • **PT** *peça de puzzle* **Beispill** lee all d'Puzzlestécker, déi der Faarf no zesummegehéieren, op ee Kouf!

i Variant: **Péselstéck**

Pyjama [pʲiʒama:] Maskulinum (Pluriel **Pyjamaen**) **DE** *Pyjama* • **FR** *pyjama* • **EN** *pyjamas* • **PT** *pijama* **Beispiller** diit äre Pyjama un a gitt schlofen!; de Pyjama strämmt eng Iddi iwwer dem Bauch

Pyjamasbox [pʲiʒama:sb'oks] Femininum (Pluriel **Pyjamasboxen**) **DE** *Pyjamahose* • **FR** *pantalon du pyjama* • **EN** *pyjama trousers* • **PT** *calças de pijama* **Beispill** de Lastik vu menger **Pyjamasbox** ass mer ze labber

Pyramid [pʲiram'i:t] Femininum (Pluriel **Pyramiden**) **1. DE** *Pyramide [geometrische Form]* • **FR** *pyramide [forme géométrique]* • **EN** *pyramid [geometrical figure]* • **PT** *pirâmide [forma geométrica]* **Beispill** d'Schüler hunn de Volume vun der **Pyramid** missen ausrechnen **2. DE** *Pyramide [Bauwerk]* • **FR** *pyramide [édifice]* • **EN** *pyramid [construction]* • **PT** *pirâmide [construção]* **Beispill** d'Ägypter si bekannt fir de Bau vu gewaltege **Pyramiden**

Pyreen Femininum (Pluriel **Pyreenen**) **vereezlt DE** *Feuerlöscher* • **FR** *extincteur* • **EN** *fire extinguisher* • **PT** *extintor* **Beispiller** op all Stack vum Schoulgebai muss eng **Pyreen** hänken; d'**Pyreene** muss reegelméisseg kontrolléiert ginn **Synonym** **Feierlöscher**

Pyroman Maskulinum (Pluriel **Pyromanen**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Weiblech Form: ↗**Pyromanin**

pyromanesch Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Pyromanie Femininum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Pyromanin Femininum (Pluriel **Pyromaninnen**)

i Männlech Form: ↗**Pyroman**

Python [pʲiton] Femininum (Pluriel **Pythonen**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Q

QR-Code Maskulinum (Pluriel QR-Coden)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Quarz [kwa:rts] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Quarz • **FR** quartz • **EN** quartz • **PT** quartzo **Beispill** fréier gouf an dëser Géigend Quarz ofgebaut

i Variant: Quarz

Quarzauer [kw'a:rdzøø] Femininum (Pluriel Quaarzaueren) **DE** Quarzuhr • **FR** montre à quartz • **EN** quartz watch, quartz clock • **PT** relógio de quartzo **Beispill** ech krut fir mäi Gebuertsdag eng Quarzauer geschenkt

i Variant: Quarzauer

quacksen [kw'aksən] Verb (Hëllefverb hunn, Particpe passé gequackst)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Quad Maskulinum (Pluriel Quatten) **DE** Quad • **FR** quad • **PT** moto-quatro **Beispiller** an der Vakanz si mer mat engem Quad duerch d'Wüüst gefuer; ass et erlaabt, ouni Helm mam Quad ze fueren?

Quadrat [kwadr'a:t] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Quadraten / Quadrater) **1.** **DE** Quadrat • **FR** carré [quadri-latère] • **EN** square [figure] • **PT** quadrado [quadrilátero] **Beispiller** an der Spillschoul hunn d'Kanner Quadrater ausgeschnidden; ech sinn am Quadrat gesprongen! **égs** [lech war ausser mer] **2.** **égs** am Quadrat **DE** hoch drei, im Quadrat [in höchstem Maße] • **FR** au carré [porté à son comble] • **EN** squared [in the highest degree, multiplied] • **PT** no seu maior expoente [em elevado grau] **Beispill** wat dee Kärel vu sech gëtt, ass d'Dommheet am Quadrat!

Quadratdezimeeter Maskulinum (Pluriel Quadratdezimeeter) - Variant vun ↗Quadratdezimeter

i **Quadratdezimeeter** gëtt mat **dm²** oder mat **qdm** ofgekierzt.

Quadratdezimeter [kwadr'a:td'e:tsime:tə] Maskulinum (Pluriel Quadratdezimeter) **DE** Quadratdezimeter • **FR** décimètre carré • **EN** square decimetre • **PT** decímetro quadrado **Beispill** wéi vill Quadratdezimeter huet d'Ést Stéck Stoff? **Synonym** Dezimeterkaree

i **Quadratdezimeter** gëtt mat **dm²** oder mat **qdm** ofgekierzt.

quadratesch [kwadr'a:təʃ] Adjektiv **DE** quadratisch • **FR** carré [en forme de carré] • **EN** square • **PT** quadrado [que tem a forma de quadrado] **Beispill** d'Säite vum Wierfel si quadratesch

Quadratkilometer Maskulinum (Pluriel Quadratkilomeeter / Quadratkilomeeteren) - Variant vun ↗Quadratkilometer

i **Quadratkilomeeter** gëtt mat **km²** oder mat **qkm** ofgekierzt.

Quadratkilometer [kwadr'a:tkilom'e:tə] Maskulinum (Pluriel Quadratkilometer / Quadratkilometeren) **DE** Quadratkilometer • **FR** kilomètre carré • **EN** square kilometre • **PT** quilómetro quadrado **Beispiller** d'Naturschutzgebitt huet eng Fläch vun 200

Quadratkilometer; duerch d'Feier goufe Quadratkilometere Bësch komplett zerstéiert **Synonym** Kilometerkaree

i **Quadratkilometer** gëtt mat **km²** oder mat **qkm** ofgekierzt.

Quadratmeeter Maskulinum (Pluriel Quadratmeeter / Quadratmeeteren) - Variant vun ↗Quadratmeter

i **Quadratmeeter** gëtt mat **m²** oder mat **qm** ofgekierzt.

Quadratmeter [kwadr'a:tm'e:tə] Maskulinum (Pluriel Quadratmeter / Quadratmeteren) **DE** Quadratmeter • **FR** mètre carré • **EN** square metre • **PT** metro quadrado **Beispiller** wéi vill Quadratmeter huet d'äin neit Appartement?; duerch eng schlecht Opdeelung vun de Raim kënne vill Quadratmeteren am Gebai net optimal ausgenutzt ginn **Synonym** Meterkaree

i **Quadratmeter** gëtt mat **m²** oder mat **qm** ofgekierzt.

Quadratmillimeeter Maskulinum (Pluriel Quadratmillimeeter) - Variant vun ↗Quadratmillimeter

i **Quadratmillimeeter** gëtt mat **mm²** oder mat **qmm** ofgekierzt.

Quadratmillimeter [kwadr'a:tm'ilime:tə] Maskulinum (Pluriel Quadratmillimeter) **DE** Quadratmillimeter • **FR** millimètre carré • **EN** square millimetre • **PT** milímetro quadrado **Beispill** wéi vill Quadratmillimeter huet deen neien Timber? **Synonym** Millimeterkaree

i **Quadratmillimeter** gëtt mat **mm²** oder mat **qmm** ofgekierzt.

Quadratwuerzel [kwadr'a:tv'u:ətsə] Femininum (Pluriel Quadratwuerzelen) **DE** Quadratwuerzel • **FR** racine carrée • **EN** square root • **PT** raiz quadrada **Beispill** als Übung hunn d'Schüler d'Quadratwuerzel vu verschiddenen Zuele misse rechnen

Quadratzeitmeeter Maskulinum (Pluriel Quadratzeitmeeter) - Variant vun ↗Quadratzeitmeter

i **Quadratzeitmeeter** gëtt mat **cm²** oder mat **qcm** ofgekierzt.

Quadratzeitmeter Maskulinum (Pluriel Quadratzeitmeter) - Variant vun ↗Quadratzeitmeter

i **Quadratzeitmeter** gëtt mat **cm²** oder mat **qcm** ofgekierzt.

Quadratzeitmeeter Maskulinum (Pluriel Quadratzeitmeeter) - Variant vun ↗Quadratzeitmeter

i **Quadratzeitmeeter** gëtt mat **cm²** oder mat **qcm** ofgekierzt.

Quadratzeitmeter [kwadr'a:ts'æntime:tə] Maskulinum (Pluriel Quadratzeitmeter) **DE** Quadratzeitmeter • **FR** centimètre carré • **EN** square centimetre • **PT** centímetro quadrado **Beispill** wéi vill Quadratzeitmeter huet d'ës Karteikaart? **Synonym** Zentimeterkaree

i **Quadratzeitmeter** gëtt mat **cm²** oder mat **qcm** ofgekierzt.

i Varianten: Quadratzeitmeeter, Quadratzeitmeter

Quai [kɛ:] Maskulinum (Pluriel Quaien) **1.** **DE** Bahnsteig, Bussteig • **FR** quai [d'une gare ferroviaire, d'une gare routière] • **EN** platform [at a railway station, at a bus station]

• **PT** *cais, plataforma* **Beispiller** d'Leit stinn um Quai op den Zuch ze waarden; de Bus fiert um Quai 6 fort **2. DE** *Kai* • **FR** *quai* [d'un port] • **EN** *quay, dock* • **PT** *cais* [de um porto] **Beispill** d'Schëff huet um Quai 4 ugeluecht

quaken [kw'a:kən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gequakkt) » **intransitiv 1. DE** *quaken* [Frosch, Kröte] • **FR** *coasser* • **EN** *to croak* • **PT** *coaxar* **Beispill** beim Weier quaken d'Fräschen **2. DE** *quaken* [Ente] • **FR** *can-caner* [canard] • **EN** *to quack* [duck] • **PT** *grasnar* [pato] **Beispill** beim Weier quaken d'Inten och

Qual [kwa:l] Femininum **1.** (Pluriel Qualen) **DE** *Qual* [Leiden] • **FR** *souffrance* [physique] • **EN** *suffering* [physical] • **PT** *sofrimento* [físico] **Beispiller** an de Konzentrationslager hu vill Leit schrecklech Qualen ausgestanen; fir eisen Hond vu senge Qualen ze erlëisen, hu mer en aschléifere gelooss **2.** (kee Pluriel) **DE** *Qual* [Belastung, Geduldsprobe] • **FR** *épreuve, supplice* [tourment] • **EN** *agony* [mental suffering] • **PT** *provação, martírio* [tormento] **Beispill** et war eng **Qual**, esou laang op déi Norricht ze waarden **Synonym** Tortur **3.** (kee Pluriel) **DE** *Qual* [Mühsal, Schikane] • **FR** *torture, corvée* • **EN** *torture* • **PT** *tortura, frete* **Beispiller** fir d'Kanner ass et eng **Qual**, esou laang mussen roueg sëtzen ze bleiwen; Sport ass fir mech eng **Qual** **Synonym** Tortur

quälen [kw'ɛ:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gequält) » **transitiv 1. DE** *quälen* [misshandeln] • **FR** *maltraiter* [physiquement] • **EN** *to mistreat* [physically] • **PT** *maltratar* [físicamente] **Beispill** hal op, dat Déier ze quälen! **Synonymmen** mësshandelen, péngegen **2. DE** *quälen* [belasten, plagen] • **FR** *tourmenter, tracasser* • **EN** *to torment, to trouble* • **PT** *atormentar, apoquentar* **Beispill** säi schlecht Gewësse quält hie schonn zënter Joren » **reflexiv 3.** sech quälen duerch **DE** *sich quälen* durch [mühsam vorankommen] • **FR** *avancer à grande peine à travers* • **EN** *to struggle through* [to advance with difficulty] • **PT** *avançar a muito custo através* de **Beispill** ech quäle mech all Moien duerch de Berufstrafick

Quälerei [kwɛ:lɛ'ɔi] Femininum (Pluriel Quälereien) **DE** *Quälerei* [Misshandlung] • **FR** *maltraitance* [physique] • **EN** *mistreatment, cruelty* [physical] • **PT** *mau trato* [físico] **Beispill** deen Hond gouf duerch déi stänneg Quälerei ganz aggressiv **Synonym** Mësshandlung

Qualifikatioun [kwalifikasj'əʊn] Femininum (Pluriel Qualifikatiounen) **1. DE** *Qualifikation* [Befähigungsnachweis] • **FR** *justificatif* de *qualification* • **EN** *qualification(s)* [diploma(s), training] • **PT** *(comprovação de) qualificação* **Beispill** zwee Drëttel vun de Kandidate goufen net geholl, well se déi néideg Qualifikatiounen net haten **2. DE** *Qualifikation* [sportlicher Wettkampf] • **FR** *(épreuve de) qualification* • **EN** *qualifying round(s)* • **PT** *(prova de) qualificação* [competição desportiva] **Beispill** eis Ekipp gouf schonn an der Qualifikatioun eliminéiert

qualifizéieren [kwalifits'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé qualifizéiert) » **reflexiv** sech qualifizéieren (fir) **DE** *sich qualifizieren* (für) [bei einem Wettbewerb] • **FR** *se qualifier* (pour) [lors d'une compétition] • **EN** *to qualify* (for) [in a competition] • **PT** *qualificar-se* (para) [numa competição] **Beispiller** d'Fanfare huet sech beim Concours fir d'Finall qualifizéiert; d'Nationalekipp am Handball ka sech nach ëmmer fir

d'Weltmeeschterschaft qualifizéieren

raffinéiert [Rafin'zi:ət] Adjektiv **1.** DE *raffiniert* [fein, erlesen] • FR *raffiné* [subtil, recherché] <Adverb avec recherche, avec raffinement> • EN *refined, elegant* <Adverb elegantly> • PT *refinado, requintado* <Adverb com apuro, com requinte> **Beispiller** däi Kleed huet nawell e ganz raffinéierten Decolleté; dëse Kach ass fir seng raffinéiert Kiche bekannt; fir déi Geleeënheet waren si ganz raffinéiert gekleet **Synonym** apaart **2.** DE *raffiniert* [schlau] • FR *astucieux, malin* <Adverb de manière astucieuse> • EN *clever, cunning* <Adverb cleverly> • PT *astucioso, esperto* <Adverb astuciosamente> **Beispiller** dee raffinéierten Hond hat séier eraus, wou d'Mamm de Schockela verstoppt hat!; den Déif hat mat senger Komplizen e raffinéierte Plang entwéckelt; ech muss soen, datt s de dech heibäi net besonnesch raffinéiert ugeluecht hues! **Synonymmen** lous, gewiift

i „raffinéiert“ kann och de Participe passé vum Verb ↗raffinéieren sinn.

Raffinerie [Rafinəri:'i:] Femininum (Pluriel Raffinerien) DE *Raffinerie* • FR *raffinerie* • EN *refinery* • PT *refinaria* **Beispill**

de Gestank aus der Raffinerie stéiert d'Leit, déi ronderëm wunnen

Raffiness [Rafin'æ:s] Femininum (Pluriel Raffinessen) **1.** (meeschtens Pluriel) DE *Feinheit* [Nuance, Einzelheit] • FR *raffinement, subtilité* [nuance, détail] • EN *subtlety* • PT *subtileza* [nuance, pormenor] **Beispill** et ass schwéier, déi lescht Raffinesse vun der Grammaire ze verhalen **Synonymmen** Feinheit, Finess **2.** DE *Raffinesse* [Schlauheit, Tücke] • FR *astuce, ruse* • EN *guile, cunning* • PT *astúcia, manha* **Beispill** mat Tricken a Raffinesse wéckelt hien d'Leit ëm de klenge Fanger

rafistoléieren [Rafistol'ziə:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *rafistoléiert*) » **transitiv** égs DE *flicken, notdürftig ausbessern* • FR *rafistoler* • EN *to fix, to patch up* • PT *consertar, arranjar, remendar* **Beispiller** a menger Fräizäit rafistoléieren ech al Vëloen; den Noper ass amgang, säin ale Schapp ze rafistoléieren

Ragout [R'agu:] Maskulinum (Pluriel Ragouten) DE *Ragout* • FR *ragoût* • PT *ragu* **Beispill** wat fir e Wäin hëls de fir an däi Ragout?

Raiber [R'aibə] Maskulinum (Pluriel Raiber) DE *Räuber* • FR *brigand* • EN *robber* • PT *ladrão, bandido* **Beispiller** d'Raiber haten hiert Affer an eng Sakgaass gelacket; hie war voll ewéi e Raiber! égs [hien hat vill ze vill Alkohol gedronk] **Synonymmen** Bandit, Brigang

raiberen [R'aibə:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geraibert*) » **intransitiv** DE *rabiät spielen, rabiät fahren* • FR *faire le bourrin* • EN *to behave violently, to drive recklessly* • PT *jogar à bruta, conduzir agressivamente* **Beispiller** während dem Fussballmatch ass schéi geraibert ginn!; op dësem Stéck Autobunn gëtt ëmmer geraibert

i Verb, dat **raiberen** als Basis huet: ↗ausraiberen

Raiberin [R'aibə:rin] Femininum (Pluriel Raiberinnen) - weiblech Form vun ↗Raiber **Synonym** Banditin

räich [Ræ:ɪç] Adjektiv **1.** DE *reich* [wohlhabend] • FR *riche* [fortuné, aisé] • EN *rich* [wealthy] • PT *rico* [opulento, abastado] **Beispiller** hie kënnt aus enger räicher Famill; vum Schaffen ass nach kee räich ginn!; hire Jong huet sech räich bestuet [hire Jong huet eng räich Fra bestuet] **2.** räich sinn un DE *reich sein an* • FR *être riche en, être richement pourvu de* • EN *to be rich in* • PT *ser rico em* [ter abundância de] **Beispill** dat Land ass räich u Bëscher

Räich [Ræ:ɪç] Neutrum (Pluriel Räicher) DE *Reich* • FR *empire, royaume* • EN *empire, kingdom* • PT *império, reino* **Beispiller** den Doud vum Kinnek huet den Ënnergang vun sengem Räich agelaut; den Atelier am Keller war mengem Papp säi Räich égs [am Atelier am Keller huet mäi Papp sech am léifsten opgehalen]

räich [Ræ:ɪç] Adverb DE *reich* [üppig] • FR *grassement, amplement, abondamment* • EN *handsomely, generously* • PT *generosamente, amplamente, abundantemente* **Beispill** hie gouf fir seng Méi räich belount

Räichel [Ræ:ɪçəl] Eegennumm DE *Reichlingen* • FR *Reichlange* • EN *Reichlange* • PT *Reichlange* **Beispiller** ech wunnen zu Räichel; fiert dëse Bus op Räichel?

rächhalteg [R'æ:ɪçhaltəç] Adjektiv **DE** reichhaltig • **FR** riche [abondant, varié] • **PT** rico [abundante, variado] **Beispill** eng rächhalteg Ernährung dréit zu enger guder Gesondheet bäi

rächlech [R'æ:ɪçləç] Adverb **1. DE** reichlich [üppig, großzügig] • **FR** copieusement • **EN** generously [plentifully] • **PT** copiosamente, abundantemente **Beispill** an deem Restaurant kriss de rächlech (z'essen) **2. DE** reichlich [sehr] • **FR** particulièrement, très • **EN** extremely, rather • **PT** particularmente, muito **Beispill** déi Affär hei ass rächlech kompliziert!

Rächtum [R'æ:ɪçtʊm] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Reichtum [Vermögen] • **FR** richesse [fortune] • **EN** wealth • **PT** riqueza [fortuna] **Beispiller** där Famill hire Rächtum kénnt aus der Stolindustrie; hir riseg Villa ass en Zeeche vun hirem Rächtum; den Tourismus ass där Insel hire Rächtum **2.** (Pluriel Rächtemer, kee Singular) **DE** Besitztümer • **FR** richesses, biens • **EN** riches, possessions • **PT** riquezas, bens **Beispill** all Rächtemer vun der Welt déngen der näischt, wann s de krank bass **3.** e Rächtum un **DE** ein Reichtum an keine Menge von, eine Fülle von) • **FR** une richesse en, une abondance de • **EN** a wealth of • **PT** uma riqueza em, uma abundância de **Beispill** dat Land huet e grouse Rächtum u Schlässer a Buerger

raideg [R'ɑɪdɛç] Adjektiv - Variant vun ↗raudeg

Räif [Ræ:ɪf] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Reif [gefrorener Taut] • **FR** givre • **PT** escarcha [orvalho congelado] **Beispill** haut de Moie war Räif op Wisen an Diech

räif [Ræ:ɪf] Adjektiv **DE** reif [psychisch, körperlich entwickelt] • **FR** mûr [psychiquement, physiquement] • **EN** ready, mature [psychologically, physically developed] • **PT** maduro [psiquicamente, fisicamente] **Beispiller** eist Klengt war nach net räif, fir an d'Spillschoul ze goen; Äre Fils ass an der Lescht méi räif ginn; d'Zäit ass nach net räif, fir iwwer dese Projet ze diskutéieren (et ass nach ze fréi, fir iwwer dese Projet ze diskutéieren)

räifen [R'æ:ɪfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé geräift) » **intransitiv** - **onperséinlech DE** reifen [sich als Raureif absetzen] • **FR** givrer • **EN** to freeze [to be covered in frost] • **PT** gear **Beispiller** et huet hënt geräift; et muss eng Kéier räifen, ier een d'Schleiwé ka verschaffen

räifen [R'æ:ɪfən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé geräift) » **intransitiv DE** reifen [Gestalt annehmen] • **FR** mûrir [prendre forme] • **EN** to mature • **PT** amadurecer [tomar forma] **Beispill** esou e grouse Projet brauch Zäit fir ze räifen

Raimlechkeet [R'ɑɪmlɛçke:t] Femininum (Pluriel Raimlechkeeten) (meeschens Pluriel) **DE** Räumlichkeit • **FR** local • **EN** premises • **PT** local [instalações] **Beispill** mir siche grouss an hell Raimlechkeete fir eise Betrib

Räis [Ræ:ɪs] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** Reis [Pflanzen] • **FR** riz [plantes] • **EN** rice [plant] • **PT** arroz [plantas] **Beispill** an eise Géigeng gëtt kee Räis ugeplant **2. DE** Reis [Früchte, Kerne] • **FR** riz [fruits, grains] • **EN** rice [grains] • **PT** arroz [frutos, grãos] **Beispill** du hues de Räis ze laang gekacht, elo ass e papeg!

Räiskär Maskulinum (Pluriel Räiskären)

! Hei entsteet en neien Artikel.

raisonabel [REZON'a:bəl] Adjektiv - Variant vun ↗rasonabel

raisonéieren [REZON'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé raisonéiert) - Variant vun ↗rasonéieren

Raisonnement [REZONəm'ænt] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Raisonnement) - Variant vun ↗Raisonnement

raisonnabel [RE:ZON'a:bəl] Adjektiv - Variant vun ↗rasonabel

Raisonnement [REZONəm'ænt] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Raisonnement) - Variant vun ↗Raisonnement

rässen [R'æ:ɪsən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gerass) » **transitiv 1. DE** reißen [mit Gewalt wegnehmen] • **FR** arracher, enlever [en arrachant] • **EN** to snatch, to tear off • **PT** arrancar, arrebatar [tirar com violência] **Beispiller** den Déif huet mer de Portmonni aus der Hand gerass; d'Fannen hunn dem Rockstar d'Kleeder vum Leif gerass **Synonym** rappen **2.** u sech rässen **DE** an sich reißen • **FR** s'emparer de [par la force] • **EN** to seize, to take [by force] • **PT** apoderar-se de [tomar pela força] **Beispill** d'Genereel hu geputscht an d'Muecht u sech gerass **Synonym** u sech rappen **3. DE** reißen [töten] • **FR** tuer, égorger [mammifère prédateur] • **EN** to rip apart, to kill [prey] • **PT** matar [mamífero predador] **Beispiller** de Wollef huet e Schof gerass; si hunn näischt ze rässen an näischt ze bäissen [ëgs] [si si ganz aarm] **4.** a Stécker rässen / a Fatze rässen **DE** in Stücke reißen, in Fetzen reißen • **FR** mettre en pièces, mettre en lambeaux • **EN** to tear to shreds • **PT** desfazer em bocados, desfazer em farrapos **Beispill** den Hond huet meng Schlappen a Stécker gerass! **Synonym** a Fatze rappen **5.** Holz rässen **DE** Holz spalten • **FR** fendre du bois • **EN** to split wood • **PT** rachar lenha **Beispill** ech hunn de ganzen Dag Holz gerass **6.** [ëgs] Witze rässen **DE** Witze reißen • **FR** débiter des blagues • **EN** to crack jokes • **PT** mandar piadas **Beispiller** mäi Monni huet ewéi ëmmer dee ganzen Owend Witze gerass; an dëser Situatioun ass et net, fir Witzen ze rässen **Synonym** Witze rappen **7.** sech eppes rässen **DE** sich etwas reißen [durch Riss verletzen], sich eine Zerrung zuziehen an • **FR** se déchirer quelque chose [un muscle, un tendon] • **EN** to tear, to pull [a tendon, a muscle] • **PT** distender algo [um músculo, um tendão] **Beispill** d'Turnerin huet sech beim Iwwerschlag d'Bänner gerass **8.** [ëgs] sech eng rässen **DE** sich etwas einbrocken, sich ins eigene Fleisch schneiden • **FR** se mettre dans le pétrin, se mettre dans de mauvais draps • **EN** to land oneself in, to get oneself into • **PT** meter-se numa alhada, meter-se em maus lençóis **Beispill** mat dengem domme Geschwätz hues de der eng schéi gerass! **Synonym** sech eng rappen » **transitiv** - **onperséinlech 9. DE** reißen [schmerzen] • **FR** tirer, tirailler • **EN** to ache • **PT** provocar tensões [doer] **Beispill** et rässt mech am Réck! » **reflexiv 10.** sech rässen ëm **DE** sich reißen um • **FR** s'arracher, se disputer • **EN** to scramble for, to struggle for • **PT** disputar [lutar para obter] **Beispiller** d'Léiwe rässe sech ëm déi beschte Stécker; d'Leit hu sech drëm gerass, fir déi beschte Plaze beim Concert ze kréien **Synonym** sech rappen

ëm ♦ **Verb** (Hëllefverb **sinn**, Participe passé **gerass**) » **intransitiv** **11**. **DE** *reißen* [zerreißen, anreißen] • **FR** (se) *rompre, (se) déchirer* • **EN** *to break, to split, to fracture* • **PT** *romper(-se), rachar(-se)* **Beispiller** zéi net esou fest un deem Seel, soss räisst et!; u menger Schwëster hirem Kleed **ass** eng Brëtell **gerass**; hie läit mat engem **gerassene** Schlësselbeen am Spidol; wéi de Bouf esou frech geäntwert huet, **ass** mir d'Gedold **gerass** [ëgs] [wéi de Bouf esou frech geäntwert huet, hunn ech definitiv d'Gedold verluer]; wann alles riicht räisst, misste mer haut mat eiser Aarbecht fäerdeg ginn [ëgs] [wann alles gutt geet, misste mer haut mat eiser Aarbecht fäerdeg ginn] **12**. **DE** *reißen* [Risse bekommen] • **FR** *se fendiller, se fissurer* • **EN** *to split, to crack* • **PT** *estalar, gretar* **Beispiller** wann d'Holz ze séier dréchent, da räisst et gär; duerch déi vum Äerd-biewen ausgeléiste Vibratiounen **ass** déi Mauer **gerass**; huet dat Glas net, et **ass** **gerass**!

i Verben, déi **räissen** als Basis hunn: ↗aräissen, ↗ëmräissen, ↗erausräissen, ↗ofräissen, ↗opräissen an ↗uräissen

Räissmates Maskulinum (kee Pluriel) [vereezlt] **DE** *Rheuma, Rheumatismus* • **FR** *rhumatisme(s)* • **EN** *rheumatism* • **PT** *reumatismo* **Beispill** net nëmmen eeler Leit, mee och Kanner kënnen **Räissmates** kréien **Synonymmen** Rematisssem, Rheuma

Rakéit [RAK'ʒit] Femininum (Pluriel **Rakéiten**) **DE** *Rakete* • **FR** *fusée* • **EN** *rocket* • **PT** *fogueteão, foguete* **Beispiller** d'**Rakéit** **ass** nees an d'Atmosphär agegeden; op der Militäraparad goufen déi nei **Rakéite** gewisen; Knupperten a **Rakéite** ginn haaptsächlech fir Silvester verkaf

Ralenti [RALÄ:'ti:] Maskulinum **1**. (kee Pluriel) **DE** *Leerlauf* [eines Verbrennungsmotors] • **FR** *ralenti* [d'un moteur à combustion] • **EN** *neutral (gear)* • **PT** *ralenti* [de um motor de combustão] **Beispill** am **Ralenti** mécht mäin Auto heiansdo gelunge Geräischer **Synonym** Leerlauf **2**. (Pluriel **Ralenties**) **DE** *Zeitlupe* • **FR** *ralenti* [séquence filmée] • **EN** *slow motion* • **PT** *câmara lenta, ralenti* **Beispiller** wann am Fussball e Gol gefall **ass**, kritt een en dacks nach e puermol am **Ralenti** gewisen; an deenen zwee **Ralenties** gesäit een, datt de Ball am Gol war; hie schafft am **Ralenti** [ëgs] [hie schafft ganz lues] **Synonymmen** Slow Motion, Zäitlupp

Rallereëër [RALÄ:'RE:'E] Maskulinum (Pluriel **Rallereëër** / **Rallereëëren**) **Ardeola ralloides** **DE** *Rallenreier* • **FR** *crabier chevelu* • **EN** *squacco heron* • **PT** *pa-pa-ratos* **Beispill** wéi laang bréien d'**Rallereëër**?

ralliéieren [RALI:'ziəRƏN] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ralliéiert**) » **reflexiv** **DE** *sich anschließen* [zustimmen] • **FR** *se rallier à* [se ranger à] • **PT** *aderir a* [aprovar] **Beispill** eis Fraktioun ka sech der Positioun vun der Majoritéit net **ralliéieren** **Synonym** sech uschlëssen

Rallonge [RAL'ʒ:f] Femininum (Pluriel **Rallongen**) **1**. **DE** *Ausziehplatte, Tischverlängerung* • **FR** *rallonge* [d'une table] • **EN** (extension) *leaf* [of a table] • **PT** *tábua de extensão* [de uma mesa] **Beispill** wann all d'Invitéë sollen un den Dësch passen, mussen mer déi zwou **Rallongen** erausziehen **2**. **DE** *Verlängerungskabel* • **FR** *rallonge* [câble] • **EN** *extension (lead)* • **PT** *extensão (elétrica)* **Beispill** de Kabel vun der Buermaschinn **ass** ze kuerz,

géis sich eng **Rallonge**! **Synonym** Verlängerung **3**. **DE** (finanzielle) *Aufstockung* • **FR** *rallonge* [financière] • **EN** (financial) *supplement* • **PT** *umento, extra* [suplemento] **Beispill** d'Chamber huet missen eng **Rallonge** vun dräi Milliounen stëmmen, fir de Bau vun der Autobunn ofzeschlëssen

Rallye [R'ali:] Maskulinum (Pluriel **Rallyen**) **1**. **DE** *Rallye* [Motorsport] • **FR** *rallye* [sport mécanique] • **EN** *rally* [motorsport] • **PT** *rali* **Beispill** mäi Monni fiert all Joer mat sengem Oldtimer bei zwee **Rallyé** mat **2**. **DE** *Schnitzeljagd, Postenlauf* • **FR** *rallye* [jeu de piste] • **EN** *scavenger hunt, paperchase* • **PT** *pedipaper* **Beispill** de Scoutschef huet fir de Camp e flotte **Rallye** preparéiert

Ram [RA:m] Maskulinum/Femininum (kee Pluriel) **DE** *Rahm, Sahne* • **FR** *crème* [de lait] • **EN** *cream* [milk] • **PT** *nata(s)* [de leite] **Beispill** maach nach e Schotz **Ram** an d'Zooss! **Synonym** Schmant

Ramadan [R'amada:n] Maskulinum (kee Pluriel) [Re-lioun] **DE** *Ramadan* • **FR** *Ramadan* • **EN** *Ramadan* • **PT** *Ramadaão* **Beispill** am **Ramadan** gëtt bei de Moslemen daagsiwwer gefaascht

Ramallah Eegennumm **DE** *Ramallah* • **FR** *Ramallah* • **PT** *Ramallah* **Beispill** **Ramallah** **ass** d'Haaptstad vu Palästina

Rambazamba Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Ramm [RAM] Femininum (Pluriel **Rammen**) **Corvus corax** **DE** *Kolkrabe* • **FR** *grand Corbeau* • **EN** *northern raven* • **PT** *corvo* **Beispill** wéi laang bréien d'**Rammen**?

Ramm [RAM] Femininum (Pluriel **Rammen**) **DE** *Wagenzug* • **FR** *rame* [train] • **PT** *composição* [comboio] **Beispill** op enger Linn fuere siwe **Rammen**

Rammeldang [R'aməldəŋ] Eegennumm **DE** *Rammeldingen* • **FR** *Rameldange* • **EN** *Rameldange* • **PT** *Rameldange* **Beispiller** ech wunnen zu **Rammeldang**; fiert dese Bus op **Rammeldang**?

rammelen [R'amələŋ] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gerammelt**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

rammelvoll [RAMəlf'ol] Adjektiv - Variant vun ↗rabbelvoll

rammen [R'aməŋ] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gerammt**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Rammerech [R'aməRəç] Eegennumm **DE** *Rambruch* • **FR** *Rambrouch* • **EN** *Rambrouch* • **PT** *Rambrouch* **Beispiller** ech wunnen zu **Rammerech**; fiert dese Bus op **Rammerech**?

i Lokalvariant: **Rammerich**

Rammerich [R'aməRiç] Eegennumm - Variant vun ↗Rammerech

ramoschteren [RAM'ofTƏRƏN] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ramoschtert**) » **intransitiv** [vereezlt] [ëgs] **DE** *herumstöbern, herumkramen* • **FR** *fouiller* [chercher] • **EN** *to rummage around* • **PT** *remexer, revolver*

[*procurar*] **Beispill** wat ramoschters du do a mengem Schaf? **Synonymmen** koschteren, triwwelen

Ramoss [RAM'os] Femininum (Pluriel Ramossen) **DE** Zündblättchen • **FR** amorce [*pétard*] • **EN** *percussion cap* • **PT** *fulminante* [*para pistola de brincar*] **Beispill** d'Bouwen hu sech heemlech **Ramosse** fir an hir Revolvere kaaft

ramoueren [RAM'əʊəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ramouert**) » **intransitiv** - och **onperséinlech** **1.** **DE** *rumoren* [*hörbar hantieren*] • **FR** *faire du bruit* [*en s'affairant*] • **EN** *to bang about, to poke about* • **PT** *fazer barulho* [*atarefando-se*] **Beispill** wien huet da schonn de Moien um Späicher ramouert? **2.** **DE** *rumoren* [*koltern*] • **FR** *gargouiller* • **EN** *to rumble* • **PT** *fazer barulho, roncar* [*ventre*] **Beispiller** d'Sauermous **ramouert** a mengem Bauch; et **ramouert** mer an den Träipen; am Komitee vum Gesang **ramouert** et [ɛgs] [et schéngt, wéi wann et am Komitee vum Gesang geschwé Sträit géif]

Ramp [RAMp] Femininum (Pluriel Rampen) **1.** **DE** *Rampe* [*Auffahrtsrampe*] • **FR** *rampe* [*d'accès*] • **EN** *access ramp* • **PT** *rampa* [*de acesso*] **Beispill** all öffentlecht Gebai muss eng **Ramp** hu fir Leit am Rollstull **2.** **DE** *Rampe* [*Laderampe*] • **FR** *rampe* [*de chargement*] • **EN** *loading platform* • **PT** *rampa* [*de carga*] **Beispill** de Camion ass hannerzeg bei d'**Ramp** gefuer **3.** **DE** *Rampe* [*einer Bühne*] • **FR** *rampe, bord de scène* • **EN** *apron* [*stage*] • **PT** *rampa, proscénio* **Beispill** um Enn vum Stéck hunn d'Acteure sech virun der **Ramp** opgestallt

Rampel [R'ampəl] Femininum (Pluriel Rampelen) - Variant vun ↗Rompel

rampeleg [R'ampələç] Adjektiv - Variant vun ↗rompeleg

rampelen [R'ampələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gerampelt**) - Variant vun ↗rampelen

Rampli [R'ampli:] Maskulinum (Pluriel Ramplien) **DE** *Abhang, Böschung* • **FR** *talus, remblai* • **EN** *bank, embankment* • **PT** *encosta, talude* **Beispill** den Auto ass de **Rampli** erofgerëtscht

ramponéieren [RAMpon'ziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ramponéiert**) » **transitiv** [ɛgs] **DE** *ramponieren* • **FR** *esquinter, abimer* • **EN** *to smash up, to ruin* • **PT** *estragar, danificar* **Beispiller** pass op, datt s de däin neien Auto net **ramponéiers!**; mäin Hutt ass ganz **ramponéiert**, huet een sech drop gesat?; no senger Néngtchen huet de Mann ganz **ramponéiert** ausgesinn [no senger Néngtchen huet de Mann elle matgeholl ausgesinn]

Rand [RANT] Neutrum (Pluriel Ranner) **DE** *Färse* • **FR** *génisses* • **EN** *heifer* • **PT** *almalha* **Beispiller** dat **Rand** schéngt krank ze sinn; d'**Ranner** stinn zesumme mat den Ochsen op der Weed; de **Blesséierten** huet geblutt ewéi e **Rand** [ɛgs] [de **Blesséierten** huet ganz vill geblutt]

Rand [RANT] Maskulinum (Pluriel Ränner) **1.** **DE** *Rand* [*äußere, obere Begrenzung*] • **FR** *bord* [*extrémité délimitante*] • **EN** *rim, edge, border* • **PT** *borda, beira* **Beispiller** de **Rand** vum Teller ass mat engem schéine Muster dekoréiert; eis Gemeng läit um **Rand** vun der Stad; dem Stagiaire säi Bättrag gouf nëmmen um **Rand** ern-

immt [dem Stagiaire säi Bättrag gouf nëmmen niewebäi ernimmt]; wann ee laang ouni Aarbecht ass, riskéiert een, un de **Rand** vun der Gesellschaft ze geroden [wann ee laang ouni Aarbecht ass, riskéiert een, marginaliséiert ze ginn]; d'**Fuesgecke** waren ausser **Rand** a **Band!** [ɛgs] [d'**Fuesgecken** hu sech net gepackt vu Muttwëll] **Synonym** **Bord** **2.** **DE** *Rand* [*auf einer Seite*] • **FR** *marge* [*d'une page*] • **EN** *margin* [*of a page*] • **PT** *margem* [*de uma página*] **Beispiller** looss e breede **Rand**, wann s de e **Brëif** schreifts!; schreift ären Numm a **Virnumm** an de **Rand** vum **Prüfungsblat!**

Rand Maskulinum (Pluriel **Rand**) **DE** *Rand* [*Währungseinheit*] • **FR** *rand* • **PT** *rand* **Beispiller** a **Südafrika** gëtt mat **Rand** bezuelt; mat wéi vill **Rand** muss ee fir eng **Nuecht** am **Hotel** rechnen?; hues de nach e puer **Rand** am **Portmonni**?

i **Rand** gëtt mat **ZAR** oder mat **R** ofgekierzt.

randaléieren [Randa:l'ziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **randaléiert**) » **intransitiv** **DE** *randalieren* • **FR** *commettre des actes de vandalisme* • **EN** *to riot* • **PT** *causar disturbios* **Beispill** wéi d'**Fannen** ugefaangen hunn ze **randaléieren**, huet d'**Police** agegraff

Randbéischt [R'antbɛɪft] Maskulinum (Pluriel **Randbéischen**) **DE** *Rind* [*Nutztier*] • **FR** *bovin* • **EN** *cow* [*cattle*] • **PT** (*animal*) *bovino* **Beispill** de **Bauer** huet d'**Randbéische** virum **Wanter** an de **Stall** geholl

Randflesch [R'antfle:ʃ] Neutrum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Rëndflesch

Randschelt [R'antfəlt] Eegennumm **DE** *Rindschleiden* • **FR** *Rindschleiden* • **EN** *Rindschleiden* • **PT** *Rindschleiden* **Beispiller** ech wunnen zu **Randschelt**; fiert dëse **Bus** op **Randschelt**?

Rang [Rŋ] Maskulinum (Pluriel **Räng**) **DE** *Rang* [*hierarchische Stellung*] • **FR** *rang, position* [*hiérarchique*] • **EN** *rank* [*hierarchic position*] • **PT** *categoria, posição* [*hierárquica*] **Beispiller** dat war e **Geléierte** vun héijem **Rang**; hien hält op säi **Rang**

rangéieren [Rŋ:'ziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **rangéiert**) » **transitiv** **1.** **DE** *einräumen* [*Gegenstände*] • **FR** *ranger* [*disposer correctement*] • **EN** *to put away* [*to arrange*] • **PT** *arrumar* [*dispor corretamente*] **Beispill** **rangéier** deng **Hiemer** emol uerdentlech an de Schaf! **2.** **DE** *aufräumen* [*in Ordnung bringen*] • **FR** *ranger* [*mettre de l'ordre dans*] • **EN** *to tidy up* • **PT** *arrumar* [*dar arrumação a*] **Beispill** de **Mëtteg** **rangéieren** ech mäi **Büro** **Synonym** raumen **3.** **DE** *rangieren* [*leinen Zug*] • **FR** *ai-guilleter* [*un train*] • **EN** *to shunt* [*la train*] • **PT** *dirigir* [*um comboio*] **Beispill** den **Zuch** gëtt op en anert **Gleis** **rangéiert** » **intransitiv** **4.** **DE** *rangieren* [*leinen Rang einnehmen*] • **FR** *se classer* [*dans un rang*] • **EN** *to rank* • **PT** *classificar-se* [*numa ordem*] **Beispill** eis **Härenekipp** **rangéiert** enner deenen dräi **Éische** vum ganze **Land**

i Verb, dat **rangéieren** als Basis huet: ↗ausrangéieren

i Variant: ranjéieren

ranjéieren [Rŋz'ziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **ranjéiert**) - Variant vun ↗rangéieren

Rank [Rŋk] Maskulinum (Pluriel **Réng**) **1.** **DE** *Ring* [*ringförmiger Gegenstand*] • **FR** *anneau* [*boucle*] • **EN** *ring*

[ring-shaped object] • **PT** *anel, argola* **Beispiller** de Stéier huet e Rank an der Nues; am Haff si Rëng an der Mauer, fir d'Päerd unzestrecken **2. DE** *Ring* [Fingerring] • **FR** *bague* [bijou] • **EN** *ring* [jewellery] • **PT** *anel* [joia] **Beispill** ech hu menger Frëndin e Rank mat engem Brillant geschenkt

i Variant: Rënk

Rankfanger [R'ɑŋkfɑŋɐ] Maskulinum (Pluriel Rankfangeren) **DE** *Ringfinger* • **FR** *annulaire* [doigt] • **EN** *ring finger, fourth finger* • **PT** *dedo anelar* **Beispill** zu Lëtzebuerg gëtt de Brautrank traditionell um **Rankfanger** vun der lénkser Hand gedroen

i Variant: Rënkfanger

ranzeg [R'ɑntsəɕ] Adjektiv **DE** *ranzig* • **FR** *rance* • **EN** *rancid* • **PT** *rançoso* **Beispiller** de Botter ass ranzeg, gehei en ewech!; d'Zoossiss schmaacht e bësse ranzeg

Ränzelchen Maskulinum (Pluriel Ränzelcher) **égs** **DE** *Ranzen, Bauch* [Magen] • **FR** *bide* [estomac] • **EN** *belly, tummy* • **PT** *pança, bandulho, barriga* **Beispill** d'Gäschd hu sech de Ränzelchen um Buffet gutt vollgeschloen **Synonym** Mätti

Rap [Ræp] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Rap, Rapmusik* • **FR** (*musique*) *rap* • **PT** (*música*) *rap* **Beispill** am Auto lauschteren ech am léifste **Rap** **Synonym** Rapmusek **2.** (Pluriel Rappen) **DE** *Rap* [Musikstück] • **FR** *rap* [pièce de musique] • **PT** *canção rap* **Beispiller** d'Sängerin huet als Zugab nach e **Rap** zum Beschte ginn; ech hu mer e puer gutt Rappen erofgelueden

rapatriéieren [Rɑpɑtri'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé rapatriéiert) » **transitiv** **DE** *ins Heimatland zurückbringen* • **FR** *rapatrier* • **EN** *to repatriate* • **PT** *repatriar* **Beispill** de Blesséierten ass mam Helikopter rapatriéiert ginn

rapid [Rɑp'i:t] Adjektiv **DE** *rapide* • **FR** *rapide* [prompt] <Adverb rapidement> • **EN** *rapid* <Adverb rapidly> • **PT** *rápido* [pronto, repentino] <Adverb rapidamente> **Beispiller** déi rapid Entwécklung vun der Technik geet ville Leit ze séier; d'Spekulation huet d'Präisser rapid an d'Luucht gedriwwen; an der Lescht ass et mat him rapid biergof gaangen **Synonymmen** séier, huerteg, rasant, schnell, schätzeg

Rapiditéit [Rɑpidit'ɛit] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Schnelligkeit* [bei einer Tätigkeit] • **FR** *rapidité, vitesse* [d'exécution] • **EN** *speed* [of execution] • **PT** *rapidez, prontidão* [na execução de algo] **Beispiller** d'Aarbecht um Fliissband verlaangt Rapiditéit a Prezisioun; a puncto Rapiditéit kritt eise Portier net den éischte Präis! **Synonymmen** Schnelllegkeet, Vitesse

Rapmusek [R'æpmuzek] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Rap, Rapmusik* • **FR** *musique rap* • **PT** *música rap* **Beispill** an den 80er-Joren ass d'Rapmusek allgemeng bekannt ginn

Rapp [Rɑp] Femininum (Pluriel Rappen) **1. DE** *Reibe* • **FR** *rape* [ustensile de cuisine] • **EN** *grater* • **PT** *ralador* [utensílio de cozinha] **Beispiller** géff Uecht op d'Fangeren, wann s de mat der **Rapp** hantéiers!; hien ass esou gouereg ewéi eng **Rapp!** **égs** [hien ass ganz gouereg] **2. égs** **Rapp** a Klapp **DE** *Mord und Totschlag*

• **FR** *grabuge* • **EN** *havoc, pandemonium* • **PT** *zaragata* **Beispill** d'Kamelle muss gerecht verdeelt ginn, soss gëtt et **Rapp** a Klapp!

Rappel [Rɑp'æɫ] Maskulinum (Pluriel Rappellen / Rappeller) **1. DE** *Reminder* [Meldung, Nachricht] • **FR** *rapel* [message] • **EN** *reminder* [message] • **PT** *lembrete* [mensagem] **Beispill** eng Stonn virun engem Rendez-vous gëtt mäin Handy mer e **Rappel** **2. DE** *Mahnung* [Mahnbrief] • **FR** *rappel* [lettre de relance] • **EN** *reminder* [letter] • **PT** *aviso* [carta de advertência] **Beispill** ech hat e **Rappel** vun de Steieren an der Bréifkëscht **Synonym** Manung **3. DE** *Wiederholung, Rekapitulation* • **FR** *rappel* [récapitulation] • **EN** *recap, summary* • **PT** *recapitulação* [resumo, revisão] **Beispill** zum Schluss vun der Stonn mécht d'Joffer ëmmer e klenge **Rappel** **4. DE** *Nachimpfung* • **FR** *rappel* [vaccination] • **EN** *booster* [vaccination] • **PT** *revacinação* **Beispill** bei dëser Impfung brauch een no zwee Méint e **Rappel** **5. DE** *Rückruf* [von Produkten] • **FR** *rappel* [de produits] • **EN** *recall* [of products] • **PT** *recolha, retirada* [de produtos] **Beispill** d'Firma huet e **Rappel** vu kontaminiéiertem Tomatepüree annonciéiert **Synonym** Réckruffaktioun **6. DE** *Seilabzug, das Abseilen* • **FR** *rappel* [technique d'alpinisme] • **EN** *abseiling* • **PT** *rappel* [técnica de alpinismo] **Beispill** d'Pompjeeën hu sech am **Rappel** vum Tuerm erofgeloos

rappeléieren [Rɑpəl'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé rappeléiert) » **transitiv** **DE** *in Erinnerung rufen* • **FR** *rappeler* (à), *répéter* (à) • **EN** *to remind* (of) • **PT** *recordar* (a), *repetir* (a) **Beispill** de Moniteur huet de Kanner d'Hausreegelen nach eng kéier **rappeléiert**

Rappell [Rɑp'æɫ] Maskulinum (Pluriel Rappellen / Rappeller) - Variant vun ↗Rappel

rappen [R'ɑpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gerappt) » **transitiv** **1. DE** *reißen* [mit Gewalt wegnehmen] • **FR** *arracher, enlever* [en arrachant] • **EN** *to snatch, to tear off* • **PT** *arrancar, arrebatar* [tirar com violência] **Beispiller** den Déif huet mer de Portmonni aus der Hand gerappt; d'Fannen hunn dem Rockstar d'Kleeder vum Leif gerappt **Synonym** räissen **2. DE** *reißen, ausreißen, ziehen* • **FR** *arracher* [extraire] • **EN** *to pull up, to pull out* • **PT** *arrancar* [extrair] **Beispiller** ech ginn an de Virgäertchen Onkraut rappen; den Zänndochter huet mer zwee Zänn gerappt; et gëtt och Männer, déi sech d'Aperhoer rappe loossen **3. u** sech rappen **DE** *an sich reißen* • **FR** *s'emparer de* [par la force] • **EN** *to seize* [power] • **PT** *apoderar-se de* [tomar pela força] **Beispill** d'Genereel hu geputscht an d'Muecht u sech gerappt **Synonym** u sech räissen **4. égs** **Witze** rappen **DE** *Witze reißen* • **FR** *débiter des blagues* • **EN** *to crack jokes* • **PT** *mandar piadas* **Beispiller** mäi Monni huet ewéi ëmmer dee ganzen Owend Witze gerappt; an dëser Situatioun ass et net, fir Witzen ze rappen **Synonym** Witze räissen **5. DE** *reißen* [zerren] • **FR** *tirer* [de force] • **EN** *to grab, to pull* [forcibly] • **PT** *puxar* [com força] **Beispiller** hien huet mech um Aarm gerappt, fir mer eppes ze soen; wann s du mech net op d'Säit gerappt häss, dann hätt deen Auto mech iwwerrant!; ech gouf stënterlech aus dem Schlof gerappt lech gouf stënterlech erwächt!; d'Katastroph huet vill Leit an den Doud gerappt [wéinst der Katastroph si vill Leit émkomm] **6. égs** sech eng rappen **DE** *sich etwas ein-*

brocken, sich ins eigene Fleisch schneiden • **FR** *se mettre dans le pétrin, se mettre dans de mauvais draps* • **EN** *to get oneself into trouble, to shoot oneself in the foot* • **PT** *meter-se numa alhada, meter-se em maus lençóis*
Beispill pass gutt op, géi der keng rappen! **Synonym** sech eng räissen » **intransitiv 7.** rappen un **DE** *reißen an* [*heftig*] *ziehen an*] • **FR** *tirer sur* [*exercer une (forte) traction sur*] • **EN** *to pull on, to tug on* • **PT** *puxar por* [*exercer uma (forte) tração em*] **Beispiller** den Hond rappt un der Léngt; de Jong huet de Kleeschen um Baart gerappt » **reflexiv 8.** sech rappen em **DE** *sich reißen um* • **FR** *s'arracher, se disputer* • **EN** *to tussle for, to scramble for* • **PT** *disputar* [*lutar para obter*] **Beispiller** d'Léiwe rappe sech em déi beschte Stécker; d'Leit hu sech drëm gerappt, fir déi beschte Plaze beim Concert ze kréien **Synonym** sech räissen em

i Verben, déi **rappen** als Basis hunn: ↗ausrappen, ↗émrappen, ↗erausrappen, ↗erofrappen, ↗ewechrappen, ↗lassrappen, ↗matrappen, ↗ofrappen, ↗oprappen, ↗urappen an ↗zesummerappen

rappen [R'æpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gerappt) » **transitiv 1.** **DE** *rappen* • **FR** *raper* • **EN** *to rap* • **PT** *cantar em rap* **Beispill** an der Schoul hu mer eis selwer geschriwwen Texter gerappt » **intransitiv 2.** **DE** *rappen* • **FR** *raper, faire du rap* • **EN** *to rap* • **PT** *cantar rap, fazer rap* **Beispill** wann ee rappt, ass et wichtig, eng gutt Diktioun ze hunn

i Verben, déi **rappen** als Basis hunn: ↗ausrappen, ↗émrappen, ↗erausrappen, ↗erofrappen, ↗ewechrappen, ↗lassrappen, ↗matrappen, ↗ofrappen, ↗oprappen, ↗urappen an ↗zesummerappen

rappen [R'apən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gerappt) » **transitiv DE** *reiben* [*zerkleinern*] • **FR** *râper* [*réduire à l'aide d'une râpe*] • **EN** *to grate* • **PT** *ralar* [*reduzir com ralador*] **Beispiller** mäi Mixer huet en Opsaz, fir Geméis ze rappen; kaf nach e Véierel gerappte Kéis!

i Verben, déi **rappen** als Basis hunn: ↗ausrappen, ↗émrappen, ↗erausrappen, ↗erofrappen, ↗ewechrappen, ↗lassrappen, ↗matrappen, ↗ofrappen, ↗oprappen, ↗urappen an ↗zesummerappen

Rapper [R'æpə] Maskulinum (Pluriel Rapper) **DE** *Rapper* • **FR** *rappeur* • **EN** *raper* • **PT** *raper* **Beispill** et ass schwéier, dem Rapper säi Slang ze verstoen

i Weiblech Form: ↗Rapperin

Rapperin [R'æpərin] Femininum (Pluriel Rapperinnen) **DE** *Rapperin* • **FR** *rappeuse*

i Männlech Form: ↗Rapper

Rapport [RAP'ɔ:R] Maskulinum (Pluriel Rapporten) **1.** **DE** *Bericht* [*Berichterstattung*] • **FR** *rapport* [*compte rendu*] • **EN** *minutes, report, account* • **PT** *relatório* [*relato*] **Beispiller** am leschte Bulletin steet de Rapport vun der Generalversammlung; ech tippe mäi Rapport nach an da maachen ech Feierwend; maach eis emol de Rapport vun deem, wat gëschter um Stamminee lass war! **Synonym** Bericht **2.** **DE** *Bericht* [*Dokument*] • **FR** *rapport* [*document*] • **EN** *report* [*document*] • **PT** *relatório* [*documento*] **Beispill** d'Mataarbechter hunn hir Rapporte mat an d'Versammlung bruecht **Synonym** Bericht **3.** **DE** *Zusammenhang* • **FR** *rapport* [*lien, connexion*] • **EN** *link, connection* • **PT** *relação* [*ligação, conexão*] **Beispill**

tëschent deene Mordfäll gëtt et kee **Rapport** **Synonymmen** Relatioun, Verbindung, Zesammenhang **4.** **DE** *Verhältnis* [*Proportion*] • **FR** *rapport, commune mesure* • **EN** *relation* [*proportion*] • **PT** *relação, proporção* **Beispill** et besteet kee Rapport tëschent där viller Aarbecht an dem Resultat **Synonymmen** Relatioun, Verhältnis

rapportéieren [RAPɔRT'ziəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé rapportéiert) » **transitiv DE** *weitererzählen, hinterbringen* • **FR** *rapporter* [*répéter par indiscretion*] • **EN** *to repeat* [*indiscreetly*] • **PT** *repetir* [*revelar por indiscrição*] **Beispill** erziel deem näischt, dee rapportéiert alles!

Rapporter [RAP'ɔ:Rtə] Maskulinum (Pluriel Reporteren) **DE** *Berichterstatter* [*im Gesetzgebungsprozess*] • **FR** *rapporteur* [*au parlement*] • **EN** *rapporteur, recorder* [*in parliament*] • **PT** *relator* [*de parlamento*] **Beispill** de Reporter ass an der Chamber op déi verschide Punkte vum Gesetzestext agaan

i Variant: Rapporteur

i Weiblech Form: ↗Rapporterin

Rapporterin [RAP'ɔ:Rtərin] Femininum (Pluriel Reporterinnen) **DE** *Berichterstatterin* [*im Gesetzgebungsprozess*] • **FR** *rapporteuse* [*au parlement*] • **PT** *relatora* [*de parlamento*] **Beispill** d'Rapporterin vun der Chamberkommissioun huet de Procès-verbal un d'Memberen diffuséiert

i Männlech Form: ↗Rapporteur

Rapporteur [RAPɔRT'œ:R] Maskulinum (Pluriel Rapporteurs) - Variant vun ↗Rapporteur

rapprochéieren [RAPROʃ'ziəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé rapprochéiert) » **reflexiv DE** *sich annähern, sich näher kommen* [*die Interessen, die Standpunkte in Einklang bringen*] • **FR** *se rapprocher* [*concilier les intérêts, les points de vue*] • **PT** *aproximar-se* [*conciliar os interesses, os pontos de vista*] **Beispill** an de Koalitiounsverhandlung konnten déi dräi Parteien sech um Enn **rapprochéieren** **Synonym** sech méi no kommen

Rapprochement [RAPROʃəm'ænt] Maskulinum (Pluriel Rapprochementer) **1.** **DE** *Annäherung* [*das Sichnäherkommen*] • **FR** *rapprochement* [*renforcement des relations*] • **EN** *rapprochement* • **PT** *aproximação* [*reforço das relações*] **Beispill** no laangen Diskussiounen ass et tëschent deene Länner zu engem **Rapprochement** komm **2.** **DE** *Zusammenhang* [*gedankliche Verbindung*] • **FR** *rapprochement* [*perception d'un lien*] • **EN** *connection, link* [*relationship*] • **PT** *ligação* [*conexão*] **Beispill** ouni deng Erklärung hätt ech de **Rapprochement** tëschent der Agrarpolitik an dem Klimaschutz net gemaach

Rappzalot Femininum (kee Pluriel) **DE** *Schnittsalat, Pflücksalat* • **FR** *salade à couper, salade à tondre* • **EN** *salad leaves* • **PT** *alface-crespa* **Beispill** ech hu verschiden Zorte Rappzalot am Gaart **Synonym** Schnëttzalot

Raps [RAPS] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Raps* • **FR** *colza* • **EN** *rape* [*plant*] • **PT** *colza* **Beispill** wann de Raps blitt, huet e schéi giel Bléien

Rapsueleg [ʀaps'uaələç] Maskulinum (Pluriel Rapsueleger) **DE** Rapsöl • **FR** huile de colza • **EN** rapeseed oil • **PT** óleo de colza **Beispill** ech maachen ëmmer e bësse Rapsueleg a meng Vinaigrette

rar [ʀa:R] Adjektiv **1. DE** selten • **FR** rare [peu nombreux, peu fréquent] <Adverb rarement> • **EN** rare <Adverb rarely> • **PT** raro [pouco numeroso, pouco frequente] <Adverb raramente> **Beispiller** ech sammele rar Planzen; datt et Enn Juli nach räift, ass eischer rar; mir gesinn eis nëmme rar; a leschter Zäit huet hie sech rar gemaach (a leschter Zäit huet een hien net dacks gesinn) **Synonym** seelen **2.** net vill Rares sinn **DE** nichts Besonderes sein, nichts taugen • **FR** n'être rien d'exceptionnel, ne rien valoir, être bon à rien • **EN** to be nothing special, to be good for nothing • **PT** não ser nada de especial, não prestar, não valer nada **Beispiller** d'Orangen, déi s de kaaft hues, sinn net vill Rares; hal dech ewech vun deem Borscht, déi ganz Famill ass net vill Rares!

Raritéit [ʀa:rit'zɪt] Femininum (Pluriel Raritéiten) **DE** Rarität • **FR** rareté, objet rare • **EN** rarity • **PT** raridade, objeto raro **Beispill** dës Blumm ass eng Raritéit, déi et just an eiser Géigend gëtt

rasant [ʀaz'ant] Adjektiv **DE** rasant [Vorgang, Entwicklung] • **FR** (très) rapide, fulgurant [évolution, développement] <Adverb (très) rapidement> • **PT** rápido [surto, desenvolvimento] <Adverb rapidamente> **Beispill** wéinst der rasanter Entwécklung vun der Informatik gëtt déi beruflech Weiterbildung ëmmer méi wichteg **Synonym** schätztég

raschelen [ʀ'aʃələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geraschelt) » **intransitiv** - och **onperséinlech** **DE** rascheln • **FR** bruire • **EN** to rustle • **PT** sussurrar, ciciar **Beispiller** d'Blieder raschelen am Wand; lauschter, et raschelt an den Hecken!

Rascht [ʀaʃt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Rost [Rostbelag] • **FR** rouille [produit de corrosion] • **EN** rust • **PT** ferrugem [produto de corrosão] **Beispiller** de Rouer ass vum Rascht gefriess; dëst Mëttel hält esouguer d'Flecke vum Rascht!

Rascht [ʀaʃt] Femininum (Pluriel Raschten) **1. DE** Siesta, Nickerchen • **FR** sieste, somme • **EN** siesta, nap • **PT** sesta, soneca **Beispiller** hien hält all Mëtteg seng Rascht; ruff léiwer méi spët un, elo läit d'Bomi op der Rascht! **2. DE** Rast, Ruhepause • **FR** halte, pause • **EN** rest [break] • **PT** pausa [para descanso] **Beispiller** no enger kuerzer Rascht goug et weider mat eisem Tréppeltour; ech si scho midd, solle mer net eng kleng Rascht maachen?; hien huet keng Rou a keng Rascht! [égs] [hien ass ëmmer aktiv] **Synonym** Paus

raschteg [ʀ'aʃtəç] Adjektiv **1. DE** rostig • **FR** rouillé [couvert de rouille] • **EN** rusty [rust-covered] • **PT** enferrujado [coberto de ferrugem] **Beispill** am Keller steet eng Këscht mat alen, raschtegen Neel **2. DE** heiser [Stimme] • **FR** enroué [voix] • **EN** rusty, hoarse • **PT** rouco [voz] **Beispiller** vum ville Schwätzen ass meng Stëmm haut ganz raschteg; deng Stëmm kléngt esou raschteg!

raschten [ʀ'aʃtən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gerascht) » **intransitiv** **DE** rosten • **FR** rouiller • **EN** to rust • **PT** enferrujar **Beispiller** dat Eisegelänner brauch eng speziell Behandlung, fir datt et net rascht; de

Chassis vun dengem Won ass op zwou Plaze gerascht

raschten [ʀ'aʃtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gerascht) » **intransitiv** **1. DE** ruhen, (sich) ausruhen • **FR** se reposer [se détendre] • **EN** to rest [to relax, to lie down] • **PT** descansar, repousar **Beispiller** nom Mëttegiess rascht de Bopi gewéinlech eng Stonn; géff dech emol drun, et ass elo keng Zäit fir ze raschten! **Synonym** rouen **2. DE** verschnaufen, eine Rast einlegen • **FR** faire une pause [pour reprendre son souffle, des forces] • **EN** to rest [to have a break] • **PT** fazer uma pausa [para tomar fôlego, para retomar forças] **Beispiller** komm, mir raschten een Ament, ech sinn ausser Otem!; looss déi Saach eng Zäit raschten! [égs] [beschäfteg dech eng Zäit net mat där Saach!] **Synonym** rouen

Raschtgäns [ʀ'aʃtgæns] Femininum (Pluriel Raschtgänsen) **Tadorna ferruginea** **DE** Rostgans • **FR** tadorne casarca • **EN** ruddy shelduck • **PT** pato-ferrugineo **Beispill** wéi laang bréien d'Raschtgänsen?

Raséierapparat [ʀaz'ziərapara:t] Maskulinum (Pluriel Raséierapparaten / Raséierapparater) **DE** (elektrischer) Rasierapparat • **FR** rasoir (électrique) • **EN** electric razor • **PT** máquina de barbear **Beispill** mäi Papp hält léiwer de Raséierapparat ewéi d'Gillette

raséieren [ʀaz'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé raséiert) » **transitiv** **DE** rasieren • **FR** raser [enlever les poils, les cheveux de] • **EN** to shave • **PT** rapar, barbear **Beispiller** d'Prisonéier kruten de Kapp raséiert; huel eng nei Gillette, fir dech ze raséieren!; dee Mann ass ni propper raséiert

I Verb, dat **raséieren** als Basis huet: ↗ewechraséieren

räsonabel [ʀɛ:zon'a:bəl] Adjektiv **1. DE** vernünftig [Person] • **FR** raisonnable [personnel] • **EN** sensible, reasonable [person] • **PT** razoável [pessoal] **Beispill** eis nei Direktesch ass eng ganz räsonabel Persoun **Synonym** verständneg **2. DE** angemessen, vernünftig • **FR** raisonnable [convenable, acceptable] • **EN** reasonable [fair, appropriate] • **PT** razoável [conveniente, aceitável] **Beispill** den Delai fir d'Aarbechten ass ganz räsonabel **Synonym** verständneg

räsonéieren [ʀɛ:zon'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé räsonéiert) » **intransitiv** **DE** überlegen, argumentieren • **FR** raisonner, argumenter • **PT** raciocinar, argumentar **Beispiller** dee Krappert räsonéiert schonn ewéi e Groussen; hal op mat räsonéieren a maach deng Aarbecht! [égs] [hal op mat knouteren a maach deng Aarbecht!]

Räsonement [ʀɛ:zonəm'ænt] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Räsonementer) **DE** Überlegung, Gedankengang • **FR** raisonnement [réflexion, déduction] • **EN** reasoning, train of thought • **PT** raciocínio [ordem de ideias, dedução] **Beispill** däi Räsonement ass komplett dernieft

Rass [ʀas] Maskulinum (Pluriel Rëss) **1. DE** Riss • **FR** fissure, déchirure • **EN** crack, tear • **PT** fissura, rachadela, rasgão **Beispiller** d'Schossel huet e Rass; du hues e Rass hannen an der Box!; d'Bréck krut Rëss, well se ze staark belascht gouf; hues du e Rass an der Schossel? [égs] hues du e Rass an der Scheif? [égs] [bass du

verréckt?] **2. DE** ziehender Schmerz • **FR** *tiraillement* [douleur] • **EN** *ache* • **PT** *tensão* [dor] **Beispill** zënter zwee Deeg hunn ech Réss am Réck

i Variant: Réss

Rass [RAS] Femininum (Pluriel Rassen) **DE** *Rasse* • **FR** *race* [espèce] • **EN** *race* [racial group, species] • **PT** *raça* [espécie] **Beispiller** d'Wëssenschaft ënnerscheet haut net méi téschent mënschleche Rassen; d'Honn vun där **Rass** hunn all kuerz Been; mat sengem kënschtlerschen Talent schléit mäin Neveu komplett aus der **Rass** [égs] [mäin Neveu huet säi kënschtlerscht Talent net vu senger Famill geierft]

rasseg [R'asəç] Adjektiv **DE** *rassig* [Person] • **FR** *racé* [personne] • **EN** *distinguished, striking* [person] • **PT** *garboso* [pessoa] **Beispill** aus deem onscheinbare Meedchen ass eng **rasseg** Fra ginn **Synonym** temperamentvoll

Rassismus [RAS'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Rassismus* • **FR** *racisme* [discrimination] • **EN** *racism* • **PT** *racismo* [discriminação] **Beispill** an eisem Veräi gëtt kee **Rassismus** toleréiert

Rassist [RAS'ist] Maskulinum (Pluriel Rassisten) **DE** *Rassist* • **FR** *raciste* • **EN** *racist* • **PT** *racista* **Beispill** et ass e jonken **Ausländer** vu **Rassisten** ugegraff ginn

i Weiblech Form: ♀**Rassistin**

rassistesch [RAS'istəç] Adjektiv **DE** *rassistisch* • **FR** *raciste* • **EN** *racist* • **PT** *racista* **Beispill** dee Politiker ass fir seng **rassistesch** Spréch bekannt

Rassistin [RAS'istin] Femininum (Pluriel Rassistinnen) **DE** *Rassistin* • **FR** (femme) *raciste* • **PT** *racista* [mulher] **Beispill** gëschter um **Busarrët** huet eng **Rassistin** e Grupp vu jonken **Ausländer** verbal ugegraff

i Männlech Form: ♂**Rassist**

rassurieren [RASUR'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé rassuréiert) » **transitiv DE** *beruhigen* [ein Gefühl der Sicherheit geben] • **FR** *rassurer* • **EN** *to reassure* • **PT** *tranquilizar, sossegar* **Beispill** et rassuréiert mech, datt en **Dokter** mat op d'Rees geet

Raster Maskulinum/Neutrum (Pluriel Rasteren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Raststätt Femininum (Pluriel Raststätten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Rat [Ra:t] Maskulinum/Femininum (Pluriel Raten) **DE** *Ratte* • **FR** *rat* • **EN** *rat* • **PT** *ratazana* **Beispiller** ech fäerte ganz, mir hu **Raten** am Keller!; ech hu geschlof ewéi eng **Rat**! [égs] [ech hu fest geschlof]

Ratatouille [Ratə'tu:j] Femininum (Pluriel Ratatouillen) **DE** *Ratatouille* • **FR** *ratatouille* • **EN** *ratatouille* • **PT** *guisado de legumes provençal* **Beispill** an enger **Ratatouille** däerfen d'**Auberginnen** net feelen!

Ratefal [R'a:təfa:l] Femininum (Pluriel Ratefale) **DE** *Rattenfalle* • **FR** *ratière, piège à rats* • **EN** *rat trap* • **PT** *ratoeira* **Beispill** mir hunn e puer **Ratefale** am Keller opgestallt

Rategëft [R'a:təgəft] Neutrum (Pluriel Rategëfter) **DE** *Rattengift* • **FR** *mort-aux-rats* • **EN** *rat poison* • **PT** *ratificida* **Beispill** vergiess net, **Rategëft** um Späicher auszeleeën!

Rateschwanz [R'a:təfwants] Maskulinum (Pluriel Rateschwänze) **DE** *Rattenschwanz* • **FR** *queue d'un rat* • **EN** *rat-tail* • **PT** *rabo de uma ratazana* **Beispiller** do hannen am **Rouer** sëtzt eng **Rat**, et hänkt e **Rateschwanz** eraus; wa mer dat do maachen, kënt nach e ganze **Rateschwanz** no [wa mer dat do maachen, kommen eng **Rei** problematesch **Konsequenzen** no]

Ratifikatioun [Ratifikasj'əʊn] Femininum (Pluriel <seelen> Ratifikatioune) **DE** *Ratifikation* • **FR** *ratification* • **EN** *ratification* • **PT** *ratificação* **Beispill** eis **Partei** huet sech fir d'**Ratifikatioun** vum **Traité** ausgeschwat

i Variant: Ratifizierung

ratifizieren [Ratifikasj'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ratifizéiert) » **transitiv DE** *ratifizieren* • **FR** *ratifier* • **EN** *to ratify* • **PT** *ratificar* **Beispill** d'**Parlament** huet de **Vertrag** nach net ratifizéiert

Ratifizierung [Ratifikasj'ziərən] Femininum (Pluriel <seelen> Ratifizierungen) - Variant vun ♂**Ratifikatioun**

rational [Ratsjən'a:l] Adjektiv **DE** *rational* • **FR** *rationnel* [logique, sensé] • **EN** *rational* • **PT** *racional* [lógico, sensato] **Beispill** mat deenen emotionalen Aussoe kanns de e **rationale** **Mënsch** net iwwerzeegen

rationaliséieren [Ratsjənaliz'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé rationaliséiert) » **transitiv DE** *rationalisieren* [wirtschaftlicher gestalten] • **FR** *rationaliser* [organiser de façon plus efficace] • **EN** *to rationalize* [to make more efficient] • **PT** *racionalizar* [organizar de forma mais eficiente] **Beispill** mir müssen déi **Prozedur** **rationaliséieren**, well se ze vill ëmständlech ass

i Verb, dat **rationaliséieren** als Basis huet: ♀**ewechrationaliséieren**

Rationaliséierung [Ratsjənaliz'ziərən] Femininum (Pluriel Rationaliséierungen) **DE** *Rationalisierung* • **FR** *rationalisation* • **EN** *rationalization* [efficient organization] • **PT** *racionalização* [organização eficiente] **Beispill** d'**Gewerkschafte** fäerten, datt duerch d'**Rationaliséierung** am **Betrieb** **Aarbeitsplazen** a **Gefor** sinn

Rationalismus [Ratsjənəl'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Rationalismus* • **FR** *rationnalisme* • **EN** *rationalism* • **PT** *racionalismo* **Beispill** de **Rationalismus** ass eng vun de grouse **philosophesche** **Stréimunge**n

Rationalist [Ratsjənəl'ist] Maskulinum (Pluriel Rationalisten) **DE** *Rationalist* • **FR** *rationnaliste* • **EN** *rationalist* • **PT** *racionalista* **Beispill** fir d'**Rationaliste** spillt de **Verstand** eng **Haaptroll**

i Weiblech Form: ♀**Rationalistin**

rationalistesesch [Ratsjənəl'istəç] Adjektiv **DE** *rationalistisch* • **FR** *rationnaliste* • **EN** *rationalist* • **PT** *racionalista* **Beispill** an de **rationalisteschen** **Theorië** spillt d'**Logik** eng **grouss** **Roll**

Rationalistin [ʀatsjɔnal'istin] Femininum (Pluriel Rationalistinnen) DE *Rationalistin* • FR *rationaliste* [femmel]

i Männlech Form: [♂Rationalist](#)

Rationalitéit Femininum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

rationéieren [ʀatsjɔn'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé rationéiert) » **transitiv** DE *rationieren* • FR *rationner* [limiter] • EN *to ration* • PT *racionar* [limitar] **Beispiller** wéinst der Dréchent muss d'Waasser rationéiert ginn; am Krich ware bal all Liewensmëttel rationéiert

Rationéierung [ʀatsjɔn'ziəʀuŋ] Femininum (Pluriel Rationéierungen) DE *Rationierung* • FR *rationnement* • EN *rationing* • PT *racionamento* [limitação] **Beispill** am Krich koum et zu enger Rationéierung vun de Liewensmëttel

rationell [ʀatsjɔn'ælj] Adjektiv DE *rationell* • FR *rationnel* [fonctionnel, efficace] <Adverb rationnellement> • EN *efficient* <Adverb efficiently> • PT *racional* [funcional, eficiente] <Adverb racionalmente> **Beispiller** duerch dee rationellen Aarbechtsprozess ka méi bëlleg produzéiert ginn; d'Energie muss méi rationell genotzt ginn

Ratioun [ʀasj'əʊŋ] Femininum (Pluriel Ratioune) DE *Ration* • FR *ration* • EN *ration* • PT *ração* [porção] **Beispiller** de Kniecht gëtt de Päerd all Owend eng gutt Ratioun Huewer; an där Hëtzt geet eng Ratioun Waasser knapps duer

Ratsch [ʀatʃ] Femininum (Pluriel Ratschen) DE *Ratsche* [Werkzeug] • FR *clé à cliquet* • EN *ratchet* • PT *chave de roquete* **Beispiller** eng Ratsch däerf a kenger Geschierkëscht feelen; du hues eng mat der Ratsch! **[ëgs]** [du bass verréckt!]

ratsch Interjektioun DE *zack* • FR *vlan* • EN *wham, bam* • PT *zás, trás, pumba* **Beispill** elo war ech kuerz ofgelenkt a ratsch hunn ech mech an de Fanger geschnidden **Synonymmen** batsch, batschdeg, racksdeg, ratschdeg, zack

ratschdeg Interjektioun DE *zack* • FR *vlan* • EN *wham, bam* • PT *zás, trás, pumba* **Beispill** elo war ech kuerz ofgelenkt a ratschdeg hunn ech mech an de Fanger geschnidden **Synonymmen** batsch, batschdeg, racksdeg, ratsch, zack

ratschen [ʀ'atʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geratscht)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Rätsel [ʀ'ɛ:tsəl] Neutrum (Pluriel Rätselen) - Variant vun [♂Rätsel](#)

rätselen [ʀ'ɛ:tsələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gerätselt) - Variant vun [♂rätselen](#)

rätselhaft [ʀ'ɛ:tsəlhaft] Adjektiv - Variant vun [♂rätselhaft](#)

rattachéieren [ʀatɑʃ'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé rattachéiert) » **transitiv** rattachéieren un DE *angliedern* (an), *anschießen* (an) • FR *rattacher à* [annexer à] • PT *incorporar a, integrar a*

Beispill eisen Institut soll un d'Universitét rattachéiert ginn **Synonym** uschléissen un

Ratrapage [ʀatʀap'a:ʃ] Maskulinum (Pluriel Ratrapagen) DE *(von der Schule angebotener) Nachhilfeunterricht* [vor Nachprüfungen] • FR *cours de ratrapage* [lof-fert par l'école en vue des épreuves de ratrapage] • EN *school remedial course* [before a resit] • PT *aula de recuperação* [oferecida pela escola com vista às provas de repescagem] **Beispill** mäi Brudder muss am Summer an de Ratrapage

rattrapéieren [ʀatʀap'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé rattrapéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

rau [ʀæ:ʊ] Adjektiv **1.** DE *rau* [nicht glatt] • FR *rugueux, rêche* • EN *rough* [not smooth] • PT *rugoso, áspero* [superfície] **Beispiller** de Schräiner huet déi rau Kante mat Glaspabeier ofgeschlaff; am Wanter kréien ech gär rau Hänn; de Stoff fillt sech rau un **2.** DE *rau* [Klima, Landschaft] • FR *rude, rigoureux, âpre* [climat, paysage] • EN *raw, bleak* [climate, landscape] • PT *agreste, rigoroso* [clima, paisagem] **Beispiller** iwwer d'Éisleker Koppen huet e raue Wand gepaff; mir hunn eis nach ëmmer net un dat raut Klima gewinnt; mir gefalen esou rau Landschaften **3.** DE *rau* [heiser, kratzig] • FR *rauque, enroué* • EN *raw, husky, hoarse* • PT *rouco, áspero* [voz, garganta] **Beispiller** ech hunn dech um Telefon direkt un denger rauer Stëmm erkannt; ech hunn den Hals rau **4.** DE *rau* [ungehobelt] • FR *bourru, rustre* • EN *rough, boorish* • PT *rude, rispido, bruto* **Beispill** wat bass du e raue Brudder! **5.** DE *rau* [abgehärtet] • FR *dur* (à cuire), *endurci* • EN *tough, hardened* [person] • PT *duro* (de roer), *endurecido* **Beispill** esou eng Expeditioun ass nëmme eppes fir rau Gesellen!

Raubdéier Neutrum (Pluriel Raubdéieren) DE *Raubtier* • FR *prédateur* [animal] • EN *predator* [animal] • PT *predador* [animal] **Beispill** de Wollef ass dat gréisst Raubdéier an eise Géigenden

Rauchfaass [ʀ'æ:ʊʃfa:s] Neutrum (Pluriel Rauchfässer) DE *Weihrauchfass* • FR *encensoir* • EN *censer* • PT *incensário* **Beispill** virum Tedeum hunn d'Massendenger d'Rauchfaass preparéiert

Rauchmelder [ʀ'auʃmælde] Maskulinum (Pluriel Rauchmelder / Rauchmelderen) DE *Rauchmelder* • FR *détecteur de fumée* • EN *smoke alarm* • PT *detetor de fumo* **Beispill** de Proprietär vum Haus huet op all Stack e Rauchmelder installéiere gelooss **Synonym** Dampmelder

raudeg [ʀ'æ:ʊdɔɕ] Adjektiv DE *räudig* [von Räude befallen] • FR *galeux* [atteint de la gale] • EN *scabby, mangy* • PT *sarnento, rohoso* **Beispill** dat raudegt Schof huet de ganze Stall ugestach

i Variant: [raideg](#)

Raudi [ʀ'ɑ:ʊdi:] Maskulinum (Pluriel Raudien) DE *Rowdy, Raufbold* • FR *casseur, bagarreur* [personne agressive], *chauffard* • PT *arruaceiro* [pessoa agressiva], *motorista imprudente, acelerado* [conductor] **Beispiller** déi üblech Raudien hunn am Schoulhaff alt erëm eng Kläpp ugefaangen; d'Police huet dem Raudi de Fürerschäin ofgehall a säi Moto beschlagnaamt

raudizeg Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Rauhautfliedermaus [R'æ:ʊhæ:ʊtfljødemæ:ʊs] Femininum (Pluriel Rauhautfliedermais) **Pipistrellus nathusii** DE *Rauhautfledermaus* • **FR** *pipistrelle de Nathusius* • **EN** *Nathusius' pipistrelle* • **PT** *morcego de Nathusius* **Beispill** d'Rauhautfliedermaus verdankt hiren Numm der Schwanzfluchhaut, déi op der ieweschter Säit vill Buuschten huet

Rauliicht [R'æ:ʊli:çt] Neutrum (Pluriel Rauliichter) DE *Rübengeist* • **FR** [Definitiou] *rave évidée à visage sculpté, illuminée de l'intérieur par une bougie* • **EN** [Definitiou] *hollowed-out and carved turnip, illuminated by a candle from the inside* • **PT** [Definitiou] *nabo com rosto esculpido e iluminado por uma vela no seu interior* **Beispill** déi eng stellen den 31. Oktober **Rauliichter** virun hir Viischt **Di-er**, déi aner verkleede sech deen Dag fir Halloween

I Variant: Trauliicht

Raum [Ræ:ʊm] Maskulinum 1. (Pluriel Raim / Räim) DE *Raum* [eines Gebäudes] • **FR** *pièce* [d'un immeuble] • **EN** *room* [of a building] • **PT** *sala, divisão* [de um edifício] **Beispiller** duerch déi kllassesch Miwwele kritt de **Raum** eng gewëssen Eleganz; du dærfs d'Raim net iwwehëtzen 2. (kee Pluriel) DE *Raum* [verfügbarer Platz] • **FR** *place* [espace disponible] • **EN** *room* [available space] • **PT** *lugar* [espaço disponível] **Beispiller** am Keller ass **Raum** genuch fir e grouse Mazoutstank; bei där akuter Gefor bleift kee **Raum** méi fir laang Diskussiounen [bei där akuter Gefor bleift keng Méiglecheet méi fir laang Diskussiounen] **Synonym** Plaz 3. (kee Pluriel) DE *Raum* [Dimension] • **FR** *espace* [dimension] • **EN** *space* [dimension] • **PT** *espaço* [dimensão] **Beispiller** d'Philosophe beschäftege sech vill mat de Begrëffer vu **Raum** an Zäit; déi Fro steet nach am **Raum** [déi Fro ass nach net gekläert] 4. (Pluriel Raim / Räim) DE *Raum* [Gebiet] • **FR** *région, espace* [zone] • **EN** *region, area* • **PT** *região, espaço* [zona] **Beispill** de Stuerm huet virun allem an eisem **Raum** vill Schued gemaach

raumen [R'æ:ʊmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé geraumt) » **transitiv** 1. DE *aufräumen* [in Ordnung bringen] • **FR** *ranger* [mettre en ordre] • **EN** *to tidy up* [to put in order] • **PT** *arrumar* [pôr em ordem] **Beispill** weini hues de wëlles, deng Kummer ze **raumen**? 2. DE *räumen* [an seinen Platz] • **FR** *ranger* [mettre à sa place] • **EN** *to tidy away* [to put away] • **PT** *arrumar* [pôr no seu lugar] **Beispill** **raum** d'Dossier wannechgelift an de Schaf! **Synonym** rangéieren 3. DE *räumen, frei machen* • **FR** *dégager* [desobstruer] • **EN** *to clear* [to free] • **PT** *desimpedir* [desobstruir] **Beispiller** no engem schwéieren Accident dauert et ëmmer eng Zäit, bis d'Strooss **geraumt** gëtt; et huet déi ganz Nuecht geschneit an haut de Moie fréi waren d'Stroossen nach net **geraumt** **Synonym** degagéieren » **intransitiv** 4. DE *aufräumen* [Ordnung schaffen] • **FR** *ranger, faire du rangement* • **EN** *to tidy up* • **PT** *fazer arrumações* **Beispiller** ech **raumen** net gâr; wann een net heiansdo **raumt**, fënnt een nâischt méi erëm 5. **raumen** an DE *aufräumen* [Überflüssiges aussondern] • **FR** *faire le tri dans* [en éliminant le superflu] • **EN** *to have a clear-out* • **PT** *fazer uma triagem* a *eliminando o supérfluo* **Beispill** ech muss emol gehéiereg a menge Kleeder **raumen** 6. **raumen** ënner DE *aufräumen* *unter*,

wüten unter • **FR** *sévir* [décimer] • **EN** *to run rife among, to decimate* • **PT** *devastar, dizimar* **Beispill** d'Toll-wut huet ellen ënner de Fiiss **geraumt**

I Verben, déi **raumen** als Basis hunn: ʀaumen, ʀausraumen, ʀëmraumen, ʀewechraumen, ʀofraumen an ʀopraumen

Raumschëff Neutrum (Pluriel Raumschëffer)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Raup [Ræ:ʊp] Maskulinum/Femininum (Pluriel Raupen) DE *Raupe* • **FR** *chenille* • **EN** *caterpillar* • **PT** *lagarta* **Beispill** aus de Raupen gi Päiperleken

raupen [R'æ:ʊpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé geraupt) » **reflexiv** DE *sich mausern* • **FR** *muer* [changer de plumage] • **EN** *to moult* • **PT** *estar na muda* **Beispill** wann d'Hénger sech **raupen**, da leee se net

Raut [Ræ:ʊt] Femininum (Pluriel Rauten) 1. DE *Raute* [Rhombus] • **FR** *losange* • **EN** *rhombus* • **PT** *losango* **Beispill** d'Kanner léieren an der Schoul **Raute** molen 2. DE *Glasscheibe* • **FR** *carreau* [vitre] • **EN** *windowpane* • **PT** *vidraça, vidro* **Beispill** d'Abriecher hunn eng **Raut** ageschloen, fir an d'Haus eranzekommen

Rauten [R'æ:ʊtən] Femininum (Pluriel Rauten) 1. (kee Singulier) DE *Karo* [Kartenfarbe] • **FR** *carreau* [couleur au jeu de cartes] • **PT** *ouros* [naipe] **Beispiller** an dëser Partie ass **Rauten** Tromp; a mengem ale Kaartespill sinn d'Rauten net méi komplett, d'Néngtche feelt; den Noper sollt hëllef, mee wéi et drop ukoum, huet e **Raute** gewénkt [den Noper sollt hëllef, mee wéi et drop ukoum, wollt en net méi] 2. DE *Karo* [Spielkarte] • **FR** *carreau* [carte à jouer] • **PT** *carta de ouros* **Beispill** am leschte Streech waren nach dräi Schëppen an eng **Rauten**

Rautenäss [Ræ:ʊtən'æs] Maskulinum (Pluriel Rautenässen) - Variant vun ʀRauten-Äss

Rauten-Äss [Ræ:ʊtən'æs] Maskulinum (Pluriel Rauten-Ässen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Ravioli [Ravj'oi:li:] Femininum (Pluriel Raviolien / Ravioli) DE *Ravioli* • **FR** *ravioli* • **EN** *ravioli* • **PT** *ravioli* **Beispiller** sinn dës **Raviolie** mat Geméis oder mat Fleesch gefëllt?; als Student hunn ech mer owes dacks eng Béchs **Ravioli** waarm gemaach

ravitailéieren [Ravitaɪ'jɛ:ʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ravitailéiert) » **transitiv** DE *versorgen* (mit Lebensmitteln) • **FR** *ravitailer* (en vivres) • **EN** *to provide with supplies* • **PT** *abastecer* (de mantimentos) **Beispill** op där Insel ginn d'Leit all dräi Woche **ravitailéiert** **Synonym** verfleegen

Ravitaillement [Ravitaɪ'ajəmã:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Verpflegung* [Versorgung] • **FR** *ravitaillement* (en vivres) • **EN** *provisions* [supplies of food] • **PT** *abastecimento* (de mantimentos) **Beispiller** eis Cheftaine ass responsabel fir de **Ravitaillement**; de **Ravitaillement** vun den Truppen ass ganz wichteg am Krich **Synonym** Verfleegung

Rayon [R'ejõ:] Maskulinum (Pluriel Rayonen) 1. DE *Umkreis* • **FR** *rayon* [de distance] • **EN** *radius* • **PT** *raio* [de distância] **Beispill** no der Explosioun stoung an engem

Rayon vu 50 Meter keen Haus méi **Synonym** Ëmkrees **2.** **DE** *Abteilung [eines Geschäfts]* • **FR** *rayon [d'un magasin]* • **EN** *department, aisle [of a shop]* • **PT** *secção [de um estabelecimento comercial]* **Beispiller** ech hunn am ganze Rayon vum Kichegeschier gesicht, mee ech hu keen uerdentleche Knäip fonnt; am Supermarché sinn d'Rayone vum Fleesch an der Charcuterie zesummegeleuecht ginn **3.** **DE** *Zuständigkeitsbereich* • **FR** *rayon [de responsabilité]* • **EN** *area [of responsibility]* • **PT** *área de competência* **Beispill** dem Inspekter säi Rayon ëmfaasst véier Gemengen

razeg [R'a:tsəç] Adjektiv **DE** *sehr dünn, abgemagert, dürr* • **FR** *très maigre, décharné* • **PT** *magro, escanzelado* **Beispiller** ech hat däi Cousin net esou **razeg** an Erënerung, ass en eiere krank?; weess du, wien säi **razege** Kueder dat doten ass?; wien ass dat **Razegt** op där Klassefoto?

Razzia [R'atsj:a:] Femininum (Pluriel Razziaen) **DE** *Razzia* • **FR** *rafle, descente (de police)* • **PT** *rusga (policia)* **Beispill** bei der Razzia huet d'Police Waffen a kiloweis Droge fonnt

Re [re:] Maskulinum (Pluriel Reën) **DE** *D [Ton, Note]* • **FR** *ré [note de musique]* • **EN** *D [musical note]* • **PT** *ré [nota musical]* **Beispill** téschent dem Do an dem **Re** läit e ganzen Toun

Rea [R'e:a:] Femininum (Pluriel Reaen) - Kuerzform vun **Reanimatioun**

reagéieren [REAZ'ziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé reagéiert) » **intransitiv 1.** **DE** *reagieren (auf) [antworten (auf), kontern]* • **FR** *réagir (à) [répondre (à)]* • **EN** *to react (to) [to respond (to)]* • **PT** *reagir (a) [responder (a)]* **Beispill** hien huet net op mäi Brëif reagéiert **2.** **DE** *reagieren [auf einen Reiz, auf einen Auslöser]* • **FR** *réagir [à un stimulus, un déclencheur]* • **EN** *to respond, to react [to a stimulus, to a trigger]* • **PT** *reagir [a um estímulo]* **Beispiller** verschidde Patiente reagéieren anescht op dat selwecht Medikament; wéi d'Ambulanz op d'Plaz kouw, huet de Verongléckte schon net méi reagéiert; d'Alarmanlag reagéiert bei där klengster Bewegung **3.** **DE** *reagieren [eine chemische Reaktion eingehen]* • **FR** *réagir [entrer en réaction]* • **EN** *to react [chemically]* • **PT** *reagir [entrar em reação]* **Beispill** Sauerstoff reagéiert mat verschiddenen aneren Elementer

1 Verb, dat **reagéieren** als Basis huet: **Reagéieren**

Reagenzglas [REAG'æntsɣla:s] Neutrum (Pluriel Reagenzglieser) **DE** *Reagenzglas* • **FR** *éprouvette, tube à essai* • **EN** *test tube* • **PT** *tubo de ensaio* **Beispill** d'Flëssegkeet am Reagenzglas huet d'Faarf changéiert **Synonym** Eprouvette

reaktionär [REAKsjən'ɛ:R] Adjektiv **DE** *reaktionär* • **FR** *réactionnaire [opposé au progrès]* <Adverb de manière réactionnaire> • **EN** *reactionary* <Adverb in a reactionary manner> • **PT** *reacionário [adverso ao progresso]* <Adverb de forma reacionária> **Beispiller** Är Partei bedreift eng **reaktionär** Politik; wéi kanns du nëmmen esou **reaktionär** denken?

Reaktioun [REAKsj'əʊn] Femininum **1.** (Pluriel Reaktiounen) **DE** *Reaktion [Antwort, Äußerung]* • **FR** *réaction, réponse* • **EN** *response, reaction* • **PT** *reação, resposta* **Beispiller** d'Reaktiounen op der Buergermeeschtesch

hir Ried ware ganz ënnerschiddlech; ech si gespaant op dem Papp seng **Reaktioun**, wann en de Kaddo opmécht; seng **Reaktioun** beweist, datt hie kee Spaass versteet **2.** (Pluriel **Reaktiounen**) **DE** *Reaktion [auf einen Reiz, auf einen Auslöser]* • **FR** *réaction [à un stimulus, un déclencheur]* • **EN** *reaction [to a stimulus]* • **PT** *reação [a um estímulo]* **Beispiller** wéi d'Ambulanz op d'Plaz kouw, huet de Verongléckte scho keng **Reaktioun** méi gewisen; ech maachen ëmmer eng hefteg **Reaktioun** op dat Medikament **3.** (kee Pluriel) **DE** *Reaktion [physikalische Kraft]* • **FR** *réaction [phénomène physique]* • **EN** *reaction [physical force]* • **PT** *reação [fenómeno físico]* **Beispill** kanns de mir de Prinzip vun Aktioun a **Reaktioun** erklären? **4.** (Pluriel **Reaktiounen**) **Chimie** **DE** *Reaktion* • **FR** *réaction* • **EN** *reaction* • **PT** *reação* **Beispill** wann s de Sauerstoff mat aneren Elementer mëschs, da kann et zu enger **Reaktioun** kommen

reaktiv Adjektiv

1 Hei entsteet en neien Artikel.

reaktivéieren [REAKTIV'ziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé reaktivéiert)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

real Adjektiv

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Real Maskulinum (Pluriel **Real**) **DE** *Real [Währungseinheit]* • **FR** *réal [unité monétaire]* • **PT** *real [unidade monetária]* **Beispiller** a Brasilie gëtt mat **Real** bezuelt; mat wéi vill **Real** muss ee fir eng Nuecht am Hotel rechnen?; hues de nach e puer **Real** am Portmonni?

1 **Real** gëtt mat **BRL** oder mat **R\$** ofgekierzt.

realisabel [REALIZ'a:bəl] Adjektiv **DE** *realisierbar* • **FR** *réalisable, faisable* • **EN** *realizable, feasible* • **PT** *realizável, exequível* **Beispill** ech weess net, ob däi **Projet** **realisabel** ass

Realisateur Maskulinum (Pluriel **Realisateuren**) **DE** *Regisseur [bei Film und Fernsehen]* • **FR** *réalisateur [metteur en scène]* • **PT** *realizador [cineasta, videasta]* **Beispill** mat sengem leschte Film ass deem jonke **Realisateur** den Duerchbroch gelongen **Synonym** Regisseur

1 Weiblech Form: **Realisatrice**

Realisatioun [REALIZsj'əʊn] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Verwirklichung* • **FR** *réalisation [exécution, accomplissement]* • **EN** *realization [execution]* • **PT** *realização [execução, concretização]* **Beispill** fir d'**Realisatioun** vum **Projet** huet de Staat 30 % bäigeluecht **Synonymmen** Ausféierung, Exekutioun, Verwierklechung **2.** (Pluriel **Realisatiounen**) **DE** *Werk [Kreation]* • **FR** *réalisation [œuvre, ouvrage]* • **EN** *achievement* • **PT** *realização [obra]* **Beispill** déi Autobunnsbréck ass eng formidabel **Realisatioun!** **3.** (kee Pluriel) **DE** *Regie [Leitung, Gestaltung]* • **FR** *réalisation [d'un film, d'une émission]* • **EN** *production [of a film, of a programme]* • **PT** *realização [de um filme, de um programa]* **Beispill** wie këmmert sech bei där **Sendung** ëm d'**Realisatioun**?

Realisatrice Femininum (Pluriel **Realisatricen**) **DE** *Regisseurin [bei Film und Fernsehen]* • **FR** *réalisatrice [metteuse en scène]* • **PT** *realizadora [cineasta, videasta]* **Beispill** mat hirem leschte Film ass där jonker **Real-**

isatrice den Duerchbroch gelongen **Synonym** Regisseurin

i Männlech Form: **➤**Realisateur

realiséieren [Rea:liz'ziəRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé réalisééiert) » **transitiv** **1.** **DE** realisieren, begreifen • **FR** réaliser [se rendre compte de] • **EN** to realize [to become aware of] • **PT** tomar consciência de, compreender **Beispill** ech hunn nach ëmmer net réalisééiert, datt ech pensionéiert sinn **2.** **DE** realisieren, verwirklichen • **FR** réaliser [mener à bien, concrétiser] • **EN** to realize [to carry out, to fulfil] • **PT** realizar [levar a efeito, concretizar] **Beispiller** den Ingenieur huet de Projet mat nëmme zwee Collaborateure réalisééiert; jidderee versicht alt, seng Dreem ze réaliséieren **Synonym** verwierklechen

Realismus [Real'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** Realismus [Wirklichkeitssinn] • **FR** réalisme [attitude] • **EN** realism • **PT** realismo [atitude] **Beispill** et muss ee mat Realismus un déi Saach erugeen **2.** **Konscht** **DE** Realismus • **FR** réalisme • **EN** realism • **PT** realismo **Beispill** ech liesen am léifste Romaner aus der Zäit vum Realismus

Realist [Real'ist] Maskulinum (Pluriel Realisten) **DE** Realist [realistischer Mensch] • **FR** réaliste [personne pragmatique] • **EN** realist • **PT** realista [pessoa pragmática] **Beispiller** als Realist probéieren ech net, d'Welt ze verbesseren; erwaart der bei där Krankheet keng Wonner, bleif Realist!

i Weiblech Form: **➤**Realistin

realistes [Real'istəʃ] Adjektiv **1.** **DE** realistisch [Wirklichkeitsnah] • **FR** réaliste [conforme à la réalité] <Adverb de façon réaliste> • **EN** realistic [true to life] <Adverb realistically> • **PT** realista [conforme à realidade] <Adverb de forma realista> **Beispiller** du hues eng realistesch Beschreiwung vun der Situatioun gemaach; de Moler huet seng Elteren um Bild ganz realistesch duergestallt **2.** **DE** realistisch [sachlich] • **FR** réaliste [raisonnable] <Adverb avec réalisme> • **EN** realistic [attainable, reasonable] <Adverb realistically> • **PT** realista [razoável] <Adverb com realismo> **Beispiller** ech fannen, den Aarbechter hir Fuerderunge si realistesch a berechtigt; bleif realistesch, och wann d'Gléck den Ament op denger Säit ass!; du has dat Ganzt scho ganz realistesch ageschat

Realistin [Real'istin] Femininum (Pluriel Realistinnen) **DE** Realistin [realistischer Mensch] • **FR** réaliste [femme pragmatique] • **PT** realista [mulher pragmática] **Beispill** als Realistin gesinn ech d'Welt esou, wéi se ass

i Männlech Form: **➤**Realist

Realitéit [Re:alit'zɪt] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Realität [Wirklichkeit] • **FR** réalité [réel] • **EN** reality [quality of being real] • **PT** realidade [real] **Beispiller** d'Realitéit gesäit ganz anescht aus ewéi dat, wat an der Broschür versprach gétt!; du liefs net an der Réalitéit **egs** [du bass net realistesch] **Synonym** Wierklechkeet **2.** (Pluriel Réalitéiten) **DE** Realität [Tatsache] • **FR** réalité [chose réelle, fait] • **EN** reality [fact] • **PT** realidade [coisa real, facto] **Beispiller** dëst ass keng Fiktioun, mee eng gängeg Réalitéit; et gétt eng Rei Réalitéiten, laanschdt déi komme mer net!

reamenagéieren [Reamenəʒ'ziəRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé reamenagéiert)

i Hei entstee en neien Artikel

Reanimatioun [Reanimasj'əʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **1.** **DE** Wiederbelebung, Reanimation • **FR** réanimation • **EN** reanimation • **PT** reanimação [das funções vitais] **Beispill** no der Reanimatioun ass de Blesséierte mat der Ambulanz an d'Spidol gefouert ginn **2.** **DE** Intensivstation • **FR** service de réanimation • **EN** intensive care unit • **PT** serviço de reanimação **Beispill** hie läit zënter e puer Deeg an der Reanimatioun **Synonym** Intensivstation

i Kuerzform: Rea

reaniméieren [Reanim'ziəRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé reaniméiert) » **transitiv** **DE** wiederbeleben • **FR** réanimer • **EN** to reanimate • **PT** reanimar [restituir à vida] **Beispill** d'Dokteren hunn de Verongléckte reaniméiert

Rebbi [R'æbi:] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **egs** **DE** Ramsch, Dreck • **FR** camelote, saloperie(s) • **EN** trash, junk • **PT** tralha, porcaria **Beispill** wien huet der dee Rebbi do da verkaaft? **Synonymmen** Knascht, Wouscht **2.** **egs** **pe-jorativ** **DE** Gesindel, Pack • **FR** racaille • **EN** riff-raff, trash • **PT** gentalha, ralé **Beispill** hien hält sech mat deem gréisste Rebbi op **Synonym** Krom

Rebell [Rəb'æɪ] Maskulinum (Pluriel Rebellen) **DE** Rebell • **FR** rebelle • **EN** rebel • **PT** rebelde **Beispiller** d'Rebellen hunn d'Regierungsgebai ëmstallt; an der Spillschoul war hie schonn e klenge Rebell [an der Spillschoul huet hien sech schonn net gär un d'Reegele gehalten]

i Weiblech Form: **➤**Rebellin

rebelléieren [Rəbæɪ'ziəRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé rebelléiert) » **intransitiv** rebelléieren (géint) **DE** rebellieren (gegen) • **FR** se rebeller (contre), s'insurger (contre) • **EN** to rebel (against) • **PT** rebelar-se (contra), revoltar-se (contra) **Beispiller** d'Studenten hu géint den totalitäre Regimm an hirem Land rebelléiert; den Déif huet rebelléiert, wéi d'Police e wollt mathuelen; an der Pubertéit hunn ech einfach aus Prinzip rebelléiert; wann ech Austeren iessen, da rebelléiert mäi Mo

rebellesch [Rəb'æɪəʃ] Adjektiv **1.** **DE** rebellisch [aufrührerisch] • **FR** rebelle [insurgé] • **EN** rebel • **PT** rebelde [insurreto] **Beispill** déi rebellesch Truppe wollten d'Parlament stiermen **2.** **DE** rebellisch [aufmüßig, renitent] • **FR** rebelle, insoumis, indocile • **EN** rebellious • **PT** rebelde, insubmisso, indócil **Beispill** eise Bouf war an der Pubertéit ganz rebellesch

Rebellin [Rəb'æɪɪn] Femininum (Pluriel Rebellinnen) **DE** Rebellin • **FR** rebelle [femme, jeune fille] • **PT** rebelde [mulher, rapariga] **Beispill** der Rebellin war et gelongen, bis an de Büro vum Staatschef anzredrängen

i Männlech Form: **➤**Rebell

Rebellioun [Rəbæɪli'əʊŋ] Femininum (Pluriel Rebelliounen) **DE** Rebellion • **FR** rébellion • **EN** riot • **PT** rebelião **Beispill** am Prisong koum et zu enger Rebellioun **Synonym** Revolt

Recepissé Maskulinum (Pluriel Recepisséen) **DE** Empfangsbestätigung • **FR** *récépissé* • **PT** *recibo* [de *receção, de entrega*] **Beispill** looss der e Recepissé ginn, wann s de de Pak ofgëss!; vergiess de Recepissé vun denger Demande net, wann s de däin neie Pass siche gees!

Receptionnist [resæpsjɔn'ist] Maskulinum (Pluriel Receptionnisten) **DE** *Rezeptionist* • **FR** *réceptionniste* • **EN** *receptionist* • **PT** *rececionista* **Beispill** ech si Receptionnist an engem Hotel op der Gare

i Variant: Rezeptionist

i Weiblech Form: ↗Rezeptionistin

Rezeptionistin [resæpsjɔn'istin] Femininum (Pluriel Rezeptionistinnen)

i Variant: Rezeptionistin

i Männlech Form: ↗Rezeptionist

Rezeption [resæpsjɔn] Femininum **1.** (Pluriel Rezeptionen) **DE** *Empfang, Rezeption* • **FR** *réception, accueil* [espace, local] • **EN** *reception* [desk, area] • **PT** *receção* [espaço, local] **Beispill** ech hunn d'Schlëssele vu mengem Zëmmer an der Rezeption ofginn **Synonym** **Accueil** **2.** (Pluriel Rezeptionen) **DE** *Empfang* [festliche Veranstaltung] • **FR** *réception* [manifestation festive] • **EN** *reception* [formal party] • **PT** *receção* [reunião festiva] **Beispill** fir d'Rezeption hu sech d'Invitéen all elegant ugedoen **Synonym** **Empfang** **3.** (kee Pluriel) **DE** *Empfang* [Annahme] • **FR** *réception* [de marchandises, du courrier] • **EN** *reception, receipt* [of goods, of mail] • **PT** *receção* [de mercadorias, do correio] **Beispill** wien ass am Betrib fir d'Rezeption vun de Wueren zoustänneg?

i Variant: Rezeption

Recette [ræs'æt] Femininum (Pluriel Recetten) **1.** **DE** *Einnahme* [Erlös] • **FR** *recette* [entrée d'argent] • **EN** *take, takings, receipts* • **PT** *receita* [entrada de dinheiro] **Beispill** mir hunn um Fest eng schéi Recette gemaach; eis Recetté sinn dëst Joer zolidd geklommen **2.** **DE** *Rezept* [Kochrezept] • **FR** *recette* (de cuisine) • **EN** *recipe* • **PT** *receita* (de cozinha) **Beispill** fir déi Recette brauchts de dräi Eeër; kanns de mer d'Recette vun denger Schockelasmousse ginn?

rechargeabel Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Rechemaschinn [r'æçəmafɪn] Femininum (Pluriel Rechemaschinen) **1.** **DE** *Rechenmaschine* • **FR** *calculatrice, machine à calculer* • **EN** *calculator* • **PT** *calculadora, máquina de calcular* **Beispill** den Ticket aus der Rechemaschinn geet mer duer als Quittung **2.** **DE** *Taschenrechner* • **FR** *calculette* • **EN** *pocket calculator* • **PT** *calculadora de bolso* **Beispill** ech hu mengem Neveu eng Rechemaschinn fir de Gebuertsdag kaaft; an der Prüfung si keng Rechemaschinen erlaabt **Synonym** **Täscherechner**

Rechenaufgab [r'æçənəʊfga:p] Femininum (Pluriel Rechenaufgaben) **DE** *Rechenaufgabe* • **FR** *exercice de calcul* • **EN** *arithmetic problem(s), maths exercise* • **PT** *problema aritmético, exercício de cálculo* **Beispill** et gëtt op d'mannst zwou Manéieren, fir déi Rechenaufgab ze léisen

Rechenschaft [r'æçəŋʃaft] Femininum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Rechenschaft* • **FR** *compte(s), justification* • **EN** *explanation, justification* • **PT** *contas, satisfação* **Beispill** ech sinn dir keng Rechenschaft schëlleg! **2.** zur Rechenschaft zéien **DE** zur Rechenschaft ziehen • **FR** *demande des comptes à* • **EN** *to call to account* • **PT** *pedir contas* a **Beispill** deen onéierleche Keessjee gouf zur Rechenschaft gezunn

Rechenzentrum Maskulinum (Pluriel Rechenzentren / Rechenzentren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Recheprüfung [r'æçəpʁy:fun] Femininum (Pluriel Recheprüfungen) **1.** **DE** *Mathearbeit, Rechentest* [Klassenarbeit] • **FR** *contrôle de calcul* [épreuve scolaire] • **PT** *teste de cálculo* [prova escolar] **Beispill** e puer Schüler haten eng Datz an der Recheprüfung **2.** **DE** *Mathearbeit, Rechentest* [Dokument] • **FR** *contrôle de calcul* [copie d'élève] • **PT** *teste de cálculo* [folha] **Beispill** wéi et geschellt huet, huet de Schoulmeeschter d'Recheprüfung agesammelt

Recherche [rəʃ'ɛʁʃ] Femininum **1.** (Pluriel Recherchen) **DE** *Recherche, Nachforschung* • **FR** *recherche* [d'informations] • **EN** *search* [for information], *research* [enquiries] • **PT** *pesquisa* [de informações] **Beispill** ech hunn zu deem Thema eng Recherche am Internet gemaach; hien huet duerch seng journalistesch Recherchen e grouse Korruptionsskandal opgedeckt **2.** (Pluriel Recherchen) **DE** *Forschung* [Forschungsarbeit] • **FR** *recherche* [travail scientifique] • **EN** *research* (work) • **PT** *investigação* [trabalho científico] **Beispill** de Chimist huet seng wëssenschaftlech Recherchen ofgeschloss **Synonym** **Fuerschung** **3.** (kee Pluriel) **DE** *Forschung* [Tätigkeitsbereich] • **FR** *recherche* [secteur d'activité] • **EN** *research* [field of activity] • **PT** *investigação* [setor de atividade] **Beispill**er allgemeng muss méi an d'Recherche investéiert ginn; d'Recherche huet eng sensationell Entdeckung am Beräich vun der Kriibstherapie gemaach **Synonym** **Fuerschung**

recherchéieren [rəʃ'ɛʁʃ'ziəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé recherchéiert) » **transitiv** **1.** **DE** *recherchieren* • **FR** *faire des recherches sur* • **EN** *to research* • **PT** *pesquisar* **Beispill** d'Etymologie vun deem Wuert muss seriö recherchéiert ginn » **intransitiv** **2.** **DE** *recherchieren* • **FR** *faire des recherches, faire une enquête* • **EN** *to research, to do research* • **PT** *pesquisar, investigar* **Beispill** dee Journalist recherchéiert ëmmer ganz grëndlech fir seng Reportagen

rechnen [r'æçnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gerechent) » **transitiv** **1.** **DE** *rechnen, berechnen* [errechnen] • **FR** *calculer, compter* [déterminer en calculant, en comptant] • **EN** *to calculate* • **PT** *calcular, contar* [determinar por meio de cálculo, de contagem] **Beispill** erklär mer emol, wéi een d'Fläch vun engem Dräieck *rechent!*; vun haut u gerechent, sinn et nach fënnf Deeg bis mer an d'Vakanz fueren; ech hu kleng gerechent 20 Puer Schong ^[ëgs] lech hunn op d'mannst 20 Puer Schong **2.** **DE** *rechnen* [in Rechnung stellen] • **FR** *compter* [facturer] • **EN** *to count, to charge for* • **PT** *faturar* [incluir na fatura] **Beispill** d'Caissière huet vergiess, eng Tut Gromperen ze rechnen **3.** **DE** *rechnen* [veran-

schlagen] • **FR** compter [prévoir] • **EN** to count, to allow [to estimate] • **PT** calcular [prever] **Beispill** rechnen dräi Tranchen Ham op de Kapp! **4. DE** berechnen [verlangen] • **FR** demander [comme prix, comme tarif] • **EN** to ask, to charge • **PT** levar, pedir [como preço] **Beispiller** den Handwierker **rechent** 20 Euro d'Stonn; wat **rechent** Dir fir Är Aarbecht? » **intransitiv 5. DE** rechnen [Zahlenaufgaben lösen] • **FR** calculer [faire des calculs] • **EN** to do sums, to do arithmetic • **PT** calcular [fazer cálculos] **Beispiller** wie vun iech Kanner ka gutt **rechnen**?; ech war ëmmer gutt am **Rechnen 6.** rechne mat **DE** rechnen mit • **FR** s'attendre à [prévoir] • **EN** to expect [to be prepared for] • **PT** contar com [prever, imaginar] **Beispiller** mat esou vill Demonstranten **hat** d'Police net **gerechent**; mir **hate** mat guddem Wieder **gerechent**, mee et huet de ganzen Dag gereent **Synonym** gefaasst sinn op **7.** rechne mat **DE** zählen auf, rechnen auf • **FR** compter sur [espérer] • **EN** to count on [to rely on, to hope for] • **PT** contar com [esperar, desejar] **Beispill** ech **hat** fest mat dir **gerechent**, fir mer ze hëllefen, an du hues mech am Plang geloost! **Synonym** zielen op » **reflexiv 8. DE** sich rechnen [sich rentieren] • **FR** être rentable, rapporter • **EN** to be profitable • **PT** ser rentável [dar lucro] **Beispill** dat Investissement **rechent** sech net **Synonymmen** sech rentéieren, sech bezuelt maachen

i Verben, déi **rechnen** als Basis hunn: ↗arechnen, ↗ausrechnen, ↗ëmrechnen, ↗héichrechnen, ↗matrechnen, ↗norechnen, ↗ofrechnen, ↗urechnen, ↗virrechnen, ↗zesummerechnen an ↗zorechnen

Rechnung [R'æçnuŋ] Femininum (Pluriel Rechnungen) **1. DE** Rechnung [Rechenvorgang] • **FR** calcul [opération] • **EN** calculation, sum [problem, question] • **PT** cálculo [operação] **Beispiller** de Schüler hat an der Prüfung just eng eenzeg **Rechnung** falsch; de Vendeur wollt eis uschmieren, mee seng **Rechnung** goug net op [ëgs] [de Vendeur wollt eis uschmieren, mee et ass em net gelungen] **2. DE** Rechnung [Kostenforderung] • **FR** facture, note, addition • **EN** bill, invoice [money owed] • **PT** fatura, conta [relação de despesas] **Beispiller** ech fäerte ganz, de Schräiner mécht eis eng déck **Rechnung**; d'Wieder huet eis e Stréch duerch d'**Rechnung** gemaach [ëgs] [d'Wieder huet eise Plang verhënnert]; am Zirkus koumen d'Kanner op hir **Rechnung** [ëgs] [dat, wat am Zirkus gebuede gouf, huet d'Kanner zefriddegestallt]; mat deem Stonneloun kënt den Handwierker net op seng **Rechnung** [ëgs] [mat deem Stonneloun verdéngt den Handwierker näischt]; mir hunn d'**Rechnung** ouni de Wiert gemaach! [ëgs] [mir hu gehandelt, ouni e wichtege Facteur oder eng wichteg Persoun ze berücksichtigen] **Synonym** Facture **3. DE** Rechnung [Dokument] • **FR** facture [document] • **EN** bill, invoice [document] • **PT** fatura, conta [documento] **Beispill** verléier d'**Rechnung** net, soss kanns de herno näischt ëmtauschen! **Synonym** Facture **4. DE** Rechnung [Schätzung] • **FR** estimation [prévision] • **EN** estimate, assessment • **PT** estimativa [previsão] **Beispill** menger **Rechnung** no missten déi meescht Komiteesmemberen averstane sinn

Recht [Ræçt] Neutrum **1.** (kee Pluriel) **DE** Recht [Gesamtheit der Gesetze] • **FR** droit [ensemble des lois] • **EN** law [body of law] • **PT** direito [conjunto das leis] **Beispill** dat Gesetz ass am Aklang mam europäesche **Recht 2.** (Pluriel **Rechter**) **DE** Recht [festgelegtes, geregeltes Recht] • **FR** droit [légitimation, prérogative, autorisation] •

EN right [legal or moral entitlement] • **PT** direito [legitimação, prerrogativa, autorização] **Beispiller** d'Aarbechter halen op d'Unerkennung vun hire **Rechter**; d'Locatairé sinn dacks net gutt iwver hir **Rechter** a Flichten informéiert; mat där Kaart hunn ech d'**Recht**, gratis mam Bus ze fueren **3.** (kee Pluriel) **DE** Recht [persönlicher Anspruch] • **FR** droit [liberté personnelle] • **EN** right [personal entitlement] • **PT** direito [liberdade pessoal] **Beispiller** mat wat fir engem **Recht** kritiséiers du hie stänneg?; et ass mäi gutt **Recht**, mat menge Suen ze maachen, wat ech wëll!; ech kommen zu mengem **Recht!** [ech kréien dat, wat mer zousteet] **4.** **Recht** hunn op **DE** Recht haben auf • **FR** avoir droit à [pouvoir jouir de] • **EN** to have a right to, to be entitled to • **PT** ter direito a [poder gozar de] **Beispill** vill Studenten hu **Recht** op eng Bourse **5.** **Recht** hunn **DE** Recht haben • **FR** avoir raison • **EN** to be right • **PT** ter razão **Beispiller** du hues absolut **Recht**, wann s de dat sees; ech weess zwar net firwat, mee intuitiv ginn ech der **Recht 6.** am **Recht** sinn **DE** im Recht sein • **FR** être dans son droit • **EN** to be in one's rights • **PT** estar no seu direito **Beispill** ech sinn iwverzeegt, datt ech am **Recht** sinn! **7.** zu **Recht** / mat **Recht DE** zu **Recht**, berechtigterweise • **FR** à juste titre • **EN** rightly, with good reason • **PT** com razão **Beispiller** du hues dech zu **Recht** opgereeegt; d'Leit beschwéieren sech mat **Recht** iwver dee ville Verkéier op der Haaptstrooss **8.** **Recht** kréien **DE** Recht bekommen • **FR** obtenir gain de cause • **EN** to win one's case • **PT** ganhar a causa **Beispill** an der Gerichtsaffär iwver d'Ierfschaft krute mir **Recht 9.** (Pluriel **Rechter**, kee Singulier) **DE** Abgaben, Gebühren • **FR** droits [redevance] • **EN** charges, dues [for the purchase of rights] • **PT** direitos [taxa, contribuição] **Beispill** de Sender huet d'**Rechter** bezuelt, fir d'Weltmeeschterschaft ze iwverdroen

recht Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Rechteck [R'æzdæk] Maskulinum (Pluriel Rechtecken / Rechtecker) **DE** Rechteck • **FR** rectangle • **EN** rectangle • **PT** retângulo **Beispiller** haut hu mer an der Schoul geléiert, wéi een d'Fläch vun engem **Rechteck** rechent; eise Gaart huet d'Form vun engem laangen, schmuele **Rechteck**

rechteckeg [R'æzdækəç] Adjektiv **DE** rechteckig • **FR** rectangulaire • **EN** rectangular • **PT** retangular **Beispill** deen Terrain gëtt a véier **rechteckeg** Bauplazen agedeelt

rechtfäerdeg [R'æçtfe:çdæzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gerechtfäerdeg) - Variant vun ↗rechtfertegen

rechtfertegen [R'æçtfe:çtæzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gerechtfertegt) » **transitiv 1. DE** rechtfertigen • **FR** justifier [rendre légitime] • **EN** to justify • **PT** justificar [tornar legítimo] **Beispiller** aussergewéinlech Situatioune **rechtfertegen** aussergewéinlech Mëttelen; deng Kriticke sinn an dësem Fall net gerechtfertegt **Synonym** justifiéieren » **reflexiv 2. DE** sich rechtfertigen • **FR** se justifier • **EN** to justify oneself • **PT** justificar-se [desculpar-se] **Beispill** du brauchts dech net viru mir ze **rechtfertegen**, ech sinn net däi Chef

i Variant: rechtfäerdeg

rechtlech [R'æçtlɛç] Adjektiv **DE** *rechtlich* [gesetzlich] • **FR** *légal* [juridique] <Adverb *légalement*> • **EN** *legal* [relating to law] <Adverb *legally*> • **PT** *legal* [jurídico] <Adverb *legalmente, por lei*> **Beispiller** en neit Gesetz soll de rechtleche Kader vun de Veräiner besser definéieren; säin Titel ass rechtlech geschützt **Synonymmen** gesetzlech, legal

rechts [R'æçts] Adjektiv - Variant vun ↗riets

rechts [Ræçts] Adverb - Variant vun ↗riets

rechtsbënneg Adjektiv - Variant vun ↗rietsbënneg

Rechtschreiwung [R'æçtʃraivun] Femininum (Pluriel *Rechtschreiwungen*) **DE** *Rechtschreibung, Orthografie* • **FR** *orthographe* • **PT** *ortografia* **Beispill** d'Rechtschreiwung vu munche Sproochen ass komplizéiert **Synonym** Orthografie

rechtsgëlteg [R'æçtsgɛltɛç] Adjektiv - Variant vun ↗rechtsgülteg

rechtsgülteg [R'æçtsgyltɛç] Adjektiv **DE** *rechtsgültig, rechtswirksam* • **FR** *valide, juridiquement valable* • **PT** *válido legalmente* **Beispiller** ass eng elektronesch Ënnerschrëft eigentlech rechtsgülteg?; oni den Accord vun engem Erzéiungsberechtigten ass d'Ënnerschrëft vun engem Mineur net rechtsgülteg

i Variant: rechtsgëlteg

rechtskräfteg [R'æçtskræftɛç] Adjektiv **DE** *rechtskräftig* • **FR** *qui a force de chose jugée* • **PT** *que transitou em julgado* **Beispill** wéi eng rechtskräfteg Urteeler ginn am Casier agedroen?

Rechtsmëttel Neutrum (Pluriel *Rechtsmëttelen*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Rechtsstaat Maskulinum (Pluriel *Rechtsstaaten*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Rechtsstat Maskulinum (Pluriel *Rechtsstaten*) - Variant vun ↗Rechtsstaat

Rechtsvirschrëft Femininum (Pluriel *Rechtsvirschrëften*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

rechtwénkeleg [R'æçtvɛŋkɛləç] Adjektiv **DE** *rechtwinkelig* • **FR** *orthogonal, à angle droit* <Adverb *perpendiculairement*> • **EN** *right-angled* <Adverb *at a right angle*> • **PT** *ortogonal, retângulo* <Adverb *perpendicularmente*> **Beispiller** zeechen emol e rechtwénkelegen Dräieck!; déi zwou Stroosse stousse rechtwénkeleg openeen

Rechute Femininum (Pluriel *Rechutten*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Recidive Femininum (Pluriel *Recidiven*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

recidivéieren [Rɛsiv'ziɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *recidivéiert*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Recidivist Maskulinum (Pluriel *Recidivisten*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Recidivistin Femininum (Pluriel *Recidivistinnen*) - weiblech Form vun ↗Recidivist

recitéieren [Rɛsit'ziɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *recitéiert*) - Variant vun ↗rezitéieren

Réck [Rɛk] Maskulinum (Pluriel *Récker*) **1. DE** *Rücken* [Körperteil] • **FR** *dos* [partie du corps] • **EN** *back* [part of the body] • **PT** *costas* [parte do corpo] **Beispiller** dës Übung si gutt fir de Réck; kanns du um Réck schwammen?; d'nächst Woch ginn ech mam Réck operéiert; ech sëtzen am léifste mam Réck widder der Mauer; am Judo geet et drëm, fir de Géigner op de Réck ze leeën; ech hunn de Réck wéi, ech muss bei den Dokter; ech hu keng Aen um Réck! [ɛçs] Iech kann net alles gesinn; d'Schuddere si mir de Réck erfogelaf [ɛçs] Iech hu mech geschuddert!; d'Hoer falen dem Meedche bis an de Réck [d'Meedchen huet ganz laang Hoer]; d'Coueure koume gutt virun, well se de Wand am Réck haten [d'Coueure koume gutt virun, well de Wand vun hanne geblosen huet]; hien huet e breede Réck [ɛçs] [hie ka villes erdroen]; hatt huet mir de Réck gestäipt [ɛçs] [hatt huet mir Mutt gemaach]; ech kréien de Réck wéi vum Kachkéis [ɛçs] Iech hunn de Kachkéis net gäl; ech si bal op de Réck gefall, wéi ech dat héieren hunn! [ɛçs] Iech war ganz paff, wéi ech dat héieren hunn!; Merci, datt s de mer de Réck fräigehalen hues! [ɛçs] [Merci, datt s de mer et méiglech gemaach hues, mech op dat Wichtigst ze konzentréieren]; ech wäert schonn erauskréien, wat dir hanner mengem Réck geplangt hutt! [ɛçs] Iech wäert schonn erauskréien, wat dir heemlech geplangt hutt!; ech hätt ni geduecht, datt mäin eegene Brudder mer esou an de Réck géif falen [ɛçs] Iech hätt ni geduecht, datt mäin eegene Brudder mer op esou eng hannerléschteg Manéier géif schueden! **2. de Réck** dréien / de Réck kéieren **DE** *den Rücken kehren* • **FR** *tourner le dos à, se détourner de* • **EN** *to turn one's back on* • **PT** *virar as costas a* **Beispiller** den Noper ass bestëmmt rosen, en huet mer an der Strooss de Réck gekéiert; um Fest krute mer net vill mateneen ze schwätzen, well mer hunn eis de Réck gedréit [um Fest krute mer net vill mateneen ze schwätzen, well mer souze mat de Récker zueneen]; si huet hirer Partei de Réck gekéiert [si huet sech vun hirer Partei distanzéiert] **3. oppene Réck** **DE** *offener Rücken, Spina bifida* • **FR** *spina-bifida* • **EN** *spina bifida* • **PT** *espinha bifida* **Beispill** Kanner, déi mat engem oppene Réck op d'Welt kommen, hunn eng Feelbildung vum Muerch a vun der Wirbelsail **4. DE** *Rückseite* • **FR** *face arrière* • **EN** *back* [rear] • **PT** *traseiras, costas* **Beispiller** d'Haus läit mam Réck zur Haaptstrooss; iwwerem Plënnereen ass de kleespere Réck vum Schaf gerass **5. DE** *Rücken* [Buchrücken] • **FR** *dos* [d'un livre] • **EN** *spine* [of a book] • **PT** *dorso* [de um livro] **Beispill** d'Bicher an der Bibliothéik sinn um Réck nummeréiert **6. DE** *Rückenlehne* • **FR** *dos, dossier* • **EN** *back* [of a chair] • **PT** *costas, encosto* **Beispill** de Réck vun dësem Stull ass net héich genuch

Réckbléck [R'ɛkblɛk] Maskulinum (Pluriel *Réckblécker*) **DE** *Rückblick* • **FR** *rétrospective* • **EN** *review* [of past events] • **PT** *retrospectiva* **Beispill** de Politiker ass a sengem Réckbléck op déi politesch schwierig Theemae vum leschte Joer agaangen

réckelen [R'ekələn] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé geréckelt) » **transitiv 1.** DE rücken, verrücken • FR déplacer, pousser [changer de place] • EN to move, to push [to a different place] • PT deslocar, mover [mudar de sitio] **Beispill** wa mer den Dësch bei d'Mauer réckelen, komme mer besser laanscht **2.** d'Auer réckelen DE die Uhrzeit umstellen • FR changer d'heure • EN to move the clock [forward, back] • PT mudar a hora **Beispill** zweemol d'Joer gëtt d'Auer geréckelt ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé geréckelt) » **intransitiv 3.** DE rücken [wegrücken, Platz machen] • FR se pousser, bouger • EN to move [to make room] • PT chegar-se para lá, mudar-se **Beispiller** kanns de wannechgelift e bësse réckelen?; hatt ass mam Stull op d'Säit geréckelt

i Verben, déi **réckelen** als Basis hunn: ↗eraréckelen, ↗erausréckelen, ↗eriwerréckelen, ↗ewechréckelen, ↗noréckelen an ↗zesummeréckelen

Recken [R'ækən] Eegennumm DE Reckingen • FR Reckange • EN Reckange • PT Reckange **Beispiller** ech wunnen zu Recken; fiert dëse Bus op Recken?

Reckendall [R'ækəndal] Eegennumm DE Reckenthal • FR Reckenthal • EN Reckenthal • PT Reckenthal **Beispiller** ech wunnen am Reckendall; fiert dëse Bus an de Reckendall?

Réckendeckung Femininum (kee Pluriel) DE Rücken-deckung [Absicherung, Unterstützung] • FR soutien, appui [dans une situation à risque] • PT suporte, apoio [numa situação de risco] **Beispill** d'Arbechter konnte bei hirem Streik op d'**Réckendeckung** vun de Gewerkschaften zielen **Synonym** Ennerstëtzung

Reckener Barrière [R'ækəneb'arjɛ:R] Eegennumm DE Reckenge-Barrière • FR Reckange-Barrière • EN Reckange-Barrière • PT Reckange-Barrière **Beispiller** ech wunnen op der Reckener Barrière; fiert dëse Bus op d'Reckener Barrière?

Reckeng op der Mess [R'ækəngopdɛm'æs] Eegennumm DE Reckingen • FR Reckange-sur-Mess • EN Reckange-sur-Mess • PT Reckange-sur-Mess **Beispiller** ech wunnen zu Reckeng op der Mess; fiert dëse Bus op Reckeng op der Mess?

Réckewierbel [R'ekəvi:ɐbəl] Maskulinum (Pluriel Réckewierbelen) - Variant vun ↗Réckewirbel

Réckewirbel [R'ekəvi:ɐbəl] Maskulinum (Pluriel Réckewierbelen) DE Rückenwirbel [Brust- und Lendenwirbel] • FR vertèbre dorsale • EN vertebra [thoracic and lumbar] • PT vértebra [torácica e lombar] **Beispill** wéi ech an der Trap gefall sinn, hunn ech mer e puer Réckewirbele getéitscht

i Variant: Réckewierbel

Réckfall [R'ekfal] Maskulinum (Pluriel Réckfäll) DE Rückfall • FR rechute, récidive • PT recaída, recidiva **Beispill** nodeem et mat menger Mamm kuerz biergop goug, krut se bei hiner Longenentzündung e **Réckfall**

réckfällig [R'ekfæləç] Adjektiv DE rückfällig • FR faisant une rechute, récidiviste • EN recidivist • PT tendo uma recaída, reincidente **Beispiller** e puer Méint no senger Entzéiungskuer ass den Alkoholiker **réckfällig** ginn; d'Zuel vun de **réckfälligen** Täter ass déi lescht Joren

an d'Luucht gaangen

Réckfluch [R'ekfluχ] Maskulinum (Pluriel Réckflich) DE Rückflug • FR vol retour • PT voo de regresso **Beispill** well eise **Réckfluch** eréischt owes spët ass, kënne mer och nach zum leschten Dag vun der Vakanz profitieren

Réckflug [R'ekfluχ] Maskulinum (Pluriel Réckflug) - Variant vun ↗Réckfluch

Réckgang [R'ekgəŋ] Maskulinum (Pluriel Réckgäng) **1.** DE Rückgang • FR baisse, diminution • EN drop, decline • PT diminuição, queda, descida **Beispill** mir haten d'lescht Joer e liichte **Réckgang** vun der Aarbecht-sloscheet **2.** DE Rückwärtsgang [eines Getriebes] • FR marche arrière [d'une boîte de vitesses] • EN reverse gear • PT marcha-atrás [de uma caixa de velocidades] **Beispill** bei mengem alen Trakter spréngt de **Réckgang** ëmmer eraus

i Variant: Réckgank

réckgängeg [R'ekgæŋəç] Adjektiv réckgängeg maachen DE rückgängig machen • FR annuler • EN to cancel, to annul • PT anular **Beispiller** et ass schweier, dësen Handel **réckgängeg** ze maachen; déi Decisioun goufe vum Komitee **réckgängeg** gemaach

Réckgank [R'ekgəŋk] Maskulinum (Pluriel Réckgäng) - Variant vun ↗Réckgang

Réckgrat Neutrum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel

Reckingerhaff [Rækɪŋə'haf] Eegennumm DE Reckingerhof • FR Reckingerhof • EN Reckingerhof • PT Reckingerhof **Beispiller** ech wunnen um Reckingerhaff; fiert dëse Bus op de Reckingerhaff?

Réckkräiz [Rekr'æ:its] Neutrum (Pluriel Réckkräizer) DE Kreuz [Teil des Rückens] • FR reins, bas du dos • EN lower back • PT parte inferior das costas **Beispill** esou eng uerg Pëng am **Réckkräiz** kann op e Bandscheiwevfall hindeiten

réckleefeg [R'ekle:fəç] Adjektiv DE rückläufig [Zahl] • FR en baisse, à la baisse, en régression • EN declining, falling • PT em baixa, em declínio, regressivo **Beispiller** d'Zuel vun den Doudesaffer bei den Autosaccidenter ass liicht **réckleefeg**; déi offiziell Statistike vun de Gebuerte weisen eng **réckleefeg** Tendenz

Réckmeldung [R'ekmælduŋ] Femininum (Pluriel Réckmeldungen) DE Rückmeldung, Feedback • FR feedback, retour d'opinion • EN feedback • PT retorno de informação, feedback **Beispill** mir wiere frou, wa mer vun iech eng **Réckmeldung** kréichen, wéi et iech gefall huet **Synonym** Feedback

Réckpass [R'ekpas] Maskulinum/Femininum (Pluriel Réckpassen / Réckpäss) DE Rückpass • FR passe en retrait • EN back pass • PT passe para trás **Beispill** d'Verteidegerin huet eng **Réckpass** iwwe den hallwen Terrain gemaach

Réckruffaktioun [R'ekrufaksjəʊn] Femininum (Pluriel Réckruffaktiounen) DE Rückrufaktion • FR campagne de rappel [d'un produit] • PT campanha de recolha [de um produto] **Beispill** wéinst engem Problem

mat de Bremsen huet de Constructeur fir Ären Autosmodell eng Réckruffaktioun lancéiert **Synonym** Rappel

remarkabel [RƏmɑrk'a:bəl] Adjektiv **1. DE** *bemerkenswert [beträchtlich]* • **FR** *remarquable [considérable]* • **EN** *considerable* • **PT** *considerável, significativo* **Beispill** tëschent Mord an Doutschlag gëtt et e **remarkabelen** **Ennerscheid** **2. DE** *bemerkenswert [hervorragend]* • **FR** *remarquable [brillant, excellent]* <Adverb brillamment> • **EN** *remarkable* <Adverb remarkably> • **PT** *excepcional, excelente* <Adverb de forma brilhante> **Beispill** dat ass eng **remarkabel** Leeschtung!; verschidde **Studenten** hunn am Exame **remarkabel** ofgeschnidden **Synonym** repektabel

remarquabel [RƏmɑrk'a:bəl] Adjektiv - Variant vun **r'emarkabel**

Remarque [RƏm'ɑrk] Femininum (Pluriel Remarquen) - Variant vun **r'Remark**

Rematissem Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Rheuma, Rheumatismus* • **FR** *rhumatisme(s)* • **EN** *rheumatism* • **PT** *reumatismo* **Beispill** net nëmmen eeler Leit, mee och **Kanner** kënnen **Rematissem** kréien **Synonym** Rheuma

rembourséieren [RƏ:mbur'sɛiəRƏn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé rembourséiert) » **transitiv** **1. DE** *erstatten* • **FR** *rembourser [des frais]* • **EN** *to reimburse* • **PT** *reembolsar [despesas]* **Beispill** dëst Medikament gëtt net vu menger Krankekeess **rembourséiert** **2. DE** *zurückzahlen, zurückbezahlen* • **FR** *rembourser [une dette]* • **EN** *to repay, to pay back [a debt]* • **PT** *reembolsar [uma dívida]* **Beispill** d'Haus gëtt verkaaft, well hien de Prêt net méi ka **rembourséieren** **Synonymmen** erëmbezuelen, zeréckbezuelen

Remboursement [RƏ:mbur'səm'ænt] Maskulinum (Pluriel Remboursementen) **DE** *Rückerstattung* • **FR** *remboursement* • **EN** *reimbursement, refund* • **PT** *reembolso* **Beispill** fir de **Remboursement** vun den Onkäschte muss een e spezielle Formulaire ausfüllen

remediéieren [rəme:dj'i'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé remediéiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Rëmeleng [r'əmələŋ] Eegennumm **DE** *Rümelingen* • **FR** *Rumelange* • **EN** *Rumelange* • **PT** *Rumelange* **Beispiller** ech wunnen zu Rëmeleng; fiert dëse Bus op Rëmeleng?

Rëmeljen [r'əmələʒən] Eegennumm **DE** *Rümlingen* • **FR** *Rumlange* • **EN** *Rumlange* • **PT** *Rumlange* **Beispiller** ech wunnen zu Rëmeljen; fiert dëse Bus op Rëmeljen?

Remerciement Maskulinum (Pluriel Remerciementen / Remerciementen) **DE** *Danksagungskarte* • **FR** (*carte de*) *remerciement* • **PT** *cartão de agradecimento* **Beispill** déi jonk Koppel huet eis en handgeschriwwene Remerciement fir eisen Hochzäitskaddo geschéckt

Rëmerech [r'əmərəç] Eegennumm **DE** *Reimberg* • **FR** *Reimberg* • **EN** *Reimberg* • **PT** *Reimberg* **Beispiller** ech wunnen zu Rëmerech; fiert dëse Bus op Rëmerech?

Rëmerschen [r'əmərʃən] Eegennumm **DE** *Remerschen* • **FR** *Remerschen* • **EN** *Remerschen* • **PT** *Remerschen* **Beispiller** ech wunnen zu Rëmerschen; fiert dëse Bus op Rëmerschen?

I Lokalvariant: Riemerschen

Remis [rə'm'i:] Maskulinum (Pluriel Remisen) **DE** *Remis*, *Unentschieden* • **FR** *match nul* • **EN** *draw* [*sport*] • **PT** *empate* [*num jogo*] **Beispiller** an der zweeter Partie tëschent deenen zwee Schachspiller gouf et e Remis; e Remis hëlleft kenger vun deenen zwou Ekippe weider

Remise [rə'm'i:s] Femininum (Pluriel Remiseën) **1. DE** *Rabatt* • **FR** *remise* [*réduction de prix*] • **EN** *discount* • **PT** *desconto* [*redução no preço*] **Beispill** de Verkeefer huet eis eng kleng Remise gemaach **2. DE** *Überreichung* • **FR** *remise* [*décernement*] • **EN** *presentation* [*ceremony*] • **PT** *entrega* [*ato de entregar*] **Beispill** fir d'Remise vun den Diplomer hunn d'Jongen eng Krawatt ugedoen **Synonym** Iwwerrechung **3. DE** *Remise*, *Schuppen* • **FR** *remise* [*local*] • **EN** *shed* • **PT** *barracão*, *telheiro* **Beispill** de Wanter iwwer steet mäin Oldtimer hannenaus an der Remise

Remmidemmi Maskulinum (kee Pluriel) ^[ëgs] **DE** *Remmidemmi* • **FR** *boucan*, *vacarme* • **EN** *racket*, *uproar* • **PT** *algazarra*, *barulheira* **Beispiller** wat ass dat fir e Remmidemmi dobaussen op der Gaass?; Kanner, haalt op mat deem Remmidemmi, soss gétt et eng Strof! **Synonymen** Zirkus, Zodi

Remork [rə'm'ɔrk] Femininum (Pluriel Remorken) **DE** *Anhänger* [*Fahrzeug*] • **FR** *remorque* [*véhicule*] • **EN** *trailer* • **PT** *atrelado*, *reboque* **Beispill** e klengen Auto packt déi grouss Remork net **Synonym** Unhänger

Remorque [rə'm'ɔrk] Femininum (Pluriel Remorquen) - Variant vun ↗Remork

Rempart [r'ä:mpa:r] Maskulinum (Pluriel Remparten) **DE** *Festungswall* • **FR** *rempart* [*fortification*] • **EN** *rampart* • **PT** *baluarte* [*fortificação*] **Beispill** dee flotte Spadséierwee féiert iwwer d'Remparte vun der Stad

Remplaçant [rã:mp'l'asã:] Maskulinum (Pluriel Remplaçanten) **DE** *Ersatzmann*, *Aushilfskraft* • **FR** *remplaçant* • **EN** *substitute*, *replacement* • **PT** *substituto* **Beispill** well de Viraarbechter esou laang krank war, huet d'Firma missen e Remplaçant astellen **Synonym** Ersatz

I Weiblech Form: ↗Remplaçante

Remplaçante [rã:mp'l'asã:t] Femininum (Pluriel Remplaçanteën) **DE** *Ersatzfrau*, *Aushilfskraft* • **FR** *remplaçante* • **PT** *substituta* **Beispill** well d'Leierin esou laang krank war, huet missen eng Remplaçante fonnt ginn **Synonym** Ersatz

I Männlech Form: ↗Remplaçant

remplacéieren [rã:mp'las'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé remplacéiert) » **transitiv** **DE** *ersetzen*, *vertreten* • **FR** *remplacer* [*une personne*] • **EN** *to replace* [*to stand in for*] • **PT** *substituir* [*uma pessoa*] **Beispiller** well ech deen Dag krank war, huet e Kolleeg mech remplacéiert; eise Sekretär ass schwéier ze remplacéieren [eise Sekretär huet eemolleg Kompetenzen] **Synonym** ersetzen

Remplacement Neutrum (Pluriel Remplacementen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Remuneration Femininum (Pluriel Remunerationen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

remuneréieren [rəmyner'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé remuneréiert) » **transitiv** ^[gehuewen] **DE** *entlohnen*, *vergüten* • **FR** *remunérer* [*payer*] • **PT** *remunerar* [*pagar*] **Beispiller** kompetent Mataarbechter sollen och uerdentlech remuneréiert ginn; ass d'Aarbecht am Pfluegeseceur anstänneg remuneréiert? **Synonym** bezuelen

Renaissance [rənɛ:s'ã:s] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Renaissance* • **FR** *Renaissance* • **EN** *Renaissance* • **PT** *Renascimento* **Beispill** am Musée ass den Ament eng Ausstellung vu Kënschtler aus der Renaissance

Renaturatioun [rənaturã'si'əʃən] Femininum (Pluriel Renaturatiounen) - Variant vun ↗Renaturéierung

renaturéieren [rənatur'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé renaturéiert) » **transitiv** **DE** *renaturieren* • **FR** *renaturer* • **EN** *to restore to a natural state* • **PT** *renaturalizar* **Beispill** an eiser Gemeng gétt d'Baach renaturéiert

Renaturéierung [rə:natur'ziərən] Femininum (Pluriel Renaturéierungen) **DE** *Renaturierung* • **FR** *renaturation* [*remise à l'état naturel*] • **EN** *restoration to a natural state* • **PT** *renaturalização* **Beispill** d'Renaturéierung vun der Baach hëlleft, Iwwerschwemmungen ze verhënneren

I Variant: Renaturatioun

Rëndelchen [r'əndəlçən] Maskulinum (Pluriel Rëndelchen) - Diminutivform vun ↗Rondel **DE** (*kleine*) *Wurstscheibe* • **FR** (*petite*) *rondelle de saucisse de viande* • **EN** (*small*) *slice of sausage meet* [*wurst*] • **PT** (*pequena*) *rodela de salsichão* **Beispill** d'Metzlesch huet d'Kand

gefrot, ob et gären e Rëndelchen hätt

Rendement Maskulinum (Pluriel Rendementen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Rendez-vous [rã:de:v'u:] Maskulinum (Pluriel Rendez-vousen) **1.** **DE** *Verabredung* • **FR** *rendez-vous [rencontre arrangée]* • **EN** *rendezvous* • **PT** *encontro [reunião combinada]* **Beispiller** has de eise Rendez-vous vergiess?; ech hu Rendez-vous mat mengem Papp virun der Gare **2.** **DE** *Termin [Abmachung]* • **FR** *rendez-vous [professionnel]* • **EN** *appointment [for a consultation]* • **PT** *consulta (marcada), encontro (profissional)* **Beispiller** ech hu muer Rendez-vous beim Zännokter; bei villen Doktere muss ee fir e Rendez-vous, deen ee vergiess huet, awer bezuelen; eisen Hausdokter schafft nëmmen op Rendez-vous lbei eise Hausdokter muss een e Rendez-vous huelen **3.** **DE** *Treffen, Date* • **FR** *rendez-vous [rencontre amoureuse]* • **EN** *date [romantic meeting]* • **PT** *encontro [reunião romântica]* **Beispill** beim eischte Rendez-vous wousste mer schonn, datt mer firnee bestëmmt waren

Rëndflesch [r'əntfle:ʃ] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Rindfleisch* • **FR** *(viande de) bœuf, viande bovine* • **EN** *beef* • **PT** *carne de vaca* **Beispill** wann ech Flesch iessen, hunn ech am léifste Rëndflesch

I Variant: Randflesch

Rëndfleschbriit [r'əntfle:ʃbrɪt] Femininum (Pluriel Rëndfleschbriiten) **Gastronomie** **DE** *Rinderbrühe* • **FR** *bouillon de bœuf, consommé de bœuf* • **EN** *beef broth, beef stock* • **PT** *caldo de carne de vaca* **Beispill** als Entrée zerwéiert meng Bomi eng gutt Rëndfleschbriit mat Wermischel

I Variant: Rëndsbriit

Rëndsbriit Femininum (Pluriel Rëndsbriiten) - Variant vun **Rëndfleschbriit**

Rëndsbrot Maskulinum (Pluriel Rëndsbroten)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Rëndsfilet [rənts'fɪle:] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Rinderfilet [Fleischsorte]* • **FR** *filet de bœuf [type de viande]* • **EN** *beef tenderloin, beef fillet [type of meat]* • **PT** *lombo de vaca [tipo de carne]* **Beispill** ech hu beim Metzler e Kilo Rëndsfilet bestallt **2.** (Pluriel Rëndsfileten) **DE** *Rinderfilet [Stück]* • **FR** *filet de bœuf [pièce de viande]* • **EN** *beef tenderloin, beef fillet [cut of meat]* • **PT** *lombo de vaca [peça de carne]* **Beispill** fir d'Kommioun keefs de am beschten e ganze Rëndsfilet

Rëndsgihaktes [r'ənts'gəhaktəs] Neutrum (kee Pluriel) **Gastronomie** **DE** *Rinderhackfleisch* • **FR** *hachis de bœuf* • **EN** *beef mince* • **PT** *carne de vaca picada* **Beispill** hues de d'Rëndsgihaktes fir d'Spaghettiszooss schonn ugebroden?

Rëndsgulasch [rənts'gʊlɑʃ] Maskulinum (Pluriel Rëndsgulaschen) **Gastronomie** **DE** *Rindergulasch* • **FR** *goulache (de bœuf)* • **EN** *beef goulash, beef stew* • **PT** *goulache de vaca* **Beispill** ech loossen de Rëndsgulasch zwou Stonne bei niddereger Temperatur zéien, fir datt d'Flesch schéi mëll gëtt

Rëndsjarret [rəntsʒ'ɑre:] Maskulinum (Pluriel Rëndsjarreten) **Gastronomie** **DE** *Beinscheibe [vom Rind]* • **FR** *rouelle de jarret [de bœuf]* • **EN** *slice of beef shin* • **PT** *rodela de chaminão com osso [de vaca]* **Beispill** an der Kantin gouf et de Mëtteg Rëndsjarret mat Grompèrepüree a Geméis

Rëndsliewer [r'əntsliəvɛ] Femininum **1.** (Pluriel Rëndslieweren) **DE** *Rinderleber [Organ]* • **FR** *foie de bœuf [organe]* • **EN** *beef liver [organ]* • **PT** *figado de vaca [órgão]* **Beispill** vun enger Rëndsliewer gi meeschstens eenzel Tranchen erofgeschnidden **2.** (kee Pluriel) **Gastronomie** **DE** *Rinderleber [Nahrungsmittel]* • **FR** *foie de bœuf [produit alimentaire]* • **EN** *beef liver [food]* • **PT** *figado de vaca [alimento]* **Beispiller** vergiess net, beim Metzler e Pond Rëndsliewer ze bestellen!; ech hat schonn als Kand Rëndsliewer net gär

Rëndsschank [rəntsʃ'ɑŋk] Femininum (Pluriel Rëndsschanken) **DE** *Rinderknochen* • **FR** *os de bœuf* • **EN** *beef bone* • **PT** *osso de vaca* **Beispill** de Kach huet d'Rëndsschanke mam Geméis ugebroden, fir eng gutt Zooss dervun ze maachen

Rëndvéi [r'əntfɛi] Neutrum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Rindvieh [Gattung]* • **FR** *bovidés* • **EN** *cattle* • **PT** *bovídeos* **Beispill** déi Kränkt fënn net een nëmme beim Rëndvéi **2.** (Pluriel Rëndvéier) **Égs** **DE** *Rindvieh [Dummkopf]* • **FR** *abrutí* • **EN** *pillock, jackass* • **PT** *idiota, cretino* **Beispill** du bass e Rëndvéi!

rëndvéizeg [r'əntfɛitsəʒ] Adjektiv **Égs** **DE** *eselhaft, töricht* • **FR** *d'abrutí, idiot* **Adverb** *comme un abrutí* • **EN** *idiotic, dumb* **Adverb** *idiotically* • **PT** *de parvo, idiota* **Adverb** *como um parvo* • **Beispiller** wat soll dat rëndvéizegt Gebierels?; behuel dech net esou rëndvéizegt!

Rëndvéizegkeet [r'əntfɛitsəʒkɛ:t] Femininum (Pluriel Rëndvéizegkeeten) **Égs** **DE** *Eselei, Dummheit, Unsinn* • **FR** *connerie, idiotie, ânerie, bêtise* • **EN** *idiotcy, stupidity, asininity* • **PT** *disparate, parvoice* **Beispill** mat denge Rëndvéizegkeeten hues de dech erëm eng Kéier déck blaméiert! **Synonymmen** Bauzegkeet, Ieselzegkeet, Kallefzegkeet

renegociéieren [rənəʒosi'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé renegociéiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

renforcéieren [rã:fɔrs'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé renforcéiert) **» transitiv 1.** **DE** *verstärken [stärker machen]* • **FR** *renforcer [rendre plus résistant]* • **EN** *to reinforce [to strengthen]* • **PT** *reforçar [tornar mais resistente]* **Beispiller** wéinst deem ville Verkéier muss d'Bréck renforcéiert ginn; ech bräicht e Pal-tong mat renforcéierten Ielebéi **Synonym** verstärken **2.** **DE** *verstärken [intensivieren]* • **FR** *renforcer [intensifier]* • **EN** *to reinforce [to intensify]* • **PT** *reforçar [intensificar]* **Beispill** d'Memberstaate mussen hir Kooperatioun renforcéieren

reng [r'æŋ] Adjektiv **1.** **DE** *rein, pur* • **FR** *pur [sans mélange]* • **EN** *pure [unmixed, unadulterated]* • **PT** *puro [sem mistura]* **Beispiller** meng nei Blus ass aus renger Seid; rengen Alkohol kriss de just an der Apdikt **Synonym** puer **2.** **DE** *rein [sauber]* • **FR** *pur [propre]* • **EN** *pure, clean* • **PT** *puro [limpo]* **Beispiller** déi reng Biergloft bekënt mer richtege gutt!; et ass eng reng Loft dobaussen let

ass ganz kal dobaussen]; ech hunn e **rengt** Gewëssen! (lech hu mer näischt virzegeheien) **3. DE** *fein* [feinkörnig] • **FR** *fin* [poudreux] <Adverb finement> • **EN** *fine* [fine-grained] <Adverb finely> • **PT** *fino* [de grão miúdo] <Adverb finamente> **Beispiller** op där Plage gétt et nëmme **reng**e Sand; muelt mer de Kaffi net ze **reng!** **4. DE** *fein* [sehr klein, dünn] • **FR** *fin* [très petit, étroit, mince] • **EN** *fine* [very small, thin, narrow] • **PT** *fino* [miúdo, estreito, delgado] **Beispiller** ech kann dee **rengen** Drock am Telefonsbuch net liesen; ech kréien den Zwier net duerch déi **reng** Nol; an eisem neie Waasserstee si schonn zwee **reng** Rëss **5. DE** *fein, zart* • **FR** *fin, délicat* • **EN** *fine, delicate* • **PT** *fino, delicado* **Beispiller** wat hues du eng **reng** Haut!; esou eng **reng** Blus géif ech op der Hand wäschen! **6. DE** *fein, feinmaschig* • **FR** *fin* [de texture resserrée, de mailage étroit] • **EN** *fine* [fine-meshed] • **PT** *fino* [de malha estreita] **Beispiller** schëtt d'Miel duerch e **reng**e Sift!; ech bräicht **rengen** Drôt, fir meng Kanéngerchersstall ze flécken **7. DE** *zierlich* • **FR** *fluet* • **EN** *petite, dainty* • **PT** *elegante, gracioso* **Beispill** wéi kann esou eng **reng** Fra esou e Luppes vu Puppelche kréien! **8. DE** *fein, subtil* • **FR** *fin, raffiné, subtil* • **EN** *fine, subtle* • **PT** *fino, refinado, subtil* **Beispiller** an deem Restaurant zerweieren se eng **reng** Kichen; dee Witz ass mir ze **reng** **9. DE** *rein* [einfach nur] • **FR** *pur* (et simple) <Adverb (tout) simplement, purement> • **EN** *pure, sheer* <Adverb purely> • **PT** *puro, mero* <Adverb puramente, meramente> **Beispiller** datt et op eiser Hochzäit net gereent huet, war e **reng**e Glécksfall; wat s du do sees, ass dee **rengste** Blödsinn!; meng Ausso war **reng** hypotheesch

rengegen [R'æŋəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gerengegt**) » **transitiv 1. DE** *reinigen* [läutern, von Schadstoffen befreien] • **FR** *purifier* • **EN** *to purify, to clean* • **PT** *purificar* **Beispiller** de Filter, deen d'Loft **reng**egt, muss regelméisseg gewiesselt ginn; deen Téi hëllef, d'Blut ze **reng**egen » **reflexiv 2. DE** *abführen, den Darm leeren* • **FR** *se purger* (les intestins) • **EN** *to purge* (one's bowels) • **PT** *purgar-se, limpar os intestinos* **Beispill** de Fiederwäissen ass gutt, fir sech ze **reng**egen

Réngel [R'ɛŋəl] Eegennumm **DE** *Ringel* • **FR** *Ringel* • **EN** *Ringel* • **PT** *Ringel* **Beispiller** ech wunnen zu Réngel; fiert dëse Bus op Réngel?

réngelen [R'ɛŋələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **geréngelt**) » **transitiv d'Nues** réngelen **DE** *die Nase rümpfen* • **FR** *faire la moue* [par dégoût, par dédain] • **EN** *to turn up one's nose* • **PT** *torcer o nariz* **Beispill** wéi mir Träipe giess hunn, hunn d'Kanner d'Nues **geréngelt**

Réngeler Haff [R'ɛŋələh'af] Eegennumm **DE** (Ferre de) *Ringel* • **FR** (Ferre de) *Ringel* • **EN** (Ferre de) *Ringel* • **PT** (Ferre de) *Ringel* **Beispiller** ech wunnen um Réngeler Haff; fiert dëse Bus op de Réngeler Haff?

Réngelgäns [R'ɛŋəlgæns] Femininum (Pluriel Réngelgänsen) Branta bernicla **DE** *Ringelgans* • **FR** *bernache cravant* • **EN** *brant goose* • **PT** *ganso-de-faces-negras* **Beispill** wéi laang bréien d'Réngelgänsen?

Réngelnatter Femininum (Pluriel Réngelnatteren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

réngen [R'ɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **geréngt**) » **intransitiv DE** *ringen* [einen Ringkampf führen] • **FR** *lutter* [au corps à corps] • **EN** *to wrestle* • **PT** *lutar* [corpo a corpo] **Beispill** déi zwee Bouwe **reng**e matenee fir ze kucken, wien dee Stärksten ass

Réngglott [R'ɛŋglot] Femininum (Pluriel Réngglotten) **DE** *Reneklode* • **FR** *reine-claude* • **EN** *greengage* • **PT** *rainha-cláudia* **Beispill** ech hunn d'Réngglotte léiwer ewéi d'Quetschen, well se méi séiss a méi säfteg sinn

Réngglottegebeess [R'ɛŋglotəgəbe:s] Neutrum (Pluriel <seelen> Réngglottegebeesser) **DE** *Reneklodemarmelade* • **FR** *confiture de reines-claude* • **PT** *doce de ameixa rainha-cláudia* **Beispill** ech hunn de Weekend mat menger Groussmamm Réngglottegebeess gekacht

Réngmärel [R'ɛŋmɛ:rəl] Femininum (Pluriel Réngmärelen) *Turdus torquatus* **DE** *Ringdrossel* • **FR** *merle à plastron* • **EN** *ring ouzel* • **PT** *melro-de-peito-branco* **Beispill** wéi laang bréien d'Réngmärelen?

Rénk [Rɛŋk] Maskulinum (Pluriel Réng) - Variant vun **Rank**

Renkel [R'æŋkəl] Femininum (Pluriel Renkelen) **1. DE** *Lenkstange, Lenker* • **FR** *guidon* • **EN** *handlebars* • **PT** *guidador* [de velocipedes, de motociclos] **Beispill** de Bouf huet eng flott Schell un der Renkel vun sengem Driirad **2. [égs]** **DE** *Lenkrad, Steuer* • **FR** *volant* [d'un véhicule] • **EN** *steering wheel* • **PT** *volante* [de um veículo] **Beispill** dee Klengen huet sech un der Renkel vum Knuppauto d'Zänn ausgeschloen **Synonymen** Steierrad, Volant

renkelen [R'æŋkələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gerenkelt**) » **transitiv 1. DE** *lenken* [ein kleines Gefährt] • **FR** *manœuvrer* [un petit véhicule] • **EN** *to manoeuvre, to steer* [a small vehicle] • **PT** *manobrar* [um pequeno veículo] **Beispill** dee Weenchen do kanns de nëmme mat den hënneschte Rieder **renkelen** **Synonym** steieren » **intransitiv 2. DE** *lenken* [steuern] • **FR** *manœuvrer, effectuer une manœuvre* • **EN** *to manoeuvre, to steer* [a small vehicle] • **PT** *manobrar, efetuar uma manobra* [com um veículo] **Beispill** um Schlitt muss ee mat de Féiss **renkelen** **Synonym** steieren

i Variant: renken

renken [R'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gerenkt**) - Variant vun **Rankelen**

i Verben, déi **renken** als Basis hunn: **Rankelen** an **Ausrenken**

Rénkfanger [R'ɛŋkfəŋɐ] Maskulinum (Pluriel Rankfangeren) - Variant vun **Rankfanger**

Renminbi Maskulinum (Pluriel Renminbi) **DE** *Renminbi* • **FR** *renminbi* • **PT** *renminbi* **Beispill** Renminbi ass den offiziellen Numm vun der chineesescher Währung, mee d'Präisser ginn a Yuan ausgedréckt

i **Renminbi** gétt mat **CNY** oder mat **¥** ofgekierzt.

rennen [R'ænan] ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **gerannt**) » **intransitiv 1. DE** *rennen* [schnell laufen] • **FR** *courir* (à toute vitesse), *se précipiter* • **EN** *to run* [fast], *to rush* • **PT** *correr* (a toda a velocidade), *precipitar-se* **Beispiller** beim Äerdbiewe sinn d'Leit aus den Haiser **gerannt**; an der Mathé hu mer misse **rennen**, fir mam Programm fäerdeg ze ginn **[égs]** [an der Mathé hu mer

misse ganz séier schaffen, fir mam Programm fäerdeg ze ginn] **2. DE** *rasen* [schnell fahren] • **FR** *rouler* (à toute allure) • **EN** *to drive fast* [to speed] • **PT** *ir* (depressa), *conduzir* (depressa) **Beispill** de Chauffer **ass** vill ze séier iwwer d'Kräizung **gerannt** **3.** **rennen** an **DE** *stoßen gegen*, *rasen gegen* • **FR** *heurter*, *cogner contre* • **EN** *to bump into*, *to knock into* • **PT** *bater em*, *chocar com*, *ir contra* **Beispiller** am Supermarché **ass** ee mer mat sengem Caddie an d'Feescht **gerannt**; ech **si** mat der décker Zéif an de Fouss vum Bett **gerannt**; beim Plënnere **si** mer mat engem Schaf an d'Salonsdier **gerannt**; bei der Biercourse **ass** en Auto an d'Ofspärung **gerannt** ♦ **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gerannt**) » **transitiv** **4.** (mam Fouss) **rennen** **DE** *mit dem Fuß treten* • **FR** *donner un coup de pied à* • **EN** *to kick*, *to strike* (with one's foot) • **PT** *pontapear* **Beispiller** d'Meedchen **huet** de Bouf mam Fouss **gerannt**; wann **s** de dech net gëss, da **rennen** ech dech! » **intransitiv** **5.** mam Fouss **rennen** an **DE** *mit dem Fuß treten gegen* • **FR** *botter dans*, *shooter dans* • **EN** *to kick against*, *to strike* (with one's foot) • **PT** *dar um pontapé em* **Beispill** hie war esou **rosen**, datt e mam Fouss an d'Dreckskëscht **gerannt** **huet**

I Verben, déi **rennen** als Basis **hunn**: ↗**anenannerrennen**, ↗**ane-neerennen**, ↗**ärennen**, ↗**ëmrennen**, ↗**erausrennen**, ↗**erofrennen**, ↗**fortrennen**, ↗**laanschtrennen**, ↗**norennen** an ↗**widderrennen**

rënnen [R'ənən] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gerënt** / **geronnen** / **geronn**) » **intransitiv** **DE** *lecken* [undicht sein] • **FR** *fuir* [présenter une fuite] • **EN** *to leak* • **PT** *verter* [ter uma fuga] **Beispiller** de Kullang **rënt**, mir **mussen** de Blechschléier **komme loossen**; mir **hunn** deen **alen Tank ersat**, **well e gerënt** **huet**

I Verben, déi **rënnen** als Basis **hunn**: ↗**ofrënnen** an ↗**oprënnen**

Rennpist [R'ænpist] **Femininum** (Pluriel **Rennpisten**) **DE** *Rennstrecke* • **FR** *circuit*, *piste* [de course automobile] • **PT** *circuito de corrida*, *pista de corrida* [de automóveis] **Beispiller** de Belag vum der **Rennpist** **gëtt** **dëst** Joer **neigemaach**; fuer **méi lues**, du **bass net** op enger **Rennpist!**; déi **laang** **richt** **Strooss** **ass** eng **richteg** **Rennpist** [égs] [vill Leit **fuere** vill ze séier op där **laanger** **richter** **Strooss**] **Synonym** **Rennstreck**

Rennscheier **Femininum** (Pluriel **Rennscheieren**) [égs] **DE** [Definition] *jemand, der ständig unterwegs ist*, [Definition] *jemand, der ständig auf Achse ist* • **FR** [Definition] *quelqu'un qui est souvent sur la route*, [Definition] *quelqu'un qui est souvent en vadrouille* • **PT** [Definition] *alguém que está sempre fora de casa*, [Definition] *alguém que está sempre a vadiar* **Beispiller** datt **een** **dech** **Rennscheier** **emol** eng **Kéier** **doheem** **erwëscht!**; zënter **meng** **Elteren** **alle** **béid** **d'Pensioun** **hunn**, **sinn** **se** **richteg** **Rennscheieren**

Rennstreck [R'ænjtræk] **Femininum** (Pluriel **Rennstrecken**) **DE** *Rennstrecke* • **FR** *circuit*, *piste* [de course automobile] • **PT** *circuito de corrida*, *pista de corrida* [de automóveis] **Beispiller** de Belag vum der **Rennstreck** **gëtt** **dëst** Joer **neigemaach**; fuer **méi lues**, du **bass net** op enger **Rennstreck!**; déi **laang** **richt** **Strooss** **ass** eng **richteg** **Rennstreck** [égs] [vill Leit **fuere** vill ze séier op där **laanger** **richter** **Strooss**] **Synonym** **Rennpist**

Renommée [R'ənome:] **Femininum** (kee Pluriel) **DE** *Renommée*, (guter) *Ruf* • **FR** *renommée*, *réputation* • **EN** *reputation* [good name] • **PT** *fama*, (boa) *reputação* **Beispiller** de Fuerschungsinstitut **huet** eng **international** **Renommée**; Äert **Geschäft** **huet** eng **gutt** **Renommée** **Synonymmen** **Numm**, **Reputatioun**, **Ruff**

renomméiert [RƏNOM'ziət] **Adjektiv** **DE** *renommiert* • **FR** *renommé*, *réputé* • **EN** *renowned*, *prestigious* • **PT** *renomado*, *reputado* **Beispiller** hie **krut** **säin** **akadeemeschen** **Titel** **vun** enger **renomméierter** **Universtitéit**; e **renomméierten** **Archeolog** **huet** en **Artikel** **iwwer** **déi** **al** **Katakombe** **publizéiert** **Synonym** **bedeitend**

renoncéieren [RƏNÖ:'s:ziərən] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **renoncéiert**)

I Hei entstee en neien Artikel.

Renovatioun [RƏNOVASj'əʊn] **Femininum** (Pluriel **Renovatiounen**) **DE** *Renovierung*, *Renovierungsarbeit* • **FR** (travail de) *rénovation* • **EN** *renovation* • **PT** (obra de) *renovação*, (obra de) *remodelação* **Beispill** ier **mer** **eist** **Haus** **verlounen**, **mussen** e **puer** **kleng** **Renovatioune** **gemaach** **ginn**

I Variant: **Renovéierung**

Renovatiounsaarbecht [RƏNOVASj'əʊnza:bæçt] **Femininum** (Pluriel **Renovatiounsaarbechten**) (meeschtens Pluriel) **DE** *Renovierungsarbeit* • **FR** *travail de rénovation* • **EN** *renovation work* • **PT** (obras de) *renovação*, (obras de) *remodelação* **Beispill** **wéinst** **Renovatiounsaarbechten** **ass** en **Deel** **vum** **Musée** **fir** **de** **Public** **uuz**

renovéieren [RƏNÖ:'v:ziərən] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **renovéiert**) » **transitiv** **DE** *renovieren* • **FR** *réover* [réhabiliter] • **EN** *to renovate* • **PT** *renovar*, *remodelar* [reabilitar] **Beispiller** d'Fassad vum **Stadhaus** **gëtt** **renovéiert**; mir **renovéieren** **déi** **al** **Scheier** **selwer**

Renovéierung [RƏNÖV'ziərən] **Femininum** (Pluriel **Renovéierungen**) - Variant vum ↗**Renovatioun**

renseignéieren [Rã:sæj'ziərən] **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **renseignéiert**) » **transitiv** **1.** **DE** *Auskunft erteilen* • **FR** *renseigner* [informer] • **EN** *to give information* • **PT** *informar* [dar informações a] **Beispill** an deem **Guichet** **ginn** d'**Touriste** **ganz** **gutt** **renseignéiert** » **reflexiv** **2.** **DE** *sich erkundigen* • **FR** *se renseigner* • **EN** *to get information* (about), *to make enquiries* (about) • **PT** *informar-se* **Beispiller** déi **meescht** **Leit** **renseignéieren** **sech** **haut** **iwwer** **Internet**; ier **mer** **an** d'**Vakanz** **fuere**n, **musse** **mer** **eis** **nach** **renseignéieren**, **wéini** **d'Färe** **fuere**n **Synonym** **sech** **ëmfroen**

Renseignement [Rã:sæjəm'ænt] **Maskulinum** / **Neutrum** (Pluriel **Renseignementer**) **DE** *Auskunft* [Information] • **FR** *renseignement* [information] • **EN** *information* • **PT** *informação* [esclarecimento] **Beispill** ech **bräicht** e **puer** **Renseignementer** **iwwer** **déi** **nei** **Bustariffer**

Renseignement [Rã:s'æjəmã:nt] **Maskulinum** (kee Pluriel) **DE** *Auskunft* [Dienststelle] • **FR** *service de renseignement*, *bureau de renseignement* • **EN** *directory enquiries* [telephone], *information desk* • **PT** (serviço de) *informações* **Beispill** ech **ruffen** op de **Renseignement** **un**, **fir** eng **Nummer** **gewuer** ze **ginn**, **déi** **ech** **net** **am**

EN *repair* • PT *reparação* [*conserto*] **Beispiller** esou eng deier **Reparatur** lount sech bei deem alen Auto net méi; mäin Auto ass an der **Reparatur** [mäin Auto gött grad reparéiert] **Synonym** **Reparatioun**

reparéieren [RƏPƏR'ʒIƏRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé reparéiert) » **transitiv** DE *reparieren* • FR *réparer* [*remettre en état de marche*] • EN *to repair* [*to mend*] • PT *reparar* [*consertar*] **Beispiller** den Elektriker weess net, ob en de Radio nach ka **reparéieren**; deen accidentéierten Auto ass net méi ze **reparéieren** **Synonym** **flécken**

Repas sur roues [RƏP'a:sy:ʁu:'u:] Maskulinum (Pluriel **Repas-sur-rouen**)

Hei entsteet en neien Artikel.

Repercussioun [RƏPƏRkysj'əʃɔŋ] Femininum (Pluriel **Repercussiounen**) (meeschtens Pluriel) DE *Auswirkung* • FR *répercussion* [*effet*] • EN *repercussion* [*consequence*] • PT *repercussão* [*efeito*] **Beispill** d'Enn vum Bankgeheimnis hätt **Repercussiounen** op d'Finanzplaz

repercutéieren [RƏPƏRkɥt'ʒIƏRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé repercutéiert)

Hei entsteet en neien Artikel.

reperéieren [RƏPƏR'ʒIƏRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé reperéiert)

Hei entsteet en neien Artikel.

reperkutéieren [RƏPƏRkɥt'ʒIƏRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé reperkutéiert)

Hei entsteet en neien Artikel.

Repertoire [RƏP'ɛRTwa:R] Maskulinum (Pluriel **Repertoiren**) DE *Repertoire* • FR *répertoire* [*d'un artiste*] • EN *repertoire* • PT *repertório* [*de um artista*] **Beispiller** den Tenor huet déi schéinste Lidder aus sengem **Repertoire** gesongen; déi zwee Acteuren hu ganz ënnerschiddlech **Repertoiren**

reperatoriéieren [RƏPƏRTɔri'ʒIƏRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé reperatoriéiert)

Hei entsteet en neien Artikel.

repetéieren [RƏPɛt'ʒIƏRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé repetéiert)

Hei entsteet en neien Artikel.

repikéieren [RƏpik'ʒIƏRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé repikéiert) - Variant vun ↗**repiquéieren**

repiquéieren [RƏpik'ʒIƏRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé repiquéiert) » **transitiv** DE *vereinzeln*, *pikieren* • FR *repiquer* [*replanter*] • EN *to prick out* [*to replant*] • PT *transplantar* [*uma planta*] **Beispill** d'Zalot muss **repiquéiert** ginn

Replay Maskulinum (Pluriel **Replayen** / **Replays**)

Hei entsteet en neien Artikel.

Replik [RƏp'l'ik] Femininum (Pluriel **Replicken**) **1.** DE *Replik* [*Erwiderung*, *Entgegnung*] • FR *réplique* [*réaction orale*] • EN *retort*, *repartee*, *riposte* • PT *réplica* [*resposta pronta*] **Beispill** dee Politiker ass fir seng spat **Replique**

bekannt **2.** DE *Replik* [*in einer Theaterrolle*] • FR *réplique* [*de théâtre*] • EN *line* [*in a play*] • PT *réplica* [*de teatro*] **Beispill** den Haaptacteur huet am zweeten Akt nëmmen e puer **Replicken** **3.** DE *Replik* [*Nachbildung*, *Kopie*] • FR *réplique* [*reproduction*, *copie*] • EN *replica* • PT *réplica* [*reprodução*, *cópia*] **Beispill** d'ëst Bild ass eng **Replik** vum Original, dat am Musée hänt **Synonymmen** **Kopie**, **Reproduktioun**

Replikationsfacteur [RƏplikasj'əʃɔŋsfaktœ:R] Maskulinum (Pluriel **Replikationsfacteuren**) DE *Basisreproduktionszahl* • FR *taux de reproduction de base* • PT *número básico de reprodução* **Beispill** de Virologen no läit de **Replikationsfacteur** vum Virus den Ament licht ënner eent **Synonymmen** **Reproduktionszuel**, **Reproduktionswäert**

replayen [ripl'ajən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **replayt** / **replied**)

Hei entsteet en neien Artikel.

Repondeur [RƏpɔ̃:d'œ:R] Maskulinum (Pluriel **Repondeuren**) DE *Anrufbeantworter*, *Voicemail* • FR *répondeur* [*téléphonique*] • EN *answering machine* • PT *atendedor de chamadas*, *voice-mail* **Beispill** et huet ee mer e **Message** op mäi **Repondeur** geschwat **Synonym** **Anrufbeantworter**

Reportage [RƏpɔʁt'a:ʒ] Maskulinum/Femininum (Pluriel **Reportagen**) DE *Reportage*, *Beitrag* • FR *reportage* • EN *reportage*, *report* • PT *reportagem* [*emissão*, *artigo*] **Beispiller** op der **Televioun** kënnt den **Owend** e **Reportage** iwwer de **Wäibau**; déi **Journalistin** **recherchéiert** ëmmer ganz grëndlech fir hir **Reportagen**

reportéieren [RƏpɔʁt'ʒIƏRƏŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé reportéiert)

Hei entsteet en neien Artikel.

Reporter [RƏp'ɔʁtɛ] Maskulinum (Pluriel **Reporter** / **Reporteren**) DE *Reporter* • FR *reporter* • EN *reporter* [*journalist*] • PT *repórter* **Beispill** dee **Reporter** kanns de net op den **Terrain** schécken, e **brüskéiert** d'Leit mat **indiskreete Froen**

Weiblech Form: ↗**Reporterin**

Reporterin [RƏp'ɔʁtəriŋ] Femininum (Pluriel **Reporterinnen**) DE *Reporterin* • FR *reporter* [*femme*] • PT *repórter* [*mulher*] **Beispill** meng **Frëndin** ass **Reporterin** bei engem **renomméierte Fernseessender**

Männlech Form: ↗**Reporter**

Rëpp [RƏp] Femininum (Pluriel **Rëppen** / **Rëpper**) **1.** DE *Rippe* [*Knochen*] • FR *côte* [*os*] • EN *rib* [*bone*] • PT *costela* [*osso*] **Beispiller** hien ass vun der **Leeder** gefall an huet sech **dobäi** zwou **Rëppe** getéitscht; beim **Accident** huet d'**Patientin** sech d'**Schlësselbeen** gebrach an se krut eng **Rëpp** an d'**Long**; deen **Hond** ass esou **gouereg**, du kanns d'**Rëpper** zielen! **2.** DE *Rippe* [*Schokolade*] • FR *barre* [*d'une tablette de chocolat*] • EN *bar* [*of chocolate*] • PT *barra* [*de chocolate*] **Beispill** ech wollt just eng **Rëpp** **Schockela** iessen, elo hunn ech déi ganz **Tablett** eran

Rëppchen [R'əpçən] Femininum (Pluriel **Rëppercher**) - Diminutivform vun ↗**Rëpp**

Repräsentantin [ʀəpʀezænt'antɪn] Femininum (Pluriel Repräsentantinnen)

i Variant: Representante

i Männlech Form: ↗Representant

repräsentativ [ʀəpʀezæntat'i:f] Adjektiv - Variant vun ↗representativ

Representant [ʀəpʀez'ã:tã:] Maskulinum (Pluriel Representanten) **DE** *Repräsentant* [Vertreter, Delegierter] • **FR** *représentant* [délégué] • **EN** *representative* [delegate] • **PT** *representante* [delegado] **Beispill** déi verschidde Veräiner hunn e Representant op de Kongress geschéckt **Synonym** Vertrieeder

i Weiblech Form: ↗Repräsentantin

Representante [ʀəpʀez'ã:tã:t] Femininum (Pluriel Representanteën) - Variant vun ↗Repräsentantin

Repräsentatioun [ʀəpʀezã:tasj'i'øʊn] Femininum (Pluriel Repräsentatioune) **DE** *Aufführung, Vorstellung* • **FR** *représentation* [spectacle] • **EN** *performance* [of a show] • **PT** *representação* [spectáculo] **Beispill** gëschter Owend war déi lescht Repräsentatioun vum Theaterstéck **Synonymen** Opféierung, Virstellung

representativ [ʀəpʀezæntat'i:f] Adjektiv **1. DE** *repräsentativ* [kennzeichnend, typisch] • **FR** *représentatif* [caractéristique, typique] • **EN** *representative* [typical] • **PT** *representativo* [característico, típico] **Beispiller** fir dës Etüd gouf eng Ëmfro bei engem representativen Echantillon vun der Bevëlkerung gemaach; dës Duerstellung vun der Problematik ass **representativ** fir eis Gesellschaft **2. DE** *repräsentativ* [würdig, wirkungsvoll] • **FR** *coscu, de belle prestance* • **EN** *imposing* • **PT** *vistoso, imponente* **Beispill** op der Maartplaz stinn e puer **representativ** Gebaier **3. DE** *repräsentativ* [Staatsform] • **FR** *représentatif* [régime politique] • **EN** *representative* [political regime] • **PT** *representativo* [regime político] **Beispill** an engem **representativer** Demokratie wíelt d'Vollek seng Vertrieeder

representéieren [ʀəpʀezã:t'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **representéiert**) » **transitiv 1. DE** *vertreten* [repräsentieren] • **FR** *représenter* [agir au nom de, être représentant de] • **EN** *to represent* [to act on behalf of] • **PT** *representar* [agir em nome de, ser representante de] **Beispiller** den Ausseminister **representéiert** eist Land op villen internationale Konferenzen; den Ugekloten huet sech vu senger Afekotin viru Geriicht **representéiere** gelooss **Synonym** vertrieeden **2. DE** *wiedergeben* [repräsentativ sein für] • **FR** *représenter* [être représentatif de] • **EN** *to reflect* [to embody] • **PT** *representar* [ser representativo de] **Beispill** d'Ëmfro soll d'Meenung vun de Verbraucher **representéieren** **Synonymen** duerstellen, erëmginn » **intransitiv 3.** gutt **representéieren** **DE** *etwas darstellen, Eindruck machen* • **FR** *bien présenter, avoir belle allure* • **EN** *to cut a fine figure* • **PT** *apresentar-se bem, fazer boa figura* **Beispill** du **representéiers** nawell gutt an denger neier Uniform! **Synonym** gutt presentéieren

Reprise Femininum (Pluriel Reprisen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Reproche [ʀəpʀ'oʃ] Maskulinum (Pluriel Reprochen) **DE** *Vorwurf* • **FR** *reproche* • **EN** *reproach* • **PT** *censura, acusação* **Beispiller** hal op, mir stänneg Reprochen ze maachen!; déi **Reprochë** loossen ech net op mer setzen **Synonym** Virwurf

reprochéieren [ʀəpʀoʃ'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **reprochéiert**) » **transitiv DE** *vorwerfen* [anlasten] • **FR** *reprocher à* • **EN** *to reproach* • **PT** *censurar por, acusar de* **Beispiller** mäi Brudder **reprochéiert** mir, ech hätt en am Stach gelooss; lee däi Kapp a Rou, du hues der näischt ze reprochéieren! **Synonymen** virhalen, virgeheien, virwerfen

Reproduction Femininum (Pluriel Reproductiounen) - Variant vun ↗Reproduktioun

Reproductionswäert Maskulinum (Pluriel Reproductiounswäerter) - Variant vun ↗Reproduktiounswäert

Reproductionszuel Femininum (Pluriel Reproductiounszuelen) - Variant vun ↗Reproduktiounszuel

Reproduktioun [ʀəpʀoduksj'i'øʊn] Femininum (Pluriel Reproduktioune) **1. DE** *Reproduktion* [Kunstwerk] • **FR** *reproduction* [œuvre d'art] • **EN** *reproduction* [of a work of art] • **PT** *reprodução* [obra de arte] **Beispiller** an der **Reproduktioun** sinn d'Faarwen net esou gutt geroden ewéi am Original; d'Statuene, déi am Park stinn, sinn elauter **Reproduktioune** **Synonym** Replik **2. DE** *Fortpflanzung* • **FR** *reproduction* [procréation] • **EN** *reproduction* [procreation] • **PT** *reprodução* [procriação] **Beispill** verschidde Pestizide wierke sech negativ op d'**Reproduktioun** vun den Insekten aus

Reproduktiounswäert [ʀəpʀoduksj'i'øʊnsvɛ:ɐ̯t] Maskulinum (Pluriel Reproduktiounswäerter) **DE** *Basisreproduktionszahl* • **FR** *taux de reproduction de base* • **EN** *basic reproduction number* • **PT** *número básico de reprodução* **Beispill** de Virologen no läit de **Reproduktiounswäert** vum Virus den Ament liicht ënner eent **Synonymen** Replikatiounsfacteur, Reproduktiounszuel

i Kuerzform: R-Wäert

Reproduktiounszuel [ʀəpʀoduksj'i'øʊnstsuəl] Femininum (Pluriel Reproduktiounszuelen) **DE** *Basisreproduktionszahl* • **FR** *taux de reproduction de base* • **EN** *basic reproduction number* • **PT** *número básico de reprodução* **Beispill** de Virologen no läit d'**Reproduktiounszuel** vum Virus den Ament liicht ënner eent **Synonymen** Replikatiounsfacteur, Reproduktiounswäert

reproduzéieren [ʀəpʀoduts'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **reproduzéiert**) » **transitiv 1. DE** *reproduzieren, nachbilden* [eine Reproduktion herstellen von] • **FR** *reproduire* [une œuvre originale] • **EN** *to reproduce* [to produce a copy of] • **PT** *reproduzir* [uma obra original] **Beispill** am Katalog vun der Ausstellung goufen d'Biller exakt **reproduzéiert** » **reflexiv 2. DE** *sich reproduzieren, sich fortpflanzen* • **FR** *se reproduire* [par la génération] • **EN** *to reproduce* [to procreate] • **PT** *reproduzir-se* [perpetuar-se pela geração] **Beispill** am Naturschutzgebitt sollen d'Déieren sech kënnen natierlech **reproduzéieren**

repsen [R'æpsən] Verb (Hëllesverb *hunn*, Participle passé *gerepst*) » **intransitiv** [ëgs] **DE** *rülpsen* • **FR** *roter* • **EN** *to burp, to belch* • **PT** *arrotar* **Beispiller** et gehéiert sech net, bei frieme Leit zou ze **repsen**!; vum Spruddelewaasser muss ech ëmmer **repsen**

Repsert [R'æpsət] Maskulinum (Pluriel *Repserten*) [ëgs] **DE** *Rülpsen* • **FR** *rot* • **EN** *burp, belch* • **PT** *arrotar* **Beispill** däi **Repsert** huet een am ganzen Haus héieren!

Reptil Neutrum (Pluriel *Reptilien*)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Republik [Rəpubl'ik] Femininum (Pluriel *Republicken*) **1.** **DE** *Republik [Staatsform]* • **FR** *république [régime politique]* • **EN** *republic [form of government]* • **PT** *república [forma de governo]* **Beispill** no der Revolutioun huet d'Parlament d'**Republik** ausgeruff **2.** **DE** *Republik [Staat]* • **FR** *république [État]* • **EN** *republic [state]* • **PT** *república [Estado]* **Beispill** kanns du all d'**Republicke** vun deem Kontinent opzielen?

Republik Kongo Eegennumm, Femininum **DE** *Republik Kongo* • **FR** *République du Congo* • **EN** *Republic of the Congo* • **PT** *República do Congo* **Beispiller** ech war schonn dräimol an der **Republik Kongo**; ech fueren d'nächst Woch an d'**Republik Kongo**; ech kommen aus der **Republik Kongo**

I männlech Persoun: ↗Kongolees weiblech Persoun: ↗Kongoleesin Adjektiv: ↗kongoleesesch

Republik Moldau [Rəpubl'ikm'oldəʊ] Eegennumm, Femininum **DE** *Republik Moldau* • **FR** *République de Moldavie* • **EN** *Republic of Moldova* • **PT** *República da Moldávia* **Beispiller** ech war schonn dräimol an der **Republik Moldau**; ech fueren d'nächst Woch an d'**Republik Moldau**; ech kommen aus der **Republik Moldau**

I männlech Persoun: ↗Moldauer weiblech Persoun: ↗Moldauerin Adjektiv: ↗moldauesch Haaptstad: ↗Kischinau

Reputatioun [Rəpyta'si'əʊn] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Ruf, Namen* • **FR** *réputation* • **EN** *reputation* • **PT** *reputação* **Beispiller** mat deem Behuele schuets de denger **Reputatioun**; dee Restaurant huet eng **Reputatioun** iwwer d'Grenzen ewech **Synonym** *Renommée*

Requête [Rək'ɛ:t] Femininum (Pluriel *Requêtes*) **1.** **DE** *Antrag, Gesuch* • **FR** *requête [demande]* • **EN** *petition [request to a court]* • **PT** *requerimento [petição]* **Beispill** d'Af-fekotin huet beim Geriicht eng **Requête** gemaach, fir Asiicht an en Dossier ze kréien **2.** **DE** *Abfrage [digitaler Daten]* • **FR** *requête [de données numériques]* • **EN** *query [digital data]* • **PT** *pedido [de dados digitais]* **Beispill** eise Server ka bis zu zéngtausendmol an der Sekonn op eng **Requête** äntweren

Requiem [Re:kwi'æm] Maskulinum (Pluriel *Requiemien*) **1.** **DE** *Requiem [Gebet, Gesang]* • **FR** *requiem [prière, chant]* • **PT** *requiem [oração, cântico]* **Beispill** d'Chorale huet an der Doudemass e **Requiem** gesongen **2.** **DE** *Requiem [Totenmesse]* • **FR** *requiem [office religieux]* • **PT** *requiem [ofício religioso]* **Beispill** d'Briefnes vum Staatschef gouf mat engem **Requiem** an der Cathedral ofgeschloss

Requisitoire Maskulinum (Pluriel *Requisitoiren*)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Rescht [Ræʃt] Maskulinum **1.** (Pluriel *Reschter*) **DE** *Rest [Überbleibsel]* • **FR** *reste [quantité restante, excédent]* • **EN** *rest, remains, leftovers* • **PT** *resto [restante, sobra]* **Beispiller** mam **Rescht** vun den Äppel maache mer Kompott; de Mëtteg si beim Iesse keng **Reschter** bliwwen **2.** (kee Pluriel) **DE** *Rest [eines Ganzen]* • **FR** *reste [d'un tout]* • **EN** *rest [of a whole]* • **PT** *resto [de um todo]* **Beispiller** verglach mam **Rescht** vun der Welt huet dat Land fortschrëttlech Gesetzer; d'**Beschléi** vun den Diere si méi deier ewéi de ganze **Rescht**; ech *hunn* en Akkont op main neien Auto ginn, de **Rescht** bezuelen ech bei der Liwwerung; bei deem Handel behäls de kee **Rescht**! [bei deem Handel méchs de kee Benefice!] **3.** (kee Pluriel) **DE** *Rest [übrigbleibende Zahl]* • **FR** *reste [dans un calcul]* • **EN** *remainder [after a calculation]* • **PT** *resto [num cálculo]* **Beispill** dès Divisioun geet op, do bleift näischt **Rescht** **4.** **Rescht** *hunn* **DE** *übrig haben* • **FR** *avoir [en tant que reste]* • **EN** *to have left [to still have]* • **PT** *ter [como resto]* **Beispill** ech *hunn* nach sechs Deeg Congé **Rescht** **5.** **Rescht** sinn / **Rescht** bleiwen **DE** *übrigbleiben* • **FR** *rester [d'un tout]* • **EN** *to be left over* • **PT** *sobrar, restar* **Beispiller** et sinn nach dräi Stécker Kuch **Rescht**; et bleift net méi vill **Rescht** **6.** de **Rescht** ginn **DE** *den Rest geben* • **FR** *achever, donner le coup de grâce à* • **EN** *to be the final straw for* • **PT** *dar o golpe de misericórdia a, ser a gota de água* **Beispill** datt seng Fra hie verlooss huet, dat gouf em de **Rescht**

rëschten [R'əʃtən] Verb (Hëllesverb *hunn*, Participle passé *gerëscht*) » **transitiv** **1.** **DE** *schmücken* • **FR** *décorer [orner]* • **EN** *to decorate [to bedeck]* • **PT** *enfeitar, adornar* **Beispiller** d'Kanner hëllefden de Chrëschtbeemche rëschten; de Festsaal war mat Girlande **gerëscht** **Synonym** dekoréieren **2.** [ëgs] **DE** *auftakeln, (unangemessen) herausputzen* • **FR** *accoutrer, attifer* • **EN** *to rig out, to dress up* • **PT** *arrebicar, aperaltar* **Beispill** du kanns dat Kand dach net esou **rëschten**!

reschtlech Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Reseau [R'ezo:] Maskulinum (Pluriel *Reseauen*) **1.** **DE** *Netz [Verkehrs-, Verteilungsnetz]* • **FR** *réseau [d'infrastructure, de communication]* • **EN** *network [of transport, of distribution, of communication]* • **PT** *rede [de infraestrutura, de comunicação]* **Beispiller** d'Eisebunnsge-sellschaft baut hire **Reseau** aus, fir de Passagéier nei Strecken unzebidden; dat aalt Kraaftwierk gouf vum **Reseau** geholl; haut geet an eiser Cité den Telefon net, well um **Reseau** geschafft gëtt; ech hu mat mengem Handy hei kee **Reseau** lech hu mat mengem Handy hei keen Empfang] **Synonym** *Netz* **2.** **DE** *Netzwerk [von Personen, von Institutionen]* • **FR** *réseau [de personnes, d'institutions]* • **EN** *network [of people, of institutions]* • **PT** *rede [de pessoas, de instituições]* **Beispiller** e ganze **Reseau** vun Wëssenschaftler schafft gemeinsam u Léisunge fir de Klimawandel; ouni hire politesche **Reseau** hätt si net esou séier Karriär gemaach; bei enger Katastroph kann op e ganze **Reseau** vun Hëllesorganisatiounen zeréckgegraff ginn **Synonym** *Netzwerk* **3.** **DE** *Netzwerk, Computernetzwerk* • **FR** *réseau [informatique]* • **EN** *network, computer network* • **PT** *rede [informatica]* **Beispill** duerch e Virus am zentrale Server ass eise ganze **Reseau** zesummegebrach **Synonym** *Netzwerk*

Rësel [R'əzəl] Femininum (Pluriel Rëselen) **DE** Rassel [Spielzeug] • **FR** hochet [jouet] • **EN** rattle [toy] • **PT** roca [brinquedo] **Beispill** de Bëbee spillt mat der Rësel

Rëselchen [R'əzəlçən] Femininum (Pluriel Rëselcher) - Diminutivform vun ↗Rësel

rëselen [R'əzələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gerëselt) » **transitiv 1.** **DE** schütteln, rütteln • **FR** secouer [agiter, ébranler] • **EN** to shake [to agitate, to move about] • **PT** sacudir [agitar, abanar] **Beispiller** mir hunn den Néssert gerëselt, fir d'Nëss op de Buedem falen ze doen; eng Fläsch Schampes huet ee besser net ze rëselen, ier een se opmécht; hie rëselt déi Aarbecht aus dem Aarm [égs] [hie mécht déi Aarbecht mat Liichtegkeet!; dee misst emol gutt gerëselt ginn! [égs] [dee misst emol gutt zurechtgewise ginn!]] **2.** **DE** Kapp rëselen **DE** den Kopf schütteln [missbilligend, verachtend] • **FR** secouer la tête [comme signe de désapprobation, de mépris] • **EN** to shake one's head [in disapproval, in disbelief] • **PT** abanar a cabeça [em sinal de desaprovação, de desprezo] **Beispill** iwwer esou Erziehungs-methode kann ech nëmmen de Kapp rëselen!

i Verben, déi **rëselen** als Basis hunn: ↗ausrëselen an ↗oprëselen

Reséng [Rəz'ɛŋ] Femininum (Pluriel Reséngen) - Variant vun ↗Roséng

Reserv [Rəz'ɛrf] Femininum **1.** (Pluriel Reserven) **DE** Reserve, Rücklage, Vorrat • **FR** réserve [provisions] • **EN** reserve, stock • **PT** reserva [provisões] **Beispill** mat eise Reserve misste mer nach bis Enn des Mounts duerkommen **2.** (Pluriel Reserven) **DE** Vorratsraum • **FR** réserve [dépôt] • **EN** storeroom • **PT** despensa, arrecadação **Beispiller** kuck emol an der Reserv, ob mer nach Kopéierpabeier hunn!; vläicht hu mer nach e Kostüm an Ärer Gréisst an der Reserv **3.** (kee Pluriel) **DE** Reserve [Soldaten] • **FR** réserve [corps militaire] • **EN** reserve [body of troops] • **PT** reserva [corpo militar] **Beispill** wéi vill Zaldote gehéiere fir dësen Asaz zur Reserv? **4.** (kee Pluriel) **DE** Reserve [Zurückhaltung] • **FR** réserve [retenue] • **EN** reserve [reticence] • **PT** reserva [recato, circunspeção] **Beispill** et war net licht, hien aus senger Reserv ze kréien **5.** (Pluriel Reserven, kee Singulier) **DE** Vorbehalt, Bedenken • **FR** réserves [réticences, doutes] • **EN** reservation [misgiving] • **PT** reservas [perplexidade, dúvidas] **Beispill** bei dëser Proposition muss ech leider Reserven umellen **6.** (kee Pluriel) **DE** Diskretion [Verschwiegenheit] • **FR** (devoir de) réserve, discrétion • **EN** discretion [secrecy, prudence] • **PT** (dever de) reserva, discricção **Beispill** all Beamten huet eng gewësse Reserv ze beuechten **7.** (Pluriel Reserven) **DE** Reservat • **FR** réserve [territoire protégé] • **EN** reserve [protected area] • **PT** reserva [área protegida] **Beispill** eise Guide huet d'Reserv kann ewéi säin Doheem **Synonym** Reservat

Saison [s'ɛ:zõ:] Femininum (Pluriel Saisonen) **DE** Saison • **FR** saison [*période d'activité, période appropriée*] • **EN** season [*period of activity, period of availability*] • **PT** época, temporada, estação **Beispiller** eis Ekippp huet dës Saison nach kee Match gewonnen; den Theaterprogramm fir déi nei Saison gouf gëschter virgestallt; d'Hoteliere bereede sech elo schonn op déi nächst Saison vir; um Maart ginn déi éischt Spargele vun der Saison verkaaft

saisonal [sɛzõ'n'a:] Adjektiv **DE** saisonal • **FR** saisonnier <Adverb en fonction des saisons> • **EN** seasonal <Adverb seasonally> • **PT** sazonal <Adverb sazonalmente> **Beispiller** bei der Zuel vun de Chômeure gëtt et saisonal Differenzen; ech hu mech géint déi saisonal Gripp impfe gelooss; den Émsaz an der Gastronomie ass saisonal ganz ënnerschiddlech

Saisonsaarbecht [s'ɛ:zõ:sa:bœçt] Femininum (Pluriel Saisonsaarbechten) **DE** Saisonarbeit • **FR** travail saisonnier • **EN** seasonal work • **PT** trabalho sazonal **Beispill** d'Saisonsaarbecht gëtt et besonnesch an der Hotellerie an am Wäibau

Saisonsaarbechter [s'ɛ:zõ:za:bœçte] Maskulinum (Pluriel Saisonsaarbechter) **DE** Saisonarbeiter • **FR** travailleur saisonnier • **EN** seasonal worker • **PT** trabalhador sazonal **Beispill** an der Hotellerie gi vill Saisonsaarbechter beschäftegt

1 Weiblech Form: ↗Saisonsaarbechterin

Saisonsaarbechterin [s'ɛ:zõ:sa:bœçtərin] Femininum (Pluriel Saisonsaarbechterinnen) **DE** Saisonarbeiterin • **FR** travailleuse saisonnière • **PT** trabalhadora sazonal **Beispill** d'Saisonsaarbechterin schafft just iwver de Summer um Bauerenhaff

1 Männlech Form: ↗Saisonsaarbechter

Säit [zæ:it] Femininum (Pluriel Säiten) **1. DE** Seite [*leines Gegenstands*] • **FR** côté, face [*d'un objet*] • **EN** side [*of an object*] • **PT** lado, face [*de um objeto*] **Beispiller** e Wierfel huet sechs Säiten an 21 Aen; déi hënnescht Säit vun eisem Schaf ass vum Holzwuerm zerfriess **2. DE** Seite [*leines Lebewesens*] • **FR** côté [*d'un être vivant*] • **EN** side [*of a living being*] • **PT** lado [*de um ser vivo*] **Beispiller** ech schlofen ëmmer op der Säit an ni um Réck; no sengem Hiereschlag war hien op enger Säit (vum Kierper) geläamt; nom Lafen hat ech e Stéch an der Säit **3. DE** Seite [*örtliche Bestimmung*] • **FR** côté [*indication de lieu*] • **EN** side [*position*] • **PT** lado [*indicação de lugar*] **Beispiller** op der lénkser Säit vun der Baach sti keng Haiser; et ass e Chauffeur ugehale ginn, deen op der falscher Säit vun der Autobunn gefuer ass; géi op d'Säit, soss kommen ech net laansch! Iréckel, soss kommen ech net laansch!; si stinn op eiser Säit [si halen zu eis]; elo si mer op der gewonnener Säit! [égs] Ielo hu mer dat Schlëmmst iwverstanen!; mäi Grousspapp vu menger Mamm hirer Säit leeft nach [mäi Grousspapp, dee menger Mamm hire Papp ass, leeft nach] **4. DE** Seite [*Richtung*] • **FR** côté [*direction*] • **EN** side [*direction*] • **PT** lado [*direção*] **Beispiller** d'Zaldote goufen op eemol vun alle Säiten attackéiert; pass op, et kéint en Auto vun der rietser Säit; ech krut vun

alle Säite virgeworf, ech géif d'Wouerecht net soen lech krut vu ville Leit virgeworf, ech géif d'Wouerecht net soen] **5. DE** Seite [*Partei*] • **FR** côté, parti • **EN** side, party • **PT** lado, partido **Beispiller** déi géigneresch Säit geet an Appell; vun där anerer Säit ass net vill ze erwaarden **6. DE** Seite [*Eigenschaft, Charakterzug*] • **FR** côté [*aspect, trait de caractère*] • **EN** side [*characteristic, trait*] • **PT** lado [*aspetto, traço de caráter*] **Beispiller** all Mënsch huet seng gutt a seng schlecht Säiten; gutt Manéiere sinn net deem seng staark Säit [égs] [deem huet keng gutt Manéieren] **7. DE** Seite [*eines Buchs, eines Hefts, eines Texts*] • **FR** page [*d'un livre, d'un cahier, d'un texte*] • **EN** page [*of a book, of a notebook, of a text*] • **PT** página [*de um livro, de um caderno, de um texto*] **Beispiller** dat Buch huet bal 500 Säiten; den Aufsatz däerf net méi ewéi dräi Säiten hunn; ech rappen der eng Säit aus mengem Heft [lech rappen der e Blat aus mengem Heft] **8. DE** Seite [*Internetseite*] • **FR** page [*web*] • **EN** [*web*] page • **PT** página [*da Internet*] **Beispill** iwver e Link ënnen op der Säit kommt dir op déi gewënschten Adress **9**, op d'Säit leeën **DE** zur Seite legen [weglegen], zurücklegen [*Verkaufsartikel*], beiseite legen [*Geld*] • **FR** mettre de côté [*un texte, un article de vente, de l'argent*] • **EN** to put to one side, to put on one side [*money*] • **PT** pôr de lado, pôr de parte [*um texto, um artigo à venda, dinheiro*] **Beispiller** lee deen Text elo emol op d'Säit a kuck herno nach eemol driwwer!; kéint Der mer déi Jackett bis e Samschdeg op d'Säit leeën, wannechgelift?; ech leeën all Mount Suen op d'Säit **10**, op der Säit loossen **DE** weglassen, verzichten auf • **FR** renoncer à, laisser tomber • **EN** to avoid, to give up • **PT** renunciar a, largar, desistir de **Beispiller** Patiente mat enger Laktosintoleranz sollen am beschten d'Mëllechprodukter op der Säit loossen; looss dach déi Zigarettten op der Säit! **Synonymmen** ewechloossen, verzichten op **11**, op d'Säit zeien / op d'Säit huelen **DE** auf die Seite nehmen • **FR** prendre à part • **EN** to take to one side • **PT** chamar à parte **Beispill** hien huet mech op d'Säit gezunn, fir mat mer ze schwätzen

säit [zæ:it] Prepositioun » **mam Dativ** **DE** seit • **FR** depuis • **EN** for, since • **PT** há, desde **Beispiller** ech gi scho säit véier Joer Golf spillen; säit eiser Schoulzäit hunn ech hien net méi erëmgesinn **Synonym** zënter

säit [zæ:it] Konjunktioun **DE** seit, seitdem • **FR** depuis que • **EN** (ever) since • **PT** desde que **Beispiller** säit ech hie kennen, spillt hien Handball; säit s de opgehale hues mat fëmmen, bass de vill manner nervös **Synonymmen** säitdeem, zënter (datt)

Säit [zæ:it] Femininum (Pluriel Säiten) **DE** Saite • **FR** corde [*d'un instrument*] • **EN** string [*of an instrument*] • **PT** corda [*de um instrumento*] **Beispiller** ech misst d'Säite vu menger Gittar ersetzen; vun elo u ginn aner Säiten opgezunn [égs] [vun elo u gëlle méi streng Reegelen]

säitdeem [zæ:itd'e:m] Adverb **DE** seitdem • **FR** depuis (ce moment-là), depuis lors • **EN** since then • **PT** desde então **Beispill** si hate Sträit mateneen, a säitdeem bekucken se sech net méi **Synonym** zënterhier

säitdeem [zæ:itd'e:m] Konjunktioun **DE** seitdem, seit • **FR** depuis que • **EN** ever since [*from the time that*] • **PT** desde que **Beispill** meng Schwëster huet Geldsueren, säitdeem se hir Aarbechtsplaz verluer huet **Synonymmen** säit, zënter (datt)

Säitelinn Femininum (Pluriel Säitelinnen) **DE** Seitenlinie, Auslinie • **FR** ligne de touche • **EN** touchline • **PT** linha lateral [de um campo de jogo] **Beispill** am Fussball muss ee beim Aworf de Ball mat béiden Hänn vun der Säitelinn aus ageheien

Säiteninstrument [z'æ:itənistru:m'ænt] Neutrum (Pluriel Säiteninstrumenter) **DE** Saiteninstrument • **FR** instrument à cordes • **EN** string(ed) instrument • **PT** instrumento de cordas **Beispill** d'Leier ass en aalt Säiteninstrument

Säitentäsch [z'æ:itəntæʃ] Femininum (Pluriel Säitentäschchen) **DE** Seitentasche • **FR** poche latérale • **EN** side pocket • **PT** bolso lateral **Beispiller** ech hu meng Schlüsselen ëmmer an der Säitentäsch vum Paltong; stiech deng Waasserfläsch an d'Säitentäsch vun dengem Rucksak!

Säitenzuel [z'æ:itəntsuəl] Femininum (Pluriel Säitenzuelen) **1.** **DE** Seitenzahl [Zahl auf einer Seite] • **FR** numéro de page • **EN** page number • **PT** número de página [indicação de página] **Beispill** d'Säitenzuel steet meeschtens riets ennen um Blat **2.** **DE** Seitenzahl [Gesamtzahl der Seiten] • **FR** nombre de pages • **EN** number of pages • **PT** número de páginas [número total] **Beispiller** an eisem Verlagskatalog stinn d'Säitenzuel an de Präis vun de Bicher; fir eng Offer ze maachen, brauch d'Dréckerei déi genee Säitenzuel vum Buch

säiteren Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesäitert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Saitert [z'a:itət] Eegennumm **DE** Seitert • **FR** Seitert • **EN** Seitert • **PT** Seitert **Beispiller** ech wunnen um Saitert; fiert dese Bus op de Saitert?

Säiteschëff [z'æ:itəʃəf] Neutrum (Pluriel Säiteschëffer) **DE** Seitenschiff • **FR** nef latérale, vaisseau latéral • **EN** nave aisle, side aisle • **PT** nave lateral, ala [de igreja] **Beispill** am Säiteschëff vun der Cathedral ass eng Kapell mat schéine Fresken

Säitespiegel [z'æ:itəʃpi:zəl] Maskulinum (Pluriel Säitespigelen) **DE** Außenspiegel • **FR** rétroviseur (extérieur) • **EN** wing mirror, side mirror [outside rear view mirror] • **PT** espelho retrovisor (exterior) **Beispiller** et huet ee mer um Parking de Säitespiegel mat ewechgeholl; ech hu mer e Säitespiegel kaaft, deen och den doudege Wénkel ofdeckt

Säitesprung [z'æ:itəʃprɔŋ] Maskulinum (Pluriel Säitespréng) **DE** Seitensprung • **FR** infidélité, escapade (amoureuse) • **EN** affair(e), infidelity • **PT** infidelidade, escapada **Beispill** Ech hu menger Partnerin hire Säitesprung ni verzien

i Variant: Säitespronk

Säitespronk [z'æ:itəʃprɔŋk] Maskulinum (Pluriel Säitespréng) - Variant vun ↗Säitesprung

Säitestrooss [z'æ:itəʃtʁo:s] Femininum (Pluriel Säitestroossen) **DE** Seitenstraße, Nebenstraße • **FR** rue adjacente, rue latérale • **EN** side street, side road • **PT** rua adjacente, rua lateral **Beispill** an der Säitestrooss sinn nach e puer Parkplaze fräi **Synonym** Niewestrooss

säiteverkéiert [z'æ:itəfekɜ:ɪət] Adjektiv **DE** seitenverkehrt • **FR** inversé, à l'envers • **EN** reversed, the wrong way round [as a mirror image] • **PT** invertido (lateralmente) **Beispiller** d'Foto ass säiteverkéiert; am Spigel gesäit een alles säiteverkéiert **Synonym** spigelverkéiert

Säitewiessel Maskulinum (Pluriel Säitewiesselen) **DE** Seitenwechsel • **FR** changement de côté, changement de camp [en sport] • **EN** change of halves, switching of sides • **PT** troca de campo [num jogo desportivo] **Beispill** nom Säitewiessel konnt d'Lokalekipp de Match net méi dominéieren

säitlech [z'æ:itləç] Adjektiv **DE** seitlich • **FR** latéral <Adverb latéralement, sur les(s) côté(s)> • **EN** side <Adverb laterally, at the side> • **PT** lateral [que se situa ao lado] <Adverb lateralmente, do(s) lado(s)> **Beispiller** déi säitlech Entrée ass fir d'Mataarbechter reservéiert; dee schmuele Pad ass säitlech duerch e Gelänner geséichert

Sak [za:k] Maskulinum **1.** (Pluriel Säck) **DE** Sack [Behältnis] • **FR** sac [contenant] • **EN** sack [container] • **PT** saco [recetáculo] **Beispiller** verhief dech net un deem schwéiere Sak!; de Bauer huet d'Gromperen a Säck gefëllt; et ass däischter ewéi an engem Sak [ëgs] [et ass ganz däischter]; hien huet vu sengem Patron de Sak kritt [ëgs] [hie gouf vu sengem Patron entlooss]; si hu sech mat Sak a Pak dervugemaach [ëgs] [si hu sech mat allem, wat se haten, dervugemaach]; hutt dir doheem Säck an den Dieren? [ëgs] [⇒ frett een een, deen d'Dier net hanner sech zoomécht] **2.** (Pluriel Sak / Säck) **DE** Sack [Inhalt] • **FR** sac [contenu] • **EN** sack [content] • **PT** saco [conteúdo] **Beispill** ech hunn der zwee Sak Grompere matbruecht **3.** (Pluriel Säck) **DE** Säcke [Hautfalten] • **FR** poches [sous les yeux] • **EN** bags [under the eyes] • **PT** papos [sob os olhos] **Beispill** wat huet dee Säck ënner den Aen! **4.** (Pluriel <seelen> Säck) [graf] **DE** Sack [Hoden] • **FR** couilles • **EN** balls, bollocks • **PT** tomates [testículos] **Beispiller** hien huet am Sträit säi Kolleeg an de Sak gerannt; du gees mer ferm op de Sak! [du nervs mech ferm!] **5.** (Pluriel Säck) [graf] **DE** Sack [Schimpfwort] • **FR** couillon [insulte] • **EN** bastard, sod • **PT** parvalhão **Beispill** du faule Sak, schaff emol eppes!

Sakdudch [z'a:du:ç] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Sackleinen • **FR** toile de jute, toile d'emballage • **PT** serapilheira **Beispill** d'Säck, an deene mir eis Grompere verkaufen, sinn aus Sakdudch

Sakerfallek [z'a:kəfalek] Maskulinum (Pluriel Sakerfalleken) Falco cherrug **DE** Würgfalke • **FR** faucon sacre • **EN** saker falcon • **PT** falcão-sacre **Beispill** wéi laang bréien d'Sakerfalleken?

Sakgaass [z'a:kga:s] Femininum (Pluriel Sakgaassen) **DE** Sackgasse • **FR** cul-de-sac, impasse • **EN** cul-de-sac, dead end • **PT** beco sem saída, impasse **Beispill** hei si mer an enger Sakgaass, mir mussen d'Kéier maachen

Sakkärchen Femininum (Pluriel Sakkärercher)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Sakrament [zakram'ænt] Neutrum **1.** (Pluriel Sakramenter) [Relioun] **DE** Sakrament • **FR** sacrement • **EN** sacrament [rite] • **PT** sacramento **Beispill** de Kaploun huet de Schoulkanner déi siwe Sakramenter erkläert **2.** (kee Pluriel) [Relioun] **DE** Allerheiligste(s) [Hostie] • **FR**

Saint-Sacrement • **EN** *the Holy Sacrament, the Blessed Sacrament* • **PT** *Santíssimo Sacramento* **Beispill** d'Sakrament gouf an der Pressessioun duerch d'Stroosse gedroen

Sakristei [sakrist'ɑi] Femininum (Pluriel Sakristeien) **DE** *Sakristei* • **FR** *sacristie* • **EN** *sacristy, vestry* • **PT** *sacristia* **Beispill** an der Sakristei hänken d'Massgewänner an engem Schaf

Salaire [s'ɑlɛːR] Maskulinum (Pluriel Salairen) **DE** *Arbeitslohn* • **FR** *salair* • **EN** *salary, wages* • **PT** *salário* **Beispill** d'Salairë goufen dëse Mount mat Verspëidung ausbezuelt **Synonymmen** Loun, Pai

Salami Femininum (Pluriel Salamien)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Salariat [salɑri'ɑ:t] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Arbeitnehmerschaft* • **FR** *salariat [ensemble des salariés]* • **EN** *employees, workforce* • **PT** *salariado [conjunto dos assalariados]* **Beispill** d'Gewerkschaft setzt sech derfir an, datt de sozialen Dialog tëschent Patronat a Salariat ausgebaut gëtt

Salarié [sal'ɑrjɛ:] Maskulinum (Pluriel Salariéen) **DE** *Arbeitnehmer* • **FR** *salarié* • **EN** *employee* • **PT** *assalariado* **Beispill** d'Salariéë vun där Firma hu protestéiert, well se hir Iwwerstonnen net ausbezuelt kruten

i Weiblech Form: ↗Salariée

Salariée [sal'ɑrjɛ:] Femininum (Pluriel Salariéeën) **DE** *Arbeitnehmerin* • **FR** *salariée* • **PT** *assalariada* **Beispill** eng laangjäreg Salariée vun der Firma huet sech mat Succès fir besser Aarbechtskonditiounen agesat

i Männlech Form: ↗Salarié

Salbei [z'ɑlbɑi] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Salbei* • **FR** *sauge* • **EN** *sage* • **PT** *salva [erva aromática]* **Beispill** duerch de Salbei kritt dës Zooss hire besonnesche Goût

i Variant: Zalfei

Salbeitéi Maskulinum (Pluriel Salbeitéien)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Saldo Maskulinum (Pluriel Saldoen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Salef Femininum (Pluriel Salefen / Saalwen) - Variant vun ↗Sallef

Salem Maskulinum (Pluriel Salemen) Salmo salar - Variant vun ↗Saumon

Sall [zɑl] Maskulinum (Pluriel Säll) **DE** *Saal* • **FR** *salle* • **EN** *hall, (class)room* • **PT** *sala* **Beispiller** d'Gemeng stellt eiseim Veräin en neie Sall zur Verfügung; an deem neie Lycée gëtt et 50 Säll

Sällchen [z'æljən] Maskulinum (Pluriel Sällcher) **1.** **[vereezlt]** **DE** *Wohnzimmer, gute Stube* • **FR** *(salle de) séjour, salon (de réception) [dans une maison, dans un appartement]* • **EN** *parlour, sitting room [best room]* • **PT** *sala de visitas [numa habitação]* **Beispill** wat frëier Sällche genannt gouf, gehéiert haut zum Living **Synonym** Salon **2.** **[vereezlt]** **DE** *Wohnzimmereinrichtung* • **FR** *salon [mobilier]* • **EN** *sitting room furniture* • **PT** *mobília de*

sala de estar **Beispill** mir hunn e Sällche geierft, deen eis guer net gefält **Synonym** Salon

Salle à manger [sala:m'ɑ:ŋʒɛ:] Femininum (Pluriel Salle-à-mangeren) **1.** **DE** *Esszimmer, Speisezimmer [Raum]* • **FR** *salle à manger [pièce]* • **EN** *dining room* • **PT** *sala de jantar* **Beispill** vun eiser Salle à manger kënnt een duerch eng Schibedier direkt op d'Terrass **2.** **DE** *Esszimmer, Speisezimmer [Mobiliar]* • **FR** *salle à manger [mobilier]* • **EN** *dining room furniture* • **PT** *mobília de sala de jantar* **Beispiller** mer hunn eng Salle à manger vun der Tatta geierft a mer wëssen net wouhin dermat!; mäi Bop huet eng nei Salle à manger kritt **[égs]** [mäi Bop huet en neit Gebëss kritt]

Salle-à-mangers-Dësch Maskulinum (Pluriel Salle-à-mangers-Dëscher) **DE** *Esstisch [im Wohnzimmer]* • **FR** *table de salle à manger* • **EN** *dining room table* • **PT** *mesa da sala de jantar* **Beispill** mir brächten e Salle-à-mangers-Dësch mat e puer Rallongen, fir wa mer Besuch kréien **Synonym** Stoffendësch

Salle d'accouchement [saldɑ'ufəmɑ:] Femininum (Pluriel Salle-d'accouchementen) **DE** *Kreißaal* • **FR** *salle d'accouchement* • **EN** *delivery room, labour ward* • **PT** *sala de parto* **Beispill** wéi d'Wéie bei der Patientin agesat hunn, gouf se an d'Salle d'accouchement gefouert

Salle d'attente Femininum (Pluriel Salle-d'attenten) **DE** *Wartezimmer* • **FR** *salle d'attente* • **EN** *waiting room* • **PT** *sala de espera* **Beispill** setzt Iech nach ee Moment an d'Salle d'attente, d'Doktesch kënnt gläich! **Synonym** Wartesall

Salle de réveil [saldərev'ʒi] Femininum (Pluriel Salle-de-réveilen) **DE** *Aufwachraum* • **FR** *salle de réveil* • **EN** *recovery room* • **PT** *sala de recobro* **Beispill** no der Operatioun bleift de Patient nach eng Zäit an der Salle de réveil

Sallef [z'ɑləf] Femininum (Pluriel Sallefen / Sallwen) **DE** *Salbe* • **FR** *pommade, onguent* • **EN** *salve, ointment* • **PT** *pomada, unguento* **Beispill** meng Hautdoktesch huet mir eng Sallef opgeschriwwen **Synonymmen** Pommad, Schmier

i Variant: Salef

Salomon [zalom'o:n] Maskulinum (Pluriel Salomonen) **DE** *Salomoner* • **FR** *Salomonais* • **EN** *Solomon Islander* • **PT** *salomonense* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Salomon

Salomonen [salom'o:nən] Eegenumm (kee Singulier) **DE** *Salomonen* • **FR** *îles Salomon* • **EN** *Solomon Islands* • **PT** *Ilhas Salomão* **Beispiller** ech war schonn dräimol op de Salomonen; ech fueren d'nächst Woch op d'Salomonen; ech komme vun de Salomonen

i männlech Persoun: ↗Salomon weiblech Persoun: ↗Salomonin Adjektiv: ↗salomonesch Haaptstad: ↗Honiara

salomonesch [zalom'o:nəf] Adjektiv **DE** *salomonisch* • **FR** *salomonais* • **EN** *Solomon Islands* • **PT** *salomonense* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi salomonesch Kultur kenne geléiert

salomonesch Adjektiv **DE** *salomonisch [weise, ausgewogen]* • **FR** *de Salomon* • **EN** *of Solomon* • **PT** *salomónico [sábio, criterioso]* **Beispill** de Friddensrichter huet

deene jorelaange Streidereie mat engem salomonischen Urteel en Enn gesat

Salomonin [zalom'o:nin] Femininum (Pluriel Salomoninnen) DE *Salomonerin* • FR *Salomonaïse* • EN *Solomon Islander [female]* • PT *salomonense* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Salomonin**

Salon [s'alɔ̃:] Maskulinum (Pluriel Salonen) **1.** DE *gute Stube* • FR *salon (de réception) [dans une maison, dans un appartement]* • EN *parlour, sitting room [best room]* • PT *sala de visitas [numa habitação]* **Beispill** wat fréier geleefeg **Salon** genannt gouf, gehéiert haut zum Living **2.** DE *Wohnzimmereinrichtung* • FR *salon [mobiliér]* • EN *sitting room furniture* • PT *móbilias de sala de estar* **Beispill** mir hunn e **Salon** geierft, deen eis guer net gefält **3.** DE *Salon [Frisiersalon, Kosmetiksalon]* • FR *salon de coiffure, institut de beauté* • EN *salon [hairdressing salon, beauty salon]* • PT *salão de cabeleireiro, salão de beleza* **Beispiller** d'Coiffeuse mécht d'Meeschterprüfung, fir kënnen e **Salon** opzemaachen; an deem **Salon** maachen se d'Epilatioun mam Laser **4.** DE *Teestube* • FR *salon de consommation* • EN *tea room* • PT *salão de chá* **Beispill** déi nei Pâtisserie huet e **Salon** an eng Terrasse **5.** DE *Messe [Ausstellung]* • FR *salon [exposition]* • EN *fair [exhibition]* • PT *salão [exposição]* **Beispill** d'Antiquairen organiséieren all Joer e **Salon**

Salonsdëscher Maskulinum (Pluriel Salonsdëscher) DE *Couchtisch, Sofatisch* • FR *table de salon* • EN *coffee table* • PT *mesa de centro* **Beispill** mir hunn eis eng nei Kusch an e **Salonsdëscher** gelescht

Salonsdier Femininum (Pluriel Salonsdieren) DE *Wohnzimmertür* • FR *porte de salon, porte de séjour* • EN *living-room door* • PT *porta da sala de estar* **Beispill** beim Plënnenen hu mer eis **Salonsdier** nawell zerguttst getéitscht

Salopett [salop'æt] Femininum (Pluriel Salopetten) DE *Latzhose* • FR *salopette* • EN *dungarees* • PT *jardineiras [peça de vestuário]* **Beispiller** fir am Gaart ze schaffen, doen ech eng **Salopett** un; als Kand hat ech dacks **Salopetten** un

salopp [sal'op] Adjektiv DE *salopp, leger* • FR *trop décontracté, familier* <Adverb de façon décontractée, familiarément> • EN *casual* <Adverb casually> • PT *descontraído, familiar* <Adverb de forma descontraída, familiarmente> **Beispiller** ech fannen deng Tenue ze vill **salopp** fir mat an den Theater; du weess, datt s de fir den Owend op kee Fall däärs ze **salopp** gekleet sinn; dréck dech wannechgelift net esou **salopp** aus, wann d'Kanner an der Géigend sinn!

Salsa Femininum (Pluriel Salsaen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Salsifi Femininum (Pluriel Salsifien) **1.** DE *Haferwurzel* • FR *salsifis* • PT *cercefi [raiz]* **Beispill** mir haten de Mëtteg **Salsifien** als Geméis beim Brot **2.** [ëgs] DE *Schwarzwurzel* • FR *scorsonère, salsifis (noir)* • EN *black salsify* • PT *escorcioneira [raiz]* **Beispiller** an eisem Buedem ginn d'**Salsifien** net déck; d'**Salsifie** ware fréier e Mëttel géint de Bloen Houscht **Synonym** **Schwarzwuerzel**

i Variant: **Salzifi**

Salsifs Femininum (Pluriel Salsifisen) - Variant vun ↗**Salsifi**

Salto [s'alto:] Maskulinum (Pluriel Saltoen) DE *Salto* • FR *salto, saut périlleux* • EN *somersault* • PT *salto mortal*, *mortal* **Beispill** nom Gol huet de Stiermer vu Freed e **Salto** geschloen

salut [sal'y:] Interjektion **1.** [ëgs] DE *hallo [guten Tag]* • FR *salut [bonjour]* • PT *olá [forma de saudação]* **Beispiller** **salut**, dech hunn ech scho laang net méi gesinn!; **salut**, wéi geet et? **Synonymmen** **bonjour**, **moien** **2.** [ëgs] DE *tschüss, ciao* • FR *salut [au revoir]* • PT *chau* **Beispiller** **salut**, ech ginn elo heem!; **salut**, bis eng aner Kéier! **Synonymmen** **äddi**, **ciao**

Salut [sal'y:] Maskulinum (Pluriel <seelen> **Saluten**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

salutéieren [salut'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **salutéiert**) » **intransitiv** DE *salutieren* • FR *faire le salut militaire* • EN *to salute* • PT *fazer a continência* **Beispill** d'Zaldotin huet virum Offizéier **salutéiert** **Synonym** **uschloen**

Salvadorianer [salvadori'a:nə] Maskulinum (Pluriel Salvadorianer) DE *Salvadorianer* • FR *Salvadorien* • EN *Salvadorean* • PT *salvadorenho* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Salvadorianer**

Salvadorianerin [salvadori'a:nərin] Femininum (Pluriel Salvadorianerinnen) DE *Salvadorianerin* • FR *Salvadorienne* • EN *Salvadorean [female]* • PT *salvadorenha* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Salvadorianerin**

salvadorianesch [salvadori'a:nəʃ] Adjektiv DE *salvadorianisch* • FR *salvadorien* • EN *Salvadorean* • PT *salvadorenho* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **salvadorianesch** Kultur kenne geléiert

Salz [zalts] Neutrum **1.** (kee Pluriel) DE *Salz [Kochsalz]* • FR *sel [alimentaire]* • EN *salt [common table salt]* • PT *sal [de cozinha]* **Beispiller** d'Zopp ass fad, maach nach e bësse **Salz** dran!; mir hu kee grafft **Salz** méi am Haus; **Salz** ass e gutt Mëttel géint Wäiflecken; an deem Beruff verdéngs de d'**Salz** net fir an d'Zopp [ëgs] [an deem Beruff verdéngs de bal keng Suen] **2.** (Pluriel **Salzer**) DE *Salz [chemische Verbindung]* • FR *sel [composé chimique]* • EN *salt [chemical compound]* • PT *sal [composto químico]* **Beispill** duerch eng cheemesch Reaktioun hunn sech **Salzer** am Reagenzglas gebilt

salzeg [z'altsəç] Adjektiv DE *salzig* • FR *salé* • EN *savory, salty* • PT *salgado* **Beispiller** ech hu **salzeg** Kichelcher léiwer ewéi séisser; wéineg Planze verdoen déi **salzeg** Mierloft

salzen [z'altsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gesalzt**) » **transitiv** DE *salzen* • FR *saler* • EN *to salt [to season]* • PT *salgar* **Beispiller** vergiess net, de Brot ze **salzen**!; de Jelli war ze vill **gesalzt**; d'Rechnung vum Leeëndecker ass schéi **gesalzt**! [ëgs] [d'Rechnung vum Leeëndecker ass schéin deier!]

i Verb, dat **salzen** als Basis huet: ↗**nosalzen**

Salzifi Femininum (Pluriel Salzifien) - Variant vun ↗**Salsifi**

Salzregime [z'altsrɛʒim] Maskulinum (Pluriel Salzregimmen / Salzregimmer) - Variant vun ↗Salzregimm

Salzregimm [z'altsrɛʒim] Maskulinum (Pluriel Salzregimmen / Salzregimmer) DE *salzarme Diät* • FR *régime sans sel* • EN *salt-free diet, low-salt diet* • PT *dieta insossa* **Beispill** bei ze héijem Bluttdrock kréie Patiente geroden, e Salzregimm ze maachen

Salzsaier [z'altszaiɛ] Femininum (kee Pluriel) DE *Salzsäure* • FR *acide chlorhydrique* • EN *hydrochloric acid* • PT *ácido clorídrico* **Beispill** mat Salzsaier muss ee ganz virsiichteg ëmgoen

Salzstaang [z'altsʃta:ŋ] Femininum (Pluriel Salzstaangen) DE *Salzstange* • FR *stick (salé) [snack]* • PT *palito salgado [snack]* **Beispill** no der Reunioun gouf et e Patt mat Chipsen a Salzstaangen

Sam [za:m] Maskulinum (Pluriel Seem) DE *Saum [Stoffrand]* • FR *ourlet* • EN *hem* • PT *bainha [em tecido]* **Beispiller** um Sam vun der Box sinn e puer Stéch lassgaangen; am Geschäft huet d'Néiesch de Sam vu menger Jupe gespéngelt

Samariter [zamar'itɛ] Maskulinum (Pluriel Samariter) DE *Samariter [selbstlos helfender Mensch]* • FR *(bon) samaritain* • EN *(Good) Samaritan* • PT *(bom) samaritano* **Beispill** mäi Frënd gesäit sech gär an der Roll vum Samariter

Samarium [z'ama:rium] Maskulinum (kee Pluriel) Chimie DE *Samarium [chemisches Element]* • FR *samarium [élément chimique]* • EN *samarium [chemical element]* • PT *samário [elemento químico]* **Beispill** d'Element Samarium gehéiert zum Grupp vun de Lanthanoiden

sambesch [z'ambəʃ] Adjektiv DE *sambisch* • FR *zambien* • EN *Zambian* • PT *zambiano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi sambesch Kultur kenne geléiert

Sambia [z'ambia:] Eegennumm, Neutrum DE *Sambia* • FR *Zambie* • EN *Zambia* • PT *Zâmbia* **Beispiller** ech war schonn dräimol a Sambia; ech fueren d'nächst Woch a Sambia; ech kommen aus Sambia

i männlech Persoun: ↗Sambier weiblech Persoun: ↗Sambierin Adjektiv: ↗sambesch Haaptstad: ↗Lusaka

Sambier [z'ambi:ɛ] Maskulinum (Pluriel Sambier) DE *Sambier* • FR *Zambien* • EN *Zambian* • PT *zambiano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Sambier

Sambierin [z'ambjərin] Femininum (Pluriel Sambierinnen) DE *Sambierin* • FR *Zambienne* • EN *Zambian [female]* • PT *zambiana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Sambierin

Samett [z'a:mæ:t] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *Samt* • FR *velours [tissu]* • EN *velvet* • PT *veludo* **Beispill** eisen ale Salon war mat Samett iwwerzunn **2.** DE *Cord* • FR *velours côtelé* • EN *corduroy, cord* • PT *bombazina* **Beispill** Boxen aus Samett sinn dést Joer erëm a Moud

sametten [z'a:mæ:tən] onverännerbaart Adjektiv DE *aus Samt, aus Cord* • FR *en velours (côtelé), de velours (côtelé)* • EN *velvet, corduroy, cord* • PT *de veludo, de bombazina* **Beispill** am Summer ass eng samette Box ze waarm

Sammelbegrëff Maskulinum (Pluriel Sammelbegrëffer)

i Hei entsteet en neien Artikel.

sammelen [z'amələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesammelt) » **transitiv 1.** DE *sammeln [zusammentragen, anhäufen]* • FR *amasser, collecter* • EN *to collect [to gather together]* • FR *accumular, recollecter, coligir* **Beispiller** am Hierscht **sammelen** d'Kaweewelcher äifereg Nëss an Eechelen; d'Ëmweltschützer **sammelen** Ënnerschrëfte géint de Bau vum Staudamm; hie probéiert, beim Chef Punkten ze **sammelen** ëgs [hie probéiert, sech beim Chef bäizeschmieren] **2.** DE *sammeln [eine Sammlung anlegen von]* • FR *collectionner [constituer une collection de]* • EN *to collect [as a hobby]* • PT *coleccionar [fazer coleção de]* **Beispiller** zënter wéini **sammels** du Fixfieschkeschten?; meng Bomi, déi **sammelt** alles! **Synonym** kollektionéieren

i Verben, déi **sammelen** als Basis hunn: ↗asammelen an ↗usammelen

Sammelsurium [zaməlz'u:rium] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Sammelsurium* • FR *bric-à-brac [bazar]* • EN *hotchpotch, clutter* • PT *bricabraque [tralha]* **Beispill** am Keller steet en onméigleche Sammelsurium vun ale Miwwelen

Sammler [z'amlə] Maskulinum (Pluriel Sammler) DE *Sammler* • FR *collectionneur* • EN *collector* • PT *coleccionador* **Beispiller** ech kennen e Sammler, deen huet eng ganz Hal voller aler Autoen; mäi Papp ass e passionéierte Sammler

i Weiblech Form: ↗Sammlerin

Sammlerin [z'amlərin] Femininum (Pluriel Sammlerinnen) DE *Sammlerin* • FR *collectionneuse* • PT *coleccionadora* **Beispill** als begeeschtert Sammlerin fällt et mer schwéier, Saachen ewechzeginn

i Männlech Form: ↗Sammler

Sammlerwäert [z'amləvɛ:ɛt] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Sammlerwert* • FR *valeur de collection* • EN *value to collectors* • PT *valor de coleção* **Beispill** déi seele Mënz huet e grouse Sammlerwäert

Sammlung [z'amluŋ] Femininum (Pluriel Sammlungen) **1.** DE *Sammlung [Kollektion]* • FR *collection [assemblage systématique]* • EN *collection [accumulated items]* • PT *coleção [de objetos de interesse]* **Beispill** den Naturmusée huet eng grouss **Sammlung** vu Kiewerleken aus der ganzer Welt **Synonym** Kollektioun **2.** DE *Sammlung [Tätigkeit]* • FR *collecte [de dons]* • EN *collection [for charity]* • PT *recolha [de donativos]* **Beispill** muer ass an eiser Strooss eng **Sammlung** vun alem Gezei

Samoa [sam'o:a:] Eegennumm, Neutrum DE *Samoa* • FR *Samoa* • EN *Samoa* • PT *Samoa* **Beispiller** ech war schonn dräimol op Samoa; ech fueren d'nächst Woch op Samoa; ech komme vu Samoa

i männlech Persoun: ↗Samoaner weiblech Persoun: ↗Samoanerin Adjektiv: ↗samoanesch Haaptstad: ↗Apia

Samoaner [zamo'a:nɛ] Maskulinum (Pluriel Samoaner) DE *Samoaner* • FR *Samoan* • EN *Samoan* • PT *samoano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Samoaner

Samoanerin [zamo'a:nərin] Femininum (Pluriel Samoanerinnen) **DE** *Samoanerin* • **FR** *Samoane* • **EN** *Samoan* [*female*] • **PT** *samoana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Samoanerin

samoanesch [zamo'a:nəf] Adjektiv **DE** *samoanisch* • **FR** *samoan* • **EN** *Samoan* • **PT** *samoano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi samoanesch Kultur kenne geléiert

Samschdeg [z'amʃdɛç] Maskulinum (Pluriel Samschdeger) **DE** *Samstag* • **FR** *samedi* • **EN** *Saturday* • **PT** *sábado* **Beispiller** den iwuernächste Samschdeg sinn ech nees zu Land; haut um Samschdeg sinn net vill Leit an der Stad; mir gesinn eis e Samschdeg (mir gesinn eis nächste Samschdeg); mir hunn eis e Samschdeg gesinn (mir hunn eis leschte Samschdeg gesinn)

i Variant: Samschden

Samschdegowend Maskulinum (Pluriel Samschdegowenter / Samschdegowender) **DE** *Samstagabend* • **FR** *samedi soir* • **PT** *sábado ao final da tarde, sábado à noite* **Beispill** eis Clique trëfft sech all Samschdegowend, fir e Patt ze drénken

i Variant: Samschdenowend

Samschden [z'amʃdɛn] Maskulinum (Pluriel Samschdeger) - Variant vun ↗Samschdeg

Samschdenowend Maskulinum (Pluriel Samschdenowenter / Samschdenowender) - Variant vun ↗Samschdegowend

samschdes [z'amʃdɛs] Adverb **1. DE** *samstags* • **FR** *le samedi* [*tous les samedis*] • **EN** (*on*) *Saturday(s)* [*leach Saturday*] • **PT** *ao(s) sábado(s)* [*todos os sábados*] **Beispill** samschdes ginn ech ëmmer mat enger Frëndin an de Kino **2. DE** *am Samstag* [*an einem bestimmten Samstag*] • **FR** (*le*) *samedi* [*un samedi précis*] • **EN** (*on*) *Saturday* [*a specific Saturday*] • **PT** (*no*) *sábado* [*num certo sábado*] **Beispill** ech hu samschdes, den 12. Abrëll, schonn eppes vir

sämtlech [z'æmtlɛç] Indefinitpronomen » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Nominativ **1. DE** *sämtliche* • **FR** *tous (les), toutes (les)* • **EN** *all (the)* • **PT** *todos (os), todas (as)* **Beispill** sämtlech kierchlech a weltlech Autoritéiten hunn un de Feierlechkeeten deelgeholl **Synonym** all » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Akkusativ **2. DE** *sämtliche* • **FR** *tous (les), toutes (les)* • **EN** *all (the)* • **PT** *todos (os), todas (as)* **Beispill** ech hu sämtlech Feeler am Text rout ënnerstrach **Synonym** all

sämtlechen [z'æmtlɛçən] Indefinitpronomen » Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Dativ **DE** *sämtlichen* • **FR** *tous (les), toutes (les)* • **EN** *all (the)* • **PT** *todos (os), todas (as)* **Beispiller** d'Decisioun gouf kollektiv vu sämtlechen Delegierte geholl; ech hu sämtleche Membre vun eisem Club eng Invitatioun geschéckt **Synonym** all

SAMU [s'amju:] Maskulinum (Pluriel SAMUen) **DE** *Notarzt, Rettungsdienst* • **FR** *SAMU, service d'aide médicale d'urgence* • **EN** *medical emergency aid services* • **PT** *INEM, instituto nacional de emergência médica* **Beispill** zënter de SAMU am Asaz ass, konnte vill Patienten aus enger liewensgefëerlecher Situatioun gerett

ginn

Sanaa Eegennumm **DE** *Sanaa* • **FR** *Sanaa* • **PT** *Saná* **Beispill** Sanaa ass d'Haaptstad vum Jemen

Sanatorium [zanat'o:rium] Maskulinum (Pluriel Sanatorien / Sanatorien) **1. DE** *Sanatorium* [*Einrichtung*] • **FR** *sanatorium* [*institution*] • **EN** *sanatorium* [*establishment*] • **PT** *sanatório* [*estabelecimento*] **Beispiller** ech schaffen als Infirmière an engem Sanatorium; weínt menger Longekrankheet muss ech e puer Méint an e Sanatorium **2. DE** *Sanatorium* [*Gebäude*] • **FR** *sanatorio* [*édifice*] • **EN** *sanatorium* [*building*] • **PT** *sanatório* [*edifício*] **Beispill** de Sanatorium läit matzen am Bësch

sanctionéieren [sã:ksjõn'ziəɔɐ̃n] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participe passé sanctionéiert) » transitiv **1. DE** *sanktionieren* [*bestrafen*] • **FR** *sanctionner* [*punir*] • **EN** *to sanction* [*to punish*] • **PT** *sancionar* [*punir*] **Beispill** de Betrib gouf sanctionéiert, well en eng Rei Oploen net agehalen hat **2. DE** *sanktionieren* [*ratifizieren*] • **FR** *sanctionner* [*ratifier*] • **EN** *to ratify, to approve* • **PT** *sancionar* [*ratificar*] **Beispill** d'Gesetzer gi vum Staatschef sanctionéiert

i Variant: sanktionéieren

Sanctioun [sã:ksjõ'əʊn] Femininum (Pluriel Sanctiounen) **DE** *Sanktion* [*Strafmaßnahme*] • **FR** *sanction* [*mesure répressive*] • **EN** *sanction* • **PT** *sanção* [*medida punitiva*] **Beispill** d'Memberstaaten hu Sanctiounen virgesinn, fir wann ee Land sech net un d'Accorden hält

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Sanctioun / Sanktioun

Sand [zant] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Sand* • **FR** *sable* • **EN** *sand* • **PT** *areia* **Beispiller** d'Waasser verwëscht all Spueren am Sand; Speis mécht een, andeem ee Sand, Zement a Waasser mëscht; d'Saach ass am Sand verlaf ^[ëgs] [d'Saach hat keng Konsequenzen]; stiech de Kapp net an de Sand! ^[ëgs] [kuck d'Realitéit, ewéi se ass!]; d'Politikerin huet de Leit Sand an d'Ae gestreet ^[ëgs] [d'Politikerin huet de Leit eppes virgemaach!]; dee leschten Examen hunn ech an de Sand gesat ^[ëgs] [bei mengem leschten Examen hunn ech versot]

Sandal [zand'a:l] Femininum (Pluriel Sandalen) **DE** *Sandale* • **FR** *sandale* • **EN** *sandal* • **PT** *sandália* **Beispill** a mengen neie Sandale kréien ech Bloderen

Sandauer [z'andauɐ] Femininum (Pluriel Sandauern) **DE** *Sanduhr* • **FR** *sablrier* • **EN** *sandglass* • **PT** *ampulheta* **Beispiller** d'Kanner hunn déi al Sandauer mat engem Chronometer getest; ech moossen d'Zäit mat der Sandauer, wann ech Eeër kachen

Sandbuerg [z'antbu:ɐç] Femininum (Pluriel Sandbuergen) **DE** *Sandburg* • **FR** *château de sable* • **EN** *sandcastle* • **PT** *castelo de areia* **Beispill** eng zolidd Well huet de Kanner hir schéi Sandbuerg ewechgespullt

sandeg [z'andɛç] Adjektiv **1. DE** *sandig* [*Sand enthaltend*] • **FR** *sableux, sablonneux* • **EN** *sandy* • **PT** *arenoso* [*que tem areia*] **Beispill** d'Muerte ginn am beschten, wann de Buedem sandeg ass **2. DE** *sandig* [*wie Sand*] • **FR** *sablé* • **EN** *shortbread* • **PT** *areado* [*friável como areia*] **Beispill** ech hunn net gär sandeg Kichelcher

Sanderleng [z'andɛlɛŋ] Maskulinum (Pluriel Sanderlengen) Calidris alba DE Sanderling • FR *bécasseau sanderling* • EN *sanderling* • PT *pilrito-das-praias* **Beispill** wéi laang bréien d'Sanderlengen?

Sandkaul [z'antkəʊl] Femininum (Pluriel Sandkaulen) 1. DE *Sandgrube* • FR *sablière, carrière de sable* • EN *sand quarry* • PT *areiro* [local de extração] **Beispill** an dëser Sandkaul gëtt spezielle Sand ofgebaut, dee fir d'Produktion vu Glas gebraucht gëtt 2. DE *Sandkasten* [auf einem Spielplatz] • FR *bac à sable* [sur une aire de jeu] • EN *sandpit* • PT *caixa de areia* [num parque infantil] **Beispill** d'Kanner hunn de ganze Mëtteg op der Spillplaz an der Sandkaul gespilt **Synonym** Sandkëscht

Sandkëscht [z'antkæft] Femininum (Pluriel Sandkëschten) DE *Sandkasten* • FR *bac à sable* • EN *sandpit* • PT *caixa de areia* **Beispill** mer kafen eise Kanner eng plastiks Sandkëscht mat Deckel **Synonym** Sandkaul

Sandsak [z'antza:k] Maskulinum (Pluriel Sandsäck) DE *Sandsack* • FR *sac de sable* • EN *sandbag, punchbag* • PT *saco de areia* **Beispill** d'Pompjeeën hu Sandsäck virun d'Haiser geluecht, fir datt bei Iwwerschwemmunge kee Waasser sollt eralafen

Sandschmuebel [z'antʃmuəbəl] Femininum (Pluriel Sandschmuebelen) Riparia riparia - Variant vun ↗Sandschmuewel

Sandschmuewel [z'antʃmuəvəl] Femininum (Pluriel Sandschmuewelen) Riparia riparia DE *Uferschwalbe* • FR *hirondelle de rivage* • EN *sand martin* • PT *andorinha-das-barreiras* **Beispill** wéi laang bréien d'Sandschmuewelen? **Synonym** Grondschieuwel

i Variant: Sandschmuebel

Sandsteen [z'antʃte:n] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Sandstein* [Sedimentgestein] • FR *grès* [sédiment] • EN *sandstone* • PT *arenito, grés* **Beispill** dee Fiels besteet aus Sandsteen

Sandweiler [z'antvaile] Eegennumm DE *Sandweiler* • FR *Sandweiler* • EN *Sandweiler* • PT *Sandweiler* **Beispill** ech wunnen zu Sandweiler; fiert dëse Bus op Sandweiler?

i 1960 gong déi éischt a fir laang Zäit eenzeg Kontrollstatioun vun der SNCT (Société Nationale de Contrôle Technique) fir Gefierer zu Sandweiler op. D'Ausso: „Ech muss op Sandweiler“ huet vun do u bedeit, datt ee mam Auto misst an de Contrôle technique op Sandweiler fueren. An och wann et haut méi Kontrollstatiounen uechter d'Land gëtt, sou leeft am Volleksmond Sandweiler weider als Synonym fir de Contrôle technique.

Sandweiler Gare [z'antvaileg'a:R] Eegennumm DE *Sandweiler-Contern Gare* • FR *Sandweiler-Contern Gare* • EN *Sandweiler-Contern Gare* • PT *Sandweiler-Contern Gare* **Beispill** ech wunnen op der Sandweiler Gare; fiert dëse Bus op d'Sandweiler Gare?

Sandwich [s'æntwɪtʃ] Maskulinum (Pluriel Sandwichen) DE *Sandwich* • FR *sandwich* • EN *sandwich* • PT *sanduche, sandes* **Beispill** ech hu mer e Sandwich mat Ham, Kéis an Tomat bestallt

sanéieren [zan'ʒiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé sanéiert) » **transitiv** 1. DE *sanieren* [gesundheitsschädliche] Mängel beseitigen] • FR *assainir, re-*

mettre en état [un immeuble, un terrain] • EN *to sanitize, to decontaminate, to renovate* • PT *sanear, recuperar* [um edifício, um terreno] **Beispill** dat aalt Haus huet misse komplett sanéiert ginn; eis Firma krut d'Oplo, fir den Terrain ze sanéieren 2. DE *sanieren* [finanziell stabilisieren] • FR *assainir* [redresser financièrement] • EN *to stabilize* [the economy, finances] • PT *sanear* **Beispill** de Staat muss dréngend Moossnamen ergräifen, fir d'Finanzen ze sanéieren

Sanéierung [zan'ʒiəɾuŋ] Femininum (Pluriel Sanéierungen) 1. DE *Sanierung* [Beseitigung von (gesundheitsschädlichen) Mängeln] • FR *assainissement, remise en état* [d'un immeuble, d'un terrain] • EN *sanitization, decontamination, renovation* • PT *saneamento, recuperação* [de um edifício, de um terreno] **Beispill** bei der Sanéierung vum Haus sinn all d'Asbestplacken eliminéiert ginn; d'Sanéierung vum kontaminéierten Terrain muss vum fréiere Proprietär bezuelt ginn 2. DE *Sanierung* [finanzielle Stabilisierung] • FR *assainissement* [redressement financier] • EN *stabilization, financial recovery* • PT *saneamento* **Beispill** d'Zil vun dëse Mesuren ass d'Sanéierung vun den öffentleche Finanzen

sangen [z'ɑŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesungen / gesong) » **transitiv** 1. DE *singen* • FR *chanter* • EN *to sing* • PT *cantar* **Beispill** fir Chrëschttag huet de Chouer all déi bekannt Lidder gesungen; fir de Puppelchen ze berouegen, huet de Papp em e Schloftidd gesungen; ech kann e Liddchen dovun sangen! [égs] [domat hunn ech scho schlecht Erfarunge gemaach!]; eis Chorale séngt e Samschdeg eng Hochzäit leis Chorale séngt e Samschdeg an enger Hochzäitmass] » **intransitiv** 2. DE *singen* [Gesang produzieren] • FR *chanter* [pratiquer le chant] • EN *to sing* • PT *cantar* **Beispill** ech wusst net, datt s du esou guut kéints sangen; mäi Papp séngt a senger Fräizäit an emgem Chouer

i Verben, déi **sangen** als Basis hunn: ↗*asangen*, ↗*matsangen* an ↗*virnsangen*

Sänger [z'æŋɐ] Maskulinum (Pluriel Sänger) DE *Sänger* • FR *chanteur* • EN *singer* • PT *cantor* **Beispill** no senger Erkältung ass de Sänger gëschter fir d'éischt erëm opgetrueden; och am Alter war mäi Papp nach e gudder Sänger

i Weiblech Form: ↗Sängerin

Sängerensembel Maskulinum (Pluriel Sängerensembelen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Sängerin [z'æŋɛrɪn] Femininum (Pluriel Sängerinnen) DE *Sängerin* • FR *chanteuse* • EN *singer* [female] • PT *cantora* **Beispill** déi berümt Sängerin huet schonn als Kand an enger Chorale gesungen

i Männlech Form: ↗Sänger

sanitär [sanit'ɛ:ɔ] Adjektiv DE *sanitär* • FR *sanitaire* • EN *sanitary* • PT *sanitário* **Beispill** de Raum mat de Vestiären an de sanitären Anlage gëtt moderniséiert; am Joer 2020 huet de Coronavirus op der ganzer Welt eng sanitär Kris ausgeléist

Sanitär [zanit'ɛ:R] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Sanitäranlage* • FR *sanitaire* [équipement] • EN *sanitaryware* •

PT *instalação sanitária* **Beispill** mir hu beim Installateur en Devis ugefrot, fir de Sanitär am ganzen Haus ersetzen ze loossen

Sanitärer [zanit'ɛ:te] Maskulinum (Pluriel Sanitärer) DE *Sanitärer* • FR *secouriste* • EN *paramedic* • PT *socorrista* **Beispill** d'Sanitärer hunn de Blesséierten op der Droibier fortgedroen **Synonym** Secourist

W Weiblech Form: ↗Sanitärerin

Sanitärerin [zanit'ɛ:tərin] Femininum (Pluriel Sanitärerinnen) DE *Sanitärerin* • FR *secouriste [femme]* • PT *socorrista [mulher]* **Beispill** d'Sanitärerin huet mech virsiichteg op d'Brëtsch geluecht **Synonym** Secouristin

M Männlech Form: ↗Sanitärer

San José Eegennumm DE *San José* • FR *San José* • PT *São José* **Beispill** San José ass d'Hauptstad vum Costa Rica

sanktionéieren [sanʁksʝon'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé sanktionéiert) - Variant vun ↗sanctionéieren

Sanktioun [sanʁksʝ'ø̃n] Femininum (Pluriel Sanktiounen) - Variant vun ↗Sanctioun

W Jee no Aussprooch kann d'Schreifevis vun dësem Wuert änneren: Sanktioun / Sanctioun

San-Marinees [zanmarin'e:s] Maskulinum (Pluriel San-Marineesen) DE *San-Marinese* • FR *Saint-Marinais* • EN *San Marineese* • PT *são-marinhense* **Beispill** mäi beschte Frënd ass San-Marinees

san-marineesesch [zanmarin'e:zəʃ] Adjektiv DE *san-marinesisch* • FR *saint-marinais* • EN *San Marineese* • PT *são-marinhense* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi san-marineesesch Kultur kenne geléiert

San-Marineesin [zanmarin'e:zin] Femininum (Pluriel San-Marineesinnen) DE *San-Marinesin* • FR *Saint-Marinaise* • EN *San Marineese [female]* • PT *são-marinhense* **Beispill** meng bescht Frëndin ass San-Marineesin

San Marino [s'anmar'ino:] Eegennumm, Neutrum DE *San Marino* • FR *Saint-Marin* • EN *San Marino* • PT *São Marinho* **Beispill**ter ech war schonn dräimol zu San Marino; ech fueren d'nächst Woch op San Marino; ech komme vu San Marino

M männlech Persoun: ↗San-Marinees weiblech Persoun: ↗San-Marineesin Adjektiv: ↗san-marineesesch Hauptstad: ↗San Marino

San Marino Eegennumm DE *San Marino [Stadt]* • FR *(Ville de) Saint-Marin* • PT *São Marinho [cidade]* **Beispill** San Marino ass d'Hauptstad vun der Republik San Marino

Sans-abri [sã:zabr'i:] Maskulinum (Pluriel Sans-abrien) DE *Obdachloser* • FR *sans-abri, sans domicile fixe, S. D. F.* • PT *sem-abrigo* **Beispill** am Wanter schlofe vill Sans-abrien a Foyeren

W Weiblech Form: ↗Sans-abri

Sans-abri [sã:zabr'i:] Femininum (Pluriel Sans-abrien) DE *Obdachlose* • FR *(femme) sans-abri, (femme) sans domicile fixe, (femme) S. D. F.* • PT *sem-abrigo [mulher]* **Beispill** déi jonk Sans-abri huet mech gefrot, ob

ech e puer Su fir se hätt

M Männlech Form: ↗Sans-abri

San Salvador Eegennumm DE *San Salvador* • FR *San Salvador* • PT *São Salvador* **Beispill** San Salvador ass d'Hauptstad vum El Salvador

sans gêne Adjektiv

W Hei entsteet en neien Artikel.

Santé [s'ã:te:] Femininum (kee Pluriel) **1.** DE *Gesundheitsbehörde* • FR *Direction de la Santé* • EN *National Health Authority, National Health Directorate* • PT *Direção de Saúde* **Beispill** d'Santé ënnersteet dem Gesondheitsministère **2.** [ëgs] DE *Gesundheitsministerium [Behörde, Zuständigkeitsbereich]* • FR *ministère de la Santé [département ministériel, portefeuille ministériel]* • EN *Ministry of Health [department]* • PT *Ministério da Saúde [departamento ministerial, pasta ministerial]* **Beispill** no de Walen huet eis Partei d'Santé kritt **Synonym** Gesondheitsministère **3.** DE *Behörden des Gesundheitswesens* • FR *autorités de santé publique* • EN *public health authorities* • PT *autoridades de saúde pública* **Beispill** d'Santé mécht reegelméisseg Kontrollen an de Restauranten

Santé publique [sã:t'e:pybl'ik] Femininum (kee Pluriel) DE *Gesundheit der Allgemeinheit* • FR *santé collective* • PT *saúde coletiva* **Beispill** déi streng sanitär Mesurë sinn néideg, fir d'Santé publique ze garantéieren

Santiago Eegennumm - Kuerzform vun ↗Santiago de Chile

Santiago de Chile Eegennumm DE *Santiago (de Chile)* • FR *Santiago (du Chili)* • PT *Santiago (do Chile)* **Beispill** Santiago de Chile ass d'Hauptstad vum Chile

W Kuerzform: Santiago

Santo Domingo Eegennumm DE *Santo Domingo* • FR *Saint-Domingue* • PT *São Domingos* **Beispill** Santo Domingo ass d'Hauptstad vun der Dominikanescher Republik

Sao Tomé Eegennumm DE *Sao Tomé* • FR *Sao Tomé, Saint-Thomas* • PT *São Tomé* **Beispill** Sao Tomé ass d'Hauptstad vu Sao Tomé a Príncipe

Sao Tomé a Príncipe [sa:otom'e:a:pr'inʃipe:] Eegennumm, Neutrum DE *Sao Tomé und Príncipe* • FR *Sao-Tomé-et-Príncipe* • EN *São Tomé and Príncipe* • PT *São Tomé e Príncipe* **Beispill**ter ech war schonn dräimol op Sao Tomé a Príncipe; ech fueren d'nächst Woch op Sao Tomé a Príncipe; ech komme vu Sao Tomé a Príncipe

M männlech Persoun: ↗Sao-Toméer weiblech Persoun: ↗Sao-Toméerin Adjektiv: ↗sao-toméesch Hauptstad: ↗Sao Tomé

Sao-Toméer [s'a:otom'e:e] Maskulinum (Pluriel Sao-Toméer) DE *Sao-Toméer* • FR *Santoméen* • EN *São Toméan* • PT *são-tomense* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Sao-Toméer

Sao-Toméerin [s'a:otom'e:erin] Femininum (Pluriel Sao-Toméerinnen) DE *Sao-Toméerin* • FR *Santoméenne* • EN *São Toméan [female]* • PT *são-tomense* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Sao-Toméerin

sao-toméesch [s'a:otom'e:əf] Adjektiv DE *sao-to-méisch* • FR *santoméen* • EN *São Toméan* • PT *são-tomen-se* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi sao-toméesch Kultur kenne geléiert

Saphir [zaf'i:ɔ] Maskulinum (Pluriel Saphiren)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Sarajevo Eegennumm DE *Sarajevo* • FR *Sarajevo* • PT *Sarajevo* **Beispill** Sarajevo ass d'Haaptstad vu Bosnien-Herzegowina

Sarcophage Maskulinum (Pluriel Sarcophagen) - Variant vun **Sarkophag**

I Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Sarcophage / Sarkophag

Sardinn [zɑrd'in] Femininum (Pluriel Sardinnen) **1.** DE *Sardine* [Tier] • FR *sardine* [animal] • EN *sardine* [animal] • PT *sardinha* [animal] **Beispill** am Mëttelmier ass de Bestand vun de Sardinne staark zeréckgaangen **2.** DE *Sardine* [Nahrungsmittel] • FR *sardine* [aliment] • EN *sardine* [food] • PT *sardinha* [alimento] **Beispiller** dëse Weekend gëtt et gegrillte Sardinnen; d'Leit stoungen am Tram ewéi d'Sardinnen an der Béchs **[égs]** [d'Leit stoungen am Tram enk zesummegedrëckt]

Sardinnebéchs [zɑrd'inəbɛks] Femininum (Pluriel Sardinnebéchsen) DE *Sardinenbüchse* • FR *boîte de sardines* • EN *tin of sardines* • PT *lata de sardinhas* **Beispiller** ech kréien déi Sardinnebéchs einfach net op!; an deem Sportsauto sëtzt een ewéi an enger Sardinnebéchs **[égs]** [an deem Sportsauto huet ee keng Plaz]

Sarg [zɑrɑ] Maskulinum (Pluriel Särg) DE *Sarg* • FR *cerceuil* • EN *coffin* • PT *caixão*, *ataúde* **Beispill** de Sarg gouf an d'Graf erofgelooss **Synonymmen** Doudelued, Lued

Sarkasmus [z'arkasmus] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Sarkasmus* • FR *sarcasme* • EN *sarcasm* • PT *sarcasmo* **Beispill** mat dengem Sarkasmus blesséiers de all Mënsch

Schëinheitsoperatioun [ʃ'ɪɪnhe:tsopɛrəsɪjəʊn] Femininum (Pluriel Schëinheitsoperatiounen) **DE** *Schönheitsoperation* • **FR** *opération de chirurgie esthétique* • **EN** *cosmetic surgery* • **PT** *cirurgia estética*, *operação estética* **Beispill** eng Schëinheitsoperatioun ka sénnvoll sinn, wann de Patient duerno séilesch méi

stabil ass

Scheinschwangerschaft [ʃʰaɪnʃwɑŋgəʃaft] Femininum (Pluriel Scheinschwangerschaften) DE *Scheinschwangerschaft* • FR *grossesse nerveuse, fausse grossesse* • EN *false pregnancy, phantom pregnancy, pseudocyesis* • PT *gravidez psicológica, falsa gravidez* **Beispill** d'Diagnos Scheinschwangerschaft war ganz uerg fir d'Koppel, déi sech schonn esou laang e Kand gewünscht huet

Scheinwerfer [ʃʰaɪnʋɛʀfɛ] Maskulinum (Pluriel Scheinwerfer) DE *Scheinwerfer* • FR *projecteur, phare* • EN *floodlight, headlight* • PT *holofote, projetor, farol* **Beispiller** neierdengs gëtt de Fussballsterrain owes mat méi staarke Scheinwerfer beliicht; d'Scheinwerfer vum Auto, dee mer entgéintkoum, hu mech verblent

schéirieden [ʃʰɛɪriədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé schéigeriet) » **transitiv** DE *schönreden* • FR *enjoliver, édulcorer [un sujet]* • EN *to play down, to gloss over* • PT *embelezar, atenuar [um assunto]* **Beispill** an der Politik gi vill Problemer schéigeriet

Schéiszbud [ʃʰɛɪsbu:t] Femininum (Pluriel Schéiszbuden) DE *Schießbude* • FR *stand de tir [attraction foraine]* • EN *shooting gallery [at a fair]* • PT *barraca de tiro* **Beispill** dee Petzi vun der Schéiszbud ass mech eng deier ginn!

schéissen [ʃʰɛɪsən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschoss) » **transitiv** 1. DE *schießen [erlegen]* • FR *tirer, abattre* • EN *to shoot [to kill]* • PT *caçar, abater [a tiro]* **Beispiller** de Jeeër huet haut zwee Wëllschwäi geschoss; hien huet eng Blumm op der Schéiszbud geschoss [hien huet op der Schéiszbud esou gutt geschoss, datt en eng Blumm krut] 2. DE *schießen, (zu)werfen* • FR *tirer, lancer (à)* • EN *to shoot, to throw* • PT *arremessar, atirar (a)* **Beispiller** e Katapult konnt e Projektil iwuer 100 Meter wäit schéissen; schéiss mer emol de Ball! 3. DE *schießen, werfen [erzielen]* • FR *marquer [un but, un panier]* • EN *to shoot, to score [a goal, a basket]* • PT *marcar [um golo, um cesto]* **Beispiller** de Stiermer huet am leschten Ament nach e Gol geschoss; an de leschten dräi Minutte vum Match huet eis Ekipp nach fénnef Kierf geschoss » **intransitiv** 4. DE *schießen [mit einer Schusswaffe]* • FR *tirer [avec une arme]* • EN *to shoot [with a gun]* • PT *disparar [com uma arma de fogo]* **Beispill** de Gangster huet op eemol ewéi geckeg ëm sech geschoss 5. schéissen (mat) DE *werfen (mit), schießen (mit)* • FR *tirer [lancer, effectuer un tir]* • EN *to throw, to shoot* • PT *atirar (com), chutar* **Beispiller** d'Kanner hu mat Schnéiklatze geschoss; de Stiermer huet laang gedribbelt, ier en op de Gol geschoss huet 6. **[Botanik]** DE *austreiben, sprießen* • FR *bourgeonner, pousser* • EN *to sprout, to put out shoots* • PT *dar rebentos, nascer* **Beispiller** deen alen Äppelbam hanner dem Haus schéisst nees; wéinst de Joer méllen Temperature schéissen d'Muertten dëst Joer scho ganz fréi **Synonym** ausschéissen ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé geschoss) » **intransitiv** 7. **[Eggs]** DE *schießen [rasen]* • FR *foncer, rouler (à toute allure)* • EN *to speed* • PT *disparar, voar, ir a toda a velocidade* **Beispiller** de Chauffeur ass, ouni ze kucken, iwuer d'Kräizung geschoss; hie koum mat sengem Vëlo esou séier ëm den Eck geschoss, datt e mech bal iwuer

de Koup gerannt huet **Synonym** rennen

I Verben, déi **schéissen** als Basis hunn: ↗auschéissen, ↗ausschéissen, ↗eraschéissen, ↗erausschéissen, ↗erofschéissen, ↗eropschéissen, ↗laanschtschéissen, ↗ofschéissen, ↗uschéissen an ↗zeréckschéissen

Schéisserei [ʃʰɛɪsɛʀi] Femininum (Pluriel Schéissereien) DE *Schießerei [Schusswechsel]* • FR *fusillade [échange de coups de feu]* • EN *shooting, fusillade* • PT *tiroteio [troca de tiros]* **Beispill** bei enger Schéisserei virun enger Tankstell gouf e Polizist blesséiert

Schéissstand [ʃʰɛɪstɑnt] Maskulinum (Pluriel Schéissstänn) DE *Schießstand* • FR *stand de tir [sportif ou militaire]* • EN *shooting range* • PT *carreira de tiro* **Beispill** d'Police trainéiert reegelméisseg um Schéissstand

scheitern [ʃʰaɪtɛrən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gescheitert) » **intransitiv** scheitern (un) DE *scheitern (an)* • FR *échouer (à cause de)* [ne pas aboutir (à cause de)] • EN *to fail (due to)* • PT *falhar (por causa de)* [fracassar (por causa de)] **Beispiller** all eis Versich, d'Beem an eiser Strooss ze retten, si gescheitert; de Projet ass un engem technesche Problem gescheitert

Schëld [ʃʰɛlt] Neutrum (Pluriel Schëlter / Schëlter) 1. DE *Schild [Informationsträger]* • FR *panneau (de signalisation), écriteau* • EN *sign, label, tag* • PT *placa (de sinalização), letreiro* **Beispiller** d'Afaart vum Parking ass mat engem Schëld gezeecht; fir de Fùrerschäin muss een eng ganz Rei Schëlter léieren; gitt deene bloe Schëlter no, da kënnt Dir Iech net verléieren!; mäin Zännokter huet ewell e messengs Schëld un der Fassad; ech hunn nach kee Schëld op menger Bréifkëscht; un all Wallis, déi mat an de Fliger geet, muss e Schëld mat Ärem Numm sinn 2. DE *Schild [Schutzwaffe]* • FR *bouclier [arme défensive]* • EN *shield [protective weapon]* • PT *escudo [arma defensiva]* **Beispill** am Musée sinn d'Rüstungen an d'Schëlter vu Ritter ausgestellt 3. **[vereez]** DE *Unikum [Person]* • FR *numéro, spécimen [personne]* • EN *character [eccentric]* • PT *cro-mo [pessoa]* **Beispill** wéi kann ee mat deem Schëld eng seriö Diskussioun féieren? **Synonym** Unikum

Schëldchen [ʃʰɛltçən] Neutrum (Pluriel Schëltercher) - Diminutivform vun ↗Schëld

Schell [ʃʰɛl] Femininum (Pluriel Schellen) 1. DE *Schelle, Glöckchen* • FR *clochette [grelot]* • EN *(little) bell* • PT *guizo* **Beispill** dem Noper säi Kueder huet en Halsband mat enger Schell 2. DE *Klingel [Vorrichtung]* • FR *sonnette* • EN *bell [device]* • PT *campainha* **Beispiller** du brauchs keng sechs Mol op d'Schell ze drécken, ech sinn net daf!; d'Schell u mengem Vëlo geet net méi; an der Schoul laueren d'Kanner drop, datt d'Schell geet, fir kënnen heemzelafen; d'Kanner si bei d'Leit Schellen drécke gaangen [⇒ fir d'Leit rosen ze maachen]

Schell [ʃʰɛl] Femininum (Pluriel Schellen) DE *Schelle [Schlauchschele]* • FR *collier [de serrage]* • EN *clip, clamp [hose clip, hose clamp]* • PT *braçadeira [de mangueira]* **Beispill** de Gäertner huet de Schlauch mat enger Schell um Krunn fixéiert

Schellaadler [ʃʰɛla:dle] Maskulinum (Pluriel Schellaadler / Schellaadleren) *Aquila clanga* DE *Schelladler* • FR *agle criard* • EN *greater spotted eagle* • PT *águia-gri-*

tadeira **Beispill** wéi laang bréien d'Schellaadler?

Schelladler [ʃ'æla:dle] Maskulinum (Pluriel Schelladler / Schelladleren) Aquila clanga - Variant vun ↗Schellaadler

Schellebam [ʃ'æləba:m] Maskulinum (Pluriel Schellebeem) **DE** Schellenbaum • **FR** chapeau chinois [instrument de musique] • **PT** pavilhão chinês [instrumento musical] **Beispill** ech hunn direkt gesinn, datt et eng däitsch Musek ass, déi hei laanschtkomm ass, well et ass e Schellebam derbái

schëlleg [ʃ'ələç] Adjektiv **1.** **DE** schuldig [beteiligt, verantwortlich] • **FR** coupable [implicqué, responsable] • **EN** guilty • **PT** culpado [implicado, responsável] **Beispiller** no der Kläpperei konnten déi Schëlleg vun der Police festgehol ginn; dee schëllege Schüler gouf bei den Direkter an de Büro geruff **2.** **DE** schuldig [rechtlich] • **FR** coupable [devant la loi] • **EN** guilty [legally] • **PT** culpado [perante a lei] **Beispiller** dem Zeie sengen Aussoen no kann den Ugekloten net schëlleg sinn; de Riichter huet den Ugekloten an där Affär schëlleg gesprach **3.** schëlleg sinn **DE** schuldig sein, schulden • **FR** devoir à [être redevable à] • **EN** to owe • **PT** dever a [estar em dívida para com] **Beispiller** wat sinn ech Iech schëlleg?; mäi Kollege huet behaupt, ech wier him nach Sue schëlleg; hien ass mir bis haut nach eng Äntwert schëlleg

Schëllegkeet [ʃ'ələçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Schuldigkeit • **FR** devoir [obligation] • **EN** duty, obligation • **PT** dever [obrigação] **Beispiller** ech gesinn et als meng Schëllegkeet un, deene Leit ze hëllef, deenen et schlecht geet; dat war seng Pflicht a Schëllegkeet

Schellekranz [ʃ'æləkrants] Maskulinum (Pluriel Schellekränz) **DE** Schellentrommel • **FR** tambourin à grelots [tambour de basque] • **EN** tambourine • **PT** pandeireta **Beispill** ech spillen am Orchester de Schellekranz an den Triangel

Schellem [ʃ'æləm] Maskulinum (Pluriel Schellemen) **vereeltz** **DE** Schalk • **FR** espiègle • **EN** rascal, scamp • **PT** traquinas **Beispill** dee Schellem mécht sech e Spaass draus, aner Leit nozemaachen **Synonym** Schallek

schellemzeg [ʃ'æləmtsəç] Adjektiv **vereeltz** **DE** schelmisch • **FR** espiègle <Adverb de manière espiègle> • **EN** mischievous <Adverb mischievously> • **PT** maroto, travesso <Adverb marotamente> **Beispiller** dāi klenge Bouf huet eng richtig schellemzeg Kuck!; firwat laachs de esou schellemzeg, hues de eng gestiicht? **Synonymmen** duerchdriwwen, schallekseeg

schellen [ʃ'ælən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschellt) » **intransitiv** - och onperséintlech **1.** **DE** klingeln [läuten] • **FR** sonner [retentir] • **EN** to ring, to go [doorbell, school bell] • **PT** tocar [produzir um som] **Beispiller** den Telefon schellt, kanns du ophiewen?; wann et schellt, lafen d'Kanner eraus an den Haß; maach nach eng esou eng Dommheet, dann huet et fir dech geschellt! **[égs]** Imaach nach eng esou eng Dommheet, dann huet dat fir dech béis Konsequenzen) » **intransitiv 2.** **DE** klingeln [eine Klingel betätigen] • **FR** sonner [faire fonctionner une sonnette] • **EN** to ring [a bell] • **PT** tocar [à campainha] **Beispill** de Brëifdréier huet un der Dier geschellt, fir e Pak ofzeginn **3.** **DE** klingeln

(nach) [herbeirufen] • **FR** sonner [appeler en sonnant] • **EN** to ring (for) • **PT** tocar à campainha (para chamar) **Beispill** de Kranken huet der Nuetswaach geschellt, well e schrecklech Pëng hat » **transitiv 4.** aus dem Bett schellen **DE** aus dem Bett klingeln • **FR** tirer du lit [en sonnant, en téléphonant] • **EN** to get out of bed • **PT** arrancar da cama [tocando à campainha, telefonando] **Beispill** wéi eise Bouf krank war, hu mer den Dokter aus dem Bett geschellt

i Verb, dat **schellen** als Basis huet: ↗erausschellen

Schëller [ʃ'ələ] Femininum (Pluriel Schëlleren) **1.** **DE** Schulter [Körperteil] • **FR** épaule [partie du corps] • **EN** shoulder [part of the body] • **PT** ombro [parte do corpo] **Beispiller** et knackt a menger Schëller, wann ech den Aarm hiewen; op der Röntge gesäit een, datt de Patient sech d'Schëller ausgerenkt huet; wat huet dee Mann breet Schëlleren!; de Léierbouf kuckt dem Meeschter iwwer d'Schëller; seng Cheffin huet him ganz jovial op d'Schëller geklappt; ech hu beim Metzler e Stéck vun der Schëller bestallt; firwat weis de mer d'kal Schëller? **[égs]** [firwat ignoréiers de mech?]; huet deng Gripp net op déi liicht Schëller! **[égs]** [huel deng Gripp eescht!]; wéi ech em dat gesot hunn, huet e just d'Schëllere gehuewen (⇒ fir ze weisen, datt en sech net wollt derzou äusseren) **2.** **DE** Schulter [eines Kleidungsstücks] • **FR** épaule [d'un vêtement] • **EN** shoulder [of a garment] • **PT** ombro [de uma peça de vestuário] **Beispill** de Paltong sätzt net, d'Schëllere sinn ze breet

Schëllerblat [ʃ'ələbla:t] Neutrum (Pluriel Schëllerblieder) **DE** Schulterblatt • **FR** omoplate • **EN** shoulder blade, scapula • **PT** escapula, omoplata **Beispill** mäi Wéi zitt sech vum Schëllerblat bis erof an den Aarm

Schëllergelenk [ʃ'ələçələŋk] Neutrum (Pluriel Schëllergelenker) **DE** Schultergelenk • **FR** articulation de l'épaule • **EN** shoulder joint • **PT** articulação do ombro **Beispill** den Orthoped huet mer eng Entzündung am Schëllergelenk diagnostizéiert

Schellint [ʃ'ælint] Femininum (Pluriel Schellinten) Bucephala clangula **DE** Schellente • **FR** garrot à œil d'or • **EN** common goldeneye • **PT** pato-olho-d'ouro **Beispill** wéi laang bréien d'Schellinten?

Schema [ʃ'e:ma:] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Schemaen) - Variant vun ↗Scheema

schematesch [ʃem'a:təç] Adjektiv **DE** schematisch • **FR** schématique <Adverb schématiquement> • **EN** schematic <Adverb schematically> • **PT** esquemático <Adverb esquematicamente> **Beispiller** dëst ass eng schematesch Duerstellung vum Problem; du denks ze vill schematesch

schematiséieren [ʃema:tiz'ziəən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé schematiséiert) » **transitiv DE** schematisieren • **FR** schématiser • **EN** to schematize • **PT** esquematizar **Beispill** ech hunn déi ganz Prozedur esou schematiséiert, datt se fir jidderee verständig ass

Schëmmel [ʃ'əməl] Maskulinum (Pluriel Schëmmelen) **DE** Schimmel [Pferd] • **FR** cheval blanc • **EN** white horse, grey • **PT** cavalo branco **Beispiller** e Schëmmel

ass schwéier propper ze halen; mir goufe Schëmmel a Bless vernannt [ëgs] [mir goufen zerguttst vernannt]

i Variant: Schimmel

Schëmpech [ʃ'əmpɛç] Eegennumm DE Schimpach • FR Schimpach • EN Schimpach • PT Schimpach **Beispiller** ech wunnen zu Schëmpech; fiert dëse Bus op Schëmpech?

i Lokalvariant: Schëmpich

Schëmpich [ʃ'əmpɪç] Eegennumm - Variant vun ↗Schëmpech

Schëndels [ʃ'əndɛls] Eegennumm DE Schönfels • FR Schoenfels • EN Schoenfels • PT Schoenfels **Beispiller** ech wunnen zu Schëndels; fiert dëse Bus op Schëndels?

Schëndelsser Millen [ʃ'əndəlsɛm'ɪlən] Eegennumm DE Schoenfels-Moulin • FR Schoenfels-Moulin • EN Schoenfels-Moulin • PT Schoenfels-Moulin **Beispiller** ech wunnen op der Schëndelsser Millen; fiert dëse Bus op d'Schëndelsser Millen?

schéngen [ʃ'ɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschéngt) » **intransitiv** **1.** DE scheinen [Lichtquelle] • FR briller [source lumineuse] • EN to shine [to emit light] • PT brilhar, bater [fonte de luz] **Beispiller** d'Sonn schéngt iwwer Bierg an Dall; de Scheinwerfer schéngt mer riicht an d'Aen » **intransitiv - och onperséinlech** **2.** DE scheinen [den Anschein haben] • FR avoir l'air, paraître, sembler • EN to seem, to look like [to give the impression] • PT darstras de, afigurar-se, parecer **Beispiller** du schéngs midd ze sinn; d'Wieder schéngt sech ze besserens; no baussem hunn ech roueg geschéngt, awer bannendran hunn ech gekacht vu Roserei; et schéngt (es), wéi wann et geschwé géif reenen; wéi et schéngt, wollt d'Fra mat hirer Ausso kee beschëllegen; et schéngt mir iwwerdriwwen, fir all Klenggekkeet ze reklaméieren; et schéngt ze klappe mat eisem Rendez-vous

i Verb, dat **schéngen** als Basis huet: ↗eraschéngen

Schengen [ʃ'æŋən] Eegennumm DE Schengen • FR Schengen • EN Schengen • PT Schengen **Beispiller** ech wunnen zu Schengen; fiert dëse Bus op Schengen?

schenken [ʃ'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschenkt) » **transitiv** **1.** DE schenken [zum Geschenk machen] • FR offrir (à) [donner en cadeau (à)] • EN to give [as a present] • PT oferecer (a) [dar como presente (a)] **Beispiller** wat kënne mer dem Papp fir säi Gebuertsdag schenken?; ech hu menger Giedelche fir d'Kommioun e Globus geschenkt; ech schenke gäre Bicher; déi Wuer ass geschenkt nach ze deier [ëgs] [déi Wuer ass näischt wäert]; an deem Geschäft kriss de näischt geschenkt [ëgs] [an deem Geschäft ass alles deier]; de Menü an dësem Restaurant ass net geschenkt! [ëgs] [de Menü an dësem Restaurant ass deier]; bei deem Handel kanns de roueg zougräifen, dat ass jo bal geschenkt! [ëgs] [bei deem Handel kanns de roueg zougräifen, dat ass en extreem bëllege Präis]; am Exame kriss de näischt geschenkt [ëgs] [am Exame muss de der vill Méi ginn, fir e gutt Resultat ze kréien]; déi Méi kanns de der schenken! [ëgs] [déi Méi ass émsoss] **2.** DE schenken [widmen] • FR accorder à [prêter à, consacrer à] • EN to give [to grant, to favour

with] • PT dedicar a [prestar a, consagrar a] **Beispill** Merci, datt Dir mir Är Opmierksamkeet geschenkt hutt!

Schenkung [ʃ'æŋkʊŋ] Femininum (Pluriel Schenkungen) DE Schenkung • FR donation, don • EN gift, bequest • PT doação, donativo **Beispiller** meng Mamm huet eis hir Bauplaz duerch eng Schenkung iwwerschreiwelooss; d'Billersammlung ass eng Schenkung vum Moler sengen Ierwen

schënnen [ʃ'ənən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschënnt / geschannt) » **transitiv** **1.** DE abdecken, schinden • FR équarrir [un animal] • EN to flay, to skin • PT esquarterar [um animal] **Beispill** de Kadaver vun der Kou gött geschënnt **2.** DE schinden [quälen] • FR maltraiter • EN to ill-treat • PT maltratar **Beispiller** wéi laang soll dee Bauer säi Vei nach kënne schënnen, ier eppes geschitt?; et misst verbuede sinn, seng Emplouyéen esou ze schënnen! **3.** DE schrammen [verletzen] • FR érafler, égratigner [blesser] • EN to graze, to scrape [to injure] • PT esfolar [escoriar, ferir] **Beispill** beim Falen huet dee Klänge sech d'Knéie geschannt » **reflexiv** **4.** DE sich schinden [sich abmühen] • FR s'échiner • EN to slave away, to break one's back • PT desunhar-se [esforçar-se] **Beispill** wat hu mer eis geschannt, fir de Gaart an d'Rei ze kréien! **Synonym** sech krepéieren

Schënner [ʃ'ənɛ] Maskulinum (Pluriel Schënner) **1.** DE Abdecker, Schinder • FR équarrisseur • EN knacker • PT esquarterador, magarefe **Beispill** ech géif mäin aalt Pæerd nimools engem Schënner verkafen! **2.** [ëgs] DE Kurpfuscher • FR guérisseur, charlatan • EN healer, quack • PT curandeiro, charlatão **Beispill** am Nopeschduerf ass e Schënner, bei deen d'Leit ginn, wann se de Réck wéi hunn **3.** [pejorativ] DE Schinder [Menschenschinder] • FR exploiteur, négrier • EN slave driver • PT explorador, martirizador **Beispill** dee Schënner behandelt seng Leit ewéi Sklaven!

i Weiblech Form: ↗Schënnerin

Schënnerin [ʃ'ənərin] Femininum (Pluriel Schënnerinnen) **1.** DE Abdeckerin, Schinderin • FR équarrisseuse **2.** [ëgs] DE Kurpfuscherin • FR guérisseuse, charlatane **3.** [pejorativ] DE Schinderin [Menschenschinderin] • FR exploiteuse, négrière

i Männlech Form: ↗Schënner

Schëpp [ʃəp] Femininum (Pluriel Schëppen) **1.** DE Schaufel [Gerät] • FR pelle [outil] • EN shovel, dust pan, shovel (bucket), spade • PT pá [utensílio] **Beispiller** huel du d'Schëpp, ech huelen d'Piosch!; géi, sich eng Schëpp an eng Biischt, fir den Dreck opzehiewen!; wat huet dee Bagger eng grouss Schëpp!; ech sinn dem Doud vun der Schëpp gesprongen [ëgs] [ech hunn eng liewensgeféierlech Situatioun iwwerstanen]; hal op, eng Schëpp ze schneiden! [ëgs] [hal op, esou motzeg ze kucken!]; deng Komeroden hunn dech schéin op d'Schëpp geholl [ëgs] [deng Komeroden hu schéin de Geck mat dir gemaach] **2.** DE Schaufel [Inhalt] • FR pelletée • EN shovelful • PT pazada [conteúdo de uma pá] **Beispiller** mir hu fënnef Schëppen Dreck zesummegekiert; wa mer wëlle matzäit fäerdeg ginn, muss mer eng Schëpp bäileeen [ëgs] [wa mer wëlle matzäit fäerdeg ginn, muss mer eis druginn] **3.** DE Schaufelbagger • FR pelleuse • EN excavator, power shovel • PT retroescavadora **Beispill** muer kënnt

d'Schëpp op de Chantier, fir de Keller auszehiewen
4. DE *Krempe* [Hutkrempe], *Schirm* [Mützenschirm] • **FR** *bord* [d'un chapeau], *visière* [d'une casquette] • **EN** *brim* [of a hat] • **PT** *aba* [de um chapéu], *pala* [de um boné]
Beispiller ech droe gâr Hitt mat breede Schëppen; ech hu meng gutt Kap mat der grousser Schëpp vertä-selt!

Schëppchen Femininum (Pluriel Schëppercher) - Diminutivform vun ↗Schëpp

schëppen [ʃ'əpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschëppt) » **transitiv 1. DE** *schaufeln* [mit der Schaufel wegschaffen] • **FR** *pelleteur, déplacer* (à la pelle) • **EN** *to shovel* • **PT** *retirar* (com a pá), *deslocar* (com a pá)
Beispiller mir hunn de ganzen Dag Kuele geschëppt; d'Leit schëppen de Schnéi vum Trottoir an de Kullang; kapp net méi lass, wéi s de geschëppt kriss! [əgs] [huel der net méi vir, wéi s de gemaach kriss!] **2. DE** *schaufeln* [mit der Schaufel ausheben] • **FR** *creuser* (à la pelle) • **EN** *to dig* (with a shovel) • **PT** *cavar* (com a pá), *escavar* (com a pá) **Beispill** ech hunn e schmuele Passage duerch de Schnéi geschëppt

i Verben, déi **schëppen** als Basis hunn: ↗ewechschëppen, ↗fräischëppen an ↗zouschëppen

Schëppen [ʃ'əpən] Femininum (Pluriel Schëppen) **1.** (kee Singulier) **DE** *Pik* [Kartenfarbe] • **FR** *pique* [couleur au jeu de cartes] • **PT** *espadas* [naipe] **Beispiller** an dëser Partie ass Schëppen Tromp; a mengem ale Kaartespill sinn d'Schëppen net méi komplett, d'Néngtche feelt **2. DE** *Pik* [Spielkarte] • **FR** *pique* [carte à jouer] • **PT** *carta de espadas* **Beispill** am leschte Streech waren nach dräi Häerzer an eng Schëppen

Schëppenäss [ʃəpən'æs] Maskulinum (Pluriel Schëppenässen) - Variant vun ↗Schëppen-Äss

Schëppen-Äss [ʃəpən'æs] Maskulinum (Pluriel Schëppen-Ässen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Schësselchen [ʃ'əsəlçən] Femininum (Pluriel Schësselcher) - Diminutivform vun ↗Schëssel

Schësser [ʃ'əsə] Maskulinum (kee Pluriel) - Kuerzform vun ↗Boxeschësser [əgs] **DE** *Dünnpiff* • **FR** *courante* [diarrhée] • **EN** *shits* [diarrhoea] • **PT** *soltura* [diarreja] **Beispill** ech hat esou de Schësser, datt ech déi ganz Nuecht net vum Dëppen erofkoum! **Synonym** Duerchfall

Schëtter [ʃ'ətə] Eegennumm **DE** *Schütteringen* • **FR** *Schuttrange* • **EN** *Schuttrange* • **PT** *Schuttrange* **Beispiller** ech wunnen zu Schëtter; fiert dëse Bus op Schëtter?

schëtzeg [ʃ'ətsəç] Adverb **DE** *zügig, schnell* • **FR** *rapidement, vite* • **EN** *speedily, rapidly* • **PT** *rapidamente, depressa* **Beispiller** de Bau vun der neier Sportshal geet schëtzeg virun; de Chauffer gouf vun der Police ugehale, well en ze schëtzeg ënnerwee war **Synonymmen** schnell, séier, huerteg, rasant, rapid

Schi [ʃi:] Maskulinum **1.** (Pluriel Schi) **DE** *Ski* [Sportgerät] • **FR** *ski* [équipement sportif] • **EN** *ski* [sports equipment] • **PT** *esqui* [equipamento desportivo] **Beispill** ech si matzen op der Pist gefall an hunn dobäi e Schi verluer **2.** (kee Pluriel) **DE** *Ski* [Sportart] • **FR** *ski* [discipline sportive] • **EN** *skiing* • **PT** *esqui* [modalidade desportiva]

Beispiller d'Kanner léieren ouni Bengele Schi fueren; wéinst menge wéie Knéie fueren ech net méi Schi

Schibbreger Millen [ʃ'ibrəzəm'ilən] Eegennumm **DE** *Schüttburg-Moulin* • **FR** *Schüttburg-Moulin* • **EN** *Schüttburg-Moulin* • **PT** *Schüttburg-Moulin* **Beispiller** ech wunnen op der Schibbreger Millen; fiert dëse Bus op d'Schibbreger Millen?

Schibbreger Schlass [ʃ'ibrəzəʃ'l'as] Eegennumm **DE** *Schüttburg-Château* • **FR** *Schüttburg-Château* • **EN** *Schüttburg-Château* • **PT** *Schüttburg-Château* **Beispiller** ech wunnen um Schibbreger Schlass; fiert dëse Bus op d'Schibbreger Schlass?

Schibedier [ʃ'i:bədi:ə] Femininum (Pluriel Schibedieren) **DE** *Schiebetür* • **FR** *porte coulissante* • **EN** *sliding door* • **PT** *porta de correr* **Beispill** mir hu wëlles, eise Living mat enger Schibedier vun der Kichen ofzetrennen

Schicht [ʃiçt] Femininum (Pluriel Schichten) **1. DE** *Schicht* [Lage] • **FR** *couche* [épaisseur] • **EN** *layer* • **PT** *camada* [espessura] **Beispiller** de Séi läit ënner enger dënner Schicht Äis; d'Atmosphär vun der Äerd setzt sech aus verschiddene Schichten zesummen; am Wanter deet een am beschten e puer Schichte Kleeder openeen un; de Bamkuch gëtt Schicht fir Schicht gebak; de Plaffong muss zwou Schichte Faarf kréien **2. DE** *Schicht* [Gesellschaftsschicht] • **FR** *couche* (sociale) • **EN** *class* [social] • **PT** *camada* (social) **Beispill** Gewalt fënnt een an alle Schichte vun der Gesellschaft **Synonym** **Klass 3. DE** *Schicht* [Arbeitszeit] • **FR** *poste* [période de travail] • **EN** *shift* [work period] • **PT** *turno* [período de trabalho] **Beispiller** ech hu mengem Kolleeg seng Schicht op der Schmelz iwuerholl; no der Schicht ginn d'Aarbechter gâr zesummen een huelen; op der Schmelz gëtt an dräi Schichte geschafft; mäi Bopi huet e Liewe laang op Schichte geschafft **4. DE** *Schicht* [Arbeiter] • **FR** *poste* [équipe de travail] • **EN** *shift* [group of workers] • **PT** *turno* [equipa de trabalho] **Beispill** déi nächst Schicht kënnt eis an zwou Stonnen ofléisen

Schichtwiessel Maskulinum (Pluriel Schichtwiesse-len)

i Hei entsteet en neien Artikel.

schick [ʃik] Adjektiv **1. DE** *schick* [elegant] • **FR** *chic* [élégant] • **EN** *chic, smart* • **PT** *chique, elegante* **Beispiller** eis Frënn wunnen an engem schicke Quartier; meng Mataarbechterin ass ëmmer ganz schick gekleet **2. DE** *nett, nobel* • **FR** *chic* [génereux] • **EN** *kind, nice* [gesture] • **PT** *delicado, generoso* **Beispill** mäi Chef huet mer Blummen an d'Klinick bruecht, ech fannen dat e schicke Gest

Schickimicki Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Schicksal [ʃ'ikza:l] Neutrum **1.** (Pluriel Schicksaler) **DE** *Schicksal* [Los, Geschick] • **FR** *destin* [sort] • **EN** *lot* [fate, destiny] • **PT** *destino* [sorte, fado] **Beispill** fréier haten d'Doléiner e schweiert Schicksal **Synonym** **Lous 2.** (kee Pluriel) **DE** *Schicksal* [höhere Macht] • **FR** *destin* [fatalité] • **EN** *fate* [higher power] • **PT** *destino* [fatalidade] **Beispiller** d'Schicksal huet et gutt mat mir gemengt;

et war **Schicksal**, datt mir zwee eis begéint hunn; dat musse mer dem **Schicksal** iwwerloossen [dorop hu mer keen Afloss]

Schicksalsschlag [ʃ'ikza:lsʃla:χ] Maskulinum (Pluriel Schicksalsschläi) **DE** *Schicksalsschlag* • **FR** *coup du sort* • **EN** *stroke of fate* • **PT** *golpe do destino* **Beispiller** du schéngs dee **Schicksalsschlag** gutt iwwerstanen ze hunn; déi vill **Schicksalsschläi** hu menge Schwéierleit uerg zougesat

Schidsrichter [ʃ'i:tsriçtɛ] Maskulinum (Pluriel Schidsrichter / Schidsrichter) - Variant vun ↗Schidsrichter

Schidsrichterin [ʃ'i:tsriçtərin] Femininum (Pluriel Schidsrichterinnen) - Variant vun ↗Schidsrichterin

Schidsrichter [ʃ'i:tsri:çtɛ] Maskulinum (Pluriel Schidsrichter / Schidsrichter) **DE** *Schiedsrichter* [*leines sportlichen Wettkampfs*] • **FR** *arbitre* [*d'une compétition sportive*] • **EN** *referee, umpire* • **PT** *árbitro* [*de uma competição desportiva*] **Beispill** de **Schidsrichter** huet engem Stiermer d'Giel Kaart gewisen **Synonym** Arbitr

i Variant: Schidsrichter

i Weiblech Form: ↗Schidsrichterin

Schidsrichterin [ʃ'i:tsri:çtərin] Femininum (Pluriel Schidsrichterinnen)

i Variant: Schidsrichterin

i Männlech Form: ↗Schidsrichter

schiedegen [ʃ'i:ədɛzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschiedegt) » **transitiv** **DE** *schädigen* • **FR** *léser* [*causer du tort à*] • **EN** *to wrong, to injure* • **PT** *lesar* [*prejudicar*] **Beispiller** wann de Chantier installéiert gëtt, riskéieren d'Geschäftsleit aus der Strooss geschiedegt ze ginn; de Riichter huet decidéiert, datt all **Gschiedegte** misst idemniséiert ginn; wa mer den Owend zesummen iese ginn, gëtt eise Chef gutt **geschiedegt** [ɛgs] [wa mer den Owend zesummen iese ginn, wäert dat eise Chef vill Sue kaschten]

schiedlech [ʃ'i:ədɛç] Adjektiv **DE** *schädlich* • **FR** *nocif* • **EN** *noxious, harmful* • **PT** *nocivo* **Beispiller** duerch de Vulkanausbroch goufe **schiedlech** Gasen an d'Atmosphäre geblosen; ze vill Télee kucke wierkt sech **schiedlech** op d'Entwécklung vum Kand aus

schiel [ʃiəl] Adjektiv **1.** [ɛgs] schiel sinn **DE** (*auf einem Auge*) *sehbehindert sein, einäugig sein* • **FR** *être mal-voisé* (*d'un œil*), *être borgne* • **EN** *to be one-eyed* [*to be blind in one eye*] • **PT** *ser quase cego* (*de um olho*), *ser zarroho* **Beispiller** eisen Hond ass (op engem A) schiel; dän Auto ass schiel [ee vun de Phare vun dengem Auto funktionéiert net] **2.** schiel Méck **DE** *kleine Fliege, Taufliege* • **FR** *moucheron* • **EN** *midge, fruit fly* • **PT** *mosca* [*mosca pequena*] **Beispill** ech hunn eng **schiel** Méck am A! **3.** [ɛgs] **DE** *dumm, blöd* • **FR** *débile, idiot* <Adverb *idiotement*> • **EN** *silly, stupid* <Adverb *stupidly*> • **PT** *estúpido, idiota* <Adverb *estupidamente*> **Beispiller** géff dech dach net mat deem **schieren** Typ do of!; muss de dech ëmmer esou **schiel** opféieren? **4.** [ɛgs] schiel sinn **DE** *blau sein* [*betrunken sein*] • **FR** *être bourré* [*être ivre*] • **EN** *to be plastered, to be sloshed* • **PT** *estar borracho* **Beispill**

ech war a mengem ganze Liewen nach ni esou **schiel** ewéi deen Owend

Schiel [ʃiəl] Femininum (Pluriel Schielen) - Variant vun ↗Schuel

schieren [ʃ'i:ələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschielt) » **transitiv** **1.** **DE** *schälen* • **FR** *éplucher, peler* • **EN** *to peel* • **PT** *descascar* [*tirar a casca à*] **Beispiller** hëllef de mer d'Grompere **schieren**?; kuck emol, wéi deen Af seng Banann esou geschécklech **schielt!** » **reflexiv** **2.** **DE** *sich schälen* • **FR** *peler* [*perdre sa peau*] • **EN** *to peel* [*to lose one's skin*] • **PT** *largar a pele* **Beispill** ech **schiele** mech, well ech ze laang an der Sonn war

i Verb, dat **schieren** als Basis huet: ↗eraussschieren

Schielmees [ʃ'i:əlme:s] Femininum (Pluriel Schielmeesen) **Parus major** **DE** *Kohlmeise* • **FR** *mésange charbonnière* • **EN** *great tit* • **PT** *chapim-real* **Beispill** wéi laang bréien d'**Schielmeesen**?

Schierbaach [ʃ'i:ɛba:χ] Eegennumm **DE** *Scherbach* • **FR** *Scherbach* • **EN** *Scherbach* • **PT** *Scherbach* **Beispiller** ech wunnen an der **Schierbaach**; fiert dese Bus an d'**Schierbaach**?

Schierbel [ʃ'i:ɛbəl] Femininum (Pluriel Schierbelen) **1.** **DE** *Scherbe* • **FR** *tesson, éclat* (*de verre*) • **EN** *shard* • **PT** *caco* (*de vidro*) **Beispiller** pass op, datt s de net buerbes an eng **Schierbel** tréppels!; bei den Ausgruewunge sinn d'Archeologen op interessant **Schierbele** gestouss; **Schierbele** bréinge Gléck [ɛgs] [↔ seet een als Trouscht, wann een aus Versinn e Géigestand brécht] **2.** [ɛgs] **DE** *Schädel* [*Kopf*] • **FR** *caboché* [*tête*] • **EN** *bonce* • **PT** *caco* [*cabeça*] **Beispiller** wat hunn ech d'**Schierbel** wéil!; ech froe mech wierklech, wat an denger **Schierbel** virgeet!; deen Hännes huet näischt an der **Schierbel** [deen Hännes ass net intelligent] **Synonymmen** Bëlz, Bier, Bomm, Kapp, Klatz

Schierbelchen [ʃ'i:ɛbəlçən] Femininum (Pluriel Schierbelcher) - Diminutivform vun ↗Schierbel

schieren [ʃ'i:ɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschuer) » **transitiv** **1.** **DE** *scheren* [*von Wolle, von Haaren befreien*] • **FR** *tondre* [*couper la laine, les poils de*] • **EN** *to shear, to shave, to clip* [*wool, hair*] • **PT** *tosquiar* [*cortar a lã, o pelo de*] **Beispiller** d'Kanner hunn dærfen nokucken, wéi d'Schof **geschuer** goufen; well Lais an der Schoul waren, kruten d'Kanner d'**Käpp geschuer** **2.** **DE** *scheren* [*abschneiden*] • **FR** *tondre* [*couper*] • **EN** *to shear, to clip* [*to cut off*] • **PT** *tosquiar* [*cortar*] **Beispiller** looss der emol de Baart **schieren**!; ech krut fir de Summer d'Hoer kuerz **geschuer**

i Verb, dat **schieren** als Basis huet: ↗uschieren

i Variant: schueren

Schieren [ʃ'i:ɛrən] Eegennumm **DE** *Schieren* • **FR** *Schieren* • **EN** *Schieren* • **PT** *Schieren* **Beispiller** ech wunnen zu **Schieren**; fiert dese Bus op **Schieren**?

Schiererener Haff [ʃ'i:ɛrənɛh'af] Eegennumm **DE** (*Ferme de*) *Schieren* • **FR** (*Ferme de*) *Schieren* • **EN** (*Ferme de*) *Schieren* • **PT** (*Ferme de*) *Schieren* **Beispiller** ech wunnen um **Schiererener Haff**; fiert dese Bus op de **Schiererener Haff**?

Schierener Millen [ʃ'i:ɛrənəm'ilən] Eegeennumm **DE** Schieren-Moulin • **FR** Schieren-Moulin • **EN** Schieren-Moulin • **PT** Schieren-Moulin **Beispiller** ech wunnen op der Schierener Millen; fiert dëse Bus op d'Schierener Millen?

Schierfenhaff [ʃ'i:ɛfənhaf] Eegeennumm **DE** Scherfenhaff • **FR** Scherfenhaff • **EN** Scherfenhaff • **PT** Scherfenhaff **Beispiller** ech wunnen um Schierfenhaff; fiert dëse Bus op de Schierfenhaff?

Schierm [ʃ'i:ɛm] Maskulinum (Pluriel Schiermer) - Kuerzform vun **Luuchteschierm** **DE** Bildschirm • **FR** écran [d'affichage] • **EN** screen [for display] • **PT** ecrã, monitor **Beispiller** d'Departen an d'Arrivéee vun den Zich ginn op engem grouse Schierm affichéiert; ech kafe mer gär en neie Schierm fir de Computer; de Kandidat, deen d'Plaz krut, hate mer am Ufank net um Schierm [un de Kandidat, deen d'Plaz krut, hate mer am Ufank net geduecht] **Synonym** Ecran

Schiertech [ʃ'i:ɛtɛç] Neutrum (Pluriel Schierstecher) **DE** Schürze • **FR** tablier [vêtement] • **EN** apron [garment] • **PT** avental [peça de roupa] **Beispiller** de Kach dréchent sech d'Hänn um Schiertech of; bei der Hausaarbecht hunn ech ëmmer e Schiertech un

Schiet [ʃiɛt] Maskulinum **1.** (Pluriel Schieter) **DE** Schatten [Silhouette] • **FR** ombre [silhouette] • **EN** shadow [silhouette] • **PT** sombra [silhueta] **Beispiller** d'Kanner hu probéiert, hire Schiet ze fänken; hie fäert säin eegene Schiet [eggs] [hien ass ganz fäertereg]; sprang iwwer däi Schiet a schwätz erëm mat him! [eggs] [iwwerwann dech a schwätz erëm mat him!]; hie kéint net an de Schiet vu senger Schwëster; seng Schwëster stellt hien an de Schiet [seng Schwëster ass méi dichteg ewéi hien] **2.** (kee Pluriel) **DE** Schatten [schattiger Platz] • **FR** ombre [zone ombragée] • **EN** shade [shady area] • **PT** sombra [lugar à sombra] **Beispiller** ech iesse léiwer am Schiet ewéi an der Sonn; am Nométtég läit eis Terrass hallef am Schiet

Schiethaischen Neutrum (Pluriel Schiethaisercher) **DE** (offene) Gartenlaube • **FR**abri de jardin, tonnelle • **PT** caramanchão **Beispill** nom Iessen zitt de Pätter sech a säi Schiethaischen zeréck, fir en Tëmpchen ze halen

schif [ʃi:f] Adjektiv **DE** schief [schräg] • **FR** penché, incliné, de travers • **EN** leaning, askew • **PT** torto, inclinado, enviesado **Beispiller** dee schife Luuchtepotto, deen den Automobilist ze pake krut, muss ersat ginn; ech verdroen net, wann e Bild schif hänt; ech fäerten, dat geet schif aus [eggs] [lech fäerten, dat geet net gutt aus]; firwat kucks du mech esou schif? [eggs] [firwat kucks du mech esou béis?]; meng Mamm huet déi Remark ganz schif opgeholl [eggs] [meng Mamm huet déi Remark ganz schlecht opgeholl]

Schifer [ʃ'i:fe] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Schiefer • **FR** ardoise [schiste] • **EN** slate • **PT** ardósia [xisto] **Beispill** an dëser Géigend gouf fréier Schifer gebrach

schifer [ʃ'i:fe] onverännerbaart Adjektiv **DE** aus Schiefer • **FR** en ardoise • **EN** slate [made of slate] • **PT** de ardósia **Beispill** mir hunn der Bomi hiren ale schifer Spullsteen an eisem Weekendhaische stoen

Schifertafel [ʃ'i:feta:fəl] Femininum (Pluriel Schifertafelen) **DE** Schiefertafel • **FR** ardoise [tablette

d'ardoise] • **EN** slate [writing tablet] • **PT** lousa, ardósia [tábuca de ardósia] **Beispiller** fréier hat all Kand eng Schifertafel am Schoulsak; all Moie schreift de Patron de Menü op eng Schifertafel **Synonym** Lee

schiffen [ʃ'ifən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschift) » **intransitiv 1.** [graf] **DE** schiffen [urinieren] • **FR** pisser • **EN** to pee, to piss • **PT** mijar **Beispill** dee Knaschert huet widder de Giewel vum Haus geschift! **Synonymmen** pissen, sechen » **intransitiv - onperséinlech 2.** [égs] **DE** schiffen [regnen] • **FR** flotter [pleuvoir] • **EN** to bucket down, to piss down • **PT** chover a potes **Beispill** elo schiff et schonn erëm!

schifgoen [ʃ'i:fgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé schifgaangen / schifgaang) » **intransitiv** [égs] **DE** schifgehen • **FR** échouer, foirer • **EN** to fail, to go wrong • **PT** falhar, correr mal **Beispiller** all Versuch, den Auto mat engem Trakter aus der Baach ze zéien, ass bis elo schifgaangen; du hues dech gutt op den Exame preparéiert, elo ka bal näischt méi schifgoen

Schifueren Neutrum (kee Pluriel) **DE** Skifahren • **FR** (pratique du) ski • **EN** skying • **PT** prática do esqui **Beispill** ech sinn dëst Joer beim Schifueren net eng eenzeg Kéier gefall!

Schifuerer [ʃ'i:fu:ɛrɛ] Maskulinum (Pluriel Schifuerer) **DE** Skiläufer, Skifahrer • **FR** skieur • **EN** skier • **PT** esquiador **Beispill** well ech kee gudd Schifuerer sinn, trauen ech mech net op esou schwéier Pisten

1 Weiblech Form: **Schifuererin**

Schifuererin [ʃ'i:fu:ɛrɛrɪn] Femininum (Pluriel Schifuererinnen) **DE** Skiläuferin, Skifahrerin • **FR** skieuse • **PT** esquiadora **Beispill** am Wanter fénnt een déi begeeschtert Schifuererin bal ëmmer op der Schipist

1 Männlech Form: **Schifuerer**

Schigebitt [ʃ'i:gəbit] Neutrum (Pluriel Schigebidder / Schigebitter) **DE** Skigebiet • **FR** région de sports d'hiver • **EN** skiing area • **PT** região de desportos de inverno **Beispiller** d'Strooss fir an d'Schigebitt ass komplett zougesehnet; am Summer ass an de Schigebidder net vill lass

Schiggeri [ʃ'igəri:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Zichorie [Kaffeersatz] • **FR** chicorée [torréfiée] • **EN** chicory [roasted, ground root] • **PT** chicória [torrificada] **Beispill** am Krich gouf Schiggeri als Ersatz fir Kaffi geholl

schiggeri [ʃ'igəri:] Adjektiv [eggs] **DE** blau [betrunken] • **FR** bourré [ivre] • **EN** plastered [drunk] • **PT** borracho **Beispill** no e puer Glieser Fiederwäisse war hie schiggeri **Synonymmen** sat, strack, voll

Schiitt [ʃi:'it] Maskulinum (Pluriel Schiitten) [Relioun] **DE** Schiit • **FR** chiite • **EN** Shiite • **PT** xiita **Beispill** déi aktuell Situatoun kann een net eleng als Konflikt téschent Schiitten a Sunitte gesinn

1 Weiblech Form: **Schiittin**

Schiitentum [ʃi:'itəntum] Maskulinum (kee Pluriel) [Relioun] **DE** Schia, Schiitentum, Schiismus • **FR** chiisme • **EN** Shia • **PT** xiismo **Beispill** de Schiitentum ass eng vun de reliése Stréimunge vum Islam

schittesch [ʃi:'itəʃ] Adjektiv Relioun DE *schittisch* • FR *chiite* • EN *Shiite* • PT *xiita* **Beispill** déi schittesch Populatioun huet e grousst reliéist Fest gefeiert

Schiittin [ʃi:'itin] Femininum (Pluriel Schiittinnen) Relioun DE *Schiitin* • FR (*femme*) *chiite* • PT *xiita* [mulher] **Beispill** als Schiittin gehéiert si enger reliéiser Stréimung vum Islam un

i Männlech Form: ↗Schiitt

Schikan [ʃ'i:ka:n] Femininum (Pluriel Schikanen) **1.** DE *Schikane* [Gemeinheit] • FR *brimade, tracasserie* • EN *harassment, hassle* • PT *vexame, incómodo* **Beispiller** d'Aarbechter leiden ënner de *Schikane* vum Viraarbechter; dës Prozedur ass eng administrativ *Schikan*! **2.** DE *Schikane* [Hindernis] • FR *chicane* [passage difficile] • EN *chicane, obstacle* • PT *chicana* [passagem difícil] **Beispiller** um Parcours vun der Farschoul sinn allerhand *Schikanen* agebaut; mir kruten e Buffet zerwéiert mat alle *Schikanen* ëgs [mir kruten e Buffet zerwéiert, wou absolut näischt gefeelt huet]

schikanéieren [ʃikan'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *schikanéiert*) » **transitiv** DE *schikanieren* • FR *brimer, harceler* • EN *to harass* • PT *vexar, atormentar* **Beispill** ech hu mer eng aner Plaz gesicht, well ech an engem Stéck vu mengem Chef *schikanéiert* gouf

Schilddrüs [ʃ'iltɔry:s] Femininum (Pluriel Schilddrüsen) DE *Schilddrüse* • FR (*glande*) *thyroïde* • EN *thyroid* • PT *tiroide* **Beispiller** ech muss mat der *Schilddrüs* operéiert ginn; e Krapp kann e Symptom si fir eng Ënnerfunktoun vun der *Schilddrüs*

Schilddrüsenënnerfunktoun [ʃ'iltɔry:zən'əne-funksjəʊn] Femininum (kee Pluriel) DE *Schilddrüsenunterfunktion* • FR *hypothyroïdie* • EN *underactive thyroid, hypothyroidism* • PT *hipotiroidismo* **Beispill** wann een ouni Grond zouhëlt a keng Energie huet, kann de Grond eng *Schilddrüsenënnerfunktoun* sinn **Synonym** Hypothyreos

Schilddrüseniwwerfunktoun [ʃ'iltɔry:zən'ive-funksjəʊn] Femininum (kee Pluriel) DE *Schilddrüsenüberfunktion* • FR *hyperthyroïdie* • EN *overactive thyroid, hyperthyroidism* • PT *hipertiroidismo* **Beispill** Nervositéit, ënnerlech Onrou a stännegen Duuscht kënne Symptomer si fir eng *Schilddrüseniwwerfunktoun* **Synonym** Hyperthyreos

Schildkröt [ʃ'iltkrø:t] Femininum (Pluriel Schildkröten) DE *Schildkröte* • FR *tortue* • EN *tortoise, turtle* • PT *tartaruga* **Beispill** wéi d'Kanner se wollten upaken, huet d'*Schildkröt* sech an hire Panzer zeréckgezunn **Synonym** Deckelsmouk

Schilift Maskulinum (Pluriel Schilifter)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Schiltzbiereg [ʃ'iltzbi:ɛʁ] Eegennumm DE *Schiltzberg* • FR *Schiltzberg* • EN *Schiltzberg* • PT *Schiltzberg* **Beispiller** ech wunnen um *Schiltzbiereg*; fiert dese Bus op de *Schiltzbiereg*?

schimmeg [ʃ'iməɕ] Adjektiv DE *verlegen* • FR *géné, mal à l'aise* • EN *sheepish* <Adverb *sheepishly*> • PT *embaraçado, constrangido* **Beispill** firwat kucks de esou *schim-*

meg dran, hues de eng gestiicht? **Synonym** verschimmt

Schimmel [ʃ'iməl] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Schimmel* [Pilz] • FR *moisissure(s)* • EN *mould* [fungus] • PT *bolor* [fungo] **Beispiller** an deem alen Haus ass iwwoerall *Schimmel* un de Maueren; dat Gebeess musse mer ewechgeheien, do ass scho *Schimmel* drop

Schimmel [ʃ'iməl] Maskulinum (Pluriel Schimmelen) - Variant vun ↗Schëmmel

schimmeleg [ʃ'imələɕ] Adjektiv DE *schimmelig* • FR *couvert de moisi* • EN *mouldy* • PT *cheio de bolor, bolorento* **Beispill** gehei d'Brout ewech, et ass ganz *schimmeleg*!

schimmelen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geschimmelt*) » **intransitiv** DE *schimmeln* [*Schimmel ansetzen*] • FR *moisir* [se couvrir de moisissure] • PT *ganhar bolor, abolorecer* **Beispiller** wa Weess ze ficht gelagert gëtt, fänkt e séier u mat *schimmelen*; esoubal d'Brout *schimmelt*, soll een et net méi iessen

Schimmer [ʃ'imə] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *Schimmer, Glanz* • FR *reflet* [réflexion] • EN *shine, touch* [of colour] • PT *reflexo* [tom luminoso] **Beispill** seng Hoer si brong, mat engem roude *Schimmer* **2.** DE *Schimmer* [Spur] • FR *lueur, soupçon* • EN *hint* [of an idea], *glimmer* [of hope] • PT *vislumbre, ideia* **Beispiller** ech hu kee *Schimmer* (vun enger Anung), wou dat Buch hierkënt; et besteet kee *Schimmer* Hoffnung méi, fir déi verongléckt Alpinisten nach ze retten

schimmeren [ʃ'iməɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geschimmert*) » **intransitiv** DE *schimmern* • FR *reluire, scintiller, avoir des reflets* ... • EN *to shimmer* • PT *reluzir, cintilar, ter reflexos* ... **Beispiller** um Enn vum Tunnel huet eng schwaach Luucht *geschimmert*; deemno, wéi d'Luucht drop fält, *schimmert* dee Stoff méi blo oder méi violett

Schimmt [ʃimt] Femininum (kee Pluriel) **1.** DE *Schamhaftigkeit* • FR *pudeur, vergogne* • EN *shame* • PT *pudor, vergonha* **Beispill** no mengem Mëssel war ech rout vu *Schimmt* **2.** DE *Schamgefühl* • FR (*sentiment de*) *honte, gêne* • EN (*sense of*) *shame* • PT *vergonha* (*na cara*) **Beispill** et mengt ee grad, du häss keng *Schimmt* (am Leif)!

Schimfans Maskulinum (Pluriel Schimpansen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Schinbeischoner Maskulinum (Pluriel Schinbeischoner / Schinbeischoneren) - Variant vun ↗Schinbeeschoner

Schinn [ʃin] Femininum (Pluriel Schinnen) **1.** DE *Schiene* [eines Gleises] • FR *rail* [d'une voie] • EN *rail* [for a train, for a tram] • PT *carril* [de uma via] **Beispiller** no an no sollen d'*Schinnen* op deser Streck ersat ginn; fuer ëmmer de *Schinn* vum Tram no, da këns de matzen an den Zentrum!; vill Wuere ginn iwwoerall d'*Schinn* transportéiert [vill Wuere gi mam Zuch transportéiert]; den Zuch ass op enger Weich aus de *Schinn* gesprongen [den Zuch ass op enger Weich entgleist] **2.** DE *Schiene* [Gleitschiene] • FR *rail* [coulisse, glissière] • EN *rail* [support] • PT *calha* [corrediça] **Beispill** déi schwéier Riddoe lafen an enger metallener

Schinn **3.** DE *Schiene* [Stützverband] • FR *attelle, éclipse* • EN *splint* • PT *tala* [suporte curativo] **Beispill** bei engem gebrachtenen Aarm kritt een eng **Schinn** oder e Gips **4.** (meeschtens Pluriel) DE *Schienbein* • FR *tibia* • EN *shin* • PT *canela* [da perna] **Beispill** dâi Brudder huet mech mam Fouss an d'Schinne gerannt! **Synonym** Schinnebeen

Schinnebeen [ʃ'ɪnəbe:n] Neutrum (Pluriel Schinnebeen) DE *Schienbein* • FR *tibia* • EN *tibia, shin (bone)* • PT *tibia, canela* **Beispiller** hien huet sech beim Schifueren d'Schinnebee gebrach; de Spiller krut d'Giel Kaart, well en e Stiermer an d'Schinnebee gerannt hat

Schinnebeeschoner Maskulinum (Pluriel Schinnebeeschoner / Schinnebeeschoneren) DE *Schienbeinschoner* • FR *protège-tibia* • EN *shin pad* • PT *caneleira* [de proteção] **Beispill** ouni Schinnebeeschoner hätt dee Schlag géint d'Been nach vill méi wéigedoen

i Variant: Schinbeinschoner

schinnen [ʃ'ɪnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschinnt) » **transitiv** DE *schienen* • FR *éclisser* • EN *to splint* • PT *pôr uma tala em* **Beispiller** den Dokter huet der Patientin hire gebrachtenen Aarm **geschinnt**; mat senger **geschinnter** Patt kënnt de Mupp nëmme lues vun der Plaz

Schinnennetz Neutrum (Pluriel Schinnennetzer)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Schিপist Femininum (Pluriel Schипisten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Schipp [ʃɪp] Femininum (Pluriel Schипpen) DE *Kittel* [Arbeitskleidung] • FR *blouse* [vêtement de travail] • EN *overalls, white coat, gown* • PT *bata* (de trabalho) **Beispiller** wann ech hannenaus am Lager schaffen, dinn ech ëmmer eng al **Schipp** un; d'Doktesch ass déi Damm dohanne mat der wäisser **Schipp** **Synonym** Kid-del

Schippelchen [ʃ'ɪpəlçən] Neutrum (Pluriel Schippelcher) - Variant vun ↗ Jippelchen

Schissi [ʃ'isi:] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** [ëgs] DE *Pipifax* [Kleinigkeit] • FR *(tout et) n'importe quoi* • EN *junk, rubbish* • PT *tudo e nada* **Beispill** du brauchts dach net fir all **Schissi** esou eng opzeféieren! **Synonymmen** Klenggekeet, Pippi, Topegkeet **2.** DE *Quatsch, Schrott* • FR *conneries* • PT *idiotices, parvoíces* **Beispill** am Summer leeft nëmme **Schissi** op der Tëlee

Schivakanz Femininum (Pluriel Schivakanzen) DE *Ski-ferien, Skilurlaub* • FR *vacances de ski* • EN *skying holiday* • PT *ferias de esqui* **Beispill** mir fueren dëst Joer fir d'Fuesent an d'Schivakanz **Synonym** Wantersport

schizophreen [ʃitso:fr'e:n] Adjektiv DE *schizophren* [an Schizophrenie erkrankt] • FR *schizophrène* • EN *schizophrenic* • PT *esquizofrénico* **Beispill** et gëtt net déi eng, eendeiteg Ursach, firwat e Mënsch **schizophreen** gëtt

schizophren [ʃitso:fr'e:n] Adjektiv - Variant vun ↗schizophreen

Schizophrenie [ʃitso:fren'i:] Femininum (kee Pluriel) DE *Schizophrenie* • FR *schizophrénie* • EN *schizophrenia* • PT *esquizofrenia* **Beispill** Schizophrenie mécht,

datt de Patient all Bezuch zur Realitéit verléiert

schlaakseg [ʃ'l'a:ksəç] Adjektiv DE *schlaksig* • FR *dégingandé* • EN *lanky* • PT *desengonçado* **Beispill** hir Bouwe sinn all **schlaakseg** Kärele ginn

Schlaang [ʃ'l'a:ŋ] Femininum (Pluriel Schlaangen) **1.** DE *Schlange* [Tier] • FR *serpent* [animal] • EN *snake* [animal] • PT *serpente, cobra* **Beispiller** d'Schlaang huet sech op engem décke Steen gesonnt; vill Leit eekeelen sech viru **Schlaangen** **2.** DE *Schlange* [Warteschlange] • FR *queue, file d'attente* • EN *queue* • PT *bicha, fila de espera* **Beispiller** virun der Kinoskeess steet eng meterlaang **Schlaang**; wann s de wëlls zerweiert ginn, da stell dech an d'Schlaang!; wann et schellt, maachen d'Kanner d'Schlaang fir eraus an den Haff

Schlaangenaadler [ʃ'l'a:ŋəna:dle] Maskulinum (Pluriel Schlaangenaadler / Schlaangenaadleren) *Circaetus gallicus* DE *Schlangenaadler* • FR *circaète* *Jean-le-Blanc* • EN *short-toed snake eagle* • PT *águia-cobreira* **Beispill** wéi laang bréien d'Schlaangenaadler?

Schlaangenadler [ʃ'l'a:ŋəna:dle] Maskulinum (Pluriel Schlaangenadler / Schlaangenadleren) *Circaetus gallicus* - Variant vun ↗Schlaangenaadler

Schlabäizchen Femininum (Pluriel Schlabäizercher) [vereeltz] DE *Leckerbissen* • FR *régal, délice* • EN *delicacy* • PT *regalo, delicia* **Beispill** de Pâté vun eisem Metzler ass eng richtig **Schlabäizchen** **Synonym** Delikatess

schlabberg [ʃ'l'abəɾəç] Adjektiv [ëgs] DE *schlabberig* [formlos, schlotterig] • FR *flottant, trop ample* [vêtement] • EN *baggy, loose-fitting* • PT *folgado, largueirão* **Beispill** d'Äerm vu sengem **schlabberige** Pullover ginn him bis iwwer d'Hänn

schlabberen [ʃ'l'abəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschlabbert) » **intransitiv** [ëgs] DE *schlabbern* [zu weit sein] • FR *pendouiller, flotter* [vêtement] • EN *to bag, to hang loosely* • PT *estar muito folgado* [roupa] **Beispill** zënter ech esou vill ofgehall hunn, **schlabbere** meng Kleeder

schlabberg [ʃ'l'abəɾəç] Adjektiv - Variant vun ↗schlabberg

Schnadderint [ʃn'adeint] Femininum (Pluriel Schnadderinten) *Anas strepera* DE *Schnatterente* • FR *canard chipeau* • EN *gadwall* • PT *pato-frisado* **Beispill** wéi laang bréien d'Schnadderinten?

schnaddreg [ʃn'adrəç] Adjektiv - Variant vun ↗schnaddereg

schnäizen [ʃn'æ:itsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschnäizt) » **transitiv** **1.** d'Nues schnäizen DE *die Nase schnäuzen* • FR *moucher* [*le nez de*] • EN *to blow* [*the nose of*] • PT *limpar o nariz de, assoar* **Beispill** de Papp huet de Kanner d'Nues geschnäizt, wéi se aus dem Waasser koumen » **intransitiv** **2.** DE *schnäuzen* • FR *se moucher* • EN *to blow one's nose* • PT *assoar-se* **Beispiller** wann s du schnäiz, rabbelen d'Tasen am Schaf!; schnäiz emol fest, da kriss de besser Loft! » **reflexiv** **3.** DE *sich schnäuzen* • FR *se moucher* • EN *to blow one's nose* • PT *assoar-se* **Beispill** du schnäiz dech esou dacks, hues de dech erkaalt?

Schnall [ʃnal] Femininum (Pluriel Schnallen) DE *Schnalle* • FR *boucle* [*de fermeture*] • EN *buckle* • PT *zívela* **Beispill** ech hunn net gär ze vill eng opfälleg Schnall u mengem Rimm **Synonym** Block

schnallen [ʃn'alən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschnallt) » **transitiv** **[égs]** DE *schnallen* [*kapieren*] • FR *piger* [*comprendre*] • EN *to get, to twig* [*to understand*] • PT *pescar* [*perceber*] **Beispill** hien huet nach ëmmer net geschnallt, wat ech mengen! **Synonymmen** begraifen, bekäppen, checken, kapéieren

i Verb, dat **schnallen** als Basis huet: ↗uschnallen

schnalzen [ʃn'altsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschnalzt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

schnapen [ʃn'a:pən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschnaapt) » **transitiv** **1.** Loft schnapen DE *Luft schnappen* • FR *prendre l'air* • EN *to get some air* • PT *tomar ar* **Beispill** et ass mer ze vill stéckseg heibannen, ech ginn e bësse Loft schnapen **2.** **[égs]** DE *schnappen* [*erwischen*] • FR *pincer* [*arrêter*] • EN *to nab, to catch* • PT *filar* [*prender, capturar*] **Beispill** d'Police huet den Abriecher ganz séier geschnaapt **Synonymmen** erwëschen, pëtzen **3.** **[égs]** sech ee schnapen DE *sich jemanden vornöpfen* • FR *prendre quelqu'un à part* [*pour le réprimander*] • EN *to take aside* [*for a ticking off*] • PT *chamar alguém à pedra* **Beispill** wéi d'Kanner aus der Paus koumen, huet d'Léierin sech de Raudi geschnaapt, fir em d'Lewitten ze liesen **Synonym** sech ee plécken » **intransitiv** **4.** schnapen no DE *schnappen nach* • FR *chercher à mordre, chercher à attraper* [*avec les dents, avec la gueule*] • EN *to go for, to snap at* • PT *tentar morder, tentar agarrar* [*com os dentes, com a boca*] **Beispill** ech fäerten däin Hond, well e schonn eemol no mir geschnaapt huet **5.** no Loft schnapen DE *nach Luft schnappen* • FR *chercher son souffle* • EN *to gasp for air* • PT *sentir dificuldade em respirar* **Beispiller** ech hat mech därmoosse verschléckt, datt ech nach minuttelaang no Loft geschnaapt hunn; bei enger Asthmakris schnaapt de Patient just nach no Loft

i Verben, déi **schnapen** als Basis hunn: ↗iwwerschnapen, ↗op-schnapen an ↗zouschnapen

i Variant: schnappen

Schnapp [ʃnɑp] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Schnupfen • **FR** rhume • **EN** cold [runny nose, infection] • **PT** constipação [resfriado] **Beispill** ech hu schonn e puermol genéitst, hoffentlech kréien ech kee Schnapp!

Schnäppchen [ʃn'æpçən] Maskulinum (kee Pluriel) - Diminutivform vun ↗Schnapp

Schnappech [ʃn'apəç] Neutrum (Pluriel Schnappecher) **1.** **DE** Taschentuch • **FR** mouchoir • **EN** hanky, handkerchief • **PT** lenço [de mão] **Beispill** ech muss mech schnäizen, hues du e Schnappech fir mech? **Synonym** Nuesschnappech **2.** **DE** Kopftuch, Halstuch • **FR** foulard • **EN** headscarf, neckerchief • **PT** lenço [de cabeça, de pescoço] **Beispiller** wann ech mat an d'Lies ginn, dinn ech e Schnappech op de Kapp; d'Musikanten haten e Schnappech ëm den Hals **Synonym** Fisch

schnappen [ʃn'apən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschnappt) - Variant vun ↗schnapen

i Verben, déi **schnappen** als Basis hunn: ↗iwwerschnappen an ↗zouschnappen

Schnappootmung [ʃn'abo:tmuŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Schnappatmung • **FR** respiration agonale • **EN** gasping (breathing) • **PT** respiração agonal **Beispill** wéi de SAMU ukomm ass, war d'Patientin scho blo ugelaf an hat Schnappootmung

Schnappschoss [ʃn'apʃos] Maskulinum (Pluriel Schnappschëss) **DE** Schnappschuss • **FR** cliché [instantané photographique] • **EN** snapshot • **PT** instantâneo **Beispill** dem Fotoreporter ass e gudde Schnappschoss gelongen

Schnapsiddi [ʃn'abzidi:] Femininum (Pluriel Schnapsiddien) [ēgs] **DE** Schnapsidee • **FR** idée loufoque • **EN** daft idea • **PT** ideia disparatada **Beispill** et ass eng Schnapsiddi, am Wanter dobaussen ze grillen

Schnatt [ʃnat] Maskulinum (Pluriel Schnëtt) **1.** **DE** Schnitt [Schnittwunde] • **FR** coupure, entaille [blessure] • **EN** cut [injury] • **PT** corte, golpe [ferimento] **Beispill** de Jong ass mam Täschemesser ausgeretscht an huet elo en déiwe Schnatt am Daum **2.** **DE** Narbe [einer Schnittwunde] • **FR** cicatrice • **EN** scar [of a cut] • **PT** cicatriz **Beispill** de Schnatt vum Blinddarm gesäit ee besser ewéi dee vun der Cesarienne **Synonym** Länzeechen **3.** eng Ham am Schnatt hunn **DE** einen angeschnittenen Schinken vorrätig haben • **FR** avoir un jambon entamé (sous la main) • **EN** to have a started leg of ham to hand • **PT** ter um presunto encetado (ao dispor) **Beispill** setzt Tech un, mir hunn eng gutt Bauerenham am Schnatt!

i Variant: Schnëtt

Schnattwonn [ʃn'atvɔn] Femininum (Pluriel Schnattwonn) **DE** Schnittwunde • **FR** entaille, coupure [blessure] • **EN** cut, laceration [skin injury] • **PT** corte, incisão [na pele] **Beispill** et huet laang gedauert, bis meng Schnattwonn um Fanger verheelt war

i Variant: Schnëttwonn

Schnatz [ʃnats] Maskulinum (Pluriel Schnätz) **DE** kleine Menge [Fett, Butter] • **FR** noix [de matière grasse] • **EN** knob [small lump] • **PT** noz [de matéria gordal] **Beispill** fir datt de Püree besser schmaacht, maachen ech e Schnatz Botter dran

Schnauer [ʃn'auə] Femininum (Pluriel Schnaueren) **DE** Schwiegertochter • **FR** belle-fille [épouse de l'enfant] • **EN** daughter-in-law • **PT** nora [esposa do filho] **Beispiller** d'Schwéierleit si ganz frou mat hirer neier Schnauer; d'Schnauer an den Eedem si fir eis ewéi eis eege Kaner

schnauwen [ʃn'auvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschnauft)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Schnauz [ʃnæ:ʊts] Maskulinum (Pluriel Schnauzen) **DE** Schnurrbart • **FR** moustache • **EN** moustache • **PT** bigode **Beispill** an der Vakanz huet mäi Brudder sech e Schnauz wuesse gelooss

i Varianten: Schnurres, Schnurri, Schnurz, Schnutz

Schneck [ʃnæk] Femininum (Pluriel Schnecken) **DE** Schnecke [Gebäck] • **FR** pain aux raisins [viennoiserie] • **EN** Chelsea bun • **PT** [Definitiou] pão doce enrolado com passas de uva, caracol **Beispill** mäi Papp huet fir jidderen eng Aachtchen an eng Schneck vum Bäcker matbruecht

schneekeg [ʃn'e:kəç] Adjektiv **DE** naschhaft • **FR** gourmand [friand de gourmandises] • **EN** sweet-toothed • **PT** guloso, lambareiro **Beispill** wann een esou schneekeg ass ewéi s du, ass et schwéier ofzehuelen **Synonymmen** gladdereg, glëschtereg, nascheleg

Schneekegkeet [ʃn'e:kəcke:t] Femininum (Pluriel Schneekegkeeten) **DE** Leckerei, Nascherei • **FR** friandise, gourmandise • **EN** treat, sweet • **PT** guloseima, lambarice **Beispill** d'Bomi huet ëmmer e puer Schneekegkeeten am Haus, fir wann d'Enkelkanner op Besuch kommen **Synonym** Schneekerei

schneeken [ʃn'e:kən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschneekt) » **intransitiv** **DE** naschen [Süßigkeiten] • **FR** grignoter [par gourmandise] [des sucreries] • **EN** to snack [on sweets] • **PT** comer [por lambarice] [doces] **Beispiller** ëm Niklosdag schneeken d'Kanner nach méi ewéi soss; vun elauter Stress hunn ech de ganzen Dag geschneekt **Synonym** naschelen

Schneekerei [ʃne:kə'rɔi] Femininum (Pluriel Schneekereien) **DE** Leckerei, Nascherei • **FR** friandise, gourmandise • **EN** treat, sweet • **PT** guloseima, lambarice **Beispill** mir hunn ëmmer Schneekereien doheem, fir wa Besuch kënt **Synonym** Schneekegkeet

Schneekert [ʃn'e:kət] Maskulinum (Pluriel Schneekerten) **DE** Nascher, Leckermaul • **FR** gourmand [personne friande de gourmandises] • **EN** sweet-toothed person • **PT** guloso, lambareiro **Beispill** dee Schneekert géif sech am léifsten zwee Desserte bestellen! **Synonym** Nascheler

i Weiblech Form: ↗Schneekesch

Schneekesch [ʃn'e:kəç] Femininum (Pluriel Schneekeschen) **DE** Nascherin, Leckermaul • **FR** gourmande [personne friande de gourmandises] • **PT** gulosa, lambareira **Beispill** déi Schneekesch géif sech am léifste just vun Dessert ernären **Synonym** Naschelesch

i Männlech Form: ↗Schneekert

Schnéi [ʃnɛi] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *Schnee* [Niederschlag] • FR *neige* [précipitation] • EN *snow* • PT *neve* [precipitação] **Beispiller** ech fäerten, et gëtt hënt Schnéi; d'Rieder hunn am Schnéi duerchgedréit; wéi ech de Mueren opgestane sinn, louch Schnéi; d'Kanner sinn de Fousspueren am Schnéi nogaangen; dat do ass Schnéi vu gëschter ^[ëgs] [dat do ass net méi aktuell] **2.** DE *Schnee* [Eischnee] • FR (*blancs montés en*) *neige* • EN *stiff peaks* [of beaten egg white] • PT (*claras em*) *castelo* **Beispill** du muss dat Wäisst vum Ee zu Schnéi klappen

Schnéibiesem [ʃnɛiˈbiəzəm] Maskulinum (Pluriel Schnéibiesemen) DE *Schneebesen* • FR *fouet* [ustensile de cuisine] • EN *whisk* [kitchen utensil] • PT *batedor* [utensílio manual de cozinha] **Beispill** huel de Schnéibiesem, fir an der Zooss ze réieren, soss gëtt et Knäpp!

Schnéibull [ʃnɛiˈbul] Femininum (Pluriel Schnéibullen) DE *Schneekugel* • FR *globe à neige* • EN *snow globe* • PT *globo de neve* **Beispill** ech hu mer am Souvenirsbuttek zwou Schnéibulle kaaft

Schneid [ʃnɑi] Femininum (Pluriel Schneiden) DE *Schneide* [einer Klinge] • FR *tranchant, fil* • EN (*cutting*) *edge, blade* • PT *gume, fio* **Beispiller** d'Schneid vum Kichemesser muss geschlaff ginn; d'Broutmesser huet eng gezackte Schneid

schneiden [ʃnɛiˈdɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé geschneiden) » **transitiv** **1.** DE *schneiden* [abschneiden, zuschneiden] • FR *couper, découper, tailler* • EN *to cut, to carve* [meat], *to trim* [bushes], *to prune* [trees] • PT *cortar, talhar, podar* **Beispiller** du muss d'Fleesch géint de Fue dem schneiden; hues du dir d'Hoer selwer geschneiden?; ech muss d'Gestrauch hanner dem Haus schneiden; weis mer emol, wéi een d'Uebstbeem richtig *schneit*; mäin Exmann *schneit* mech scho laang ^[ëgs] [mäin Exmann mécht scho laang, wéi wann e mech net méi géif kennen]; de Chauffer krut e Protokoll, well en eng geféierlech Kéier *geschnidden* hat ^[ëgs] [de Chauffer krut e Protokoll, well en an enger geféierlecher Kéier net op senger Stroossesäit bliwwer war] **2.** DE *schneiden* [verletzen] • FR *couper* [blesser] • EN *to cut* [to injure] • PT *cortar* [ferir] **Beispiller** d'Coiffeuse muss oppassen, dass se hir Clienten net *schneit*; hien *huet* sech beim Raséieren enner der Nues *geschnidden*; ech hu mech esou déif *geschnidden*, dass ech léiwier an d'Urgence fueren, fir derno kucken ze loossen; hien hat gemengt, e kréich eppes fir näischt, mee do hat en sech *geschnidden* ^[ëgs] [hien hat gemengt, e kréich eppes fir näischt, mee do hat en sech geiert] **3.** DE *schneiden* [Grimassen] • FR *faire* [une grimace, la moue] • EN *to pull* [faces] • PT *fazer* [caretas, beicinho] **Beispiller** de Schüler huet gelaacht, well säi Bänknoper Grimasse *geschnidden* huet; firwat *schneits* du esou eng (Grimass)? » **intransitiv** **4.** DE *schneiden* [scharf sein] • FR *couper* [être tranchant] • EN *to cut* [to be sharp-edged] • PT *cortar* [estar afiado] **Beispill** eis Messere *schneiden* net méi gutt, se mussen geschlaff ginn

i Verben, déi **schneiden** als Basis hunn: ↗ausschneiden, ↗duerchschnneiden, ↗erausschneiden, ↗erofschneiden, ↗ewechschnneiden, ↗ofschneiden, ↗opschnneiden, ↗uschneiden, ↗virschnneiden an ↗zouschnneiden

Schneider [ʃnɛiˈaɪdɛ] Maskulinum (Pluriel Schneideren) **1.** DE *Schneider* [Handwerker] • FR *tailleur* [artisan, ouvrier] • EN *tailor* • PT *alfaiate* [artesão] **Beispiller** de Schneider huet nei Stëfter kritt; mäi Papp kritt seng Kostümer nach beim Schneider *gemaach* **2.** DE *Schneider* [Weberknecht] • FR *fauchoux* • EN *daddy-long-legs, crane fly, harvestman* • PT *aranhiza* [aranha] **Beispill** fänk dee Schneider a gehei en zur Fëster eraus! **3.** DE *Schneider, Schnake* • FR *tipule* • EN *daddy-long-legs, crane fly* • PT *tipula* **Beispill** et läit e futtisse Schneider an der Bidden **4.** DE *Schneider, Wasserschneider* • FR *araignée d'eau* • EN *water glider, pond skater* • PT *alfaiate* [linseto] **Beispill** d'Kanner hu probéiert, beim Weier Schneideren ze fänken

i Weiblech Form: ↗Schneidesch

Schneider Maskulinum (Pluriel Schneideren) Alburnoides bipunctatus - Kuerzform vun ↗Schneiderfësch

schneideren [ʃnɛiˈaɪdɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé geschneider) » **transitiv** DE *schneidern* • FR *tailler* [un vêtement] • EN *to tailor-make, to fit* • PT *fazer* [uma peça de roupa], *costurar* **Beispill** fir meng Hochzäit loossen ech mer e Kostüm op d'Mooss *schneideren*

Schneiderfësch Maskulinum (Pluriel Schneiderfësch) Alburnoides bipunctatus DE *Schneider* [Fisch] • FR *spirlin* • PT *alburno-pintado* **Beispill** de Schneiderfësch hält sech gären op Plaze mat enger staarker Stréimung op

i Kuerzform: Schneider

Schneidersët [ʃnɛiˈaɪdɛzəts] Maskulinum am Schneidersët DE *im Schneidersitz* • FR *en tailleur* [position assise] • EN *cross-legged* • PT *de pernas cruzadas* [posição sentada] **Beispill** d'Scoute souzen am Schneidersët ronderëm d'Lagerfeier

Schneidesch [ʃnɛiˈaɪdɛʃ] Femininum (Pluriel Schneideschen) DE *Schneiderin* [Handwerkerin] • FR *tailleuse* [artisane, ouvrière]

i Männlech Form: ↗Schneider

Schneidpult Neutrum (Pluriel Schneidpulten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Schnéieil [ʃnɛiˈaɪl] Femininum (Pluriel Schnéieilen) Bubo scandiacus DE *Schneeeule* • FR *chouette* [harfang] • EN *snowy owl* • PT *coruja-das-neves* **Beispill** wéi laang bréien d'Schnéieilen?

schneien [ʃnɛiˈaɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé geschneit) » **intransitiv** - onperséinlech DE *schneien* • FR *neiger* • EN *to snow* • PT *nevar* **Beispill** et huet esou vill *geschneit*, dass bannent enger Stonn de Verkéier komplett blockéiert war

i Verb, dat **schneien** als Basis huet: ↗eraschneien

Schnéierchen [ʃnɛiˈɛɔɔn] Femininum (Pluriel Schnéierchen) - Diminutivform vun ↗Schnouer

Schnéifénk [ʃnɛiˈfɛŋk] Maskulinum (Pluriel Schnéifénken) Montifringilla nivalis DE *Schneesperling* • FR *niverolle alpin* • EN *white-winged snowfinch* • PT *par-dal-alpino* **Beispill** wéi laang bréien d'Schnéifénken?

Schnéiflack [ʃn'ɛɪflak] Femininum (Pluriel Schnéiflacken) **DE** Schneeflocke • **FR** flocon (de neige) • **EN** snowflake • **PT** floco de neve **Beispill** kuerz viru Chrëschttag sinn déi éischt Schnéiflacke gefall

Schnéigläckchen Femininum (Pluriel Schnéigläckcher) - Variant vun ↗Schnéigläckelchen

Schnéigläckelchen [ʃn'ɛɪglækəlçən] Femininum (Pluriel Schnéigläckelcher) **DE** Schneeglöckchen • **FR** perce-neige • **EN** snowdrop • **PT** campainha-de-inverno **Beispill** et gëtt geschwé Fréijoer, am Gaart sinn d'Schnéigläckelcher schonn eraus

i Varianten: Schnéigläckchen, Schnéigläckelchen, Schnéikläckelchen

Schnéigläckelchen [ʃn'ɛɪglækəlçən] Femininum (Pluriel Schnéigläckelcher) - Variant vun ↗Schnéigläckelchen

Schnéiketten [ʃn'ɛɪkætən] Femininum (Pluriel Schnéiketten) (meeschtens Pluriel) **DE** Schneekette • **FR** chaîne (à neige) • **EN** snow chains • **PT** corrente (de neve) **Beispill** mir hu misse Schnéiketten opleeën, fir de Col eropzefueren **Synonym** Ketten

Schnéikläckelchen [ʃn'ɛɪklækəlçən] Femininum (Pluriel Schnéikläckelcher) - Variant vun ↗Schnéigläckelchen

Schnéiklatz [ʃn'ɛɪklats] Femininum (Pluriel Schnéiklatzen) **DE** Schneeball [Kugel aus Schnee] • **FR** boule de neige [utilisée comme projectile] • **EN** snowball • **PT** bola de neve [usada para arremessar] **Beispill** d'Kanner hu mat Schnéiklatze geschoss

Schnéimännchen [ʃn'ɛɪmæŋçən] Maskulinum (Pluriel Schnéimännercher) **DE** Schneemann • **FR** bonhomme de neige • **EN** snowman • **PT** boneco de neve **Beispill** mat deem ville Schnéi kënne mer e risege Schnéimännche bauen!

Schnéimësch [ʃn'ɛɪməʃ] Femininum (Pluriel Schnéimëschen) **Calcarius nivalis** **DE** Schneeammer • **FR** bruant des neiges • **EN** snow bunting • **PT** escrevedeira-das-neves **Beispill** wéi laang bréien d'Schnéimëschen?

Schnéireen [ʃn'ɛɪr'e:n] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Schneeregen • **FR** pluie mêlée de neige, pluie neigeuse • **EN** sleet, freezing rain • **PT** chuva misturada com neve **Beispill** am Laf vum Nomëtteg ass de Schnéi a Schnéireen iwwergaangen

Schneis [ʃn'ɛɪs] Femininum (Pluriel Schneisen) **DE** Schneise • **FR** tranchée (pare-feu) • **EN** firebreak • **PT** aceiro [faixa corta-fogo] **Beispill** d'Aarbechter hunn eng Schneis duerch de Bësch gehaan

Schnéischèpp Femininum (Pluriel Schnéischèppen) **DE** Schneeschaufel • **FR** pelle à neige • **EN** snow shovel • **PT** pá de neve **Beispill** hënt soll et schneien, weess du, wou eis Schnéischèpp ass?

Schnéistuerm [ʃn'ɛɪtu:ɐm] Maskulinum (Pluriel Schnéistierm) **DE** Schneesturm • **FR** tempête de neige • **EN** snowstorm, blizzard • **PT** nevão, tempestade de neve **Beispill** nom Schnéistuerm huet de Wee misse fräigeschëppt ginn; den Alpinist ass am Schnéistuerm erfrier

schnéiwäiss [ʃn'ɛɪv'æ:ɪs] Adjektiv **DE** schneeweiß • **FR** blanc comme neige • **EN** snow-white • **PT** branco como a neve, niveo **Beispill** wéi méchs du dat, fir esou schnéiwäiss Zänn ze hunn?

Schnéiwick [ʃn'ɛɪvik] Femininum (Pluriel Schnéiwicken) **DE** Schneewehe • **FR** congère • **EN** snowdrift • **PT** acumulação de neve [formada pelo vento] **Beispill** am Eislek hu Schnéiwicken d'Strooss blockéiert

schnell [ʃn'æɪ] Adjektiv **1. DE** schnell [sich schnell fortbewegend] • **FR** rapide [véloce] <Adverb vite> • **EN** fast <Adverb fast> • **PT** rápido [veloz] <Adverb depressa> **Beispiller** ech hat nach ëmmer e Faibel fir schnell Autoen; wéi schnell kanns du lafen? **Synonym** séier **2. DE** schnell [rasch, zügig] • **FR** rapide [vif] <Adverb vite> • **EN** fast, quick <Adverb fast, quickly> • **PT** rápido [acelerado] <Adverb depressa> **Beispiller** mir hunn dee schnelle Rhythmus bis zum Schluss bäibehalen; wann ech dech gesinn, fänkt mäin Häerz u méi schnell ze schloen! **Synonymmen** séier, huerteg **3. DE** schnell [unverzüglich, prompt] • **FR** rapide [immédiat, prompt] <Adverb rapidement, vite> • **EN** prompt, immediate, quick <Adverb promptly, quickly> • **PT** rápido [com prontidão] <Adverb rapidamente, depressa> **Beispiller** mir soe Merci fir Är schnell Äntwert; d'Police huet bei der Kläpperei schnell agegraff; maach d'Dier schnell zou, soss gëtt et kal am Gank! **Synonymmen** huerteg, séier

Schnellegeet [ʃn'æɪləçkɛ:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Schnelligkeit [bei einer Tätigkeit] • **FR** rapidité, vitesse [d'exécution] • **EN** speed [of action] • **PT** rapidez [na execução] **Beispill** a puncto Schnellegeet kritt eise Portier net den éischte Präis! **Synonymmen** Rapiditéit, Vitess

Schnellheft Neutrum (Pluriel Schnellhefter) **DE** Schnellhefter, Hefter • **FR** chemise (avec relieur) • **EN** loose-leaf binder • **PT** classificador (com ferragem) **Beispill** an der Grondschoul hat ech fir all Fach e Schnellheft an enger anerer Faarf

i Variant: Schnellhefter

Schnellhefter Maskulinum (Pluriel Schnellhefter) - Variant vun ↗Schnellheft

Schnelltest Maskulinum (Pluriel Schnelltester) **DE** Schnelltest • **FR** test de dépistage rapide • **EN** rapid test • **PT** teste rápido de rastreio **Beispiller** well ech Halswéi hunn, hunn ech e Schnelltest gemaach, fir sécher ze sinn, datt et kee Corona ass; d'Police huet beim Automobilist e Schnelltest gemaach, fir ze kucken, ob en Droge consomméiert hat

Schnellzuch [ʃn'æɪtsuχ] Maskulinum (Pluriel Schnellzich) **DE** Schnellzug • **FR** train express • **EN** express (train), fast train • **PT** comboio expresso **Beispiller** de Schnellzuch bleibt nëmmen op verschiddene Garé stoen; maach lues, en ale Mann ass kee Schnellzuch! **[ɛgʃ]** [maach lues, ech kommen net no!] **Synonym** Express

Schneppekinnek [ʃn'æpəkɪnek] Maskulinum (Pluriel Schneppekinneken) **Numenius arquata** **DE** Großer Brachvogel • **FR** courlis cendré • **EN** Eurasian curlew • **PT** maçarico-real **Beispill** wéi laang bréien d'Schneppekinneken? **Synonym** Grouse Broochvull

Schnëppel [ʃn'əpəl] Femininum (Pluriel Schnëppelen) **1.** DE Schnipsel • FR *bout (de papier), bout (d'étoffe)* • EN *shred, scrap* • PT *pedaço (de papel), pedaço (de tecido)* **Beispill** wéi d'Kanner fäerdeg ware mat bastelen, louch den Dësch voller Schnëppelen **2.** [égs] DE *kleine Schnitte, kleine Scheibe* • FR *petite tranche* • EN *small slice* • PT *pequena fatia* **Beispill** ech géif nawell eng Schnëppel Ham iessen!

Schnëppel [ʃn'əpəl] Maskulinum (Pluriel Schnëppelen) DE *Frack* • FR *frac* • EN *tailcoat, tails* • PT *fraque* **Beispiller** den Zirkusdirekter ass am schwaarze Schnëppel opgetrueden; fir déi Geleeënheet kommen ech am houbeschte Schnëppel [égs] [fir déi Geleeënheet doen ech mech ganz schick un] **Synonym** Frack

schnëppelen [ʃn'əpələn] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *geschnëppelt*) » **transitiv 1.** [égs] DE *schnippeln [zerkleinern]* • FR *émincer* • EN *to cut, to slice* • PT *cortar em pedaços* **Beispill** ech *hunn* de ganze Muere Boune *geschnëppelt* » **intransitiv 2.** [égs] DE *schnippeln* • FR *couper (maladroitement), découper* • EN *to snip (at)* • PT *cortar (desajeitadamente), recortar* **Beispiller** géi net un d'Hoer vun denger Popp *schnëppelen*!; eis Enkelkanner *schnëppele* går an alen Zeitungen

Schnëss [ʃnəs] Femininum (Pluriel Schnëssen / Schnësser) **1.** DE *Maul, Schnauze [eines Tiers]* • FR *gueule [d'un animal]* • EN *snout, jaws* • PT *focinho [de um animal]* **Beispill** eisen Hond hat eng déck Rat an der Schnëss **Synonym** Maul **2.** [graf] DE *Maul, Schnauze [Mund]* • FR *gueule [bouche]* • EN *gob, trap* • PT *bico [boca]* **Beispiller** hal d'Schnëss, däi Gebraddels interesséiert kee Mënsch!; si huet eng déck Schnëss, mee et ass näischt derhanner [si téint, mee et ass net näischt derhanner]; dee krit d'Schnëss net zou!; deen huet eng Schnëss, déi ass net vollzeshäissen! [dee schwätzt an engem Stéck!]; mat enger frecher Schnëss kriss de alles, wat s de wëlls [mat enger frecher Manéier kriss de alles, wat s de wëlls] **Synonymmen** Gladder, Maul, Sabbel **3.** [graf] DE *Maul, Schnauze, Fresse [Gesicht]* • FR *gueule [visage]* • EN *mug, chops [face]* • PT *tromba, focinho [caral]* **Beispiller** ech kann deem Kärel seng domm Schnëss net méi gesinn!; nom Bal krut hien der op d'Schnëss; ech si mam Vëlo op d'Schnëss gaangen [ech si mam Vëlo gefall]; hien huet de ganzen Owend Schnësser geschnidden [hien huet de ganzen Owend gemotzt] **Synonymmen** Binnett, Maul

Schnëssbatti [ʃn'əsbat:] Maskulinum (Pluriel Schnëssbattien) [égs] DE *Schwätzer* • FR *bavard* • EN *windbag* • PT *fala-barato* **Beispill** ech kann deem Schnëssbatti säi Gebraddels net méi héieren

1 Weiblech Form: ♀Schnësskätti

schnësseg Adjektiv [égs] DE *geschwätzig* • FR *bavard* • PT *tagarela* **Beispill** gleeef deem *schnëssege* Framënsch näischt, et verzielt vill, wann den Dag laang ass! **Synonym** babbeleg

Schnësselchen [ʃn'əsəlçən] Femininum (Pluriel Schnësselcher) - Diminutivform vun ♀Schnëss

schnëssen [ʃn'əsən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *geschnësst*) » **intransitiv 1.** [égs] DE *quat-*

schen • FR *palabrer, bavarder* • EN *to natter, to prattle on, to chat* • PT *papaguear, cavaquear* **Beispiller** *schnëss* net esou vill, schaff emol eppes!; mat wiem *schnësst* deng Mamm dohannen?; déi zwou Kolleeginnen *hunn* de ganze Muere (mateneen) *geschnësst* **Synonym** quatschen **2.** *geschnësst* kréien (vun) DE *ausgeschimpft werden (von)* • FR *se faire gronder (par)* • EN *to get told off, to get ticked off* • PT *levar uma descompostura (de)* **Beispill** als Bouf krut ech dacks vu mengen Eltere *geschnësst*

Schnëssert [ʃn'əsət] Maskulinum (Pluriel Schnësserten) [égs] DE *Schwätzer* • FR *bavard, hâbleur* • EN *windbag, boaster* • PT *fala-barato* **Beispill** du daerfs deem *Schnëssert* net alles gleewen **Synonymmen** Braddeler, Troterbatti, Tutebatti, Quatschbeidel, Quatschkapp

1 Weiblech Form: ♀Schnëssesch

Schnëssesch [ʃn'əsəʃ] Femininum (Pluriel Schnësseschen) [égs] DE *Schwätzerin* • FR *bavarde, hâbleuse* • PT *fala-barato [mulher, rapariga]* **Beispill** déi *Schnëssesch* huet nees eng gelunge Geschicht no där anerer erzielt **Synonym** Braddelesch

1 Männlech Form: ♂Schnëssert

Schnësskätti [ʃn'əsçæti:] Femininum (Pluriel Schnësskättien) [égs] DE *Schwätzerin* • FR *bavarde* • PT *fala-barato [mulher, rapariga]* **Beispill** dat *Schnësskätti* schwätzt vill, wann den Dag laang ass

1 Männlech Form: ♂Schnëssbatti

Schnëtt [ʃnət] Maskulinum (Pluriel Schnëtt / Schnëtter) - Variant vun ♀Schnatt **1.** DE *Schnitt [Form, Zuschnitt]* • FR *coupe [d'un vêtement]* • EN *cut [of clothing]* • PT *corte [de uma peça de roupa]* **Beispiller** de *Schnëtt* vun där neier Uniform geet dir ganz gutt; déi Jupe huet kee besonesche Stoff, awer e ganz apaarte *Schnëtt 2.* am *Schnëtt* DE *im Schnitt* • FR *en moyenne* • EN *on average* • PT *em média* **Beispill** am *Schnëtt* waren dëst Joer all Dag iwuer dausend Leit op der Foire **Synonym** am Duerchschnëtt **3.** DE *Schnitt [von Filmaufnahmen]* • FR *montage [de séquences filmées]* • EN *editing, cutting, montage [of film]* • PT *montagem [de sequências filmadas]* **Beispill** de *Schnëtt* vum Film huet e puer Woche gedauert **Synonym** Montage **4.** DE *Schnitt [Längsschnitt, Querschnitt]* • FR *coupe (transversale), coupe (longitudinale)* • EN *cross section, profile* • PT *corte (transversal), corte (longitudinal)* **Beispill** op dëser Maquette gesäit een de *Schnëtt* duerch d'Buedemschichte vun der Géigend

1 Opgepasst! D'Wuert **Schnëtt** kann niewent deem, wat hei beschriwwen ass, och nach dat selwecht bedeiten ewéi d'Wuert ♀Schnatt.

Schnëttpunkt [ʃn'ətʃpʊŋt] Maskulinum (Pluriel Schnëttpunkten) DE *Schnittpunkt* • FR *point d'intersection* • EN *point of intersection* • PT *ponto de intersecção* **Beispill** de Punkt ass de *Schnëttpunkt* vun zwee Strécher

Schnëttwonn [ʃn'ətʃvɔŋ] Femininum (Pluriel Schnëttwonn) - Variant vun ♀Schnattwonn

Schnëtzalot Femininum (kee Pluriel) DE *Schnittsalat, Pflücksalat* • FR *salade à couper, salade à tondre* • EN

salad leaves • PT *alface-crespa* **Beispill** ech hu verschidden Zorte Schnetzalot am Gaart **Synonym** Rappzalot

schnetzelen [ʃn'ɛtsələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geschnetzelt*) » **transitiv 1. DE** (mit einer Laubsäge) aussägen • FR *découper, chantourner* • EN *to cut out (with a fretsaw)* • PT *recortar (com uma serra de rodear)* **Beispill** d'Kand huet aus Spärholz en Engel *geschnetzelt* » **intransitiv 2. DE** mit der Laubsäge arbeiten • FR *travailler à la scie à chantourner* • EN *to work with a fretsaw* • PT *trabalhar com a serra de rodear* **Beispill** du muss mat méi Gefill *schnetzelen*, soss fiert d'Seeblatt futti

schnätzen [ʃn'ɛtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geschnätzt*) » **transitiv 1. DE** schnitzen • FR *sculpter (dans le bois)* • EN *to carve (wood)* • PT *esculpir (na madeira)* **Beispill** mäi Papp *schnätzt* a senger Fräizäit Schachfiguren » **intransitiv 2. DE** schnitzen • FR *sculpter sur bois, faire de la sculpture sur bois* • EN *to carve, to do woodcutting* • PT *talhar a madeira* **Beispill** mäi Bop huet mech *schnätze* geléiert

Schnicki [ʃn'iki:] Maskulinum (Pluriel Schnickien) [ëgs] DE *Fusel* • FR *tord-boyaux* • EN *hooh, rotgut* • PT *aguardente ordinária* **Beispill** hei drénken ech keng Drépp méi, se zerweiere just *Schnicki!* **Synonym** Fusel

Schniddelchen [ʃn'idɛlçən] Femininum (Pluriel Schniddelcher) - Diminutivform vun ↗Schnuddel

Schniewel [ʃn'jəvəl] Maskulinum (Pluriel Schniewelen) DE *Schnabel (leines Tiers)* • FR *bec (d'un animal)* • EN *beak, bill* • PT *bico (de um animal)* **Beispiller** kuck, dat Hong huet e Wuerm am *Schniewel!*; hal de *Schniewel!* [ëgs] [hal de Mond!]; schwätz, wéi de *Schniewel* der gewuess ass! [ëgs] [schwätz, wéi s de et gewinnt bass!]

Schniewelchen [ʃn'jəvəlçən] Maskulinum (Pluriel Schniewelcher) - Diminutivform vun ↗Schniewel

Schnieweldéier Neutrum (Pluriel Schnieweldéieren)

Hei entsteet en neien Artikel.

schniewelen [ʃn'jəvələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geschniewelt*)

Hei entsteet en neien Artikel.

Schnittchen [ʃn'itçən] Maskulinum/Femininum (Pluriel Schnittercher) DE *Schnittchen (garnierte Brot-scheibe)* • FR *canapé (petite) tranche de pain garnie* • EN *canapé (small piece of bread with topping)* • PT *(pequena) fatia de pão guarnecida* **Beispiller** no der Reunion gouf et *Schnittercher* mat Ham an Zoossiss; d'Invitée krute Schampes a *Schnittercher* zerweiert **Synonym** Kannapee

Schnitzel [ʃn'itsəl] Maskulinum (Pluriel Schnitzelen) [Gastronomie] DE *Schnitzel (Gericht)* • FR *escalope (de viande)* • PT *escalope* **Beispill** ech iesse fir mäi Liewe gären e panéierte *Schnitzel*

schnoffelen [ʃn'ɔfələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geschnoffelt*) » **intransitiv 1. [ëgs] DE** *schnüffeln, schnuppern* • FR *renifler (sentir)* • EN *to sniff, to snuffle (to scent)* • PT *farejar (cheirar)* **Beispill** wat ass an dengem Kuerf, datt den Hond esou dru *schnoffelt?*

Synonym schnupperen **2. [ëgs] DE** *schnüffeln (spionieren)* • FR *fouiner (espionner)* • EN *to nose around (to spy)* • PT *espiair, cheirar* **Beispill** de Geheimdéngscht *schnoffelt* an de Leit hiren E-Mailen **3. [ëgs] DE** *schnüffeln (hörbar durch die Nase atmen)* • FR *renifler (aspirer bruyamment par le nez)* • EN *to sniff, to snuffle (to breathe loudly)* • PT *fungar (aspirar ruidosamente pelo nariz)* **Beispill** botz emol deng Nues, do méchs mech nervös, wann s de emmer esou *schnoffels!*

Schnoffeler [ʃn'ɔfələ] Maskulinum (Pluriel Schnoffeler) **1. [ëgs] DE** *Schnüffler (Spitzel)* • FR *fouineur* • EN *nosey parker, snoop(er)* • PT *bisbilhoteiro* **Beispill** looss dee *Schnoffeler* net eleng am Büro! **2. [ëgs] DE** *Schnüffler (Person, die hörbar atmet)* • FR *renifleur (qui aspire bruyamment par le nez)* • EN *snuffler* • PT *peessoa fungona (que aspira ruidosamente pelo nariz)* **Beispill** niewent esou engem *Schnoffeler* kann dach kee Mënsch aschlofen!

Weiblech Form: ↗Schnoffelesch

Schnoffelesch [ʃn'ɔfələʃ] Femininum (Pluriel Schnoffeleschen) **1. [ëgs] DE** *Schnüfflerin (Spitzel)* • FR *fouineuse* **2. [ëgs] DE** *Schnüfflerin (Person, die hörbar atmet)* • FR *renifleuse (qui aspire bruyamment par le nez)*

Männlech Form: ↗Schnoffeler

Schnok [ʃno:k] Femininum (Pluriel Schnoken) [vereez] DE *Schnurre, Anekdote* • FR *histoire cocasse, anecdote* • PT *história engraçada, anedota* **Beispill** dem Bopi seng *Schnoke* sinn emmer, fir sech futtize-laachen!

schnoken [ʃn'ɔ:kən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geschnookt*)

Hei entsteet en neien Artikel.

Schnorchel [ʃn'ɔʁçəl] Maskulinum (Pluriel Schnorchelen) DE *Schnorchel (zum Tauchen)* • FR *tuba (de plongée)* • EN *snorkel* • PT *tubo de respiração (de mergulho)* **Beispill** ech huele mäi *Schnorchel* a meng Flosse mat an d'Vakanz

schnorchelen [ʃn'ɔʁçələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geschnorchelt*) » **intransitiv DE** *schnorcheln* • FR *faire de la plongée (au tuba)* • EN *to snorkel, to go snorkelling* • PT *fazer mergulho (com tubo de respiração)* **Beispill** an der Vakanz hu mir all Dag am Séi *geschnorchelt*

Schnouer [ʃn'əʊə] Femininum (Pluriel Schnéier) DE *Schnur* • FR *ficelle, cordon* • EN *string, cord* • PT *cordão, fio* **Beispiller** d'*Schnouer* gëtt an de Piquet agekrämpft, fir d'Zelt ze spanen; zéi net ze fest un de *Schnéier*, soss fueren se futti! **Synonym** Ficelle

Schnuddel [ʃn'udəl] Femininum (Pluriel Schnuddelen) [ëgs] DE *Nasenschleim, Rotz* • FR *chandelle (morve)* • EN *snot* • PT *ranho (muco)* **Beispiller** dem Bouf lafen d'*Schnuddelen* aus der Nues; datt meng Sinusite sech léisst, gesinn ech un de giele *Schnuddelen*, déi erauskommen

schnuddelen [ʃn'udələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geschnuddelt*) » **intransitiv [ëgs] DE** *eine laufende Nase haben* • FR *avoir le nez qui coule* • EN *to have a runny nose* • PT *ter o nariz a pingar* **Beispill**

ech schnuddele schonn déi ganz Woch wéinst engem Schnapp

Schnuddeler [ʃn'udələ] Maskulinum (Pluriel Schnuddeler) ^[égs] DE *Rotznase, Grünschnabel* • FR *morveux, blanc-bec* • PT *fedelho, frangainho* **Beispiller** dee klenge **Schnuddeler** huet dem Portier frech erëmgemault; déi eeler Häre loosse sech net gär eppes vun deem **Schnuddeler** soen

W Weiblech Form: ↗Schnuddelesch

Schnuddelesch [ʃn'udələʃ] Femininum (Pluriel Schnuddeleschen) ^[égs] DE *Rotznase, Göre* • FR *morveuse, gamine*

M Männlech Form: ↗Schnuddeler

Schnuddelhong [ʃn'udəlhoŋ] Neutrum **1.** (Pluriel Schnuddelhénger) DE *Truthuhn* • FR *dindon* • EN *turkey [animal]* • PT *peru [ave]* **Beispill** et gëtt net méi vill Baueren, déi **Schnuddelhénger** halen **2.** (kee Pluriel) DE *Putenfleisch* • FR *dinde [viande]* • EN *turkey [meat]* • PT *peru [carne]* **Beispill** fir dës Recette huelen ech léiwé **Schnuddelhong** ewéi Poulet **Synonym** Dinde

V Variant: Schnuddelhung

Schnuddelhung Neutrum (Pluriel Schnuddel-hinger) - Variant vun ↗Schnuddelhong

Schnuddelpiisch Femininum (Pluriel Schnuddelpi-ien) *Gymnocephalus cernuus* DE *Kaulbarsch* • FR *grémille* • EN *ruffe, Eurasian ruffe* • PT *gremilha, perca-caboz* **Beispill** d'**Schnuddelpiisch** féinnt een an de meeschte Flëss a Mëttel- an Osteuropa **Synonym** Steepiisch

Schnuff [ʃnuf] Femininum (Pluriel Schnuffen) **1.** DE *Schnäuzchen [eines Tiers]* • FR *museau [d'un petit animal]* • EN *muzzle [snout]* • PT *focinho [de um pequeno animal]* **Beispill** de Kneiseker huet eng spat **Schnuff** **2.** ^[égs] DE *Frätzchen* • FR *frimousse, minois* • EN *little face* • PT *palminho de cara, carinha* **Beispill** déi nei Sekretärin huet nawell eng léif **Schnuff!** **3.** ^[égs] eng **Schnuff** maachen DE *einen Schmollmund machen* • FR *faire la moue* • EN *to pout, to sulk* • PT *fazer beicinho* **Beispill** dat Klengt sëtzt am Eck a mécht eng **Schnuff**

Schnulz [ʃnults] Femininum (Pluriel Schnulzen) ^[égs] DE *Schnulze [Lied]* • FR *chanson à l'eau de rose* • EN *schmaltzy ballad* • PT *canção melosa* **Beispill** op deem Radiosender ginn nëmme **Schnulze** gespilt

schnulzeg [ʃn'ultsəç] Adjektiv ^[égs] DE *schnulzig* • FR *à l'eau de rose, mièvre* • EN *schmaltzy, sentimental* • PT *meloso, piegas* **Beispiller** meng Tatta lauschtert gäre **schnulzeg** Lidder; ech hunn de Schluss vum Film vill ze **schnulzeg** fonnt

schnupperen [ʃn'upərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **geschnuppert**) » **intransitiv** **1.** DE *schnuppern [riechen]* • FR *renifler [sentir]* • EN *to sniff (at), to snuffle (at), to nose around* • PT *farejar [cheirar]* **Beispill** so zu dengem Hond, e soll ophalen, u menge Kleeder ze **schnupperen!** **Synonym** schnoffelen **2.** DE *schnuppern [sich einen Eindruck verschaffen]* • FR *faire un essai [pour se faire une idée]* • EN *to get a taste [to make a trial]* • PT *experimentar [para ter uma ideia]* **Beispill** ier ech mech an dee Cours aschreiwén, ginn ech gär e puermol **schnupperen**

Schnurres [ʃn'urəs] Maskulinum (Pluriel Schnurressen) - Variant vun ↗Schnauz

Schnurri Maskulinum (Pluriel Schnurrien) - Variant vun ↗Schnauz

Schnurz Maskulinum (Pluriel Schnurzen) - Variant vun ↗Schnauz

Schnutz Maskulinum (Pluriel Schnutzen) - Variant vun ↗Schnauz

Schock [ʃok] Maskulinum (Pluriel Schocken) **1.** DE *Aufprall* • FR *choc, collision* • EN *impact, shock* • PT *choque, embate, colisão* **Beispill** beim Accident sinn duerch de **Schock** d'Airbagge vum Auto opgaangen **2.** DE *Schock [Schreck]* • FR *choc [émotionnel]* • EN *shock [emotional]* • PT *choque [emocional]* **Beispill** den Doud vun där jonker Schülerin war e **Schock** fir hir ganz Klass **Synonym** Coup **3.** DE *Schock [Kreislaufversagen]* • FR *choc [physiologique]* • EN *shock [physiological]* • PT *choque [fisiológico]* **Beispill** ech gouf mat engem allergesche **Schock** an d'Urgence bruecht **4.** DE *Schock [nervliche Erschütterung]* • FR *choc [trouble nerveux]* • EN *shock [psychological]* • PT *choque [psicológico]* **Beispill** nom Accident stoung de Chauffeur enner **Schock**, e konnt net méi schwätzen

Schock [ʃok] Maskulinum (Pluriel Schocken) DE *Choke* • FR *starter [d'un moteur]* • PT *comando do arranque a frio [de um motor]* **Beispill** fir den Oldtimer unzekréien, muss de de **Schock** zéien

shockant [ʃok'ant] Adjektiv DE *shockierend* • FR *choquant* • EN *shocking* • PT *chocante [ofensivo]* **Beispill** d'Leit waren entsat iwwee déi **shockant** Biller an der Press

shockéieren [ʃok'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **shockéiert**) » **transitiv** DE *shockieren* • FR *choquer, scandaliser* • EN *to shock [to surprise, to scandalize]* • PT *chocar, escandalizar* **Beispill** d'Konfrontatioun mat der Aarmut an där Regioun **shockéiert** vill Touristen **Synonym** skandaliséieren

Schockela [ʃ'okəla:] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *Schokolade [Nahrungsmittel]* • FR *chocolat [aliment]* • EN *chocolate [food]* • PT *chocolate [alimento]* **Beispill** wëlls de eng Kamell oder e Stéck **Schockela?** **2.** **schwarze Schockela** DE *schwarze Schokolade* • FR *chocolat noir* • EN *dark chocolate* • PT *chocolate preto* **Beispill** de **schwarze Schockela** ass mir ze batter **3.** **wäisse Schockela** DE *weiße Schokolade* • FR *chocolat blanc* • EN *white chocolate* • PT *chocolate branco* **Beispill** am wäisse **Schockela** ass guer kee Kakao

schockelas Adjektiv DE *Schokoladen-, aus Schokolade* • FR *en chocolat* • PT *de chocolate* **Beispill** Chrëschttag ass knapps eriwwee a scho gëtt et **schockelas** Ouschtereëer ze kafen!

Schockelasbotter Maskulinum (kee Pluriel)

W Hei entsteet en neien Artikel.

Schockelascoulis [ʃokəla:sk'uli:] Maskulinum (Pluriel Schockelascoulisen) ^[Gastronomie] DE *Schokoladensauce* • FR *coulis au chocolat* • PT *molho de chocolate* **Beispill** als Dessert gouf et eng Vanillsglace mat engem **Schockelascoulis** drop

Schockelassglace [ʃokɛla:sgl'as] Femininum (Pluriel Schockelassglacen) DE *Schokoladeneis* • FR *glace au chocolat* • EN *chocolate ice cream* • PT *gelado de chocolate* **Beispill** d'Kanner hu sech d'Gesicht bemokelt, wéi se eng Schockelassglace giess hunn

Schockelaskuch [ʃokɛla:sk'ux] Maskulinum (Pluriel Schockelaskuchen) DE *Schokoladenkuchen* • FR *gâteau au chocolat* • EN *chocolate cake* • PT *bolo de chocolate* **Beispiller** d'Rezept vun mengem Schockelaskuch krut ech vun engem Pâtissier; eis Kanner si geckeg op Schockelaskuch

Schockelasmëllech [ʃokla:sm'ələç] Femininum (kee Pluriel) DE *Schokomilch* • FR *lait au chocolat, lait chocolaté* • EN *chocolate milk* • PT *leite com chocolate, leite achocolatado* **Beispill** fréier hunn ech an der Paus ëmmer Schockelasmëllech gedronk **Synonym** Schocki

Schockelasmousse [ʃokɛla:sm'us] Femininum (Pluriel Schockelasmoussen) DE *Schokoladenmousse, Mousse au Chocolat* • FR *mousse au chocolat* • EN *chocolate mousse* • PT *mousse de chocolate* **Beispill** kanns de mer d'Rezept vun denger Schockelasmousse ginn?

Schockelasspudding [ʃokɛla:sp'udɪŋ] Maskulinum (Pluriel Schockelasspuddingen) DE *Schokoladenpudding, Mousse au Chocolat* • FR *flan au chocolat, crème au chocolat* • EN *chocolate blancmange, chocolate dessert* • PT *puddim de chocolate, leite-creme de chocolate* **Beispiller** ech kachen de Schockelasspudding schonn de Moien, dann ass en den Owend sécher steif; d'Kanner sëtzen an der Kichen, hire Schockelasspudding ze läffelen

Schockelassrull [ʃokɛla:sr'uɫ] Femininum (Pluriel Schockelassrullen) DE *Schokocroissant* • FR *pain au chocolat* • EN *pain au chocolat, chocolate croissant* • PT *napolitana de chocolate* **Beispill** bréng wannechgelift de Kanner eng Schockelassrull vum Bäcker mat!

Schockelastaart [ʃokɛla:st'a:rt] Femininum (Pluriel Schockelastaarten) DE *Schokoladenkuchen* • FR *tarte au chocolat, gâteau au chocolat* • EN *chocolate tart, chocolate cake* • PT *tarte de chocolate, bolo de chocolate* **Beispill** kann s de mir nach e klenge Stéck vun der Schockelastaart erofschneiden, wannechgelift?

schocken [ʃ'okən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschockt) » **transitiv** DE *schocken* • FR *choquer [traumatizer]* • EN *to shock [to traumatize]* • PT *chocar [traumatizar]* **Beispill** nom Busaccident ware vill Passagéier geschockt

Schocki [ʃ'oki:] Maskulinum 1. (kee Pluriel) DE *Schokolade [Getränk]* • FR *chocolat [boisson]* • EN *chocolate milk [drink]* • PT *chocolate [bebida]* **Beispill** nom Schlittschongfuere kruten d'Kanner eng Taass Schocki ze drénken **Synonymmen** Kakao, Schockelasmëllech 2. (Pluriel Schocki / Schockien) DE *(Tasse) Schokolade* • FR *(tasse de) chocolat* • EN *(cup of) chocolate milk* • PT *(chávena de) chocolate* **Beispill** ech hunn eis bei der Serveuse zwee Schockie bestallt **Synonymmen** Kakao, Schockelasmëllech

Schockmillen [ʃ'okmilən] Eegennumm DE *Schockmillen* • FR *Schockmillen* • EN *Schockmillen* • PT *Schock-*

millen **Beispiller** ech wunnen op der Schockmillen; fiert dese Bus op d'Schockmillen?

Schof [ʃo:f] Neutrum (Pluriel Schof) 1. DE *Schaf [Tier]* • FR *mouton [animal]* • EN *sheep [animal]* • PT *carneiro, ovelha* **Beispiller** mir schueren eis Schof gewéintlech am Juni; du bass e gedëllegt Schof [égs] [du léiss der alles gefalen]; mäi Brudder ass dat Schwaartz Schof an der Famill [égs] [mäi Brudder behëlt sech net esou, wéi d'Famill et vun him erwaart] 2. DE *Schaf [Fleisch]* • FR *mouton [viande]* • EN *mutton, lamb* • PT *carne de carneiro* **Beispill** ech hunn de Goût vum Schof net gär

Schoffiels [ʃ'o:fiəls] Eegennumm DE *Schoffiels* • FR *Schoffiels* • EN *Schoffiels* • PT *Schoffiels* **Beispiller** waars de schonn eng Kéier um Schoffiels?; mir sinn de Week-end op de Schoffiels gewandert

Schofhiert Maskulinum (Pluriel Schofhierten) - Variant vun ↗Schofshiert

Schofhiertin Femininum (Pluriel Schofhiertinnen) - Variant vun ↗Schofshiertin

Schofsbock Maskulinum (Pluriel Schofsbéck) DE *Schafbock* • FR *bélier [animal]* • PT *carneiro [animal]* **Beispill** e Schofsbock sténkt bei Wäitem net esou staark ewéi e Geessebock **Synonym** Widder

Schofshäerd [ʃ'o:fshe:ɔt] Femininum (Pluriel Schofshäerden) DE *Schafherde* • FR *troupeau de moutons* • EN *flck of sheep* • PT *rebanho de ovelhas* **Beispill** an der Nuecht gouf eis Schofshäerd vun e puer Wëllef attackéiert

Schofshiert Maskulinum (Pluriel Schofshierten)

- i Hei entsteet en neien Artikel.
- i Variant: Schofhiert
- i Weiblech Form: ↗Schofshiertin

Schofshiertin Femininum (Pluriel Schofshiertinnen)

- i Variant: Schofhiertin
- i Männlech Form: ↗Schofshiert

Schofskéis [ʃ'o:fskɛɪs] Maskulinum (Pluriel Schofskéisen / Schofskéiser) DE *Schafskäse* • FR *fromage de brebis* • EN *ewe's milk cheese, sheep's milk cheese* • PT *queijo de ovelha* **Beispill** si huet d'Peperonie mat Schofskéis gefëllt

Schofspelz [ʃ'o:fspæltz] Maskulinum (Pluriel Schofspelzer) DE *Schafspelz* • FR *peau de mouton* • EN *sheepskin* • PT *pele de ovelha, pele de cordeiro* **Beispiller** an deser Fabel benotzt de Wollef e Schofspelz als Tarnung; pass op, hien ass e Wollef am Schofspelz! [égs] [pass op, hien ass net esou harmlos, wéi en sech gétt!]

Schofsstall [ʃ'o:fsʃtal] Maskulinum (Pluriel Schofsstáll) DE *Schafstall* • FR *bergerie* • PT *ovil, redil* **Beispill** maach de Schofsstall gutt zou, net datt de Wollef erakënn!

Schofswoll [ʃ'o:fsvɔl] Femininum (Pluriel <seelen> Schofswollen) DE *Schafwolle* • FR *laine de mouton* • EN *sheep's wool* • PT *lã de ovelha* **Beispill** mäi Pullover ass aus puerer Schofswoll

Schold [ʃolt] **Femininum 1.** (kee Pluriel) **DE** *Schuld* [*Fehlverhalten, Verantwortung*] • **FR** *faute, culpabilité* • **EN** *fault [culpability, responsibility]* • **PT** *culpa [falta, responsabilidade]* **Beispiller** et ass deem Eefalt seng eege Schold, wa kee méi mat em schwätzt!; ech si mer kenger Schold bewusst **2.** (kee Pluriel) **DE** *Schuld* [*rechtlich*] • **FR** *culpabilité* [*devant la loi*] • **EN** *guilt* [*legal*] • **PT** *culpa* [*perante a lei*] **Beispill** seng Schold konnt juristesch net nogewise ginn **3.** (Pluriel Scholden) **DE** *Schuld* [*finanzielle Verpflichtung*] • **FR** *dette* [*financière*] • **EN** [*financial*] *debt* • **PT** *divida* [*financeira*] **Beispiller** de bankrotte Betrib huet **Scholden** a Milliounenheicht; mir hunn nach **Schold** un Haus; wat sinn ech an denger Schold? [wéi vill Sue sinn ech der schëlleg?]; ech stinn an denger Schold [ech muss mech bei dir revanchéieren]

schold [ʃolt] **Adjektiv 1.** schold sinn (un) **DE** *schuld sein* (*an*) [*verantwortlich sein*] • **FR** *être responsable* (*de*) [*porter la responsabilité* (*de*)] • **EN** *to be to blame* (*for*) [*to be responsible for*] • **PT** *ter culpa* (*de*), *ser responsável* (*de*) **Beispill** wie fëmmt an da krank gëtt, ass selwer **schold!** **2.** schold sinn un **DE** *schuld sein an* [*verursacht haben*] • **FR** *être à l'origine de, avoir causé* • **EN** *to be to blame for* [*to be guilty of*] • **PT** *estar na origem de, ser a causa de* **Beispiller** d'Police huet ni erausfonnt, wie **schold** um Brand war; en techneschen Defekt war **schold** um Accident

Scholdaarsch [ʃ'olda:ʃ] **Maskulinum** (Pluriel Scholdäersch) - Variant vun ↗Scholdaasch

Scholdaasch [ʃ'olta:ʃ] **Maskulinum** (Pluriel Scholdeesch) ^[graʃ] **DE** [*hochverschuldeter Mensch*] • **FR** *personne* [*surendettée*] • **EN** *deeply indebted person* • **PT** *catoteiro* **Beispill** vun deem Scholdaasch kriss de ni e Su erëm!

Scholdgefill [ʃ'oltgəfil] **Neutrum** (Pluriel Scholdgefiller) **DE** *Schuldgefühl* • **FR** *sentiment de culpabilité* • **EN** *feeling(s) of guilt, guilty conscience* • **PT** *sentimento de culpabilidade* **Beispill** ech leide scho jorelaang ënner Scholdgefiller

Scholdschäin [ʃ'oltʃæ:ɪn] **Maskulinum** (Pluriel Scholdschäiner) **DE** *Schuldschein* • **FR** *reconnaissance de dette* [*document*] • **EN** *IOU, promissory note* • **PT** *reconhecimento de divida* [*documento*] **Beispill** léin him keng Suen, dees en ënnerscheift der e Scholdschäin!

Scholl **Femininum** (Pluriel Schollen)

! Hei entsteet en neien Artikel.

Schong [ʃoŋ] **Maskulinum** (Pluriel Schong) **DE** *Schuh* • **FR** *chaussure* [*soulier*] • **EN** *shoe* • **PT** *sapato* **Beispiller** ech fanne mäin zweete Schong net!; meng nei Schong drécken; fir trëppelen ze goen, hues de besser, uerdentlech Schong unzedoen; de Courage ass mer an d'Schong gerëtscht ^[ëgs] [ech hunn all Courage verluer]; nom Ausfluch hat ech d'Schong voller Féiss ^[ëgs] [nom Ausfluch hat ech d'Féiss wéi!]; du kanns mir net alles an d'Schong schëdden! ^[ëgs] [du kanns mech net fir alles verantwortlech maachen!]; maach de Geck mat dengen ale Schong! ^[ëgs] [du hues all Ursaach, fir de Geck mat dir selwer ze maachen amplaz mat mir!]; schonn den éischten Dag vum Examen hat ech Schong an Huese verluer ^[ëgs] [schonn den éischten

Dag vum Exame war ech iwweffuerdert!; d'Woch virun Niklosdag stellen d'Kanner owes de Schong; d'Woch virun Niklosdag setzen d'Kanner owes de Schong [⇒ fir datt de Kleeschen hinne soll eng Klenggeek an de Schong maachen]

! Variant: Schung

Schongbuttek [ʃ'oŋbutek] **Maskulinum** (Pluriel Schongbutteker) **DE** *Schuhgeschäft* • **FR** *magasin de chaussures* • **EN** *shoe shop* • **PT** *loja de calçado, sapataria* **Beispill** am Schongbuttek hate se keng Schlappen a menger Gréisst **Synonym** Schonggeschäft

! Variant: Schungbuttek

Schonggeschäft [ʃ'oŋgəʃæft] **Neutrum** (Pluriel Schonggeschäfte) **DE** *Schuhgeschäft* • **FR** *magasin de chaussures* • **EN** *shoe shop* • **PT** *loja de calçado, sapataria* **Beispill** am Schonggeschäft hate se keng Schlappen a menger Gréisst **Synonym** Schongbuttek

! Variant: Schunggeschäft

Schonggréisst **Femininum** (Pluriel Schonggréissten) **DE** *Schuhgröße* • **FR** *pointure* (*de chaussure*) • **EN** *shoe size* • **PT** *tamanho* (*de calçado*) **Beispiller** ech hunn d'Schonggréisst 37; an de Solde fënns de net méi all d'Schonggréissten

! Variant: Schunggréisst

Schongkëscht [ʃ'oŋkəʃt] **Femininum** (Pluriel Schongkëschten) **DE** *Schuhkarton, Schuhschachtel* • **FR** *boîte à chaussures* • **EN** *shoebbox* • **PT** *caixa de sapatos* **Beispill** meng Bomi versuergt d'Telegrammen, déi se fir hir Hochzäit kruz, an enger Schongkëscht

! Variant: Schungkëscht

Schongläffel [ʃ'oŋlæfəl] **Maskulinum** (Pluriel Schongläffelen) **DE** *Schuhlöffel* • **FR** *chausse-pied* • **EN** *shoehorn* • **PT** *calçadeira* **Beispill** dës Schong kréien ech net ouni Schongläffel un

! Variant: Schungläffel

Schongstréckel [ʃ'oŋʃtrekəl] **Maskulinum** (Pluriel Schongstréckelen) **DE** *Schnürsenkel* • **FR** *lacet* [*pour chaussures*] • **EN** *shoelace* • **PT** *atacador* [*de calçado*] **Beispill** déi nei Schongstréckele sinn ze kuerz fir a meng Turnsclappen

! Variant: Schungstréckel

Schwanzmees [f'w'antsme:s] Femininum (Pluriel **Schwanzmeesen**) **Aegithalos caudatus** **DE** *Schwanzmeise* • **FR** *mésange à longue queue* • **EN** *long-tailed bushitit* • **PT** *chapim-rabilongo* **Beispill** wéi laang bréien d'Schwanzmeesen?

Schwarm [f'w'arm] Maskulinum (Pluriel **Schwärm**) [^{égs}] **DE** *Schwarm* [Person] • **FR** *béguin* [personne] • **EN** *heart-throb* • **PT** *paixão* (secreta) [pessoa] **Beispill** dee jonke Professor ass de **Schwarm** vun all de Meedcher aus der Klass

schwätzen [f'w'ætsən] Verb (Hëllesverb hunn, Participle passé **geschwat**) » **transitiv 1. DE** *sprechen* [eine Sprache] • **FR** *parler* [une langue] • **EN** *to speak* [a language] • **PT** *falar* [uma língua] **Beispill** mäi Monni **schwätzt** fléissend véier Sproochen **2. DE** *reden* [äußern] • **FR** *dire* [exprimer] • **EN** *to say, to talk* [to communicate] • **PT** *dizer* [exprimir] **Beispiller** hien **huet** ënnerwee kee Wuert **geschwat**; **schwätzt** dach kee Kabes! **3. DE** *aussprechen* [artikulieren] • **FR** *prononcer* [articuler] • **EN** *to say, to pronounce* • **PT** *pronunciar* [articular] **Beispill** am Lëtzebuergesche **gëtt** de betounte Vokal virun engem eenzele Konsonant laang **geschwat** **Synonym** **ausschwätzen** » **intransitiv 4. DE** *sprechen* [das Sprechen beherrschen] • **FR** *parler* [maîtriser la parole] • **EN** *to speak, to talk* [to be able to speak, to be able to talk] • **PT** *falar* [dominar a fala] **Beispill** eist Meedche konnt fréi **schwätzen** **5. DE** *sprechen, reden* [sich ausdrücken, sich unterhalten] • **FR** *parler* [s'exprimer, s'entretenir] • **EN** *to speak, to talk* [to converse] • **PT** *falar* [exprimir-se, conversar] **Beispiller** iwweregens, wou mer grad vun dengem Papp **schwätzen**, wéi geet et him?; hie kënnt ëmmer erëm op d'Thema Suen ze **schwätzen**!; hie kann iwwe näischt anescht **schwätzen** ewéi iwwe Sport; laf mer net fort, ech muss nach mat der **schwätzen**!; **schwätzt** méi haart, ech héieren net méi gutt!; iwwerem **Schwätze** kouw mer eng Iddi; mat dir ass net ze **schwätzen**! [^{égs}] [mat dir kann een net seriö diskutieren!]; **schwätzt** net ze fréi! [^{égs}] [schwätzt net, ier s de denger Saach **sécher** bass]; meng Mamm ass net gutt op hir **Schwéiesch** ze **schwätzen** [^{égs}] [meng Mamm hält net vill vun hirer **Schwéiesch**]; hien **huet** dem Meedche schéi **geschwat** [^{égs}] [hien **huet** dem Meedche **geschmeechelt**; hien **huet** dem Meedche

gefléift]; hie léisst mat sech **schwätzen** [^{égs}] [hien ass bereet, Konzessiounen ze maachen]; ech weess, vu wat ech **schwätzen** [^{égs}] [ech weess aus Erfahrung gutt doriwwer Bescheid]; ech hu kee Geld, fir en Appartement ze kafen, vun engem Haus guer net ze **schwätzen**! [^{égs}] [ech hu kee Geld, fir en Appartement ze kafen, fir en Haus scho guer net!]; wann s de keng Äntwert op deng Demande kriss, **schwätzen** ech mam Buergermeeschter [wann s de keng Äntwert op deng Demande kriss, leeën ech e Wuert beim Buergermeeschter an]; si **schwätzen** zënter Joren net méi mateneen [= well se Sträit hunn] **6. Schwätze** fir **DE** *sprechen für* [dafür sein] • **FR** *parler en faveur de* [être favorable à] • **EN** *to speak for* [to be in favour of] • **PT** *falar em favor de, apoiar* [ser favorável a] **Beispill** vill Argumenter **schwätze** fir déi duebel Nationalitéit **7. schwätze** géint **DE** *sprechen gegen* • **FR** *parler en défaveur de, s'opposer à* • **EN** *to speak against* [to be unfavourable to] • **PT** *falar em desfavor de, opor-se a* **Beispiller** d'Beweiser **schwätze** géint den Ugekloten; et **schwätzt** absolut näischt géint däi Virschlag **8. schwätze** vun **DE** *sprechen von* [als Bezeichnung benutzen] • **FR** *parler de* [qualifier quelque chose de] • **EN** *to talk of* [to describe something as, to characterize as] • **PT** *falar de* [qualificar algo de] **Beispiller** bei esou engem Héichwaasser kann ee scho bal vun enger Katastroph **schwätzen**; du kanns vu Chance **schwätzen**, datt keen dech beim Knäipen erwëscht **huet!** **9. ze schwätze** kommen op **DE** *zu sprechen kommen auf* • **FR** *aborder* [un sujet] • **EN** *to broach, to tackle, to touch on* • **PT** *abordar* [um assunto] **Beispill** an der Versammlung koume mer och op d'Walen ze **schwätzen** **Synonym** ze sprieche kommen op

i Verben, déi **schwätzen** als Basis hunn: ↗ausschwätzen, ↗draschwätzen, ↗erëmschwätzen, ↗laanschteneeschwätzen, ↗matschwätzen, ↗noschwätzen, ↗ofschwätzen, ↗opschwätzen, ↗uschwätzen, ↗virschwätzen an ↗weiderschwätzen

Schweden [f'w'e:dən] Eegennumm, Neutrum **DE** *Schweden* • **FR** *Suède* • **EN** *Sweden* • **PT** *Suécia* **Beispiller** ech war schonn dräimol a **Schweden**; ech fueren d'nächst Woch a **Schweden**; ech kommen aus **Schweden**

i männlech Persoun: ↗Schweed weiblech Persoun: ↗Schweedin Adjektiv: ↗schweedesch Haaptstad: ↗Stockholm

Schweebach [f'w'e:bəç] Eegennumm **DE** *Schwebach* • **FR** *Schwebach* • **EN** *Schwebach* • **PT** *Schwebach* **Beispiller** ech wunnen zu **Schweebach**; fiert dëse Bus op **Schweebach**?

Schweebacher Bréck [f'w'e:bəçbr'ek] Eegennumm **DE** *Schwebacherbrücke* • **FR** *Schwebach-Pont* • **EN** *Schwebach-Pont* • **PT** *Schwebach-Pont* **Beispiller** ech wunnen op der **Schweebacher Bréck**; fiert dëse Bus op d'**Schweebacher Bréck**?

Schweech [f'we:ç] Eegennumm **DE** *Schweich* • **FR** *Schweich* • **EN** *Schweich* • **PT** *Schweich* **Beispiller** ech wunnen zu **Schweech**; fiert dëse Bus op **Schweech**?

Schweed [f'we:t] Maskulinum (Pluriel **Schweeden**) **DE** *Schwede* • **FR** *Suédois* • **EN** *Swede* • **PT** *sueco* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Schweed**

schweedesch [f'w'e:dəf] Adjektiv **DE** *schwedisch* • **FR** *suédois* • **EN** *Swedish* • **PT** *sueco* **Beispill** op eiser Rees hu

mir déi schweedesch Kultur kenne geléiert

Schweedesch Kroun Femininum (Pluriel Schweedesch Krounen) DE *(Schwedische) Krone* • FR *couronne suédoise* • PT *coroa sueca* **Beispiller** a Schwede gëtt mat Schweedesche Kroune bezuelt; mat wéi vill Schweedesche Kroune muss ee fir eng Nuecht am Hotel rechnen?; hues de nach e puer Schweedesch Krounen am Portmonni?

Schweedesch Kroun gëtt mat **SEK** oder mat **kr** ofgekierzt.

Schweedin [ʃw'e:di:n] Femininum (Pluriel Schweedinnen) DE *Schwedin* • FR *Suédoise* • EN *Swede [female]* • PT *sueca* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Schweedin

Schweess [ʃwe:s] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Schweiß* • FR *sueur* • EN *sweat* • PT *suor* **Beispiller** de Schweess ass dem Boxer de Réck erofgelaf; heibanne richt et no Schweess!; gëschter Owend goung mer op eemol de Schweess aus an et ass mer fuerchtbar schlecht ginn; mir ass vun Angscht de kale Schweess ausgaangen [egs] [ech hat ganz vill Angscht]; ech sinn an de Schweess komm [egs] [ech hunn ugefaange mat schweessen; ech hu mech ugestrengt]

Schweess [ʃwe:s] Femininum (Pluriel Schweessen) DE *Schweißnaht* • FR *(cordon de) soudure* • EN *weld* • PT *cordão de solda, costura de solda* **Beispill** ech weess net firwat, mee déi nei Schweess um Auspuff war schonn no dräi Deeg gerass

Schweessapparat Maskulinum (Pluriel Schweessapparaten / Schweessapparater)

Hei entsteet en neien Artikel.

Schweessbrenner Maskulinum (Pluriel Schweessbrenner)

Hei entsteet en neien Artikel.

Schweessbrennerin Femininum (Pluriel Schweessbrennerinnen) - weiblech Form vun **Schweessbrenner**

schweesseg [ʃw'e:səç] Adjektiv DE *schweißig, schwitzend* • FR *moite [de sueur]* • EN *sweaty, clammy* • PT *suado [molhado de suor]* **Beispill** vun Opreegung hat de Riederer schweesseg Hän

schweessen [ʃw'e:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geschweesst*) » **intransitiv 1.** DE *schwitzen [Schweiß absondern]* • FR *transpirer* • EN *to sweat [to perspire]* • PT *suar, transpirar [verter suor]* **Beispiller** no deem ustrende Match hunn d'Spiller all *geschweesst*; héicht Féiwer mécht, datt et engem grad nach kal ass an ee gläich drop *schweesst* ewéi en Déier **2.** DE *schwitzen [Feuchtigkeit absondern]* • FR *suer, suinter [dégager de l'humidité]* • EN *to sweat [to ooze moisture]* • PT *suar, ressumar [verter humidade]* **Beispiller** wann d'Mauere schweessen, da gëtt et Reen; stell de Kéis erëm hannescht an de Frigo, e *schweesst* schonn! » **transitiv 3.** *Blutt schweessen* DE *Blut schwitzen* • FR *se faire un sang d'encre, avoir des sueurs froides* • EN *to sweat blood* • PT *andar aflito, ter suores frios* **Beispill** ech hu *Blutt geschweesst*, bis ech d'Resultat vu mengem Aidstest hat

Verben, déi **schweessen** als Basis hunn: **usweessen** an **zesummeschweessen**

schweessen [ʃw'e:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geschweesst*) » **transitiv DE** *schweissen* • FR *souder* • EN *to weld* • PT *soldar lunir por soldadural* **Beispill** de Garagist huet de Chassis vum Auto op enger Plaz *geschweesst*

Verben, déi **schweessen** als Basis hunn: **usweessen** an **zesummeschweessen**

Schweesser [ʃw'e:sə] Maskulinum (Pluriel Schweesser) DE *Schweißer* • FR *soudeur* • EN *welder* • PT *soldador* **Beispill** hien huet als geléierte Schweesser op der Eisebunn geschafft

Weiblech Form: **Schweesserin**

Schweesserin [ʃw'e:səri:n] Femininum (Pluriel Schweesserinnen) DE *Schweiberin* • FR *soudeuse [ouvrière]* • PT *soldadora* **Beispill** als geléiert Schweesserin schafft meng Bekannte bei engem Eisefabrikant

Männlech Form: **Schweesser**

Schwéidsbeng [ʃw'ɛ:tsbɛŋ] Eegennumm DE *Schwebsingen* • FR *Schwebsingen* • EN *Schwebsingen* • PT *Schwebsingen* **Beispiller** ech wunnen zu Schwéidsbeng; fiert dëse Bus op Schwéidsbeng?

schwéier [ʃw'ɛ:ɪə] Adjektiv **1.** DE *schwer [von großem Gewicht]* • FR *lourd [d'un poids élevé]* <Adverb *lourdement*> • EN *heavy [of great weight]* <Adverb *heavily*> • PT *pesado [que tem muito peso]* <Adverb *pesadamente*> **Beispiller** déi *schwéier* Bléck goufe mam Kran op de Camion gehuewen; ech hunn déi *schwéier* Laascht bal net gepackt; de Camion war *schwéier* gelueden **2.** DE *schwer [kompakt, schwer zu bearbeiten]* • FR *lourd [compact, difficile à travailler]* • EN *heavy [dense, difficult to process]* • PT *pesado [compacto, difícil de trabalhar]* **Beispiller** dee *schwéieren* Deeg léisst sech net gutt knieden; de Weess huet gär *schwéiere* Buedem **3.** DE *schwer [anspruchsvoll, anstrengend]* • FR *difficile [exigeant, dur, prenant]* <Adverb *difficilement*> • EN *difficult, hard* • PT *difícil [exigente, duro, custoso]* <Adverb *difícilmente*> **Beispiller** dëst Buch ass eng gutt Aféierung an déi *schwéier* Matière; de juristische Jargon ass dacks *schwéier* ze verstoen; d'Chirurgen hunn e *schwéiere* Beruff; de Parcours vun där Course ass ze *schwéier* fir mech **4.** DE *schwer [schlimm]* • FR *grave [par ses conséquences]* <Adverb *gravement, grièvement*> • EN *serious [severe, bad]* <Adverb *seriously*> • PT *grave [sério, nefasto]* <Adverb *gravemente*> **Beispiller** zënter sengem *schwéieren* Accident kann hien net méi goen; mäi Bopi ass *schwéier* krank; hien hat eng onwarscheinlech Chance, datt en net méi *schwéier* blesséiert gouf **Synonym** uerg **5.** DE *schwer [gehaltvoll, schwer verdaulich]* • FR *lourd [indigeste]* • EN *heavy [filling, hard to digest]* • PT *pesado [indigesto]* **Beispiller** dat *schwéiert* Iessen ass mir nach nuets eropgestouss; dee *schwéiere* Wäi bekënnert mer net méi esou gutt ewéi fréier

schwéier [ʃw'ɛ:ɪə] Adverb DE *schwer, sehr* • FR *lourdement, beaucoup* • EN *heavily, greatly* • PT *em alto grau, muito* **Beispill** hien huet sech *schwéier* geiert

Schwéierblesséiert [ʃwɛ:ɪəblæs'ɛ:ɪə] Femininum (Pluriel Schwéierblesséiert / Schwéierblesséierter) - weiblech Form vun **Schwéierblesséiert**

Schwéierblesséierten [ʃwɛɪəblæs'ɛɪətən] Maskulinum (Pluriel Schwéierblesséiert / Schwéierblesséierter)

i Hei entsteet en neien Artikel.

schwéierdinn [ʃwɛɪədɪn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **schwéiergedoen**) - Variant vun **schwéierdoen**

schwéierdoen [ʃwɛɪədɔːən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **schwéiergedoen**) » **reflexiv DE** sich *schwertun* • **FR** avoir bien du mal • **PT** ver-se grego, ter *dificuldades* **Beispiller** ech di mech **schwéier** mat neien Technologien; mä Papp huet sech schonn ëmmer **schwéiergedoen**, offen iwwer seng Suergen ze schwätzen

i Variant: **schwéierdinn**

Schwéierelteren [ʃwɛɪəɾ'æltərən] Substantiv (kee Singulier) **DE** Schwiegereltern • **FR** beaux-parents [*parents du conjoint*] • **EN** parents-in-law • **PT** sogros **Beispill** d'Schwéierelteren hunn sech eréischt op der Hochzäit vun hire Kanner kenne geléiert **Synonym** Schwéierleit

schwéierfalen [ʃwɛɪəfa:lən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **schwéiergefall**) » **intransitiv DE** schwerfallen • **FR** en couler à • **EN** to be hard (for) • **PT** custar a [*ser difícil para*] **Beispill** et ass mer nach ëmmer **schwéiergefall**, eppes auswennege ze léieren

schwéierfäleg [ʃwɛɪəfælɔç] Adjektiv **1. DE** schwerfällig [*körperlich*] • **FR** lourdaud, pesant • **EN** ungainly, clumsy • **PT** pesado [*desajeitado, desgracioso*] **Beispill** ech hunn hien u sengem **schwéierfälege** Gank erkannt **Synonym** plomp **2. DE** schwerfällig [*hölzern*] • **FR** lourd, fastidieux *<Adverb lourdement>* • **EN** clumsy, ponderous [*speech*] *<Adverb clumsily>* • **PT** pesado, fastidioso *<Adverb de modo pesado>* **Beispill** dréck dech net esou **schwéierfäleg** aus!

Schwéierkraaft [ʃwɛɪəkra:ft] Femininum (kee Pluriel) **DE** Schwerkraft • **FR** gravité, pesanteur • **EN** gravity [*force of gravity*] • **PT** gravidade [*força de atração*] **Beispill** d'Physikprofessorin huet de Schüler de Prinzip vun der **Schwéierkraaft** erkläert

schwéierlech Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

Schwéierleit [ʃwɛɪələit] Substantiv (kee Singulier) **DE** Schwiegereltern • **FR** beaux-parents [*parents du conjoint*] • **EN** parents-in-law • **PT** sogros **Beispiller** ech gi gutt mat menge **Schwéierleit** eens; meng **Schwéierleit** feieren e Sondeg hir Gëllen Hochzäit **Synonym** Schwéierelteren

Schwéiermamm [ʃwɛɪemam] Femininum (Pluriel Schwéiermammen) **DE** Schwiegermutter • **FR** belle-mère [*mère du conjoint*] • **EN** mother-in-law • **PT** sogra **Beispill** den Eedem ass net gutt op seng **Schwéiermamm** ze spriechen

Schwéiermammszong [ʃwɛɪemamstɔŋ] Femininum (Pluriel Schwéiermammszongen) **DE** Bogenhanf • **FR** sansevière • **PT** sanseviéria **Beispiller** schëtt dee verläschte Béier bei d'**Schwéiermammszong**!; vergiess net, d'**Schwéiermammszong** eemol d'Woch ze

nätzen!

Schwéierpapp [ʃwɛɪəpɑp] Maskulinum (Pluriel Schwéierpappen / Schwéierpäpp) **DE** Schwiegervater • **FR** beau-père [*père du conjoint*] • **EN** father-in-law • **PT** sogro **Beispill** den Eedem huet sengem **Schwéierpapp** gär gehollef usträichen

Schwéierpunkt [ʃwɛɪəpʊŋt] Maskulinum (Pluriel Schwéierpunkten) **1. DE** (*physikalischer*) Schwerpunkt • **FR** centre de gravité • **EN** centre of gravity • **PT** centro de gravidade **Beispill** mäin neien Auto huet eng gutt Strooselag, well de **Schwéierpunkt** déif läit **2. DE** Schwerpunkt [*Hauptsache*] • **FR** dominante, axe (*essentielle*) • **EN** key area, main theme [*priority*] • **PT** tónica, eixo (*essencial*) **Beispiller** de **Schwéierpunkt** vu menger Aarbecht läit an der Recherche; eisen Aktionsprogramm ëmfaasst dräi **Schwéierpunkten**

Schwéiesch [ʃwɛɪəʃ] Femininum (Pluriel Schwéieschen) **DE** Schwägerin • **FR** belle-sœur • **EN** sister-in-law • **PT** cunhada **Beispill** meng **Schwéiesch** huet mäi Brudder gutt am Grëff

Schweigefticht [ʃwɛɪzəfɪçt] Femininum (kee Pluriel) **DE** Schweigepflicht • **FR** secret professionnel • **EN** pledge of professional secrecy, pledge of confidentiality • **PT** sigilo profissional **Beispiller** de Professor gouf vu senger **Schweigefticht** entbonnen, fir viru Gericht kënnen auszesoen; alles, wat e Patient engem Dokter uvertraut, fällt ënner deem seng **Schweigefticht**

i Variant: **Schweigepflicht**

Schweigepflicht [ʃwɛɪzəpɪçt] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **schwéigeflicht**

Schwell [ʃwæɪ] Femininum (Pluriel Schwellen) **1. DE** Schwelle [*Bahnschwelle*] • **FR** traverse [*de voie ferrée*] • **EN** sleeper [*of a railway track*] • **PT** travessa [*de via férrea*] **Beispill** op der neier Zuchlinn leeën d'Aarbechter den Ament d'**Schwellen** **Synonym** Eisebunnschwell **2. DE** Schwelle [*Türschwelle*] • **FR** seuil [*de porte*] • **EN** threshold • **PT** soleira [*de portal*] **Beispill** de Sputt tëschent der **Schwell** an der Dier ass ze grouss, et zitt eran

schwëllen [ʃwɛɪələn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **geschwollen** / **geschwoll**) » **intransitiv DE** schwellen [*Körperteil*] • **FR** enfler [*partie du corps*] • **EN** to swell [*part of the body*] • **PT** inchar [*parte do corpo*] **Beispiller** wann de Fanger gebrach ass, da **schwëllt** en; no deem laange Fluch hat ech d'**Feïss geschwollen**

i Verben, déi **schwëllen** als Basis hunn: **ofschwëllen** an **uschwëllen**

Schwellung [ʃwɛɪəlʊŋ] Femininum (Pluriel Schwellungen) **DE** Schwellung • **FR** enflure • **EN** swelling • **PT** inchaço **Beispill** wann d'**Schwellung** net zeréckgeet, muss de bei den Dokter goen!

Schwëmmer [ʃwɛɪəmə] Maskulinum (Pluriel Schwëmmer) **DE** Schwimmer [*Person*] • **FR** nageur • **EN** swimmer • **PT** nadador **Beispiller** dee jéngste **Schwëmmer** huet sech als Zweete klasséiert; e **Schwëmmer** ass vun der Stréimung matgerappt ginn an ass erdrunk

i Weiblech Form: **schwëmmerin**

Schwëmmerin [ʃw'əmərɪn] Femininum (Pluriel Schwëmmerinnen) DE *Schwimmerin* [Person] • FR *nageuse* • PT *nadadora* **Beispill** déi jonk Schwëmmerin huet eng gutt Technik beim Kraulen

Männlech Form: ↗ Schwëmmer

Schwéngchen [ʃw'ɛŋçən] Neutrum (Pluriel Schwéngercher) - Diminutivform vun ↗ Schwäin **1.** DE *Setzkugel, Schweinchen* • FR *cochonnet* [boule] • EN *jack* [ball] • PT *laranjinha* [bola] **Beispill** du muss versichen, deng lescht Bull esou no ewéi méiglech bei d'Schwéngchen ze schéissen **2.** [Kannersprooch] DE *Ferkel, Schmutzfinn* • FR *(petit) cochon* [enfant] • EN *little piggy* [child] • PT *porcalhão* [criança] **Beispill** wou hues de dech dann elo nees esou knaschteg gemaach, du bass awer e richtegt Schwéngchen! **Synonym** Gissi **3.** DE *Assel* • FR *cloporte* • EN *woodlouse* • PT *bicho-de-conta* **Beispill** ënnerem Stee souzen eng zwanzeg Schwéngercher **Synonymmen** Assel, Mierschwéngchen

Schwéngfleesch [ʃw'ɛŋçə:f] Neutrum (kee Pluriel) DE *Schweinefleisch* • FR *viande de porc* • EN *pork* • PT *carne de porco* **Beispiller** d'Judden an d'Moslemen iesse kee Schwéngfleesch; d'Schwéngfleesch ass gewéinlech méi bëlleg ewéi d'Kallefleesch; dat do ass Speck a Schwéngfleesch [ëgs] [dat do ass zweemol genee dat selwecht]

schwéngen [ʃw'ɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschwongen / geschwong) » **transitiv 1.** DE *schwingen* [hin- und herbewegen] • FR *balancer, agiter* • EN *to swing* [to and fro] • PT *balançar, agitar* **Beispill** de Massendénger huet d'Weirauchfässche geschwongen **Synonym** schwenken » **intransitiv 2.** DE *schwingen* [pendeln] • FR *osciller, balancer* • EN *to swing, to sway, to rock* • PT *oscilar, balançar* **Beispill** vun enger bestëmmter Wandstäerkt u fänkt d'Bréck u mat schwéngen

Schwéngerei [ʃw'ɛŋə'rɔi] Femininum (Pluriel Schwéngereien) **1.** [ëgs] DE *Schweinerie* [Schmutz] • FR *cochonnerie, saleté* • EN *mess, filth, muck* • PT *porcaria, sujeira* **Beispill** botz d'Schwéngerei, déi s de gemaach hues, selwer op! **Synonym** Sauerei **2.** [ëgs] DE *Schweinerie* [Gemeinheit, Unverschämtheit] • FR *saloperie* [vacherie], *scandale* [fait révoltant] • EN *dirty trick, disgrace, scandal* • PT *sacanice* [patifaria], *escândalo* [facto revoltante] **Beispiller** mäin Noper mécht mer eng Schwéngerei no där anerer; et ass eng Schwéngerei, datt mir solle fir e Schued opkommen, fir dee mir net responsabel sinn! **Synonym** Sauerei **3.** [ëgs] DE *Schweinerie* [Obszönität] • FR *saloperie, cochonnerie* [obscénité] • EN *smut, obscenity* • PT *obscenidade, indecência* **Beispill** op der Gare sti Schwéngereien op den Toilettendieren **Synonym** Knaschtere

Schwénglaut [ʃw'ɛŋjæ:ʊt] Maskulinum (Pluriel Schwénglauter)

Hei entsteet en neien Artikel.

Schwéngsbrot [ʃw'ɛŋsbr'ɔ:t] Maskulinum (Pluriel Schwéngsbroten) DE *Schweinebraten* • FR *rôti de porc* • EN *roast pork* • PT *carne de porco* (assada), *carne de porco* (para assar) **Beispiller** de Mëtteg gëtt et an der Kantin Schwéngsbrot mat Püree an Ierbessen; ech

iesse gär Boune beim Schwéngsbrot; gitt mer wannechgelift e Kilo Schwéngsbrot!

schwéngseg [ʃw'ɛŋsɛç] Adjektiv [ëgs] DE *schweinish lunanständig* • FR *cochon, grivois* • EN *naughty, dirty* [lewd] • PT *porco, indecente* **Beispill** et gesäit een der deng schwéngseg Gedanken an den Aen of!

Variant: schwéngzeg

schwéngseg [ʃw'ɛŋsɛç] Adverb **1.** [ëgs] DE *schweinish, wie ein Ferkel* • FR *comme un cochon, de manière sale* • EN *piggishly, like a pig* • PT *como um porco, de uma maneira suja* **Beispill** hal op, esou schwéngseg z'iesse! **Synonym** knaschteg **2.** [ëgs] DE *saumäßig* [sehr] • FR *vachement, horriblement* [très] • EN *bloody* [very] • PT *brutalmente, terrivelmente* [muito] **Beispiller** dee Lüster war schwéngseg deier; et war hënt schwéngseg kal dobaussen **Synonym** sauméisseg

Variant: schwéngzeg

schwéngsen [ʃw'ɛŋsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschwéngst) » **intransitiv** DE *nach Schwein riechen, nach Schwein schmecken* • FR *sentir le porc, avoir un goût de porc* • EN *to smell of pork, to taste of pork* • PT *cheirar a porco, saber a porco* **Beispill** ech kann dat Fleesch net iessen, et schwéngst

Schwéngsfilet Maskulinum (Pluriel Schwéngsfileten)

Hei entsteet en neien Artikel.

Schwéngsliewer [ʃw'ɛŋs'ljə:vɛ] Femininum **1.** (Pluriel Schwéngslieweren) DE *Schweineleber* [Organ] • FR *foie de porc* [organe] • EN *pig's liver* [organ] • PT *figado de porco* [órgão] **Beispill** fir de Pâté hunn ech zwou ganz Schwéngsliewere verschafft **2.** (kee Pluriel) [Gas-tronomie] DE *Schweineleber* [Nahrungsmittel] • FR *foie de porc* [produit alimentaire] • EN *pig's liver* [food] • PT *figado de porco* [alimento] **Beispill** muer gëtt et Schwéngsliewer mat Ënnen a Püree

Schwéngsstall [ʃw'ɛŋs'tal] Maskulinum (Pluriel Schwéngsställ) - Variant vun ↗ Schwäistall

schwéngzeg [ʃw'ɛŋtsɛç] Adjektiv - Variant vun ↗ schwéngseg

schwéngzeg [ʃw'ɛŋtsɛç] Adverb - Variant vun ↗ schwéngseg

schwenken [ʃw'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschwenkt) » **transitiv 1.** DE *ausspülen, schwenken* • FR *rincer* • EN *to rinse* • PT *enxaguar* [passar por água], *lavar* [bochechando] **Beispiller** schwenk däi Glas léiwer, ier s de draus drénks!; de Pullover muss nach eng Kéier geschwenkt ginn, et ass nach Seef dran; de Coiffer huet sech gutt Zäit geholl, fir mer d'Hoer ze schwenken; well ech eng Entzündung um Zännfleesch hunn, schwenken ech mäi Mond mat Kamillentéi **Synonym** ausschwenken **2.** DE *schwingen* [hin- und herbewegen] • FR *balancer, agiter* • EN *to swing* • PT *balançar, agitar* **Beispill** de Massendénger huet d'Weirauchfässche geschwenkt **Synonym** schwéngen

Verben, déi schwenken als Basis hunn: ↗ ausschwenken an ↗ ofschwenken

Schwëster [ʃw'æstɛ] Femininum (Pluriel Schwëstere) **1.** DE *Schwester* [Verwandte] • FR *sœur*

[parente] • **EN** sister [relative] • **PT** irmã [parente] **Beispiller** ech hunn e Brudder an zwou Schwësteren; mir sinn ewéi Brudder a Schwëster [mir verstinn eis ganz gutt] **2. DE** Schwester [Nonne] • **FR** sœur [religieuse] • **EN** sister, nun • **PT** irmã, freira **Beispill** d'Schwëstere këmmere sech selwer ëm de Klouschtergaart **Synonym** Nonn

i Variant: Sëschter

Schwësterchen [ʃw'æstɛɕən] Femininum (Pluriel Schwëstercher) - Diminutivform vun ↗Schwëster

Schwiddelbruch [ʃw'idəlbrux] Eegennumm **DE** Schwiedelbruch • **FR** Schwiedelbrouch • **EN** Schwiedelbrouch • **PT** Schwiedelbrouch **Beispiller** ech wunnen zu Schwiddelbruch; fiert dëse Bus op Schwiddelbruch?

Schwief [ʃwiəf] Femininum (kee Pluriel) an der Schwief **DE** in der Schwebe • **FR** en suspens • **EN** on hold, pending • **PT** em suspensão **Beispill** de Bauprojet ass nach ëmmer an der Schwief, well d'Gemeng d'Ge- neemegung nach net ausgestallt huet

Schwiefel [ʃw'iəfəl] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Schwiewel

schwiefelen [ʃw'iəfələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschwiefelt) - Variant vun ↗schwiewelen

Schwie [ʃw'i:ɕ] Maskulinum (Pluriel Schwieren) **DE** Geschwür, Abszess • **FR** ulcère, abcès • **EN** ulcer, abscess • **PT** úlcera, abcesso **Beispiller** d'Patientin huet e Schwie am Ausgang vum Mo; wéi de Schwie opge- fuer ass, huet d'Péng endlech nogelooss

schwierig [ʃw'i:ɕrəɕ] Adjektiv **1. DE** schwierig [an- spruchsvoll, anstrengend] • **FR** difficile [exigeant, dur] • **EN** difficult, demanding • **PT** difícil [exigente, duro] **Beispiller** déi Aufgab war esou schwierig, datt kee vun de Schüler se fäerdgebruecht huet; an deem Parcours sinn e puer schwierig Passagen **Synonym** schwéier **2. DE** schwierig [im Umgang] • **FR** difficile [difficile à vivre, intraitable] • **EN** difficult, trying [inflexible] • **PT** difícil [de difícil convivência, intratável] **Beispiller** du hues et eraus, fir mat schwierige Leit ëmzegoen!; hien huet e schwierige Charakter, et muss een ëmmer Rücksicht op en huelen **3. DE** schwierig [unangenehm, heikel] • **FR** difficile [désagréable, délicat] • **EN** difficult [awkward, tricky] • **PT** difícil [desagradável, delicado] **Beispiller** d'Sit- uatioun um Aarbechtsmaart ass am Ament schwierig; d'Opklärung ass och haut nach fir vill EL- teren e schwierig Theema

Schwieregkeet [ʃw'i:ɕrəɕke:t] Femininum (Pluriel Schwierigkeeten) **DE** Schwierigkeit [Unannehmlichkeit, Hindernis] • **FR** difficulté [désagrément, ennui] • **EN** difficulty, problem • **PT** dificuldade [contrariedade, embaraço] **Beispiller** trotz de Schwierigkeeten hu mir d'Affär gemeeschtert; op der Douane hunn se mer Schwierigkeete gemaach, well ech mäi Pass net bei mer hat; eis Schwierigkeete si finanzieller Natur

schwieren [ʃw'i:ɕrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschwuer) » **transitiv 1. DE** schwören [ge- loben, versprechen] • **FR** jurer (de) [assurer, promettre] • **EN** to swear [to promise] • **PT** jurar [assegurar, prometer] **Beispiller** den Zeien huet geschwuer, datt e géif d'Wouerecht soen; mäi Brudder schwiert ëmmer

erëm, datt e géif ophale mat fëmmen; ech kéint schwieren, datt ech eise Chef gëschter am Kino gesinn hunn [ech si sécher, datt ech eise Chef gëschter am Kino gesinn hunn]; ech hu mer geschwuer, ni méi dovun ze schwätzen [ech hu mer fest virgeholl, ni méi dovun ze schwätzen] » **intransitiv 2. schwieren** op **DE** schwören auf [einen Eid ablegen auf] • **FR** jurer sur • **EN** to swear on, to take an oath on • **PT** jurar sobre [prestar juramento sobre] **Beispill** fir President ze ginn, huet de gewielte Kandidat missen op d'Bibel schwieren **3. schwieren** op **DE** schwören auf [überzeugt sein von] • **FR** ne jurer que par • **EN** to swear by • **PT** dizer maravilhas de, confiar [cegamente] em **Beispiller** vill Leit schwieren op d'alternativ Medezin; ech schwieren op meng Néiesch!

Schwiewel [ʃw'iəvəl] Maskulinum (kee Pluriel) **1. [Chimie] DE** Schwefel [chemisches Element] • **FR** soufre [élément chimique] • **EN** sulphur [chemical element] • **PT** enxofre [elemento químico] **Beispill** d'Element Schwiewel gehéiert zum Grupp vun den Netmetaller **2. DE** Schwefel [Nichtmetall] • **FR** soufre [non-métal] • **EN** sulphur [non-metal] • **PT** enxofre [não-metal] **Beispiller** d'Riewe ginn an der Bléi mat Schwiewel gesprézt; uewen um Vulkan huet et staark no Schwiewel ge- roch

i Variant: Schwiefel

schwiewelen [ʃw'iəvələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschwiewelt) » **transitiv DE** schwefeln • **FR** souffrer • **EN** to sulphur, to treat with sulphur • **PT** en- xofrar, sulfurar **Beispill** gedréchent Uebst gëtt dacks geschwiewelt, fir datt et seng schéi Faarf behält

i Variant: schwiefelen

schwiewen [ʃw'iəvən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé geschwief) » **intransitiv DE** schweben • **FR** planer [flotter] • **EN** to glide, to float • **PT** pairar [flutuar] **Beispiller** héich iwwe den Haiser schwieft e Ballon; eis Professorin schwieft heiansdo [egg] [eis Professorin dréckt sech heiansdo komplizéiert aus]

i Verb, dat **schwiewen** als Basis huet: ↗virschwiewen

Schwindel [ʃw'indəl] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** Schwindel [Betrug] • **FR** tromperie, escroquerie • **EN** deception, fraud • **PT** aldrabice, trapaça **Beispill** op der Douane ass de Schwindel mat de falsche Pabeieren opgefllunn **2. DE** Schwindel [Schwindelgefühl] • **FR** vertige, tounnis • **EN** dizziness, vertigo • **PT** vertigem, tontura **Beispill** Schwindel ass eng vun den Niewewierkunge vun deem Medikament

Schwindelattack [ʃw'indələtak] Femininum (Pluriel Schwindelattacken) **DE** Schwindelanfall • **FR** étourdisse- ment, vertige • **EN** vertigo, dizziness • **PT** tontura, vertigem **Beispill** eng Schwindelattack ka plätzlech kommen a goen

schwindeleg [ʃw'indələɕ] Adjektiv **DE** schwindlig • **FR** pris de vertiges • **EN** dizzy • **PT** com vertigens, tonto **Beispiller** ech muss mech setzen, et ass mer schwindeleg; wann ech eng Walz danzen, gëtt et mer schwindeleg **Synonym** dronken

schwindelen [ʃw'indələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geschwindelt) » **intransitiv DE** schwin-

deln • **FR** raconter des boniments, tricher • **EN** to be a swindler, to be a con artist • **PT** dizer aldrabices, mentir
Beispill gleef deem Kärel näischt, dee schwindelt!

schwindelfräi [ʃw'indəlfɾæ:ɪ] Adjektiv **DE** schwindelfrei • **FR** exempt de vertiges, non sujet aux vertiges • **EN** free from vertigo, not subject to vertigo • **PT** isento de vertigens **Beispiller** fir kloteren ze goen, muss ee schwindelfräi sinn; ech kann net hei erofkucken, ech sinn net schwindelfräi

Schwindler [ʃw'indlə] Maskulinum (Pluriel Schwindler) **DE** Schwindler [Betrüger] • **FR** escroc, arnaqueur • **EN** swindler, conman, con artist • **PT** aldrabão, vigarista **Beispill** ech wier op een Hoer op dee Schwindler eragefall!

♀ Weiblech Form: ↗Schwindlerin

Schwindlerin [ʃw'indləɾin] Femininum (Pluriel Schwindlerinnen) **DE** Schwindlerin [Betrügerin] • **FR** femme escroc, arnaqueuse • **PT** aldrabona, vigarista **Beispill** maach, datt déi Schwindlerin der d'Wouerecht gesot huet!

♂ Männlech Form: ↗Schwindler

Schwirrel [ʃw'irəl] Maskulinum (Pluriel Schwirrelen) Locustella naevia **DE** Feldschwirl • **FR** locustelle tachetée • **EN** grasshopper warbler • **PT** felosa-malhada **Beispill** wéi laang bréien d'Schwirrelen?

Schwoer [ʃw'o:ɐ] Maskulinum (Pluriel Schweeër / Schwooeren) **DE** Schwager • **FR** beau-frère • **EN** brother-in-law • **PT** cunhado **Beispiller** mëi fréiere Schwoer huet meng Schwëster jorelaang hannergaangen; ech hu laang d'Bedeutung vu Schwoer an Eedem verwiesselt

Schwong [ʃwɔŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** Schwung [Bewegung] • **FR** élan [mouvement] • **EN** vigour, energy • **PT** impeto [movimento] **Beispiller** du muss de Ball mat Schwong geheien!; wa mir bis am Schwong sinn, da fluppt et! [égs] [wa mir bis richtig ugefaangen hunn, da fluppt et!]; de Betrib koom eréischt virun zwee Joer richtig a Schwong [égs] [de Betrib huet eréischt virun zwee Joer ugefaange gutt ze lafen] **2. DE** Schwung [Begeisterung] • **FR** élan [enthousiasme, dynamisme] • **EN** enthusiasm, dynamism • **PT** impeto, entusiasmo **Beispill** d'Studentinne si mat Schwong un den neie Projet erugaangen **Synonym** Elan

♀ Variant: Schwonk

Schwonk [ʃwɔŋk] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Schwong

schwul [ʃwu:l] Adjektiv [égs] **DE** schwul • **FR** gay, homo • **EN** gay [homosexual] • **PT** gay **Beispill** hie mécht kee Geheimnis draus, datt e schwul ass **Synonym** homosexuell

Schwunn [ʃwun] Maskulinum (Pluriel Schwunnen) Cygnus olor - Variant vun ↗Schwan

Schwunnendall [ʃw'unəndal] Eegennumm **DE** Schwanenthal • **FR** Schwanenthal • **EN** Schwanenthal • **PT** Schwanenthal **Beispiller** fréier gouf dat futtist Véi an de Schwunnendall gefouert; fiert dëse Bus an de Schwunnendall?

Sciatique [sɪat'ik] Femininum (Pluriel Scliatiquen) **DE** Ischias • **FR** sciatique • **EN** sciatica • **PT** ciática **Beispill** wéinst där blöder Scliatique war ech eng Woch am Krankeschäin!

Science Femininum (Pluriel Sciencen)

♀ Hei entsteet en neien Artikel.

scolariséieren [skola:'ɾiz'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé scolariséiert) » **transitiv DE** einschulen • **FR** scolariser [faire commencer l'école] • **PT** escolarizar **Beispiller** zu Lëtzebuerg ginn d'Kanner gewéinlech mat véier Joer scolariséiert; huet eis Schoul genuch Capacitéiten, fir nach weider Kanner ze scolariséieren?

scolariséiert Adjektiv scolariséiert sinn **DE** die Schule besuchen • **FR** être scolarisé [fréquenter l'école] • **EN** to attend school • **PT** estar escolarizado **Beispiller** iwwer d'Hallschent vun de Kanner, déi bei eis scolariséiert sinn, hunn eng aner Mammesprooch ewéi Lëtzebuergesch; engem Rapport no sinn nach ronn 75 % vun de Jugendlechen téschent 16 an 18 Joer scolariséiert **Synonym** an d'Schoul goen

♀ „scolariséiert“ kann och de Participe passé vum Verb ↗scolariséieren sinn.

Scooter Maskulinum (Pluriel Scooteren)

♀ Hei entsteet en neien Artikel.

Scotch Maskulinum (Pluriel Scotchen)

♀ Hei entsteet en neien Artikel.

Scotch Maskulinum (kee Pluriel)

♀ Hei entsteet en neien Artikel.

Scout [skəʊt] Maskulinum (Pluriel Scouten) **DE** Pfadfinder • **FR** scout • **EN** scout • **PT** escuteiro **Beispiller** d'Scouten hunn hir Bidonen un der Quell gefällt; ech war vu Klengem u bei de Scouten

Scoutscamp [sk'əʊtskɑ:] Maskulinum (Pluriel Scoutscampen) **DE** Pfadfinderlager • **FR** camp scout • **EN** scout camp • **PT** acampamento escutista **Beispill** um Scoutscamp baut all Patrull hir eege Kichen

Scoutschef [sk'əʊtsʃæf] Maskulinum (Pluriel Scoutscheffen) **DE** Pfadfinderleiter • **FR** chef scout • **EN** Scout leader • **PT** chefe escutista **Beispiller** eise Scoutschef ass e gudde Pedagog; d'Scoutscheffen hu fir de Weekend eng flott Aktivitéit mat de Kanner geplangt

♀ Weiblech Form: ↗Scoutscheftaine

Scoutscheftaine [sk'əʊtsʃæfte:n] Femininum (Pluriel Scoutscheftainen) **DE** Pfadfinderleiterin • **FR** cheftaine scoute • **PT** chefe escutista [mulher, rapariga] **Beispill** d'Scoutscheftaine huet e Camp am Ausland fir hir Scouten organiséiert

♂ Männlech Form: ↗Scoutschef

scrappen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gescrapp)

♀ Hei entsteet en neien Artikel.

scratches [sk'ætʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gescratcht)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Screening [skɹ'i:nɪŋ] Maskulinum (Pluriel Screeningen) **1. DE** *Screening* [Untersuchung] • **FR** *analyse systématique, dépistage* • **EN** *screening* [testing] • **PT** *avaliação sistemática, despistagem* **Beispiller** iwwer e Screening ka spëider erausfonnt ginn, ob déi nei Mesurë gegraff hunn; wann d'Patiente mat Covid-19-Symptomer an d'Spidol kommen, gëtt den éischte Screening wéinst der Ustiechungsgefor an engem separate Raum gemaach **2. DE** *Screening* [Filmvorführung] • **FR** *projection, visionnage* [d'un film] • **EN** *screening* [of a film, of a video] • **PT** *projeção, visionamento* [de um filme] **Beispill** am Summer gi Screeninge vu Kultfilmer am Park organiséiert

Screenshot Maskulinum (Pluriel Screenshotten / Screenshots)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

screenshotten Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gescreenshott)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

scrollen [skr'ɔ:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gescrollt)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

I Verben, déi **scrollen** als Basis hunn: ↗scrollen an ↗scrollen

sculptéieren [skylpt'ɛ:ɪəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé sculptéiert) » **transitiv DE** *skulptieren, meißeln, schnitzen* • **FR** *sculpter* • **EN** *to sculpt* • **PT** *esculpir* **Beispill** dëse Kënschtler sculptéiert virun allem Figuren aus Marber

Sculpteur [sk'y'lyptœ:r] Maskulinum (Pluriel Sculpteuren) **DE** *Bildhauer* • **FR** *sculpteur* • **EN** *sculptor* • **PT** *escultor* **Beispiller** dem Sculpteur seng Wierker sinn nach bis Enn des Mounts am Musée ausgestallt; de Sculpteur huet eng Figur aus dem Fiels gemesselt

I Weiblech Form: ↗Sculptrice

Sculptrice [skylptr'is] Femininum (Pluriel Sculptrices) **DE** *Bildhauerin* • **FR** *sculptrice* • **PT** *escultora* **Beispill** där renomméierter Sculptrice hir Wierker ginn elo an eng Ausstellung gewisen

I Männlech Form: ↗Sculpteur

se [zə] Personalpronomen » **3. Persoun Singulier / weiblech / Nominativ 1. DE** *sie* • **FR** *elle* • **EN** *she* • **PT** *ela* **Beispill** haut de Mueren ass **se** gutt gelaunt » **3. Persoun Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Nominativ 2. DE** *sie* • **FR** *ils, elles* • **EN** *they* • **PT** *eles, elas* **Beispill** gi **se** mat spadséieren, oder bleiwe **se** doheem? » **3. Persoun Singulier / weiblech / Akkusativ 3. DE** *sie* • **FR** *la* • **EN** *her* • **PT** *a* **Beispill** mir gesi **se** all Mëtteg mat hirem Mann an der Stad » **3. Persoun Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Akkusativ 4. DE** *sie* • **FR** *les* • **EN** *them* • **PT** *os, as* **Beispiller** ech fannen **se** eegenarteg, eis nei Noperen; wéi ech **se** all gezielt hat, sinn ech op 30 Leit komm

Seaborgium [sib'ɔrgjum] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** *Seaborgium* [chemisches Element] • **FR** *seaborgium* [élément chimique] • **EN** *seaborgium* [chemical element] • **PT** *seabórgio* [elemento químico] **Beispill** d'EL-

ement **Seaborgium** gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller

Seance [se'ã:s] Femininum (Pluriel Seancen) **1. DE** *Vorstellung, Vorführung* • **FR** *séance* [d'un spectacle] • **EN** *screening, showing* • **PT** *sessão* [de um espetáculo] **Beispill** an der leschter Seance vum Owend souz ech eleng am Kino **2. DE** *Sitzung* [Versammlung] • **FR** *séance* [d'une assemblée] • **EN** *meeting, session* [of an official body] • **PT** *sessão* [de uma assembleia] **Beispill** an der leschter Seance huet d'Parlament iwwer dat neit Steiergesetz ofgestëmmt **Synonym** Sëtzung **3. DE** *Sitzung* [zur Behandlung, zur Beratung] • **FR** *séance* [pour traitement, pour consultation] • **EN** *session* [for treatment, for coaching], *seance* • **PT** *sessão* [para tratamento, para consulta] **Beispiller** den Dokter huet mer zéng Seancë beim Kiné verschriwwen; eis Nopesch war an eng Seance mat engem Medium, fir hire verstuere wene Mann ze kontaktéieren; eng eenzel Seance bei deem Trainer ass mir ze deier

sec [sæk] Adjektiv **1. DE** *schröff* [barsch] • **FR** *sec* [brusque, cassant] <Adverb *sèchement*> • **EN** *curt, brusque, sharp* <Adverb *curtly, brusquely, sharply*> • **PT** *seco* [brusco, rude] <Adverb *secamente*> **Beispiller** dái secken Toun fannen ech an dësem Gespréich net ubruecht; dee Professor war ëmmer ganz **sec** mat senge Schüler; muss de ëmmer esou **sec** äntweren? **2. DE** *trocken* [Wein] • **FR** *sec* [vin] • **EN** *dry* [wine] • **PT** *seco* [vinho] **Beispill** bei dëse Plat passt e secke Riesling

Secateur [s'ekatoe:r] Maskulinum (Pluriel Secateurs) **DE** *Baumschere* • **FR** *secateur* • **EN** *secateurs* • **PT** *tesoura de podar* **Beispill** huel de Secateur, fir déi kleng Äscht ofzepëtzten!

sech [zɛç] Reflexivpronomen » **3. Persoun Singulier / Dativ 1. DE** *sich* • **FR** *se* • **EN** *himself* • **PT** *se* **Beispill** hien ass grad amgaang, **sech** d'Zänn ze wäschen » **3. Persoun Singulier / Akkusativ 2. DE** *sich* • **FR** *se* • **EN** *herself* • **PT** *se* **Beispill** si kennt **sech** an där Matière gutt ass » **3. Persoun Pluriel / Dativ 3. DE** *sich* • **FR** *se* • **EN** *themselves* • **PT** *se* **Beispill** si hu wëlles, **sech** en neien Auto ze kafen » **3. Persoun Pluriel / Akkusativ 4. DE** *sich* • **FR** *se* • **EN** *themselves* • **PT** *se* **Beispill** d'Leit hu **sech** gutt ameséiert

Séchel [z'ɛçəl] Femininum (Pluriel Séchelen) **DE** *Sichel* • **FR** *faucille* • **EN** *sickle* • **PT** *foice* **Beispiller** kenns du den Ënnerscheid tëschent enger Séchel an enger Séissel?; de Bauer huet mat der Séchel laansch d'Felder gebotzt; kuck, de Mound ass just nach eng Séchel! [kuck, de Mound huet just nach d'Form vun enger Séchel!]

séchelen [z'ɛçələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geséchelt)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Séchelsandleefer [z'ɛçəlzantle:fe] Maskulinum (Pluriel Séchelsandleefer) **Calidris ferruginea** **DE** *Sichelstrandläufer* • **FR** *bécasseau cocorli* • **EN** *curlew sandpiper* • **PT** *pilrito-de-bico-comprido* **Beispill** wéi laang bréien d'Séchelsandleefer?

sêcher [z'ɛçɛ] Adjektiv **1. DE** *sicher* [gefährlos] • **FR** *sûr* [sans danger, sans risque] <Adverb *sans danger, sans risque*> • **EN** *safe, secure* <Adverb *safely, securely*> • **PT** *seguro* [livre de perigo, de risco] <Adverb *sem perigo, sem*

risco > **Beispiller** mir wunnen an enger *sécherer* Strooss; nei Dämm sollen déi ganz Géigend bei Iwwerschwemmunge méi *sécher* maachen; d’Koppel wëllt hir Sue *sécher* uleeën **2. DE** *sicher, gewiss* • **FR** *sûr, certain* [assuré] <Adverb *sûrement, inévitablement*> • **EN** *sure, certain* <Adverb *surely, certainly*> • **PT** *seguro, certo* [garantido] <Adverb *seguramente, inevitavelmente*> **Beispiller** der Gemeng hir Bedelegung um Finanzement vun deem Projet ass nach net *sécher*; et ass *sécher*, datt de Papp net mat op d’Rees geet; d’Fest geet lues, awer *sécher*, op en Enn; (ma) *sécher* dat! [égs] [⇒ seet een, wann ee mat engem anere senger Ausso absolut d’accord ass] **Synonym** gewëss **3. DE** *sicher, gesichert* • **FR** *assuré* [garanti, stable] • **EN** *secure* [guaranteed] • **PT** *seguro* [estável, constante] **Beispill** am Moment hunn ech leider kee *séchert* Akommes **4.** (sech) *sécher* sinn **DE** *sicher sein* [überzeugt sein] • **FR** *être sûr* (de), *être convaincu* (de) • **EN** *to be sure* [to be convinced] • **PT** *ter a certeza* (de) **Beispiller** bass de (der) *sécher*, datt dat keng optesch Täuschung war?; ech si (mer) menger Saach *sécher*!; ech wier (mer) an denger Plaz net esou *sécher*, datt d’Kanner op deem Fest erwünscht sinn **5. DE** *sicher* [zweifelsfrei, zuverlässig] • **FR** *sûr* [fiable] • **EN** *reliable* • **PT** *seguro* [fidedigno] **Beispiller** mir hunn e *séchere* Beweis derfir, datt de Verdächtige gelunn huet; ech krut déi Informatioun aus *sécherer* Quell; kontrolléier nach emol, *sécher* ass *sécher*! [égs] [kontrolléier nach emol, fir de leschten Zweifel kënnen auszuschléissen!] **6. DE** *sicher* [unfehlbar] • **FR** *sûr* [infaillible] • **EN** *infallible, steady, safe* • **PT** *seguro* [infalível, firme] **Beispiller** meng Schwëster huet bei der Arichtung vun hirem Haus e *séchere* Goût bewisen; e Chirurg muss eng *sécher* Hand hunn **7. DE** *sicher* [selbstsicher] • **FR** *plein d’assurance, sûr de soi* <Adverb *avec assurance*> • **EN** *confident, self-confident* <Adverb *confidently*> • **PT** *confiante, seguro* (de si) <Adverb *com segurança*> **Beispiller** de Riedner schwätzt an engem *sécheren* Toun; hie mécht kee ganz *sécheren* Androck; d’Fra, déi interviewt gouf, huet fräi a *sécher* virun der Kamera geschwat

sécher [z’ɛçɛ] Adverb **DE** *sicher, bestimmt, vermutlich, wohl* • **FR** *sûrement, sans doute* • **EN** *surely, without a doubt* • **PT** *certamente, de certeza, sem dúvida* **Beispiller** si hu *sécher* mat gudder Absicht gehandelt; ouni Leeder wier ech *sécher* net méi vum Bam erofkomm; mäi Papp ass nach net doheem, en ass *sécher* engem Kénnege begéint **Synonymmen** bestëmmt, sécherlech

sécheren [z’ɛçɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *gesécher*) » **transitiv 1. DE** *sichern* [sicher machen, schützen] • **FR** *sécuriser* [rendre plus sûr, protéger] • **EN** *to secure, to protect* [to make safe] • **PT** *tornar seguro, garantir a segurança de, proteger* **Beispiller** mir hunn d’Diere mat zousätzleche Reedele *gesécher*; beim Klamme *séchert* een Alpinist deen aneren; d’Trap am Réibau ass net genuch *gesécher*; den Zougang zu deenen Dokumenter ass mat dräi Codë *gesécher* **2. DE** *sichern* [eine Waffe] • **FR** *mettre le cran de sûreté de* • **EN** *to put the safety catch on* • **PT** *colocar em posição de segurança* [uma arma] **Beispill** de Jeeër huet seng Flënt *gesécher*, ier en se an den Auto geluecht huet **3. DE** *sichern* [gewährleisten] • **FR** *garantir* [stabiliser, assurer] • **EN** *to safeguard, to ensure* • **PT** *garantir* [estabilizar, assegurar] **Beispiller** déi alliiert Zal-

dote goufen agesat, fir de Fridden ze *sécheren*; duerch meng nei beruflech Situatioun ass meng Zukunft *gesécher* **4. DE** *sichern* [Daten] • **FR** *savegarder, archiver* [des données] • **EN** *to save* [data] • **PT** *arquivar* [dados] **Beispill** op der Bank ginn all d’Donnéeën owes *gesécher* **5. DE** *sichern* [garantieren] • **FR** *assurer* [garantir l’obtention de] • **EN** *to secure, to guarantee* • **PT** *assegurar* [garantir a obtenção de] **Beispiller** säi Klassement am Concours *séchert* him eng Plaz beim Staat; mat enger Zousazpensioun *séchers* de der e bessert Akommes am Alter

i Verben, déi **sécheren** als Basis hunn: *zousécheren* an *zousécheren*

séchergoen [z’ɛçɛgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé *séchergaangen* / *séchergaang*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Sécherheet [z’ɛçɛhe:t] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Sicherheit* [vor einer Gefahr] • **FR** *sécurité* [sûreté] • **EN** *security* [safety] • **PT** *segurança* [perante um perigo] **Beispiller** eng extra Kommissioun bekëmmert sech ëm d’*Sécherheet* vun de Gebaier; der Police hir Presenz gëtt de Geschäftsleit e Gefill vu *Sécherheet* **2.** mat *Sécherheet* **DE** *mit Bestimmtheit, mit Sicherheit* • **FR** *avec certitude* • **EN** *with certainty* • **PT** *com certeza* **Beispill** ech kann der net mat *Sécherheet* soen, ob ech op deng Party ka kommen **3. DE** *Sicherheit, Garantie* • **FR** *garantie, sécurité* • **EN** *guarantee, security* • **PT** *garantia, segurança* **Beispiller** et gëtt keng *Sécherheet*, datt d’Parteien halen, wat se virun de Wale versprochen; eng Staatsplaz gëtt dem Salarié ëmmer nach eng gewësse *Sécherheet* **4.** (kee Pluriel) **DE** *Sicherheit* [Selbstbewusstsein] • **FR** *assurance, confiance en soi* • **EN** *confidence* [self-assurance] • **PT** *segurança, autoconfiança* **Beispill** dem Riedner huet et u *Sécherheet* gefeelt **5.** (Pluriel *Sécherheeten*) **DE** *Sicherheit* [Sicherheitsleistung] • **FR** *garantie* (financière) • **EN** *security* [financial guarantee] • **PT** *garantia* (financeira) **Beispill** d’Bank freet zousätzlech *Sécherheete* fir de Prêt

Sécherheetsbeamten [z’ɛçɛhe:tsbæmtən] Maskulinum (Pluriel *Sécherheetsbeamten*) **DE** *Sicherheitsbeamter* • **FR** *agent de sécurité* • **EN** *security officer* • **PT** *agente de segurança* **Beispill** beim Iwwerfall gouf e *Sécherheetsbeamte* blesséiert

i Weiblech Form: *z’Sécherheetsbeamtin*

Sécherheetsbeamtin [z’ɛçɛhe:tsbæmtin] Femininum (Pluriel *Sécherheetsbeamtinnen*) **DE** *Sicherheitsbeamtin* • **FR** *agente de sécurité* • **EN** *security officer* [female] • **PT** *agente de segurança* [mulher] **Beispill** d’*Sécherheetsbeamtin* konnt de Bankiwwerfall net verhënnern

i Männlech Form: *z’Sécherheetsbeamten*

Sécherheetsdëngscht Maskulinum (Pluriel *Sécherheetsdëngschter*) **DE** *Sicherheitsdienst* • **FR** *service de sécurité* • **EN** *security (service)* • **PT** *serviço de segurança* **Beispill** berouegt Iech oder ech ruffen de *Sécherheetsdëngscht*!

Sécherheetsdier [z’ɛçɛhe:tsdi:ɔ] Femininum (Pluriel *Sécherheetsdieren*) **DE** *Sicherheitstür* • **FR** *porte de sécurité* • **EN** *security door* • **PT** *porta de segurança* **Beispill** nom Abroch hu mir vun engem Schlässer eng

Sécherheetsdier installéiere gelooss

Sécherheetsdistanz [z'ɛçɛhe:tsdɪstɑnts] Femininum (Pluriel Sécherheetsdistanzen) DE *Sicherheitsdistanz* • FR *distance de sécurité* • PT *distância de segurança* **Beispill** tëschent de Clientë virum Guichet muss eng Sécherheetsdistanz vun zwee Meter respektéiert ginn

Sécherheetsfirma [z'ɛçɛhe:tsfɪrma:] Femininum (Pluriel Sécherheetsfirmaen / Sécherheetsfirmen) DE *Sicherheitsunternehmen, Sicherheitsfirma* • FR *société de sécurité, société de gardiennage* • EN *security firm* • PT *empresa de segurança* **Beispiller** d'Gefierer vun der Sécherheetsfirma sinn déck gepanzert; et ass eng Sécherheetsfirma fir d'Iwwerwaachung vum Lager zoustänneg

Sécherheetsfra Femininum (Pluriel Sécherheetsfraen) DE *Wachfrau, Sicherheitsbeamtin* • FR *agente de sécurité* • EN *security officer [female]* • PT *agente de segurança [mulher]* **Beispill** d'Sécherheetsfra ass op en Déif opmierksam ginn an huet d'Police geruff **Synonym** Sécherheetsbeamtin

i Männlech Form: ↗Sécherheetsmann

Sécherheetsgrënn [z'ɛçɛhe:tsgrən] Maskulinum (kee Singulier) aus Sécherheetsgrënn DE *aus Sicherheitsgründen* • FR *pour des raisons de sécurité* • EN *for safety reasons* • PT *por razões de segurança* **Beispill** e puer Gäng vun der Hiel goufen aus Sécherheetsgrënn zougemauert

Sécherheetsgurt [z'ɛçɛhe:tsɡurt] Maskulinum (Pluriel Sécherheetsgurten / Sécherheetsgurter) DE *Sicherheitsgurt* • FR *ceinture de sécurité* • EN *safety belt, seat belt* • PT *cinto de segurança* **Beispill** do däi Sécherheetsgurt un, soss fueren ech net! **Synonymen** Ceinture, Gurt

selektionéieren [selæksjɔn'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé selektionéiert) » **transitiv 1. DE** auswählen [nach Kriterien] • **FR** sélectionner [d'après des critères définis] • **EN** to select [on the basis of set criteria] • **PT** selecionar [segundo critérios] **Beispiller** e Jury selektionéiert déi bescht Filmer vum Joer; den Athleet gouf fir d'Weltmeeschterschaft am Triathlon selektionéiert **2. DE** auswählen [ein Benutzeroberflächenelement] • **FR** sélectionner [un élément d'interface graphique] • **EN** to select [an item on a computer screen] • **PT** selecionar [um elemento de interface gráfica] **Beispiller** fir d'Schrëft vun engem Textpassage ze änneren, muss een e fir d'éischt selektionéieren; selektionéier d'Fichieren, déi s de wëlls kopéieren! **Synonym** auswielen

Selektioun [selæksj'əʊn] Femininum 1. (kee Pluriel) **DE** Auswahl [das Auswählen] • **FR** sélection [action de choisir] • **EN** selection [act of choosing] • **PT** seleção [ato de seleccionar] **Beispill** bei esou vill Kandidate muss eng Selektioun gemaach ginn **Synonym** Auswiel 2. (Pluriel Selektionen) **DE** Auswahl [das Ausgewählte] • **FR** sélection [éléments sélectionnés] • **EN** selection [a particular choice, chosen items] • **PT** seleção [elementos seleccionados] **Beispill** den Auteur huet eng Selektioun vu senge schéinste Gedichter publizéiert **Synonymmen** Auswiel, Choix

selektiv [selækt'i:f] Adjektiv **DE** selektiv • **FR** sélectif <Adverb de manière sélective> • **EN** selective <Adverb selectively> • **PT** seletivo <Adverb seletivamente> **Beispiller** dës Zeitung huet eng selektiv Manéier, fir Lieserbréiwer ze publizéieren; beim Choix vun eise Frënn muss mer méi selektiv virgoen

Selen [zel'e:n] Maskulinum (kee Pluriel) ^[Chimie] **DE** Selen [chemisches Element] • **FR** sélénium [élément chimique] • **EN** selenium [chemical element] • **PT** selénio [elemento químico] **Beispill** d'Element Selen gehéiert zum Grupp vun den Netmetaller

Selvie Maskulinum (Pluriel Selfien)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Selfservice [s'ælfseɪvɪs] Maskulinum 1. (kee Pluriel) **DE** Selbstbedienung • **FR** libre-service [service assuré par le client] • **EN** self-service [system] • **PT** livre-serviço, self-service [serviço feito pela própria pessoa] **Beispill** déi meescht Tankstelle funktionéieren haut mat **Selfservice** 2. (Pluriel Selfservicer / Selfservicen) **DE** Selbstbedienungsrestaurant, Selbstbedienungsladen • **FR** self-service [restaurant, magasin] • **EN** self-service [restaurant, shop] • **PT** livre-serviço, self-service [restaurante, loja] **Beispill** zwee vu menge fréiere Schüler schaffen elo an engem Selfservice

Sëll [zəl] Eegennumm **DE** Saeul • **FR** Saeul • **EN** Saeul • **PT** Saeul **Beispiller** ech wunnen zu Sëll; fiert dëse Bus op Sëll?

sëlleg Indefinitpronomen (eng) sëlleg **DE** viel, zahlreich • **FR** nombreux • **EN** a lot of, many • **PT** muitos, numerosos **Beispiller** et waren (eng) sëlleg Leit op der Konferenz; déi sëlleg Donen hunn et erlaabt, datt de Projet konnt realiséiert ginn **Synonym** vill

I Kuckt och den Artikel ↗sëllegen

sëllegen Indefinitpronomen (e) sëllegen / (eng) sëllegen **DE** viel, zahlreich • **FR** nombreux • **EN** a lot of, many • **PT** muitos, numerosos **Beispiller** ech hunn e sëllege Gefaacher a mengem neie Portmonni; wéinst deene sëllegen ale Fabricken ass an dëser Géigend eng ongesond Loft; deen Auteur gebraucht eng sëllege Symboler a senge Gedichter **Synonym** vill

I Kuckt och den Artikel ↗sëlleg

Selschent [z'ælfənt] Eegennumm **DE** Selscheid • **FR** Selscheid • **EN** Selscheid • **PT** Selscheid **Beispiller** ech wunnen zu Selschent; fiert dëse Bus op Selschent?

selten [z'æltən] Adjektiv - Variant vun ↗seelen

selwecht [z'ælvəçt] Adjektiv 1. **DE** gleich [identisch] • **FR** même [identique, unique] • **EN** same [identical] • **PT**

mesmo [não outro] **Beispiller** dee selwechte Problem stellt sech ëmmer op en Neits; an eisem Appartementshaus wunnen dräi Familien um selwechte Palier; et ass awer ëmmer dat selwecht mat dir! **Synonym** nämmlecht 2. d'selwecht (ewéi) **DE** gleich (wie) [ähnlich (mit)] • **FR** pareil (à), identique (à) <Adverb pareillement, de la même manière> • **EN** the same (as) • **PT** igual (a), idêntico (a) <Adverb de modo igual, da mesma maneira> **Beispiller** d'Souvenirsbutteker si bal iwverall d'selwecht; am August war d'Wieder d'selwecht ewéi am Juli; hei gött net jiddereen d'selwecht behandelt **Synonym** d'nämmlecht (ewéi)

sëlwer [z'əlvə] Adjektiv **DE** silbern [aus Silber] • **FR** en argent • **EN** silver [made of silver] • **PT** de prata **Beispill** ech krut e sëlwere Bracelet fir de Gebuertsdag geschenkt

selwer [z'ælvə] Adverb **DE** selber, selbst • **FR** soi-même • **EN** oneself • **PT** mesmo, próprio **Beispiller** nom Gesetz brauch keen sech selwer ze belaachten; dëse Marmerkuch hunn ech selwer gebak

Sëlwer [z'əlvə] Neutrum (kee Pluriel) 1. ^[Chimie] **DE** Silber [chemisches Element] • **FR** argent [élément chimique] • **EN** silver [chemical element] • **PT** prata [elemento químico] **Beispill** d'Element Sëlwer gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller 2. **DE** Silber [Metall] • **FR** argent [métal] • **EN** silver [metal] • **PT** prata [metal] **Beispiller** dëse Käerzestänner ass aus puerem Sëlwer; de Leefer huet bei den Olympesche Spiller Sëlwer gewonnen [de Leefer huet bei den Olympesche Spiller d'Sëlwermedail gewonnen] 3. **DE** Silber [Silberwaren, Tafelsilber] • **FR** argenterie • **EN** silver [silverware] • **PT** pratas, baixela de prata **Beispill** fir Chrëschtadag huele mer de beschten Zerwiss an d'Sëlwer eraus

sëlwereg [z'əlvərəç] Adjektiv **DE** silberig [silbern schimmernd] • **FR** argenté [qui a des reflets argentés] • **EN** silver [sheen, shimmer] • **PT** prateado [com reflexos prateados] **Beispiller** déi Damm dohannen huet schéint sëlweregt Hoer; de Stoff vun de Riddoe schimmert sëlwereg

selwergestréckt [z'ælvəçəftrekt] Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Sëlwerhochzäit [zəlvə'oxtsæ:it] Femininum (Pluriel Sëlwerhochzäiten) **DE** Silberhochzeit • **FR** noces d'argent • **EN** silver wedding (anniversary) • **PT** bodas de prata **Beispill** meng Eltere feieren dëst Joer Sëlwerhochzäit

Sëlwermedail [z'əlvemədaɪ] Femininum (Pluriel Sëlwermedailen) **DE** Silbermedaille • **FR** médaille d'argent • **EN** silver medal • **PT** medalha de prata **Beispill** en Aussesäiter huet bei den Olympesche Spiller am Héichsprong d'Sëlwermedail gewonnen

Sëlwerméiw [z'əlvemɛɪf] Femininum (Pluriel Sëlwerméiwen) **Larus argentatus** **DE** Silbermöwe • **FR** goéland argenté • **EN** herring gull • **PT** gaivota-prateada **Beispill** wéi laang bréien d'Sëlwerméiwen?

Sëlwerpabeier [z'əlvəpabiə] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Alufolie, Stanniolpapier • **FR** papier d'aluminium • **PT** papel de alumínio **Beispill** am Sëlwerpabeier verbrennt d'Frell net esou séier um Grill

Sëlwerreeër [z'əlvrɛ:ɐ] Maskulinum (Pluriel Sëlwerreeër / Sëlwerreeëren) Casmerodius albus **DE** Silberreiher • **FR** grande aigrette • **EN** great white egret • **PT** garça-branca-grande **Beispill** wéi laang bréien d'Sëlwerreeër? **Synonym** Grousse wäisse Reeër

Sëlwerwakeleefer [z'əlvrɛ:vɑ:kələ:fɛ] Maskulinum (Pluriel Sëlwerwakeleefer) Pluvialis squatarola **DE** Kiebitzregenpfeifer • **FR** pluvier argenté • **EN** grey plover • **PT** tarabola-cinzenta **Beispill** wéi laang bréien d'Sëlwerwakeleefer?

sëlwreg [z'əlvrɛç] Adjektiv - Variant vun ↗sëlwereg

Selz [zælt] Eegennumm **DE** Seltz • **FR** Selz • **EN** Selz • **PT** Selz **Beispiller** ech wunnen an der Selz; fiert dëse Bus an d'Selz?

semantesch Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Semantik Femininum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Semester [səm'æstɛ] Neutrum (Pluriel Semester / Semesteren) **1. DE** Halbjahr • **FR** semestre [moitié d'une année] • **EN** half [of a year] • **PT** semestre [meio ano] **Beispill** deen neie Flughafe soll am zweete Semester d'nächst Joer opgoen **2. DE** Semester • **FR** semestre [scolaire] • **EN** semester [of a school year] • **PT** semestre [escolar] **Beispiller** ech hunn zwee Semester am Ausland studéiert; déi meescht Invitée waren eeler Semester **[ɛg]** [déi meescht Invitée waren eeler Leit]

Semikolon [səm'ik'o:lɔn] Maskulinum (Pluriel Semikolonen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Seminaire [səmin'ɛ:R] Maskulinum (Pluriel Seminaren) **1. DE** Kolloquium • **FR** séminaire, colloque • **EN** seminar, colloquium • **PT** seminário, colóquio **Beispiller** de Ministère invitéiert op e Seminaire iwwer deen neie Steiersystem; an dësem Hotel kënne Banqueten, Seminaren an aner Manifestatiounen organiséiert ginn **Synonym** Colloque **2. DE** Priesterseminar [Institution] • **FR** (grand) séminaire [institution, établissement religieux] • **EN** seminary [institution] • **PT** seminário [instituição, estabelecimento religioso] **Beispill** wann s de wëlls Paschtouer ginn, muss de an de Seminaire goen **3. DE** Priesterseminar [Gebäude] • **FR** (grand) séminaire [bâtiment] • **EN** seminary [building] • **PT** seminário [edifício] **Beispill** déi nei Bibliothék soll an den ale Seminaire kommen

Seminär [səmin'ɛ:R] Maskulinum (Pluriel Seminären) - Variant vun ↗Seminaire

Seminarist [səminɑr'ist] Maskulinum (Pluriel Seminaristen) **DE** Seminarist • **FR** séminariste • **EN** seminarist • **PT** seminarista **Beispill** d'Seminaristen analyséieren Texter aus dem Neien Testament

i Weiblich Form: ↗Seminaristin

Seminaristin [səminɑr'istin] Femininum (Pluriel Seminaristinnen) **DE** Seminaristin • **FR** séminariste [femme]

i Männlech Form: ↗Seminarist

Senat [sən'a:t] Maskulinum (Pluriel Senater) **DE** Senat [Staatsorgan] • **FR** sénat • **EN** senate [legislative assembly] • **PT** senado **Beispill** a ville Länner mussen d'Gesetzer vum Parlament a vum Senat approvéiert ginn

Sënd [zənt] Femininum (Pluriel Sënnen) - Variant vun ↗Sënn

sëndegen [z'ændəzən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gesëndegt) - Variant vun ↗sënnegen

senden [z'ændən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gesent) » **transitiv** **DE** senden [ausstrahlen, funken] • **FR** diffuser, émettre [par ondes hertziennes] • **EN** to broadcast [to transmit] • **PT** transmitir, emitir [por meio de ondas hertzianas] **Beispiller** d'Télee sent den Owend e Reportage iwwer de Wäibau; de Kapitän vum Passagéierschëff huet en Noutsignal gesent, wéi et en Äisberg ze pake kritt hat

Sender [z'ændɛ] Maskulinum (Pluriel Senderen) **1. DE** Sender [Anlage] • **FR** émetteur [installation émettrice] • **EN** transmitter • **PT** emissor [posto emissor] **Beispill** vill Funkamateuren hunn hire Sender um Spächer stoen **2. DE** Sender [Anstalt] • **FR** station (de radio), chaîne (de télévision) • **EN** (radio) station, (TV) channel • **PT** estação (de rádio), canal (de televisão) **Beispiller** dëse Sender empfänks de op der Frequenz 95,3; op deem Sender gi Filmer aus de Fofzegejore widderholl **Synonym** Chaîne

Sendung [z'ændʊŋ] Femininum (Pluriel Sendungen) **1. DE** Sendung [Lieferung] • **FR** envoi [expédition, livraison] • **EN** shipment, consignment • **PT** envio [expedição, remessa] **Beispiller** déi nächst Sendung Bananne soll d'nächst Woch ukommen; mir hu fir déi zwou lescht Sendunge Bicher nach keng Rechnung kritt; wéi mäin Humpen ëmgefall ass, krut ech déi ganz Sendung iwwer d'Box **[ɛg]** [wéi den Humpen ëmgefall ass, ass de ganzen Inhalt mer iwwer d'Box gelaf] **2. DE** Sendung [Radiosendung, Fernsehsendung] • **FR** émission [radiophonique, télévisée] • **EN** programme, broadcast • **PT** programa [radiofónico, televisivo] **Beispiller** dës Sendung riicht sech besonnesch un déi Jonk; ech hunn déi Sendung just gekuckt, fir datt ech muer um Büro ka matschwätzen; a fënnef Minutte si mer op Sendung [a fënnef Minutte si mer live um Radio; a fënnef Minutte si mer live op der Télee] **Synonym** Emis-sioun

Senegal [z'e:negɑ] Eegennumm, Maskulinum **DE** Senegal • **FR** Sénégal • **EN** Senegal • **PT** Senegal **Beispiller** ech war schonn dräimol am Senegal; ech fueren d'nächst Woch an de Senegal; ech kommen aus dem Senegal

i männlech Persoun: ↗Senegalees weiblech Persoun: ↗Senegaleesin Adjektiv: ↗senegaleesesch Haaptstad: ↗Dakar

Senegalees [zenegɑl'e:s] Maskulinum (Pluriel Senegaleesen) **DE** Senegalese • **FR** Sénégalais • **EN** Senegalese • **PT** senegalés **Beispill** mäi beschte Frënd ass Senegalees

senegaleesesch [zenegɑl'e:zəʃ] Adjektiv **DE** senegalesisch • **FR** sénégalais • **EN** Senegalese • **PT** senegalés **Beispill** op eiser Rees hu mir déi senegaleesesch Kultur kenne geléiert

Senegaleesin [zenegal'e:zin] Femininum (Pluriel Senegaleesinnen) **DE** *Senegalesin* • **FR** *Sénégalaise* • **EN** *Senegalese* [femalé] • **PT** *senegalesa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Senegaleesin**

seng [zeŋ] Possessivpronomen » 3. Persoun Singulier / männlech / Nominativ + Singulier / weiblech **1. DE** *seine, die seine* • **FR** *sa, la sienne* • **EN** *his* • **PT** *sua* **Beispiller** *seng* Frëndin huet hien op d'Essen agelueden; meng Fra mécht gär de Stot, *seng* awer och glat net! » 3. Persoun Singulier / sächlech / Nominativ + Singulier / weiblech **2. DE** *seine, die seine* • **FR** *sa, la sienne* • **EN** *his, her, its, hers* • **PT** *sua* **Beispill** *seng* Frëndin huet et op d'Essen agelueden » 3. Persoun Singulier / weiblech Ëmgangsform / Nominativ + Singulier / weiblech **3. DE** *ihre, die ihre* • **FR** *sa, la sienne* • **EN** *her, hers* • **PT** *sua* **Beispiller** *seng* Léierin huet et no all deene Joren net méi erëmerkannt; meng Zensur war net schlecht, mee hatt huet fonnt, *seng* wier nach besser » 3. Persoun Singulier / männlech / Akkusativ + Singulier / weiblech **4. DE** *seine, die seine* • **FR** *sa, la sienne* • **EN** *his* • **PT** *sua* **Beispiller** hie krut *seng* Kreditkaart geklaut; hues du eng Leeder, oder soll hie *seng* matbréngen? » 3. Persoun Singulier / sächlech / Akkusativ + Singulier / weiblech **5. DE** *seine, die seine* • **FR** *sa, la sienne* • **EN** *his, her, its, hers* • **PT** *sua* **Beispill** pass op, trëppel net op *seng* Mutz! » 3. Persoun Singulier / weiblech Ëmgangsform / Akkusativ + Singulier / weiblech **6. DE** *ihre, die ihre* • **FR** *sa, la sienne* • **EN** *her, hers* • **PT** *sua* **Beispiller** hatt krut *seng* Kreditkaart geklaut; hatt geet néierens ouni *seng* Frëndin; hues du eng Leeder, oder soll hatt *seng* matbréngen? » 3. Persoun Singulier / männlech / Nominativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech **7. DE** *seine, die seinen* • **FR** *ses, les siens, les siennes* • **EN** *his* • **PT** *seus, suas* **Beispiller** *seng* Elteren hunn hie reliéis erzunn; meng Kaze kréien nëmmen aus der Béchs ze friessen, a *seng* och » 3. Persoun Singulier / sächlech / Nominativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech **8. DE** *seine, die seinen* • **FR** *ses, les siens, les siennes* • **EN** *his, her, its, hers* • **PT** *seus, suas* **Beispill** *seng* Elteren hunn et reliéis erzunn » 3. Persoun Singulier / weiblech Ëmgangsform / Nominativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech **9. DE** *ihre, die ihren* • **FR** *ses, les siens, les siennes* • **EN** *her, hers* • **PT** *seus, suas* **Beispiller** *seng* Bridder hunn hatt ëmmer gepisakt; meng Aarbechtskolleege sinn ëmmer fein, mee hatt seet, *seng* wieren dacks ekeleg » 3. Persoun Singulier / männlech / Akkusativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech **10. DE** *seine, die seinen* • **FR** *ses, les siens, les siennes* • **EN** *his* • **PT** *seus, suas* **Beispiller** hien huet *seng* Kleeder an de Rucksak geknujelt; ech bezuele meng Rechnungen ëmmer direkt; hie *seng*, wann en drun denkt » 3. Persoun Singulier / sächlech / Akkusativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech **11. DE** *seine, die seinen* • **FR** *ses, les siens, les siennes* • **EN** *his, her, its, hers* • **PT** *seus, suas* **Beispill** d'Kand huet sech iwwer *seng* Komerode beschwéiert » 3. Persoun Singulier / weiblech Ëmgangsform / Akkusativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech **12. DE** *ihre, die ihren* • **FR** *ses, les siens, les siennes* • **EN** *her, hers* • **PT** *seus, suas* **Beispiller** hatt huet *seng* Kleeder an de Rucksak geknujelt; hatt huet sech iwwer *seng* Mataarbechter beschwéiert; ech bezuele meng Rechnungen ëmmer direkt; hatt *seng*, wann et drun denkt

sengem [z'ɛŋəm] Possessivpronomen » 3. Persoun Singulier / männlech / Dativ + Singulier / männlech **1. DE** *seinem, dem seinen* • **FR** *son, le sien* • **EN** *his* • **PT** *seu* **Beispiller** de Schräiner war de ganzen Dag a *sengem* Atelier; de Moler huet *sengem* Numm all Eier gemaach; a mengem Gaart zillen ech, wat ech wëll, an hien a *sengem*, wat hie wëllt! » 3. Persoun Singulier / sächlech / Dativ + Singulier / männlech **2. DE** *seinem, dem seinen* • **FR** *son, le sien* • **EN** *his, her, its, hers* • **PT** *seu* **Beispill** d'Kand huet op *sengem* Piano gespillt » 3. Persoun Singulier / weiblech Ëmgangsform / Dativ + Singulier / männlech **3. DE** *ihrem, dem ihren* • **FR** *son, le sien* • **EN** *her, hers* • **PT** *seu* **Beispiller** hatt spillt de ganzen Dag op *sengem* Piano; wéi mer ukoumen, war et amgaang, *sengem* Bouf z'iessen ze ginn; a mengem Keller hunn ech Mais, an hatt och a *sengem* » 3. Persoun Singulier / männlech / Dativ + Singulier / sächlech **4. DE** *seinem, dem seinen* • **FR** *son, sa, le sien, la sienne* • **EN** *his* • **PT** *seu, sua* **Beispiller** hien ass a *sengem* ganze Liewen nach net mam Fliger geflunn; wat deet dee *sengem* Kand gelungent Gezei un! » 3. Persoun Singulier / sächlech / Dativ + Singulier / sächlech **5. DE** *seinem, dem seinen* • **FR** *son, sa, le sien, la sienne* • **EN** *his, her, its, hers* • **PT** *seu, sua* **Beispill** d'Meedchen ass a *sengem* ganze Liewen nach ni an de Kino gaangen » 3. Persoun Singulier / weiblech Ëmgangsform / Dativ + Singulier / sächlech **6. DE** *ihrem, dem ihren* • **FR** *son, sa, le sien, la sienne* • **EN** *her, hers* • **PT** *seu, sua* **Beispiller** hatt ass a *sengem* ganze Liewen nach net mam Fliger geflunn; wat deet dat *sengem* Kand gelungent Gezei un!

sengen [z'ɛŋən] Possessivpronomen » 3. Persoun Singulier / männlech / Dativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech **1. DE** *seinem, dem seinen* • **FR** *ses, les siens, les siennes* • **EN** *his* • **PT** *seus, suas* **Beispiller** wéinst *senge* Gaunerieie koum hie viru Geriicht; hie sot dat net zu all de Kanner, mee nëmmen zu *sengen*! » 3. Persoun Singulier / sächlech / Dativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech **2. DE** *seinem, dem seinen* • **FR** *ses, les siens, les siennes* • **EN** *his, her, its, hers* • **PT** *seus, suas* **Beispill** dat Meedchen traut *sengen* Elteren net méi » 3. Persoun Singulier / weiblech Ëmgangsform / Dativ + Pluriel / männlech/weiblech/sächlech **3. DE** *ihrem, dem ihren* • **FR** *ses, les siens, les siennes* • **EN** *her, hers* • **PT** *seus, suas* **Beispiller** wéinst *senge* freche Bemierkunge gouf hatt bei de Chef geruff; hatt huet *senge* Kanner zerguttst d'Lewitte gelies; hatt sot dat net zu all de Kanner, mee nëmmen zu *sengen*!

sengen [z'ɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gesengt*) » **transitiv** **DE** *ansengen* • **FR** *roussir* [brûler légèrement] • **EN** *to singe* • **PT** *queimar, chamuscar* **Beispill** ech hu meng nei Blus beim Strecke *gesengt*

senger [z'ɛŋɛ] Personalpronomen » 3. Persoun Singulier / männlech / Genitiv **1.** (him) *senger* **DE** *seiner* • **FR** *de lui* • **EN** *of him* • **PT** *dele* **Beispill** déi Fra ass (him) *senger* net wäert » 3. Persoun Singulier / weiblech Ëmgangsform / sächlech / Genitiv **2.** (him) *senger* **DE** *ihrer* • **FR** *d'elle* • **EN** *of her* • **PT** *dela* **Beispiller** deen Topert ass (him) *senger* net wäert; hatt geet engem op d'Nerven, et gött een (him) *senger* net lass » 3. Persoun Singulier / sächlech / Genitiv **3.** (him) *senger* **DE** *seiner* • **FR** *de lui, d'elle* • **EN** *of him, of her* • **PT** *dele, dela*

Beispill dat Kand ass esou léif, et gëtt een (him) **senger** net midd

senger [z'ɛŋ] Possessivpronomen » 3. Persoun Singular / männlech / Dativ + Singular / weiblech 1. **DE** *seiner, der seinen* • **FR** *sa, la sienne* • **EN** *his* • **PT** *sua* **Beispiller** eise Bop muss wéinst **senger** Bronchite an d'Kuer; fir den Hochzäitsdag schenkt hie **senger** Fra all Joer Blummen; ech hu menger klenger Schwëster eng Glace kaaft, hie **senger** eng Crémëflütt » 3. Persoun Singular / sächlech / Dativ + Singular / weiblech 2. **DE** *seiner, der seinen* • **FR** *sa, la sienne* • **EN** *his, her, its, hers* • **PT** *sua* **Beispill** d'Kand muss wéinst **senger** Bronchite an d'Kuer » 3. Persoun Singular / weiblech 3. **DE** *ihrer, der ihren* • **FR** *sa, la sienne* • **EN** *her, hers* • **PT** *sua* **Beispiller** hatt muss wéinst **senger** Bronchite an d'Kuer; hatt misst **senger** Mamm éiweg dankbar sinn; ech hu menger klenger Schwëster eng Glace kaaft, hatt **senger** eng Crémëflütt

sengerlieden [zɛŋe'l'iävən] Adverb **DE** *sein Lebtag* • **FR** *de toute sa vie* • **EN** *for the rest of his days, in all his life* • **PT** *em toda a sua vida* **Beispill** deen Affront huet mäi Papp sengerlieden net vergies

sengersäits Adverb **DE** *seinerseits* • **FR** *de son côté, pour sa part* • **PT** *por seu lado, pela sua parte* **Beispill** sengersäits ass kee Problem, wat sees du derzou? **Synonymmen** fir säin Deel, vun him aus, fir hien, fir hatt, vun senger Säit aus

sengerzäit [zɛŋets'æ:it] Adverb **DE** *seinerzeit* • **FR** *dans le temps, à l'époque* • **EN** *back then, in those days* • **PT** *naquele tempo, nessa altura* **Beispiller** de Bop seet dacks, **sengerzäit** wier alles besser gewiescht; du bass dach **sengerzäit** bei déi Affekotin freie gaangen, bass de elo mat hir bestuet? **Synonym** an der Zäit

sengesgläichen [zɛŋəsgl'æ:ɪçən] Indefinitpronomen

I Hei entsteet en neien Artikel.

senil [zen'il] Adjektiv **DE** *senil* • **FR** *sénile* • **EN** *senile* • **PT** *senil* **Beispiller** du muss net mengen, well en al ass, wier de Bopi och **senil**!; meng Mamm huet selwer de Verdacht, datt se amgang ass, **senil** ze ginn

Senilitéit [zenilit'ɛit] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Senilität* • **FR** *sénilitéé* • **EN** *senility* • **PT** *senilidade* **Beispill** beim Patient weisen sech kloer Unzeeche vu **Senilitéit**

Senior [s'ɔnjɔ:r] Maskulinum (Pluriel Senioren) 1. **DE** *Senior* [älterer Mensch] • **FR** *sénior* [personne âgée] • **EN** *senior* [elderly person] • **PT** *pessoa idosa* **Beispiller** ech schaffen an engem Fleegeheim fir **Senioren**; d'Gemeng offrëiert Turnstone fir **Senioren** 2. **DE** *Senior* [Sportler] • **FR** *senior* [sportif] • **EN** *senior* [sports person] • **PT** *sénior* [desportista] **Beispiller** e puer **Senioren** hunn eng Entrevue beim Komitee gefrot, well se net mat deem neien Trainer eens ginn; gëschter konnte sech eis **Seniore** fir d'Halleffinall vun der Coupe qualifizéieren; vun der nächster Saison u spillt mäi Brudder bei de **Senioren**

I Weiblech Form: ♀Seniorin

Seniorenheim [sənj'ɔ:rənhe:m] Neutrum (Pluriel Seniorenheimer) **I** **DE** *Seniorenheim* • **FR** *rési-*

dence pour personnes âgées • **EN** *old people's home, care home, retirement home* • **PT** *lar de terceira idade* **Beispiller** menger Bomi gefält et richtig gutt am **Seniorenheim**; d'Direktioun huet deen Honnertjäregen aus dem **Seniorenheim** op enger klenger Feier geëiert **Synonym** Alterssheem

Seniorin [sənj'ɔ:rɪn] Femininum (Pluriel Seniorinnen) **DE** *Seniorin* [älterer Mensch] • **FR** *sénior* [femme âgée]

I Männlech Form: ♂Senior

Senkbläi [z'æŋkblæ:i] Maskulinum (Pluriel Senkbläier) **DE** *Senkblei*, *Lot* • **FR** *fil à plomb* • **EN** *plumb line* • **PT** *fil de prumo* **Beispill** den Aarbechter kontrolléiert mam **Senkbläi**, ob d'Mauer keng Bëlz mécht **Synonym** Senkel

Senkel [z'æŋkəl] Maskulinum (Pluriel Senkelen) **DE** *Senkblei*, *Lot* • **FR** *fil à plomb* • **PT** *fil de prumo* **Beispiller** den Aarbechter kontrolléiert mam **Senkel**, ob d'Mauer keng Bëlz mécht; d'Gaardemauer ass net am **Senkel** [d'Gaardemauer ass net riicht] **Synonym** Senkbläi

senken [z'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesenkt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

sénken [z'ɛŋkən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gesonk)

I Hei entsteet en neien Artikel.

senkrecht [s'æŋkræçt] Adjektiv **DE** *senkrecht* • **FR** *vertical* <Adverb verticalement> • **EN** *vertical* <Adverb vertically> • **PT** *vertical* <Adverb verticalmente> **Beispiller** vill Fändelen hunn dräi **senkrecht** Sträifen; de Rass an der Mauer verleeft **senkrecht** vum éischte Stack bis an de Rez-de-chaussée **Synonym** vertikal

Senkung [z'æŋkʊŋ] Femininum (Pluriel Senkungen) **DE** *Senkung* [Minderung] • **FR** *réduction* [diminution] • **EN** *reduction, cut* • **PT** *redução* [diminuição] **Beispiller** d'Leit hunn sech iwwe d'**Senkung** vun de Präisser gefreet; am Beräich vun de Steiere si fir d'nächst Joer **Senkung** geplangt

Senkung [z'æŋkʊŋ] Femininum (Pluriel Senkungen) **DE** *Senkung* [eines Organs] • **FR** *prolapsus* • **EN** *prolapse* • **PT** *prolapso* **Beispill** eng **Senkung** vun der Gebärmutter kann duerch eng Gebuert Entstoen

Sënn [zən] Maskulinum (Pluriel Sënner) 1. **DE** *Sinn* [Wahrnehmungssinn] • **FR** *sens* [de perception] • **EN** *sense* [of perception] • **PT** *sentido* [de percepção] **Beispiller** et gëtt Déieren, déi hunn e spezielle **Sënn**, deen dem Mënsch feelt; bei deem Spill hunn d'Kanner sech misse op hir fënnef **Sënner** verloossen 2. **DE** *Sinn* [Bedeutung] • **FR** *sens* [signification] • **EN** *sense* [meaning] • **PT** *sentido* [significação] **Beispiller** dat Wuert huet dräi verschidde **Sënner**; du muss dee Saz am iwverdroene **Sënn** verstoen; déi Organisatioun brauch Ënnerstëtzung am **Sënn** vu finanzielle Mëttelen [déi Organisatioun brauch Ënnerstëtzung a Form vu finanzielle Mëttelen] 3. **DE** *Sinn* [Zweck] • **FR** *sens, raison* [d'être] • **EN** *sense* [reason] • **PT** *sentido, razão* [de ser] **Beispiller** et huet kee **Sënn**, fir sech fir déi Klenggekeet opzereegen; de **Sënn** vun der Mëttespau ass, datt een a

Rou kann iessen **Synonym** Zweck 4. Sënn fir **DE** *Sinn für* [*Gespür für, Verständnis für*] • **FR** *sens de* [*faculté intuitive de comprendre*] • **EN** *sense of* [*intuitive understanding of, feeling for*] • **PT** *sentido de* [*faculdade intuitiva para compreender*] **Beispiller** dee Mënsch huet kee Sënn fir Humor; du hues en natierleche Sënn fir Rhythmus 5. am Sënn vun **DE** *im Sinne von* [*im Interesse von*] • **FR** *dans l'intérêt de* • **EN** *in the interest of* • **PT** *no interesse de* **Beispiller** déi nei Moosname si ganz am Sënn vun der Ekologie; meng Affekotin handelt a mengem Sënn 6. am Sënn vun **DE** *im Sinne von* [*in der Absicht*] • **FR** *dans l'intention de* • **EN** *in the intent of* • **PT** *no intuito de* **Beispill** mat enger Zaang Neel anzeklappen, ass net am Sënn vun Erfinder

Sënn [zən] Femininum (Pluriel Sënnen) **DE** *Sünde* • **FR** *péché* • **EN** *sin* • **PT** *pecado* **Beispiller** nodeem ee seng Sënn gebeicht huet, kritt een d'Absolutioun; fréier war et eng Sënn, wann ee freides Fleesch giess huet; et ass eng Sënn an eng Schan, datt déi deier Schwämm net méi profitéiert gëtt [égs] [et ass onerhéiert, datt déi deier Schwämm net méi profitéiert gëtt]

i Variant: Sënd

Sënnbild Neutrum (Pluriel Sënnbiller) **DE** *Sinnbild* [*rhetorische Figur*] • **FR** *symbole* [*figure de style*] • **EN** *allegory* [*stylistic device*] • **PT** *símbolo* [*figura de estilo*] **Beispill** an dëser Fabel ass de Fuuss e Sënnbild fir d'Schlaueheit

Sënnchen [z'ənçən] Femininum (Pluriel Sënncher) - Diminutivform vun **♂**Sënn

sënnegen [z'ənəzən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gesënnegt) » **intransitiv** **DE** *sündigen* • **FR** *pécher* • **EN** *to sin* • **PT** *pecar* [*cometer pecado*] **Beispiller** als gleewege Katholik geet ee beichten, wann ee gesënnegt huet; mir hu gëschter Owend gesënnegt [égs] [mir hu gëschter Owend ze vill giess an ze vill gedronk]

i Variant: sëndegen

Senneng [z'æneŋ] Eegennumm **DE** *Senningen* • **FR** *Senningen* • **EN** *Senningen* • **PT** *Senningen* **Beispiller** ech wunnen zu Senneng; fiert dëse Bus op Senneng?

Sennengerbiere [zænəŋɐ'bi:ɛɔ] Eegennumm **DE** *Senningerberg* • **FR** *Senningerberg* • **EN** *Senningerberg* • **PT** *Senningerberg* **Beispiller** ech wunnen um Sennengerbiere; fiert dëse Bus op de Sennengerbiere?

sënneren [z'ənəɾən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gesënnert) » **transitiv** **DE** *sortieren, ordnen* • **FR** *trier* [*classer, mettre de l'ordre dans*] • **EN** *to sort (out)* • **PT** *organizar, separar, ordenar* **Beispiller** mir hunn de ganze Moie Rechnunge gesënnert; kanns de den Dreck sënneren a fortfeieren?; ech muss meng Gedanke sënneren

i Verb, dat **sënneren** als Basis huet: **♂**aussënneren

sënnerlech Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Sënnesorgan [z'ənəzɔrga:n] Neutrum (Pluriel Sënnesorganer) **DE** *Sinnesorgan* • **FR** *organe sensoriel* • **EN** *sensory organ* • **PT** *órgão sensorial* **Beispiller** an der

Schoul hunn d'Kanner haut e Quiz gemaach, bei deem just hir Sënnesorganer zum Asaz koumen; dem Mënsch an dem Déier hir Sënnesorganer sinn ënnerschiddlech entwéckelt; well blann Leit hir Aen net kënnen notzen, sinn hir aner Sënnesorganer ëmsou méi empfindlech an entwéckelt

sënngeméiss [z'əŋəmɛɪs] Adjektiv **DE** *sinngemäß* • **FR** *conforme au sens* (*initial*) <Adverb *en substance, conformément au sens* (*initial*)> • **EN** *conforming with, in keeping with* [*the original*] <Adverb *in keeping with*> • **PT** *conforme o sentido* (*inicial*) <Adverb *em substância, em conformidade com o sentido* (*inicial*)> **Beispiller** ech hu probéiert, eng sënngeméiss Iwwersetzung vun deem Text ze schreiwen; léier net alles auswenneg, et ass besser, wann s de d'Matière kanns sënngeméiss erëmginn!

sënnlech [z'ənleɔç] Adjektiv **DE** *sinnlich* [*erotisch*] • **FR** *sensuel* [*lérotique*] • **EN** *sensual* • **PT** *sensual* [*erótico*] **Beispiller** an der Vakanz hate mer e puer sënnlech Momenter; déi Sängerin huet eng sënnlech Stëmm; dem Haaptacteur säi sënnleche Mond war e puermol grouss am Bild ze gesinn

Sënnlechkeet [z'ənleɔçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Sinnlichkeit* • **FR** *sensualité* • **EN** *sensuality* • **PT** *sensualidade* **Beispill** d'Sënnlechkeet vun weibliche Kierper steet am Mëttelpunkt vun der Sculptrice hirem Wierk **Synonym** Sensualitéit

sënnlos [z'ənlo:s] Adjektiv **DE** *sinnlos* [*überflüssig, absurd*] • **FR** *absurde, insensé* • **EN** *pointless, senseless* • **PT** *absurdo, insensato* **Beispill** et ass sënnlos, bei deem Schloreen den Auto dobaussen ze wäschen!

sënnvoll [z'ənfol] Adjektiv **DE** *sinnvoll* • **FR** *utile, intéressant* <Adverb *utilement*> • **EN** *sensible, useful* <Adverb *sensibly, usefully*> • **PT** *útil, interessante* <Adverb *utilmente*> **Beispiller** sich der eng sënnvoll Beschäftegung fir deng Fräizäit!; ech hu meng Mëttespau sënnvoll genotzt

sensationell [sænzatsjən'æɪ] Adjektiv **DE** *sensationell* • **FR** *sensationnel* <Adverb *de façon sensationnelle*> • **EN** *sensational* <Adverb *sensationally*> • **PT** *sensacional* <Adverb *sensacionalmente*> **Beispill** du has e sensationellen Opdrétt!

Sensatioun [zænzasj'əʊn] Femininum (Pluriel Sensatiounen) **DE** *Sensation* [*etwas Sensationelles*] • **FR** *événement* (*sensationnel*) • **EN** *sensation* [*event*] • **PT** *evento* (*sensacional*) **Beispill** dem Fuerscher seng Entdeckung ass eng wëssenschaftlech Sensatioun

sensibel [sænz'i:bəl] Adjektiv 1. **DE** *sensibel*, *empfindlich* • **FR** *sensible* [*émotif*] • **EN** *sensitive* [*touchy, easily upset*] • **PT** *sensível* [*lemotivo*] **Beispill** dat klengt Kand ass esou sensibel, datt et scho kräischt, wann een et nëmme bekuckt **Synonym** empfindlech 2. **DE** *mitfühlend* • **FR** *sensible* [*compassant*] • **EN** *sympathetic, compassionate* • **PT** *sensível* [*compassivo*] **Beispill** dee Mann ass esou sensibel, datt e bereet ass, jidderengem ze hëlfe, deem et schlecht geet 3. **DE** *sensibel* [*reizempfindlich*] • **FR** *sensible* [*physiquement irritable*] • **EN** *sensitive, delicate* [*easily damaged*] • **PT** *sensível* [*fisicamente irritável*] **Beispill** ech hunn eng sensibel Haut **Synonymmen** empfindlech, kriddleg 4. **DE** *heikel* [*Ange-*

legenheit, Frage) • **FR** sensible, épineux [dossier, sujet] • **EN** sensitive, delicate [subject, issue] • **PT** sensível, delicado [assunto, questão] **Beispill** dee sensibelen Dossier däerf net an d'Effentlechkeet geroden **Synonymmen** däreg, kriddeleg, delikat **5**. **DE** empfindlich, messempfindlich • **FR** sensible [appareil de mesure] • **EN** sensitive, responsive [measuring device] <Adverb sensitively> • **PT** sensível [aparelho de medição] **Beispill** eisen Apparat reagéiert net sensibel genuch, fir esou prezis Miesungen ze maachen **Synonym** empfindlech **6**. **DE** empfindlich, lichtempfindlich • **FR** sensible, photosensible • **EN** photosensitive, fast [(photographic) film] • **PT** sensível, fotossensível **Beispill** fir bei schlechter Luucht ze fotograféieren, brauchs de e méi sensibele Film **Synonym** empfindlech

Sensibilisatioun [sænzibilizasi'əʊn] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Sensibiliséierung

Sensibilisatiouncampagne [sænzibilizasi'əʊnskã:mɔŋ] Femininum (Pluriel Sensibilisatiouncampagnen) - Variant vun ↗Sensibiliséierungscampagne

sensibiliséieren [zænzibiliz'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé sensibiliséiert) » **transitiv** **DE** sensibilisieren • **FR** sensibiliser [faire réagir] • **EN** to sensitize, to make aware • **PT** sensibilizar [alertar, despertar] **Beispill** fir d'Leit ze sensibiliséieren, mécht de Gesondheitsministère eng Campagne géint den Tubak

Sensibiliséierung [sænzibiliz'ziəɾuŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Sensibilisierung [Bewusstmachung] • **FR** sensibilisation [pour susciter l'attention] • **PT** sensibilização [para chamar a atenção] **Beispill** a Saache Mobbing an de soziale Medie muss méi op d'Sensibiliséierung gesat ginn

i Variant: Sensibilisatioun

Sensibiliséierungscampagne [zænzibiliz'ziəɾuŋskã:mɔŋ] Femininum (Pluriel Sensibiliséierungscampagnen) **DE** Aufklärungskampagne, Sensibilisierungskampagne • **FR** campagne de sensibilisation • **EN** information campaign, awareness campaign • **PT** campanha de sensibilização **Beispill**er de Gesondheitsministère lancéiert eng nei Sensibiliséierungscampagne iwwer de Gebrauch vun den Antibiotiquen; déi cheemesch Industrie lancéiert eng nei Sensibiliséierungscampagne

i Variant: Sensibilisatiouncampagne

Sensibilitéit [zænzibilit'zɪt] Femininum **1**. (kee Pluriel) **DE** Sensibilität [Empfindsamkeit, Verletzlichkeit] • **FR** sensibilité [affectivité, émotivité] • **EN** sensitivity, sensibility [vulnerability, susceptibility] • **PT** sensibilidade [afetividade, emotividade] **Beispill** hie probéiert, seng iwwerdrifwe Sensibilitéit ze verstoppen **2**. (kee Pluriel) **DE** Gespür, Empfänglichkeit • **FR** sensibilité [empathie, réceptivité] • **EN** receptiveness, feel • **PT** sensibilidade [empatia, recetividade] **Beispill** dee Kënschtler huet eng grouss Sensibilitéit fir d'Natur **3**. (Pluriel Sensibilitéiten) **DE** Ansicht, Neigung • **FR** sensibilité [opinion, tendance] • **EN** sensibilities [opinions, feelings] • **PT** sensibilidade [opinião, tendência] **Beispill** an engem grouse Veräin ass et net ëmmer einfach, all de Sensibilitéite Rechnung ze droen **4**. (kee Pluriel) **DE** Empfindlichkeit,

Messempfindlichkeit • **FR** sensibilité [d'un appareil de mesure] • **EN** sensitivity, responsiveness [of a measuring device] • **PT** sensibilidade [de um aparelho de medição] **Beispill** d'Sensibilitéit vum Moossapparat ass net grouss genuch, fir esou prezis ze moossen **Synonym** Empfindlechkeet **5**. (kee Pluriel) **DE** Empfindlichkeit, Lichtempfindlichkeit • **FR** sensibilité, photosensibilité • **EN** (light) sensitivity, speed [of (photographic) film] • **PT** sensibilidade, fotossensibilidade **Beispill** fir bei schlechter Luucht ze fotograféieren, brauchs de e Film mat enger héijer Sensibilitéit **Synonym** Empfindlechkeet

Sensor [s'ænzɔ:r] Maskulinum (Pluriel Sensoren) **DE** Sensor, Messfühler • **FR** détecteur, capteur • **EN** sensor • **PT** sensor **Beispill** d'Luuchte vun der Toilette ginn net méi automatesch un, well de Sensor futti ass

Sensualitéit [sã:sualit'zɪt] Femininum (kee Pluriel) **DE** Sinnlichkeit • **FR** sensualité • **EN** sensuality • **PT** sensualidade **Beispill** d'Sensualitéit vum weibliche Kierper steet am Mëttelpunkt vun der Sculptrice hirem Wierk **Synonym** Sënnlechkeet

Sens unique Maskulinum (Pluriel Sens-uniquen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

sentimental [zæntimænt'a:l] Adjektiv **DE** sentimental • **FR** sentimental [émotif, larmoyant] <Adverb de façon sentimentale> • **EN** sentimental <Adverb sentimentally> • **PT** sentimental [emotivo, piegas] <Adverb de modo sentimental> **Beispill**er wéi mir mäin Abschied gefeiert hunn, gouf ech op eemol ganz sentimental; ech hunn déi sentimental Gedichter net gär; du gesäis déi Affär méi sentimental ewéi ech

Sentimentalitéit [sæntimæntalit'zɪt] Femininum **1**. (kee Pluriel) **DE** Sentimentalität, Gefühlsseligkeit • **FR** sentimentalité • **EN** sentimentality • **PT** sentimentalidade **Beispill** an senge Gedichter bréngt de Schrëftsteller seng ganz Sentimentalitéit zum Ausdrock **2**. (Pluriel Sentimentalitéiten) **DE** Sentimentalität [Äußerung] • **FR** miévrerie [propos] • **EN** sentimentality [remark, comment] • **PT** pieguice, lamechice [dito] **Beispill** mir kënnen eis net mat esou Sentimentalitéiten ophalen!

Seoul Eegennumm **DE** Seoul • **FR** Séoul • **PT** Seul **Beispill** Seoul ass d'Haaptstad vu Südkorea

separat [zepar'a:t] Adjektiv **DE** separat • **FR** séparé [à part, distinct] <Adverb séparément> • **EN** separate <Adverb separately> • **PT** separado [à parte, distinto] <Adverb separadamente> **Beispill**er um Rez-de-chaussée ass eng separat Toilette; mä Mann an ech hu separat Konten; déi zwou Froe loossen sech net separat behandeln

Separatist [separat'ist] Maskulinum (Pluriel Separatisten) **DE** Separatist • **FR** séparatiste • **EN** separatist • **PT** separatista **Beispill**er zwee Journaliste si vu bewaffnete Separatisten entféiert ginn; d'Separatiste kämpfe fir d'Onofhängegkeet vun hirer Regioun

i Weiblech Form: ↗Separatistin

separatistesesch [separat'istəʃ] Adjektiv **DE** separatistisch • **FR** séparatiste • **EN** separatist • **PT** separatista **Beispill** déi separatistesesch Partei huet d'Wale gewonnen

Separatistin [separat'istin] Femininum (Pluriel Separatistinnen) **DE** *Separatistin* • **FR** *séparatiste* [femme] • **PT** *separatista* [mulher] **Beispill** déi jonk Fra kämpft als Separatistin fir d'Onofhängegkeet vun hirer Regioun

i Männlech Form: ↗Separatist

separéieren [sepə'rɛ:ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé separéiert) » **transitiv** **1.** [gehuewen] **DE** *trennen* [abgrenzen] • **FR** *séparer* [délimiter] • **PT** *separar* [delimitar] **Beispill** den Architekt huet wëlles, déi zwee Fligelen duerch e representativen Hall ze separéieren **Synonym** trennen » **reflexiv** **2.** [gehuewen] **DE** *sich trennen* [eine Partnerschaft beenden] • **FR** *se séparer* [mettre un terme à une relation] • **PT** *separar-se* [acabar uma relação] **Beispill** den Haff huet annoncéiert, datt eise Pränz a seng Verloobten sech separéiert hunn **Synonym** trennen

September [zæpt'æmbə] Maskulinum (Pluriel <seelen> Septemberen) **DE** *September* • **FR** *septembre*, <mois de septembre> • **EN** *September* • **PT** *setembro* **Beispill** ech schaffen zënter dem September an enger neier Boîte

Septième [s'ætjæm] Femininum (Pluriel Septiëmen) **DE** [Definitioun] *siebte Klasse im Luxemburger Schulsystem* • **FR** [Definitioun] *septième année d'études dans l'enseignement luxembourgeois* • **PT** [Definitioun] *sétimo ano de escolaridade do sistema de ensino luxemburguês* **Beispill** de Passage vum sechste Schouljoer op Septième fällt ville Kanner schwéier; bei eis am Lycée gëtt et aacht Septiëmen

Sequenz [zək'wænts] Femininum (Pluriel Sequenzen) **DE** *Sequenz* • **FR** *séquence* [suite d'éléments] • **EN** *sequence* • **PT** *sequência* [série de elementos] **Beispill** et wier besser, du géifs dän Training um Vêlo an eenzel Sequenzen andeelen; déi lescht Sequenz vum Museksstéck dauert ëm déi dräi Minuten

sequestréieren [sekə'stɛr'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé sequestréiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Serb [zɛrp] Maskulinum (Pluriel Serben) **DE** *Serbe* • **FR** *Serbe* • **EN** *Serb* • **PT** *sérvio* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Serb

serbesch [z'ɛrbəʃ] Adjektiv **DE** *serbisch* • **FR** *serbe* • **EN** *Serbian* • **PT** *sérvio* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi serbesch Kultur kenne geléiert

Serbien [z'ɛrbjən] Eegennumm, Neutrum **DE** *Serbien* • **FR** *Serbie* • **EN** *Serbia* • **PT** *Sérvia* **Beispill** ech war schonn dräimol a Serbien; ech fueren d'nächst Woch a Serbien; ech kommen aus Serbien

i männlech Persoun: ↗Serb weiblech Persoun: ↗Serbin Adjektiv: ↗serbesch Haaptstad: ↗Belgrad

Serbin [z'ɛrbin] Femininum (Pluriel Serbinnen) **DE** *Serbin* • **FR** *Serbe* • **EN** *Serbian* [female] • **PT** *sérvia* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Serbin

Serie [ser'i:] Femininum (Pluriel Serien) **1.** **DE** *Serie*, *Reihe* [von Gegenständen] • **FR** *série* [d'objets] • **EN** *series* [of objects] • **PT** *série* [de objetos] **Beispill** d'Lëtzebuerger Post gëtt eng nei Serie Timberen eraus;

d'Produktioun vun där Serie ass gestoppt ginn **2.** **DE** *Serie* [Sendereihe, Artikelreihe] • **FR** *série* [d'émissions, d'articles] • **EN** *series* [broadcasting, publishing] • **PT** *série* [de emissões, de artigos] **Beispill** ech hunn all d'Emissiounen aus där Serie opgeholl; meng Schwëster verpasst keng Folleg vun där amerikanescher Serie; d'Zeitong huet eng Serie iwwer d'Handwierk bruecht **3.** eng (ganz) Serie (vun) **DE** *eine* (ganze) *Reihe* (von), *eine Anzahl* (von) • **FR** *un certain nombre de*, *un grand nombre de* • **EN** *a* (whole) *series* (of) • **PT** *uma série de*, *um grande número de* **Beispill** iwwer de Weekend gouf et eng ganz Serie Abréich am Land; den Ingenieur huet eng Serie vun Tester gemaach; wann s de al Postkaarte braucht, ech hunn eng ganz Serie doheem **Synonymmen** eng (ganz) Rei (vun), eng (ganz) Rëtsch (vun)

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert ännern: Serie / Seerie

seriëméisseg [z'e:rjəmɛisəç] Adverb **DE** *serienmäßig* • **FR** *de série*, *en série* • **PT** *em série*, *de série* **Beispill** de Prototyp ass prett, elo ka mat der seriëméisseger Produktioun ugefaange ginn; bei dësem Modell ass de GPS seriëméisseg agebaut

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert ännern: seriëméisseg / seeriëméisseg

seriö [SERj'ø:] Adjektiv **1.** **DE** *ernst* [nicht heiter] • **FR** *sérieux* [réfléchi, posé] • **EN** *serious* [solemn] • **PT** *sério* [que não ri, sisudo] **Beispill** et ass schwéier, seriö ze bleiwen, wann s du ufänks, Witzer ze erzielen!; kuck net esou seriö! **Synonym** eescht **2.** **DE** *seriös* [zuverlässig] • **FR** *sérieux* [fiable] <Adverb avec sérieux, de façon sérieuse> • **EN** *reliable*, *dependable* <Adverb reliably, dependably, conscientiously> • **PT** *sério* [de confiança] <Adverb com seriedade, seriamente> **Beispill** d'Leit behaupten, déi Firma wier net seriö; d'Schräiner hunn hir Aarbecht ganz seriö gemaach **3.** **DE** *ernst* [eindringlich] • **FR** *sérieux* [accompli avec réflexion] <Adverb sérieusement> • **EN** *serious* [considered] <Adverb seriously> • **PT** *sério* [sento de brincadeira] <Adverb a sério> **Beispill** mir mussen e seriöt Wuert mat hinne schwätzen **Synonym** eescht **4.** **DE** *ernst* [wirklich so gemeint] • **FR** *sérieux* [sincère] <Adverb sérieusement> • **EN** *serious* [earnest] <Adverb seriously, in earnest> • **PT** *sério* [sincero] <Adverb a sério> **Beispill** mengs de dat seriö, wann s de behaapts, du wëllts der e Moto kafen? **5.** **DE** *ernst* [schwerwiegend] • **FR** *sérieux* [préoccupant] • **EN** *serious*, *grave* <Adverb seriously, gravely> • **PT** *sério* [preocupante] **Beispill** eise Jéngsten huet seriö Problemer an der Schoul; hien ass seriö krank **Synonym** eescht

i Variant: seriös

Seriö [SERj'ø:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Seriosität*, *Ernst* • **FR** *sérieux* [fiabilité, application] • **EN** *seriousness* • **PT** *seriedade* [fiabilidade, aplicação] **Beispill** ech hu gewësse Bedenken, wat de Seriö vun deene Leit ugeet; mir mussen dat Theema mat deem néidege Seriö behandelten **Synonym** Seriositéit

seriös [SERj'ø:] Adjektiv - Variant vun ↗seriö

Seriositéit [serj'ozit'ɛit] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Seriosität*, *Ernst* • **FR** *sérieux* [fiabilité, application] • **EN** *seriousness* • **PT** *seriedade* [fiabilidade, aplicação] **Beispill** ech hu gewësse Bedenken, wat d'Seriositéit

vun deene Leit ugeet; mir mussen dat Theema mat där néideger Seriositéit behandelen **Synonym** Seriö

serologesch Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Serpentine [sɛʁpɑ̃:t'in] Femininum (Pluriel Serpentina) **1.** **DE** *Serpentine* [Straßenführung] • **FR** *lacet* [d'une route, d'un chemin] • **EN** *twists and turns* [of a road] • **PT** *zigzague* [de uma estrada, de um caminho] **Beispill** eng schmuel Strooss mat **Serpentine** féiert erop op den Aussichtspunkt **2.** **DE** *Papierschlange* • **FR** *serpentin* [de cotillon] • **EN** *party streamer* [made of paper] • **PT** *serpentina* [de Carnaval] **Beispill** d'Kanner hunn sech mat **Serpentina** a Konfetti amesiert

Serum Maskulinum (Pluriel Serumen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Servatius [sɛʁv'a:tjus] Maskulinum **DE** *Heiliger Servatius* • **FR** *Saint Servais* • **EN** *St Servatius* • **PT** *São Servácio* **Beispill** den 13. Mee ass mam **Servatius** deen drëtten Äishellegen un der Rei

I Déi Äishelleg Mamertus, Pankratius, Servatius, Bonifatius a Kaalt Sophie zielen zu deenen Hellegen, déi d'Leit aus Suerg ëm d'Wieder verëiert hunn. Se ware Bëscheef oder Märtyrer am 4. oder 5. Joerhonntert an hunn, dem julianesche Kalenner no, téschent dem 11. a 15. Mee Namensdag. Dee Moment kënne Polarluftströmungen nach heefeg Buedemfracht mat sech bréngen. Aus deem Phenomeen ass eng Bauerereegel entstanden, déi seet, datt d'Wieder am Mee eréischt nom Kale Sophie, där leschter Äishelleger an der Rei, stabil gétt an da kee Risiko méi fir empfindlech Planzen am Fräie besteet.

Server [s'œ:vɛ] Maskulinum (Pluriel Serveren) **DE** *Server* • **FR** *serveur* [système informatique] • **EN** *server* [computing device] • **PT** *servidor* [sistema informático] **Beispill** e gewëtzten Hacker hat et schonn e puermol op eise **Server** ofgesinn

I Variant: **Serveur**

Serverfarm Femininum (Pluriel Serverfarmen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Serveur [s'ɛrvœ:r] Maskulinum (Pluriel Serveuren) - Variant vun ↗**Server** **DE** *Kellner* • **FR** *serveur, garçon* • **EN** *waiter* • **PT** *empregado de mesa* **Beispill** mir hunn deem feine **Serveur** e schéint Dréngeld ginn **Synonym** Garçon

I Opgepasst! D'Wuert **Serveur** kann niewent deem, wat hei beschriwwen ass, och nach dat selwecht bedeiten ewéi d'Wuert ↗**Server**.

I Weiblech Form: ↗**Serveuse**

Serveuse [s'ɛrvø:s] Femininum (Pluriel Serveusen) **DE** *Kellnerin* • **FR** *serveuse* • **EN** *waitress* • **PT** *empregada de mesa* **Beispill** hien huet sech bei der **Serveuse** e gud-den Dessert bestallt

I Männlech Form: ↗**Serveur**

Service [sɛʁv'is] Maskulinum - Variant vun ↗**Zerwiss** **1.** (kee Pluriel) **DE** *Service, Bedienung* • **FR** *service* [au client] • **EN** *service* [to customers] • **PT** *serviço* [ao cliente] **Beispiller** an deem Restaurant ass de **Service** zimmelech ruppeg, mee d'Iessen ass excellent; an eisem Geschäft gétt de **Service** nach groussgeschriwwen; de **Service** ass am Präis vum Menü mat abegraff **2.**

(Pluriel **Servicer** / **Services**) **DE** *Dienstleistung* • **FR** *service* [prestation] • **EN** *service* [resource] • **PT** *serviço* [prestação] **Beispiller** an deser Broschür steet genee, op wat fir eng **Servicer** d'Leit Usproch hunn; d'Post huet hir nei **Servicer** virgestallt **Synonymmen** Déngschtleeschtung, Prestatioun **3.** (Pluriel **Servicer** / **Services**) **DE** *Abteilung* [eines Unternehmens, einer Dienststelle] • **FR** *service, département* • **EN** *service* [section, department] • **PT** *serviço, departamento* **Beispiller** eise **Service** huet en neie Mataarbechter bäikritt; am Betrib ginn zwee **Servicer** zesummegeghe; déi eenzel **Servicer** an der Klinik funktionéieren eegestänneg **Synonym** Abteilung **4.** (Pluriel **Servicer** / **Services**) **DE** *Aufschlag* [im Ballsport] • **FR** *service* [premier coup] • **EN** *service, serve* • **PT** *serviço* [jogada inicial] **Beispill** deen Tennisspiller huet e besonnesch staarke **Service**

I Opgepasst! D'Wuert **Service** kann niewent deem, wat hei beschriwwen ass, och nach dat selwecht bedeiten ewéi d'Wuert ↗**Zerwiss**.

Servitude [sɛʁvit'y:t] Femininum (Pluriel Servituden) **DE** *Dienstbarkeit, Nießbrauch* [Nutzungsrecht] • **FR** *servitude* [droit de passage, droit d'usage] • **PT** *servidão* [direito de passagem, direito de utilização] **Beispill** den Nottär huet eis beim Kaf vum Terrain drop opmierksam gemaach, datt eng **Servitude** drop ass

Sëschter [z'əʃtɛ] Femininum (Pluriel Sëschteren) - Variant vun ↗**Schwëster**

Sessellift Maskulinum (Pluriel Sessellifter)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Sessioun [sæsj'øʃn] Femininum (Pluriel Sessiounen) **1.** **DE** *Sitzungsperiode* • **FR** *session* [d'une assemblée] • **EN** *session* [meeting of an official body] • **PT** *sessão* [de uma assembleia] **Beispill** déi nei **Sessioun** vum Parlament fänkt am Oktober un **2.** **DE** *Prüfungsperiode* • **FR** *session* [d'examen] • **EN** *exam period* • **PT** *sessão* [de exame] **Beispill** fir deen Exame sinn dräi **Sessiounen** virgesinn **3.** **DE** *Session* [Serververbindung] • **FR** *session* [connexion à un serveur] • **EN** *connection* [to a server], *session* • **PT** *sessão* [conexão a um servidor] **Beispiller** eise **Server** léisst net méi ewéi zwanzeg **Sessiounen** gläichzäiteg zou; d'**Sessiounen** sinn op eng Stonn limitéiert, dono muss een sech erëm nei aloggen

Set [sæt] Maskulinum (Pluriel Setten) **1.** **DE** *Set* [Garnitur] • **FR** *set* [assortiment] • **EN** *set* [of utensils] • **PT** *jogo, set* [de utensílios] **Beispill** ech hu mer e ganze **Set** Schrauwendéier kaaft **2.** **DE** *Set, Tischset* • **FR** *set* [de table] • **EN** *place mat* • **PT** *set* [de mesa] **Beispill** déi nei **Sette** passe ganz gutt bei däin **Zerwiss** **3.** **DE** *Set* [Drehort] • **FR** *set, plateau* (de tournage) • **EN** *set* [for filming] • **PT** *set* (de rodagem), *plateau* **Beispill** esoubal d'Acteuren all um **Set** sinn, kënne mer déi lescht Zeen dréien **4.** **DE** *Satz* [Spielabschnitt] • **FR** *set, manche* • **EN** *set* [of a sports game] • **PT** *set* [período de jogo] **Beispill** d'Tennisspillerin huet sech am zweete **Set** misse geschloe ginn **Synonym** Satz

Sätz [zəts] Maskulinum **1.** (Pluriel Sätzer) **DE** *Sitzgelegenheit* • **FR** *siège* [pour s'asseoir] • **EN** *seat* [for sitting on] • **PT** *assento* [para sentar-se] **Beispiller** d'**Sätzer** am Bus sinn all mat Ceinturen ekipéiert; ech hunn déi hënnescht **Sätzer** vum Auto ëmgeklappt **2.** (Pluriel

Sëtzer **DE** Sitz [Niederlassung] • **FR** siège (social) • **EN** seat [headquarters, registered office] • **PT** sede (social) **Beispill** déi multinational Gesellschaft huet hire Sëtz bei eis am Land **Synonym** Siège **3.** (Pluriel Sëtzt) **DE** Sitz [Mandat] • **FR** siège, mandat • **EN** seat [in parliament, on a board of directors] • **PT** assento, mandato **Beispill** hir Partei huet aacht Sëtzen an der Chamber; eis Famill hat ëmmer e Sëtzen am Verwaltungsrot vun der Firma

Sëtzbad [z'ətsba:t] Neutrum (Pluriel Sëtzbieder) **DE** Sitzbad • **FR** bain de siège • **EN** hip bath • **PT** banho de assento **Beispill** wann ee mat Hämorrhoiden geplot ass, kënnen Sëtzbieder ganz agreabel sinn

sëtzebleiwen [z'ətsəblaivən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé sëtzebliwwen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

sëtzeleiden Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé sëtzeleiden)

I Hei entsteet en neien Artikel.

sëtzen [z'ətsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesiess) » **intransitiv 1.** **DE** sitzen [in Sitzposition] • **FR** être (assis), se trouver (en position assise) • **EN** to sit, to be [in a sitting position] • **PT** estar sentado, estar [em posição sentada] **Beispill** no deem laange Stoen deet et gutt, emol erëm kënnen ze sëtzen; et sëtzen nach zwou Persounen am Wartesall; hie sëtzt op sengem Geld [ëgs] [hien ass ganz knéckeg]; mäi fréiere Frënd sëtzt [ëgs] [mäi fréiere Frënd ass am Prisong]; mäi Pätter hat deslescht eng sëtzen [ëgs] [mäi Pätter war deslescht voll] **2.** **DE** sitzen [Mitglied sein] • **FR** siège [être membre] • **EN** to sit [to be a member] • **PT** ter assento, fazer parte de [como membro] **Beispill** am Gremium sëtze Verrieder vun verschiddene Ministären; meng Fra sëtzt neierdengs am Verwaltungsrot vum Spidol **Synonym** sinn **3.** **DE** sitzen [passen] • **FR** aller (à) [avoir la bonne taille, la forme adaptée (pour)] • **EN** to sit [to fit] • **PT** assentar (a) [ajustar-se (a)] **Beispill** dän neie Kostüm sëtzt impeccabel; déi (Remark) souz! [ëgs] [Idéi Remark hat eng grouss Wierkung] **4.** **DE** sitzen, beherrscht werden • **FR** être assimilé, être connu à fond • **EN** to be mastered, to be committed to memory • **PT** ser assimilado, ser dominado [ser conhecido a fundo] **Beispill** fir déi nächst Prüfung muss d'Matière sëtzen; d'Acteure widerhuelen hir Roll, bis se sëtzt **5.** [ëgs] et sëtzen hunn op **DE** sauer sein auf • **FR** en vouloir à • **EN** to be mad at • **PT** estar zangado com **Beispill** hien hat mech esou schlëmm bedrunn, datt ech et jorelaang op e sëtzen hat

I Verben, déi **sëtzen** als Basis hunn: ↗asëtzen, ↗festsëtzen, ↗gëintniwwersëtzen, ↗gëintniwwersëtzen an ↗zesummesëtzen

setzen [z'ətsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesat) » **transitiv 1.** **DE** setzen, stellen [platzieren, unterbringen] • **FR** mettre, poser, placer • **EN** to put, to place • **PT** pôr, meter, colocar **Beispill** setz den Auto an d'Garage, ier et reent!; nom Usträichen hu mir d'Miwwelen nees op hir Plaz gesat; setz de Stull wannechgelift op d'Säit, fir datt keen driwwer fällt!; fir Allerhellege gi vill Arrangementer op d'Griewer gesat **2.** **DE** setzen [schreibend einfügen, schreiben] • **FR** mettre [insérer en écrivant, écrire] • **EN** to put [to write, to insert in writing] • **PT** pôr [inserir escrevendo, escrever] **Beispill** vill Schüler haten an hirem Aufsatz vergiess, bei der

direkter Ried Gänseféisercher ze setzen; soll ech dän Numm mat op d'Lëscht setzen? **3.** **DE** setzen, übertragen • **FR** mettre, transposer • **EN** to put [to transpose] • **PT** passar [transcrever, transpor] **Beispill** d'Schüler hunn de ganzen Text missen an d'Vergaangenheet setzen **4.** **DE** setzen [für den Druck] • **FR** composer [un texte à imprimer] • **EN** to set [type] • **PT** compor [um texto para impressão] **Beispill** dee leschten Deel vun Text gëtt am fetten Drock gesat; et gesäit een, datt dee Gedichtband op der Hand gesat gouf **5.** **DE** setzen, pflanzen • **FR** planter [mettre en terre] • **EN** to plant [in the ground] • **PT** plantar [meter na terra] **Beispill** du dääfers d'Knolle vun de Krokussen net ze déif an de Buedem setzen; mir hu Lavendel an de Gaart gesat; mäi Papp huet all Joer 30 Ar Grompere gesat **Synonym** pflanzen **6.** setzen op **DE** setzen auf [wetten, als Einsatz geben] • **FR** miser sur [mettre en jeu] • **EN** to put on, to place [to bet] • **PT** apostar em [pôr em jogo] **Beispill** ech setzen ëmmer 50 Euro op dat selwecht Päerd; ech hu bei eisem Tippbill fir d'Finall vun der WM op déi richteg Ekip gesat » **reflexiv 7.** **DE** sich setzen [sich hinsetzen, Platz nehmen] • **FR** s'asseoir [prendre place] • **EN** to sit down • **PT** sentar-se [tomar lugar] **Beispill** bréngt nach e puer Still erbäi, fir datt jiddereen sech ka setzen; komm, mer setzen eis eng Minutt hier op d'Bänk!; de Violonist huet sech aus Versinn op säi Bou gesat; ech hu mech misse setzen, wéi ech de Präis vun Auto héieren hunn [ëgs] [ech war paff, wéi ech de Präis vun Auto héieren hunn] **8.** **DE** sich setzen [sich senken, sich ablagern] • **FR** se tasser [baisser de niveau] • **EN** to settle [to subside] • **PT** assentar [ficar mais baixo] **Beispill** ier mer Gras séien, muss de Buedem sech setzen; ech waarde mam Dessert, bis d'Iesse sech e bësse gesat huet [ëgs] [ech waarde mam Dessert, bis ech d'Iessen e bësse verdaut hunn] **9.** **DE** sich setzen [nach unten sinken] • **FR** se déposer [descendre au fond] • **EN** to settle [liquid] • **PT** assentar [depositar-se no fundo] **Beispill** looss d'Taass nach e bësse stoen, de Kaffi huet sech nach net gesat! » **intransitiv 10.** setzen op **DE** setzen auf • **FR** miser sur • **EN** to build (upon) • **PT** apostar em [fazer fé em] **Beispill** déi nei Regierung setzt op Kontinuitéit

I Verben, déi **setzen** als Basis hunn: ↗asëtzen, ↗ausenanersetzen, ↗ausernanersetzen, ↗auserneesetzen, ↗aussetzen, ↗bäisetzen, ↗drusetzen, ↗duerchsetzen, ↗ëmsetzen, ↗erasetzen, ↗erofsetzen, ↗eropsetzen, ↗festsetzen, ↗gläichsetzen, ↗hanneschtsetzen, ↗néiersetzen, ↗niddersetzen, ↗ofsetzen, ↗opsetzen, ↗usetzen, ↗virussetzen, ↗virsetzen, ↗virussetzen, ↗zerécksetzen, ↗zesummesetzen an ↗zousetzen

Setzerei [zətsər'ɑi] Femininum (Pluriel Setzereien) **DE** Setzerei • **FR** atelier de composition [d'une imprimerie] • **EN** composing room [for typesetting] • **PT** oficina de composição (tipográfica) **Beispill** d'Redaktioun huet d'Zeitungsartikelen an d'Setzerei geschéckt

Sëtzeleehheet [z'ətsəle:ənhet] Femininum (Pluriel Sëtzeleehheeten) **DE** Sitzgelegenheit • **FR** place assise, place pour s'asseoir • **EN** sitting place, seating • **PT** lugar sentado, lugar para sentar **Beispill** am neie Park gëtt et vill Sëtzeleehheeten

Setzgromper [z'ətsəgrompe] Femininum (Pluriel Setzgromperen) **DE** Saatkartoffel • **FR** pomme de terre de semence • **EN** seed potato • **PT** batata de semente **Beispill** e groussen Deel vun de Setzgrompere gëtt an d'Ausland exportéiert

Sätzgrupp [z'ətsgru:p] Femininum (Pluriel Sätzgruppen) **DE** Sitzgruppe • **FR** ensemble canapé et fauteuils • **EN** living-room suite, three-piece suite • **PT** conjunto sofá e cadeirões **Beispill** mir hunn eis gëschter eng nei Sätzgrupp am Lieder kaaft

Setzkasten Maskulinum (Pluriel Setzkasten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Sätzplaz [z'ətspla:ts] Femininum (Pluriel Sätzplazen) **DE** Sitzplatz • **FR** place (assise) • **EN** seat [sitting place] • **PT** lugar (sentado) **Beispiller** an der zweeter Klass ware keng Sätzplaze méi fräi; ech hu fir de Concert vun den Owend eng reservéiert Sätzplaz; d'Zuel vun de Sätzplaze vun engem Gefier ass op der Groer Kaart agedroen

Sëtzung [z'ətsuŋ] Femininum (Pluriel Sëtzungen) **DE** Sitzung [Versammlung] • **FR** réunion, séance • **EN** meeting, session • **PT** reunião, sessão **Beispill** de Kommittee huet festgehalen, datt no all Sëtzung e Rapport geschriww e gëtt **Synonym** Seance

i Variant: Sitzung

Sëtzungssall [z'ətsuŋszal] Maskulinum (Pluriel Sëtzungssäll) **DE** Sitzungssaal • **FR** salle de réunion, salle d'audience • **EN** boardroom, meeting room, courtroom • **PT** sala de reuniões, sala de audiências **Beispiller** de Verwaltungsrot hält haut seng éischt Reunion am neie Sëtzungssall; d'Riichterin ass mat enger ganz eeschter Minn aus dem Sëtzungssall komm

i Variant: Sitzungssall

Setzwo [z'ətsvo:] Femininum (Pluriel Setzwoen) **DE** Wasserwaage • **FR** niveau [instrument] • **EN** spirit level • **PT** nível [instrumento] **Beispiller** kontrolléier mat der Setzwo, ob d'Plack riicht läit!; d'Mantelbriet ass net an der Setzwo [d'Mantelbriet hänkt net riicht] **Synonym** Niveau

Seuch [zɔɪç] Femininum (Pluriel Seuchen) **DE** Seuche [Infektionskrankheit] • **FR** épidémie • **EN** epidemic • **PT** epidemia **Beispill** eng gutt Hygiëne a systematesch Impfungen hëllef am beschten am Fall vun enger Seuch

Seuil Maskulinum (Pluriel Seuilen) **DE** (obere) Grenze • **FR** seuil [limite] **Beispiller** well Äert Akommes e gewëssene Seuil iwwerschreit, hutt Dir dës Allokatioun net zegutt; d'Ofgasen däerfen e gesetzlech festgeluechte Seuil net iwwerschneiden

Sex [sæks] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Sex [Geschlechtsverkehr, sexuelle Handlung] • **FR** sexe [rapports sexuels, pratiques sexuelles] • **EN** sex [sexual intercourse, sexual activity] • **PT** sexo [relações sexuais, práticas sexuais] **Beispiller** bei dir dréit sech alles ëm Suen, Sex an Autoen!; den Dokter huet d'Koppel gefrot, ob se nach reegelméisseg Sex hätt; gudde Sex muss net automatesch en Orgasmus implizéieren **Synonym** Geschlechtsverkéier

Sexappeal [sæksəp'i:l] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Sexappeal • **FR** sexe-appeal, attrait sexuel • **EN** sex appeal • **PT** sex appeal, atração sexual **Beispill** déi Actrice hat nach ëmmer Sexappeal

Sexbomm [s'æksbom] Femininum (Pluriel Sexbommen) [égs] **DE** Sexbombe • **FR** bombe sexuelle • **EN** sex bomb • **PT** bomba sexual **Beispill** an där Bar zerweiert neierdëngs eng richtig Sexbomm

Sexfilm [s'æksfilm] Maskulinum (Pluriel Sexfilmer) **DE** Sexfilm • **FR** film érotique • **EN** sex film • **PT** filme erótico **Beispill** gëschter Owend spéit hu se op der Tëlee e Sexfilm bruecht

Sexhandel Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Sexhandel • **FR** traite d'êtres humains à des fins d'exploitation sexuelle • **EN** sex trade • **PT** tráfico de seres humanos para exploração sexual **Beispill** Fraen, déi aus Krichsgebidder fortlafen, riskéieren Affer vum Sexhandel ze ginn

Sexismus Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Sexist Maskulinum (Pluriel Sexisten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Weiblech Form: ♀Sexistin

sexistesch [sæks'istəʃ] Adjektiv **DE** sexistisch • **FR** sexiste <Adverb de façon sexiste> • **EN** sexist <Adverb in a sexist way> • **PT** sexista <Adverb de forma sexista> **Beispiller** dee Journalist huet vill Leit mat senger sexisteschen Aussoe schockéiert; wann s de esou sexistesch argumentéiers, méchs de der keng Frënn

Sexistin Femininum (Pluriel Sexistinnen)

i Männlech Form: ♂Sexist

Sexolog [sæksol'o:k] Maskulinum (Pluriel Sexologen) **DE** Sexologe • **FR** sexologue • **EN** sexologist • **PT** sexólogo **Beispill** eemol an der Woch äntwert e Sexolog um Radio op Froe vun den Nolauschterer

i Weiblech Form: ♀Sexologin

Sexologie [sæksolɔʒ'i:] Femininum (kee Pluriel) **DE** Sexologie • **FR** sexologie • **EN** sexology • **PT** sexologia **Beispill** mäi Brudder huet Psychologie a Sexologie studéiert

Sexologin [sæksol'o:gin] Femininum (Pluriel Sexologinnen) **DE** Sexologin • **FR** sexologue [femme] • **PT** sexóloga **Beispill** an hirer Emissioun äntwert d'Sexologin op all Froe ronderëm d'Sexualitéit

i Männlech Form: ♂Sexolog

Sexshop [s'æksʃop] Maskulinum (Pluriel Sexshops / Sexshops) **DE** Sexshop • **FR** sex-shop • **EN** sex shop • **PT** sex shop **Beispill** an dëser Strooss fënns de ee Sexshop niewent deem aneren

Sextant [sækst'ant] Maskulinum (Pluriel Sextanten) **DE** Sextant • **FR** sextant • **EN** sextant • **PT** sextante [instrumento] **Beispill** fréier hunn de Kompass an de Sextant op kengem Schëff därefer feelen

Sextett Neutrum (Pluriel Sextetter)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Sextourismus Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Sextourismus • **FR** tourisme sexuel • **EN** sex tourism • **PT** turismo sexual **Beispill** trotz enger méi strenger Legislatioun floréiert de Sextourismus nach ëmmer a ville Länner

Sexualitéit [sækswalit'zɪt] Femininum (kee Pluriel) DE *Sexualität* • FR *sexualité* • EN *sexuality* • PT *sexualidade* **Beispiller** ech hunn en interessanten Artikel iwwer d'Atellung zur *Sexualitéit* am 19. Joerhonnert gelies; beim Psychiater kann e Patient och bei Problemer mat senger *Sexualitéit* gehollef kréien

Sexualliewen [sæksw'a:liəvən] Neutrum (kee Pluriel) DE *Sexualleben* • FR *vie sexuelle* • EN *sex(ual) life* • PT *vida sexual* **Beispiller** mäi *Sexualliewen* geet keen eppes un; wéinst mengem Mann senger Krankheet hu mir keen harmonesch *Sexualliewe* méi an eiser Koppel

Sexualverbrischen [sæksw'a:lfebrɪəçən] Neutrum (Pluriel *Sexualverbrischen*) DE *Sexualverbrechen* • FR *crime sexuel* • EN *sex crime* • PT *crime sexual* **Beispill** d'Police konnt dat brutaalt *Sexualverbrische* séier opklären

sexuell [sæksu'æɫ] Adjektiv DE *sexuell* • FR *sexuel* [d'ordre *sexuel*] <Adverb *sexuellement*> • EN *sexual* <Adverb *sexually*> • PT *sexual* [de *ordem sexual*] <Adverb *sexualmente*> **Beispiller** *sexuell* Bedierfnesser variéiere vu Persoun zu Persoun; déi Krankheet iwwerdréit sech duerch *sexuelle* Kontakt; meng Frëndin ass op der Aarbecht *sexuell* belästegt ginn

sexy [s'æksi:] Adjektiv [əgs] DE *sexy* • FR *sexy* <Adverb *de façon sexy*> • EN *sexy* <Adverb *sexily*> • PT *sexy* <Adverb *de forma sexy*> **Beispiller** fir mir eng Freed ze maachen, hunn ech mer *sexy* Ennerwäsch kaaft; d'Dänzerinnen an d'Dänzer ware *sexy* ugedoen **Synonym** lackeleg

Seychellen [zɜɪf'æɫən] Eegennumm (kee Singulier) DE *Seychellen* • FR *Seychelles* • EN *Seychelles* • PT *Seicheles* **Beispiller** ech war schonn dräimol op de *Seychellen*; ech fueren d'nächst Woch op d'*Seychellen*; ech komme vun de *Seychellen*

1 männlech Persoun: ↗*Seycheller* weiblech Persoun: ↗*Seychellerin* Adjektiv: ↗*seychellesch* Haaptstad: ↗*Victoria*

Seycheller [zɜɪf'æɫə] Maskulinum (Pluriel *Seycheller*) DE *Seycheller* • FR *Seychellois* • EN *Seychellois* • PT *seichelense* **Beispill** mäi beschte Frënd ass *Seycheller*

Seychellerin [zɜɪf'æɫəriŋ] Femininum (Pluriel *Seychellerinnen*) DE *Seychellerin* • FR *Seychelloise* • EN *Seychellois* [female] • PT *seichelense* **Beispill** meng bescht Frëndin ass *Seychellerin*

seychellesch [zɜɪf'æɫəʃ] Adjektiv DE *seychellisch* • FR *seychellois* • EN *Seychellois* • PT *seichelense* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi *seychellesch* Kultur kenne geléiert

sezéieren [zets'zɪəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *sezéiert*) » **transitiv** DE *sezieren* • FR *dissecter* [un *corps*] • EN *to dissect* [a *body*] • PT *dissecar* [um *corpo*] **Beispill** d'Medezinner hunn d'Läich *sezéiert*

Sezéierung [zets'zɪəɾuŋ] Femininum (Pluriel *Sezéierungen*) DE *Sezierung* • FR *dissection* • EN *dissection* • PT *dissecação* **Beispill** bei der *Sezéierung* vun der Läich ass e Student schwachgefall

Shampooing [ʃ'ä:mpwɛ:] Maskulinum (Pluriel *Shampooingen*) **1.** DE *Shampoo* • FR *shampooing* [produit] • EN *shampoo* [product] • PT *champo* **Beispill** dee *Shampooing*

kritt ee just an der Apdiht ze kafen **2.** DE *Haarwäsche* • FR *shampooing* [lavage] • EN *shampoo* [act of washing] • PT *lavagem* [do *cabelo*] **Beispill** beim Coiffer kritt een eng Coupe mat oder ouni *Shampooing* gemaach

Shampooing [ʃ'ä:mpwɛ:] Maskulinum (Pluriel *Shampooingen*) - Variant vun ↗*Shampooing*

sharen [ʃ'ɛ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gesharet* / *geshared*) » **transitiv** DE *teilen* [einen *Post in den sozialen Medien*] • FR *partager* [un *post sur les médias sociaux*] • PT *partilhar* [um *post nas redes sociais*] **Beispill** mäi leschte *Post* gouf vu bal all menge Kollege geliked a *geshared* **Synonym** deelen

Shisha Femininum (Pluriel *Shishaen*)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

shit Interjektion [graff] DE *Scheiße*, *verdammt* • FR *merde*, *putain* [pour *exprimer l'agacement, la colère*] • PT *merda*, *chíça* [para *expressir irritação, cólera*] **Beispiller** *shit*, elo ass de Schlëssel mer am Schluss ofgebrach!; *shit*, ech hu mäi *Rendez-vous* an der Garage vergiess! **Synonymmen** fuck, merd, schäiss

Shop [ʃop] Maskulinum (Pluriel *Shoppen*)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

shoppen [ʃ'opən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geshoppt*) » **intransitiv** DE *shoppen* • FR *faire du shopping* • EN *to go shopping* • PT *fazer compras* **Beispill** hues de Loscht, muer de Mëtteg mat mir an d'Stad *shoppen* ze goen? **Synonym** akafen

Shopping [ʃ'opiŋ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Shopping*, *Shoppen*, *Einkaufen* • FR *shopping* • EN *shopping* • PT *compras* [atividade] **Beispill** ech freeë mech schonn op de *Shopping* an de Solden

Shoppingcenter [ʃ'opiŋtsænte] Maskulinum (Pluriel *Shoppingcenteren*) **1.** DE *Einkaufszentrum*, *Shoppingcenter* [Unternehmen] • FR *centre commercial* [entreprise] • EN *shopping centre* [establishment] • PT *centro comercial* [estabelecimento] **Beispill** dëse *Shoppingcenter* huet dacks richteg gutt Promotiounen **Synonym** Akafszenter **2.** DE *Einkaufszentrum*, *Shoppingcenter* [Gebäude] • FR *centre commercial* [bâtiment] • EN *shopping centre* [building] • PT *centro comercial* [edifício] **Beispill** bei eis an der Géigend gëtt en neie *Shoppingcenter* gebaut **Synonym** Akafszenter

Short [ʃɔrt] Maskulinum (Pluriel *Shorten*) DE *Shorts* • FR *short* • EN *shorts* • PT *calções curtos*, *shorts* **Beispiller** am Summer dinn ech praktesch nëmme *Shorten* un; nom Match am Schlore waren de Spillerinnen hir *Shorte* voller Bulli

Shortcut [ʃ'ɔ:tkat] Maskulinum (Pluriel *Shortcutten* / *Shortcuts*) **1.** DE *Tastaturbefehl*, *Tastaturkürzel* • FR *raccourci clavier* • PT *combinação de teclas*, *atalho de teclado* **Beispill** kenns du de *Shortcut*, fir e groussen „E“ ze tippen? **2.** DE *Verknüpfung*, *Shortcut* • FR *raccourci*, *alias* • PT *atalho* [icone] **Beispill** ech hunn e *Shortcut* op den Desktop gesat, fir datt ech de Programm ka méi séier starten **Synonym** Alias

Show [ʃəʊ] Femininum (Pluriel *Showen*) DE *Show* • FR *show* • EN *show* • PT *espetáculo*, *show* **Beispill** seng *Show* ass bei de Jonke besonnesch beléift

Showroom Maskulinum (Pluriel Showrooms / Showrooms)

I Hei entsteeht en neien Artikel.

Shredder Maskulinum (Pluriel Shredderen) - Variant vun ↗Schredder

Shutdown [ʃ'ɑtdʌʊn] Maskulinum (Pluriel Shutdownen / Shutdowns) **1.** DE *Shutdown* [Stilllegung des öffentlichen Lebens] • FR *arrêt des activités publiques et économiques* • EN *shutdown* [of public and economic activity] • PT *suspensão de atividades públicas e econômicas* **Beispill** e komplette **Shutdown** huet e groussen Impakt op d'Wirtschaft **2.** DE *Herunterfahren* [eines Computers] • FR *arrêt* [d'un ordinateur] • EN *shutdown* [of a computer] • PT *encerramento* [de um computador] **Beispill** vergiess net, e **Shutdown** vum Computer ze maachen, ier s de virum Weekend heemgees

si [zi:] Personalpronomen » 3. Persoun Singulier / weiblech / Nominativ **1.** DE *sie* • FR *elle* • EN *she* • PT *ela* **Beispill** wat ass **si** eng schéi Fra! » 3. Persoun Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Nominativ **2.** DE *sie* • FR *ils, elles* • EN *they* • PT *eles, elas* **Beispill** **si** gi spadseieren » 3. Persoun Singulier / weiblech / Akkusativ **3.** DE *sie* • FR *la* • EN *her* • PT *a* **Beispill** mir gesinn **si** all Dag, wann se akafe geet » 3. Persoun Pluriel / männlech/weiblech/sächlech / Akkusativ **4.** DE *sie* • FR *les* • EN *them* • PT *os, as* **Beispill** mir hunn **si** nach laang mateenen héiere schwätzen

Si [s'i:] Maskulinum (Pluriel Sien) DE *H* [Ton, Note] • FR *si* [note de musique] • EN *B, ti, si* [musical note] • PT *si* [nota musical] **Beispill** **Si**pill téschent dem **Si** an dem **Do** läit en hallwen **Toun**

siameesesch Adjektiv

I Hei entsteeht en neien Artikel.

Sibiresche Bliedervillchen [zibi:r'əfəbl'iəde-filçən] Maskulinum (Pluriel Sibiresch Bliedervillercher) Phylloscopus inornatus DE *Gelbbrauenlaubsänger* • FR *pouillot à grands sourcils* • EN *yellow-browed warbler* • PT *felosa-bilistada* **Beispill** wéi laang bréien d'Sibiresch Bliedervillercher?

Sibiresch Skua [zib'i:rəfʃk'u:a:] Femininum (Pluriel Sibiresch Skuaen) *Stercorarius pomarinus* DE *Spatelraubmöwe* • FR *labbe pomarin* • EN *pomarine jaeger* • PT *moleiro-pomarin* **Beispill** wéi laang bréien d'Sibiresch Skuaen?

Sicav Femininum (Pluriel Sicaven)

I Hei entsteeht en neien Artikel.

Sich [ziç] Femininum **1.** (op der) **Sich** (no) DE *(auf der) Suche (nach)* • FR *(à la) recherche (de)* • EN *(in) search (of)* • PT *(à) procura (de)* **Beispill** ech sinn op der **Sich** no engem sécheren **Auto** fir eise Jéngsten; d'Police huet ee vun de Verbriecher kritt, d'**Sich** no deem anere geet virun **2.** (Pluriel **Sichen**) DE *Suchanfrage* • FR *recherche* [requête informatique] • EN *(computer) search* • PT *pesquisa* [consulta informática] **Beispill** d'Resultater vun der **Sich** kënnen no verschiddene Krittäre klasséiert ginn

Sichaktioun [z'içaksjəʊn] Femininum (Pluriel Sichaktiounen) DE *Suchaktion* • FR *(opération de)* re-

cherche(s) • EN *search operation* • PT *operação de busca* **Beispill** no enger grousser **Sichaktioun** gouf de Verméssten erëmfonnt

sichen [z'içən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesicht) » **transitiv 1.** DE *suchen* [zu finden versuchen] • FR *chercher* [essayer de trouver] • EN *to look for* [to try to find] • PT *procurar* [tentar encontrar] **Beispill** ech hunn de ganzen **Dag** mäi **Liesbrëll** gesicht; d'Police **sicht** de Mäerder; fir dese **Poste** gëtt en **Akadeemiker** gesicht; du hues hei näischt ze **sichen**! [égs] [du bass hei net erwünscht]; géi näischt **sichen**, wou näischt ass [égs] [⇒ seet een zu engem, deen sech ëmsooss **Gedanke** mécht] **2.** DE *suchen* [anstreben] • FR *chercher* [essayer d'atteindre, d'obtenir] • EN *to look for*, *to try* [to try to get] • PT *procurar* [tentar alcançar, tentar obter] **Beispill** **sichs** du **Sträit**?; hie **sicht** ëmmer säin eegene **Virdeel**; mir **sichen**, all **Mënsch** et gerecht ze maachen; an der **Vakanz** **sichen** ech virun allem **Rou**; **sich** mech net! [égs] [provözéier mech net!] **3.** DE *holen*, *abholen* • FR *(aller) chercher*, *(venir) chercher* • EN *to fetch* [to go and get, to come and get] • PT *(ir) buscar*, *(vir) buscar* **Beispill** géi an de **Keller** eng **Fläsch** **Wäi** **sichen**!; géff mer deng genee **Adress**, da kommen ech dech **sichen**! » **intransitiv 4.** **sichen** no DE *suchen* nach [zu finden versuchen] • FR *chercher* [essayer de (re)trouver] • EN *to search for* [to try to find] • PT *procurar* [tentar (re)encontrar] **Beispill** d'**Hondsstaffel** gouf agesat, fir nom **Verméssten** ze **sichen**; kommt, mir **sichen** zesummen no enger **Léisung**!

I Verben, déi **sichen** als Basis hunn: ↗aussichen, ↗eraussichen, ↗erëmsichen, ↗nosichen, ↗usichen an ↗zesummesichen

Sicherung [z'içəʀuŋ] Femininum (Pluriel Sicherungen) DE *Sicherung* • FR *fusible* • EN *fuse* • PT *fusível* **Beispill** wéi ech de **Schäffchen** ugemaaht hunn, ass d'**Sicherung** erausgefuert; d'**Luucht** geet net, géi emol an de **Keller** no de **Sicherunge** kucken!

I Variant: Séicherung

Sichfënster [z'içfənste] Femininum (Pluriel Sichfënstere) DE *Suchfenster*, *Suchfeld* • FR *champ de recherche*, *boîte de recherche* • EN *search box* • PT *janela de pesquisa*, *caixa de pesquisa* **Beispill** wann s de **däi** **Stéchwuert** agetiippt hues, da klick op de **Knäppche** riets niewent der **Sichfënster**! **Synonym** **Sichfeld**

Sichmaschinn Femininum (Pluriel Sichmaschinnen) DE *Suchmaschine* • FR *moteur de recherche* • EN *search engine* • PT *motor de pesquisa*, *motor de busca* **Beispill** wéi eng **Sichmaschinn** benotzt du, wann s de **Recherchen** am **Internet** méchts?

Sicht Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Siicht

sichtbar [z'içtba:r] Adjektiv - Variant vun ↗siichtbar

sickere [z'ikərən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gesickert) » **intransitiv** DE *sickern* • FR *s'infiltrer*, *filtrer* [liquide] • EN *to seep* • PT *infiltrar-se* [liquido] **Beispill** d'**Waasser** **sickert** duerch de **Plaiffong**

I Verben, déi **sickere** als Basis hunn: ↗asickere an ↗duerchsickere

Siddekärchen [z'idəkə:ççən] Femininum (Pluriel Siddekärercher) - Variant vun ↗Seidekärchen

Siddel Femininum (Pluriel Siddelen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

sidderen [z'ɪdərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesiddert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

siechzeg [z'ɪəʦtʰəʦ] Kardinalzuel - Variant vun **↗**sechzeg

Siechzeger [z'ɪəʦtʰəʦə] Substantiv (kee Singulier) - Kuerzform vun **↗**Siechzegerjoren

Siechzegerjoren [z'ɪəʦtʰəʦəj'ɔ:rən] Substantiv (kee Singulier) - Variant vun **↗**Sechzegerjoren

i Kuerzform: Siechzeger

siechzegst [z'ɪəʦtʰəʦtʰ] Ordinalzuel - Variant vun **↗**sechzegst

siechzég [z'ɪəʦtʰɛŋ] Kardinalzuel **DE** *sechzehn* • **FR** *seize* • **EN** *sixteen* • **PT** *dezaséis* **Beispiller** an de Summerméint sinn déi **siechzég** Zëmmere vun eisem Hotel stänneg besat; **siechzég** minus siwen ass néng **mat Zifferen 16**

i Variant: siechzing

siechzénghonnert [z'ɪəʦtʰɛŋhɔnɛt] Kardinalzuel **DE** *sechzehnhundert, tausendsechshundert* • **FR** *seize cents, mille six cents* • **EN** *sixteen hundred, one thousand six hundred* • **PT** *mil e seiscentos* **Beispill** eisen neien Dësch huet **siechzénghonnert** Euro kascht **mat Zifferen 1600**

i Variant: siechzinhonnert

siechzéngt [z'ɪəʦtʰɛŋt] Ordinalzuel **DE** *sechzehnte* • **FR** *seizième* • **EN** *sixteenth* • **PT** *décimo sexto* **Beispill** eist Appartement ass um **siechzéngt** Stack **mat Zifferen 16**.

i Variant: siechzingt

siechzing Kardinalzuel - Variant vun **↗**siechzég

siechzinhonnert Kardinalzuel - Variant vun **↗**siechzénghonnert

siechzingt Ordinalzuel - Variant vun **↗**siechzéngt

siedegen [z'ɪədəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesiedegt) » **intransitiv** **DE** *sättigen* [den Hunger stillen] • **FR** *rassasier* [être rassiant] • **EN** *to be filling* [food] • **PT** *saciar, encher* [deixar satisfeito] **Beispill** d'Zopp schmaacht gutt, mee se **siedegt** net **Synonym** sat maachen

Siège [sjɛːʃ] Maskulinum (Pluriel Siègen) **DE** *Sitz* [Hauptniederlassung] • **FR** *siège* [d'une administration, d'une entreprise] • **EN** *seat* [headquarters, head office] • **PT** *sede* [de uma administração, de uma empresa] **Beispill** d'Bank huet hire **Siège** zënter 70 Joer op där selwechter Adress **Synonym** Sëtz

siegéieren [sɪɛʒ'ɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé siegéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

sielen [z'ɪələn] Adjektiv - Variant vun **↗**seelen

Sierra Leone [sj'ɛrɑːle'ɔːneː] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum **DE** *Sierra Leone* • **FR** *Sierra Leone* • **EN** *Sierra Leone* • **PT** *Serra Leoa* **Beispiller** ech war

schonn dräimol a **Sierra Leone**; ech fueren d'nächst Woch a **Sierra Leone**; ech kommen aus **Sierra Leone**; ech war schonn dräimol am **Sierra Leone**; ech fueren d'nächst Woch an de **Sierra Leone**; ech kommen aus dem **Sierra Leone**

i männlech Persoun: **↗**Sierra-Leoner weiblech Persoun: **↗**Sierra-Leonerin Adjektiv: **↗**sierra-leonesch Haaptstad: **↗**Freetown

Sierra-Leoner [sj'ɛrɑːle'ɔːnɛ] Maskulinum (Pluriel Sierra-Leoner) **DE** *Sierra-Leoner* • **FR** *Sierra-Léonien* • **EN** *Sierra Leonean* • **PT** *serra-leonês* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Sierra-Leoner**

Sierra-Leonerin [sj'ɛrɑːle'ɔːnɛrɪn] Femininum (Pluriel Sierra-Leonerinnen) **DE** *Sierra-Leonerin* • **FR** *Sierra-Léonienne* • **EN** *Sierra Leonean* [female] • **PT** *serra-leonesa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Sierra-Leonerin**

sierra-leonesch [sj'ɛrɑːle'ɔːnɛʃ] Adjektiv **DE** *sierra-leonisch* • **FR** *sierra-léonien* • **EN** *Sierra Leonean* • **PT** *serra-leonês* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **sierra-leonesch** Kultur kenne geléiert

Sieschter [z'ɪəʃtɛ] Maskulinum **1.** (Pluriel Sieschter) **DE** *Sester, Sechter* [Maßeinheit] • **FR** *setier* [unité de mesure] • **EN** *setier* [unit of measurement] • **PT** *sesteiro* [unidade de medida] **Beispiller** e **Sieschter** sinn 20 Liter; wéi vill **Sieschter** Huewer ginn an dës Säck?; bréng mer vum Maart en hallwe **Sieschter** Gropere **mat 2.** (Pluriel Sieschteren) **DE** *Sester, Sechter* [Behälter] • **FR** *setier* [contenant] • **EN** *setier* [container] • **PT** *sesteiro* [recipiente] **Beispill** d'Sieschtere ware fréier aus Holz, spéider aus Metall

Sieste Femininum (Pluriel Siesten) **DE** *Mittagsschlaf, Mittagsschläfchen* • **FR** *sieste* • **EN** *afternoon rest, afternoon nap* • **PT** *sesta* **Beispill** nom Iessen hunn ech mech op de Kannapee geluecht an eng kleng **Sieste** gehalen **Synonym** Mëttesrascht

Siff [zɪf] Maskulinum (Pluriel Siffen / Siffer) - Variant vun **↗**Sift

siffen [z'ɪfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesift) - Variant vun **↗**siften

Sift [zɪft] Maskulinum (Pluriel Siften / Sifter) **DE** *Sieb* • **FR** *tamis* • **EN** *sieve* • **PT** *crivo, peneira* **Beispill** ech hunn de ganze Mëtteg Sand an de **Sift** geschéppt

i Variant: Siff

siften [z'ɪftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesift) » **transitiv 1.** **DE** *sieben* [durch ein Sieb schütten] • **FR** *tamiser* [faire passer par un tamis] • **EN** *to sieve* • **PT** *crivar, peneirar* **Beispiller** fir e gudden Deeg ze kréien, soll een d'Miel **siften**; d'Kanner **siften** de Sand, fir d'Stengercher erauszekréien » **intransitiv 2.** **DE** *sieben* [eine Auswahl treffen] • **FR** *faire un tri serré* [opérer une sélection] • **EN** *to make a careful selection* • **PT** *fazer uma seleção apertada* **Beispill** am Opnamexame **gouf** gesift, well ze vill Kandidaten do waren

i Variant: siffen

Sigel Maskulinum (Pluriel Sigelen) **1.** **DE** *Siegel* [Stempel] • **FR** *sceau, cachet* • **PT** *selo, sinete, chancela* [instrumento] **Beispill** am Mëttelelter war de **Sigel** dacks an engem Rank integréiert **2.** **DE** *Siegel* [Siegelbild] • **FR**

sceau [représentation] • **PT** selo [representação] **Beispill** eise Wënzerbetrib huet e Faass an eng Drauf op sengem **Sigel** **3. DE** Siegel [Abdruck] • **FR** sceau [empreinte] • **PT** selo, sinete, chancela [marca] **Beispiller** op den Enveloppé mat de Froe vum Premièresexamen ass en extrae **Sigel**; d'Orthografie ass fir mech e Buch mat siwe **Sigelen** [d'Orthografie ass fir mech schweier ze verstoen]

Sightseeing Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Sightseeing • **FR** tourisme, visite(s) touristique(s) • **EN** sightseeing • **PT** turismo, visita(s) turística(s) **Beispill** eemol am Joer reesen ech mat der Famill an eng grouss Stad, fir ze shoppen a Sightseeing ze maachen

Signal [sɪn'a:l] Neutrum (Pluriel Signaler) **1. DE** Signal [akustisches, visuelles Signal] • **FR** signal [sonore, visuel] • **EN** signal [acoustic, visual] • **PT** sinal [sonoro, visual] **Beispiller** op dëser Kräizung sinn d'Rout Luuchte mat engem akustesche **Signal** fir blann Leit ekipéiert; d'Schëff huet e **Signal** gefunkt, fir seng Positioun duerchzeginn **2. [Physik]** **DE** Signal • **FR** signal • **EN** signal • **PT** sinal **Beispill** well d'**Signal** ze schwach war, huet eisen Techniker missen e Verstärker abauen **3. DE** Signal, Zeichen [Botschaft] • **FR** signal, message, signe • **EN** signal, sign, message • **PT** sinal, mensagem, signo **Beispill** d'Ministesch wëllt mat enger neier Campagne e kloert **Signal** géint de Rassismus setzen

signaléieren [sɪnal'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé signaléiert) » **transitiv DE** hinweisen auf [aufmerksam machen auf] • **FR** signaler [faire remarquer, informer] • **EN** to point out to • **PT** assinalar [fazer notar, dar notícia de] **Beispill** e puer Awunner hunn den Autoritéiten den Tëscheffall signaléiert

Signalisatioun [sɪnalizasi'əʊn] Femininum (kee Pluriel) **DE** Beschilderung [Verkehrsschilder] • **FR** signalisation [de circulation] • **EN** signposting, road signs • **PT** sinalização [de circulação] **Beispill** d'**Signalisatioun** op der ganzer Streck bis an d'**Stad** gëtt nei gemaach

signaliséieren [sɪnaliz'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé signaliséiert) » **transitiv DE** ausschildern • **FR** signaliser [par des panneaux de signalisation] • **EN** to signpost, to signal [to announce with a written sign] • **PT** sinalizar [por meio de placas de sinalização] **Beispiller** Aarbechter hunn de Mëtteg en neie Chantier an eiser Strooss signaliséiert; d'**Deviatioun** ass gutt signaliséiert

Signataire [sɪnat'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel Signatairen) **DE** Unterzeichner • **FR** signataire • **EN** signatory • **PT** signatário **Beispill** op dëser Foto gesäit een, wéi d'**Signatairë** vum Vertrag sech d'**Hand** ginn

1 Weiblech Form: ♀Signataire

Signataire [sɪnat'ɛ:r] Femininum (Pluriel Signatairen) **DE** Unterzeichnerin • **FR** signataire [femme] • **PT** signatária **Beispill** meng Patronne ass **Signataire** vun deem Kontrakt

1 Männlech Form: ♂Signataire

signéieren [sɪn'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé signéiert) » **transitiv DE** signieren [ein Buch] • **FR** signer, dédicacer • **EN** to sign, to autograph • **PT** assinar, autografar **Beispill** de Mëtteg signéiert dee bekan-

nten Auteur säi leschte Roman

signifikant Adjektiv **DE** signifikant • **FR** significatif, notable <Adverb de manière significative> • **EN** significant <Adverb significantly> • **PT** significativo [digno de nota] <Adverb de forma significativa> **Beispiller** a verschiddene Länner gëtt et nach ëmmer **signifikant** Ënnerscheeder an der **Pai** tëschent **Mann** a **Fra**; d'**Zil** ass et, de **Verbrauch** vu fossiller **Energie** **signifikant** ze **reduzéieren**

1 Variant: signifikativ

signifikativ Adjektiv - Variant vun ♂signifikant

Siicht [zi:çt] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** Sicht [Blick, Blickfeld] • **FR** vue, visibilité [capacité de voir] • **EN** view [sight, vista] • **PT** vista, visibilidade [capacidade de ver] **Beispiller** déi nei **Passerell** hält den **Touristen** d'**Sicht** op d'**Kathedral**; wann d'**Spigele** vum **Auto** ugelaf sinn, huet ee keng gutt **Siicht** no hannen **Synonym** **Vue** **2. DE** Sicht [Betrachtungsweise, Standpunkt] • **FR** point de vue • **EN** point of view • **PT** ponto de vista **Beispill** aus menger **Siicht** ass déi **Method** net ze **vertrieden** **Synonym** **Optik** **3.** op laang **Siicht** **DE** auf lange Sicht • **FR** à long terme • **EN** in the long term • **PT** a longo prazo **Beispill** op laang **Siicht** ass dat do keng **Léisung**

1 Variant: Sicht

siichtbar [z'i:çtba:r] Adjektiv **DE** sichtbar • **FR** visible, perceptible • **EN** visible • **PT** visível, perceptível **Beispiller** mat de **Joren** ass de **Schued** un der **Brëck** ëmmer méi **siichtbar** ginn; fir méi **siichtbar** ze sinn, deet de **Cyclist** eng **guel** **Jackett** un **Synonym** **visibel**

1 Variant: sichtbar

Siidlung [z'i:dluŋ] Femininum (Pluriel Siidlungen) **1. DE** Siedlung [menschliche Niederlassung] • **FR** colonie [établissement de colons] • **EN** settlement [establishment of a colony] • **PT** colónia [estabelecimento de colonos] **Beispill** déi éischt **Siidlung** si bei engem **Floss** entstanden **2. DE** Siedlung [Ansammlung gleichartiger Wohnhäuser] • **FR** cité, lotissement [d'habitations standardisées] • **EN** housing estate • **PT** urbanização [de habitações estandardizadas] **Beispill** an eiser **Gemeng** gëtt et décke **Sträit** iwwe eng nei **Siidlung** **Synonym** **Cité**

Siiftchen [z'i:ftçən] Femininum (Pluriel Siiftercher) - Diminutivform vun ♂**Siwen** **DE** Sieben [Spielkarte] • **FR** sept [carte à jouer] • **EN** seven [playing card] • **PT** sete [carta de jogar] **Beispill** an dengem **Kaartespill** erkennt een d'**Schëppe** **Siiftchen**, well en **Eck** dervu **gediebelt** ass!

Sikahirsch [s'ika:hirʃ] Maskulinum (Pluriel Sikahirschen) **Cervus nippon** **DE** Sikahirsch • **FR** cerf sika • **EN** sika deer • **PT** veado-sika **Beispill** de **Sikahirsch** frësst **gäre** **Kären** a kann op **Felder** **grësser** **Schied** verursaachen

Silb [zilp] Femininum (Pluriel Silben) **DE** Silbe • **FR** syllabe • **EN** syllable • **PT** sílaba **Beispiller** an dësem **Wuert** gëtt déi **virlescht** **Silb** betount; ech war esou **paff**, ech **krut** keng **Silb** méi eraus [əgs] [ech war esou **paff**, ech **konnt** **näischt** méi soen]

Silbenzuel [z'ɪlbəntsʊəl] Femininum (kee Pluriel)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Silenz [sil'ænts] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Silentium* [in der Schule, im Internat] • FR *étude (scolaire)* [surveillée] • EN *prep lat school, at boarding school* • PT *estudo acompanhado* [na escola, no internato] **Beispill** vu véier bis fënnef hunn d'Schüler **Silenz** **Synonym** Etüd

Silhouette [silw'æt] Femininum (Pluriel Silhouetten) **1.** DE *Silhouette* [Umriss] • FR *silhouette* [contour] • EN *outline, shape, contours* • PT *silhueta* [contorno] **Beispill** am Niwwel war nëmmen d'Silhouette vum Kierchtuerm ze gesinn **Synonymen** Èmrëss, Kontur **2.** DE *Figur, Form, Gestalt* • FR *silhouette, ligne, allure* • EN *figure, silhouette, shape* • PT *silhueta, linha, porte* **Beispiller** ech hu meng Frëndin scho vu Wäitem un der Silhouette erkannt; dän neien Auto huet eng modern elegant Silhouette

Silikon Maskulinum (kee Pluriel) DE *Silikon* • FR *silicone* • EN *silicone* • PT *silicone* **Beispiller** ech hunn eisen Aquarium mat Silikon frësch ofgedicht, well e gerënt huet; beim Bake benotzen ech am léifste Formen aus Silikon

Silizium [sil'i:tsjum] Maskulinum (kee Pluriel) Chimie DE *Silizium* [chemisches Element] • FR *silicium* [élément chimique] • EN *silicon* [chemical element] • PT *silício* [elemento químico] **Beispill** d'Element Silizium gehéiert zum Grupp vun den Hallefmetaller

Silo [z'ilo:] Maskulinum (Pluriel Siloen) **1.** DE *Silo, Getreidespeicher* • FR *silo, réservoir à grains* • EN *silo* [for grain] • PT *silo, reservatório de cereais* **Beispill** nom Karschnatz féieren d'Bauern hir Kären an de **Silo** **2.** DE *Silage* [Futter] • FR *ensilage* [fourrage] • EN *silage* • PT *silagem* [forragem] **Beispill** d'Véi gétt haut meeschtens mat Silo gefiddert

Silvester [silv'æste] Maskulinum (Pluriel Silvesteren) DE *Silvester* • FR *(la) Saint-Sylvestre* • EN *New Year's Eve* • PT *passagem de ano, réveillon* **Beispiller** mir feieren dëst Joer Silvester mat eise Frënn; op Silvester kënnt et reegelméisseg zu enger Iwwerlaaschtung vum Telefonsnetz; Silvester fällt ëmmer op den 31. Dezember

Simbabwe [zimb'apve:] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum DE *Simbabwe* • FR *Zimbabwé* • EN *Zimbabwe* • PT *Zimbabué* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Simbabwe; ech fueren d'nächst Woch an de Simbabwe; ech kommen aus dem Simbabwe; ech war schonn dräimol a Simbabwe; ech fueren d'nächst Woch a Simbabwe; ech kommen aus Simbabwe

♂ männlech Persoun: ↗Simbaber weiblech Persoun: ↗Simbaberin Adjektiv: ↗Simbabwesch Haaptstad: ↗Harare

Simbaber [zimb'apve] Maskulinum (Pluriel Simbaber) DE *Simbaber* • FR *Zimbabwéen* • EN *Zimbabwean* • PT *zimbabuense* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Simbaber

Simbaberin [zimb'apvərin] Femininum (Pluriel Simbaberinnen) DE *Simbaberin* • FR *Zimbabwéenne* • EN *Zimbabwean* [female] • PT *zimbabuense* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Simbaberin

simbabwesch [zimb'apvəʃ] Adjektiv DE *simbabwisch* • FR *zimbabwéen* • EN *Zimbabwean* • PT *zimbabuense* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi simbabwesch Kultur

kenne geléiert

Similicuir Maskulinum (kee Pluriel)

♂ Hei entsteet en neien Artikel.

Simmer [z'ime] Eegennumm DE *Simmern* • FR *Septfontaines* • EN *Septfontaines* • PT *Septfontaines* **Beispiller** ech wunnen zu Simmer; fiert dëse Bus op Simmer?

Simmerfarm [zimef'arm] Eegennumm DE *Simmerfarm* • FR *Simmerfarm* • EN *Simmerfarm* • PT *Simmerfarm* **Beispiller** ech wunnen op der Simmerfarm; fiert dëse Bus op d'Simmerfarm?

Simmerschmelz [zimef'm'æltz] Eegennumm DE *Simmerschmelz* • FR *Simmerschmelz* • EN *Simmerschmelz* • PT *Simmerschmelz* **Beispiller** ech wunnen op der Simmerschmelz; fiert dëse Bus op d'Simmerschmelz?

simpel [z'impəl] Adjektiv DE *simpel, einfach* • FR *simple* [facile] • PT *simples, fácil* **Beispill** fir esou e komplizéierte Problem gétt et keng simpel Léisung **Synonym** einfach

simplifiéieren [sɛ:mpɫifi'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé simplifiéiert) » **transitiv** DE *simplifizieren* • FR *simplifier* [faciliter] • EN *to simplify* • PT *simplificar* [tornar mais fácil] **Beispill** mat deem neie Gesetz gétt d'Prozedur fir d'Baugeneemegunge simplifiéiert **Synonym** vereinfachen

simplistesch Adjektiv

♂ Hei entsteet en neien Artikel.

simsen [z'imzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesimst) - Variant vun ↗msen

Simulant [zimul'ant] Maskulinum (Pluriel Simulanten) DE *Simulant* • FR *simulateur* [personne] • EN *malingerer* • PT *fingidor* [pessoa que finge] **Beispill** et wonnert mech, datt dee Simulant all Dokter kann iwverzeegen

♀ Weiblech Form: ↗Simulantin

Simulantin [zimul'antin] Femininum (Pluriel Simulantinnen) DE *Simulantin* • FR *simulatrice* • PT *fingidora* [mulher que finge] **Beispill** et ass net ze gleewen, datt déi Simulantin nach eescht geholl gétt!

♂ Männlech Form: ↗Simulant

Simulatioun [zimulasj'əʊn] Femininum (Pluriel Simulatiounen) DE *Simulation* [Darstellung] • FR *simulation* [représentation, projection] • EN *simulation* [representation, model] • PT *simulação* [representação, simulacro] **Beispill** de Wëssenschaftler kann eng Simulatioun vun der Kettereaktioun um Computer realiséieren

Simulator [zimul'a:to:r] Maskulinum (Pluriel Simulatoren) DE *Simulator* • FR *simulateur* [appareil] • EN *simulator* • PT *simulador* [aparelho] **Beispill** a senger Ausbildung üübt e Pilot allméiglech Noutsituatiounen am Simulator

simuléieren [zimul'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé simuléiert) » **transitiv** **1.** DE *simulieren* [vortäuschen] • FR *simuler* [feindre] • EN *to feign, to pretend, to fake* • PT *simular* [fingir] **Beispill** als Kand hunn ech heiansdo Bauchweé simuléiert, wann ech net wollt an d'Schoul goen **Synonym** virtäuschen **2.** DE *si-*

mulieren [nachstellen, nachbilden] • **FR** *simuler* [repré-senter] • **EN** *to simulate* [crisis conditions], *to undertake a simulated exercise* • **PT** *simular* [representar] **Beispiller** de Mëtteg **simuléieren** d'Pompjeeën e Katastrophenasaz; d'Physiker **hunn** d'Ketterreaktioun um Computer **simuléiert** » **intransitiv 3**. **DE** *simulieren* • **FR** *simuler* • **EN** *to pretend, to fake* • **PT** *simular* **Beispill** dem Patient feelt näischt, e **simuléiert** just **Synonym** sech (esou) maachen

simultan [zimult'a:n] Adjektiv **DE** *simultan* • **FR** *simultané* <Adverb *simultanément*> • **EN** *simultaneous* <Adverb *simultaneously*> • **PT** *simultâneo* <Adverb *simultaneamente*> **Beispiller** bei der Konferenz gi **simultan** Iwwersetzungen an zéng Sproochen ugebueden; fir matzäit fäerdeg ze ginn, schaffen e puer Ekippe **simultan** um Projet; déi zwee grouss Chantieren op der Autobunn solle **simultan** ufänken

sinfonesch [zinf'o:nəʃ] Adjektiv **DE** *sinfonisch* • **FR** *symphonique* • **PT** *sinfónico* **Beispiller** niewent bekannten Operen huet dëse Komponist och **sinfonesch** Wierker geschriwwen; zënter 1933 gött et zu Lëtzebuerg e **sinfonischen** Orchester

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: **sinfonesch** / **symphonesch**

Sinfonie [zinfon'i:] Femininum (Pluriel **Sinfonien**) **DE** *Sinfonie* • **FR** *symphonie* • **EN** *symphony* • **PT** *sinfonia* **Beispill** eng **klassemesch** **Sinfonie** huet véier Sätz

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: **Sinfonie** / **Symphonie**

Sinfonieorchester [zinfon'i:ɔrkæste] Maskulinum (Pluriel **Sinfonieorchestern**) **DE** *Sinfonieorchester* • **FR** *orchestre symphonique* • **PT** *orquestra sinfónica* **Beispill** vun der nächster Saison un huet de **Sinfonieorchester** en neien Dirigent

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: **Sinfonieorchester** / **Symphonieorchester**

Singapur [s'ɪŋɡapu:ɔ] Eegennumm, Neutrum **DE** *Singapur* • **FR** *Singapour* • **EN** *Singapore* • **PT** *Singapura* **Beispiller** ech war schonn dräimol zu **Singapur**; ech fueren d'nächst Woch op **Singapur**; ech komme vu **Singapur**

i männlech Persoun: ♂**Singapurer** weiblech Persoun: ♀**Singapurerin** Adjektiv: ♂**singapuresch**

Singapur-Dollar Maskulinum (Pluriel **Singapur-Dollar** / **Singapur-Dollaren**) **DE** *Singapur-Dollar* • **FR** *dollar de Singapour, dollar singapourien* • **PT** *dólar de Singapura, dólar singapurense* **Beispiller** zu **Singapur** gött mat **Singapur-Dollar** bezuelt; mat wéi vill **Singapur-Dollar** muss ee fir eng Nuecht am Hotel rechnen?; hues de nach e puer **Singapur-Dollaren** am Portmonni?

i **Singapur-Dollar** gött mat **SGD** oder mat **S\$** ofgekierzt.

Singapurer [s'ɪŋɡapu:ɔrɛ] Maskulinum (Pluriel **Singapurer**) **DE** *Singapurer* • **FR** *Singapourien* • **EN** *Singaporean* • **PT** *singapurense* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Singapurer**

Singapurerin [s'ɪŋɡapu:rɛrɪn] Femininum (Pluriel **Singapurerinnen**) **DE** *Singapurerin* • **FR** *Singapourienne* • **EN** *Singaporean* [female] • **PT** *singapurense* **Beispill** meng

bescht Frëndin ass **Singapurerin**

singapuresch [s'ɪŋɡapu:rəʃ] Adjektiv **DE** *singapurisch* • **FR** *singapourien* • **EN** *Singaporean* • **PT** *singapurense* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **singapuresch** Kultur kenne geléiert

Single [s'ɪŋəl] Maskulinum (Pluriel **Singelen** / **Singles**) **DE** *Single, Alleinsteher* • **FR** *célibataire* [personne sans partenaire] • **EN** *single* [not in a relationship] • **PT** *solteiro, solteira* **Beispill** meng Schwëster geet muer op eng Soirée, op där just **Singelen** tëschen 30 a 40 sinn

Single [s'ɪŋəl] Femininum (Pluriel **Singelen** / **Singles**) **DE** *Single* [Lied] • **FR** *single* [chanson] • **EN** *single* [song] • **PT** *single* [canção] **Beispill** d'Sängerin huet zwar nach keen neien Album erausbruecht, mee dofir eng nei **Single**

single [s'ɪŋəl] onverännerbaart Adjektiv **DE** *single, alleinsteher* • **FR** *célibataire* [sans partenaire] • **PT** *solteiro* **Beispill** meng Schwëster ass elo scho säit bal dräi Joer **single** **Synonym** **celibataire**

Singular Maskulinum (Pluriel **Singularen**) - Variant vun ♂**Singulier**

Singulier [s'ɛ:ɡyljɛ:] Maskulinum (Pluriel **Singulieren**) **DE** *Singular, Einzahl* • **FR** *singulier* • **EN** *singular* [grammatical] • **PT** *singular* **Beispill** verschidde Substantive gött et nëmmen am **Singulier** **Synonym** **Einzal**

solidariséieren [solidariz'ʒiərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé solidariséiert) » **reflexiv DE** *sich solidarisieren* • **FR** *se solidariser* • **EN** *to show one's solidarity, to unite* • **PT** *solidarizar-se* **Beispill** d'Gewerkschaft huet d'Streikbriecher derzou opgeruff, sech mat hire Kollegeen ze *solidariséieren*

Solidaritéit [solidarit'ʒit] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Solidarität* • **FR** *solidarité* • **EN** *solidarity* • **PT** *solidariedade* **Beispiller** d'*Solidaritéit* kann sech op verschidde Manéieren ausdrécken; aus *Solidaritéit* mat de Kollege schléissen ech mech dem Protest un

Solist [sol'ist] Maskulinum (Pluriel Solisten) **DE** *Solist* • **FR** *soliste* • **EN** *soloist* • **PT** *solista* **Beispill** de Concert fällt aus, well de *Solist* sech erkaalt huet

i Weiblech Form: ♀ *Solistin*

Solistin [sol'istin] Femininum (Pluriel Solistinnen) **DE** *Solistin* • **FR** *soliste* [*femme, fille*] • **PT** *solista* [*mulher, rapariga*] **Beispill** d'*Solistin* huet de Concert wéinst Krankheet missen ofsoen

i Männlech Form: ♂ *Solist*

sollen [z'olən] Modalverb (Hëllefverb hunn, Participe passé *sollen*) **1. DE** *sollen* [*imüssen, (besser) haben zu*] • **FR** *devoir* [*être censé, avoir (intérêt) à*] • **EN** *should, ought to, had better* • **PT** *dever* [*ter de, precisar de*] **Beispiller** du *solls* follegen, wann deng Elteren der eppes soen!; de Patron *soll* seng Leit anständig bezuelen; mir *solle* méi ekonomesch mam Waasser ëmgoen; d'Gesetz ass en Anachronismus a *soll* esou séier wéi méiglech geännert ginn; *soll* ech mer en neien Auto kafen oder eng Occasioun?; *soll* ech Iech heemféieren? [wiert Dir frou, wann ech Iech géif heemféieren?] **2. net sollen DE** *nicht sollen, nicht dürfen* • **FR** *ne pas devoir* [*devoir éviter de*] • **EN** *should not, ought not* • **PT** *não dever* [*ter de evitar*] **Beispiller** bei der Wiel vum Material *soll* een net nëmmen no der Ästhetik kucken; et *soll* een sech net ëmmer vun senge Gefiller leede loossen; de Code vun enger Kreditkaart *soll* ee kengem verroden **3. DE** *sollen* [*zum Ziel haben*] • **FR** *viser à* [*avoir pour but*] • **EN** *should, ought to* [*to aim to*] • **PT** *visar* [*ter por fim*] **Beispiller** eng nei *Campagne* *soll* d'Leit méi daitlech op d'Geforen am Stroosseverkéi-

er opmierksam maachen; déi nei Liesbicher sollen de Kanner Freed maachen **4. DE** *sollen* [l'kōnnen] • **FR** *pouvoir* [être en mesure de] • **EN** *can, could, to be able to* • **PT** *poder, haver de* **Beispill** ech weess net, wou ech d'Sue soll hierhuelen, fir mer en Appartement ze kafen **5. DE** *sollen* [anscheinend, angeblich] • **FR** *devoir* [apparemment] [à ce qu'on dit] • **EN** *should, to be said* • **PT** *dever* [pelos vistos, ao que parece] **Beispiller** muer soll d'Wieder méi schlecht ginn; niewent der Gare soll en Héichhaus gebaut ginn; gëschter Owend soll et virun engem Bistro zu enger Kläpperei komm sinn; an dat soll en Dokter sinn! [ironesch] [dee kann net dat maachen, wat ee vun engem Dokter erwaart] **6. DE** *sollen* [eigentlich, in Wirklichkeit] • **FR** *devoir* [en principe, selon une intention] • **EN** *should* [theoretically] • **PT** *dever* [em principio], *ser para* [segundo uma intenção] **Beispiller** op dëser Plaz sollt emol eng Kéier e Fussballstadion gebaut ginn; ech sollt just aus dem Haus goen, dunn huet den Telefon geschellt **7. DE** *sollen* [im Nachhinein betrachtet] • **FR** *être finalement, avoir finalement* [à la fin du compte] • **EN** *to be in the end* • **PT** *ser afinal, ter afinal* [no fim de contas] **Beispiller** et sollt nach schlëmmer kommen; hie sollt Recht behalen; mir haten nach villes wëlles, mee et sollt näischt draus ginn **8. ëmmer am Conditionnel** **DE** *sollen* [für den Fall, dass] • **FR** *au cas où* • **EN** *should, if, in case* • **PT** *caso* [na hipótese de] **Beispill** sollt en sech verspéit hunn, da kann en ëmmer nach en Taxi huelen

i Amplaz vun engem Participe passé féinnt ee bei dësem Verb en Ersatzinfinitiv (huet solle froen). Donieft existéiert och eng hybrid Form (sollten), déi sech strukturell um Imparfait resp. um Conditionnel orientéiert.

Soller [z'olɛ] Eegennumm **DE** *Soller* • **FR** *Sonlez* • **EN** *Sonlez* • **PT** *Sonlez* **Beispiller** ech wunnen zu Soller; fiert dëse Bus op Soller?

solicitéieren [solisit'ʒiɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé sollicitéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Solo [s'o:lo:] Maskulinum (Pluriel Soloen) **DE** *Solo* • **FR** *solo* [pièce musicale] • **EN** *solo* • **PT** *solo* [peça musical] **Beispill** de Perkussionist huet e Solo op der Batterie gespillt

Solper [z'olpɛ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Salzlake* • **FR** *saumure* • **EN** *brine* • **PT** *salmoura* **Beispiller** wéi laang soll eng Ham eigentlech am Solper leien?; si leien nach am Solper [égs] [si leien nach ëmmer am Bett]

solperen [z'olpɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesolpert) » **transitiv** **DE** *pökeln, einsalzen* • **FR** *saler, saumurer* • **EN** *to salt* [to soak in brine] • **PT** *salgar, pôr em salmoura* **Beispiller** de Bauer solpert a reichert seng Hame selwer; kanns de mer vum Metzler e Stéck gesolperte Speck matbréngen? **Synonym** asolperen

i Verb, dat **solperen** als Basis huet: **asolperen**

Sol-Schlëssel [s'olʃlɛsɛl] Maskulinum (Pluriel Sol-Schlësselen) **DE** *Violinschlüssel, G-Schlüssel* • **FR** *clé de sol* • **EN** *treble clef* • **PT** *clave de sol* **Beispiller** d'Ofzeeche vun eiser Musek ass e roude Sol-Schlëssel op gielem Fong; dem Trompettist seng Stëmm ass am Sol-Schlëssel geschriwwen

Solutioun [solysj'øʊn] Femininum (Pluriel Solutiounen) **1. DE** *Lösung* [Antwort, Ausweg] • **FR** *solution* [réponse, issue] • **EN** *solution* [answer, way out] • **PT** *solução* [resposta, saída] **Beispill** fir eng Rei Problemer hu mer nach keng Solutioun fonnt **Synonym** Léisung **2. [Chimie]** **DE** *Lösung* [Flüssigkeit] • **FR** *solution* • **EN** *solution* • **PT** *solução* **Beispill** déi Solutioun wiesselt d'Faarf, wann een se hëtz **Synonym** Léisung

Som [zo:m] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** *Samen* [Samenkörner] • **FR** *semence* [graines de végétaux] • **EN** *seed(s)* [plant seeds] • **PT** *sementes* [grãos de vegetais] **Beispill** mengs de, de Som vum leschte Joer géif nach keimen? **2. DE** *Samen, Sperma* • **FR** *semence, sperme* • **EN** *seed, semen, sperm* • **PT** *semente, sémen, esperma* **Beispill** eisem Steier säi Som gëtt dacks an der kënschtlecher Besamung agesat **Synonym** Sperma

somalesch [zom'a:ləʃ] Adjektiv **DE** *somalisch* • **FR** *somalien* • **EN** *Somali* • **PT** *somali* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi somalesch Kultur kenne geléiert

Somalia [zom'a:lja:] Eegennumm, Neutrum **DE** *Somalia* • **FR** *Somalie* • **EN** *Somalia* • **PT** *Somália* **Beispiller** ech war schonn dräimol a Somalia; ech fueren d'nächst Woch a Somalia; ech kommen aus Somalia

i männlech Persoun: **♂**Somalier weiblech Persoun: **♀**Somalierin Adjektiv: **♂**somalesch Haaptstad: **♂**Mogadischu

Somalier [zom'a:lɛ] Maskulinum (Pluriel Somalier) **DE** *Somalier* • **FR** *Somalien* • **EN** *Somali* • **PT** *somali* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Somalier

Somalierin [zo:m'a:lɛrɪn] Femininum (Pluriel Somalierinnen) **DE** *Somalierin* • **FR** *Somalienne* • **EN** *Somali* [female] • **PT** *somali* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Somalierin

Sommelier Maskulinum (Pluriel Sommelieren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Weiblech Form: **♀**Sommelière

Sommelière Femininum (Pluriel Sommelieren)

i Männlech Form: **♂**Sommelier

Sommersprossen Substantiv (kee Singulier)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Sommet [s'ome:] Maskulinum (Pluriel Sommeten) **DE** *Gipfel, Gipfeltreffen* • **FR** *sommet* [conférence] • **EN** *summit* [meeting] • **PT** *cimeira* [conferência] **Beispill** um Ordre du jour vum Sommet stoung d'Bekämpfung vun der Aarmut

Sommet [s'ome:] Eegennumm **DE** *Sommet* • **FR** *Sommet* • **EN** *Sommet* • **PT** *Sommet* **Beispiller** ech wunnen um Quartier Sommet; fiert dëse Bus op de Quartier Sommet?

Sonat [zon'a:t] Femininum (Pluriel Sonaten) **DE** *Sonate* • **FR** *sonate* • **EN** *sonata* • **PT** *sonata* [peça musical] **Beispill** dëse Komponist huet eng Partie Sonate fir Gei a Piano geschriwwen

Sondage [s'ɔ:da:ʒ] Maskulinum (Pluriel Sondagen) **DE** *Umfrage* • **FR** *sondage* [enquête] • **EN** *poll, survey* • **PT** *sondagem* [inquerito] **Beispill** d'Sondagen hunn erginn, datt déi meescht Leit géint d'Doudesstrof sinn **Syn-**

onymmen Ëmfro, Enquête

Sonde [sɔ̃:nt] Femininum (Pluriel Sonden) **1.** DE *Sonde* [medizinisches Instrument] • FR *sonde* (médicale) • EN *tube, probe* • PT *sonda* [instrumento médico] **Beispill** den Dokter huet d'Sonde ganz virsichteg ageféiert **Synonym** Katheeter **2.** DE *Sonde, Raumsonde* • FR *sonde* (spatiale) • EN *sonde* • PT *sonda* (espacial) **Beispill** d'Sonde ass gutt um Mars gelant

sondéieren [sɔ̃:d'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé sondéiert) » **transitiv** DE *sondieren* [vorsichtig erkunden] • FR *sonder* [examiner au préalable] • EN *to sound out* • PT *sondar* [inquirir cautelosamente] **Beispiller** de Gemengerot sondéiert bei de Leit, wéi se zu enger Fusioun stinn; wann ech wëll vu mengen Elteren eppes erlaabt kréien, sondéieren ech virdrun den Terrain [ə̃s] [wann ech wëll vu mengen Elteren eppes erlaabt kréien, probéieren ech virdrun erauszefannen, wéi se derzou stinn]

Sonett Neutrum (Pluriel Sonetten) DE *Sonett* [Gedichtform] • FR *sonnet* [forme poétique] • EN *sonnet* [poetic form] • PT *soneto* [composição poética] **Beispill** d'Sonett ass eng Gedichtsform mat 14 Zeilen

Sonn [zon] Femininum **1.** (Pluriel Sonnen) DE *Sonne* [Himmelskörper] • FR *soleil* [astre] • EN *sun* [star] • PT *Sol* [astro] **Beispiller** fir d'Himmelsrichtungen ze bestëmmen, kann ee sech un der **Sonn** orientéieren; wéi vill **Sonne** gëtt et an eisem Universum? **2.** (kee Pluriel) DE *Sonne* [Sonnenlicht] • FR *soleil* [lumière, rayons de soleil] • EN *sun* [sunshine] • PT *sol* [luz, raios do Sol] **Beispiller** an déi Gassel kënnt de ganzen Dag keng **Sonn**; crèm dech gutt an, ier s de an d'**Sonn** gees!

Sonndeg [z'ɔ̃ndəç] Maskulinum (Pluriel Sonndeger) DE *Sonntag* • FR *dimanche* • EN *Sunday* • PT *domingo* **Beispiller** eis Kanner waren déi zwee lescht **Sonndeger** op der Rull; du kanns dach um **Sonndeg** net de Wues méien!; mir gesinn eis e **Sonndeg** [mir gesinn eis nächste **Sonndeg**]; mir hunn eis e **Sonndeg** gesinn [mir hunn eis leschte **Sonndeg** gesinn]

i Variant: Sonnden

Sonndegowend Maskulinum (Pluriel Sonndegowenter / Sonndegowender) DE *Sonntagabend* • FR *dimanche soir* • PT *domingo ao final da tarde, domingo à noite* **Beispill** eis Clique trifft sech all **Sonndegowend**, fir e Patt ze drénken

i Variant: Sonndenowend

Sonnden [z'ɔ̃ndən] Maskulinum (Pluriel Sonndeger) - Variant vun ↗**Sonndeg**

Sonndenowend Maskulinum (Pluriel Sonndenowenter / Sonndenowender) - Variant vun ↗**Sonndegowend**

sonndes [z'ɔ̃ndəs] Adverb **1.** DE *sonntags* • FR *le dimanche* [tous les dimanches] • EN *(on) Sunday(s)* [each Sunday] • PT *ao(s) domingo(s)* [todos os domingos] **Beispill** eise Bäcker huet och **sonndes** op **2.** DE *am Sonntag* [an einem bestimmten Sonntag] • FR *(le) dimanche* [un dimanche précis] • EN *(on) Sunday* [a specific Sunday] • PT *(no) domingo* [num certo domingo] **Beispill** mir komme **sonndes**, den 13. November, aus der Vakanz erëm

sonndes [z'ɔ̃ndəs] Adjektiv DE *allerfeinste, Sonntags...* • FR *du dimanche, d'apparat* • EN *Sunday (best)* • PT *domingueiro, de aparato* **Beispiller** hien hat fir d'Receptioun säi **sonndesse** Kostüm ugedoen; wa mir Hellegerowend an d'Mette gaange sinn, hu mer eist **sonndest** Gezei ugedoen; d'Kand huet de Bréif un de Kleesche mat senger **sonndesser** Schrëft geschriwwen **Synonym** houbesch

Sonndesgezei [z'ɔ̃ndəsçətʰai] Neutrum (kee Pluriel) DE *Sonntagskleidung* • FR *vêtements du dimanche* • PT *roupa domingueira* **Beispill** vill Kanner haassen d'**Sonndesgezei**, well se sech doran net däerfe knaschtig maachen

i Kuckt och den Artikel ↗**sonndes**.

Sonndesmass [zɔ̃ndəsm'as] Femininum (Pluriel Sonndesmassen) DE *Sonntagsgottesdienst, Sonntagsmesse* • FR *messe du dimanche, messe dominicale* • PT *missa do domingo* **Beispill** no der **Sonndesmass** ginn d'Männer aus dem Kierchehouer zesummen op de Stamminee

Sonndesschrëft [z'ɔ̃ndəsçræft] Femininum (Pluriel Sonndesschrëften) DE *Schönschrift, Sonntagsschrift* • FR *écriture soignée, belle écriture* • PT *letra cuidada, bela escrita* **Beispill** d'Kand huet de Bréif un de Kleesche mat senger **Sonndesschrëft** geschriwwen

i Kuckt och den Artikel ↗**sonndes**

Sonneblumm [z'ɔ̃nəblum] Femininum (Pluriel Sonneblummen) DE *Sonnenblume* • FR *tournesol* • EN *sunflower* • PT *girassol* **Beispiller** mir si laanscht Felder voller **Sonneblumme** gefuer; aus de Käre vun de **Sonneblumme** kann een Ueleg pressen

Sonneblummekär Maskulinum (Pluriel Sonneblummekären)

i Hei entstee en neien Artikel.

Sonnebrand [z'ɔ̃nəbrant] Maskulinum (Pluriel Sonnebränn) DE *Sonnenbrand* • FR *coup de soleil* [brûlure] • EN *sunburn* • PT *escaldão* [queimadura do sol] **Beispiller** no sengem schlëmme **Sonnebrand** huet seng Haut sech geschiet; bleif léiwier am Schiet, soss kriss de nach e **Sonnebrand**! **Synonym** **Sonnestach**

Sonnebrëll [z'ɔ̃nəbrəl] Maskulinum (Pluriel Sonnebrëller) DE *Sonnenbrille* • FR *lunettes de soleil* • EN *sunglasses* • PT *óculos de sol* **Beispiller** ech hu mer beim Optiker eng haart Scheek fir mäi **Sonnebrëll** gefrot; meng Ae sinn am Moment esou empfindlech, datt ech esouguer am Haus e **Sonnebrëll** undinn

Sonnecrème [z'ɔ̃nəkɾe:m] Femininum (Pluriel Sonnecrèmen) DE *Sonnencreme, Sonnenschutzcreme* • FR *crème solaire* • EN *suncream* • PT *protetor solar* **Beispiller** vergiess d'**Sonnecrème** net fir op d'Plage!; ech kann net ausstoen, wann d'**Sonnecrème** fettig ass; mäin Hautdokter sot, mat menger empfindlecher Haut bräicht ech **Sonnecrème** mat engem ganz héije Sonnenschutzfaktor

Sonnefinsternis Femininum (Pluriel Sonnefinsternissen) - Variant vun ↗**Sonnenfinsternis**

sonneg [z'ɔ̃nəç] Adjektiv DE *sonnig* • FR *ensoleillé* • EN *sunny* • PT *soalheiro* **Beispiller** muer gëtt et e schéine

sonnegen Dag; meng Mamm huet e sonnegt Gemitt
[ëgs] [meng Mamm ass ëmmer gutt gelaunt]

sonnekleoer Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

sonnen [z'ɔnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gesonnt) » reflexiv **DE** *sich sonnen* • **FR** *prendre un bain de soleil* • **EN** *to sunbathe* • **PT** *tomar banhos de sol*
Beispill op der Plage louche vill Leit sech ze sonnen

Sonnenuaer [z'ɔnənɔæ] Femininum (Pluriel *Sonnenuaeren*) **DE** *Sonnenuhr* • **FR** *cadran solaire* • **PT** *relógio de sol* **Beispill** iwuer der Entrée vum ale Schlass kann een eng schéi *Sonnenuaer* bewonneren

Sonnendäischtert [z'ɔnəndæ:ɪftet] Femininum (Pluriel *Sonnendäischterten*) **DE** *Sonnenfinsternis* • **FR** *éclipse de soleil* • **EN** *solar eclipse* • **PT** *eclipse solar*
Beispiller d'Sonnendäischtert war nëmme fir e puer Minutten ze gesinn; eng *Sonnendäischtert* ass keen aldeegleche Phenomeen **Synonym** *Sonnenfinsternis*

Sonnenenergie [z'ɔnənɛnɛɾʒi:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Sonnenenergie* • **FR** *énergie solaire, énergie photovoltaïque* • **EN** *solar energy* • **PT** *energia solar, energia fotovoltaica* **Beispiller** bei der weltwäiter Stroumproduktioun ass den Undeel u *Sonnenenergie* nach minimal; dat heite Gefier gëtt mat *Sonnenenergie* ugedriwwen **Synonym** *Solarenergie*

Sonnenënnergang [z'ɔnənənɛgɑŋ] Maskulinum (Pluriel *Sonnenënnergäng*) **DE** *Sonnenuntergang* • **FR** *coucher du soleil* • **EN** *sunset* • **PT** *pôr do sol* **Beispill** bei *Sonnenënnergang* kanns de absënns schéi Fotoe maachen

i Variant: *Sonnenënnergank*

Sonnenënnergank [z'ɔnənənɛgɑŋk] Maskulinum (Pluriel *Sonnenënnergäng*) - Variant vun ↗*Sonnenënnergang*

Sonnenfinsternis [z'ɔnənɸɪnstɛnɪs] Femininum (Pluriel *Sonnenfinsternissen*) **DE** *Sonnenfinsternis* • **FR** *éclipse de soleil* • **EN** *solar eclipse* • **PT** *eclipse solar*
Beispill eng *Sonnenfinsternis* ass keng heefeg Erscheinung **Synonym** *Sonnendäischtert*

i Variant: *Sonnefinsternis*

Sonnenhutt [z'ɔnənɦut] Maskulinum (Pluriel *Sonnenhütt*) **DE** *Sonnenhut* • **FR** *chapeau de soleil* • **EN** *sun hat* • **PT** *chapéu [para proteger do sol]* **Beispill** de Gäertner huet de Summer ëmmer e *Sonnenhutt* op

Sonnenopgang [z'ɔnənɔpɡɑŋ] Maskulinum (Pluriel *Sonnenopgäng*) **DE** *Sonnenaufgang* • **FR** *lever du soleil* • **EN** *sunrise* • **PT** *nascer do sol* **Beispill** mir si viru fënnef Auer opgestanen, fir de *Sonnenopgang* ze bewonneren

i Variant: *Sonnenopgank*

Sonnenopgank [z'ɔnənɔpɡɑŋk] Maskulinum (Pluriel *Sonnenopgäng*) - Variant vun ↗*Sonnenopgang*

Sonneprabbeli [z'ɔnəpræbəli:] Maskulinum (Pluriel *Sonneprabbelien*) **DE** *Sonnenschirm* • **FR** *parasol* • **EN** *sunshade, parasol* • **PT** *guarda-sol, chapéu de sol*

Beispill ouni *Sonneprabbeli* hätte mer et gëschter op eiser Terrass net ausgehalen

i Variant: *Sonnepräbbeli*

Sonnepräbbeli [z'ɔnəpræbəli:] Maskulinum (Pluriel *Sonnepräbbelien*) - Variant vun ↗*Sonneprabbeli*

sonner [z'ɔnə] Adjektiv [vereez] **DE** *gesondert, separat* • **FR** *séparé, à part* <Adverb *séparément*> • **EN** *separate* <Adverb *separately*> • **PT** *separado, à parte* <Adverb *separadamente*> **Beispiller** dat Wuert huet am Lëtzebuergesch eng *sonner* Bedeitung; dat gëtt *sonner* gerechent; mir mussen dee Fall do *sonner* kucken **Synonymmen** *extra, separat*

sonner Prepositioun » *sonner* *Zweifel* **DE** *zweifels-ohne, zweifellos* • **FR** *sans aucun doute* • **EN** *without (a) doubt* • **PT** *sem dúvida, indubitavelmente* **Beispiller** dee Bijou ass *sonner* *Zweifel* eng *Raritét*; déi Wëssenschaftlerin ass *sonner* *Zweifel* eng *Capacitét* op hirem Gebitt **Synonym** ouni *Zweifel*

sonnergläichen [z'ɔnəglæ:ɪçən] Adverb **DE** *sondergleichen* • **FR** *sans pareil* • **EN** *unparalleled, beyond compare* • **PT** *sem par, sem igual* **Beispiller** dat ass eng *Frechheet sonnergläichen!*; dee Roman ass vun enger *Fantasielosegkeet sonnergläichen*; ech hat gëschter eng *Chance sonnergläichen!*

sonnerlech [z'ɔnələç] Adverb net *sonnerlech* **DE** *nicht sonderlich* • **FR** *pas particulièrement [pas spécialement]* • **EN** *not especially, not particularly* • **PT** *não particularmente, não muito* **Beispiller** dëse Film konnt mech net *sonnerlech* begeeschteren; dain Exmann war mer ni *sonnerlech* *sympathesch* **Synonymmen** net *besonnesch*, net *extra*

Sonnestach [z'ɔnəst'ɑχ] Maskulinum (Pluriel *Sonnestéch*) **1.** **DE** *Sonnenbrand* • **FR** *coup de soleil [brûlure]* • **EN** *sunburn* • **PT** *escaldão [queimadura do sol]* **Beispill** no sengem schlëmme *Sonnestach* huet seng Haut sech geschiet **Synonym** *Sonnebrand* **2.** **DE** *Sonnenstich* • **FR** *coup de soleil, insolation* • **EN** *sunstroke* • **PT** *insolação [estado patológico]* **Beispiller** mäi Papp huet op der Plage e *Sonnestach* kritt; de Symptomer no huet d'Kand e *Sonnestach*

i Variant: *Sonnestéch*

Sonnestéch [z'ɔnəstɛç] Maskulinum (Pluriel *Sonnestéch*) - Variant vun ↗*Sonnestach*

Sonorant [sonor'ant] Maskulinum (Pluriel *Sonoranten*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

sophistiquéiert Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Sopran [sopr'a:n] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Sopran* [*Stimme*] • **FR** *soprano [voix]* • **EN** *soprano [voice]* • **PT** *soprano [voz]* **Beispiller** meng Schwëster séngt *Sopran* an der Chorale; am Chouer ass de *Sopran* ennerbesat [am Chouer gëtt et net genuch Leit, déi *Sopran* sangen] **2.** (Pluriel *Sopranen*) **DE** *Sopran* [*Person*] • **FR** *soprano* [*personnel*] • **EN** *soprano* [*person*] • **PT** *soprano* [*pes-soal*] **Beispill** an eisem *Kierchechouer* feelen e puer *So-*

pranen

Sopranist [sopran'ist] Maskulinum (Pluriel Sopranisten) - männlech Form vun \nearrow Sopranistin

Sopranistin [sopra:n'istin] Femininum (Pluriel Sopranistinnen) **DE** *Sopranistin* • **FR** *soprano* [chanteuse] • **EN** *soprano* [female singer] • **PT** *soprano* [cantora] **Beispill** d'Sopranistin ass aangaang, sech anzesangen

Sopranstëmm [sopr'a:n]təm] Femininum (Pluriel Sopranstëmmen) **1. DE** *Sopranstimme* [Stimm]lage] • **FR** *voix de soprano* [registre vocal] • **EN** *soprano voice* [vocal range] • **PT** *voz de soprano* **Beispill** bei dësem Lidd héiert een d'Sopranstëmm gutt eraus **2. DE** *Sopranstimme* [Notenblatt] • **FR** *partition de voix de soprano* • **EN** *soprano voice* [score] • **PT** *pauta da voz de soprano* **Beispill** den Dirigent hat beim leschte Stéck net genuch Sopranstëmmen ausgedeeft

Sorbet [s'ɔrbɛ:] Maskulinum (Pluriel Sorbeten) **DE** *Sorbet* • **FR** *sorbet* • **EN** *sorbet* • **PT** *sorvete* [gelado de fruta] **Beispill** ech hunn eng Dosen Zitroune gepresst, fir Sorbet ze maachen

sorry Interjektion **1. [ɛgs]** **DE** *Entschuldigung, Verzeihung* [Höflichkeitsformell] • **FR** *pardon, excuse(z)-moi* [formule de politesse] • **PT** *com licença, perdão, desculpa* [fórmula de cortesia] **Beispiller** sorry, kanns de mech wannechgelift laanschtloussen?; sorry, ass dee Stull nach fräi? **Synonymmen** entschëlleg(t), pardon **2. [ɛgs]** **DE** *Entschuldigung, Verzeihung* [als Ausdruck des Bedauerns] • **FR** *pardon, excuse(z)-moi* [pour exprimer le regret] • **PT** *perdão, desculpa* [para exprimir arrependimento] **Beispiller** sorry, sinn ech der elo grad op de Fouss getrëppelt?; sorry, dat hat ech net esou gemengt! **Synonymmen** entschëlleg(t), pardon **3. [ɛgs]** **DE** *also bitte* [als Ausdruck der Empörung] • **FR** *pardon* [pour exprimer son indignation] • **PT** *perdão* [para exprimir indignação] **Beispiller** sorry, mee dat do ass inakzeptabel!; sorry, hues de se nach all? **Synonym** pardon

sortéieren [zɔrt'ɛiəɐn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé sortéiert) \gg **transitiv** **DE** *sortieren, ordnen* • **FR** *trier, classer* • **EN** *to sort* [to arrange] • **PT** *organizar, ordenar* **Beispiller** nom Plënneren hu mer eis Bicher frësch sortéiert; d'Karteikaarte sinn alphabetesch sortéiert

i Verb, dat **sortéieren** als Basis huet: \nearrow aussortéieren

i Variant: zortéieren

Sortie [s'ɔrti:] Femininum (Pluriel Sortien) **1. DE** *Ausgang, Ausfahrt* • **FR** *sortie, issue* • **EN** *exit* • **PT** *saída* [lugar, passagem] **Beispiller** mir hunn eis bei der Sortie vun der Gare getraff; d'Sortie 43 vun der Autobunn ass wéinst engem Chantier gespaart; dat Gebai huet e puer Sortien **2. DE** *Ausflug, Ausflugsfahrt* • **FR** *sortie* [excursion] • **EN** *outing, trip* • **PT** *excursão* [passeio] **Beispill** eise Veräin organiséiert eemol am Joer eng Sortie **3. DE** *das abendliche Ausgehen* • **FR** *sortie* [pour se distraire] • **EN** *evening out* • **PT** *saída* [para distração] **Beispill** ech hunn all Weekend op d'mannst eng Sortie

Sortiment [zɔrtim'ænt] Neutrum (Pluriel Sortimenter) **DE** *Sortiment, Warenangebot* • **FR** *assortiment, gamme* (de produits) • **EN** *range* (of goods) • **PT** *sortimento, gama* (de produtos) **Beispiller** d'Geschäft huet säi

Sortiment vergréissert; eise Metzler huet neierdénge och fäerdeg Platen a sengem Sortiment

SOSS [zɔs] Adverb **1. DE** *sonst* [andernfalls] • **FR** *sinon* [autrement] • **EN** *or* (else), *otherwise* • **PT** *senão* [de outro modo] **Beispill** begann dech e bëssen, soss kënns de ze spéit an d'Schoul! **2. DE** *sonst* [außerdem] • **FR** *à part* (ça), ... (d')autre • **EN** *otherwise, apart from that* • **PT** *além disso, mais* ... **Beispiller** ofgesi vun dengem Schnapp, geet et soss awer gutt?; huet soss nach een eng Fro ze stellen?; well soss keen ze erreeche war, sinn ech fir meng Kolleegin agesprongen; an dësem Buttek fënnt ee soss näischt ewéi Kreemchen; gëtt et soss eng Ausnam zu där Reegel?; et war soss keen do ewéi d'Membere vum Komitee; bis soss eng Kéier! [ɛgs] [⇒ seet een, fir Äddi ze soen] **3. DE** *sonst* [vorher] • **FR** *avant, dans le temps* • **EN** *previously, formerly* • **PT** *antes, noutros tempos* **Beispiller** hien ass soss all Dag mam Vélo op d'Aarbecht gefuer, elo kënnt e mam Bus; soss hunn ech d'Leit aus der Noperschaft all perseinlech kannt **4. DE** *sonst* [gewöhnlich] • **FR** *d'habitude, normalement* • **EN** *usually* • **PT** *habitualmente, normalmente* **Beispill** mell dech zu Wuert, du bass dach soss net esou schei! **Synonymmen** gewéinlech, normalerweis

Sot Femininum (Pluriel <seelen> Soten) **1. DE** *Saat* [Saatgut] • **FR** *semence* [graines] • **PT** *semente* [grãos] **Beispill** d'Sot steet prett, esoubal d'Wieder gutt ass, kënne mer de Weess séien **Synonym** Geseems **2. DE** *Saat, Saatzeit* • **FR** *semailles* [période de l'année] • **PT** *(época da) sementeira* **Beispill** well d'Wiederkonditionen no der Sot optimal waren, sinn d'Planze séier gewuess

SOU [zəʊ] Adverb - Variant vun \nearrow esou

SOU [zəʊ] Partikel - Variant vun \nearrow esou

SOU [zəʊ] Interjektion **1. DE** (also) *gut, na dann* • **FR** *bon* [pour faire le point et entamer la suite] • **EN** *well, OK* [used to mark the resumption or end of a conversation] • **PT** *bom* [para encerrar um assunto e prosseguir] **Beispill** sou, da wier dat jo elo gekläert! **Synonymmen** abee, bon, okee **2. DE** *na toll* • **FR** *eh ben* (merci), *c'est du joli* • **EN** *well thanks a lot* [used to express annoyance] • **PT** *(ora) obrigad(inh)o, bonito* (serviço) **Beispill** sou, wéinst denger kann ech elo erëm vu vir ufänken! **Synonym** abee merci

soubal [zəʊb'a:] Konjunktion - Variant vun \nearrow esoubal

Soud [zəʊt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Sodbrennen* • **FR** *brûlures d'estomac, reflux gastrique* • **EN** *heartburn, acid indigestion, (gastric) reflux* • **PT** *azia, refluxo do ácido gástrico* **Beispill** wann ech vill Kaffi drénken, kréien ech de Soud

sou dass [zəʊd'as] Konjunktion - Variant vun \nearrow esou datt

soudass [zəʊd'as] Konjunktion - Variant vun \nearrow esou datt

sou datt [zəʊd'at] Konjunktion - Variant vun \nearrow esou datt

soudatt [zəʊd'at] Konjunktion - Variant vun \nearrow esou datt

souereg [z'ʊsɛrɛɕ] Adjektiv **DE** *weinerlich, quengelig* • **FR** *pleurnichard, grincheux* • **EN** *whingey, whiny* • **PT** *choroso, lamuriato* **Beispill** ech war, wéi et schéngt, e soueregt Kand

soueren [z'ʊsɛrɛn] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gesouert*) » **intransitiv** **1. DE** *wimmern* • **FR** *gémir, geindre* • **EN** *to whimper* • **PT** *gemer, gemicar* **Beispill** eist Eelst huet déi ganz Nuecht *gesouert* vun Zännwéi **Synonym** gréngen **2. DE** *quengeln* • **FR** *pleurnicher* • **EN** *to whine* • **PT** *choramingar* **Beispill** dee Klenge gëtt sech net mat *soueren*, bis en e Stéck Schockela kritt » **intransitiv** - och **onperséinlech** **3. DE** *surren, summen* [Gerät, Apparatur] • **FR** *ronronner, bourdonner* [appareil, dispositif] • **EN** *to hum, to drone* [machine, appliance] • **PT** *zumbir, zunir* [aparelho, dispositivo] **Beispiller** ech verdroen et net, wann d'Neonsluuchte *soueren*; et *souert* am Heizkierper, mer mussen en entlëften

soufären [zəʊf'ɛ:rɛn] Konjunktioun

i Hei entsteet en neien Artikel.

Soufflé [s'ʊfle:] Maskulinum (Pluriel *Souffléen*) **DE** *Soufflé* • **FR** *soufflé* • **EN** *soufflé* • **PT** *soufflé* **Beispill** wann een e Soufflé aus dem Schäffchen hëlt, da fält en e bëssen zesummen

sougenannt [zəʊgən'ant] Adjektiv **DE** *sogenannt, angeblich* • **FR** *soi-disant, prétendu* • **EN** *so-called* • **PT** *chamado, pretenso* **Beispiller** däi *sougenannte* beschte Kolleeg huet dech schéin am Stach gelooss; mir versichen, dee *sougenannte* Skandal onparteesch ze beurteilen

sou genannt [zəʊgən'ant] Adjektiv - Variant vun *sougenannt*

souguer [zəʊg'u:ɔ] Adverb - Variant vun *souguer*

soulaang [zəʊl'a:ŋ] Adverb - Variant vun *soulaang*

soulaang [z'ʊsɛl'a:ŋ] Konjunktioun - Variant vun *soulaang*

Soumissioun [sumisj'əʊn] Femininum (Pluriel *Soumissiounen*) **DE** (*öffentliche*) *Ausschreibung* [Aufforderung zu Preisangeboten] • **FR** *appel d'offres* • **EN** *call for tenders, invitation to tender* • **PT** *concurso público* [admissão de propostas] **Beispill** bei der *Soumissioun* gouf et grouss Präisënnerscheeder an den Offeren

Soupçon [s'ʊpsɔ̃:] Maskulinum (Pluriel *Soupçonen*) **1.** **[gehuewen]** **DE** *Verdacht* • **FR** *soupçon* [suspicion] • **EN** *suspicion* • **PT** *suspeita* [suspeição] **Beispill** de *Soupçon* vun der Police huet sech als falsch erweisen **Synonym** Verdacht **2.** **[gehuewen]** e *Soupçon* **DE** *eine Spur, ein wenig* • **FR** *un soupçon (de)* [un petit peu (de)] • **EN** *a pinch (of), a dash (of)* • **PT** *uma pitada (de), um bocadinho (de)* **Beispiller** maach nach e *Soupçon* Peffer an d'Zooss!; dee Kârel huet kee *Soupçon* Verstand **[egs]** [dee Kârel huet guer kee Verstand]

soupçonéieren [supsɔn'ziɛrɛn] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *soupçonéiert*) » **transitiv** **DE** *verdächtigen* • **FR** *soupçonner* [suspecter] • **EN** *to suspect* • **PT** *suspeitar* [ter suspeitas de] **Beispill** hie gëtt *soupçonéiert*, Suen ënnerschloen ze *hunn* **Synonym** verdächtigen

Source Femininum (Pluriel *Sourcen*) **1. DE** *Quelle* [Informationsquelle] • **FR** *source* [d'information] **Beispiller** dés Informatioun konnt nach net vun enger onofhängeger *Source* bestätegt ginn; wann een en Text vun engem Auteur zitëiert, muss een ëmmer d'*Source* uginn **Synonym** Quell **2. DE** *Quelle* [Ursprung] • **FR** *source* [origine] **Beispill** ass gewosst, wat d'*Source* vum Problem ass? **Synonymmen** Originn, Ursprung

soureg [z'ʊsɛrɛɕ] Adjektiv - Variant vun *souereg*

Sousafon [z'u:za:fo:n] Maskulinum (Pluriel *Sousafonen*) **DE** *Sousafon* • **FR** *sousaphone* • **PT** *sousafone* **Beispiller** an de *Sousafon* muss ee fest blösen, fir datt e schéine propperen Toun erauskënnt; eng Tuba ëmäerbelt een, an de *Sousafon* klëmmt een dran

Sousaphon [z'uza:fo:n] Maskulinum (Pluriel *Sousaphonen*) - Variant vun *Sousafon*

Souscriptioun [suskrɪpsj'əʊn] Femininum (Pluriel *Souscriptiounen*) **DE** *Subskription* [Vorbereitung] • **FR** *souscription* [précommande] • **EN** *subscription, pre-order* • **PT** *subscrição* [assinatura] **Beispill** dat Buch kascht spéider an der normaler Vente e bësse méi deier ewéi an der *Souscriptioun*

Sous-Directrice [s'u:dirɛktris] Femininum (Pluriel *Sous-Directricen*) - Variant vun *Sous-Direktesch*

Sous-Direkter [s'u:dirɛkte] Maskulinum (Pluriel *Sous-Direkteren*) **DE** *stellvertretender Direktor* • **FR** *sous-directeur, directeur adjoint* • **EN** *deputy director, deputy headmaster* • **PT** *subdiretor, diretor-adjunto* **Beispiller** den neie *Sous-Direkter* huet sech bei de Mataarbechter virgestallt; mäi fréiere Mathematikprofesser ass elo *Sous-Direkter* am Lycée

Sous-Direktesch [s'u:dirɛktɛʃ] Femininum (Pluriel *Sous-Direkteschen*) - weiblech Form vun *Sous-Direkter*

i Variant: *Sous-Directrice*

Soutane [s'ʊtan] Femininum (Pluriel *Soutannen*) **DE** *Sutane* • **FR** *soutane* • **EN** *soutane* • **PT** *sotaina* **Beispill** fréier *hunn* d'*Paschtéier* missen eng *Soutane* undoen

Souterrain [s'u:terɛ:] Maskulinum (Pluriel *Souterrainen*) **DE** *Unterführung* • **FR** *souterrain* • **EN** *subway, underpass* [pedestrian tunnel] • **PT** *passagem subterrânea* **Beispill** duerch e *Souterrain* kommen d'*Foussgänger* ouni Gefor op déi aner *Stroosessäit* **Synonym** *Unterführung*

South Tarawa Eegennumm **DE** *South Tarawa* • **FR** *Tarawa-Sud* • **PT** *Tarava do Sul* **Beispill** *South Tarawa* ass d'*Hauptstad* vu *Kiribati*

Soutien [s'ʊtiɛ:] Maskulinum (Pluriel *Soutienen*) **DE** *Büstenhalter* • **FR** *soutien-gorge* • **EN** *bra* • **PT** *sutiã* **Beispill** ech hu mer emol e *Soutien* mat Spëtz kaaft

Souvenir [suvən'i:r] Maskulinum (Pluriel *Souveniren*) **1. DE** *Erinnerung* [im Gedächtnis] • **FR** *souvenir* [dans la mémoire] • **EN** *memory, recollection* • **PT** *recordação* [na memória] **Beispiller** ech hu vun där Rees e schlechte *Souvenir* behalen; ech war deemools nach kleng, ech hu kaum nach *Souveniren* aus där Zäit **2. DE** *Andenken, Erinnerungsstück* • **FR** *souvenir* [objet] • **EN** *souvenir* • **PT** *recordação* [objeto] **Beispill** am Restaurant

huet e Client gefrot, ob en d'äerft d'Menüskaart als Souvenir mathuelen **Synonym** Undenken

Souvenirsbutte [s'uvəni:gsbutek] Maskulinum (Pluriel Souvenirsbutteker) **DE** Souvenirladen • **FR** kiosque à souvenirs, boutique de souvenirs • **EN** souvenir shop • **PT** loja de lembranças **Beispill** normalerweis fënt ee bei all Gare e Souvenirsbutte

souverän [suvər'ɛ:n] Adjektiv **1. DE** souverän [eigenstaatlich] • **FR** souverain [indépendant] • **EN** sovereign [self-governing] • **PT** soberano [independente] **Beispill** dat Land gëtt net als souveräne Staat unerkannt **2. DE** souverän [selbstsicher, überlegen] • **FR** sûr de soi, plein d'aplomb <Adverb avec brio> • **EN** self-confident <Adverb confidently> • **PT** seguro de si <Adverb com segurança, com superioridade> **Beispiller** trotz de schwierigen Ëmstänn huet d'Ausseministerin souverän gewierkt; du hues d'Situatioun ganz souverän gemeeschtert!; eis Ekipp huet souverän gewonnen

Souveränitéit [suvərenit'ɛit] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** Souveränität [Selbstbestimmungsrecht] • **FR** souveraineté [indépendance] • **EN** sovereignty [self-governance] • **PT** soberania [independência] **Beispill** d'Souveränitéit vun den eenzele Länner muss respektéiert ginn **2. DE** Souveränität [Selbstsicherheit, Überlegenheit] • **FR** assurance [aplomb] • **EN** self-confidence, assurance • **PT** segurança [autoconfiança] **Beispill** eis nei Direktesch trëtt ëmmer mat enger grousser Souveränitéit op

souvill [zəʊf'il] Konjunktioun - Variant vun ↗esouvill

souwäit [zəʊv'æ:it] Adverb - Variant vun ↗esouwäit

souwéi Konjunktioun - Variant vun ↗esouwéi

souwéisou [zəʊv'ɛizəʊ] Adverb - Variant vun ↗souwéi

souwéi [zəʊv'ɛizəʊ] Adverb **DE** sowieso • **FR** de toute façon • **EN** anyway, anyhow • **PT** de qualquer maneira **Beispill** mir brauchen net ze diskutéieren, ech ännere meng Meinung souwisou net!

i Variant: souwéisou

souwuel [zəʊv'uəl] Konjunktioun - Variant vun ↗esouwuel

souzesoen [zəʊtsəz'o:ən] Adverb **1. DE** sozusagen [gleichsam] • **FR** pour ainsi dire, en quelque sorte • **EN** so to speak, in a way • **PT** por assim dizer, de certo modo **Beispiller** hien huet mer den Entrée bezuelt, souzesoen als Merci fir meng Hëllef; du hues der mat där Aktioun souzesoen selwer geschuet **Synonym** gewässermoossen **2. DE** sozusagen, fast • **FR** pour ainsi dire, presque • **EN** so to speak, as it were • **PT** quase **Beispill** déi jonk Koppel huet souzesoen all Dag Sträit **Synonymmen** bal, praktesch, quasi

sozial [zotsj'a:l] Adjektiv **1. DE** sozial [gesellschaftlich] • **FR** social [relatif à la société] • **EN** social [relating to society] • **PT** social [relativo à sociedade] **Beispill** mir setzen eis fir de soziale Fridden an **2. DE** sozial [gemeinnützig, hilfsbereit] • **FR** social [d'utilité publique, altruiste] • **EN** social [non-profit-making, charitable, public] • **PT** social [de utilidade pública, altruista] **Beispiller** eis Gemeng mécht vill fir de soziale Wunnengsbau; déi sozial

Oder läit bei eis an der Famill **3. DE** sozial [sozialisiert] • **FR** social [policié, civilisé] • **EN** social [civilized] • **PT** social [policiado, civilizado] **Beispill** zu engem soziale Behuele gehéiert, datt een d'Leit ausschwätze léisst **4. DE** sozial [gesellig lebend] • **FR** social [vivant en groupe] • **EN** social [living in groups] • **PT** social [que vive em grupo] **Beispill** d'Seejomesse si sozial Insekten **5. DE** sozial [gesellig] • **FR** sociable • **EN** sociable • **PT** social [sociável] **Beispill** mäi Papp ass e ganz soziale Mënsch, e geet gär ënner d'Leit

Sozialaarbechter [zotsj'a:la:bæçte] Maskulinum (Pluriel Sozialaarbechter) **DE** Sozialarbeiter • **FR** assistant social • **PT** assistente social **Beispill** wann et schlëmm Problemer an enger Famill gëtt, gëtt e Sozialaarbechter ageschalt **Synonym** Assistant social

i Weiblech Form: ↗Sozialaarbechterin

Sozialaarbechterin [zotsj'a:la:bæçtərin] Femininum (Pluriel Sozialaarbechterinnen) **DE** Sozialarbeiterin • **FR** travailleuse sociale • **PT** assistente social [mulher] **Beispill** d'Sozialaarbechterin muss reegelméisseg an dëser Famill intervenéieren

i Männlech Form: ↗Sozialaarbechter

Sozialdemokrat [zotsj'a:ldemokra:t] Maskulinum (Pluriel Sozialdemokraten) **DE** Sozialdemokrat • **FR** social-démocrate • **EN** social democrat • **PT** social-democrata **Beispill** d'Sozialdemokraten hu géint deen neie Gesetzesprojet gestëmmt

i Weiblech Form: ↗Sozialdemokratin

sozialdemokratesch [zotsj'a:ldemokra:təf] Adjektiv **DE** sozialdemokratisch • **FR** social-démocrate • **EN** social democratic • **PT** social-democrata **Beispill** mir setzen eis a fir eng sozialdemokratesch Politik

Sozialdemokratin [zotsj'a:ldemokra:tin] Femininum (Pluriel Sozialdemokratinnen) **DE** Sozialdemokratin • **FR** sociale-démocrate • **PT** social-democrata [mulher] **Beispill** déi beléift Sozialdemokratin wäert sech fir déi nächst Gemengewalen opsetzen

i Männlech Form: ↗Sozialdemokrat

sozialiséieren [zotsj'aliz'ɛiəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé sozialiséiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Sozialismus [zotsj'al'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Sozialismus • **FR** socialisme • **EN** socialism • **PT** socialismo **Beispill** de Sozialismus huet sech am Laf vum 19. Joerhonnert entwéckelt

Sozialist [zotsj'al'ist] Maskulinum (Pluriel Sozialisten) **DE** Sozialist • **FR** socialiste • **EN** socialist • **PT** socialista **Beispill** als iwweezeegte Sozialist setzt hie sech besonnesch fir d'Aarbechter an

i Weiblech Form: ↗Sozialistin

sozialistes [zotsj'al'istəf] Adjektiv **DE** sozialistisch • **FR** socialiste • **EN** socialist • **PT** socialista **Beispill** ech si scho laang Member vun der sozialistescher Partei

Sozialistin [zotsj'al'istin] Femininum (Pluriel Sozialistinnen) **DE** Sozialistin • **FR** socialiste [femme] • **PT** socialista [mulher] **Beispill** als Sozialistin kann ech mech net mat de Wäerter vum Kapitalismus identifizéieren

Männlech Form: ↗Sozialist

Sozialeschtung [zotsj'a:le:ftuŋ] Femininum (Pluriel Sozialeschtungen) (meeschtens Pluriel) **DE** Sozialeistung • **FR** prestation sociale • **EN** social benefit • **PT** prestação social **Beispill** virun de Walen hunn d'Politiker versprach, d'Sozialeschtungen net ze kierzien

Sozialpartner [zotsj'a:lpartnɛ] Maskulinum (Pluriel Sozialpartner) (meeschtens Pluriel) **DE** Sozialpartner • **FR** partenaire social • **EN** social partner • **PT** parceiro social **Beispill** d'Regierung diskutéiert mat de Sozialpartner iwwer eng eventuell Steuerupassung

Sozialplang [zotsj'a:lplɑŋ] Maskulinum (Pluriel Sozialpläng) **DE** Sozialplan • **FR** plan de sauvegarde de l'emploi • **EN** redundancy plan, social plan • **PT** plano social **Beispill** d'Gewerkschaft huet der Direktioun hire Sozialplang verworf

Sozialpolitik [zotsj'a:lpolitik] Femininum (Pluriel <seelen> Sozialpoliticken) **DE** Sozialpolitik • **FR** politique sociale • **EN** social policy • **PT** política social **Beispill** déi nei Aarbechtsministesch wëllt d'Sozialpolitik méi an de Mëttelpunkt stellen

Sozialwal [zotsj'a:lva:l] Femininum (Pluriel Sozialwale) (meeschtens Pluriel) **DE** Sozialwahl • **FR** élections professionnelles • **EN** social election(s) • **PT** eleições sociais, eleições profissionais **Beispill** eis Gewerkschaft stellt de Mëtteg hir Kandidat fir déi nächst Sozialwale vir

soziodemografesch [zotsjo:demogr'a:fəʃ] Adjektiv

Hei entsteet en neien Artikel.

soziodemographesch [zotsjo:demogr'a:fəʃ] Adjektiv - Variant vun ↗soziodemografesch

Soziolog [zotsj'ol'o:k] Maskulinum (Pluriel Soziologen) **DE** Soziologe • **FR** sociologue • **EN** sociologist • **PT** sociólogo **Beispill** e bekannte Soziolog huet e Buch iwwer d'Emigratioun publizéiert

Weiblech Form: ↗Soziologin

Soziologin [zotsj'ol'o:gin] Femininum (Pluriel Soziologinnen) **DE** Soziologin • **FR** sociologue [femme] • **PT** socióloga **Beispill** als Soziologin interesséieren ech mech fir dat soziaalt Verhale vun de Mënschen

Männlech Form: ↗Soziolog

Spaass [ʃpa:s] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** Spaß [Vergnügen] • **FR** plaisir, amusement • **EN** fun, amusement, enjoyment • **PT** prazer, gozo **Beispiller** sportlech Aktivitéite maache Spaass a si gesond; ech hu kee Spaass um Wantersport; eng kleng Verletzung huet mer de ganze Spaass verduerwen; looss em säi Spaass! [ëgs] [looss e gewäerden!]; déi Téitsch gëtt dech en deiere Spaass! [ironesch] [Idéi Téitsch wäert dech vill Sue kaschten!]; wat kascht dee Spaass? [ironesch] [freet een, fir de Präis vun eppes gewuer ze ginn]; elo maache mer deem Spaass emol en Enn! [ironesch] [seet een, wann een enger Saach, déi ee stéiert, wëllt en Enn setzen] **2. DE** Spaß [Scherz, Witz] • **FR** plaisanterie [blague] • **EN** joke • **PT** brincadeira [gracejo, piada] **Beispiller** sief net béis, ech hunn nëmme Spaass gemaach!; ech hunn dat am Spaass gesot [ech hunn

dat net eescht gemengt]; seng Reaktioun beweist, datt hie kee Spaass verdréit [seng Reaktioun beweist, datt hie keen Humor huet]

spaaeseg [ʃp'a:səʒ] Adjektiv **DE** spaßig, lustig • **FR** drôle, amusant • **EN** funny, amusing • **PT** divertido, engraçado **Beispiller** ziel eis nach eng vun denge spaaeseg Geschichten!; dat ass e spaaeseg Käre!; d'Kanner haten e spaaesegen Nomëtteg um Stau **Synonym** lëschtég

spaaesen [ʃp'a:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespaasst) » **intransitiv DE** spaßen, scherzen • **FR** plaisanter • **EN** to joke • **PT** brincar, gracejar **Beispiller** de Wiert spaaest gär mat de Leit; mat deem ass net ze spaaesen! [ëgs] [Idee ka ganz séier rose ginn]; mat där Krankheet ass net ze spaaesen! [ëgs] [Idéi Krankheet muss een eescht huelen] **Synonym** gecksen

Space Maskulinum (Pluriel Spacen) **DE** Leerzeichen • **FR** espace [en typographie] • **EN** space [in typography] • **PT** espaço (em branco) [em tipografia] **Beispiller** hanner dem Komma feelt e Space; virun an hanner engem Gedankestréch léisst een ëmmer e Space **Synonymmen** Espace, Sputt

Spachtel [ʃp'ɑxtəl] Femininum (Pluriel Spachtelen) **DE** Spachtel [Werkzeug] • **FR** spatule [d'artisan] • **EN** scraper, palette knife, trowel • **PT** espátula [ferramental] **Beispiller** den Usträicher kraazt déi al Tapéit mat der Spachtel vun der Mauer; huet déi kleng Spachtel, fir d'Rëss zouzeschmieren!

Spachtel [ʃp'ɑxtəl] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Spachtel [Masse] • **FR** enduit [de revêtement] • **EN** filler [substance] • **PT** massa [de enchimento] **Beispill** dee Spachtel dréchent an Zäit vun enger Stonn

spachtelen [ʃp'ɑxtələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespachtelt) » **transitiv DE** spachteln [ausbessern, glätten] • **FR** colmater, égaliser [à la spatule] • **EN** to fill (in), to smooth (over) [with a spatula, with filler] • **PT** tapar, alisar [com a espátula] **Beispiller** de Carrossier huet d'Téitsch an der Autosdier gespachtelt; d'Mauere mussen nach gespachtelt ginn, ier tapeziéiert gëtt

Spackelter [ʃp'akəltɛ] Femininum (Pluriel Spackelter) **DE** Hagebutte • **FR** fruit de l'églantier • **EN** rose hip • **PT** baga de roseira-brava, cinorrodo **Beispill** mir hu Spackelter gepléckt, fir Téi ze maachen

spadséieren [ʃpadz'ziɛrən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé spadséiert) » **intransitiv 1. DE** spazieren • **FR** se promener (à pied) • **EN** to go for a walk, to walk • **PT** passear, dar um passeio (a pé) **Beispiller** mir ginn all Sonndeg an de Bësch spadséieren; hien ass mat enger Glace am Grapp iwwer d'Kiermes spadséiert **2. [ëgs]** spadséiert kommen **DE** eintrudeln • **FR** se ramener, rappliquer • **EN** to show up, to turn up • **PT** vir, chegar, aparecer **Beispill** no enger Stonn ass hien och spadséiert komm

Verb, dat spadséieren als Basis huet: ↗eraspadséieren

Spadséiergang [ʃpadz'ziɛgɑŋ] Maskulinum (Pluriel Spadséiergàng) **DE** Spaziergang • **FR** promenade (à pied) • **EN** walk [stroll] • **PT** passeio (a pé) **Beispill** nom Iesse maachen ech gär e klenge Spadséiergang

i Variant: Spadséiergank

Spadséiergank [ʃpadz'ʒɛgɑŋk] Maskulinum (Pluriel Spadséiergäng) - Variant vun ↗Spadséiergang

Spadséierwee [ʃpadz'ʒɛvɛ:] Maskulinum (Pluriel Spadséierweeën) **DE** Spazierweg • **FR** chemin (de promenade) • **EN** walk, path • **PT** caminho [apropriado para passear] **Beispill** et geet e schéine Spadséierwee laanscht de Bësch

Spagat [ʃpag'a:t] Maskulinum (Pluriel Spagater) **DE** Spagat • **FR** grand écart • **EN** the splits • **PT** espargata **Beispiller** d'Turnerin mécht de Spagat; fir an där Saach ze vermëttelen, muss een de Spagat maachen ^[ëgs] [fir an där Saach ze vermëttelen, muss een zwee Extremer zesummebréngen]

Spagetti [ʃp'agæti:] Femininum (Pluriel Spagettien) - Variant vun ↗Spaghetti

Spagettisfrësser Maskulinum (Pluriel Spagettisfrësser) - Variant vun ↗Spaghettisfrësser

i Opgepasst! „Spagettisfrësser“ ass e staark ofwäertende Begrëff.

Spagettisfrësser Maskulinum (Pluriel Spagettisfrësser) - Variant vun ↗Spaghettisfrësser

i Opgepasst! „Spagettisfrësser“ ass e staark ofwäertende Begrëff.

Spagettiszooss [ʃpagætists'o:s] Femininum (Pluriel Spagettiszoossen / Spagettiszoosen) - Variant vun ↗Spaghettiszooss

Spaghetti [ʃpag'æti:] Femininum **1.** (Pluriel Spaghettien / Spaghetti) **DE** Spaghetti [Nudel] • **FR** spaghetti [pâte] • **EN** spaghetti [pasta] • **PT** esparguete [massa] **Beispill** gehet d'Spaghettien eréischt an d'Waasser, wann et kacht! **2.** (kee Pluriel) ^[ëgs] **DE** Spaghetti [Gericht] • **FR** (plat de) spaghetti • **EN** spaghetti [dish] • **PT** (prato de) esparguete **Beispiller** ech wëll kee ganze Menü, ech bestelle mer just eng Spaghetti; mir maachen op d'mannst eemol d'Woch eng Spaghetti

Spaghettisfrësser Maskulinum (Pluriel Spaghettisfrësser) - Variant vun ↗Spaghettisfrësser

i Opgepasst! „Spaghettisfrësser“ ass e staark ofwäertende Begrëff.

Spaghettisfrësser Maskulinum (Pluriel Spaghettisfrësser) ^[vereezelt] ^[pejorativ] ^[graaf] **DE** Spaghettifresser, Ita-ker • **FR** macaroni, rital • **EN** Eyetie, wop • **PT** italiano [pesoal] **Beispill** wat hätt dee Spaghettisfrësser gär, ech verstinn en et! **Synonymmen** Bier, Bootscha, Italieener, Makkaronisfrësser

i Opgepasst! „Spaghettisfrësser“ ass e staark ofwäertende Begrëff.

i Variant: Spaghettisfrësser

Spaghettiszooss [ʃpagæti:sts'o:s] Femininum (Pluriel Spaghettiszoossen / Spaghettiszoosen) **DE** Spaghettisoße • **FR** sauce spaghetti • **EN** spaghetti sauce • **PT** molho para esparguete **Beispill** mir hunn de Rescht vun der Spaghettiszooss agefruer

Späicher [ʃp'æ:ɪçɛ] Maskulinum (Pluriel Späicheren) **DE** Dachboden, Speicher • **FR** grenier, combles • **EN** loft,

attic • **PT** sótão, águas-furtadas **Beispiller** um Späicher reent et zu enger Liicht eran; zënter datt mer eise Späicher isoléiert hunn, brauche mer net méi esou vill ze hëtzen

Späicher Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

späicheren [ʃp'æ:ɪçɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespäichert) » **transitiv 1.** **DE** speichern [behalten, aufbewahren] • **FR** stocker [emmagasiner, enregistrer] • **EN** to store, to retain • **PT** armazenar [acumular, registar] **Beispiller** e Kacheluwee späichert d'Hëtzt besser ewéi eng Schminni; dat Gëft gëtt laang am Organismus gespäichert; et wonnert een, wéi vill Informatiounen e mënschlecht Gehier ka späicheren **2.** **DE** speichern, abspeichern [digitale Daten] • **FR** sauvegarder [des données numériques] • **EN** to save [digital data] • **PT** guardar, salvar [dados digitais] **Beispill** passt op, datt dir (d'Dateien) richteg späichert, ier der de Computer ausmaacht! **Synonymmen** ofspäicheren, ofsaveen, saveen

i Verb, dat späicheren als Basis huet: ↗ofspäicheren

Späicherlicht [ʃpæ:ɪçɛl'i:çt] Femininum (Pluriel Späicherlichten) **DE** Dachluke • **FR** lucarne, tabatière • **EN** skylight • **PT** lucarna, trapeira **Beispiller** den Daachdecker huet eis eng nei Späicherlicht agesat; op eemol ass him eng Späicherlicht opgaangen ^[ëgs] [op eemol huet hie begraff, ëm wat et goun] **Synonymmen** Daachlicht, Liicht

Späichertrap [ʃpæ:ɪçɛtr'a:p] Femininum (Pluriel Späichertrapeen) **DE** Dachbodentreppe • **FR** escalier de grenier • **EN** attic stairs • **PT** escada de sótão **Beispill** mir hunn eng ganz onpraktesch Späichertrap

späizen [ʃp'æ:itsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespaut) » **transitiv 1.** **DE** spucken • **FR** cracher [rejetar, emettre] • **EN** to spit (out) [to emit] • **PT** cuspir [expelir, lançar] **Beispiller** ech hunn d'Steng vun de Kischten an de Gaart gespaut; de Vulkan späizt no laanger Zäit nees Lava; wann s de bis Blut späiz, da gëtt et héich Zäit, fir bei den Dokter ze goen; an där Geschicht kann de klengen Draach op eemol kee Feier méi späizen » **intransitiv 2.** **DE** spucken • **FR** cracher [projeter de la salive] • **EN** to spit [to eject saliva] • **PT** cuspir [expelir cuspo] **Beispiller** de Frechdachs huet vum zweete Stack aus erof op d'Leit gespaut; géi net ze no un d'Lamaen erun, déi kënnen elle späizen!; du bass däi Papp wéi duer gespaut ^[ëgs] [du gläichs dengem Papp ganz vill]; an d'Hänn gespaut a lass! ^[ëgs] [⇒ seet een, ier een ufänt, schwéier ze schaffen] **3.** **DE** fauchen [Tier] • **FR** feuler [animal] • **EN** to spit, to hiss [animal] • **PT** rosnar [animal] **Beispill** d'Kaz huet gespaut, wéi ech se wollt heemelen **Synonym** fauchen

i Verben, déi späizen als Basis hunn: ↗erausspäizen an ↗uspäizen

Späizmännchen [ʃp'æ:itsmæŋçən] Maskulinum (Pluriel Späizmännercher) **DE** Wunderkerze • **FR** cierge magique • **EN** sparkler [firework] • **PT** foguetinho, estrelinha (mágica) **Beispill** d'Kanner hu mat groussen Aen nogekuckt, wéi d'Späizmännercher um Chrëscht-beemche gebrannt hunn

Spaléier [ʃpa'l'ʒɛ] Maskulinum (Pluriel Spaléier) **1.** **DE** Spalier [Gestell] • **FR** espalier [treillage] • **EN** trellis • **PT**

latada [grade de ripas] **Beispill** mir loossen eis Rouse laansch e **Spaléier** wuessen **2.** Spaléier stoen **DE Spalier stehen** • **FR** former la haie • **EN** to line up, to form a guard of honour • **PT** formar alas **Beispill** d'Leit stounge virun der Kierch **Spaléier**, wéi d'Brauptuer erauskoum

Spalhummer [ʃp'a:lhumɛ] Maskulinum (Pluriel Spalhimmer / Spalhummeren) **DE Spalthammer** • **FR** merlin là fendre] • **PT** merlim [machado] **Beispill** huel de Spalhummer, fir d'Kouertestécker ze räissen!

Spam Maskulinum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

spammen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespammt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

I Verb, dat **spammen** als Basis huet: ↗zouspammen

spanen [ʃp'a:nən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespaant) » **transitiv 1.** **DE** spannen [straffen (und befestigen)] • **FR** tendre [raidir, tirer] • **EN** to stretch, to tighten • **PT** esticar [retesar, distender] **Beispiller** fir d'Zelt ze spanen, muss de d'Schnouer an de Piquet akrämpen; hëllef de mer, d'Wäschlängt ze spanen?; bei engem Schock spanen d'Sécherheetsgurter sech automatesch; ech si gespaant ewéi e Prabbeli ^[égs] lech si ganz gespaant **2.** **DE** spannen [fixieren] • **FR** monter, fixer [en serrant] • **EN** to clamp • **PT** montar, fixar [apertando] **Beispill** span de Rouer an de Schraubstack, fir en duerchzeseen! **3.** **DE** spannen [anspannen, anschirren] • **FR** atteler [un animal de trait] • **EN** to harness • **PT** atrelar [um animal de tração] **Beispill** de Kniecht huet d'Päerd virun de Won **gespaant**

I Verben, déi **spanen** als Basis hunn: ↗aspanen, ↗ausspanen, ↗nospanen, ↗opspanen, ↗uspanen an ↗uspanen

Spang Femininum (Pluriel Spangen) - Kuerzform vun ↗Zanspang **DE** Haarspange • **FR** barette là cheveux] • **EN** slide, hairslide, hair clip • **PT** travessão [de cabelo] **Beispill** dat Klengt wollt onbedéngt eng blénkeg **Spang** fir an d'Hoer **Synonym** Spéngel

Spann [ʃpan] Femininum (Pluriel Spannen) **DE** Spinne • **FR** araignée • **EN** spider • **PT** aranha **Beispiller** d'Spanne sinn nätzlech Déieren, et soll een se net futti maachen; ech hu vu Klengem un eng panesch Angscht viru Spannen; meng Kusun ka rose ginn ewéi eng **Spann** ^[égs] [meng Kusun ka ganz rose ginn]

spannen [ʃp'anən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesponnen / gesponn) » **transitiv 1.** **DE** spinnen [am Spinnrad] • **FR** filer [au rouet] • **EN** to spin [on a spinning wheel] • **PT** fiar [na roda de fiar] **Beispiller** ech hu mech an engem Stage ugemellt, wou ee léiert, Woll ze spannen; meng Bomi huet als jonkt Meedchen nach geléiert spannen » **intransitiv 2.** **DE** schnurren [Katze] • **FR** ronronner [chat] • **EN** to purr • **PT** ronronar **Beispill** d'Kaz läit hannerem Uewen ze spannen **3.** ^[égs] **DE** spinnen [Unsinn reden] • **FR** fabuler, divaguer • **EN** to fabulate, to make things up • **PT** fabular, divagar **Beispill** gleef deem näischt, dee spénnt! **4.** ^[égs] **DE** spinnen [verrückt sein] • **FR** déjanter, déconner [être fou] • **EN** to be off one's head • **PT** estar maluco, estar passado **Beispiller** ech mengen, du spénnt!; mäi Computer spénnt haut [mäi Computer funktionéiert haut net ewéi e soll]

spannend [ʃp'anənt] Adjektiv **DE** spannend • **FR** captivant, plein de suspense <Adverb de façon captivante> • **EN** exciting, gripping • **PT** empolgante, cheio de suspense **Beispiller** d'Kanner wëlle wëssen, wéi déi spannend Geschicht virugeet; ech liese grad e spannende Roman; deen Auteur ka spannend erzielen

Spannrad [ʃp'anra:t] Neutrum (Pluriel Spannrieder) **DE** Spinnrad • **FR** rouet [à filer] • **EN** spinning wheel • **PT** roda de fiar **Beispill** mir hunn an der Stuff en aalt **Spannrad** stoen

Spannung [ʃp'anuŋ] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Spannung [Erwartung] • **FR** impatience [intéret, attente] • **EN** impatience, tension, eagerness • **PT** impaciência [interesse, expectativa] **Beispiller** ech kucken der Entrevue mam Minister mat **Spannung** entgéint; de Publikum waart mat vill **Spannung** op de Gewënner vun der Course **2.** (kee Pluriel) **DE** Spannung [Dramatik] • **FR** suspense [dans une fiction] • **EN** suspense, tension • **PT** suspense [numa ficção] **Beispill** d'Spannung am Film war bal net auszehalen! **3.** (Pluriel Spannungen) **DE** Spannung [Unstimmigkeit] • **FR** tension [antagonisme, situation tendue] • **EN** tension [conflict, strained relations] • **PT** tensão [antagonismo, situação tensa] **Beispill** d'Diskriminatioon vu Minoritéite féiert zu soziale Spannungen **4.** (Pluriel Spannungen) **DE** Spannung [Stromspannung] • **FR** tension [électrique] • **EN** voltage • **PT** tensão [elétrica] **Beispill** a verschiddene Länner ass d'Spannung an de Steckdousen 110 Volt **Synonym** Stroumspannung

Spär [ʃpɛ:ɐ] Femininum (Pluriel Spären) **1.** **DE** Absperung, Schranke • **FR** barrage (filtrant), barrière • **EN** barrier, gate • **PT** barragem (filtrante), barreira **Beispill** d'Police huet op verschidde Plaze **Spären** opgericht, fir Alkoholkontrollen ze maachen **2.** **DE** Sperre [Verriegelung] • **FR** (dispositif de) blocage • **EN** lock [facility, device] • **PT** (dispositivo de) bloqueio **Beispiller** wéi kann ech d'Spär op mengem Handy ausmaachen?; mäi Vëlo huet eng Spär **3.** **DE** Drehkreuz, Schranke • **FR** portillon [de contrôle] • **EN** turnstile • **PT** torniquete [de controlo de acessos] **Beispill** fir op de Quai ze kommen, muss een duerch eng **Spär** **4.** **DE** Sperre [Teilnahmeverbot] • **FR** suspension [interdiction de participer] • **EN** ban [of participation] • **PT** suspensão [interdição de participar] **Beispill** e gedoppte Sportler riskéiert eng **Spär** vun zwee Joer

spären [ʃp'ɛ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespaart) » **transitiv 1.** **DE** sperren [eine Straße, einen Weg, einen Durchgang] • **FR** fermer [linterdire à la circulation] • **EN** to close, to block [a road, access] • **PT** cortar, fechar [ao trânsito] **Beispiller** d'Bréck gouf gespaart, well se baufällig ass; d'Afaart fir an de Parking ass bei Héichwaasser gespaart **2.** **DE** abschließen [mit einem Schlüssel] • **FR** fermer à clé, cadenasser • **EN** to lock [by key] • **PT** fechar à chave, fechar a cadeado **Beispiller** hien hat d'Dier vu banne gespaart; denk drun, d'Hausdier ze spären, ier s de an d'Bett gees!; mäi Vëlo huet de däi Vëlo hei ofstells, da spär e léiwer! **Synonym** zouspären **3.** **DE** sperren [einsperren] • **FR** enfermer [dans un lieu] • **EN** to lock (in), to lock (up) [in a place] • **PT** encerrar, fechar [num lugar], meter [na prisão] **Beispiller** firwat hues de däin Hond an de Keller gespaart?; deen do hätten se am beschten, an de Prision ze spären! **4.** **DE** sperren, absperren, streichen [zur Strafe] • **FR** couper [l'approvisionnement de], annuler [en guise de sanction] •

EN to cut off [as punishment] • **PT** cortar (o abastecimento de), cancelar [como sanção] **Beispill** d'Gemeng huet him d'Waasser gespaart, well e seng Rechnungen ni bezilt **5. DE** sperren [ein Konto, eine Chipkarte, eine Magnetstreifenkarte] • **FR** bloquer [un compte, une carte bancaire] • **EN** to freeze [an account, a bank card] • **PT** bloquear, cancelar [uma conta, um cartão bancário] **Beispill** ech muss meng Kreditaart späre loossen, ech krut se gestuel **6. DE** sperren [einen Sportler] • **FR** suspendre [un sportif] • **EN** to suspend [a sports person] • **PT** suspender [um desportista] **Beispill** de Coureur gouf fir zwee Joer wéinst Dopping gespaart » **intransitiv 7. DE** schließen [Schlüssel, Schloss] • **FR** fermer, fonctionner [clé, serrure] • **EN** to lock [key, lock] • **PT** fechar, funcionar [chave, fechadura] **Beispill** dat aalt Schlass späert net méi richteg

i Verben, déi spären als Basis hunn: ↗aspären, ↗ausspären, ↗ofspären, ↗opspären an ↗zouspären

Spärgebitt [ʃp'ɛ:ɛgəbit] Neutrum (Pluriel Spärgebidder / Spärgebitter) **DE** Sperrgebiet • **FR** zone interdite • **EN** prohibited area • **PT** zona proibida **Beispiller** wéinst de Minnen aus dem Krich ass déi Region nach ëmmer Spärgebitt; zënter der Atomkatastroph däerf een nëmme mat enger spezieller Geneemegung an d'Spärgebitt eran

Spargel [ʃp'arɛəl] Femininum (Pluriel Spargelen) **DE** Spargel [Stange, Sprossel] • **FR** asperge • **EN** asparagus • **PT** espargo **Beispiller** mir hunn dëst Joer vill Spargele giess; ech hunn déi wäiss Spargele léiwer ewéi déi gréng; du muss déi holzeg Enner vun de Spargelen erofschneiden; deng Schwëster ass eng Spargel [ɛg̃] [deng Schwëster ass gakeg]

Spargelszopp [ʃparɛlsts'op] Femininum (Pluriel Spargelszoppen) [Gastronomie] **DE** Spargelsuppe • **FR** crème d'asperges • **PT** creme de espargos **Beispill** e Sondeg de Mëtteg gëtt et als Entrée Spargelszopp

Spärholz [ʃp'ɛ:ɛgəhɔltz] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Sperrholz • **FR** contreplaqué • **EN** plywood • **PT** contraplacado **Beispill** mir hunn e Vullenhaischen aus Spärholz gebastelt

i Variant: Sperrholz

Spart [ʃpart] Femininum (Pluriel Sparten) **DE** Branche, Sparte • **FR** secteur, branche • **EN** sector, line of business • **PT** setor, ramo **Beispill** an där Spart kann een den Ament vill Sue verdéngen **Synonymmen** Branche, Secteur

spartanesch [ʃpart'a:nəʃ] Adjektiv **1. DE** spartanisch [anspruchlos] • **FR** spartiate, rudimentaire <Adverb de manière spartiate> • **EN** spartan <Adverb spartanly> • **PT** espartano, rudimentar <Adverb espartanamente> **Beispill** eis Zëmmeren an der Jugendherberg ware ganz spartanesch (agericht) **2. DE** spartanisch [strenge] • **FR** sévère, rude • **EN** strict, severe • **PT** espartano [severo] **Beispill** an deem Internat kréien d'Kanner eng spartanesch Erzéiung

Spatz [ʃpats] Maskulinum (Pluriel Spatzen) **DE** Sperling, Spatz • **FR** moineau • **EN** sparrow • **PT** pardal **Beispiller** d'Spatz picken un den Henger hirem Fudder; dat päifen d'Spatze vun den Diech [ɛg̃] [dat ass allgemeng bekannt]

spatz [ʃpats] Adjektiv **1. DE** spitz [gespitzt, schmal zulaufend] • **FR** pointu [en pointe, effilé] • **EN** pointed, sharp-ened • **PT** agudo, pontiagudo, aguçado **Beispiller** ech hu mech un där spatzer Nol gepickt; mat engem spatze Bläistëft schreift et sech am beschten; du hues deng spatze Nues vun dengem Papp geierft; d'Kand huet sech un engem spatzen Eck vum Dësch wegëdoen **2. DE** spitz [Winkel] • **FR** aigu [angle] • **EN** acute [angle] • **PT** agudo [ângulo] **Beispill** déi zwou Linne lafen an engem spatze Wénkel zesummen **3. DE** spitz [bissig, scharf] • **FR** acéré, caustique, mordant • **EN** sharp [biting, fierce] • **PT** agudo, cáustico, mordaz **Beispiller** has de dem Journalist säi spatze Commentaire um Radio héieren?; deng spatze Bemierkunge si bei verschiddene Leit net gutt ukomm **4. DE** stechend [kalt] • **FR** cuisant, mordant, très froid • **EN** barbed, caustic, cutting • **PT** agudo, cortante, muito frio **Beispiller** déi spatze Keelt vun de leschten Deeg huet de Planze geschuet; de Moie war et spatze dobaussen

spatzkréien Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé spatzkritt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Spatzminn Maskulinum/Femininum (Pluriel Spatzminnen) **Leuciscus leuciscus** **DE** Hasel [Fisch] • **FR** vandoise • **EN** dace • **PT** escalo-do-sul **Beispill** de Spatzminn gëtt dacks mam Wäisskapp verwiesselt **Synonymmen** Hasselter, Lau

Spaut [ʃpæ:ʊt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Speichel, Spucke • **FR** salive • **EN** saliva, spit • **PT** saliva, cuspo **Beispiller** der Patientin hire Spaut gëtt am Laboratoire ënnersicht; vum ville Schwätzen hunn ech kee Spaut méi am Mond

Spauttest Maskulinum (Pluriel Spauttester)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Spaweck [ʃp'a:væk] Maskulinum/Femininum (Pluriel Spawecken / Spawecker) **DE** Spinnwebe • **FR** toile d'araignée • **EN** cobweb, spiderweb • **PT** teia de aranha **Beispill** an deem ale Schapp hat ech op eemol d'Gesicht voller Spawecken

Speaker [sp'i:kə] Maskulinum (Pluriel Speaker / Speakeren) **DE** Sprecher [beim Radio, beim Fernsehen] • **FR** présentateur, animateur [à la radio, à la télévision] • **PT** locutor, speaker [de rádio, de televisão] **Beispill** de Moien huet de Speaker sech um Radio e puermol verschwat

i Weiblech Form: ↗Speakerin

Speakerin [sp'i:kərin] Femininum (Pluriel Speakerinnen) **DE** Ansagerin, Sprecherin [beim Radio, beim Fernsehen] • **FR** présentatrice, annonceuse

i Männlech Form: ↗Speaker

Speck [ʃpæk] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** Speck [des Schweins] • **FR** lard [du porc] • **EN** bacon • **PT** toucinho **Beispiller** de Kach bréit Speck fir op d'Mauséiercherzalot; den duerchwuessene Speck gëtt gesolpert an dono gedréchent **2. [ɛg̃] DE** Speck [Fettgewebe] • **FR** graisse [dermique] • **EN** fat [fatty tissue] • **PT** banhas [gordura humana] **Beispiller** du gëss däi Speck ni lass, wann s de kee Sport méchs!; d'Sängerin huet op der

Bün vill **Speck** gewisen [d'Sängerin war op der Bün esou gekleet, datt ee vill Haut gesinn huet] **3. DE** *Marshmallows* [in Form einer Scheibe Speck] • **FR** *guimauve* [friandise imitant une tranche de lard] • **EN** *marshmallow* [in the shape of a rasher] • **PT** *marshmallow* [limitando uma fatia de toucinho] **Beispill** mäi Brudder huet bal eng ganz Tut **Speck** giess!

speckeg [ʃp'ækəç] Adjektiv **1.** [égs] **DE** *mollig, drall* • **FR** *potelé, grassouillet* • **EN** *plump, flabby* • **PT** *rechonchudo, gorducho* **Beispill** ech hu meng **speckeg** Äerm net gär **2.** [égs] [pejorativ] **DE** *speckig* [schmierig, schmutzdelig] • **FR** *crasseux* [par usure, par manque d'entretien] • **EN** *grubby, greasy* • **PT** *imundo* [pelo uso, por falta de asseio] **Beispiller** de Col vun denger Liederjackett ass ganz **speckeg**; ech kann dee schmuddelege Kärel mat senge **speckegen** Hoer net gesinn!

Speckfilm [ʃp'ækfilm] Maskulinum (Pluriel **Speckfilmer**) [égs] **DE** *Softporno* • **FR** *film porno soft* • **EN** *porn film, porno film* [soft-core] • **PT** *filme porno leve* **Beispill** gëschter Owend spéit hu se op der Tëlee e **Speckfilm** bruecht

Specksmillen [ʃp'æksmilən] Eegennumm **DE** *Specksmillen* • **FR** *Specksmillen* • **EN** *Specksmillen* • **PT** *Specksmillen* **Beispiller** ech wunnen op der **Specksmillen**; fiert dése Buse op d'**Specksmillen**?

Spectateur [sp'æktɑ:tœ:r] Maskulinum (Pluriel **Spectateuren**) **DE** *Zuschauer* • **FR** *spectateur* [membre d'un public] • **EN** *viewer, spectator* • **PT** *espetador* [membro de um público] **Beispiller** deen neie Programm adresséiert sech haaptsächlech u jonk **Spectateuren**; beim leschten Heemmatch huet d'Nationalekipp d'**Spectateure** begeeschtert **Synonym** **Zuschauer**

1 Weiblech Form: **Spectatrice**

Spectatrice [spæktatr'is] Femininum (Pluriel **Spectatricen**) **DE** *Zuschauerin* • **FR** *spectatrice* [membre d'un public] • **EN** *viewer, spectator* [female] • **PT** *espetadora* [membro de um público] **Beispiller** deen neie Programm adresséiert sech haaptsächlech u jonk **Spectatricen**; nom Match krut eng jonk **Spectatrice** en Autogramm vun der Nationaltrainerin **Synonym** **Zuschauerin**

1 Männlech Form: **Spectateur**

Speichel [ʃp'e:çəl] Femininum (Pluriel **Speichelen**) (meeschtens Pluriel) **DE** *Sommersprosse* • **FR** *tache de rousseur* • **EN** *freckle* • **PT** *sarda* [mancha na pele] **Beispill** mäi Frënd huet roudelzeg Hoer an d'Gesicht voller **Speichelen**

Speichel [ʃp'e:çəl] Femininum (Pluriel **Speichelen**) **DE** *Speiche* [am Rad] • **FR** *rayon* [d'une roue] • **EN** *spoke* [on a wheel] • **PT** *raio* [de uma roda] **Beispill** am viischte Rad vu mengem Vélo sinn e puer **Speichele** verdiebelt

specheleg [ʃp'e:çələç] Adjektiv **DE** *sommersprossig* • **FR** *criblé de taches de rousseur* • **EN** *freckled* • **PT** *sardento* **Beispill** mat dengem **spechelege** Gesiicht erkennt een dech direkt op deenen ale Fotoen

Speer [ʃpe:e] Maskulinum (Pluriel **Speerer**) **DE** *Speer* • **FR** *javelot* • **EN** *javelin, spear* • **PT** *dardo* [haste] **Beispill** de jonken Athleet huet haut de **Speer** esou wäit geworf

ewéi nach ni

spéider [ʃp'ziðe] Adjektiv **DE** *später* • **FR** *ultérieur* <Adverb plus tard> • **EN** *later* • **PT** *posterior* [ulterior] <Adverb mais tarde> **Beispiller** d'Versammlung gouf op e spéideren Datum verluecht; hie wëllt **spéider** gär Banker ginn; fréier oder **spéider** mierkt en, datt en sech geiert huet [de Moment kënnt, wou e mierkt, datt en sech geiert huet]

spéiderhin [ʃp'ziðehin] Adverb **DE** *später* [irgendwann in der Zukunft] • **FR** *plus tard* [dans l'avenir] • **EN** *later* [in the future] • **PT** *mais tarde* [no futuro] **Beispill** eisen Eelste wëllt **spéiderhi** bei d'Militär goen **Synonym** **spéider**

spéinen [ʃp'ziñən] Verb (Hëllesverb **hunn**, Participe passé **gespéint**) » **transitiv** **DE** *spänen* [abreiben] • **FR** *poncer* [à la laine d'acier] • **EN** *to clean with steel wool* • **PT** *esfregar com palha-d'aço* [soalhos] **Beispill** eis hëlzen Trap gëtt eemol am Joer **gespéint**

Speis [ʃpɑ:is] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Mörtel* • **FR** *mortier* [de maçonnerie] • **EN** *mortar* [for building] • **PT** *argamassa* **Beispill** et ass net genuch Zement an der **Speis**

Speiseröhre [ʃp'aizə:rø:rə] Femininum (Pluriel **Speiseröhren**) - Variant vun **Speiseröre**

Speiseröhrenkriibs [ʃp'aizə:rø:rənkri:ps] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun **Speiserörenkriibs**

Speiseröre [ʃp'aizə:rø:rə] Femininum (Pluriel **Speiserören**) **DE** *Speiseröhre* • **FR** *œsophage* • **EN** *oesophagus, gullet* • **PT** *esófago* **Beispill** bei enger Mospigelung féiert den Dokter eng kleng Kamera duerch d'**Speiseröre** bis an de Mo **Synonym** **Oesophage**

Speiserörenkriibs [ʃp'aizə:rø:rənkri:ps] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Speiseröhrenkrebs* • **FR** *cancer de l'oesophage* • **EN** *oesophageal cancer* • **PT** *cancro do esófago* **Beispill** ouni d'Ursaach ze kennen, ass bewisen, datt daitlech méi Männer ewéi Frae **Speiserörenkriibs** kréien

spéit [ʃp'zi:t] Adjektiv **1.** **DE** *spät* [in der Zeit fortgeschritten] • **FR** *tard, tardif* • **EN** *late* [behind time] • **PT** *tarde, tardio* **Beispiller** komm, mir ginn heem, et ass scho **spéit**!; et gouf méi **spéit**, wéi mer geduecht haten; zu esou enger **spéider** Stonn geet een net méi bei d'Leit heem schellen; ech sinn et net gewinnt, esou **spéit** schlofen ze goen; eise Bëifchen huet eréischt **spéit** geléiert goen; wéi **spéit** ass et? [wéi vill Auer ass et?]; déi **spéit** Äppel halen sech laang [d'Äppel, déi **spéit** zeideng ginn, halen sech laang] **2.** **DE** *spät* [gegen Ende von] • **FR** (à la fin de, (vers la) fin de • **EN** *late* [near the end of] • **PT** (ao) fim de, (nos) fins de **Beispiller** déi meescht Kiermesse sinn am **spéiden** Hierscht; am **spéide** Mëttelalter gouf d'Dreckerei erfondt

spéitstens [ʃp'zi:tstəns] Adverb **DE** *spätstens* • **FR** *au plus tard* • **EN** *at the latest* • **PT** *o mais tardar* **Beispill** ech muss **spéitstens** em siwen Auer fortfuere, fir matzäit op der Aarbecht ze sinn

Spektakel [ʃpækt'a:kəl] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Spektakel* [Krach, Lärm] • **FR** *bruit, vacarme* • **EN** *racket, din* • **PT** *barulho, barulheira* **Beispill** wat maachen déi

Motorrieder e **Spektakel**, wann se laanschtfueren! **Synonymmen** Kaméidi, Radau **2.** (Pluriel **Spektakelen**) **DE** *Spektakel* [aufsehenerregendes Geschehen] • **FR** *spectacle* [événement spectaculaire] • **EN** *spectacle* [event, scene] • **PT** *espetáculo* [cena que causa sensação] **Beispill** et war en trauerige **Spektakel**, wéi déi Koppel sech op der Strooss zerstridden huet **3.** (Pluriel **Spektakelen**) **DE** *Spektakel* [Darbietung] • **FR** *spectacle* [divertissant] • **EN** *spectacle, show* • **PT** *espetáculo* [divertimento] **Beispill** de Clou vum **Spektakel** war den Optrétt vun engem Zauberer

spektakulär [ʃpæktakul'ɛ:ə] Adjektiv **DE** *spektakulär* • **FR** *spectaculaire* <Adverb de manière spectaculaire> • **EN** *spectacular* <Adverb spectacularly> • **PT** *espetacular* [aparatoso] <Adverb de modo espetacular> **Beispiller** de Chimist huet seng Theorie duerch e **spektakuläert** Experiment bewisen; den Zauberer probéiert, seng Tricker **spektakulär** ze inzenéieren; déi Show war **spektakulär** opgezunn

Spektiv [ʃpækt'i:f] Femininum (Pluriel **Spektiven**) **DE** *Fernglas* • **FR** *jumelle(s)* [instrument d'optique] • **EN** *binoculars* • **PT** *binóculo* **Beispiller** dee Koméit kann ee mat enger **Spektiv** gesinn; vergiess net, deng **Spektiv** mat op d'Safari matzehuelen!

Spektrum [ʃp'æktʁum] Maskulinum/Neutrum (Pluriel **Spektrumen** / **Spektrumer**) **1.** [Physik] [Chimie] **DE** *Spektrum* [elektromagnetische Strahlung] • **FR** *spectre* [rayonnement électromagnétique] • **EN** *spectrum* [electromagnetic radiation] • **PT** *espectro* [radiação eletromagnética] **Beispill** dat mënschlecht A gesäit nëmmen een Deel vum **Spektrum** vum Licht **2.** **DE** *Spektrum* [Vielfalt] • **FR** *éventail* [diversité] • **EN** *spectrum* [range] • **PT** *leque* [variedade] **Beispiller** déi doten Ausso léisst e breede **Spektrum** vun Interpretatiounen zou; dee grouse politesche **Spektrum** garantéiert eng lieweg Demokratie an eiser Gesellschaft

Spekulant [ʃpekul'ant] Maskulinum (Pluriel **Spekulanten**) **DE** *Spekulant* • **FR** *spéculateur* • **EN** *speculator* • **PT** *especulador* **Beispill** als **Spekulant** ass hien e grouse finanzielle Risiko aagaangen

♀ Weiblech Form: ↗**Spekulantin**

Spekulantin [ʃpekul'antin] Femininum (Pluriel **Spekulantinnen**) **DE** *Spekulantin* • **FR** *spéculatrice* • **PT** *especuladora* **Beispill** Dag fir Dag suivéiert d'**Spekulantin** d'Entwécklungen op der Bourse

♂ Männlech Form: ↗**Spekulant**

Spekulatioun [ʃpekulasj'əʊn] Femininum (Pluriel **Spekulatiounen**) **1.** **DE** *Spekulation* [Vermutung] • **FR** *spéculation* [supposition] • **EN** *speculation* [assumption] • **PT** *especulação* [suposição] **Beispill** d'Pressekonferenz vun der Direktesch huet de **Spekulatioun** séier en Enn gesat **2.** **DE** *Spekulation* [an der Bourse] • **FR** *spéculation* [en Bourse] • **EN** *speculation* [in stocks, in property] • **PT** *especulação* [na Bolsa] **Beispill** d'**Spekulatioun** op wichtege Liewensmëttel dreift d'Präisser an d'Luucht

Spekulativ Maskulinum (Pluriel **Spekulatiussen**) **DE** *Spekulativ* • **FR** *spéculos* • **EN** *speculoos, windmill cookie* • **PT** *biscoito de especiarias, speculoos* **Beispiller** hues de kee **Spekulativ** fir bei de Kaffi?; fir Niklosdag därer um Teller de **Spekulativ** net feelen

spekulativ [ʃpekulat'i:f] Adjektiv **1.** **DE** *spekulativ* [hypothetisch] • **FR** *spéculatif* [hypothétique] • **EN** *speculative* [hypothetical] • **PT** *especulativo* [hipotético] **Beispill** dat, wat s du do behaafts, ass reng **spekulativ!** **2.** **DE** *spekulativ* [auf wirtschaftlichen Gewinn gerichtet] • **FR** *spéculatif* [en économie] • **EN** *speculative* [of an investment] • **PT** *especulativo* [visando auferir lucros] **Beispill** de Promoteur huet deen Terrain aus **spekulative** Grënn nach net verkaaft

spekuléieren [ʃpekul'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **spekuléiert**) » **intransitiv 1.** **DE** *spekulieren* [Vermutungen anstellen] • **FR** *faire des suppositions, émettre des hypothèses* • **EN** *to speculate* [to conjecture] • **PT** *especular* [conjeturar] **Beispill** iwuer d'Ursaache vum Ongléck gouf vill **spekuléiert 2.** **spekuléieren** op **DE** *spekulieren* [en Bourse] • **FR** *spéculer sur, compter sur* • **EN** *to hope for, to count on* • **PT** *esperar conseguir, contar com* **Beispiller** meng Kusun **spekuléiert** op eng déck Ierfschaft; de Beamten huet scho laang op déi gutt Plaz **spekuléiert 3.** **DE** *spekulieren* [an der Bourse] • **FR** *spéculer* [en Bourse] • **EN** *to speculate* [on the stock market] • **PT** *especular* [na Bolsa] **Beispiller** hie **spekuléiert** schonn zënter Joren op der Bourse; hien ass beim **Spekuléieren** ëm säi ganz Vermeige komm

Spellchecker [sp'æltʃæke] Maskulinum (Pluriel **Spellchecker** / **Spellcheckeren**) **DE** *Spellchecker* • **FR** *correcteur orthographique* [logiciel] • **EN** *spellchecker* • **PT** *corretor ortográfico* [programa informático] **Beispiller** vill Leit loossen hir **Spellchecker** verbessern; e **Spellchecker** erkennt orthografesch **Feeler** just bis zu engem gewëssene Grad

spellen [ʃp'ælən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gespellt**) » **transitiv DE** *enthülsen, ausschoten* • **FR** *écosser* • **PT** *descascar, debulhar* [tirar da vagem] **Beispill** d'Enkelkanner hunn der Bomi gehollef, d'Ierbessen ze **spellen**

Spelunk [ʃpəl'ʊŋk] Femininum (Pluriel **Spelunken**) [ëgs] [pejorativ] **DE** *Spelunke* • **FR** *boui-boui* • **EN** *dive* [disreputable bar] • **PT** *espelunca, tabernória* **Beispill** et gouf alt nees eng Kläpperei an där **Spelunk** um Eck

Spelz [ʃpæltz] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Dinkel* • **FR** *épeautre* • **EN** *spelt* • **PT** *espelta* **Beispill** mat **Spelz** kann ee gutt Brout baken

Spend [ʃpænt] Femininum (Pluriel **Spenden**) **DE** *Spende* • **FR** *don* [libéralité] • **EN** *donation* • **PT** *donativo, doação* **Beispill** mat Ärer **Spend** hëlleft Dir, e Projet vun eiser Hëlleforganisatioun ze finanzéieren

spendabel [ʃpænd'a:bəl] Adjektiv **DE** *spendabel, spendierfreudig* • **FR** *large* [qui aime payer à boire et à manger aux autres] • **EN** *open handed, generous* • **PT** *generoso* [que gosta de pagar bebidas e refeições] **Beispill** um Fest war mäi Monni ganz **spendabel** an huet eng Ronn no där anerer ginn

Spëndchen Femininum (Pluriel **Spëndcher**) - Variant vun ↗**Spënnchen**

spendéieren [ʃpænd'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **spendéiert**) » **transitiv DE** *spendieren, ausgeben* • **FR** *offrir* [payer] • **EN** *to treat to, to pay for* • **PT** *pagar* [oferecer] **Beispill** fir mäi Gebuertsdag

spendéieren ech e Patt

Spëndel Femininum (Pluriel Spëndelen) **1.** DE *Spindel* [eines Spinnrads, einer Spinnmaschine] • FR *fuseau* [broche] • PT *fuso* [de fiar] **Beispill** beim Spanne gëtt de Fuedem op eng Spëndel gewéckelt **2.** DE *Spindel* [Welle] • FR *arbre, axe de rotation* • PT *árvore* [veio] **Beispill** wann d'Spëndel verbéit ass, dréit d'Maschinn net méi ronn

spenden [ʃp'ændən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespent) » **transitiv** DE *spenden* [als Spende geben] • FR *faire (un) don (de), donner* • EN *to donate, to give* • PT *fazer (uma) doação (de), doar* **Beispiller** ech gi reegelméisseg Blut spenden; mir spenden all Joer (Suen) fir déi kribbskrank Kanner

Spender [ʃp'ændə] Maskulinum (Pluriel Spender) DE *Spender* • FR *donateur, donneur* • EN *donor, donator* • PT *doador, dador* **Beispiller** mir soen eise Spender e grouse Merci fir déi generéis Donen!; d'Patientin konnt gerett ginn, well e Spender fir eng Nier fonnt ginn ass

1 Weiblech Form: ♀Spenderin

Spenderin [ʃp'ændərin] Femininum (Pluriel Spenderinnen) DE *Spenderin* • FR *donatrice, donneuse* • PT *doadora, dadora* **Beispill** de Patient krut eng nei Nier vun enger Spenderin

1 Männlech Form: ♂Spender

Spéngel [ʃp'ɛŋəl] Femininum (Pluriel Spéngelen) **1.** DE *Stecknadel* • FR *épingle* [de couture] • EN *pin* [for fastening pieces of cloth together] • PT *alfinete* [de costura] **Beispill** kuck léiwer, ob keng Spéngel méi am Col vun dengem neien Hiem stécht! **2.** DE *Haarspange* • FR *barrette* [à cheveux] • EN *hairpin, hairslide* • PT *travessão* [de cabelo] **Beispill** hatt hält seng Hoer mat enger Spéngel zesummen **3.** DE *Anstecknadel* • FR *barrette, broche* [décorative, honorifique] • EN *tiepin, pin, brooch* • PT *alfinete, broche* **Beispiller** wat hues du eng schéi Spéngel an denger Krawatt!; de Klarinettist hat eng Spéngel mam Ofzeeche vun der Duerfmusek um Paltongsrevers

spéngelen [ʃp'ɛŋələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespéngelt) » **transitiv** DE *abstecken* [mit Stecknadeln] • FR *épingler* [avec des épingles] • EN *to pin* [with sewing pins] • PT *marcar com alfinetes* **Beispill** d'Néiesch huet meng Boxebee gespéngelt, fir se op déi richteg Längt ze kierzen

1 Verb, dat **spéngelen** als Basis huet: ♂uspéngelen

Spéngelschësser Maskulinum (Pluriel Spéngelschësser) [égs] [pejorativ] DE *Erbsenzähler* • FR *pinailleur* • EN *nitpicker* • PT *picuinhas, coca-bichinhos* **Beispiller** dee Spéngelschësser féiert Buch iwwer all Timber, deen e brauch; dee Spéngelschësser schreift esouguer op, wéi vill Minutten een ze spéit an d'Prouf kënnt **Synonymmen** Ierbessenzieler, Méckepéiler

Spénnchen [ʃp'ɛŋçən] Femininum (Pluriel Spénncher) DE *Speisekammer, Vorratskammer* • FR *cellier* [annexe à la cuisine] • EN *larder, storeroom* • PT *despensa* **Beispill** géi mer an d'Spénnchen e Glas Kornischonge sichen!

1 Variant: Spéndchen

Sperma [ʃp'ɛrma:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Sperma* • FR *sperme* • EN *sperm* • PT *esperma* **Beispiller** well seng Fra net schwanger gëtt, léisst de Mann elo säi Sperma ënnersichen; eisem Steier säi Sperma gëtt dacks an der kénschtlecher Besamung agesat **Synonym** Som

Sperrholz [ʃp'ɛrholts] Neutrum (kee Pluriel) - Variant vun ♂Spärholz

Spermüll [ʃp'ɛrm'y'l] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Spermüll* • FR *déchets encombrants* • EN *bulky waste* [large items of household refuse] • PT *monos, monstros* [resíduos volumosos] **Beispill** stell déi al Kusch eraus op den Trottoir, well muer kommen d'Gemengenaar-bechter de Spermüll sichen!

spëttesch [ʃp'ətəʃ] Adjektiv DE *spöttisch* • FR *moqueur, railleur* <Adverb d'un air moqueur> • EN *mocking* <Adverb mockingly> • PT *trocista, zombeteiro* <Adverb com ar trocista> **Beispiller** deng spëttesch Remarque kanns de der spueren!; eis Géigner hunn iwwer eis Argumenter spëttesch gegrinst

Spëtz [ʃpəts] Femininum (Pluriel Spëtzen) - Variant vun ♂Spëtzt

Spëtzbéifchen [ʃp'ətsbɛɪfçən] Maskulinum (Pluriel Spëtzbéiwërcher) - Diminutivform vun ♂Spëtzbouf

Spëtzbouf [ʃp'ətsbœʃ] Maskulinum (Pluriel Spëtzbouwen) **1.** DE *Spitzbube* [Gauener] • FR *filou* [les-croc] • EN *crook* • PT *vigarista, trapaceiro* **Beispiller** maach mat deene keng Geschäfte, dat si Spëtzbouwen!; ech hunn opgepasst ewéi e Spëtzbouf [égs] lech hu ganz gutt opgepasst! **Synonym** Gauener **2.** DE *Spitzbube* [Lausbube] • FR *polisson* [coquin] • EN *scamp, rascal* • PT *trapacas, gaiato* **Beispill** de Spëtzbouf huet d'Nopere mat Knupperten erfieert **Synonym** Lausbouf

Spëtzekandidat [ʃp'ətsəkandida:t] Maskulinum (Pluriel Spëtzekandidaten) DE *Spitzenkandidat* • FR *tête de liste* [candidat] • EN *lead candidate* • PT *cabeça de lista* [candidato] **Beispiller** déi zwee Spëtzekandidaten hu ganz disziplinéiert diskutéiert; de Buergermeeschter geet als Spëtzekandidat vu senger Partei mat an d'Walen

1 Weiblech Form: ♀Spëtzekandidatin

Spëtzekandidatin [ʃp'ətsəkandida:tin] Femininum (Pluriel Spëtzekandidatinnen) DE *Spitzenkandidatin* • FR *tête de liste* [candidat] • PT *cabeça de lista* [candidata] **Beispill** bei den nächste Wale wäert ech d'Spëtzekandidatin wielen

1 Männlech Form: ♂Spëtzekandidat

Spëtzel [ʃp'ətsəl] Maskulinum (Pluriel Spëtzelen) DE *Spitzel* • FR *mouchard* [personne] • EN *informant, spy* • PT *informador, bufo* **Beispill** e Spëtzel vun der Police gouf an den Drogemilieu ageschleist

SpëtzelDéngscht [ʃp'ətsəldɛŋʃt] Maskulinum (Pluriel SpëtzelDéngschter) [égs] DE *Spitzeldienst* • FR *services secrets* • PT *serviços secretos* **Beispill** de SpëtzelDéngscht huet an der Ambassade Wanzen installéiert **Synonym** GeheimDéngscht

spëtzen [ʃp'ətsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespëtzt) » **transitiv** DE *spitzen* [anspitzen] • FR

tailler (en pointe) • EN *to sharpen [to a point]* • PT *agucar*, *apontar* **Beispiller** méll Bläistëfter muss een dacks spëtzen; de Bauer huet d'Péil gespëtzt, ier en se an de Buedem geschloen huet

I Verb, dat **spëtzen** als Basis huet: ↗zouspëtzen

spëtzen [ʃp'ɛtsən] onverännerbaart Adjektiv DE *aus Spitze* • FR *en dentelle* • EN *lace* • PT *de renda* **Beispiller** mir haten um Basar vill Succès mat eise spëtzen Deck-ercher; fir de Gebuertsdag hunn ech menger Fra spëtzen Ënnerwäsch geschenkt

Spëtzer [ʃp'ɛtsɛ] Maskulinum (Pluriel Spëtzeren) DE *Bleistiftspitzer* • FR *taille-crayon* • EN *pencil sharpener* • PT *apara-lápis*, *afa(-lápiss)*, *afadeira* **Beispill** mäi Bläistëft ass ganz stompeg, kanns de mir däi Spëtzer léinen?

I Variant: Spëtzer

Spëtzer [ʃp'ɛtsɛ] Maskulinum (Pluriel Spëtzeren) - Variant vun ↗Spëtzer

Spëtzesport [ʃp'ɛtsəʃpɔʁt] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Spitzensport* • FR *sport de haut niveau* • EN *top-level sport* • PT *desporto de alto nível* **Beispiller** de frëieren Athlete setzt sech géint den Dopping am Spëtzesport an; eisen Trainer behaupt, den Amateurismus wier eng Brems fir de Spëtzesport

Spëtzesportler [ʃp'ɛtsəʃpɔʁtlɛ] Maskulinum (Pluriel Spëtzesportler) DE *Spitzensportler* • FR *sportif de haut niveau* • EN *top-level sportsman* • PT *desportista de alto nível*, *desportista de topo* **Beispill** wat maachen d'Spëtzesportler eigentlech no hirer Karriär?

I Weiblech Form: ↗Spëtzesportlerin

Spëtzesportlerin [ʃp'ɛtsəʃpɔʁtlɛrɪn] Femininum (Pluriel Spëtzesportlerinnen) DE *Spitzensportlerin* • FR *sportive de haut niveau* • EN *top-level sportswoman* • PT *desportista de alto nível*, *desportista de topo* [mulher] **Beispill** als Spëtzesportlerin hunn ech e strengen Trainingsplang

I Männlech Form: ↗Spëtzesportler

Spëtzezon [ʃp'ɛtsəʃtɔn] Femininum (Pluriel Spëtzezonnen) (meeschtens Pluriel) DE *Stoßzeit*, *Spitzenzeit* • FR *heure de pointe* • EN *peak hour*, *rush hour* • PT *hora de ponta* **Beispiller** an de Spëtzezonne muss méi Bussen agesat ginn; an de Spëtzezonne gëtt insgesamt méi Stroum verbraucht

Spëtzfëndegkeet [ʃp'ɛtsfɛndɛçkɛ:t] Femininum (Pluriel Spëtzfëndegkeeten) - Variant vun ↗Spëtzfëndegkeet

Spëtzfënnegkeet [ʃp'ɛtsfɛnɛçkɛ:t] Femininum (Pluriel Spëtzfënnegkeeten) (meeschtens Pluriel) DE *Spitzfindigkeit* [*Finesse*, *Wortklauberei*] • FR *subtilité*, *argutie* • PT *subtileza*, *argúcia* **Beispiller** kommt mir halen eis net mat orthografesche Spëtzfënnegkeeten op!; d'Affekotin huet mat juristesche Spëtzfënnegkeete probéiert, de Prozess ze gewinnen

I Varianten: Spëtzfëndegkeet, Spitzfëndegkeet

Spëtznamm [ʃp'ɛtsnum] Maskulinum (Pluriel Spëtznimm) DE *Spitzname* • FR *surnom*, *sobriquet* • EN *nickname* • PT *alunha* **Beispill** ech hunn dee Mann bis elo nëmme mat sengem Spëtznamm kann

Spëtzt [ʃpɛtst] Femininum (Pluriel Spëtzten) **1.** DE *Spitze* [Ende] • FR *pointe* [*extrémité*, *sommet*] • EN *tip*, *top* • PT *ponta* [*extremidade*, *cimo*] **Beispiller** d'Spëtzt vu mengem Bläistëft ass ofgebrach; d'Kaweechelche spréngt vun Aascht zu Aascht bis op d'Spëtzt vum Bam erop; dreif et net op d'Spëtzt! [égs] [hal op ze provozéieren!]; wat elo bekannt ginn ass, ass nëmme d'Spëtzt vum Äisberg [égs] [wat elo bekannt ginn ass, ass nëmme e klengen Deel vun der Affär] **2.** DE *Spitze* [*Maximalwert*] • FR *pointe*, *valeur maximale* • EN *peak*, *maximum value* • PT *pico*, *valor máximo* **Beispill** de Wand huet mat Spëtzte vun 100 km/h geblosen **3.** DE *Spitze* [*erste Position*, *Führungsposition*] • FR *tête* [*première position*, *position dirigeante*] • EN *head* [*front*, *top position*] • PT *frente* [*posição dianteira*, *posição dirigente*] **Beispiller** d'Pompjeeé sinn un der Spëtzt vum Cortège gaangen; no hirer leschter Victoire steet eis Handballsekkipp un der Spëtzt vun der Tabell; déi Decisioun ass eleng op d'(Leit un der) Spëtzt vun der Firma zeréckzeféieren **4.** DE *Spitze* [*Textilie*] • FR *dentelle* [*lissu*] • EN *lace* • PT *renda* [*tecido*] **Beispill** ech hunn eng Spëtzt fir de Bord vun eisem Dëschelduch geheekelt

I Variant: Spët

Spezialeffekt [ʃpɛtsj'a:læfækt] Maskulinum (Pluriel Spezialeffekter) (meeschtens Pluriel) DE *Spezialeffekt* • FR *effet spécial* • EN *special effect* • PT *efeito especial* **Beispill** dësen Actionfilm krut de Präis fir déi bescht Spezialeffekter

Spezialisatioun [ʃpɛtsjalizasi'øŋ] Femininum (Pluriel Spezialisatiounen) DE *Spezialisierung*, *Fachrichtung* • FR *spécialisation*, *spécialité* • EN *specialization* [*subject area*] • PT *especialização*, *especialidade* **Beispiller** meng Kusin huet eng Spezialisatioun an der Neurologie; fir wéi eng Spezialisatioun hues du dech entscheet?

spezialiséieren [ʃpɛtsjaliz'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé spezialiséiert) » reflexiv DE *sich spezialisieren* • FR *se spécialiser* • EN *to specialize* • PT *especializar-se* **Beispiller** déi Zäitschrëft huet sech op kleng Annoncë spezialiséiert; no sengem Studium wëllt hie sech nach spezialiséieren; meng Schwëster huet sech am Laf vun hire Studien an der Botanik spezialiséiert; eis Veterinärin ass op kleng Déiere spezialiséiert

Spezialist [ʃpɛtsjal'ist] Maskulinum (Pluriel Spezialisten) **1.** DE *Spezialist* [*Fachmann*] • FR *spécialiste* [*expert*] • EN *specialist* [*expert*] • PT *especialista* [*perito*] **Beispill** hien ass ee vun deene gréisste Spezialisten a senger Branche **Synonymmen** Expert, Fachmann **2.** DE *Facharzt* • FR (*médecin*) *spécialiste* • EN *specialist* [*doctor*] • PT (*médico*) *especialista* **Beispill** mäin Hausdokter huet mech bei e Spezialist geschéckt

I Weiblech Form: ↗Spezialistin

Spezialistin [ʃpɛtsjal'istin] Femininum (Pluriel Spezialistinnen) **1.** DE *Spezialistin* [*Fachfrau*] • FR *spécialiste* [*experte*] **Synonymmen** Experte, Fachfra **2.** DE *Fachärztin* • FR (*médecin*) *spécialiste* [*femme*]

I Männlech Form: ↗Spezialist

Spezialitéit [ʃpɛtsjalit'ɛit] Femininum (Pluriel Spezialitéiten) **1.** DE *Spezialität*, *Spezialgebiet* • FR (*do-*

maine de) *spécialité* • **EN** *speciality* [field of study] • **PT** (área de) *especialidade* **Beispiller** d'Literatur aus dem leschte Joerhonnert ass mengem Professor seng **Spezialitéit**; ze spéit ze kommen, dat ass seng **Spezialitéit**! [*ironesch*] [ze spéit ze kommen, dat kënt em dacks vir] **2. DE** *Spezialität* [Speise] • **FR** *spécialité* [mets] • **EN** *speciality* [food, dish] • **PT** *especialidade* [prato típico] **Beispill** eise Restaurant proposéiert e Choix vun orientalesche **Spezialitéiten**

Spezialkommissioun [ʃpɛtsja:lkomisj'əʊn] Femininum (Pluriel **Spezialkommissiounen**) **DE** *Sonderkommission* • **FR** *commission spéciale* • **EN** *special commission* • **PT** *comissão especial* **Beispill** am Kader vun där kriddeleger Enquête huet d'Police eng **Spezialkommissioun** agesat

Spezialunitéit [ʃpɛtsja:lunit'ɛit] Femininum (Pluriel **Spezialunitéiten**) **DE** *Spezialeinheit* • **FR** *unité spéciale* • **EN** *special (forces) unit* • **PT** *unidade especial* **Beispill** eng **Spezialunitéit** vun der Police huet den Entféierer neutraliséiert

speziell [ʃpɛtsj'æ:l] Adjektiv **1. DE** *speziell, besondere* • **FR** *spécial* [particulier, spécifique] <Adverb *spécialement*> • **EN** *special* [particular] <Adverb *specially*> • **PT** *especial* [particular, específico] <Adverb *especialmente*> **Beispiller** fir en Helikopter ze fléien, brauch een e **spezielle** Piloteschäin; d'Frachtgesellschaft transportéiert geféierlech Gidder a **speziell** ekipéierte Containeren; um Büro war haut näischt **Spezielles** lass **2. DE** *eigenartig, sonderbar* • **FR** *spécial* [bizarre] • **EN** *special* [peculiar] • **PT** *especial* [esquisito] **Beispill** eis Grousstatta huet eng **speziell** Aart a Weis, et gött net jidderee mat er eens **3. DE** *speziell* [gewählt, besonders] • **FR** *spécial, choisi, recherché* <Adverb *de manière recherchée*> • **EN** *special, different, unconventional* <Adverb *unconventionally*> • **PT** *especial, apurado, requintado* <Adverb *com apuro, com requinte*> **Beispiller** deen neie Restaurant huet e ganz **spezielle** Charme; hien ass ëmmer **speziell**, awer ni opfällleg, gekleet **Synonym** apaart

speziell [ʃpɛtsj'æ:l] Adverb **DE** *speziell* • **FR** *spécialement* [notamment, en particulier] • **EN** (e)*specially* [particularly] • **PT** *especialmente* [particularmente, sobretudo] **Beispill** **speziell** am Wuesstum brauchen d'Kanner vill Kalzium **Synonymmen** besonnesch, virun allem

spezifesch [ʃpɛts'i:fəʃ] Adjektiv **DE** *spezifisch* • **FR** *spécifique* <Adverb *spécifiquement*> • **EN** *special, specific* <Adverb *specifically*> • **PT** *específico* <Adverb *especificamente*> **Beispiller** um Sommet hat all Land seng **spezifesch** Fuerderungen; d'Sprooch ass **spezifesch** fir d'Mënschheet

speziféieren [ʃpɛtsifi'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **speziféiert**) - Variant vun **spezifizéieren**

spezifizéieren [ʃpɛtsifits'ziəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **spezifizéiert**) » **transitiv** **DE** *spezifizieren* [einzeln anführen] • **FR** *spécifier, préciser* • **EN** *to specify* • **PT** *especificar* [indicar, precisar] **Beispill** am Rapport gött net **spezifizéiert**, wéi vill d'Reform kascht huet

i Variant: **speziféieren**

Sphär [sfɛ:ɐ] Femininum (Pluriel **Sphären**) **DE** *Sphäre* [Bereich] • **FR** *sphère* [domaine, contexte] • **EN** *sphere* [domain, area] • **PT** *esfera* [área] **Beispiller** Detailer aus menger privater **Sphär** gehéieren net an d'Öffentlechkeet; hie schwiift an héijere **Sphären** [*égs*] [hien denkt an handelt net realistesch]

sphäresch Adjektiv **DE** *sphärisch* [kugelförmig] • **FR** *sphérique* [en forme de sphère] • **EN** *spherical* [shaped like a sphere] • **PT** *esférico* [em forma de esfera] **Beispill** wusst Dir, datt d'Äerd net ganz **sphäresch** ass?

Spicht Femininum (Pluriel **Spichten**) - Variant vun **Spicht**

Spidol [ʃpid'o:l] Neutrum (Pluriel **Spideeler**) **1. DE** *Krankenhaus* [Einrichtung] • **FR** *hôpital* [institution] • **EN** *hospital* [institution] • **PT** *hospital* [estabelecimento] **Beispill** de Kranke gouf mat der Ambulanz an d'**Spidol** gefouert **Synonym** Klinik **2. DE** *Krankenhaus* [Gebäude] • **FR** *hôpital* [bâtiment] • **EN** *hospital* [building] • **PT** *hospital* [edifício] **Beispill** et sinn net genuch Parkplaze beim **Spidol** **Synonym** Klinik

Spiecht Maskulinum (Pluriel **Spiechten**) **DE** *Specht* [Vogel] • **FR** *pic* [oiseau] • **EN** *woodpeckers* • **PT** *pica-pau* [ave] **Beispill** am Fréijoer héiert een d'**Spiechten** am Bësch, wann se Lächer an d'Beem haen

Spier Femininum (Pluriel **Spieren**)

i Hei entsteet en neien Artikel

Spierebam Maskulinum (Pluriel **Spierebeem**) **DE** *Spierling, Speierling* • **FR** *cormier* • **PT** *sorva, sorveira* **Beispill** mir hunn an eisem Bongert nach e **Spierebam** stoen

spieren [ʃp'i:ɐʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **gespiert** / **gespuert**) » **transitiv** **1. DE** *spüren* [körperlich] • **FR** *sentir* [physiquement] • **EN** *to feel* [physically] • **PT** *sentir* [físicamente] **Beispiller** d'Fra **spiert**, wann d'Kand sech am Bauch beweegt; esoubal d'Sprézt wierkt, **spiert** de Patient näischt méi; wann s de muer nach eppes **spiers**, da muss de bei den Dokter goen **2. DE** *spüren* [intuitiv] • **FR** *sentir* [savoir par intuition] • **EN** *to sense* • **PT** *sentir* [saber intuitivamente] **Beispiller** ech hunn direkt **gespuert**, datt eppes dech bedréckt; verschidden Déiere **spieren**, wann en Äerdbiewe kënt **3. ze spiere kréien** **DE** *zu spüren bekommen* • **FR** *subir* [les conséquences de] [faire l'expérience douloureuse de] • **EN** *to suffer, to experience* [to feel the effect of] • **PT** *sofrer as consequências de, ressentir-se de* **Beispill** d'Kanner kruten dem Schoulmeeschter seng Roserei **ze spieren** » **reflexiv** **4. DE** *sich fühlen* [ein Gefühl haben von] • **FR** *se sentir* [avoir l'impression d'être] • **EN** *to feel* [to be aware of a sensation] • **PT** *sentir-se* [ter a sensação de estar] **Beispiller** ech **spiere** mech haut net grad an der Rei; hie **spiert** sech haut erëm (besonnesch dichteg) [*égs*] [hie kënt sech haut erëm besonnesch dichteg vir] **Synonym** sech fíllen

Spierkel [ʃp'i:ɐkəl] Maskulinum (Pluriel <seelen> **Spierkelen**) [*vereezelt*] **DE** *Februar* • **FR** *février, mois de février* • **EN** *February* • **PT** *fevereiro* **Beispill** op létzebuergesche Kalennere steet heiansdo **Spierkel** fir de Mount Februar **Synonym** Februar

Spierkelchen Maskulinum (Pluriel Spierkelcher)
Gasterosteus aculeatus - Diminutivform vun ↗Spuerk

Spigel [ʃp'izəl] Maskulinum (Pluriel Spigelen) DE *Spiegel* [Gegenstand] • FR *miroir, glace* • EN *mirror* • PT *espelho* [objeto] **Beispiller** d'Kanner hunn um Späicher e blanne Spigel fonnt; d'Kanner hu sech am Spigel gekuckt a Grimasse geschnitten; kuck dech emol selwer an de Spigel! [égs] [kuck emol deng eege Feeler!]; hie steet de ganzen Dag virum Spigel [égs] [hie kuckt sech dacks aus Houfert am Spigel]; d'Strooss ass an eenzege Spigel! [égs] [d'Strooss ass spigelglat!]

Spigelbild [ʃp'izəlbilt] Neutrum 1. (Pluriel Spigelbiller) DE *Spiegelbild* [Bild im Spiegel] • FR *reflet* [image réfléchi] • EN *mirror image* [image as in a mirror] • PT *reflexo* [imagem refletida] **Beispill** all **Spigelbild** ass säiteverkéiert 2. (kee Pluriel) DE *Spiegelbild* [Abbild] • FR *reflet* [image représentative] • EN *mirror image* [resemblance, reflection] • PT *reflexo* [imagem representativa] **Beispiller** deem Schrëftsteller seng Romaner sinn e Spigelbild vun eiser Gesellschaft; et heescht, d'Schrëft wier e Spigelbild vun der Perséinlechkeet

Spigelchen [ʃp'izəlçən] Maskulinum (Pluriel Spigelcher) - Diminutivform vun ↗Spigel

Spigelee [ʃp'izələ:] Neutrum (Pluriel Spigeleeër) DE *Spiegelei* • FR *œuf sur le plat, œuf au plat* • EN *fried egg* • PT *ovo estrelado* **Beispill** mueres beim Kaffi krute mer Spigeleeër mat Speck zerwéiert

spigelen [ʃp'izələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespigelt) » **intransitiv** 1. DE *spiegeln* [glänzen] • FR *produire des reflets, miroiter* • EN *to reflect* [to mirror] • PT *produzir reflexos* **Beispill** a mengem neie Brëll hunn ech Glieser, déi net spigelen » **reflexiv** 2. sech spigelen an DE *sich spiegeln in, sich widerspiegeln in* • FR *se refléter dans, se réfléchir dans* • EN *to be reflected in, to be mirrored in* • PT *refletir-se em, espelhar-se em* **Beispiller** d'Beem ronderëm de Weier spigelen sech am Waasser; de Buedem ass esou propper, du kéints dech dra spigelen!

i Verb, dat **spigelen** als Basis huet: ↗erëmspigelen

spigelglat [ʃpizəlg'l'a:t] Adjektiv DE *spiegelglatt* • FR *très glissant* [chaussée, sol] • EN *very slippery* [surface] • PT *muito escorregadio* [piso, chão] **Beispill** vum Glëtz sinn d'Stroosse spigelglat

Spigelschrëft [ʃp'izəlʃræft] Femininum (kee Pluriel) DE *Spiegelschrift* • FR *écriture en miroir, écriture spéculaire* • EN *mirror writing* • PT *escrita invertida, escrita em espelho* **Beispill** d'Kanner schreiwe sech geheim Mesagen a Spigelschrëft

Spigelung [ʃp'izəlʊŋ] Femininum (Pluriel Spigelungen) DE *Spiegelung* [Widerspiegelung] • FR *réflexion* [de la lumière] • EN *reflection* [of light] • PT *reflexo* [da luz] **Beispill** dat, wat do esou blénkt, ass d'Spigelung vun der Sonn am Waasser **Synonym** Reflexioun

spigelverkéiert [ʃp'izəlfekɔiɛt] Adjektiv DE *spiegelverkehrt* • FR *en miroir, inversé* <Adverb à l'envers> • EN *mirror image* [reversed] <Adverb in mirror image> • PT *em espelho, invertido* **Beispill** fir déi spigelverkéiert Schrëft kënnen ze liesen, brauch een e bëssen Übung

Spicht Femininum (Pluriel Spichten) DE *Streich, Unfug* • FR *bêtise, plaisanterie, tour* [joué à quelqu'un] • EN *prank, trick* • PT *asneira, brincadeira, partida* **Beispiller** dat do ass bestëmmt nees senger Spichten eng!; ech lauschtere mengem Grousspapp gär no, wann en eis Spichten aus senger Jugend verzielt

i Variant: Spicht

Spieß [ʃpi:s] Maskulinum (Pluriel Spieß) 1. DE *Spieß* [für Nahrungsmittel] • FR *broche, brochette* [de cuisine] • EN *spit* [for roasting], *brochette, kebab* • PT *espeto, espetada* **Beispiller** op der Party gouf et Fierkel um Spieß; wëlls de eng Mettwurst oder e Spieß?; de Puppelchen huet gejaut ewéi um Spieß [égs] [de Puppelchen huet ganz haart gejaut] 2. DE *Spieß* [Waffe] • FR *pique* [arme] • EN *spear, pike* • PT *pike* [arma] **Beispiller** fréier war de Spieß eng vun de verbreeteste Waffen; et kann een de Spieß och ëmdréien [égs] [et kann een dat Argument och als Géigenargument benotzen]

Spießint [ʃp'i:sint] Femininum (Pluriel Spießinten) *Anas acuta* DE *Spießente* • FR *canard pilet* • EN *northern pintail* • PT *pato-arrabio* **Beispill** wéi laang bréien d'Spiessinten?

Spike [spaɪk] Maskulinum (Pluriel Spiken) (meeschtens Pluriel) DE *Spike* • FR *crampon* [antidérapant] • EN *stud* [on a tyre, on a boot], *spike* [on a running shoe] • PT *prego* [antiderrapante], *crampon* **Beispiller** ech hunn (Pneue mat) Spiken um Auto; mat Spiken ass d'Vitess limitéiert; ech hu mer Spikë kaaft fir un d'Schong

Spikeprotein [sp'aɪkproteɪn] Maskulinum/Femininum (Pluriel Spikeproteinnen) DE *Spike-Protein* • FR *protéine de spicule, protéine S, protéine de pointe* • PT *proteína da espícula, proteína S, proteína do pico* **Beispill** bei der Infektioun vun enger mënschlecher Zell spillen dem Virus seng Spikeproteinnen eng Schlësselroll

Spike-Protein [sp'aɪkproteɪn] Maskulinum/Femininum (Pluriel Spike-Proteinnen) - Variant vun ↗Spikeprotein

Spill [ʃpil] Neutrum 1. (Pluriel Spiller) DE *Spielzeug, Spiel* • FR *jouet, jeu* • EN *toy, game* • PT *brinquedo, jogo* **Beispiller** d'Kand hat d'Spill knapps ausgepaakt, du hat et et scho futti!; fir de Gebuertsdag hätt ech gär e Spill fir op de Computer 2. (Pluriel Spiller) DE *Spiel* [Zeitvertrieb] • FR *jeu* [activité récréative] • EN *game* [activity] • PT *jogo* [atividade recreativa] **Beispiller** um Gebuertsdaysfest hunn d'Kanner eng ganz Rëtsch vu Spiller gemaach; d'Bouwen zerstreiden sech, mee et ass nëmmen (am) Spill [d'Bouwen zerstreiden sech, mee et ass net eescht gemengt] 3. (Pluriel Spiller) DE *Spiel* [Wettkampf] • FR *jeu* [match, compétition] • EN *game* [competition] • PT *jogo* [partida, competição] **Beispiller** eis Ekip huet déi lescht zwee Spiller gewonnen; d'nächst Woch fänken d'Olympesch Spiller un; maach kee Feeler, et steet vill um Spill! [égs] [maach kee Feeler, du riskéiers vill!]; setz deng Gesondheet net lichtsënneg op d'Spill! [égs] [bréng deng Gesondheet net lichtsënneg a Gefor!] 4. (kee Pluriel) DE *Spiel* [Spielweise] • FR *jeu* [façon de jouer] • EN *game* [performance, way of playing] • PT *jogo* [maneira de jogar] **Beispill** eisem beschte Stiermer säi Spill war haut net zefriddestellend 5. (kee Pluriel) DE *Spiel* [Zusammen-

spiel, Wirkung) • **FR** jeu [interaction, effet] • **EN** play, interaction • **PT** jogo [combinação, efeito] **Beispill** mir gefält an deem Tablo dat harmonescht **Spill** vun de Faarwen **6.** (kee Pluriel) **[pejorativ]** **DE** Spiel [Treiben] • **FR** jeu, agissements • **EN** game, goings-on • **PT** jogo, maquinações **Beispiller** ech setzen deem **Spill** geschwënn en Enn!; wéi laang hues de wëlles, deem **Spill** nach nozekucken?; wien hat bei där Saach d'Fangeren am **Spill**? **[égs]** [wie war an déi Saach verwéckelt?]; looss mech aus dem **Spill**! **[égs]** [zéi mech net an déi Affär eran!] **7.** (Pluriel **Spiller**) **DE** Fahrgeschäft • **FR** manège, attraction foraine • **EN** game, amusement, ride [at a fair] • **PT** diversão [de feiral], carrossel **Beispiller** op der Kiermes sinn dëst Joer zwee nei **Spiller**; traus du dech, mat mer op dat **Spill** ze goen? **8.** (kee Pluriel) **DE** Spiel [zwischen mechanischen Teilen] • **FR** jeu [entre les pièces d'un mécanisme] • **EN** play [between mechanical parts] • **PT** folga [entre as partes de um mecanismo] **Beispill** ech muss mam Auto an d'Garage, well mäi Steierad ze vill **Spill** huet

Spillchen [ʃp'ɪlçən] Neutrum (Pluriel **Spillercher**) - Diminutivform vun **Spill** **DE** Spielchen [psychologische Manipulation] • **FR** double jeu, manipulation, manœuvre • **EN** little games, double-dealing • **PT** jogo duplo, manipulação, manobra **Beispiller** deem luschen Typ säi **Spillchen** ass séier duerchkuckt; looss dech net op säi **Spillchen** an!

Spillchen [ʃp'ɪlçən] Femininum (Pluriel **Spillercher**) - Diminutivform vun **Spull**

spillen [ʃp'ɪlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gespillt**) » **transitiv** **1.** **DE** spielen [ein Spiel] • **FR** jouer à [un jeu] • **EN** to play [a game] • **PT** jogar (a) [um jogo] **Beispiller** d'Kanner **spillen** an der Paus gâr Fänkches; am Zuch **hunn** e puer Leit Kaart **gespillt** **2.** **DE** spielen [eine Sportart] • **FR** jouer à [un sport] • **EN** to play [a sport] • **PT** jogar [um desporto] **Beispill** mäi Bouf **spillt** Tennis a mäi Meedche Fussball **3.** **DE** spielen [eine Rolle] • **FR** jouer [un rôle] • **EN** to play [a character] • **PT** desempenhar, representar [um papel] **Beispiller** ech **spillen** en Hiert an eisem Krëppespill; hien **huet** de ganzen Owend dee Beleidegte **gespillt** [hien **huet** de ganzen Owend gemaach, ewéi wann e beleidegt wier] **4.** **DE** spielen [ein Instrument] • **FR** jouer de [d'un instrument] • **EN** to play [a musical instrument] • **PT** tocar [um instrumento] **Beispill** si **spillt** Gei an engem groussen Orchester **5.** **DE** spielen [darbieten] • **FR** jouer (à) [interpréter, représenter] • **EN** to play, to perform • **PT** dar, fazer [interpretar, representar] **Beispiller** déi zwou Fanfaré **spillen** all Joer ee Concert zesummen; ech **hunn** nach ni Theater **gespillt** **6.** engem eng **spillen** **DE** jemand einen Streich spielen [hereinlegen] • **FR** jouer un tour à quelqu'un, tromper quelqu'un • **EN** to trick, to play a trick on • **PT** pregar uma partida a alguém, enganar alguém **Beispill** pass op, deen do, dee **spillt** der eng! » **intransitiv** **7.** **DE** spielen [sich vergnügen] • **FR** jouer [s'amuser] • **EN** to play [to amuse oneself] • **PT** brincar [divertir-se] **Beispill** d'Kanner **hunn** dee ganze Mëtteg dobusse **gespillt** **8.** **DE** spielen [als Sportler] • **FR** jouer [en tant que sportif] • **EN** to play [as a sports person] • **PT** jogar [como desportista] **Beispiller** an eiser Fussballsekkipp **spillen** nëmmen Amateuren; en Ersatzspiller **huet** amplaz vun blesséierte Verteideger **gespillt** **9.** **DE** spielen [als Schauspieler] • **FR** jouer [en tant

qu'acteur] • **EN** to play [as an actor] • **PT** atuar, representar [como ator] **Beispiller** déi Actrice **spillt** zënter zéng Joer an där selwechter Trupp; wie **spillt** an deem neien Actionfilm? **10.** **DE** spielen [als Musiker] • **FR** jouer [en tant que musicien] • **EN** to play [as a musician] • **PT** tocar [como músico] **Beispiller** ech **spillen** als Perkussionist an enger Rockband; um Museksfestival **hu** Gruppen aus der ganzer Welt **gespillt** **11.** **DE** spielen [um Geld] • **FR** jouer [pour de l'argent] • **EN** to play [for money] • **PT** jogar [por dinheiro] **Beispiller** ech **spillen** all Woch an der Lotterie; et gëtt Leit, déi e Verméige beim **Spille** verléieren **12.** **spillen** un **DE** spielen an, fummeln an • **FR** toucher à, tripoter • **EN** to play with [to fiddle with] • **PT** mexer em, remexer em **Beispill** géi net un d'Knäppercher vun der Spullmaschinn **spillen**!

i Verben, déi **spillen** als Basis hunn: **aspillen**, **auspillen**, **erospillen**, **fräispillen**, **gläichspillen**, **matspillen**, **nospillen**, **ofspillen**, **opspillen**, **uspillen**, **wirspillen**, **weiderspillen** an **zouspillen**

Spiller [ʃp'ɪle] Maskulinum (Pluriel **Spiller**) **1.** **DE** Spieler [Sportler] • **FR** joueur [sportif] • **EN** player [sportsman] • **PT** jogador [desportista] **Beispill** den Trainer **huet** de blesséierte **Spiller** ausgewieselt **2.** **DE** Spieler [Mitspieler] • **FR** joueur [participant à un jeu] • **EN** player [participant in a game] • **PT** jogador [que participa num jogo] **Beispill** all **Spiller** kritt siwe Kaarten

i Weiblech Form: **Spillerin**

Spillerei [ʃpɪlɛr'aɪ] Femininum (Pluriel **Spillereien**) **[égs]** **DE** Kinderspiel, Klacks • **FR** jeu d'enfant [chose facile] • **EN** child's play • **PT** brincadeira [coisa fácil] **Beispill** déi Aarbecht war fir hien eng **Spillerei**

spilleresch [ʃp'ɪlɛrəʃ] Adjektiv **1.** **DE** spielerisch [im Spiel] • **FR** ludique • **EN** playful • **PT** lúdico **Beispill** et gëtt Exercicen, mat deenen d'Kanner d'Verbformen op eng **spilleresch** Aart a Weis léieren **2.** **DE** spielerisch [die Spieltechnik betreffend] • **FR** sportif, technique [concernant la technique de jeu] • **EN** playing [technique, skill] • **PT** desportivo, técnico [relativo à técnica de jogo] **Beispill** eis Ekipp **huet** verluer, obwuel hir **spilleresch** Leeschtung excellent war

Spillerin [ʃp'ɪlɛrɪn] Femininum (Pluriel **Spillerinnen**) **1.** **DE** Spielerin [Sportlerin] • **FR** joueuse [sportive] • **PT** jogadora [desportista] **Beispill** d'Trainerin **huet** hire **Spillerinne** fir de gewonnene Match gratuléiert **2.** **DE** Spielerin [Mitspielerin] • **FR** joueuse [participante à un jeu] • **PT** jogadora [que participa num jogo] **Beispill** all **Spillerin** kritt siwe Kaarten

i Männlech Form: **Spiller**

Spillernatur [ʃp'ɪlɛnatuːɐ̯] Femininum (Pluriel **Spillernaturen**) **DE** Spielernatur • **FR** flambeur • **PT** grande jogador [de jogos de azar] **Beispill** léin him keng Suen, hien ass eng **Spillernatur**!

spilles [ʃp'ɪlɛs] Adverb **DE** mühelos, mit Leichtigkeit • **FR** facilement, avec aisance • **PT** facilmente, a brincar **Beispiller** d'Verteideger **hunn** d'Attacke **spilles** ofgewiert; mir **hunn** déi vill Aarbecht **spilles** gepackt

Spillfeld Neutrum (Pluriel **Spillfelder**) **DE** Spielfeld • **FR** terrain (de jeu) • **EN** pitch, playing field • **PT** campo (de jogo) **Beispill** an der leschter Minutt **virum** Schlusspéiff ass e Flitzer iwwer d'**Spillfeld** geditzt **Synonym** Terrain

Spillfigur [ʃp'ɪlfiguːɐ̯] Femininum (Pluriel Spillfiguren) **DE** Spielfigur • **FR** pion, pièce [de jeu] • **EN** figure, piece [for a board game] • **PT** pedra, peça [de jogo] **Beispill** si hunn d'Spillfiguren um Briet opgestallt

Spillgezei [ʃp'ɪlgætsɑː] Neutrum (kee Pluriel) vereelzt **DE** Spielzeug • **FR** jouets • **EN** toys • **PT** brinquedos **Beispill** d'Kanner krute vum Chrëschtkëndche schéint Spillgezei **Synonym** Spillsaachen

Spillkaart [ʃp'ɪlkaːrt] Femininum (Pluriel Spillkaarten) **DE** Spielkarte • **FR** carte à jouer • **EN** playing card • **PT** carta de jogar **Beispill** an dësem Musée gëtt et eng grouss Kollektioun vun ale Spillkaarten

Spillkonsol [ʃp'ɪlkonzoːl] Femininum (Pluriel Spillkonsolen) **DE** Spielkonsole • **FR** console de jeu • **PT** consola de jogos **Beispill** hoffentlech bréngt de Kleeschen eis eng nei Spillkonsol!

Spillminutt [ʃp'ɪlminut] Femininum (Pluriel Spillminutten) **DE** Spielminute • **FR** minute de jeu • **EN** minute of play • **PT** minuto de jogo **Beispill** an der leschter Spillminutt ass duerch eng riets Flank nach e Gol gefall

Spillplaz [ʃp'ɪlplaːts] Femininum (Pluriel Spillplazen) **DE** Spielplatz • **FR** aire de jeux • **EN** playground • **PT** parque infantil **Beispill** op der Spillplaz ware vill Famille mat klenge Kanner

Spillraum [ʃp'ɪlræːʊm] Maskulinum (Pluriel <seen> Spillraim) **DE** Spielraum [Handlungsfreiheit] • **FR** latitude, marge de manœuvre • **PT** latitude, espaço de manobra **Beispill** mir brauchen e gewëssene finanzielle Spillraum, fir dëse Projet kënnen unzegoen

Spillregel [ʃp'ɪlreːzəl] Femininum (Pluriel Spillreegelen) **1. DE** Spielregel [eines Gesellschaftsspiels, einer Sportart] • **FR** règle de jeu [aux jeux de société, dans un sport] • **PT** regra de jogo [em jogos de sociedade, numa modalidade desportiva] **Beispill** kenns du d'Spillreegele vun dësem Kaartespill? **2. DE** Spielregel [Gepflogenheit] • **FR** règle du jeu [pratiques, usages] • **PT** praxe [práticas, usos] **Beispiller** wien a mengem Cours wëllt matmaachen, dee muss sech un d'Spillreegelen halen!; mir mussen op jidder Fall déi bürokrateschen Spillreegelen anhalen; ech wier frou, wa mer géifen déi Spillreegele respektéieren, déi mer eis selwer ginn hunn

Spillsaach [ʃp'ɪlzaːχ] Femininum (Pluriel Spillsaachen) **DE** Spielzeug • **FR** jouet [objet de jeu] • **EN** toy • **PT** brinquedo [objeto para brincar] **Beispiller** d'Kanner konnten sech d'Spillsaache selwer eraussichen; looss d'Fangere vu mengem Computer, dat ass keng Spillsaach!

Spillsaachebuttek [ʃp'ɪlzaːχəbutek] Maskulinum (Pluriel Spillsaachebutteker) **DE** Spielwarengeschäft • **FR** magasin de jouets • **EN** toyshop • **PT** loja de brinquedos **Beispill** d'Kanner drécke sech d'Nues un der Vitriinn vum Spillsaachebuttek platt **Synonym** Spillsaachebeschäft

Spillsaachebeschäft [ʃp'ɪlzaːχəgəʃæft] Neutrum (Pluriel Spillsaachebeschäfte) **DE** Spielwarengeschäft • **FR** magasin de jouets • **EN** toyshop • **PT** loja de brinquedos **Beispill** virun Niklosdag ass vill an de Spill-

saachebeschäfte lass **Synonym** Spillsaachebuttek

Spillschoul [ʃp'ɪlʃəʊl] Femininum (Pluriel Spillschoulen) **1. DE** Kindergarten [Bildungseinrichtung] • **FR** (école) maternelle [institution] • **EN** nursery school [institution] • **PT** jardim-escola [estabelecimento] **Beispill** eist Klengt kann nach kee Franséisch, et ass eréischt an der Spillschoul **2. DE** Kindergarten [Gebäude] • **FR** (école) maternelle [bâtiment] • **EN** nursery school [building] • **PT** jardim-escola [edifício] **Beispill** hannert eiser Spillschoul ass eng ganz flott Spillplaz

i Bis d'Réntree 2009-2010 sinn d'Kanner am Alter vu véier bis sechs Joer zu Lëtzebuerg an d'**Spillschoul** gaangen. Am deemolege Schoulsystem fir déi ganz Kleng gouf et zwou Klassen, dat éischt an dat zweet Joer Spillschoul. Haut ass déi fréier Spillschoul en Deel vun der 2009 ageféierter **Grondschoul** an deckt mam fakultative Joer vum **Precoce**, dee fir d'Kanner vun dräi bis véier Joer ass, der Grondschoul hiren Zyklus 1 of.

Spillschoulsjoffer [ʃp'ɪlʃəʊlsjofɛr] Femininum (Pluriel Spillschoulsjofferen) **DE** Kindergärtnerin • **FR** institutrice (d'école maternelle) • **EN** preschool teacher, nursery teacher • **PT** professora de jardim de infância, professora de jardim-escola **Beispill** eis Kanner haten d'Chance, eng ganz kompetent a léif Spillschoulsjoffer ze hunn

Spillschoulskand [ʃp'ɪlʃəʊlskant] Neutrum (Pluriel Spillschoulskanner) **DE** Kindergartenkind • **FR** écolier (de maternelle), écolière (de maternelle) • **EN** preschool pupil, nursery pupil • **PT** criança de infântário, criança de jardim-escola **Beispiller** d'Joffer huet dem Spillschoulskand gehollef, seng Moulen unzedoen; am Oktober ginn d'Spillschoulskanner an de Park Käschte rafen

Spillverdieer [ʃp'ɪlfediːɐ̯vɛ] Maskulinum (Pluriel Spillverdieer) **DE** Spielverderber • **FR** rabat-joie, trouble-fête • **EN** spoilsport • **PT** desmancha-prazeres **Beispiller** dajee, géi mat op den Ausfluch, sief kee Spillverdieer!; mir wollten nach eng Partie spillen, elo geet dee Spillverdieer heem!

i Weiblech Form: **Spillverdieerwin**

Spillverdieerwin [ʃp'ɪlfediːɐ̯vərin] Femininum (Pluriel Spillverdieerwinnen) **DE** Spielverderberin • **FR** rabat-joie, trouble-fête [femme, fille] • **EN** spoilsport [female] • **PT** desmancha-prazeres [mulher, rapariga] **Beispill** wa bis kloer ass, datt se net méi ka gewonnen, gëtt meng kleng Schwëster zur Spillverdieerwin

i Männlech Form: **Spillverdieer**

Spillzëmmer [ʃp'ɪltzəmə] Neutrum (Pluriel Spillzëmmer / Spillzëmmeren) **DE** Spielzimmer • **FR** salle de jeux [pièce destinée aux enfants] • **EN** playroom • **PT** quarto dos brinquedos, sala de brincar **Beispill** nom Kannergebuerdsdag louch am Spillzëmmer alles d'ënnescht d'iewesch

Spina bifida [sp'iːnaːb'ɪfɪdaː] Femininum (kee Pluriel) **DE** Spina bifida, offener Rücken • **FR** spina-bifida • **EN** spina bifida • **PT** espinha bifida **Beispill** bei enger Spina bifida ass meeschtens de Réck vun neigeborene Puppelchen net richtig zougewuess

Spinat [ʃpɪn'aːt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Spinat • **FR** épinard [plante] • **EN** spinach • **PT** espinafre **Beispiller** den Owend gëtt et eng Lasagne mat Spinat a Ricotta; ech maachen e bësse Knuewelek an de Spinat

Spinett [ʃpin'æt] Neutrum (Pluriel Spinetten / Spinetter) **DE** *Spinett* • **FR** *épinette* [instrument de musique] • **PT** *espineta* **Beispill** fir de Barockconcert huet d'Museksschoul missen e Spinett loune goen

Spionage [ʃpion'a:ʃ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Spionage* • **FR** *espionnage* • **EN** *espionage* • **PT** *espionagem* **Beispill** eng Persoun gouf wéinst Spionage vun der Police festgeholl

Spionageflieger [ʃpion'a:ʃflize] Maskulinum (Pluriel Spionagefliegere) **DE** *Spionageflugzeug*, *Aufklärungsflugzeug* • **FR** *avion de reconnaissance* • **EN** *spy plane* • **PT** *avião de reconhecimento*, *avião espião* **Beispill** modern Spionagefliegere kënnen vum Buedem aus ferngesteuert ginn

spionéieren [ʃpion'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé spionéiert) » **intransitiv** **DE** *spionieren* • **FR** *faire de l'espionnage* • **EN** *to spy* • **PT** *fazer espionagem* **Beispiller** hien huet jorelaang fir de Geheimdéngscht spionéiert; ech mengen, dee koom just bei eis an d'Haus fir ze spionéieren [egs] Iech mengen, dee koom just aus Virwëlz bei eis an d'Haus

I Verben, déi **spionéieren** als Basis hunn: ↗ausspionéieren an ↗nospionéieren

Spion [ʃpi'əʊn] Maskulinum (Pluriel Spioune) **1. DE** *Spion* [Agent] • **FR** *espion* [agent] • **EN** *spy* • **PT** *espião* [agente] **Beispill** e Mataarbechter vun der Firma gouf als Spion entlarvt **Synonym** Agent **2. DE** *Spion* [Türspion] • **FR** *judas* [d'une porte] • **EN** *spyhole* • **PT** *olho mágico* [de uma porta] **Beispill** ier ech engem d'Viischt Dier opmachechen, kucken ech fir d'éischt duerch de Spion

I Weiblech Form: ↗Spiounin

Spiounin [ʃpi'əʊnin] Femininum (Pluriel Spiouninnen) **DE** *Spiounin* • **FR** *espionne* [agentel] • **PT** *espia* [agentel] **Beispill** fréier huet déi onscheinbar Fra als Spiounin beim Geheimdéngscht geschafft **Synonym** Agentin

I Männlech Form: ↗Spioun

Spiral [ʃpi'r'a:l] Femininum (Pluriel Spirale) **1. DE** *Spirale* [Linie] • **FR** *spirale* [courbe plane] • **EN** *spiral* [curved line] • **PT** *espiral* [linha curva] **Beispiller** d'Schüler zeechne mam Zierkel Spirale an d'Hef; wéi soll dat Land aus där Spiral vu Gewalt erauskommen? [wéi soll dat Land aus där Eskalatioun vu Gewalt erauskommen?] **2. DE** *Spirale* [Verhütungsmittel] • **FR** *stérilet* • **EN** *coil* [contraceptive] • **PT** *espiral* [dispositivo intrauterino] **Beispill** nodeem d'Fra zwee Kanner krit hat, huet se sech eng Spiral asetze gelooss

Spiritualitéit [ʃpiritwalit'ɛit] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Spiritualität* • **FR** *spiritualité* • **EN** *spirituality* • **PT** *espiritualidade* **Beispill** ech liese grad e Buch iwuer d'Spiritualitéit am Mëttelalter

spirituell [ʃpiritu'æ:l] Adjektiv **1. DE** *spirituell* • **FR** *spirituel* [relatif à un principe supérieur] • **EN** *spiritual* • **PT** *espiritual* [relativo a um princípio superior] **Beispill** verschidden asiatesch Sportarten hunn och eng spirituell Dimensioun **2. DE** *geistreich* • **FR** *spirituel* [subtil, plein d'esprit] • **EN** *witty* • **PT** *espirituoso* [subtil, que denota espírito] **Beispill** et versteet net all Mënsch deng spirituell Bemerkungen

Spitzfindegkeet [ʃp'itsfində'ke:t] Femininum (Pluriel Spitzfindegkeeten) - Variant vun ↗Spätzfēnegkeet

Splack [ʃplak] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Spalt* [Spaltbreite] • **FR** *entrebâillement* • **PT** *frincha*, *fisga* [abertura] **Beispill** looss d'Dier e Splack op, dann héiers de, wann ee rífft!

I Variant: Spléck

spläissen [ʃpl'æ:ɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespläss) **I** Hei entsteet en neien Artikel.

Spläiter [ʃpl'æ:itə] Femininum (Pluriel Spläitere) **DE** *Splitter*, *Holzsplitter* [in der Haut] • **FR** *écharde* • **EN** *splinter* • **PT** *farpa* [na pele] **Beispill** ech zéien der d'Spläiter mat enger Pincette aus dem Fanger

spläitieren [ʃpl'æ:itəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespläitert) » **intransitiv** **DE** *splittern* [Holz] • **FR** *former des écharde* • **EN** *to make splinters* • **PT** *formar farpas* **Beispill** pass op, dat doten Holz spläitert gär!

Spléck [ʃplek] Femininum (Pluriel Splécken) - Variant vun ↗Splack **1. DE** *Spalte* [Riss] • **FR** *fissure*, *crevasse* • **EN** *crack*, *crevice* • **PT** *fissura*, *fenda* **Beispiller** d'Eidechs ass an enger Spléck vun der Mauer verschwonne; de Gletscher, iwuer dee mer gaange sinn, hat vill déif Splécken **2. DE** *Spalte*, *Fuge* • **FR** *interstice* • **EN** *gap* • **PT** *folga*, *interstício* **Beispill** den hëlze Buedem ass net gutt geluecht, et si Splécken tëschent den Dill **3. DE** *Schlitz* [leines Kleidungsstücks] • **FR** *fente* [dans un vêtement] • **EN** *slit* [in clothing] • **PT** *racha* [numa peça de vestuário] **Beispill** um Filmfestival hat déi bekannt Schauspillerin e Kleed mat enger laanger Spléck un **Synonym** Schlitz

I Opgepasst! D'Wuert **Spléck** kann niewent deem, wat hei beschriwwen ass, och nach dat selwecht bedeiten ewéi d'Wuert ↗Splack.

splécken [ʃpl'ekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespléckt) » **transitiv** **1. DE** *spalten*, *zer-teilen* • **FR** *fendre*, *diviser*, *scinder* • **EN** *to chop*, *to split* [wood] • **PT** *rachar*, *fender*, *partir* [dividir] **Beispill** huet e Käil, fir dat déckt Stéck Holz ze splécken! **2. [Physik]** **DE** *spalten* • **FR** *fissionner* • **EN** *to split* • **PT** *desintegrar*, *fissionar* **Beispill** dese Film weist, wat geschitt, wann en Atom gespléckt gëtt » **reflexiv** **3. DE** *sich spalten* • **FR** *se diviser* [se séparer en parties] • **EN** *to split*, *to divide* • **PT** *dividir-se* [separar-se em partes] **Beispill** hanner der nächster Kéier spléckt de Wee sech **Synonym** sech deelen

I Verb, dat **splécken** als Basis huet: ↗opsplécken

Spoiler [sp'ɔɪlɐ] Maskulinum (Pluriel Spoilere) **DE** *Spoiler* • **FR** *spoiler* • **EN** *spoiler* [on a vehicle] • **PT** *spoiler* **Beispill** mat engem Spoiler geséich d'Auto méi sportlech aus

Spoiler Maskulinum (Pluriel Spoilere)

I Hei entsteet en neien Artikel.

spoileren Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespoilert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

sponseren [sp'onzərən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé **gesponsert**) » **transitiv** **DE** *sponsern* • **FR** *sponsoriser, parrainer* • **EN** *to sponsor* [to subsidize] • **PT** *patrocinar* [com fundos] **Beispill** eise Fussballsclub gëtt vun enger grousser Firma **gesponsert**

Sponsor [sp'onzɔ:r] Maskulinum (Pluriel Sponsoren) **DE** *Sponsor* • **FR** *parraineur, sponsor* • **EN** *sponsor* • **PT** *patrocinador* **Beispill** de Coureur huet e Maillot mam Logo vun sengem **Sponsor** un

Sponsoring [sp'onzɔ:riŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Sponsoring* • **FR** *sponsorisation, parrainage* • **EN** *sponsoring* • **PT** *patrocínio* **Beispill** de Manager këmmert sech och ëm de **Sponsoring** vun der Ekip

spontan [spont'a:n] Adjektiv **DE** *spontan* • **FR** *spontané* <Adverb *spontanément*> • **EN** *spontaneous* <Adverb *spontaneously*> • **PT** *espontâneo* <Adverb *espontaneamente*> **Beispiller** seng **spontan** Manéier huet de Leit gefall; hien huet eis **spontan** seng Hëllef ugebueden

Spontaneitéit [spontaneit'ɛit] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Spontaneität* • **FR** *spontanéité* • **EN** *spontaneity* • **PT** *espontaneidade* **Beispill** mir waren all erstaunt iwuer d'**Spontaneitéit**, mat där s de geäntwert hues

sporadesch [ʃpɔr'a:dəʃ] Adjektiv **DE** *sporadisch* • **FR** *sporadique* <Adverb *sporadiquement, à l'occasion*> • **EN** *sporadic* <Adverb *sporadically*> • **PT** *sporádico* <Adverb *esporadicamente*> **Beispiller** **sporadesch** Kontrolle ginn net duer, fir d'Drogenhändler ze verdreiwen; hie kënnt **sporadesch** bei eis op Besuch

Sport [ʃpɔrt] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** *Sport* [körperliche Betätigung] • **FR** *sport* [activités physiques] • **EN** *sport* [physical activity] • **PT** *desporto* [atividade física] **Beispill** ech maache reegelméisseg **Sport**, fir a Form ze bleiwen **2. DE** *Sport* [sportliches Geschehen] • **FR** *sport* [vie sportive, événements sportifs] • **EN** *sport* [sports events] • **PT** *desporto, eventos desportivos* **Beispill** an der Zeitung interesséiert mech virun allem de **Sport** **3. DE** *Sport* [Sportart] • **FR** *sport* [discipline sportive] • **EN** (kind of) *sport* • **PT** *desporto* [modalidade desportiva] **Beispill** Fussball ass e populäre **Sport** **Synonym** Sportaart

Sportaart [ʃp'ɔrta:rɪt] Femininum (Pluriel Sportaarten) **DE** *Sportart* • **FR** *discipline sportive* • **EN** (kind of) *sport* • **PT** *modalidade desportiva* **Beispill** Fussball ass an eisem Land eng beléift **Sportart** **Synonym** Sport

Sportfëscher [ʃp'ɔrtfəʃe] Maskulinum (Pluriel Sportfëscher) **DE** *Sportangler* • **FR** *pêcheur sportif* • **EN** *angler* • **PT** *pescador desportivo* **Beispill** d'Entente vun de **Sportfëscher** organiséiert en Turnéier

1 Weiblech Form: ♀Sportfëscherin

Sportfëscherin [ʃp'ɔrtfəʃəriŋ] Femininum (Pluriel Sportfëscherinnen) **DE** *Sportanglerin* • **FR** *pêcheuse sportive* • **PT** *pescadora desportiva* **Beispill** déi jéngste **Sportfëscherin** huet beim leschten Turnéier déi meeschte Fësch gefaangen

1 Männlech Form: ♂Sportfëscher

sportlech [ʃp'ɔrtlɛç] Adjektiv **1. DE** *sportlich* [den Sport betreffend] • **FR** *sportif* [relatif au sport] • **EN** *sporting* [connected with sport] • **PT** *desportivo* [relativo a des-

porto] **Beispiller** den Athleet ass fir seng **sportlech** Leeschtunge géiert ginn; eise Sall ka fir **sportlech** Evenementer genotzt ginn **2. DE** *sportlich* [fit, athletisch] • **FR** *sportif, entraîné, athlétique* • **EN** *sporty* [athletic] • **PT** *em (boa) forma, atlético* **Beispiller** dat do ass eng **sportlech** Koppel, se geet all Dag lafen; hien huet eng **sportlech** Figur **Synonym** athleetesch **3. DE** *sportlich* [Kleidung] • **FR** *sport* [vêtement(s)] • **EN** *sporty* [clothing] • **PT** *desportivo* [roupa] **Beispill** déi schick Krawatt passt net bei däi **sportleche** Paltong **4. DE** *fair* [im Sport] • **FR** *sport* [loyal, fair-play] • **EN** *sporting* [fair, sportsmanlike] <Adverb *sportingly*> • **PT** *desportivo* [leal, fair-play] **Beispill** eise Stiermer huet sech am Match net **sportlech** beholl

Sportler [ʃp'ɔrtlɛ] Maskulinum (Pluriel Sportler) **DE** *Sportler* • **FR** *sportif* • **EN** *sportsman* [athlete] • **PT** *desportista* **Beispiller** de **Sportler** huet sech fir d'Meeschterschaft qualifizéiert; d'Bluttnalys huet gewisen, datt de **Sportler** sech gedoppt hat

1 Weiblech Form: ♀Sportlerin

Sportlerin [ʃp'ɔrtlɛriŋ] Femininum (Pluriel Sportlerinnen) **DE** *Sportlerin* • **FR** *sportive* • **EN** *sportswoman* [athlete] • **PT** *desportista* [mulher, rapariga] **Beispill** déi ambitiéis **Sportlerin** trainéiert all Dag, fir sech op d'Kompetitioun virzebereden

1 Männlech Form: ♂Sportler

Sportsauto [ʃp'ɔrdzɑ:to:] Maskulinum (Pluriel Sportsautoen) **DE** *Sportwagen* [Auto] • **FR** *voiture de sport* • **EN** *sports car* • **PT** *carro desportivo* **Beispill** ech hu wëlles, mer e flotte **Sportsauto** ze leeschten! **Synonym** Sportswon

Sportsclub [ʃp'ɔrtsklup] Maskulinum (Pluriel Sportsclubben / Sportsclubb) **DE** *Sportverein* • **FR** *club sportif* • **EN** *sports club* • **PT** *clube desportivo* **Beispill** als Member vun engem **Sportsclub** kritt een an eisem Geschäft Prozenter **Synonym** Sportsveräin

Sportshal [ʃp'ɔrtssha:l] Femininum (Pluriel Sportshalen) **DE** *Sporthalle* • **FR** *gymnase, salle des sports* • **EN** *sports hall* • **PT** *ginásio, pavilhão desportivo* **Beispill** de Bau vun der neier **Sportshal** geet schätzeg virun **Synonym** Turnhal

Sportsmanifestatioun [ʃp'ɔrtsmanifestaʃjəʊn] Femininum (Pluriel Sportsmanifestatiounen) **DE** *Sportveranstaltung* • **FR** *manifestation sportive* • **EN** *sports event, sporting event* • **PT** *evento desportivo* **Beispill** un dëser **Sportsmanifestatioun** huele Schüler aus alle Lycéeeën deel

Sportsmaschinn [ʃp'ɔrtsmafɪn] Femininum (Pluriel Sportsmaschinen) **DE** *Sportwagen* [Auto] • **FR** *voiture de sport* • **PT** *bólido, carro desportivo* **Beispill** hien ass mat senger roud **Sportsmaschinn** op Besuch komm **Synonymmen** Sportswon, Sportsauto

Sportsmatch [ʃp'ɔrtsmætʃ] Maskulinum (Pluriel Sportsmatcher)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Sportssendung [ʃp'ɔrtszændʊŋ] Femininum (Pluriel Sportssendungen) **DE** *Sportsendung* • **FR** *émission sportive* • **EN** *sports programme* [broadcast] • **PT**

programa desportivo, emissão desportiva **Beispill** den neien Televisiounsprogramm weist haaptsächlech Sportssendungen

Sportsstage [ʃp'ɔʁtsʃtaːʃ] Maskulinum (Pluriel Sportsstagen) **DE** Sportlehrgang • **FR** stage sportif • **EN** sports training course • **PT** estágio desportivo **Beispill** während eisem Sportsstage goufe mer schéi getrimmt!

Sportsunterrecht [ʃp'ɔʁdzuntərəct] Maskulinum (Pluriel <seelen> Sportsunterrechter) **DE** Sportunterricht, Sport • **FR** éducation physique et sportive • **EN** physical education, sports education • **PT** educação física **Beispill** de Minister huet d'Valeur vum Sportsunterrecht an de Schoulen ennerstrach

Sportsveräin [ʃp'ɔʁtsfərəːɪn] Maskulinum (Pluriel Sportsveräiner) **DE** Sportverein • **FR** club sportif • **EN** sports club • **PT** clube desportivo **Beispill** als Member vun engem Sportsveräin kritt een an eisem Geschäft Prozenter **Synonym** Sportsclub

Sportswon [ʃp'ɔʁtsvɔːn] Maskulinum (Pluriel Sportsween) **DE** Sportwagen [Auto] • **FR** voiture de sport • **EN** sports car • **PT** carro desportivo **Beispiller** säin neie Sportswon kascht en Heedegeld; mäin Noper restauréiert Sportsween aus de Siwwenzegerjoren **Synonym** Sportsauto

Spot [spot] Maskulinum (Pluriel Spotten) **1. DE** Spot, Spotlight • **FR** spot, projecteur • **EN** spot, spotlight • **PT** spot, projetor **Beispiller** den Elektriker huet eis eng Staang mat véier Spotte festgemaach; de Solist gétt mat engem extrae Spot belicht **2. DE** Spot [kurze Sendung] • **FR** spot [publicitaire, de promotion] • **EN** plug, clip, short commercial • **PT** spot [publicitário, de promoção] **Beispill** de Gesondheetsministère weist an engem Spot op der Televisioun op d'Gefore vum Tubak hin

Spott [ʃpot] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Spott • **FR** moquerie, raillerie • **EN** mockery • **PT** escárnio, zombaria, troca **Beispiller** de Spott a senger Stëmm war net ze iwwerhéieren; dreif de Spott net mat de Leit!; wien de Schued huet, brauch fir de Spott net ze suergen [égs] [et gétt gär de Geck mat engem gemaach, dee Pech hat]

spottbëlleg [ʃpɔt'bɛləç] Adjektiv **DE** spottbillig • **FR** très bon marché, d'un prix dérisoire <Adverb à un prix dérisoire> • **PT** ao preço da chuva, baratíssimo **Beispiller** déi gebrauchten Tëlee war spottbëlleg; d'Drénkwaasser ass hei am Land spottbëlleg; ech hunn déi gebrauchten Tëlee spottbëlleg kaaft

Spottpräis [ʃp'ɔtpræːɪs] Maskulinum (Pluriel Spottpräisser) **DE** Spottpreis • **FR** prix dérisoire • **EN** bargain price • **PT** preço irrisório **Beispill** ech hunn dee Pullover hei op der Braderie fir e Spottpreis kritt

Spottvull [ʃp'ɔtvʊl] Maskulinum (Pluriel Spottvullen) **DE** Spottvogel, Spötter • **FR** moqueur, railleur • **PT** zombador, trocista **Beispill** ech loosse mech vun deem Spottvull senge freche Remarken net iergeren

Spoun [ʃpəʊn] Maskulinum (Pluriel Spéin) **1. DE** Span • **FR** copeau • **EN** shaving, chip • **PT** apara, lasca **Beispiller** huet d'Kromm a maach Spéin, fir d'Feier unzufänken!;

an der Industrie ginn d'Spéin vu verschiddene Metaller weiderverwäert; wou gehuwwelt gétt, do fale Spéin [égs] [wann s de dat méchs, muss de d'Nodeeler akzeptéieren]; dee Kärel daacht kee Spoun [égs] [dee Kärel daacht iwwerhaapt näischt] **2. (kee Singulier) DE** Stahlwolle • **FR** laine d'acier • **EN** iron wool • **PT** palha-da-ço **Beispiller** huet Spéin, soss kriss de dat Déppen net méi propper; wann e Parquet net versigelt ass, kann een e Fleck mat Spéin erausmaachen **3. (kee Singulier) DE** Knete, Kies, Kohle • **FR** fric, thune • **EN** dough [money] • **PT** massa, pastel [dinheiro] **Beispill** wou kënn de nëmmen un d'Spéin, fir esou laang an d'Vakanz ze fueren? **Synonymen** Fric, Goss, Kitten, Klacken, Mécken

Sprangbriet [ʃprɑŋbr'ɪət] Neutrum (Pluriel Sprangbrieder) **1. DE** Sprungbrett [am Schwimmbecken] • **FR** plongeur, tremplin de piscine • **EN** diving board, springboard • **PT** prancha de saltos, trampolim [de piscinal] **Beispill** hien huet sech net getraut, e Salto vum Sprangbriet ze maachen **2. DE** Sprungbrett [beim Geräteturmen] • **FR** tremplin [en gymnastique] • **EN** springboard [for gymnastics] • **PT** trampolim [de ginástica] **Beispiller** ouni Sprangbriet kommen ech net iwwer de Bock; hien huet seng Bekanntheet als Sprangbriet fir seng politesch Karriär genotzt [égs] [hien huet seng Bekanntheet genotzt, fir seng politesch Karriär ze lancéieren]

Sprangbuer [ʃprɑŋb'uːg] Maskulinum (Pluriel Sprangbueren) **DE** Springbrunnen • **FR** fontaine [pour jet d'eau] • **EN** fountain [structure] • **PT** fonte [com jatos de água] **Beispiller** an der Mëtt vun der Plaz steet e schéine Sprangbuer; vu Mëtt November bis Enn Mäerz gétt d'Waasser an de Sprangbueren ofgespaart

sprangen [ʃpr'ɑŋən] ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gesprongen / gesprong) » **intransitiv 1. DE** springen [hüpfen] • **FR** sauter, sautiller, bondir • **EN** to jump [to leap] • **PT** saltar, saltitar, pular **Beispiller** ech ka méi héich sprangen ewéi mäi Brudder; d'Kanner si vu Freed an d'Luucht gesprongen; d'Kaz ass mat engem Saz op d'Fensterbriet gesprongen; wéi ech vun der Mauer gespronge sinn, sinn ech mam Knéi opkomm; d'Turnerin hëlt en Ulaf, fir iwwer d'Päerd ze sprangen; de Léiw ass duerch de Reef gesprongen; d'Joffer huet d'Kanner haut éischter sprange gelooss [égs] [d'Joffer huet d'Kanner haut éischter heemgoe gelooss]; hien huet op der Kiermes vill Sue sprange gelooss [égs] [hien huet op der Kiermes vill Suen ausginn]; et ass gehopst ewéi gesprongen [égs] [et kënnt op dat selwecht eraus] **2. DE** springen [einen Riss bekommen, reißen] • **FR** se fendre, se féler • **EN** to crack [to break] • **PT** rachar, estalar **Beispill** pass op, d'Glas spréngt, wann s de gliddegt Waasser draschétt! ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesprongen / gesprong) » **transitiv 3. DE** bespringen • **FR** monter, saillir • **EN** to mount [to mate with] • **PT** padrear, cobrir **Beispill** de Stéier huet d'Kou gesprongen

i Verben, déi **sprangen** als Basis hunn: ʃasprangen, ʃəm-sprangen, ʃeraussprangen, ʃerofsprangen, ʃeroprsprangen, ʃhin- an hiersprangen, ʃiwwersprangen, ʃofsprangen, ʃop-sprangen an ʃusprangen

Sprangpressessioun Eegennumm (Echternacher) **Sprangpressessioun DE (Echternacher) Springprozess-**

on • **FR** *procession dansante (d'Echternach)* • **EN** *dancing procession (of Echternach), hoping procession (of Echternach)* • **PT** *procissão dançante (de Echternach)*
Beispiller d'Schüler an d'Proffe vum Iechternacher Lycée gesinn et als ongeschriwwent Gesetz, bei der Sprangpressessioun matzesprangen; vill Touriste kommen all Joer d'Sprangpressessioun kucken

i Variant: Sprangpressioun

i Bei der Sprangpressessioun op Päischtdënschdeg sprangen d'Participanten op eng Polka-Melodie a Reien duerch d'Iechternacher Stroosse bis bei d'Graf vum hellege Willibrord an der Basilika. D'Originne vun dësem Brauch reechen zeréck bis an d'spéit Mëttelelter. Gespronge gëtt no vir, vun engem Fouss op den aneren, an d'Leit si mat wäissen Nuesschnappecher, déi un den Enner festgehalé ginn, matenee verbonnen. De 16. November 2010 huet d'UNESCO d'Iechternacher Sprangpressessioun op hir Lëscht vun den immaterielle Kulturgidder gesat. Dobäi gouf d'Kuerzform „Sprangprëssioun“ zeréckbehalen - allerdéngs mat engem Treema um -e-, fir bei der Aussprooch ze hëllefen.

Sprangpressioun Eegennum (kee Pluriel) - Variant vun \nearrow Sprangpressessioun

Sprangschlass [ʃpr'ɑŋʃlas] Neutrum (Pluriel Sprangschlässer) **DE** *Hüpfburg* • **FR** *château gonflable* • **EN** *bouncy castle* • **PT** *castelo insuflável* **Beispill** d'Kanner hu sech de ganzen Nomëtteg um Trampolin an um Sprangschlass ameséiert

Sprangseel [ʃpr'ɑŋze:l] Neutrum (Pluriel Sprangseeler) **DE** *Springseil* • **FR** *corde (à sauter)* • **EN** *skipping rope* • **PT** *corda (de saltar)* **Beispill** de Boxer trainéiert vill mam Sprangseel

Sprass [ʃpras] Maskulinum/Femininum (Pluriel Sprëss) **DE** *Sprosse [Leitersprosse]* • **FR** *échelon, traverse [d'une échelle]* • **EN** *rung, step* • **PT** *degrau [de uma escada de mão]* **Beispiller** de Bauer ass vun der Leeder gefall, well e Sprass futtigefuer ass; ech hu mam Fouss getaascht, fir déi iewescht Sprass vun der Leeder ze fannen **Synonym** Tratt

Spray [sprɔɪ] Maskulinum (Pluriel Sprayen / Sprayer) **DE** *Spray* • **FR** *spray* • **EN** *spray [aerosol]* • **PT** *spray* **Beispiller** hu mir nach Spray géint d'Mustiken?; géint Halswéi hëllefen bei mir am beschten e Spray

Spraydous [spr'ɔɪdʊs] Femininum (Pluriel Spraydousen) **DE** *Spraydose, Sprühdose* • **FR** *bombe aérosol* • **EN** *spray can, aerosol* • **PT** *aerossol [embalagem]* **Beispill** déi eidel Spraydouse kommen an eng extra Dreckskëscht

sprayen [spr'ɔɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gesprayt*) \gg **transitiv** **DE** *sprayen, sprühen* • **FR** *mettre, appliquer [un spray]* • **EN** *to spray [to apply an aerosol]* • **PT** *pôr, aplicar [um spray]* **Beispiller** ech hu mer ze vill Lack op d'Hoer *gesprayt*; *spray emol* (Gëft) am ganzen Haus, datt mer déi Mécke lassginn!; hënt huet een e Bild op en Eisebunnschwaggon *gesprayt* | hënt huet ee mat enger Spraydous e Bild op en Eisebunnschwaggon gemoolt!

i Verb, dat **sprayen** als Basis huet: \nearrow asprayen

Spréchwuert [ʃpr'ecvʊ:ɐt] Neutrum (Pluriel Spréchwierder) **DE** *Spruchwort* • **FR** *proverbe* • **EN** *proverb* • **PT** *provérbio* **Beispill** du hues wierklech fir all Situatioun e Spréchwuert parat!

spreeden [ʃpr'e:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gespreet*) \gg **transitiv** **DE** *streuen* • **FR** *épandre [en dispersant]* • **EN** *to spread [to disperse]* • **PT** *espalhar [cobrir dispersando]* **Beispill** de Bauer ass amgaang, Mëscht ze spreeden

i Verb, dat **spreeden** als Basis huet: \nearrow ausspreeden

i Variant: spreeën

spreeën [ʃpr'e:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gespreet*) - Variant vun \nearrow spreeden

i Verb, dat **spreeën** als Basis huet: \nearrow ausspreeën

Spreet [ʃpre:t] Femininum (Pluriel Spreeten) - Kuerzform vun \nearrow Bettspreet

Spréif [ʃprɔɪf] Femininum (Pluriel Spréiwen) **Sturnus vulgaris** **1. DE** *Star* • **FR** *étourneau sansonnet* • **EN** *common starling* • **PT** *estorninho-malhado* **Beispill** wéi laang bréien d'Spréiwen? **2. DE** *halbe Portion [Mensch]* • **FR** *gringalet* • **EN** *half pint, slip of a person* • **PT** *magricela* **Beispill** hien ass nëmmen esou eng Spréif a seng Schwëster ass eent ewéi en Haus **Synonymmen** Gif, Sprenz

Spréiwenhuer [ʃpr'ɔɪvənhu:ɐ] Maskulinum (Pluriel Spréiwenhueren) **Accipiter nisus** **DE** *Sperber* • **FR** *épervier d'Europe* • **EN** *Eurasian sparrowhawk* • **PT** *gavião-da-europa* **Beispill** wéi laang bréien d'Spréiwenhueren?

Spreizbox [ʃpr'ɔɪtsboks] Femininum (Pluriel Spreizboxen) **DE** *Spreizhose* • **FR** *culotte d'abduction* • **EN** *hip abduction brace [for infants]* • **PT** *ortótese de abdução [para crianças]* **Beispill** Puppelcher, bei deenen d'Hëften net erausgeräift sinn, kréien normalerweis eng Spreizbox

sprengen [ʃpr'æŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gesprengt*) \gg **transitiv** **1. DE** *sprengen [mit-hilfe von Sprengstoff]* • **FR** *démolir (à l'explosif), faire sauter* • **EN** *to blow up, to demolish [with explosive]* • **PT** *demolir (com explosivos), fazer explodir* **Beispiller** fir den Tunnel ze sprengen, waren en ettlech Chargen néideg; nom Krich goufen d'Bastioune vun der Stad *gesprengt* **2. [ëgs]** **DE** *sprengen [überschreiten]* • **FR** *explosor [dépasser]* • **EN** *to exceed [a budget], to break [a record]* • **PT** *ultrapassar, quebrar [ir além de]* **Beispiller** e Freedefeier géif de Budget vun de Feierlechkeete sprengen; den Athleet huet all d'Rekorder *gesprengt* \gg **intransitiv** **3. DE** *sprengen [eine Sprengung vornehmen]* • **FR** *procéder à des explosions* • **EN** *to carry out blasting* • **PT** *proceder a explosões* **Beispill** d'Strooss laanscht den Hang ass gespaart, well do *gesprengt* gëtt

i Verben, déi **sprengen** als Basis hunn: \nearrow ewechsprengen an \nearrow lasssprengen

Sprengmeeschter [ʃpr'æŋme:ftɐ] Maskulinum (Pluriel Sprengmeeschteren) **DE** *Sprengmeister* • **FR** *(maître) artificier* • **EN** *explosives expert* • **PT** *técnico em explosivos* **Beispiller** ech schaffen als Sprengmeeschter an enger Karriär; de Sprengmeeschter huet déi verschidde Chargë kontrolléiert a mat der Zündschnouer verbonnen

i Weiblech Form: \nearrow Sprengmeeschtesch

Sprengmeeschterin [ʃpr'æŋme:ftərin] Femininum (Pluriel Sprengmeeschterinnen) - Variant vun

↗ Sprengmeeschtesch

Sprengmeeschtesch [ʃpr'æŋme:ʃtəʃ] Femininum (Pluriel Sprengmeeschteschen)

i Variant: Sprengmeeschterin

i Männlech Form: ↗ Sprengmeeschter

Sprengsaz [ʃpr'æŋza:ts] Maskulinum (Pluriel Sprengsätze) **DE** Sprengsatz • **FR** charge d'explosifs • **EN** explosive device • **PT** carga explosiva **Beispill** d'Spezialunitéit vun der Police konnt zwee Sprengsätze entschärfen

Sprengstoff [ʃpr'æŋʃtoʃ] Maskulinum (Pluriel Sprengstoffe) **DE** Sprengstoff • **FR** explosif • **EN** explosive • **PT** explosivo **Beispill** nei Sprengstoffe si méi effikass ewéi Dynamit

Sprengung [ʃpr'æŋŋ] Femininum (Pluriel Sprengungen) **DE** Sprengung [mit Sprengstoff] • **FR** démolition (à l'explosif) • **EN** blowing up, demolition • **PT** demolição (com explosivos) **Beispill** wéinst der Sprengung vun der aler Fabrick sinn d'Awunner aus der Noperschaft evaküiert ginn

Spréngkeng [ʃpr'ɛŋkɛŋ] Eegennumm **DE** Sprinkingen • **FR** Sprinkange • **EN** Sprinkange • **PT** Sprinkange **Beispiller** ech wunnen zu Spréngkeng; fiert dëse Bus op Spréngkeng?

Spreng [ʃpr'ænts] Femininum (Pluriel Sprengen) **1. DE** Gräte • **FR** arête [d'un poisson] • **EN** (fish) bone • **PT** espinha [de peixe] **Beispill** pass op, dee Fësch ass voller Sprengen! **2. DE** halbe Portion [Mensch] • **FR** gringalet • **EN** half pint, slip of a person • **PT** magricela **Beispill** hien ass nëmmen esou eng Spreng a seng Schwëster ass eent ewéi en Haus **Synonymen** Gif, Spréif

Sprézt [ʃpr'ɛts] Femininum (Pluriel Sprézen) **1. DE** Spritze [Injektionsspritze] • **FR** seringue • **EN** (hypodermic) syringe • **PT** seringa [de injeção] **Beispiller** an der Fixerstuff gi propper Sprézen ausgedeelt; fréier goufe Sprézen nom Gebrauch desinfizéiert an dann nees benotzt **Synonym** Pickür **2. DE** Spritze [Injektion] • **FR** piqûre [injection] • **EN** injection, jab • **PT** injeção [de um medicamento] **Beispill** den Zänn Dokter mécht mer ëmmer eng Sprézt, ier e buert **Synonym** Pickür **3. DE** Feldspritze, Gartenspritze [Sprühgerät] • **FR** pulvérisateur [agricole, de jardinage] • **EN** sprayer • **PT** pulverizador [agrícola, de jardinagem] **Beispill** de Wénzer ass mat der Sprézt an de Wéngert **4. DE** Feuerlöschpumpe • **FR** pompe à incendie • **EN** fire pump • **PT** bomba de incêndio **Beispill** d'Pompjeeë ware mat enger aler Sprézt am Cortège **5. eng** Sprézt **DE** Spritzer, Schuss [kleine Menge] • **FR** giclée [petite quantité] • **EN** drop, squirt • **PT** salpico, pitada [pequena quantidade] **Beispill** maach nach eng Sprézt Esseg op d'Zalot!

spréztég [ʃpr'ɛtsɛç] Adjektiv **1. DE** spritzig, prickelnd [Wein] • **FR** pétillant [vin] • **EN** sparkling, fizzy • **PT** espumante [vinho] **Beispill** ech drénke gär spréztége Wäin **2. DE** spritzig [witzig, geistreich] • **FR** vif, brillant [spirituell] • **EN** sparkling, witty • **PT** vivo, brilhante [espírituoso] **Beispill** deen Auteur huet spréztég Dialoge geschriwwen

sprézen [ʃpr'ɛtsɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gesprézt) » **transitiv 1. DE** spritzen [besprühen] • **FR** traiter [en vaporisant] • **EN** to spray [to treat

by spraying] • **PT** pulverizar [borrifar] **Beispill** de Gäertner huet seng Planze mat engem Insektegéft gesprézt **2. DE** spritzen [aufsprühen, aufspritzen] • **FR** mettre, appliquer [en vaporisant] • **EN** to spray, to squirt • **PT** pôr, aplicar [pulverizando] **Beispiller** sprézt d'Botzméttel op de Schaf, an da reift de mam Schwamp driwwer!; meng Schwëster huet sech e Bësse Parfum an den Hals gesprézt **3. DE** spritzen [injizieren] • **FR** injecter à • **EN** to inject [with a syringe] • **PT** injetar em [por meio de seringa] **Beispiller** den Dokter huet der Patientin e Berouegungsméttel gesprézt; den Diabetiker muss sech all Dag Insulin sprézen » **reflexiv 4. [égs] DE** sich spritzen • **FR** se shooter, se piquer • **EN** to shoot oneself (up) [with a drug] • **PT** chutar-se, picar-se **Beispill** déi aarm Louder sprézt sech scho jorelaang

i Verb, dat **sprézen** als Basis huet: ↗ asprézen

Spréztméttel [ʃpr'ɛtsmɛtəl] Neutrum (Pluriel Spréztméttelen / Spréztméttel) **DE** Spritzmittel • **FR** produit (traitant) [appliqué par pulvérisation] • **EN** product for spraying • **PT** produto (de tratamento) [aplicado por pulverização] **Beispill** den Dosage muss stëmmen, fir datt d'Spréztméttel wierkt

Spréztwon Maskulinum (Pluriel Spréztween)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Spriechblos [ʃpr'ɛçblo:s] Femininum (Pluriel Spriechblosen) **DE** Sprechblase • **FR** bulle [de bande dessinée] • **EN** speech bubble • **PT** balão [de banda desenhada] **Beispill** am Logo vom Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch ass eng Spriechblos

spriechen [ʃpr'ɛçɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gesprach) » **transitiv 1. DE** sprechen [ein Urteil] • **FR** prononcer [un verdict, un jugement] • **EN** to pronounce [a verdict, a judgement] • **PT** pronunciar [um veredito, uma sentença] **Beispiller** an dëser Affär gouf nach keen Urteil gesprach; de Riichter huet den Ugeklote schëlleg gesprach; déi Affär ass nach net gesprach lan där Affär ass nach keen Urteil gesprach **2. ze** sprieche kommen op **DE** zu sprechen kommen auf • **FR** aborder [un sujet] • **EN** to speak about, to address [a topic] • **PT** abordar [um assunto] **Beispill** an der Versammlung koume mer och op d'Walen ze spriechen **Synonym** ze schwätze kommen op **3. ze** sprieche sinn **DE** zu sprechen sein • **FR** être disponible (pour un entretien) • **EN** to be available [for a conversation, for a meeting] • **PT** estar (disponível) [para falar] **Beispiller** eis Direktesch ass haut net ze spriechen, se ass am Ausland; ech sinn net gutt op deen ze spriechen [égs] [ech hu keng gutt Meenung vun deem]

i Verben, déi **spriechen** als Basis hunn: ↗ fräispriechen, ↗ hëllegspriechen, ↗ séilegspriechen, ↗ uspriechen an ↗ zouspriechen

Spriecher [ʃpr'ɛçɛ] Maskulinum (Pluriel Spriecher) **DE** Sprecher [Repräsentant] • **FR** porte-parole [personnel] • **EN** spokesman • **PT** porta-voz [pessoa] **Beispill** de Spriecher vun der Gewerkschaft huet e Streik ugekënnegt **Synonym** Porte-parole

i Weiblech Form: ↗ Spriecherin

Spriecherin [ʃpr'ɛçɛrɪn] Femininum (Pluriel Spriecherinnen) **DE** Sprecherin [Repräsentantin] • **FR** porte-parole [femme] • **PT** porta-voz [mulher] **Beispill** der Ministesch hir Spriecherin huet en neie Gesetzespro-

jet ugekënnegt **Synonym** Porte-parole

1 Männlech Form: ↗Spriecher

Spracherwiessel [ʃpʁ'iaçeviasəl] Maskulinum (Pluriel <seelen> Spracherwiesselen)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Sprichstonn [ʃpʁ'iaçʃton] Femininum (Pluriel Sprichstonnen) **DE** Sprechstunde • **FR** heure(s) de consultation, heure(s) de disponibilité • **PT** (horário de) consulta, (horário de) atendimento **Beispiller** wéini huet deng Hausdoktesch **Sprichstonn?**; d'Professesch proposéiert eng speziell **Sprichstonn** just fir hir Doktoranden

sprinselen [ʃpʁ'inzələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesprinselt)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Sprint [sprɪnt] Maskulinum (Pluriel Sprinten) **DE** Sprint • **FR** sprint • **EN** sprint • **PT** sprint **Beispiller** no hirem **Sprint** krut d'Leeferin e Krämpchen an d'Wueden; mat engem **Sprint** ass et dem Raiber gelongen ze entkommen

sprinten [sprɪntən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gesprint) » **intransitiv** **DE** sprinten • **FR** sprinter • **EN** to sprint • **PT** sprintar **Beispiller** op de leschten 300 Meter vun der Course **sinn** d'Coureure **gesprint**; wa mer sprinten, da kréie mer de Bus vläicht nach!

Sprinter [sprɪntɛ] Maskulinum (Pluriel Sprinter / Sprinteren) **DE** Sprinter [Sportler] • **FR** sprinteur • **EN** sprinter • **PT** sprinter **Beispiller** de **Sprinter** ass direkt no der Course an d'Gette gaangen; an de Biergetappe **sinn** d'Sprinter benodeelegt

1 Weiblech Form: ↗Sprinterin

Sprinterin [sprɪntɛrɪn] Femininum (Pluriel Sprinterinnen) **DE** Sprinterin [Sportlerin] • **FR** sprinteuse • **PT** sprinter [mulher] **Beispill** an där leschter Course huet d'Sprinterin hiren eegene Rekord gebrach

1 Männlech Form: ↗Sprinter

Sprit [ʃprɪt] Maskulinum (kee Pluriel) [ëgs] **DE** Sprit [Treibstoff] • **FR** carburant • **EN** fuel • **PT** gasolina, combustível **Beispill** mir hunn nach genuch **Sprit** am Tank fir heemzefueren

Sproch [ʃproχ] Maskulinum (Pluriel Spréch) **DE** Spruch [geflügeltes Wort, treffende Bemerkung] • **FR** phrase, dicton, bon mot • **EN** saying, aphorism • **PT** frase, dito, saída **Beispiller** meng Frëndin huet mir e ganz léiwe **Sproch** a mäi Poesiealbum geschriwwen; ech froe mech, wuer hien déi flott **Spréch** ëmmer nees siche geet!

sprock [ʃprok] Adjektiv **DE** spröde [brüchig] • **FR** cassant, friable • **EN** brittle • **PT** quebradiço, friável **Beispiller** d'Schanke gi mam Alter méi **sprock**; de Goss ass vill méi **sprock** ewéi d'Eisen; mat deenen Natursteng kanns de net bauen, se **sinn** ze vill **sprock**

Sprong [ʃpron] Maskulinum (Pluriel Spréng) **1. DE** Sprung [Bewegung] • **FR** saut, bond • **EN** jump • **PT** salto, pulo **Beispiller** mat deem **Sprong** huet d'Sportlerin hiren eegene Rekord gebrach; et ass nëmmen e

Sprong bis bei de Bäcker [ëgs] [et ass net wäit bis bei de Bäcker!; mat esou enger daierlecher Rent mécht ee keng grouss **Spréng** [ëgs] [mat esou enger daierlecher Rent kann een sech net vill leeschten]; hien huet sengem Bouf op d'**Spréng** gehollef [ëgs] [hien huet sengem Bouf gehollef, fir am Liewen unzekommen]; an der Prüfung huet de Schoulmeeschter de Kanner op d'**Spréng** gehollef [ëgs] [an der Prüfung huet de Schoulmeeschter de Kanner en Tuyau ginn!]; komm bis op e **Sprong** eran an d'Stuff! [ëgs] [komm fir een Ament eran an d'Stuff!]; **2. DE** Sprung [Riss] • **FR** fêlure • **EN** crack [fracture, flaw] • **PT** fenda, racha **Beispill** däi Wäi-glas huet e **Sprong**, ech ginn der en anert **Synonymmen** Krack, Rass

1 Variant: Spronk

Spronk [ʃpronk] Maskulinum (Pluriel Spréng) - Variant vun ↗Sprong

Sprooch [ʃpro:χ] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Sprache [Sprachvermögen] • **FR** parole [faculté de parler] • **EN** speech [ability to speak] • **PT** fala [faculdade de falar] **Beispiller** hien huet duerch en Hiereschlag d'**Sprooch** verluer; déi Noricht huet mir d'**Sprooch** verschloen [ëgs] [op déi Noricht hi krut ech kee Wuert méi eraus!; d'**Sprooch** kënnt him net richteg [ëgs] [hien dréckt sech net fléissend aus]; hies de d'**Sprooch** verluer? [ëgs] [⇒ freet een een, deen engem net äntwert] **2.** (Pluriel Sproochen) **DE** Sprache [Kommunikationssystem] • **FR** langue [système de communication] • **EN** language [system of communication] • **PT** língua [sistema de comunicação] **Beispiller** dësen Dolmetscher schwätzt siwe **Sproochen**; e Grupp vu Fuerscher ass amgang, déi nei entdeckte **Sprooch** linguistesesch ze analyséieren; fir déi daf Leit gouf eng extra **Sprooch** mat Gesten entwéckelt; hire Fils huet op der Universitét **Sprooch** studéiert [hire Fils huet op der Universitét **Sprooch**-a Literaturwëssenschafte studéiert]; mir schwätzen déi selwecht **Sprooch** [ëgs] [mir gi gutt mateneen eens] **3.** (kee Pluriel) **DE** Sprache [Ausdrucksweise] • **FR** langage, langue [façon de s'exprimer] • **EN** language [style of language] • **PT** linguagem, língua [maneira de se exprimir] **Beispiller** hien huet eng defteg **Sprooch**; mir gefält deem Auteur seng **Sprooch** besonnesch gutt; d'Kanner follegen net, ech muss eng aner **Sprooch** mat hinne schwätzen [ëgs] [d'Kanner follegen net, ech muss duerchgräifen] **4.** [ëgs] mat der **Sprooch** erausréckelen **DE** mit der Sprache herausrücken • **FR** lâcher le morceau [révéler la vérité] • **EN** to come out with, to divulge • **PT** falar, desembuchar [revelar a verdade] **Beispill** réckel endlech mat der **Sprooch** eraus! **5.** zur **Sprooch** kommen **DE** zur Sprache kommen • **FR** être abordé [se prêter à la discussion] • **EN** to come up (for debate) • **PT** ser abordado [ser discutido] **Beispill** dee Problem soll an enger ëffentlecher Diskussioun zur **Sprooch** kommen **6.** zur **Sprooch** bréngen **DE** zur Sprache bringen • **FR** aborder [un sujet] • **EN** to bring up (for debate) • **PT** trazer à discussão **Beispill** den neie Projet gouf haut fir d'éischt zur **Sprooch** bruecht **Synonymmen** uschwätzen

Sproochecours [ʃpʁ'o:χəku:ɐ] Maskulinum (Pluriel Sproochecoursen) **DE** Sprachkurs • **FR** cours de langue [leçon] • **EN** language course • **PT** curso de línguas **Beispill** am **Sproochecours** übe mir allkéiers 20 Minutte laang

Conversatioun

Sproochefamill Femininum (Pluriel Sproochefamillen)

Hei entsteet en neien Artikel.

Sproochegesetz [ʃpʁ'o:χəgəzæts] Neutrum (Pluriel Sproochegesetzter) DE *Gesetz über den Sprachengebrauch* • FR *loi sur le régime des langues* • PT *lei sobre o regime das linguas* **Beispill** d'Lëtzebuenger Sproochegesetz vun 1984 huet d'Lëtzebuergesch zur Nationalsprooch gemaach**Sproochekenntnesser** [ʃpʁ'o:χəkæntnəsə] Femininum (kee Singulier) - Variant vun ↗Sproochekenntnesser**Sproochekenntnisse** [ʃpʁ'o:χəkæntnise] Femininum (kee Singulier) DE *Sprachkenntnisse* • FR *connaissances en langue(s)* • PT *conhecimentos da(s) lingua(s)* **Beispill** mat denge Sproochekenntnisse stinn der fir dän zukünfteg Berufsliewe vill Dieren op

Varianten: Sproochekenntnesser, Sproochkenntnesser, Sproochkenntnisse

Sproochelement [ʃpʁ'o:χələmænt] Neutrum (Pluriel Sproochelementer)

Hei entsteet en neien Artikel.

Sproochemenü [ʃpʁ'o:χəməny:] Maskulinum (Pluriel Sproochemenüen) DE *Sprachenauswahl*, *Spracheinstellung* • FR *menu des langues* • EN *language menu* • PT *menu das linguas* **Beispill** iwwer de Sproochemenü kënt Dir d'Sprooch vum Site zu all Moment änneren**Sproochemenu** Maskulinum (Pluriel Sproochemenuen) - Variant vun ↗Sproochemenü**sproochen** [ʃpʁ'o:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gesproocht*) » **intransitiv** DE *plaudern* [*sich unterhalten*] • FR *papoter, bavarder* • EN *to chat, to talk* • PT *cavaquear, tagarelar* **Beispill** d'Leit souze bis owes spéit op der Terrass ze sproochen**Sproochentwécklung** [ʃpʁ'o:χwæntvɛklʊŋ] Femininum (Pluriel Sproochentwécklungen)

Hei entsteet en neien Artikel.

Sproocherkennung Femininum (kee Pluriel) DE *Spracherkennung* • FR *reconnaissance vocale* • EN *voice recognition* • PT *reconhecimento de voz* **Beispill** verschidden Apparater kann een haut iwwer Sproocherkennung steieren**Sproocheschoul** Femininum (Pluriel Sproocheschoulen) DE *Sprachschule* • FR *école de langues* • PT *escola de linguas* **Beispill** meng Mamm huet sech an enger Sproocheschoul ageschriwwen, fir hiert Englesch ze perfektionéieren

Variant: Sproochschoul

Sproochesituatioun [ʃpʁ'o:χəsitwasjəʊn] Femininum (Pluriel Sproochesituatiounen)

Hei entsteet en neien Artikel.

Sproochfeeler [ʃpʁ'o:χfɛ:lɛ] Maskulinum (Pluriel Sproochfeeler) DE *Sprachfehler* • FR *défaut de pronon-**ciation, défaut d'élocution* • EN *speech disorder, speech impediment* • PT *distúrbio da fala, problemas de pronúncia* **Beispill** weínt engem Sproochfeeler ass eist Klengt bei engem Logoped a Behandlung**Sproochgebrauch** Maskulinum (Pluriel Sproochgebraicher)

Hei entsteet en neien Artikel.

Sproochgewunnecht [ʃpʁ'o:χgəvunəçt] Femininum (Pluriel Sproochgewunnechten)

Hei entsteet en neien Artikel.

sproochhistoresch [ʃpʁ'o:χhisto:rəʃ] Adjektiv

Hei entsteet en neien Artikel.

Sproochkenntnesser [ʃpʁ'o:χkæntnəsə] Femininum (kee Singulier) - Variant vun ↗Sproochekenntnisse**Sproochkenntnisser** [ʃpʁ'o:χkæntnise] Femininum (kee Singulier) - Variant vun ↗Sproochekenntnisse**sproochlech** [ʃpʁ'o:χlɛç] Adjektiv DE *sprachlich* • FR *linguistique, langagier* <Adverb *linguistiquement*> • EN *language, linguistic* <Adverb *linguistically*> • PT *linguístico* [*relativo à língua*] <Adverb *linguisticamente*> **Beispiller** an Europa gétt et vill sproochlech Barriären; d'Nohëllefssonne sollen dem Schüler hëllef, seng sproochlech Schwierigkeeten am Franséischen ze iwwerwannen; den Aufsatz ass inhaltlech interessant, mee sproochlech happert et nach**Sproochschoul** Femininum (Pluriel Sproochschoulen) - Variant vun ↗Sproocheschoul**Sproochstéierung** Femininum (Pluriel Sproochstéierungen)

Hei entsteet en neien Artikel.

Sproochwandel Maskulinum (kee Pluriel)

Hei entsteet en neien Artikel.

Sproochwëssenschaft [ʃpʁ'o:χvəsənʃaft] Femininum (Pluriel Sproochwëssenschaften) DE *Sprachwissenschaft, Linguistik* • FR *linguistique* • EN *linguistics* • PT *linguística* **Beispill** mäi Brudder studéiert op der Uni Sproochwëssenschaft **Synonym** Linguistik**Sproochwëssenschaftler** [ʃpʁ'o:χvəsənʃaftlɛ] Maskulinum (Pluriel Sproochwëssenschaftler) DE *Sprachwissenschaftler* • FR *linguiste* • EN *linguist* • PT *linguista* **Beispill** mir brauchen e Sproochwëssenschaftler, deen eis déi al Texter analyséiert **Synonym** Linguist

Weiblech Form: ↗Sproochwëssenschaftlerin

Sproochwëssenschaftlerin[ʃpʁ'o:χvəsənʃaftlɛrɪn] Femininum (Pluriel Sproochwëssenschaftlerinnen) DE *Sprachwissenschaftlerin* • FR *linguiste* [*femme*] • PT *linguista* [*mulher*] **Beispill** d'Sproochwëssenschaftlerin mécht den Ament eng Analys iwwer de Sproochwandel **Synonym** Linguistin

Männlech Form: ↗Sproochwëssenschaftler

Spruddele [ʃpʁ'udəl] Femininum (Pluriel Spruddelen) **DE** Perle, Luftblase • **FR** bulle [de gaz, d'air] • **EN** fizz, bubble • **PT** bolhinha, bolha [de gás, de ar] **Beispiller** dréi d'Fläsch mam Limonad gutt zou, soss ginn d'Spruddelen eraus!; den Taucher mécht Spruddelen ënner Waasser

Spruddele [ʃpʁ'udəl] Maskulinum 1. (kee Pluriel) **DE** Perlen [Luftblasen] • **FR** bulles [de gaz] • **EN** bubbles, fizz • **PT** bolhinhas [de gás] **Beispill** et ass kee Spruddele méi an der Limonad 2. (kee Pluriel) [égs] **DE** Sprudel [Getränk] • **FR** eau pétillante, eau gazeuse [boisson] • **EN** sparkling water [drink] • **PT** água com gás [bebida] **Beispill** wélls de nach e Glas Spruddele? **Synonym** Spruddelewaasser 3. (Pluriel Spruddele) [égs] **DE** (Glas) Sprudel • **FR** (verre d')eau pétillante, (verre d')eau gazeuse • **EN** (glass of) sparkling water • **PT** (copo de) água com gás **Beispill** Garçon, nach zwee Spruddele wannechgelift! **Synonym** Spruddelewaasser

spruddeleg [ʃpʁ'udələç] Adjektiv **DE** sprudelnd • **FR** gazeux, pétillant • **EN** fizzy, bubbly • **PT** gasoso [bebida] **Beispill** mir ass dee Cremant do e bëssen ze spruddeleg

spruddelen [ʃpʁ'udələn] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gespruddelt) » **intransitiv 1.** **DE** sprudeln, perlen • **FR** pétiller, faire des bulles • **EN** to bubble, to fizz • **PT** borbulhar, fazer borbulhas (gasosas) **Beispiller** dee Champes spruddelt net méi, en ass verläsch; déi Pëll spruddelt, wann s de se an d'Waasser lees 2. **DE** spucken [beim Sprechen], eine feuchte Aussprache haben • **FR** postillonner • **EN** to spit, to splutter [while talking] • **PT** cuspir [ao falar], deitar perdigotos **Beispill** hie spruddelt, wann e schwätzt 3. **DE** sprudeln [aufwallen] • **FR** bouillonner [liquide] • **EN** to bubble, to boil [liquid] • **PT** borbulhar [líquido a ferver] **Beispill** gehei d'Nuddelen an d'Dëppen, wann d'Waasser spruddelt! ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gespruddelt) » **intransitiv 4.** **DE** sprudeln [hervorsprudeln] • **FR** jaillir [sortir en un jet continu] • **EN** to gush out, to spout • **PT** brotar, jorrar **Beispiller** mir hunn aus enger klenger Quell gedronk, déi aus dem Fiels gespruddelt koum; de Staat muss spueren, d'Steiere spruddelen net méi esou ewéi fréier [égs] [de Staat muss spueren, d'Steiere bréngen net méi esou vill Suen eran ewéi fréier] **Synonym** erausspruddelen

♦ Verb, dat **spruddelen** als Basis huet: ↗erausspruddelen

Spruddelewaasser [ʃpʁ'udələva:sɛ] Neutrum 1. (kee Pluriel) **DE** Sprudelwasser [Getränk] • **FR** eau pétillante, eau gazeuse [boisson] • **EN** sparkling water, fizzy water [drink] • **PT** água com gás [bebida] **Beispill** Spruddelewaasser erfrësch émmer nach am beschten 2. (Pluriel Spruddelewaasser) **DE** (Glas) Sprudelwasser • **FR** (verre d')eau pétillante, (verre d')eau gazeuse • **EN** (glass of) sparkling water • **PT** (copo de) água com gás **Beispill** wélls de nach e Spruddelewaasser?

Sprutz [ʃpʁuts] Femininum (Pluriel Sprutzen) **DE** Spritzer • **FR** éclaboussure [salissure] • **EN** splatter, splash • **PT** salpico [gota, pingo] **Beispill** pass op, datt s de keng Sprutze vun der Tomatenzooss op däin Hiem kriss! **Synonym** Sprutzert

sprutzen [ʃpʁ'utsən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesprutzt) » **transitiv 1.** **DE** spritzen [besprit-

zen, beflecken] • **FR** éclabousser • **EN** to splash, to splatter • **PT** atirar água a, salpicar [molhar, sujar] **Beispiller** ech gi mat der an de Baseng, wann s de mer verspréchs, mech net ze sprutzen; de Bus huet d'Passante mat Bulli gesprutzt 2. **DE** spritzen, verspritzen • **FR** projeter, faire gicler • **EN** to splatter, to splash • **PT** salpicar com [projeter, respingar de] **Beispill** elo hunn ech mer Tomatenzooss op meng wäiss Blus gesprutzt! ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gesprutzt) » **intransitiv 3.** **DE** spritzen [als Spritzer] • **FR** gicler • **EN** to splatter • **PT** salpicar [espalhar-se em salpicos] **Beispill** d'Fett ass duerch d'ganz Kiche gesprutzt

Sprutzert [ʃpʁ'utset] Maskulinum (Pluriel Sprutzerten) **DE** Spritzer • **FR** éclaboussure [salissure] • **EN** splatter, splash • **PT** salpico [gota, pingo] **Beispill** pass op, datt s de keng Sprutzerte vun der Tomatenzooss op däin Hiem kriss! **Synonym** Sprutz

spuenesch [ʃp'uaɛnɛʃ] Adjektiv **DE** spanisch • **FR** espagnol • **EN** Spanish • **PT** espanhol **Beispill** op eiser Rees hu mir déi spuenesch Kultur kenne geléiert

Spuenien [ʃp'uaɛniən] Eegennumm, Neutrum **DE** Spanien • **FR** Espagne • **EN** Spain • **PT** Espanha **Beispiller** ech war schohn dräimol a Spuenien; ech fueren d'nächst Woch a Spuenien; ech kommen aus Spuenien

♂ männlech Persoun: ↗Spuenier weiblech Persoun: ↗Spuenierin Adjektiv: ↗spuenesch Haaptstad: ↗Madrid

Spuenier [ʃp'uaɛniɛ] Maskulinum (Pluriel Spuenier) **DE** Spanier • **FR** Espagnol • **EN** Spaniard • **PT** espanhol **Beispill** mäi beschte Frënd ass Spuenier

Spuenierin [ʃp'uaɛniɛrin] Femininum (Pluriel Spuenierinnen) **DE** Spanierin • **FR** Espagnole • **EN** Spaniard [female] • **PT** espanhola **Beispill** meng bescht Frëndin ass Spuenierin

Spuer [ʃpu:ɐ] Femininum (Pluriel Spueren) 1. **DE** Spur [Abdruck, Fahrte] • **FR** trace, empreinte • **EN** trace, track, trail, spoor • **PT** rasto, vestigio **Beispiller** d'Abriecher hate keng Spueren hannerlooss; am Schnéi huet een de Muere Spuere vun Huesen a Réi gesinn; de Schleek huet mat sengem Schläim eng Spuer iwwer de ganzen Trottoir gezunn; de Juegdhond huet dem Wëllschwäi seng Spuer opgeholl; ech wäert där Saach nach op d'Spuer kommen [égs] [ech wäert an där Saach nach den Duerchbléck kréien]; mir si mat eisen Iwwerleeungen op der richteger Spuer [égs] [mat eisen Iwwerleeungen leie mer richtig] 2. **DE** Spur [Hinweis, Indiz, Anhaltspunkt] • **FR** trace, piste [indice] • **EN** trace, sign, clue • **PT** pista [lindício] **Beispill** d'Police huet nach keng Spuer vum Erpresser 3. (kee Singulier) **DE** Spuren [Überreste] • **FR** trace(s) [vestiges] • **EN** traces, remains • **PT** vestígios [restos] **Beispiller** e Grupp vun Archeologen huet Spuere vun enger aler Zivilisatioun fonnt; bei der Waasseranalys goufen nach Spuere vun Opuetschmëttel fonnt 4. (kee Singulier) **DE** Spuren [Folgeerscheinungen] • **FR** traces [séquelles] • **EN** traces, after-effects • **PT** vestígios [sequelas] **Beispill** déi schwéier Krankheet huet bei him Spueren hannerlooss 5. **DE** Spur [Fahrspur] • **FR** file, voie [de circulation] • **EN** lane [of a main road] • **PT** faixa [de rodagem], via [de circulação] **Beispill** bei deem Verkéier misst d'Autobunn ëm eng Spuer méi breet gemach ginn 6. **DE** Spur, Spurweite • **FR** voie [des roues, des rails] • **EN** (wheel) alignment,

(*track*) gauge • **PT** *via* [das rodas, dos carris] **Beispiller** nom Accident war d'Spuer vu mengem Auto verfallt; déi russesch Zich hunn eng aner Spuer ewéi eis **7**, eng Spuer **DE** *eine Spur* [eine kleine Menge, ein wenig] • **FR** *un peu (de)* • **EN** *a trace, a little* • **PT** *um pouco (de)* **Beispiller** de Moie louch eng Spuer Schnéi op den Diech; hien huet keng Spuer vu Schan [égs] [hien huet iwverhaapt keng Schan]

Spuerbéchs Femininum (Pluriel Spuerbéchsen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Spuerbuch [ʃp'u:ɛbux] Neutrum (Pluriel Spuerbicher) **1. DE** *Sparbuch* [Buch] • **FR** *livret d'épargne* [livret] • **EN** *savings book* • **PT** *caderneta de poupança* [livrete] **Beispill** ech hu mäi Spuerbuch vertässelt! **2. DE** *Sparbuch* [Konto] • **FR** *livret d'épargne* [compte] • **EN** *savings account* • **PT** *caderneta de poupança* [conta] **Beispill** ech setzen all Mount d'Hallschent vu mengem Täschengeld op mäi Spuerbuch **Synonym** Spuerkont

spueren [ʃp'u:ɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gespuert*) » **transitiv** **1. DE** *sparen* [leinsparen] • **FR** *économiser* [éviter la dépense de] • **EN** *to save* [to economize] • **PT** *poupar* [evitar a despesa de] **Beispill** duerch dës Moosnam wäerte mer vill Sue spueren **2. DE** *sparen* [zurücklegen] • **FR** *économiser, épargner* [une somme d'argent] • **EN** *to save* [to put aside, to reserve] • **PT** *poupar, economizar* [uma quantia de dinheiro] **Beispill** ech spueren (Suen), fir mer en neien Auto ze kafen **3. DE** *sparen* [weniger verbrauchen] • **FR** *économiser* [consommer avec mesure] • **EN** *to conserve* [to use less] • **PT** *poupar, economizar* [consumir com moderação] **Beispiller** et ass en Appell un d'Populatioun gaangen, fir d'Dränkwaasser ze spueren; du kanns der deng Méi spueren, ech ginn net mat an den Theater! [égs] [du brauchst der keng Méi ze ginn, fir mech ze iwverrieden, ech ginn net mat an den Theater!]

i Verben, déi **spueren** als Basis hunn: *ofspueren* an *zuesummespueren*

Spuerk [ʃpu:ɛk] Maskulinum (Pluriel Spierk)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Spuerk Maskulinum (Pluriel Spierk) *Gasterosteus aculeatus* **DE** (*dreistachliger*) *Stichling* • **FR** *épineche* • **EN** *three-spined stickleback* • **PT** *esgana-gata, peixe-espinho* **Beispill** de Spuerk ass e kleng Fësch, deen a grouse Schwäerm leeft **Synonymen** Spierkelchen, Stichling

Spuerkeess Femininum (Pluriel Spuerkeesen / Spuerkeessen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Spuerkont [ʃp'u:ɛkont] Maskulinum (Pluriel Spuerkonten) **DE** *Sparkonto* • **FR** *compte d'épargne* • **EN** *savings account* • **PT** *conta poupança* **Beispill** ech hu ronn 5000 Euro op mengem Spuerkont **Synonym** Spuerbuch

spuerlos [ʃp'u:ɛlɔ:s] Adverb **DE** *spurlos* • **FR** *sans laisser de trace* • **EN** *without a trace* • **PT** *sem deixar rasto, sem deixar vestígios* **Beispiller** eis Kaz ass virun enger Woch spuerlos verschwonnen; esou e Misär geet net spuerlos un engem erlaanscht

Spuermoosnam [ʃp'u:ɛmo:sna:m] Femininum (Pluriel Spuermoosnamen) **DE** *Sparmaßnahme* • **FR** *mesure d'économie* • **EN** *economy measure* • **PT** *medida económica* **Beispill** duerch effikass Spuermoosnamen huet d'Entreprise sech finanziell erkrift

spuersam [ʃp'u:ɛza:m] Adjektiv **DE** *sparsam* • **FR** *économe, économique* [qui réduit la dépense, la consommation] <Adverb de façon économique> • **EN** *economical* <Adverb economically> • **PT** *poupado, económico* [que gasta pouco, que consome pouco] <Adverb com parcimónia> **Beispiller** du muss méi spuersam sinn, sass komme mir finanziell net iwver d'Ronnen!; eis nei Wäschmaschinn ass méi spuersam (am Verbrauch) ewéi déi al; mir musse spuersam mam Waasser ëmgoen

Spuerschwäin [ʃp'u:ɛfwæ:ɪn] Neutrum (Pluriel Spuerschwäin) **DE** *Sparschwein* • **FR** *tirelire* [en forme de cochon] • **EN** *piggy bank* • **PT** *mealheiro* [em forma de porco] **Beispill** ech hu just e puer Su a mengem Spuerschwäin

Spuervull [ʃp'u:ɛful] Maskulinum (Pluriel Spuervullen) *Falco peregrinus* **DE** *Wanderfalke* • **FR** *faucon pèlerin* • **EN** *peregrine* • **PT** *falcão-peregrino* **Beispill** wéi laang bréien d'Spuervullen? **Synonym** Wanderfall-ek

Spuet [ʃpuət] Maskulinum (Pluriel Spueten / Spueter) **DE** *Spaten* • **FR** *bêche* • **EN** *spade* • **PT** *pá* [de cavar a terra] **Beispill** ech hu mer en neie Still fir a mäi Spuet kauft

Spüti Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Spull [ʃpul] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Abwasch* [Geschirr] • **FR** *vaisselle* [sale] • **EN** *washing-up, dishes* • **PT** *louça* [suja] **Beispiller** looss d'Spull stoe bis herno, mir hunn elo keng Zäit dofir!; wie melst sech fräiwëlleg, fir d'Spull ze maachen? [wie melst sech fräiwëlleg fir ze spullen?]; eis Tase sinn all an der Spull leis Tase mussen all gespullt ginn

Spull [ʃpul] Femininum (Pluriel Spullen) **1. DE** *Spule, Rolle* • **FR** *bobine* [rouleau] • **EN** *bobbin, reel* • **PT** *bobina* [rolo] **Beispiller** an der Bomi hirer Bitzkëscht waren eng drësseg hëlze Spulle mat verschiddene Fiedem; d'Kinnoe kréien hautdesdaags d'Filmer op Harddisken, net méi op Spullen **2. DE** *Spule, Induktionsspule* • **FR** *bobine électrique* • **EN** (*electrical*) *coil* • **PT** *bobina* [elétrical] **Beispill** eis Physiksproff huet eis haut gewisen, wéi ee mat Stroum an enger Spull e Magnéitfeld ka generéieren

Spullbiischt [ʃp'ulbi:ʃt] Femininum (Pluriel Spullbiisichten) **DE** *Spülbürste* • **FR** *brosse à vaisselle* • **EN** *dish brush, washing-up brush* • **PT** *escova de louça* **Beispill** ech spulle léiwer mat engem Schwämpchen ewéi mat enger Spullbiischt

spullen [ʃp'ulən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gespult*) » **transitiv** **1. DE** *abwaschen, spülen* • **FR** *laver* [de la vaisselle] • **EN** *to wash up* [dishes] • **PT** *lavar* [louça] **Beispill** huel frëscht Waasser, fir d'Glieser ze spullen! **2. DE** *spülen, ausspülen* • **FR** *rincer, passer à l'eau* • **EN** *to wash out* [to rinse] • **PT** *enxaguar* [passar

por água), lavar [bochechando] **Beispiller** du muss d'Fläsche **spullen**, et ass nach e Saz ënnen dran; wann s de d'Zännfleesch entzünd hues, da muss de däi Mond mat Kamillentéi **spullen** **Synonymmen** ausspullen, schwenken » **intransitiv** **3**, **DE** abwaschen, spülen • **FR** faire la vaisselle • **EN** to wash up, to do the washing-up • **PT** lavar a louça **Beispill** d'Kanner hëllef an all Mëtgeg **spullen**

i Verben, déi **spullen** als Basis hunn: ↗ausspullen, ↗ewechspullen an ↗ofspullen

Spulllomp [ʃp'ulomp] Femininum (Pluriel Spulllomp) **1**, **DE** Spüllappen • **FR** lavette [ustensile de nettoyage] • **EN** dishcloth • **PT** esfregão da louça **Beispill** maach den Dësch mat der Spulllomp of! **2**, [égs] [pejorativ] **DE** Jammerlappen • **FR** lavette [personnel] • **EN** sissy, scaredy-cat • **PT** papa-açorda, banana [pessoa] **Beispill** déi Spulllomp ass net amstand, sech ze wieren! **Synonym** Läppchen

Spullmaschinn [ʃp'ulmafɪn] Femininum (Pluriel Spullmaschinnen) **DE** Spülmaschine • **FR** lave-vaisselle • **EN** dishwasher • **PT** máquina de lavar louça **Beispill** deng Kristallsglieser däärfes de net an d'Spüllmaschinn setzen

Spullmëttel [ʃp'ulmätəl] Neutrum (Pluriel Spullmëttelen / Spullmëttel) **DE** Spülmittel • **FR** produit vaisselle • **EN** washing-up liquid • **PT** detergente da louça **Beispill** dat neit Spullmëttel hält net, wat d'Reklammm versprécht!

Spullsteen [ʃp'ulʃte:n] Maskulinum (Pluriel Spullsteng) **DE** Spüle, Spülbecken • **FR** évier • **EN** (kitchen) sink • **PT** lava-louça, pia **Beispill** dat knaschtegt Geschier steet nach am Spullsteen **Synonym** Waassersteen

Spullwaasser [ʃp'ulva:sə] Neutrum (kee Pluriel) **1**, **DE** Abwaschwasser • **FR** eau de vaisselle • **EN** dishwater • **PT** água de lavar a louça **Beispill** mat deem knaschtege Spullwaasser kriss de keng Tellere méi propper **2**, [égs] **DE** Muckefuck, Blümchenkaffee • **FR** jus de chaussettes • **EN** gnat's piss, dishwater • **PT** água de castanhas, café-dório **Beispill** dat Spullwaasser ass net ze drénken! **Synonymmen** Eileseech, Muckefuck, Schlutchen

Spund Maskulinum (Pluriel Spunten) [égs] **DE** Neuling, Spund • **FR** bleu [novice, débutant] • **PT** caloiro [inovato, principiante] **Beispiller** déi Spunte vu Septième ginn de Schüler vu Première fuerchtbar op d'Nerven; den Ënneroffizier jot seng Spunten direkt den éischten Dag duerch de Bulli

i Variant: Spunti

Spunnes [ʃp'unəs] Maskulinum (kee Pluriel) de Spunnes maache mat **DE** an der Nase herumführen, sich lustig machen über • **FR** mener en bateau, se moquer de • **EN** to make fun of • **PT** enfiar o barrete a, troçar de **Beispill** d'Kanner hunn de Spunnes mat deem neie Schüler gemaach

Spunti Maskulinum (Pluriel Spuntien) - Variant vun ↗Spund

Sputt [ʃput] Maskulinum (kee Pluriel) **1**, **DE** Abstand [kleiner Zwischenraum] • **FR** écart, espacement [petit écartement] • **EN** gap, space • **PT** espaço, entrelinha **Beispiller** tëschent de Brieder vum neien Daach ass

net genuch **Sputt**; looss méi **Sputt** tëschent den Zeilen, da gëtt den Text méi iwwersiichtlech! **2**, **DE** Luft, Spielraum • **FR** marge (de manœuvre), marge (de temps) • **EN** margin, leeway • **PT** margem (de manobra), margem (de tempo) **Beispiller** mir hunn nach e bësse **Sputt** am Budget; ech hu genuch **Sputt** ageplangt, fir dës Woch mat den Aarbechte fäerdeg ze ginn **3**, **DE** Leerzeichen • **FR** espace [en typographie] • **EN** space [in typography] • **PT** espaço (em branco) [em tipografia] **Beispiller** hanner dem Komma feelt e **Sputt**; virun an hanner engem Gedankestréch léisst een ëmmer e **Sputt** **Synonymmen** Espace, Space

Sri Jayewardenepura Kotte Eegennumm **DE** Sri Jayewardenepura Kotte • **FR** Sri Jayawardenapura Kotte • **PT** Seri Jaivardenapura-Cota **Beispill** Sri Jayewardenepura Kotte ass d'Hauptstad vu Sri Lanka

Sri Lanka [sr'il'ɑŋka:] Eegennumm, Neutrum **DE** Sri Lanka • **FR** Sri Lanka • **EN** Sri Lanka • **PT** Sri Lanca **Beispiller** ech war schonn dräimol op Sri Lanka; ech fuere d'hächst Woch op Sri Lanka; ech komme vu Sri Lanka; ech war schonn dräimol a Sri Lanka; ech fuere d'hächst Woch a Sri Lanka; ech kommen aus Sri Lanka

i männlech Persoun: ↗Sri-Lanker weiblech Persoun: ↗Sri-Lankerin Adjektiv: ↗sri-lankesch Hauptstadt: ↗Sri Jayewardenepura Kotte

Sri-Lanker [sril'ɑŋkə] Maskulinum (Pluriel Sri-Lanker) **DE** Sri-Lanker • **FR** Sri-Lankais • **EN** Sri Lankan • **PT** cingalês **Beispill** mäi beschte Frënd ass Sri-Lanker

Sri-Lankerin [sril'ɑŋkərin] Femininum (Pluriel Sri-Lankerinnen) **DE** Sri-Lankerin • **FR** Sri-Lankaise • **EN** Sri Lankan [female] • **PT** cingalesa **Beispill** meng bescht Frëndin ass Sri-Lankerin

sri-lankesch [sril'ɑŋkəʃ] Adjektiv **DE** sri-lankisch • **FR** sri-lankais • **EN** Sri Lankan • **PT** cingalês **Beispill** op eiser Rees hu mir déi sri-lankesch Kultur kenne geléiert

Staahebounen [ʃta:χəb'əʊnən] Femininum (kee Singulier) **DE** Stangenbohnen • **FR** haricots à rame • **EN** pole beans, climbing beans • **PT** feijões de trepar **Beispill** eis Staahebounen sinn dëst Joer net vill ginn, well mer e kaalt Fréijoer haten

Staang [ʃta:ŋ] Femininum (Pluriel Staangen) **1**, **DE** Stange [Stab] • **FR** barre, perche, hampe • **EN** pole • **PT** barra, vara, haste **Beispiller** span d'Staang an de Schraubstack, fir se ofzeseen!; mir hunn eng Staang mat engem Krop, fir d'Äppel ze rëselen; fir en Indianerzelt ze bauen, brauch een eng Rei hëlze Staangen; mir kënnen eise Fändel net eraushänken, mir hu keng Staang!; hal d'Staang richt! [égs] [looss dech net ënnerkréien!]; meng Kostümer sinn net vun der Staang [égs] [meng Kostümer sinn op d'Mooss gemaach]; dee muss mer bei der Staang halen [égs] [bei deem muss mer derfir suergen, datt e bei senger Aarbecht bleift] **2**, **DE** Stange [Produkt in Stangenform] • **FR** barre [produit en forme de barre] • **EN** stick [product in stick shape] • **PT** barra [produto em forma de barra] **Beispiller** mat enger Staang Mokuch méchs de net jidderengem Freed; am Steebroch goufen e puer Staangen Dynamit geklaut **3**, **DE** Stange [Stängel, Schote] • **FR** branche, gousse [longiforme] • **EN** stalk, pod • **PT** talo, vagem **Beispiller** ech brauch e puer Staange Rubbarb fir eng Taart; fir dës

Glace ze maachen, brauch een zwou **Staange** Vanill **4**. **DE** *Stange* [Zigarettenpackung] • **FR** *cartouche* [de cigarettes] • **EN** *carton* [of cigarettes] • **PT** *volume* [de cigarros] **Beispill** ech fëmmen eng **Staang** (Zigaretten) d'Woch

Staangenzelleri [ʃt'a:ŋəntsæləri:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Staudensellerie, Stangensellerie* • **FR** *céleri en branches* • **EN** *celery* • **PT** *aipo em rama* **Beispill** Staangenzelleri kann ee gutt réi iessen

staark [ʃt'a:rk] Adjektiv **1**. **DE** *stark* [kräftig] • **FR** *fort* [qui a de la force physique], *costaud* • **EN** *strong* [physical-ly] • **PT** *forte* [que tem força física], *vigoroso* **Beispiller** mir brächten e puer **staark** Jongen, fir de Piano ze plëneren; iess deng Zopp, da gëss de grouss a **staark!** **2**. **DE** *stark* [belastbar] • **FR** *fort* [résistant] • **EN** *strong* [sturdy] • **PT** *forte* [resistente] **Beispiller** huel méi eng **staark** Schnouer, fir dee Strauch unzestrecken!; fir mat menger Cheffin eens ze ginn, brauch ee **staark** Nerven [ëgs] [fir mat menger Cheffin eens ze ginn, muss een nervlech vill kënnen aushalen] **3**. **DE** *stark* [leistungsstark] • **FR** *puissant, fort* [performant] • **EN** *strong* [powerful] • **PT** *potente, forte* [de alto rendimento] **Beispiller** deen Auto huet e **staarke** Motor; Dir braucht méi e **staarke** Brëll; eise Jéngsten ass **staark** an der Mathematik leise Jéngsten ass gutt an der Mathematik **4**. **DE** *stark* [wirksam, gehaltvoll, konzentriert] • **FR** *fort, efficace, concentré* [produit] • **EN** *strong* [concentrated, potent] • **PT** *forte* [substância, produto] **Beispiller** de Kaffi an der Kantin ass mir net **staark** genuch; hien hélt **staark** Medikamenter géint Depressiounen; fir dee Fleck erauszekréien, brauchts de e **staarke** Produit **5**. **DE** *stark, hart* [Währung] • **FR** *fort* [monnaie] • **EN** *strong* [currency] • **PT** *forte* [moeda] **Beispill** d'Finanzkris trifft déi **staark** Wärunge manner ewéi déi schwach **6**. **DE** *stark, charakterstark* • **FR** *fort* [de caractère] • **EN** *strong* [personality] • **PT** *forte* [de caráter] **Beispill** meng Mamm war nach ëmmer eng **staark** Fra **7**. **DE** *stark* [mächtig, einflussreich] • **FR** *fort* [puissant, influent] • **EN** *strong* [established, powerful] • **PT** *forte* [poderoso, influente] **Beispill** d'Jeeër hunn an deem Land eng **staark** Lobby **8**. **DE** *stark* [intensiv, heftig] • **FR** *fort* [intense, soutenu, virulent] <Adverb fortement, beaucoup> • **EN** *heavy* [rain], *strong, intense, sharp* <Adverb strongly, greatly> • **PT** *forte* [intenso, vivo, virulento] <Adverb fortemente, muito> **Beispiller** d'Baach huet no deem **staarke** Reen elle gedauscht; dee Film léist **staark** Gefiller an engem aus; ech verdroen dee **staarke** Geruch vum Esseg net gutt; trotz **staarke** Protester wëllt d'Regierung un der Reform festhalen; d'Loyere sinn an de leschte Jore **staark** an d'Luucht gaangen; deng Äntwert huet mech **staark** iwerrascht **9**. **DE** *stark* [unerhört] • **FR** *fort, inouï* • **EN** *outrageous* • **PT** *forte, incrível* **Beispill** ech fanen et **staark**, datt dee Ligener och nach mengt, e wier am Recht! **Synonymmen** allerhand sinn, onerhéiert sinn **10**. [ëgs] **staark** sinn **DE** *stark sein* [großartig sein] • **FR** *être top, être génial* • **EN** *to be top-notch* • **PT** *ser espetacular, ser o máximo* **Beispill** de Concert vu gëschter Owend, dee war **staark!** **Synonym** topp sinn **11**. **DE** (grammatisch) *stark* • **FR** *fort* [grammaticalement] • **EN** *strong* [grammatically] • **PT** *forte* [gramaticalmente] **Beispiller** am Däitsche gétt den Ènnerscheid gemaach tëschent de schwaachen an de **staarke** Verben; weini gétt en Adjektiv **staark** flekteiert?; ënner anerem iwuer d'Betounung ènnerscheet een déi

staark Pronominaladverbe vun deene schwaachen

Staat [ʃta:t] Maskulinum (Pluriel Staaten) **1**. **DE** *Staat* [politisches Gebilde] • **FR** *État* [entité politique] • **EN** *state* [political community] • **PT** *Estado* [entidade política] **Beispiller** aus där laangjäreger Diktatur gouf endlech en demokratesche **Staat**; déi meescht **Staaten** hunn dës Konventioun ratifizéiert **2**. **DE** *Staat* [Regierung] • **FR** *État* [gouvernement] • **EN** *state* [government] • **PT** *Estado* [governo] **Beispill** de **Staat** bedeelegt sech um Bau vum Vëlodrom **3**. **DE** *Staat* [Verwaltung, Behörde] • **FR** *État* [administration] • **EN** *state* [administration] • **PT** *Estado* [administração] **Beispill** ech hunn nach ëmmer beim **Staat** geschafft

staatlech [ʃt'a:tlɛç] Adjektiv **DE** *staatlich* • **FR** *de l'État, public* • **EN** *state, public* • **PT** *do Estado, público* **Beispiller** de Student kritt e **staatleche** Subsid; an dëser Etüd gi **staatlech** a privat Schoule matenee verglach

Staatsaffär [ʃt'a:dzafɛ:r] Femininum (Pluriel Staatsaffären) **DE** *Staatsaffäre* • **FR** *affaire d'État* • **PT** *assunto de Estado* **Beispiller** wien hätt geduecht, datt déi parlamentaresch Fro eng **Staatsaffär** kéint auslösen!; maach aus dësem klenge Mëssel keng **Staatsaffär!** [ëgs] [gëff dësem klenge Mëssel net ze vill Wichtigkeet!]

Staatsarchiv [ʃt'a:dzɑrçɪ:f] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Staatsarchiven) **1**. **DE** *Staatsarchiv* [Einrichtung] • **FR** *archives nationales* [institution] • **EN** *national archives* [institution] • **PT** *arquivo nacional* [instituição] **Beispill** déi Dokumenter, déi s de fir deng Dokteraarbecht wëlls analyséieren, fënns de am **Staatsarchiv** **2**. **DE** *Staatsarchiv* [Gebäude] • **FR** *archives nationales* [bâtiment] • **EN** *national archives* [building] • **PT** *arquivo nacional* [edifício] **Beispill** den Daach vum **Staatsarchiv** ass op e puer Plazen net méi dicht

Staatsbeamten [ʃta:tsbɛ'amtən] Maskulinum (Pluriel Staatsbeamten) **DE** *Beamter* • **FR** *fonctionnaire* (de l'État) • **EN** *civil servant* • **PT** *funcionário* (público) **Beispiller** d'Staatsbeamte stinn am Dëngscht vun der Allgemengheet; bei de **Staatsbeamten** hânt d'Avancement vun der Anciennetéit of

Kuerzform: Beamten

Weiblech Form: ↗Staatsbeamtin

Staatsbeamtin [ʃta:tsbɛ'amtin] Femininum (Pluriel Staatsbeamtinnen) **DE** *Beamtin* • **FR** *fonctionnaire* (de l'État)

Kuerzform: Beamtin

Männlech Form: ↗Staatsbeamten

Staatsbierger [ʃt'a:tsbi:çɛ] Maskulinum (Pluriel Staatsbierger) **DE** *Staatsangehöriger, Staatsbürger* • **FR** *citoyen, ressortissant* • **EN** *citizen, national* • **PT** *cidadão, nacional* **Beispill** kënnen auslännesch **Staatsbierger** bei de Gemengewale kandidéieren?

Weiblech Form: ↗Staatsbiergerin

Staatsbiergerin [ʃt'a:tsbi:çɛrɪn] Femininum (Pluriel Staatsbiergerinnen) **DE** *Staatsangehörige, Staatsbürgerin* • **FR** *citoyenne, ressortissante*

Männlech Form: ↗Staatsbierger

Staatsbudget [ʃta:tsb'ydʒe:] Maskulinum (Pluriel Staatsbudgeten) **DE** *Staatshaushalt, Staatsbudget* • **FR** *budget de l'État* • **EN** *national budget* • **PT** *orçamento geral do Estado* **Beispill** muer fänken an der Chamber d'Debatten iwwer de Staatsbudget un

Staatschef [ʃt'a:tsʃæf] Maskulinum (Pluriel Staatscheffen) **DE** *Staatschef* • **FR** *chef d'État* • **EN** *head of state* • **PT** *chefe de Estado* **Beispiller** dem Staatschef seng Pouvoire sinn an der Verfassung festgeluecht; den auslännesche Staatschef gouf mat militäreschen Eieren empfaangen

W Weblech Form: ↗Staatscheffin

Staatscheffin [ʃt'a:tsʃæfin] Femininum (Pluriel Staatscheffinnen) **DE** *Staatscheffin* • **FR** *chef d'État [femme]*

M Männlech Form: ↗Staatschef

Staatsfra [ʃt'a:tsfra:] Femininum (Pluriel Staatsfrauen) **DE** *Staatsfrau* • **FR** *femme d'État*

M Männlech Form: ↗Staatsmann

Staatskäschten [ʃt'a:tskæʃtən] Substantiv (kee Singular) **DE** *Staatskosten* • **FR** *frais de l'État* • **EN** *public expenses, state's expense* • **PT** *despesas do Estado, expensas do Estado* **Beispiller** d'Staatskäschte mussen d'nächst Joer reduzéiert ginn; de Beamten ass op Staatskäschten an d'Ausland op eng Konferenz gever

Staatsmann [ʃt'a:tsman] Maskulinum (Pluriel Staatsmänner) **DE** *Staatsmann* • **FR** *homme d'État* • **EN** *statesman* • **PT** *homem de Estado* **Beispiller** als Undenken un dee bedeitende Staatsmann gëtt déi nei Bréck no him benannt; d'Staatsmänner hunn sech bei der Begréissung emäerbelt

W Weblech Form: ↗Staatsfra

Staatsminister [ʃt'a:tsministə] Maskulinum (Pluriel Staatsministären) **DE** *Staatsminister, Premierminister* • **FR** *Premier ministre, ministre d'État* • **EN** *Prime minister, Minister of State* • **PT** *primeiro-ministro, ministro de Estado* **Beispiller** bei der Aweiung vun der neier Bréck war den deemolege Staatsminister mat derbäi; de fréiere Staatsminister gëtt als Papp vun deem Gesetz ugesinn **Synonym** Premierminister

W Weblech Form: ↗Staatsministesesch

Staatsministère [ʃt'a:tsministɛ:R] Maskulinum (Pluriel Staatsministären) **1.** **DE** *Staatsministerium [Behörde, Zuständigkeitsbereich]* • **FR** *ministère d'État [département ministériel, portefeuille ministériel]* • **EN** *Ministry of State [government department, administration]* • **PT** *Ministério de Estado [departamento ministerial, pasta ministerial]* **Beispill** de Staatsministère verschéckt d'Invitatioune fir déi offiziell Zeremonie un déi verschidden Invitéen **2.** **DE** *Staatsministerium [Gebäude]* • **FR** *ministère d'État [bâtiment]* • **EN** *Ministry of State [building]* • **PT** *Ministério de Estado [edifício]* **Beispill** de Premier huet d'Vertrieder vun der Gewerkschaft am Staatsministère empfaangen

Staatsministerin [ʃt'a:tsministərɪn] Femininum (Pluriel Staatsministerinnen) - Variant vun ↗Staatsministesesch

Staatsministesesch [ʃt'a:tsministəʃ] Femininum (Pluriel Staatsministeschen)

V Variant: Staatsministerin

M Männlech Form: ↗Staatsminister

Staatsplaz [ʃta:tspl'a:ts] Femininum (Pluriel Staatsplazen) **DE** *Anstellung im Staatsdienst* • **FR** *emploi auprès de l'État* • **EN** *post in public service, civil service post* • **PT** *emprego público* **Beispill** eng Staatsplaz gëtt dem Salaré ëmmer nach eng gewësse Sécherheet

Staatspräsident [ʃt'a:tsprɛzidənt] Maskulinum (Pluriel Staatspräsidenten) **DE** *Staatspräsident* • **FR** *président [chef d'État]* • **EN** *president [head of state]* • **PT** *presidente [chefe de Estado]* **Beispill** de Staatspräsident hält haut eng Ried virum Europaparlament

W Weblech Form: ↗Staatspräsidentin

Staatspräsidentin [ʃt'a:tsprɛzidəntɪn] Femininum (Pluriel Staatspräsidentinnen) **DE** *Staatspräsidentin* • **FR** *présidente [chef d'État]*

M Männlech Form: ↗Staatspräsident

Staatsrot [ʃta:tsr'o:t] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Staatsrat [luxemburgisches Staatsorgan]* • **FR** *Conseil d'État [au Luxembourg]* • **EN** *the Council of State (of the Grand Duchy of Luxembourg)* • **PT** *Conselho de Estado [no Luxemburgo]* **Beispill** wëini gëtt de Staatsrot säin Avis iwwer dat neit Gesetz? **Synonym** Conseil d'État

Staatsschuld [ʃt'a:tsʃolt] Femininum (Pluriel Staatsscholden) **DE** *Staatsschuld, Staatsverschuldung* • **FR** *dette publique, dette de l'État* • **EN** *national debt* • **PT** *dívida pública, dívida do Estado* **Beispill** d'Steiere mussen ugehewe ginn, soss gëtt d'Staatsschuld ze vill grouss

Staatssekretär [ʃt'a:tsekretɛ:R] Maskulinum (Pluriel Staatssekretären) **DE** *Staatssekretär* • **FR** *secrétaire d'État* • **EN** *Secretary of State* • **PT** *secretário de Estado* **Beispill** de Staatssekretär am Kulturministère huet der Press zwee nei Gesetzesprojete virgestallt

W Weblech Form: ↗Staatssekretärin

Staatssekretärin [ʃt'a:tsekretɛ:Rɪn] Femininum (Pluriel Staatssekretärinnen) **DE** *Staatssekretärin* • **FR** *secrétaire d'État [femme]* • **PT** *secretária de Estado* **Beispill** d'Staatssekretärin huet d'Press iwwer en neie Gesetzesprojet informéiert

M Männlech Form: ↗Staatssekretär

Staatsstrooss [ʃt'a:tsʃtro:s] Femininum (Pluriel Staatsstroossen) **DE** *Staatsstraße* • **FR** *route nationale* • **PT** *estrada nacional* **Beispill** op de Staatsstroosse ginn d'Kilometersteng no an no alleguer ewechgeholl

Staatsvisitt [ʃt'a:tsvɪtɪt] Femininum (Pluriel Staatsvisitten) **DE** *Staatsbesuch* • **FR** *visite d'État* • **EN** *state visit* • **PT** *visita de Estado* **Beispill** déi groussherzoglech Koppel ass op Staatsvisitt am Vatikan

Stäbchen Maskulinum (Pluriel Stäbercher)

H Hei entsteet en neien Artikel.

stabel [ʃt'a:bəl] Adjektiv **DE** *stabil, beständig* • **FR** *stable [constant, invariable]* • **EN** *stable [unchanging]* • **PT**

estável [constante, invariável] **Beispill** *stabel* Präisser fir Liewensméttel sinn eng Prioritéit vun der Regierung
Synonym *stabil*

Stabhéichsprong [ʃta:ph'ɛɪçʃprɔŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Stabhochsprung* • **FR** *saut à la perche* • **EN** *pole vault* • **PT** *salto à vara* **Beispill** op der Olympiad gouf et en neie Rekord am Stabhéichsprong

i Variant: Stabhéichsprong

Stabhéichsprong [ʃta:ph'ɛɪçʃprɔŋk] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun **Stabhéichsprong**

stabil [ʃtab'ɪl] Adjektiv **1. DE** *stabil* [bruchfest, standfest] • **FR** *stable, sûr* [solide, robuste] <Adverb *solidement*> • **EN** *steady, solid, stable* <Adverb *solidly*> • **PT** *estável, seguro* [sólido, robusto] <Adverb *solidamente*> **Beispiller** setz dech net op deen ale Stull, en ass net méi ganz *stabil*!; d'Haus ass *stabil* gebaut **2. DE** *stabil* [beständig] • **FR** *stable* [constant, durable] • **EN** *stable* [unchanging] • **PT** *estável* [constante, duradouro] **Beispiller** *stabil* Präisser fir Liewensméttel sinn eng Prioritéit vun der Regierung; eis Regioun ass den Ament ënner engem *stabilen* Héich

stabiliséieren [ʃtabiliz'ɛɪəɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *stabiliséiert*) » **transitiv 1. DE** *stabilisieren* [Festigkeit geben] • **FR** *stabiliser, consolider* [une construction] • **EN** *to stabilize* [to consolidate, to reinforce] • **PT** *estabilizar, consolidar* [firmar, solidificar] **Beispill** d'Ufer vum Floss *gëtt* mat Bëtongsmauere *stabiliséiert* **2. DE** *stabilisieren, konsolidieren* [unter Kontrolle bringen] • **FR** *stabiliser, consolider* [une situation] • **EN** *to stabilize* [to keep steady, to bring under control] • **PT** *estabilizar, consolidar* [equilibrar, controlar] **Beispiller** mir brauchen eng Rei Investitiounen, fir eis Industrie ze *stabiliséieren*; duersch déi nei Moosnam krute mer d'Ausgabe *stabiliséiert*; no den Turbulenze krut de Pilot de Flieger nees séier *stabiliséiert*; der Patientin hiren Zoustand konnt *stabiliséiert* ginn » **reflexiv 3. DE** *sich stabilisieren* • **FR** *se stabiliser* • **EN** *to stabilize, to become stabilized* • **PT** *estabilizar* **Beispiller** d'Bezéiungen tëschent deenen zwee Länner *hu* sech *stabiliséiert*; d'Präisser vun de Wunnengen *hu* sech nach ëmmer net *stabiliséiert*

Stabilitéit [ʃtabilit'ɛɪt] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** *Stabilität* [Festigkeit] • **FR** *stabilité* [solidité] • **EN** *stability* [solidity] • **PT** *estabilidade* [firmeza, solidez] **Beispiller** Experte kontrolléieren d'*Stabilitéit* vun der Bréck; dee kleespere Réck *gëtt* dem Schaf net genuch *Stabilitéit* **2. DE** *Stabilität* [Beständigkeit] • **FR** *stabilité* [fermeté, constance] • **EN** *stability* [constancy, steadiness] • **PT** *estabilidade* [equilíbrio, constância] **Beispiller** déi nei Moosnam huet d'monetär *Stabilitéit* vum Land gesécher; d'Zentralbank huet d'Aufgab, d'*Stabilitéit* vun der Währung ze garantéieren; d'politesch *Stabilitéit* vum Land war keen Ament a Gefor

stabil Säitelag [ʃtab'ɪlz'æ:ɪtələ:ç] Femininum (kee Pluriel) **DE** *stabile Seitenlage* • **FR** *position latérale de sécurité*, PLS • **EN** *recovery position* • **PT** *posição lateral de segurança* **Beispill** am Éischt-Hëllef-Cours *hu* mir haut geléiert, e Patient an d'*stabil* Säitelag ze leeën

Stach [ʃtaç] Maskulinum **1.** (Pluriel *Stéch*) **DE** *Stichwunde* • **FR** *blessure* [à l'arme blanche] • **EN** *stab wound*

• **PT** *ferimento* (com arma branca) **Beispiller** d'Läich hat dräi *Stéch* am Réck; et ass mer e *Stach* duersch d'Häerz gaangen, wéi ech déi Nouvelle héieren hunn **2.** (Pluriel *Stéch*) **DE** *Stich* [Insektenstich] • **FR** *piqûre* [d'insecte] • **EN** (insect) *sting* • **PT** *picada* [de inseto] **Beispill** dat do gesäit no engem *Stach* vun der Bei aus **3.** (Pluriel *Stéch*) **DE** *Stich* [beim Nähen] • **FR** *point* [de couture, de suture] • **EN** *stitch* [in sewing, in a suture] • **PT** *ponto* [de costura, de sutura] **Beispiller** um Sam vun der Box sinn e puer *Stéch* lassgaangen; déi déif Wonn ass mat sechs *Stéch* gebutt ginn; esoubal d'Wonn geheelt ass, hëlt den Dokter d'*Stéch* eraus **4.** (Pluriel *Stéch*) **DE** *Stich* [Nuance] • **FR** *nuance* [teinte] • **EN** *shade* [of colour] • **PT** *matiz, nuance* [de cor] **Beispill** déi nei Tapéit an der Stuff geet e *Stach* méi an d'Rout ewéi déi viereg **5.** (Pluriel *Stéch*) **DE** *Seitenstechen* • **FR** *point de côté* • **EN** *stitch* [pain in the side] • **PT** *pontada de lado* **Beispill** iwwerem Lefe kréien ech dacks (de *Stach* **6.** am *Stach* loossen **DE** *im Stich lassen* • **FR** *laisser tomber, abandonner* [dans une situation difficile] • **EN** *to let down, to leave in the lurch* • **PT** *deixar ficar mal, abandonar* [numa situação difícil] **Beispiller** däi sougenannte Frënd huet dech schéin am *Stach* gelooss; wéi ech dech am meeschte gebraucht hunn, hues de mech am *Stach* gelooss; mäi Verhalt léisst mech ëmmer méi am *Stach* **Synonym** am Plang loossen **7.** am *Stach* hunn **DE** *angeschnitten haben* [einen Schinken], *angezapft haben* [ein Fass] • **FR** *avoir entamé* [un jambon, un tonneau] • **EN** *to have started, to have on the go* [a ham, a keg] • **PT** *ter encetado* [um presunto, um barril] **Beispiller** mir hate fréier doheem ëmmer eng Ham am *Stach*; de Wiert huet en neit Faass Béier am *Stach* **8.** (kee Pluriel) **DE** (übler) *Beigeschmack* • **FR** (petit) *goût* [désagréable] • **EN** *unpleasant aftertaste* • **PT** *sabor desagradável* [de um alimento alterado] **Beispill** déi Ham kanns de net zerwéieren, se huet e *Stach* **Synonym** *Schmäcksert*

i Variant: Stéch

stachdäischer [ʃtaçd'æ:ɪtç] Adjektiv **DE** *stockdunkel* • **FR** (nuit) *noir, complètement obscur* • **EN** *pitch-black, pitch-dark* • **PT** *escuro como breu, completamente escuro* **Beispiller** et ass scho *stachdäischer* dobaussen, wéi spéit ass et?; well et *stachdäischer* war, hunn ech de Schalter um Palier net fonnt

i Variant: stackdäischer

Stachel [ʃt'axəl] Maskulinum (Pluriel *Stachelen*) **DE** *Stachel* [eines Tiers] • **FR** *dard, piquant* [d'un animal] • **EN** *sting* [animal organ] • **PT** *ferão, espinho* [de um animal] **Beispill** wann d'Beie picken, bleift de *Stachel* stiechen

Stack [ʃtak] Maskulinum (Pluriel *Stäck*) **1. DE** *Topfpflanze, Pflanze, Blumenstock* • **FR** *plante* (à fleurs), *plante* (en pot) • **EN** *plant, pot plant* • **PT** *planta* (de vaso) **Beispiller** am Hierscht musse mer eis *Stäck* ëmdëp-pen; amplaz vun engem *Stack* *hu* se mer am Blummebuttek e Bouquet proposéiert **Synonym** *Blummes-tack* **2. DE** *Stock* [strauchartige Pflanze] • **FR** *piéd* [arbuste, arbrisseau] • **EN** *bush, shrub* • **PT** *pé* [planta arbustiva] **Beispiller** mir hunn dräi *Stäck* Kréischelen am Gaart stoen; am Wanter si mer e puer *Stäck* Rousen erkaalt **3. DE** *Wurzelstock, Baumstumpf* • **FR** *souche* [d'un arbre] • **EN** (tree) *stump* • **PT** *toco, cepo* [de uma árvore] **Beispiller** mir hunn deen alen *Äppelbam* ëmgeseet,

hätte mer elo nach gutt de **Stack** aus dem Buedem!; de Bauer huet d'Heck op de **Stack** gesat (de Bauer huet d'Heck bis op de **Stack** ofgeschnidden); bei eiser Aarbecht si mer op e **Stack** gerannt ^[ëgs] [bei eiser Aarbecht si mer op zolidd Schwieregkeete gestouss] **4. DE** Hackklotz • **FR** billot [de bois] • **EN** chopping block • **PT** cepe [de rachar lenha] **Beispill** fir Holz ze rässen, brauch en eng schaarf Aaxt an e stabile **Stack** **5. DE** Stock, Bienenstock • **FR** ruche [d'abeilles] • **EN** (bee)hive • **PT** colmeia [cortiço de abelhas] **Beispill** d'Beie sinn am **Stack** erkaalt

Stack [ʃtak] Maskulinum (Pluriel **Stäck**) **1. DE** Stock, Stockwerk • **FR** étage [de bâtiment] • **EN** floor, storey • **PT** andar, piso **Beispiller** eist Appartement läit um fënnefte **Stack**; hei däerf een net méi héich bauen ewéi véier **Stäck**; eise **Stack** organiséiert eemol am Joer eng Grillparty [d'Leit, déi op eisem **Stack** schaffen, organiséieren eemol am Joer eng Grillparty] **Synonym** Etage **2. DE** Häuserblock • **FR** pâté de maisons • **EN** block [of houses] • **PT** quarteirão [de casas] **Beispill** mir maachen all Owend en Tour ronderëm de **Stack**

stackaniichter Adjektiv - Variant vun [↗]stackeniichter

Staut [ʃt'æ:st] Femininum (Pluriel Stauten) **1.** **DE** Laune [Anwandlung] • **FR** humeur, caprice, lubie • **EN** mood [state of mind] • **PT** humor, capricho, mania(s) **Beispill** wann e seng **Staut** huet, schwätzt en deeglaang mat kengem **2.** aus enger **Staut** eraus **DE** aus einer Laune heraus • **FR** sur un coup de tête • **EN** on a whim • **PT** por capricho, por impulso **Beispill** ech hu mer deen Auto aus enger **Staut** eraus kaaft **Synonym** aus enger Laun eraus

stauteg [ʃt'æ:stəç] Adjektiv **DE** launisch • **FR** capricieux, lunatique • **PT** caprichoso, lunático **Beispill** bei deem **stautege** Kärel weess een ni, wéi e reagiert **Synonym** launesch

Stëbs [ʃtəps] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Staub • **FR** poussière • **EN** dust • **PT** pó, poeira **Beispiller** ech sinn allergesch op **Stëbs**; uewen op de Miwwelen huet sech vill **Stëbs** ugesammelt; d'Abriecher hu sech aus dem **Stëbs** gemaach [ëgs] [d'Abriecher si fortgelaf]

Stëbsallergie [ʃt'əbzalɛʒi:] Femininum (kee Pluriel) **DE** Hausstauballergie • **FR** allergie à la poussière (domestique) • **EN** house-dust allergy • **PT** alergia ao pó (doméstico) **Beispill** doheem Tapis plain ze leeën, ass keng gutt Iddi fir eng Persoun, déi eng **Stëbsallergie** huet

stëbseg [ʃt'əpsəç] Adjektiv **DE** staubig • **FR** poussiéreux • **EN** dusty • **PT** poeirento **Beispill** am Summer ass dëse **Wee** ëmmer ganz **stëbseg**

stëbsen [ʃt'əpsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gestëbst**) » **transitiv 1.** **DE** entstauben • **FR** épousseter, dépoussiérer • **EN** to dust [to clean] • **PT** espanar, desempoeirar **Beispiller** ech misst d'Bicher an der Etagère emol nees **stëbsen**; ech **hunn** de Living **gestëbst** [ech **hunn** d'Miwwelen am Living **gestëbst**] **2.** [ëgs] (engem) eng **stëbsen** **DE** Unfug anstellen, (jemandem) einen Streich spielen • **FR** faire une bêtise, jouer un (mauvais) tour (à quelqu'un) • **EN** to do something stupid, to play a (dirty) trick on • **PT** fazer uma asneira, pregar uma partida (a alguém) **Beispiller** de Bouf huet sengen Eltere gebeicht, en **hätt** eng **gestëbst**; d'Jongen **hunn** dem Schoulmeeschter eng **gestëbst**; wat **hu** mir der **gestëbst**, wéi mer kleng waren! **Synonym** eng stichten » **intransitiv 3.** **DE** Staub wischen • **FR** faire la poussière • **EN** to dust [to clean] • **PT** limpar o pó **Beispiller** ech muss onbedéngt nees eng **Kéier** am Büro **stëbsen**! beim **Stëbse** muss ech ëmmer néitsen » **intransitiv** - **onperséinlech 4.** **DE** stauben • **FR** faire de la poussière [causer de la poussière] • **EN** to make dust • **PT** levantar poeira **Beispill** et huet **gestëbst**, wéi de Camion laantschtgefuer ass

I Verb, dat **stëbsen** als Basis huet: ↗ofstëbsen

Stëbsfänkert [ʃt'əpsfæŋkɛt] Maskulinum (Pluriel Stëbsfänkerten) **DE** Staubfänger • **FR** nid à poussière • **PT** ninho de pó **Beispill** déi zwou bronze Skulpturen am Living si richtig **Stëbsfänkerten**

Stëbskär [ʃt'əpskɛ:ç] Maskulinum (Pluriel Stëbskären) **DE** Staubkorn • **FR** grain de poussière • **EN** speck of dust • **PT** grão de pó, grão de poeira **Beispill** wann d'Sonn eraschéngt, gesäit een all **Stëbskär**

Stëbslomp [ʃt'əpslomp] Femininum (Pluriel Stëbslompfen) **DE** Staublappen • **FR** chiffon à poussière • **PT** pano do pó **Beispill** aus engem ale Länduch kann ee vill **Stëbslomp** maachen

Stéch [ʃtɛç] Maskulinum (Pluriel Stéch) - Variant vun ↗Stach

Stéchedag [ʃt'ɛçda:ç] Maskulinum (Pluriel Stéchedeeg) **DE** Stichtag • **FR** jour fixé, date fixée • **EN** deadline • **PT** dia marcado, data marcada **Beispill** de **Stéchedag**, fir d'Demande eranzeginn, ass den 1.

Dezember **Synonym** Echeance

Stéchflam [ʃt'ɛçfla:m] **Femininum** (Pluriel **Stéchflamen**) **DE** *Stichflamme* • **FR** *jet de flamme* • **EN** *jet of flame* • **PT** *jato de chamas, labareda* **Beispill** bei der Explosioun vun der Gasfläsch gouf et eng grouss **Stéchflam**

stéchhalteg [ʃt'ɛçhaltəç] **Adjektiv** **DE** *stichhaltig* • **FR** *concluant, irrefutable, bien fondé* • **EN** *conclusive* • **PT** *concludente, irrefutável, bem fundado* **Beispill** et leie **stéchhalteg** Beweiser géint den Ugeklote vir

Stéchprouf [ʃt'ɛçprøʊf] **Femininum** (Pluriel **Stéchprouwen**) **1.** **DE** *Stichprobe [Kontrolle]* • **FR** *contrôle ponctuel* • **PT** *controlo pontual* **Beispill** eng **Stéchprouf** huet gewisen, datt et Onreegelméissegkeeten op de Konte gëtt **2.** **DE** *Stichprobe [Teilmenge]* • **FR** *prélèvement [échantillon]* • **PT** *amostra [para avaliação]* **Beispill** aus hygieenesche Grënn ginn an de Kantine reegelméisseg **Stéchprouwe** vum Iesse geholl

Stéchwal **Femininum** (Pluriel **Stéchwalen**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Stéchwuert [ʃt'ɛçvʊ:çt] **Neutrum** (Pluriel **Stéchwierder**) **1.** **DE** *Stichwort [Gedächtnishilfe]* • **FR** *mot-clé [aide mémoire]* • **EN** *heading, key word, note* • **PT** *palavra (concisa) [lembrete]* **Beispill** fir meng Ried hunn ech mer e puer **Stéchwierder** opgeschriwwen **2.** **DE** *Stichwort, Suchwort* • **FR** *mot-clé, mot de recherche* • **EN** *keyword, search term* • **PT** *palavra-chave, termo de pesquisa* **Beispill** wat fir **Stéchwierder** géifs du antippen, fir Informatiounen zu dësem Theema ze fannen? **3.** **DE** *Stichwort [Signal]* • **FR** *mot repère [signal]* • **EN** *cue [signal]* • **PT** *palavra (combinada) [sinal]* **Beispill** wéi d'**Stéchwuert** gefall ass, hunn d'Gäschd dem Gebuertsdayskand e **Ständche** gesongen

Stéck [ʃtek] **Neutrum** **1.** (Pluriel **Stécker**) **DE** *Stück, Teil* • **FR** *morceau, part, pièce* • **EN** *piece, part* • **PT** *pedaço, bocado, peça* **Beispiller** wëlls de e **Stéck** vu mengem Apel?; ech hat esou en Hunger, datt ech dräi grouss **Stécker** Taart giess hunn; eise Schaf gouf vum Wierk an 18 **Stécker** geliwert; hien hält déck **Stécker** op dech ^[égs] [hien huet eng gutt Meenung vun dir]; den Exhibitionist huet de Leit säi bescht **Stéck** gewisen ^[égs] [den Exhibitionist huet de Leit säi Peenis gewisen] **2.** (Pluriel **Stécker**) **DE** *Stück [Exemplar]* • **FR** *pièce [exemplaire]* • **EN** *piece, item* • **PT** *peça [exemplar]* **Beispiller** dësen Oldtimer ass dat schéinst **Stéck** aus menger Kollektioun; dat do ass e staarkt **Stéck!** ^[égs] [dat do ass onerhéiert!] **3.** (Pluriel **Stéck**) **DE** *Stück [Maßeinheit]* • **FR** *pièce [unité]* • **EN** *piece [unit]* • **PT** *peça [unidade]* **Beispiller** d'CD e kaschte 15 Euro d'**Stéck**; mir hunn d'Teppecher all verkaaft, schéckt eis nach 20 **Stéck** nol; verkaaft Der d'Äppel och am **Stéck**? [verkaaft Der d'Äppel och eenzel?] **4.** (Pluriel **Stécker**) **DE** *Stück [Musikstück, Theaterstück]* • **FR** *pièce [de théâtre], morceau [de musique]* • **EN** *play [drama], piece [of music]* • **PT** *peça [de música, de teatro]* **Beispiller** d'Acteure sinn um Enn vum **Stéck** alleguer op d'Bün komm; de Concert huet mat engem **Stéck** fir Perkussioun an Orchester ugefaangen **5.** (Pluriel **Stécker**) **DE** *Acker, Feld* • **FR** *champ [arable]* • **EN** *field [arable land]* • **PT** *campo [cultivável]* **Beispiller** de Bauer tippt e puer Unhänger Mëscht a säi **Stéck**; d'Wëllschwäin hunn dem Bauer seng **Stécker** opgewullt; d'**Stéck**, dat mer geierft hunn, läit am Bau-

perimeter **6.** (Pluriel **Stécker**) **DE** *Stoffstück* • **FR** *pièce [pour raccommoder, renforcer un vêtement]* • **EN** *patch [to mend clothing]* • **PT** *remendo [para consertar roupa]* **Beispill** wéi ech kleng war, huet meng Mamm mer ëmmer **Stécker** op d'Knée vun de Boxe gebutt **7.** (kee Pluriel) **DE** *Stück [Entfernung, Dauer]* • **FR** *(bon) bout de chemin, (bon) bout de temps* • **EN** *some way, some time* • **PT** *(bom) bocado [de caminho, de tempo]* **Beispiller** zu Fouss bis op d'Gare, dat ass e **Stéck!**; et dauert nach e **Stéck**, bis mer d'Aarbecht fäerdeg hunn; gëtt et e **Stéck** mat der Aarbecht? ^[égs] [geet et viru mat der Aarbecht?] **8.** aus fräie **Stécker** **DE** *aus freien Stücken* • **FR** *de son plein gré, spontanément* • **EN** *of one's own free will* • **PT** *de livre vontade, espontaneamente* **Beispill** déi jonk Leit sinn eis aus fräie **Stécker** hëllef komm **Synonym** vu sech aus **9.** an engem **Stéck** **DE** *ständig* • **FR** *sans arrêt, sans cesse* • **EN** *non-stop* • **PT** *continuamente, sem parar* **Beispill** an der Vakanz huet et an engem **Stéck** gereent **Synonymmen** andauernd, beständig **10.** (Pluriel **Stécker**) ^[égs] **pejorativ** **DE** *Stück [Person]* • **FR** *jeune femme [stupide, impertinente]* • **EN** *thing, bit [girl, young woman]* • **PT** *rapariga [lestúpidia, impertinente]* **Beispill** wat ass dat en dommt **Stéck!**

Steckdous [ʃt'ækdøʊs] **Femininum** (Pluriel **Steckdousen**) **DE** *Steckdose* • **FR** *prise (électrique)* • **EN** *plug point, (electric) socket* • **PT** *tomada (elétrica)* **Beispill** am Hotel huet de Stecker vu mengem Fön net an d'**Steckdous** gepasst

stéckeg [ʃt'ekəç] **Adjektiv** - Variant vun **stéckseg**

Stéckelchen [ʃt'ekəlçən] **Neutrum** (Pluriel **Stéckelcher**) - Diminutivform vun **stéck**

stéckelen [ʃt'ekələn] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé **gestéckelt**) » **transitiv** **DE** *mischen [Spielkarten]* • **FR** *mélanger, battre [des cartes à jouer]* • **EN** *to shuffle [playing cards]* • **PT** *baralhar [cartas de jogar]* **Beispill** **stéckel** d'Kaarten, ier s de se verdeeds!

I Variant: **stécken**

stécken [ʃt'ekən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé **gestéckt**) » **transitiv** **1.** **DE** *sticken [ein Muster]* • **FR** *broder [un motif]* • **EN** *to embroider, to stitch* • **PT** *bordar [um motivo]* **Beispill** vu Wäitem erkennt een net, ob d'Muster op de Stoff gemoolt oder **gestéckt** ass **Synonym** brodéieren » **intransitiv** **2.** **DE** *sticken [handarbeiten]* • **FR** *broder, faire de la broderie* • **EN** *to embroider* • **PT** *bordar, fazer bordados* **Beispill** fréier hunn d'Meedeicher an der Schoul geléiert **stécken** **Synonym** brodéieren

stécken [ʃt'ekən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé **gestéckt**) - Variant vun **stéckelen**

Stecker [ʃt'ækə] **Maskulinum** (Pluriel **Steckeren**) **DE** *Stecker* • **FR** *fiche (mâle)* • **EN** *(electric) plug* • **PT** *ficha (elétrica)* **Beispill** wann s de de **Stecker** net an d'**Steckdous** stéchs, da kann de Radio net goen!

Stéckerzocker [ʃt'eketsokə] **Maskulinum** (kee Pluriel) **DE** *Würfelzucker* • **FR** *sucre en morceaux* • **EN** *sugar cubes* • **PT** *açúcar em cubos* **Beispill** mir hu kee **Stéckerzocker** méi fir an de Kaffi

stéckseg [ʃt'eksəç] **Adjektiv** **DE** *stickig* • **FR** *suffocant, étouffant* • **EN** *stuffy* • **PT** *abafado, sufocante* **Beispiller**

d'Loft ass stéckseg, maach d'Fënster op fir ze lëften!; firwat ass et esou stéckseg heibannen?

i Variant: stéckeg

Stéckstoff [ʃt'ekʃtof] Maskulinum (kee Pluriel) Chimie
 DE *Stickstoff* [chemisches Element] • FR *azote* [élément chimique] • EN *nitrogen* [chemical element] • PT *azoto* [elemento químico] **Beispill** d'Element Stéckstoff gehéiert zum Grupp vun den Netmetaller

Stee [ʃte:] Femininum (Pluriel Steeën) DE *Versteigerung, Auktion* • FR *vente aux enchères* • EN *auction* • PT *leilão, venda em hasta pública* **Beispiller** op der Stee hunn ech missen e puer dausend Euro bidden, fir deen Tablo ze kréien; waars de gëschter op der Stee vun dengem Nopeschhaus?; no der Faillite koom de ganze Stock vun der Firma an d'Stee; hal dech un d'Konditiounen vun der Stee! ëgs [hal dech un dat, wat ofgemaach gouf!]

Stee [ʃte:] Femininum (Pluriel Steeën) DE *Baugerüst* • FR *échafaudage* • EN *scaffolding* • PT *andaime* **Beispiller** fir d'Fassad vun Ärem Haus ze renovéieren, braucht Dir eng Stee; d'Aarbechter hunn zwou Madrillen iwwer zwee Bëck geluecht, fir eng Stee opzerrichten **Synonym** Gerüst

Stee [ʃte:] Maskulinum (Pluriel Steeën / Steeër) - Variant vun ↗Steeg

Steebock [ʃt'e:bok] Maskulinum (Pluriel Steebéck) **1.** DE *Steinbock* [Tier] • FR *bouquetin* • EN *ibex* • PT *cabrito montês* **Beispill** am Zoo waren d'Kanner ganz begeeschtert vun de Steebéck **2.** DE *Steinbock* [Sternzeichen] • FR *Capricorne* [signe astrologique] • EN *Capricorn, the Goat* [sign of the zodiac] • PT *Capricórnio* [signo do zodíaco] **Beispiller** de Steebock ass eent vun den zwielef Stärenzeechen; meng Kanner sinn allen zwee Steebock

Steebrécken [ʃte:br'ekən] Eegennumm DE *Steinbrücken* • FR *Pontpierre* • EN *Pontpierre* • PT *Pontpierre* **Beispiller** ech wunnen zu Steebrécken; fiert dëse Bus op Steebrécken?

Steebroch [ʃt'e:broχ] Maskulinum (Pluriel Steebréch) DE *Steinbruch* • FR *carrière* [site d'extraction] • EN *quarry* • PT *pedreira* **Beispill** d'Steng fir déi nei Bréck kommen aus engem Steebroch aus der Géigend **Synonymmen** Karriär, Steekaul

steeën [ʃt'e:ən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gesteet) » **transitiv 1.** DE *ersteigern* • FR *acquérir aux enchères* • EN *to buy at an auction* • PT *arrematar* [comprar em leilão] **Beispill** ech hu mer fir e gudden Präis eng Bauplaz gesteet » **intransitiv 2.** steeën op DE *bieten auf, bieten für* [bei einer Versteigerung] • FR *enchérir sur* [un objet vendu aux enchères] • EN *to bid on* [at an auction] • PT *licitar* [um objeto vendido em leilão] **Beispill** mir hunn zu véier op dat Haus gesteet

Steeën [ʃt'e:ən] Eegennumm DE *Stegen* • FR *Stegen* • EN *Stegen* • PT *Stegen* **Beispiller** ech wunnen zu Steeën; fiert dëse Bus op Steeën?

Steeg [ʃt'e:ç] Maskulinum (Pluriel Steegen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: Stee

Steekäizchen [ʃt'e:kæ:itsjən] Maskulinum (Pluriel Steekäizercher) *Athene noctua* - Diminutivform vun ↗Steekauz

Steekaul [ʃt'e:kəʊ] Femininum (Pluriel Steekaulen) DE *Steinbruch* • FR *carrière* [site d'extraction] • EN *quarry* • PT *pedreira* **Beispill** d'Steng fir déi nei Bréck kommen aus enger Steekaul aus der Géigend **Synonymmen** Karriär, Steebroch

Steekauz [ʃt'e:kæ:ʊts] Maskulinum (Pluriel Steekäiz / Steekauzen) *Athene noctua* DE *Steinkauz* • FR *chouette chevêche* • EN *little owl* • PT *mocho-galego* **Beispill** wéi laang bréien d'Steekäiz?

Steekueb [ʃt'e:kuəp] Maskulinum (Pluriel Steekueben) *Coloeus monedula* DE *Dohle* • FR *choucas des tours* • EN *western jackdaw* • PT *gralha-de-nuca-cinzenta* **Beispill** wéi laang bréien d'Steekueben?

Steeleefer [ʃt'e:le:fe] Maskulinum (Pluriel Steeleefer) *Arenaria interpres* DE *Steinwäzler* • FR *tournepierre à collier* • EN *ruddy turnstone* • PT *rola-do-mar* **Beispill** wéi laang bréien d'Steeleefer?

Steeleucht [ʃt'e:lu:χt] Femininum (Pluriel Steeleuchten) DE *Stehlampe* • FR *lampadaire* [lampe à pied] • EN *standard lamp* • PT *candeiro de pé* **Beispill** mir bräichten eng Steeleucht fir an deen däischteren Eck

Steemarder [ʃt'e:mɑrde] Maskulinum (Pluriel Steemarderen) *Martes foina* DE *Steinmarder* • FR *fouine* • EN *beech marten* • PT *fuinha* **Beispill** de Steemarder bäisst regelméisseg an Autoe Kabelen duerch

Steemetzer [ʃt'e:mætsɛ] Maskulinum (Pluriel Steemetzer) **1.** DE *Steinmetz* • FR *tailleur de pierre* • EN *stonemason* • PT *canteiro* [artífice] **Beispill** an där Karriär hunn d'Steemetzer en eegenen Atelier **2.** DE *Maurer* • FR *maçon* • EN *stonemason, bricklayer* • PT *pedreiro* **Beispill** de Steemetzer huet de Giewel vun der aler Scheier verstärkt

i Weiblech Form: ↗Steemetzesch

Steemetzesch [ʃt'e:mætsəʃ] Femininum (Pluriel Steemetzeschen) **1.** DE *Steinmetzin* • FR *tailleuse de pierre* **2.** DE *Maurerin* • FR *maçonne*

i Männlech Form: ↗Steemetzer

Steen [ʃte:n] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) DE *Stein* [Substanz] • FR *pierre* [matière] • EN *stone* [material] • PT *pedra* [matéria] **Beispiller** bei eis sinn déi meescht Kräizer um Kierfecht aus Steen; dat aalt Brout ass haart ewéi Steen ëgs [dat aalt Brout ass ganz haart] **2.** (Pluriel Steng) DE *Stein* [Gesteinsstück] • FR *pierre* [bloc, fragment] • EN *stone* [piece of rock] • PT *pedra* [bloco, fragmento] **Beispiller** d'Déif haten d'Fënster mat engem Steen ageschloen; mir sinn iwwer Steng a Fielse gekraxelt, fir bei d'Baach ze kommen; mir fält e Stee vum Häerz ëgs [lech sinn erlichtert!]; ech hu bei him e Steen am Briet ëgs [lech si bei him gutt ugesinn!]; no där Affär krut ech de Stee geworf ëgs [no där Affär krut ech d'Schold!]; mäin Don ass nëmmen eng Drëps op e waarme Steen ëgs [mäin Don hëlleft net vill!]; lee mer net ëmmer Steng an de Weel ëgs [maach mer net ëmmer Schwieregkeeten!]; mat menger Iddi hunn ech e Steen un d'Rulle bruecht ëgs [mat menger Iddi hunn ech viles bewierkt!]; ech kann d'Sue fir e Vélo net aus

engem **Stee** schloen [ɛ̃ɡs] [ech kann d'Sue fir e Vëlo net erbäizaberen]; d'Arméi huet bei hirem Asaz kee **Steen** um anere gelooss [ɛ̃ɡs] [d'Arméi huet bei hirem Asaz alles zerstéiert] **3.** (Pluriel **Steng**) **DE** *Stein* [*Edelstein, Schmuckstein*] • **FR** *pierre* [*précieuse*] • **EN** [*precious stone, gemstone*] • **PT** *pedra* [*preciosa*] **Beispill** mat deem **Stee** kascht de Rank ronn 8000 Euro **4.** (Pluriel **Steng**) **DE** *Kern* [*Obst Kern*] • **FR** *noyau* [*d'un fruit*] • **EN** *stone* [*of fruit*] • **PT** *caroço* [*de um fruto*] **Beispill** wéi ech e **Stéck** Kiischtentart giess hunn, hunn ech op e **Stee** gebass **5.** (Pluriel **Steng**) **DE** *Gallenstein, Nierenstein* • **FR** *calcul* [*biliaire, rénal*] • **EN** *gallstone, kidney stone* • **PT** *pedra, cálculo* [*biliar, renal*] **Beispill** ech hunn d'Niére wéi, ech wäert dach net erëm e **Steen** hunn!

Steenadler [ʃt'e:na:dle] Maskulinum (Pluriel **Steenadler** / **Steenadleren**) **Aquila chrysaetos** **DE** *Steinadler* • **FR** *aigle royal* • **EN** *golden eagle* • **PT** *águia-real* **Beispill** wéi laang bréien d'**Steenadler**?

Steenadler [ʃt'e:na:dle] Maskulinum (Pluriel **Steenadler** / **Steenadleren**) **Aquila chrysaetos** - Variant vun ↗**Steenadler**

Steenchen [ʃt'e:nçən] Maskulinum (Pluriel **Stengercher**) - Diminutivform vun ↗**Steen**

Steenem [ʃt'e:nəm] Eegennumm **DE** *Steinheim* • **FR** *Steinheim* • **EN** *Steinheim* • **PT** *Steinheim* **Beispiller** ech wunnen zu **Steenem**; fiert dëse Bus op **Steenem**?

steenhaart [ʃte:nh'a:rt] Adjektiv **DE** *steinhart* • **FR** *dur comme (la) pierre* • **EN** *rock-hard* • **PT** *duro como pedra* **Beispiller** d'Brout ass **steenhaart**, dat kann een net méi essen!; de Weier hannerem Haus ass **steenhaart** gefruer

Steenuebst [ʃt'e:nuəpst] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Steinobst* • **FR** *fruits à noyau* • **PT** *fruta de caroço* **Beispill** Mirabellen an Aprikose gehéieren zum **Steenuebst**

Steepiisch Femininum (Pluriel **Steepijen**) **Gymnocephalus cernuus** **DE** *Kaulbarsch* • **FR** *grémille* • **EN** *ruffe* • **PT** *gremilha, perca-caboz* **Beispill** d'**Steepiisch** fénnt een an de meeschte Flëss a Mëttel- an Osteuropa **Synonym** Schnuddelpiisch

steeräich [ʃt'e:ræ:ɪç] Adjektiv **DE** *steinreich* • **FR** *richissime* • **EN** *loaded, stinking rich* • **PT** *riquíssimo* **Beispill** mäi Monni ass duerch eng Ierfschaft **steeräich** ginn

Steeschlaang [ʃt'e:ʃla:ŋ] Femininum (Pluriel **Steeschlaangen**) **DE** *Steinschlange* • **FR** *serpent de pierres, rangée de pierres (décorées) l'installée comme témoignage de solidarité* • **EN** *rock snake* [*la sign of community spirit*] • **PT** *fila de pedras (decoradas) l'instalada como expressão de solidariedade*] **Beispill** um Spazéierwee laanscht d'Baach hunn d'Kanner aus der Gemeng eng schéi faarweg **Steeschlaang** geluecht

Steesel [ʃt'e:zəl] Eegennumm **DE** *Steinsel* • **FR** *Steinsel* • **EN** *Steinsel* • **PT** *Steinsel* **Beispiller** ech wunnen zu **Steesel**; fiert dëse Bus op **Steesel**?

Stéft [ʃtæft] Maskulinum (Pluriel **Stëfter**) **1.** **DE** *Stift* [*kleiner Pflock*] • **FR** *tige, cheville, fiche* • **EN** *dowel* • **PT** *cavilha, pino* **Beispill** déi al Schief ginn dacks mat **Stëfter** zesummegehalen **2.** **DE** *Stift, Filzstift* • **FR** [*crayon*] *feutre, stylo-feutre* • **EN** *felt-tip (pen)* • **PT** *caneta de feltro* **Beispiller** ech brauch nei **Stëfter**, déi al sinn all ver-

dréchent; eist Klengt moolt am léifste mat **Stëfter** **Synonymmen** Filzstéft, Feuter, Tuschbic, Tuschstéft, Tuschfaarf

stëften [ʃt'æftən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gestëft**) » **transitiv** **DE** *stiften* • **FR** *offrir, faire don de, payer (pour)* • **EN** *to donate* • **PT** *oferecer, doar* **Beispill** de fréieren Dirigent huet der Musek e **Xylofon** **gestëft**

📌 Verb, dat **stëften** als Basis huet: ↗**ustëften**

Stëftung [ʃt'æftuŋ] Femininum (Pluriel **Stëftungen**) **DE** *Stiftung* • **FR** *fondation* [*par donations, par legs*] • **EN** *foundation, trust* • **PT** *fundação* [*criada por doações, por legados*] **Beispiller** eis **Stëftung** këmmert sech ëm Weesekanner; d'Kierchefënstere sinn duerch eng **Stëftung** finanziéiert ginn **Synonym** **Fondatioun**

Stëftzant [ʃt'æftzant] Maskulinum (Pluriel **Stëftzänn**) **DE** *Stiftzahn* • **FR** *dent sur pivot, dent à pivot* • **EN** [*artificial*] *crow, pivot tooth* • **PT** *coroa dentária sobre pivô* **Beispill** e **Stëftzant** ass eng künstlech **Kroun**, déi un der **Zännwuerzel** verankert gëtt

Steier [ʃt'aie] Femininum (Pluriel **Steieren**) **1.** **DE** *Steuer* [*Art*] • **FR** *impôt* [*type, catégorie*] • **EN** *tax* [*kind*] • **PT** *imposto* [*tipo, categoria*] **Beispill** duerch eng nei **Steier** konnt de Staat siwe Milliounen Euro anzéien **2.** (kee Singulier) **DE** *Steuern* [*Betrag*] • **FR** *impôts* [*montant*] • **EN** *taxes* [*amount*] • **PT** *impostos* [*montante*] **Beispill** dëst Joer hunn ech nach **Steieren** nozebezuelen **3.** (kee Singulier) [ɛ̃ɡs] **DE** *Finanzamt* [*Behörde*] • **FR** *impôts* [*administration*] • **EN** *tax office, Inland Revenue* [*administration*] • **PT** *finanças* [*administração pública*] **Beispiller** meng Schwëster schafft bei de **Steieren**; mer hu Courier vun de **Steieren** an der Boîte **Synonymmen** **Steieramt**, **Steierverwaltung**

Stéier [ʃt'ɛie] Maskulinum (Pluriel **Stéieren**) **1.** **DE** *Stier* [*Tier*] • **FR** *taureau* [*animal*] • **EN** *bull* • **PT** *tauro* [*animal*] **Beispill** de **Stéier** huet dem Bauer zwou Rëpper age-dréckt **2.** **DE** *Stier* [*Sternzeichen*] • **FR** *Taureau* [*signe astrologique*] • **EN** *Taurus, the Bull* [*sign of the Zodiac*] • **PT** *Touro* [*signo do zodiaco*] **Beispiller** de **Stéier** ass eent vun den zwielf **Stärenzeechen**; meng **Kanner** sinn allen zwee **Stéier**; ech versti mech gutt mat **Stéieren**

Steier [ʃt'aie] Neutrum (Pluriel **Steieren**) **DE** *Steuer*, *Lenkrad* • **FR** *volant* [*d'un véhicule*] • **EN** *steering wheel* • **PT** *volante* [*de um veículo*] **Beispiller** dee Klengen huet sech um **Steier** vun Knuppauto d'Zänn ausgeschoen; de **Chauffer** ass um **Steier** entschlof; de **Chauffer** ass hannerem **Steier** entschlof [de **Chauffer** ass iwwerem **Fueren** entschlof] **Synonymmen** **Steier-rad**, **Volant**

Steieramt [ʃt'aieamt] Neutrum (Pluriel **Steierämter**) **1.** **DE** *Finanzamt* [*Behörde*] • **FR** *fisc* [*administration*] • **EN** *tax department, Inland Revenue* • **PT** *repartição de Finanças* [*administração dos impostos*] **Beispill** eis **Entreprise** muss dem **Steieramt** véiermol am Joer **Avancé** bezuelen **Synonym** **Steierverwaltung** **2.** **DE** *Finanzamt* [*Gebäude*] • **FR** [*locaux du*] *fisc* • **EN** *tax office* [*building*] • **PT** *repartição de Finanças* [*edifício*] **Beispill** d'**Steieramt** ass am Zentrum vun der Stad **Synonym** **Steierverwaltung**

stéieren [ʃt'ɛieɪəŋ] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gestéiert**) » **transitiv** **1.** **DE** *stören* [*unterbre-*

chen) • **FR** *déranger* [interrompre] • **EN** *to disturb* [to interrupt] • **PT** *estorvar*, *interromper* **Beispiller** ech wëll de Moien um Büro net gestéiert ginn; däerf ech Iech kuerz steieren? **Synonym** derangéieren **2. DE** *stören* [lästig sein, lästig werden] • **FR** *déranger*, *gêner*, *importuner* • **EN** *to bother*, *to disturb* • **PT** *estorvar*, *incomodar*, *importunar* **Beispiller** stéiert et Iech, wann ech fëmmen?; ech fannen dee Restaurant sympathesch, mee déi kitscheg Biller stéiere mech; déi vill Niewegeräischer am Radio stéiere mech; owes lauschteren ech meng Musek mam Kask, fir d'Noperen net ze steieren **Synonymmen** derangéieren, genéieren **3. DE** *stören* [tadeln, zurechtweisen] • **FR** *déranger*, *arrêter* [dans un comportement qu'on désapprouve] • **EN** *to tell off*, *to reprimand* • **PT** *interromper* [para censurar um comportamento inadequado] **Beispill** et muss een d'Kanner steieren, wann se sech derniewentbehuelen » **reflexiv 4.** sech steieren un **DE** *sich stören an* • **FR** *se sentir dérangé par* • **EN** *to be upset by*, *to be bothered by* • **PT** *incomodar-se com* [sentir-se perturbado com] **Beispiller** de Riedner huët sech net un de Protester vun der Géigepartei gestéiert; ech stéiere mech net um Chef senger secker Manéier

steieren [ʃt'ɑ:ɪəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gesteiert) » **transitiv 1.** **DE** *steuern* [ein Fahrzeug] • **FR** *manœuvrer* [un véhicule] • **EN** *to steer* [a vehicle] • **PT** *manobrar* [um veículo] **Beispill** fir esou e Gefier ze steieren, brauchts de eng gewëssen Erfahrung **2. DE** *steuern* [bedienen] • **FR** *commander*, *actionner* • **EN** *to control*, *to operate* • **PT** *comandar*, *acionar* **Beispill** am Walzwierk gëtt d'Produktium vum Kontrollraum aus gesteiert **3. DE** *steuern* [beeinflussen] • **FR** *diriger*, *contrôler* [influencer] • **EN** *to influence*, *to determine*, *to direct* • **PT** *comandar*, *controlar* [influenciar] **Beispiller** d'Offer steiert d'Nofro; d'Onroue goufe vum Geheimdéngscht gesteiert

i Verben, déi **steieren** als Basis hunn: **♣**bäisteieren, **♣**fernsteieren an **♣**usteieren

Steiererhijung [ʃt'ɑ:ɪəɾəhɪʒuŋ] Femininum (Pluriel Steiererhijungen) **DE** *Steuererhöhung* • **FR** *augmentation d'impôt(s)* • **EN** *tax increase* • **PT** *aumento de imposto(s)* **Beispill** d'Regierung diskutéiert mat de Sozialpartner iwwer eng eventuell Steiererhijung

Steiererklärung [ʃt'ɑ:ɪəɾkɛ:lʀuŋ] Femininum (Pluriel Steiererklärungen) **1. DE** *Steuererklärung* [Handlung] • **FR** *déclaration d'impôts* [démarche] • **EN** *tax return* [administrative step] • **PT** *declaração de impostos* [ato] **Beispill** hues de deng Steiererklärung scho gemaach? **2. DE** *Steuererklärung* [Dokument] • **FR** *déclaration d'impôts* [document] • **EN** *tax return* [document] • **PT** *declaração de impostos* [documento] **Beispill** vergiess net, deng Steiererklärung ze ënnerschreien!

Steiergeld Neutrum (Pluriel Steiergelder) (meeschdens Pluriel) **DE** *Steiergeld* • **FR** *recettes fiscales*, *impôts* • **EN** *tax money*, *tax revenue* • **PT** *receitas fiscais*, *impostos* **Beispill** öffentlech Projete gi mat Steiergelder finanzéiert

Steiergesetz [ʃt'ɑ:ɪəgəzæts] Neutrum (Pluriel Steiergesetze) **DE** *Steiergesetzgebung* • **FR** *législation fiscale* • **EN** *tax law* • **PT** *legislação fiscal* **Beispill** dat neit Steiergesetz gëtt haut am Parlament gestëmmt

Steierhannerzëiung [ʃt'ɑ:ɪəhanetsɪuŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Steuerhinterziehung* • **FR** *fraude fiscale* • **EN** *tax evasion* • **PT** *fraude fiscal* **Beispill** de Geschäftsmann gouf wëinst Steierhannerzëiung verurteelt

Steierjoer [ʃt'ɑ:ɪjɔ:ɐ] Neutrum (Pluriel Steierjoren) **DE** *Steuerjahr* • **FR** *année fiscale*, *exercice fiscal* • **EN** *tax year* • **PT** *ano fiscal*, *exercício fiscal* **Beispill** an dësem Steierjoer profitéieren ech nach vun engem Abbattemnt

Steierkaart Femininum (Pluriel Steierkaarten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Steierklass Femininum (Pluriel Steierklassen) **DE** *Steuerklasse* • **FR** *classe d'impôt* • **EN** *tax class* • **PT** *escalaõ de imposto* **Beispill** wann s de celibataire bass, fäls de an eng aner Steierklass ewéi bestuete Leit

steuerlech [ʃt'ɑ:ɪeləç] Adjektiv **DE** *steuerlich* • **FR** *fiscal* <Adverb *fiscalement*> • **EN** *tax*, *fiscal* <Adverb *fiscally*> • **PT** *fiscal* <Adverb *fiscalmente*> **Beispiller** duerch dëst Investissement hues de e steuerleche Virdeel; Jonggelle gi steuerlech méi belaauscht ewéi bestuete Leit

Steierrad [ʃt'ɑ:ɪɛrɑ:t] Neutrum (Pluriel Steierrieder) **DE** *Lenkrad*, *Steuer* • **FR** *volant* [d'un véhicule] • **EN** *steering wheel* • **PT** *volante* [de um veículo] **Beispiller** looss deng zwou Hänn um Steierrad!; de Chauffer ass um Steierrad entschlof; de Chauffer ass innerem Steierrad entschlof [de Chauffer ass iwwerem Fueren entschlof] **Synonym** Volant

Steierreform [ʃt'ɑ:ɪɛrɛfɔrm] Femininum (Pluriel Steierreformen) **DE** *Steierreform* • **FR** *réforme fiscale* • **EN** *tax reform* • **PT** *reforma fiscal* **Beispill** entgéint alle Behauptunge profitéiere vill Leit vun der Steierreform

Steiersaz [ʃt'ɑ:ɪɛzɑ:ts] Maskulinum (Pluriel Steiersätze) **DE** *Steuersatz* • **FR** *taux d'imposition* • **EN** *tax rate* • **PT** *taxa do imposto* **Beispill** de Steiersaz ass graduell eropgesat ginn

Steiersuen Maskulinum (kee Singulier) **DE** *Steiergelder* • **FR** *recettes fiscales*, *impôts* • **EN** *tax money*, *tax revenue* • **PT** *receitas fiscais*, *impostos* **Beispill** öffentlech Projete gi mat Steiersue finanzéiert **Synonym** Steiergelder

Steiersystem [ʃt'ɑ:ɪɛsɪstɛ:m] Maskulinum (Pluriel Steiersystemer) **DE** *Steuersystem* [Steuerwesen] • **FR** *système fiscal* • **EN** *tax system* • **PT** *sistema fiscal* **Beispiller** den nei gewielte Politiker trëtt fir eng Reform vum Steiersystem an; den neie Steiersystem favoriséiert déi Leit, déi net vill verdéngen

Stéierung [ʃt'ɛ:ɪəruŋ] Femininum (Pluriel Stéierungen) **DE** *Störung* [Unterbrechung] • **FR** *dérangement* [interruption] • **EN** *interruption*, *disruption* • **PT** *incómodo* [interrupção] **Beispill** entschëllegt d'Stéierung, ech bräicht nëmmen e klenge Renseignement! **Synonym** Derangement

Steierupassung Femininum (Pluriel Steierupassungen) **DE** *Steueranpassung* • **FR** *adaptation fiscale* • **EN** *tax adaptation* • **PT** *adaptação fiscal* **Beispill** d'Regierung diskutéiert mat de Sozialpartner iwwer eng eventuell Steierupassung

Steierverwaltung [ʃt'ʔɛfɛvɔltʊŋ] Femininum (Pluriel Steierverwaltungen) **1. DE** Finanzamt [Behörde] • **FR** fisc [administration] • **EN** tax department, Inland Revenue • **PT** repartição de Finanças [administração dos impostos] **Beispill** mäin Eedem ass Inspekter op der Steierverwaltung **Synonym** Steieramt **2. DE** Finanzamt [Gebäude] • **FR** (locaux du) fisc • **EN** tax office [building] • **PT** repartição de Finanças [edifício] **Beispill** d'Steierverwaltung ass am Zentrum vun der Stad **Synonym** Steieramt

Steierzueler Maskulinum (Pluriel Steierzueler) **DE** Steuerzahler • **FR** contribuable • **EN** tax payer • **PT** contribuinte **Beispill** de Staat soll dem Steierzueler seng Suen net lichtfankeg ausginn

steif [ʃtʔaɪf] Adjektiv **1. DE** steif, starr • **FR** rigide, raide • **EN** stiff, rigid • **PT** rígido, hirto, teso **Beispiller** ech hunn d'Fangere steif vu Keelt; wéi d'Police d'Läich fonnt huet, war se scho steif; ech muss onbedéngt turne goen, ech si steif ewéi e Briet; hien huet steif a fest behaapt, en hätt mer d'Bicher erëmginn [ëgs] [hien huet stuer behaapt, en hätt mer d'Bicher erëmginn]; ech erwächen all Muere mat engem Steiwen [vulgär] [ech erwächen all Muere mat enger Erektioun]; de Monni ass alt erëm eng Kéier steif heemkomm [ëgs] [de Monni ass alt erëm eng Kéier voll heemkomm] **2. DE** steif [konsistent] • **FR** épais [consistant] • **EN** stiff, thick [jam, sauce], hard, solid [soil] • **PT** espesso [consistente] **Beispiller** eist Quiddegebeess wollt einfach net steif ginn; ech hunn am Gaart weider näischt ewéi steiwe Buedem **3. DE** steif [förmlich] • **FR** compassé, guindé <Adverb de façon guindée> • **EN** stiff, formal <Adverb formally> • **PT** rígido, cerimonioso <Adverb de forma rígida, de forma cerimoniosa> **Beispiller** déi ganz Zeremonie war vill ze steif; op deem Tesse goung et ganz steif erf

Stéifbrudder [ʃt'ʔɪfbrudɛ] Maskulinum (Pluriel Stéifbridder) **DE** Stiefbruder • **FR** demi-frère • **EN** stepbrother • **PT** meio-irmão **Beispill** ech verdroe mech ganz gutt mat mengem Stéifbrudder

Stéifkand [ʃt'ʔɪfkant] Neutrum (Pluriel Stéifkanner) **DE** Stiefkind • **FR** beau-fils, belle-fille, beaux-enfants [nés d'un autre lit] • **EN** stepchild • **PT** enteado, enteada **Beispill** meng Mamm mécht keen Ènnerscheed tëschent hiren eegene Kanner an hire Stéifkanner

Stéifmamm [ʃt'ʔɪfmam] Femininum (Pluriel Stéifmammen) **DE** Stiefmutter • **FR** belle-mère [d'un enfant] • **EN** stepmother • **PT** madrasta **Beispill** ech si vun Ufank u gutt mat menger Stéifmamm eens ginn

Stéifpapp [ʃt'ʔɪfpap] Maskulinum (Pluriel Stéifpappen / Stéifpäpp) **DE** Stiefvater • **FR** beau-père [d'un enfant] • **EN** stepfather • **PT** padrasto **Beispill** säi Stéifpapp huet dee Jong ni richtig akzeptéiert

Stéifschwëster [ʃt'ʔɪfʃwɛstɛ] Femininum (Pluriel Stéifschwëstere) **DE** Stiefschwester • **FR** demi-sœur • **EN** stepsister • **PT** meia-irmã **Beispill** meng Stéifschwëster ass dräi Joer méi jonk ewéi ech

steigen [ʃt'ʔɪzɔŋ] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gestigen)

I Hei entsteeet en neien Artikel.

I Verben, déi **steigen** als Basis hunn: ʔasteigen, ʔëmsteigen, ʔofsteigen an ʔopsteigen

steigeren [ʃt'ʔɪzɔrɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesteigert) » **transitiv 1. DE** steigern [erhöhen] • **FR** augmenter, améliorer • **EN** to increase, to improve • **PT** aumentar, melhorar **Beispiller** fir iwwe d'Ronnen ze kommen, muss d'Firma dréngend hiren Èmsaz steigern; d'Ekip muss hir Leeschtung steigern, wann se den Titel wëllt gewannen **2. DE** steigern [ein Adjektiv, ein Adverb] • **FR** mettre au comparatif, mettre au superlatif • **EN** to compare [grammatically] • **PT** colocar no grau comparativo, colocar no grau superlativo **Beispill** verschidden Adjektive kann een net steigern » **reflexiv 3. DE** sich steigern [sich verbessern] • **FR** s'améliorer • **EN** to improve [one's performance] • **PT** melhorar, aperfeiçoar-se **Beispill** wat d'Leeschtung ugeet, huet d'Schwëmmerin sech am Laf vun engem Joer enorm gesteigert **4. sech steigern an** **DE** sich hineinsteigern in • **FR** se laisser emporter par [un sentiment] • **EN** to work oneself up into • **PT** deixar-se levar por [um sentimento] **Beispill** eise Klenge kann sech esou richtig a seng Roserei steigern

Steigerung [ʃt'ʔɪzɔrʊŋ] Femininum (Pluriel Steigerungen) **1. DE** Steigerung [Erhöhung] • **FR** augmentation, amélioration • **EN** improvement, increase • **PT** aumento, melhoramento **Beispiller** d'Supporter waarden op eng Steigerung vun der Ekip hirer Leeschtung; bei esou vill Dommheet ass eng Steigerung bal net méiglech **2. DE** Steigerung [Komparation] • **FR** comparaison [grammaticale], degré(s) de comparaison • **EN** comparison [grammatical] • **PT** comparação [gramatical], grau(s) de comparação **Beispill** d'Schüler hunn zwee Exercicen iwwe d'Steigerung vun den Adjektive geschriwwen

Stéiplaz [ʃt'ʔɪpla:ts] Femininum (Pluriel Stéiplazen) **DE** Stehplatz • **FR** place debout • **EN** standing room • **PT** lugar de pé **Beispiller** am Tram gëtt et méi Stéiplazen ewéi Sëtzplazen; si fir den éischte Match vun der Saison nach Stéiplazen am Stadion ze kréien?

Stéisser [ʃt'ʔɪsɛ] Maskulinum (Pluriel Stéisser) **DE** Stampfer, Stöbel • **FR** presse-purée, pilon • **EN** masher, pestle • **PT** esmagador [de batatas], pilão [de almofariz] **Beispiller** ech huele gewéinlech e Stéisser, fir Püree aus de Gromperen ze maachen; ech maachen de Pesto ëmmer frësch mam Stéisser

steiwen [ʃt'ʔɪvɔn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesteift) » **transitiv DE** stärken [Wäsche] • **FR** empeser, amidonner • **EN** to starch [clothing] • **PT** engomar [com gomal] **Beispill** de Col an d'Manchettë vun den Hiemer gi mat engem spezielle Produit gesteift

stëll [ʃtɛl] Adjektiv **DE** still • **FR** silencieux • **EN** silent, quiet • **PT** silencioso **Beispiller** d'Gedenkminutt ass e stëlle Protest géint de Krich; kanns du dann net ee Moment stëll sinn?

Stëll [ʃtɛl] Femininum (kee Pluriel) an aller Stëll **DE** in aller Stille • **FR** en toute intimité • **EN** privately, in private • **PT** na mais estrita intimidade **Beispiller** d'Begriefnes ass an aller Stëll; de Verstuerwene gëtt an aller Stëll begruwwen

I Variant: Stëllt

Stellage [stæ'l'a:] Femininum (Pluriel Stellagen) **DE** *Stellage* • **FR** *étagère* • **EN** *shelves* [furniture] • **PT** *estante* [móvel] **Beispill** ech brauch eng Stellage fir meng Bicher **Synonymen** Etagère, Regal

stellen [ʃt'æln] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé *gestallt*) » **transitiv 1. DE** *stellen* [aufrecht] • **FR** *mettre debout* • **EN** *to stand* [to place upright] • **PT** *pôr de pé* [em posição vertical] **Beispill** fir de Wäin ze versueren, soll een d'Fläsche leeën, net **stellen 2. DE** *stellen* [an eine bestimmte Stelle] • **FR** *mettre, placer* [en un certain endroit] • **EN** *to place, to put* [in a certain place] • **PT** *pôr, colocar* [em determinado lugar] **Beispiller** *stell* déi Leeder erëm duer, wou s de se geholl has!; d'Famill *huet* Blummestäck op d'Graf *gestallt*; mir hunn e Marder un Späicher, mer müssen eng Fal *stellen 3. DE* *stellen* [äußern, vorbringen] • **FR** *poser, formuler, établir* • **EN** *to ask* [questions], *to make* [demands, diagnosis] • **PT** *colocar, formular, estabelecer* **Beispiller** déi Fro *gëtt* dacks *gestallt*; ech wëll keng onverschimmte Fuerderunge *stellen*; d'Doktesch brauch d'Resultater vun der Blutanalys, fir kënnen eng Diagnos ze *stellen 4. DE* (zur Verfügung) *stellen* • **FR** *mettre à disposition* (de) • **EN** *to place at somebody's disposal, to make available* • **PT** *pôr à disposição* (de) **Beispiller** d'Gemeng *stellt* dem Portier vun der Schoul d'Wunneng; wann dir d'Esse spendéiert, da *stellen* ech d'Gedréns; ech sträichen d'Wunneng frësch un, mee de Proprietär *stellt* d'Material **5. DE** *stellen* [zur Bekleidung eines Amtes] • **FR** *désigner* [à un poste officiel] • **EN** *to appoint, to designate* • **PT** *designar* [para um cargo] **Beispill** déi selwecht Partei *huet* an deenen zwou leschte Regierungen den Ausseminister *gestallt 6. DE *stellen* [einstellen] • **FR** *régler* [effectuer le réglage de] • **EN** *to set* [to adjust, to regulate] • **PT** *pôr, acertar* [ajustar, regular] **Beispiller** *stell* d'Temperatur vum Heizkierper méi niddereg!; ech *hunn* de Wecker op siwen Auer *gestallt* » **reflexiv 7. DE** *sich stellen* [aufrecht] • **FR** *se lever, se mettre* (debout) • **EN** *to stand up* • **PT** *levantar-se, pôr-se* (de pé) **Beispiller** ech *hu* mech am Bus *gestallt*, fir enger eelerer Damm meng Plaz ze loosse; de klengen Hond *huet* sech op d'hënescht Patte *gestallt 8. DE* *sich stellen* [in eine bestimmte Position] • **FR** *se mettre* [prendre une certaine position] • **EN** *to stand* [to position oneself] • **PT** *pôr-se* [em determinada posição] **Beispill** *stellt* iech der Gréisst no an d'Rei! **9. DE** *sich stellen* [sich ausliefern] • **FR** *se livrer à, se rendre à* • **EN** *to turn oneself in to, to surrender to* • **PT** *entregar-se a* [render-se a] **Beispiller** de Gangster *huet* sech schlussendlech der Police *gestallt*; ech muss mech där Problematik *stellen* [ech muss mech mat där Problematik auserneeetzen] **10. DE** *sich stellen* [vorkommen] • **FR** *se poser* [se présenter, survenir] • **EN** *to arise, to occur, to present itself* [problem] • **PT** *pôr-se* [apresentar-se, ocorrer] **Beispiller** dee selwechte Problem *stellt* sech ëmmer op en Neits; déi Fro *stellt* sech hei net **11. DE** *sich stellen* [vortäuschen] • **FR** *faire semblant d'être* • **EN** *to play, to pretend to be* • **PT** *fazer-se, fingir-se* **Beispiller** wann hien net wëll äntweren, *stellt* en sech blann an daf; ech *hunn* d'Impressioun, datt hien sech express domm *stellt 12. DE* *sich aufführen* [sich schlecht benehmen] • **FR** *mal se comporter, faire des siennes* • **EN** *to behave badly* • **PT** *comportar-se mal, fazer das suas* **Beispiller** d'Kanner *hunn* sech nees schéi *gestallt*!; *stell* dech net esou! **Synonym** sech opféieren*

1 Verben, déi **stellen** als Basis hunn: *astellen, ausstellen, bloussstellen, dohistellen, duerstellen, duerstellen, emstellen, ennerstellen, erastellen, erausstellen, erofstellen, eropstellen, ewechstellen, feststellen, frästellen, géintniwwerstellen, géintiwuerstellen, gläichstellen, hanneschtstellen, hierstellen, kloerstellen, nostellen, ofstellen, opstellen, richtegstellen, sécherstellen, ustellen, virstellen, zefriddestellen, zereckstellen, zesummestellen* an *zoustellen*

stellen Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé *gestëllt*)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Stellwäert [ʃt'ælvæ:ɐ̯t] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Stellenwert* • **FR** *importance* [valeur] • **EN** *importance* [value] • **PT** *importância* [valor] **Beispill** d'Aarbecht *huet* fir vill Leit e grouse *Stellwäert* **Synonym** Bedeitung

Stëllmass [ʃt'əlmɑs] Femininum (Pluriel *Stëllmassen*) **DE** *stille Messe* • **FR** *messe basse, messe lue* • **PT** *missa rezada* **Beispill** d'Sechswochemass *gëtt* duerch *Stëllmassen* ersat

Stëllstand Maskulinum (Pluriel <seelen> *Stëllstänn*)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Stëllt [ʃtəlt] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun *Stëll*

Stellung [ʃt'ælvuŋ] Femininum (Pluriel *Stellungen*) **1. DE** *Stellung* [Rang] • **FR** *position, statut* • **EN** *position, status* • **PT** *posição, estatuto* **Beispill** d'*Stellung* vun der Fra an der Gesellschaft ass haut eng aner ewéi fréier **2. Stellung** huelen (zu) / *Stellung* bezéien (zu) **DE** *Stellung nehmen* (zu), *Stellung beziehen* (zu) • **FR** *prendre position* (par rapport à) [un sujet] • **EN** *to express an opinion* (on), *to take a position* (on) • **PT** *tomar posição* (sobre) [um assunto] **Beispiller** eis Fraktioun muss elo *Stellung* huelen!; d'Ministesch *huet* zu deem Problem *Stellung* bezunn **3. DE** (militärische) *Stellung* • **FR** *position* [de troupes militaires] • **EN** *position* [of troops] • **PT** *posição* [de tropas militares] **Beispiller** déi feindlech *Stellung* goufen ageholl; d'Zaldoten *hunn* et fäerdegbruecht, fir 14 Deeg laang hir *Stellung* ze halen; ech *hu* ganz eleng missen d'*Stellung* halen [ëgs] [ech hat ganz eleng d'Verantwortung]

Stellungnam [ʃt'ælvuŋna:m] Femininum (Pluriel *Stellungnamen*) **DE** *Stellungnahme* • **FR** *prise de position* • **EN** *position* [point of view] • **PT** *tomada de posição* **Beispill** d'Regierung *huet* an hirer *Stellungnam* op déi ekonomesch Contrainten higewisen

Stellvertieder [ʃt'ælvfetrɪəde] Maskulinum (Pluriel *Stellvertieder*) **DE** *Stellvertreter* • **FR** *suppléant* • **EN** *deputy* • **PT** *suplente* [substituto] **Beispill** d'Direktesch hat hire *Stellvertieder* op d'Konferenz geschéckt

1 Weiblech Form: *Stellvertiederin*

Stellvertiederin [ʃt'ælvfetrɪədərɪn] Femininum (Pluriel *Stellvertiederinnen*) **DE** *Stellvertreterin* • **FR** *suppléante* • **PT** *suplente* [substituta] **Beispill** de Chef hat de Moien seng *Stellvertiederin* an d'Reunioun geschéckt

1 Männlech Form: *Stellvertieder*

Stellwierk Neutrum (Pluriel *Stellwierker*)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Stelz [ʃtæltz] Femininum (Pluriel Stelzen) **DE** *Stelze* [Gehstange] • **FR** *échasse* [d'acrobate, de berger] • **EN** *stilt(s)* [for walking] • **PT** *anda* [perna alta de paul] **Beispill** virum Zirkus huet e Clown op Stelzen d'Leit begréisst

stelzen [ʃt'æltzən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gestelzt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Stëmm [ʃtəm] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Stimme* [Fähigkeit, Laute zu erzeugen] • **FR** *voix* [habileté de produire des sons] • **EN** *voice* [ability to produce sounds] • **PT** *voz* [habilidad de producir sons] **Beispill** ech hunn den Ament keng Stëmm, well ech mech erkaalt hunn **2.** (Pluriel Stëmmen) **DE** *Stimme* [Klangfarbe] • **FR** *voix* [son de la voix] • **EN** *voice* [sound of the voice] • **PT** *voz* [som da voz] **Beispiller** ech hu meng Frënden um Telefon un der Stëmm erkannt; dat klengt Meedchen huet eng piipseg Stëmm; deen neie Speaker huet eng agreabel Stëmm; am Märchen huet de Wollef Kräid gefriess, fir seng Stëmm ze verstellen **3.** (Pluriel Stëmmen) **DE** *Stimme*, *Meinung* • **FR** *voix* [opinion] • **EN** *voice* [opinion] • **PT** *voz* [opinião] **Beispill** d'Stëmm vum Vollek fënnit dacks kee Gehéier **Synonym** Meenung **4.** (Pluriel Stëmmen) **DE** *Stimme* [bei einer Wahl] • **FR** *voix*, *vote* • **EN** *vote* • **PT** *voto* [numa eleição] **Beispiller** wien vum de Kandidat gëss du deng Stëmm?; d'Walresultat gëtt eréischt da bekannt gemaach, wann d'Stëmmen all ausgezilt sinn; hien huet d'Wale mat engem Virsprong vun e puer dausend Stëmmen gewonnen **Synonym** Walstëmm **5.** (Pluriel Stëmmen) **DE** *Stimme* [Hauptstimme, Begleitstimme] • **FR** *voix* [mélodie, partie musicale] • **EN** *voice* [vocal part] • **PT** *voz* [melodia, parte musical] **Beispill** bei dësem Lidd kann ech eng zweet Stëmm matsangen **6.** (Pluriel Stëmmen) **DE** *Stimme* [Stimmelage] • **FR** *voix* [registre vocal] • **EN** *voice* [vocal range] • **PT** *voz* [registro vocal] **Beispill** am Kierchechouer sinn net all Stëmmen besat **7.** (Pluriel Stëmmen) **DE** *Stimme*, *Part* [eines Gesangsstücks] • **FR** *partition* [de chanteur(s)] • **EN** *score*, *music* • **PT** *partitura*, *parte* [de cantor(es)] **Beispill** den Dirigent huet haut déi nei Stëmmen ausgedeelt **Synonymmen** Partitioun, Partitur, Nouten

Stëmmbroch [ʃt'əmbroχ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Stimmbruch* • **FR** *mue* [de la voix] • **EN** *breaking of the voice* • **PT** *mudança de voz* [nos jovens] **Beispiller** wéinst mengem Stëmmbroch hunn ech missen am Kannerchouer ophalen; eise Bouf koun mat 14 Joer an de Stëmmbroch

Stëmmchen [ʃt'əmçən] Femininum (Pluriel Stëmmchen) - Diminutivform vun ↗Stëmm

Stëmmgläichheet [ʃt'əmglæ:ɪche:t] Femininum (Pluriel <seelen> Stëmmgläichheeten) **DE** *Stimmgleichheit* • **FR** *égalité des voix* • **EN** *tied vote* • **PT** *empate de votos* **Beispill** bei Stëmmgläichheet entscheet de President vun der Jury

stëmmen [ʃt'əmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestëmmt) » **transitiv 1.** **DE** *verabschieden* [ein Gesetz] • **FR** *voter* [une loi] • **EN** *to pass* [a law] • **PT** *votar* [uma lei] **Beispill** d'Gesetz gouf vun der Majoritéit gestëmmt **Synonym** votéieren **2.** **DE** *wählen* [eine Par-

tei, eine Person] • **FR** *voter pour* [un parti, une personne] • **EN** *to vote for* [a party, a person] • **PT** *votar em* [num partido, numa pessoa] **Beispiller** weess du schonn, wéi eng Partei s de e Sonndeg stëmms?; ech stëmmen op all Lëscht déi jéngst Kandidaten **Synonym** wäelen **3.** **DE** *stimmen* [ein Musikinstrument] • **FR** *accorder* [un instrument de musique] • **EN** *to tune* [an instrument] • **PT** *afinar* [um instrumento musical] **Beispill** nom Plënnere muss eise Piano gestëmmt ginn » **intransitiv 4.** **DE** *stimmen* [für oder gegen] • **FR** *voter* [pour ou contre] • **EN** *to vote* [for or against] • **PT** *votar* [por ou contra] **Beispill** d'Majoritéit vun der Chamber huet géint den Amendement vum Gesetzestext gestëmmt **Synonym** votéieren **5.** **DE** *wählen* [zur Wahl gehen] • **FR** *voter* [exprimer son suffrage] • **EN** *to vote*, *to cast a vote* [in an election] • **PT** *votar* [dar o seu voto] **Beispill** du muss groussjäreg sinn, fir däerfe stëmmen ze goen **Synonym** wäelen **6.** **DE** *stimmen* [in Ordnung sein, zutreffen] • **FR** *être correct*, *être juste*, *être exact* • **EN** *to be right* [to be correct] • **PT** *estar certo*, *ser correto*, *ser exato* **Beispiller** den Dosage muss stëmmen, fir datt d'Spréztmëttel wierkt; dat, wat s du do ziels, kann net stëmmen!; d'Konten hu bis an de leschten Detail gestëmmt

I Verben, déi stëmmen als Basis hunn: ↗astëmmen, ↗ëmstëmmen, ↗iwwereneestëmmen, ↗iwwerteneestëmmen, ↗ofstëmmen, ↗ustëmmen an ↗zoustëmmen

stemmen [ʃt'æmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestemmt) » **transitiv DE** *stemmen* [hochheben] • **FR** *soulever* [en poussant vers le haut] • **EN** *to lift* [weights] • **PT** *levantar* [empurrando para cima] **Beispiller** dee jonken Athleet stemmt bal honnert Kilo; de Monni stemmt ouni Problem eng Dosen Humpen ^[egs] [de Monni packt ouni Problem eng Dosen Humpen]

Stëmmenzuel Femininum (Pluriel <seelen> Stëmmenzuelen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Stëmmequot Femininum (Pluriel Stëmmequoten)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Stëmmgafel Femininum (Pluriel Stëmmgafelen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

stëmmhaft [ʃt'əmhaft] Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

stëmmlos [ʃt'əmlo:s] Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

i Kuckt och déi etabléiert Termen ↗falen an ↗trëllen.

Stolwierk [ʃt'o:lvi:gk] Neutrum (Pluriel Stolwierker) DE *Stahlwerk* • FR *aciérie* • EN *steel mill* • PT *aciaria* **Beispiller** mä Papp war Viraarbechter am **Stolwierk**; am **Stolwierk** gétt nach ëmmer op Schichte geschafft

Stolz [ʃto:ltz] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *Stolz* [Befriedigung] • FR *fierté* [satisfaction] • EN *pride* [satisfaction] • PT *orgulho* [satisfação] **Beispiller** voller **Stolz** huet d'**Boma** de Frëndinnen hiren Enkel virgestallt; du bass mä ganze **Stolz** [ech sinn op näischt méi stolz ewéi op

dech] **Synonym** Houfert **2.** DE *Stolz* [Ehrgefühl] • FR *fierté*, (sens de l'honneur • EN *pride* [sense of honour] • PT *orgulho* [dignidade, brio] **Beispiller** du hues säi **Stolz** verletzt; firwat léiss de der déi Frechheete gefalen, hues de kee **Stolz**? **Synonymmen** Eier, Eiergefill **3.** DE *Stolz* [Hochmut] • FR *fierté* [orgueil] • EN *pride* [self-importance] • PT *orgulho* [soberbia] **Beispill** mir wollten em hëllefen, mee säi **Stolz** huet et net zougelooos

stolz [ʃto:ltz] Adjektiv **1.** stolz (op) DE *stolz* (auf) • FR *fier* (de) <Adverb fièrement> • EN *proud* (of) <Adverb proudly> • PT *orgulhoso* (de) <Adverb orgulhosamente> **Beispiller** hien ass **stolze** Besëtzer vun engem Chalet an de Bierger; déi Regioun ass **stolz** op hir Wäiner; op déi Leeschtung brauchs de net **stolz** ze sinn [ironesch] [déi Leeschtung ass lamentabel] **Synonym** houfereg (op) **2.** DE *stolz* [hochmütig] • FR *fier, arrogant, hautain* • EN *proud* [self-important] • PT *orgulhoso, arrogante, altivo* **Beispill** hatt ass ze **stolz**, fir sech mat eis opzehalen **3.** [ëgs] **stolze** Präis DE *stolzer Preis* • FR *prix élevé, prix coquet* • EN *steep price, stiff price* • PT *preço elevado, preço chorudo* **Beispill** an deem Buttek hunn se nawell **stolz** Präisser!

Stolzebuerg [ʃt'oltzəbu:ɔç] Eegennumm DE *Stolzemburg* • FR *Stolzebourg* • EN *Stolzebourg* • PT *Stolzebourg* **Beispiller** ech wunnen zu **Stolzebuerg**; fiert dese Bus op **Stolzebuerg**?

stolzéieren [ʃto:ltz'ziə:ɔn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé stolzéiert) » **intransitiv** DE *stolzieren* • FR *se pavaner* • EN *to strut* • PT *pavonear-se* **Beispill** dee jonke Pompjee ass an senger neier Uniform duerch d'**Duerf** stolzéiert

i Verb, dat **stolzéieren** als Basis huet: ↗erastolzéieren

stomm [ʃtom] Adjektiv DE *stumm* [sprechunfähig] • FR *muet* [privé de l'usage de la parole] • EN *speech impaired, mute* • PT *mudo* [privado da capacidade da fala] **Beispill** no sengem Schlag war mäin Neveu **stomm**

Stommfilm [ʃt'omfilm] Maskulinum (Pluriel Stommfilmer) - Variant vun ↗Stummfilm

Stomp Maskulinum (Pluriel Stëmp) - Kuerzform vun ↗Zigarettestomp **1.** DE *Stumpf, Stummel* • FR *bout, moignon, chicot* • EN *stump, stub* • PT *coto, toco, arnela* **Beispiller** firwat häls de d'**Stëmp** vun de Käerzen?; meng Zänndoktesch setzt mer Krounen op zwee **Stëmp**; ech sinn nach am **Stomp** [ech sinn nach net ugedoen] **2.** [ëgs] bis op de **Stomp** / **Romp** a **Stomp** DE *mit Stumpf und Stiel, restlos* • FR *complètement* [de façon complète] • EN *completely, to the ground* • PT *completamente* [de modo completo] **Beispill** am Krich gouf eist Haus bis op de **Stomp** zersteiert **Synonym** komplett

stomp Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

stompeg [ʃt'ompəç] Adjektiv DE *stumpf* [Klinge] • FR *émoussé* [lame] • EN *blunt* [blade] • PT *embotado, rombo* **Beispiller** du muss de **stompege** Knäip schläifen!; d'**Messer** vun der Méimaschinn ass **stompeg**

Stong [ʃton] Maskulinum (Pluriel Stongen) DE *Jeton, Spielmarke, Chip* • FR *jeton* [pièce] • EN *chip, token* • PT *ficha* [peçal] **Beispiller** d'**Bomi** huet de Kanner e puer

Stonge fir op d'Knuppautoe kaaft; an der Receptioun vum Supermarché kriss de e **Stong** fir an de Caddie
Synonym Jeton

Stonn [ʃton] Femininum (Pluriel Stonnen) **1.** DE *Stunde* [Zeiteinheit] • FR *heure* [unité de temps] • EN *hour* [unit of time] • PT *hora* [unidade de tempo] **Beispiller** de Film dauert annerhallef **Stonn**; de Stroum ass fir e puer **Stonnen** ausgefall; mir sinn eng hallef **Stonn** ze spéit komm; der Bomi hir Standauer schléit déi voll **Stonn**; mir stoungen dräi **Stonne** laang am Stau; dem Kranke seng **Stonn** huet geschloen ^[egs] [de Kranke stierft geschwënn] **2.** DE *Stunde* [Unterrichtsstunde] • FR *cours* [leçon d'enseignement] • EN *lesson* [teaching period] • PT *aula* [lição] **Beispiller** virun der **Stonn** huet d'Leierin d'Hefter verdeelt; haut huet e Stagiaire d'**Stonn** gehalen; ech kréie **Stonnen** am Däitschen [ech kréien Nohëllesstonnen am Däitschen]

Stonnekilomeeter Maskulinum (Pluriel Stonnekilomeeter) - Variant vun ↗**Stonnekilometer**

Stonnekilometer [ʃt'onekilome:te] Maskulinum (Pluriel Stonnekilometer) DE *Stundenkilometer* • FR *kilomètre à l'heure*, *kilomètres-heure* • EN *kilometre per hour* • PT *quilómetro por hora* **Beispiller** op dësem Stéck vun der Autobunn ass d'Vitess op 90 **Stonnekilometer** begrenzt; ech gouf vum Radar geblézt, well ech e puer **Stonnekilometer** méi séier gefuer war ewéi erlaabt
Synonym Kilometer an der Stonn

Stonnekilometer gëtt mat km/h ofgekierzt.

stonnelaang [ʃtonəl'a:ŋ] Adjektiv DE *stundenlang* • FR *de plusieurs heures* <Adverb (pendant) des heures> • EN *(lasting) for hours* <Adverb for hours> • PT *de várias horas* <Adverb durante horas> **Beispiller** no **stonnelaangem** Waarde si mer endlech beim Dokter drukomm!; mir souzen um Stamminee an hu **stonnelaang** iwwer d'Liewe philosophéiert; eist Klengt kann sech **stonnelaang** mat klengen Autoen ameséieren

Stonneloun [ʃt'onələʊn] Maskulinum (Pluriel Stonneléin) DE *Stundenlohn* • FR *salaire horaire* • EN *hourly wage* • PT *salário por hora* **Beispiller** mat esou engem nidderege **Stonneloun** verdéngt den Handwierker net vill; an eiser Comptabilitéit ass eppes schifgaange mat de **Stonneléin** vun den Aarbechter

Stonneplang [ʃt'onəplɑŋ] Maskulinum (Pluriel Stonnepläng) **1.** DE *Stundenplan* [Zeitplan] • FR *emploi du temps* [horaire] • EN *timetable* [planning] • PT *horário* [de uma atividade] **Beispiller** d'Schoul huet vun dësem Joer un en neie **Stonneplang**; ech hu mäi **Stonneplang** missen änneren **Synonym** Horaire **2.** DE *Stundenplan* [Dokument] • FR *emploi du temps* [document] • EN *timetable* [document] • PT *horário* [documento] **Beispiller** de **Stonneplang** läit am Klassebuch; d'**Stonnepläng** hänken an der Konferenz

stonneweis [ʃt'onəvɛis] Adverb DE *stundenweise* • FR *ponctuellement* [pour quelques heures, pour une durée déterminée] • EN *from time to time, for a few hours* • PT *por algumas horas, por algum tempo* **Beispiller** wéinst Aarbechten an der Strooss ass d'Elektresch **stonneweis** ausgefall; eist Kand gëtt **stonneweis** eleng betreit; de Kranken dāerf scho **stonneweis** opstoen

Stopp [ʃtop] Femininum (Pluriel Stoppen) DE *Versteck* • FR *cache* • EN *hiding place* • PT *esconderijo* **Beispiller** komm eraus aus denger **Stopp**, ech hunn dech gesinn!; an eisem Gaart sinn e puer gutt **Stoppen**

Stopp [ʃtop] Maskulinum (Pluriel Stoppen) **1.** DE *Stopp* [Halt, Pause] • FR *halte* [pause] • EN *stop, break* • PT *paragem* [pausa] **Beispill** op der nächster Tankstell maache mer e **Stopp** **2.** DE *Stoppschild* • FR *stop* [panneau routier] • EN *stop sign* • PT *stop* [sinal de trânsito] **Beispiller** ech krut e Protokoll, well ech e **Stopp** iwwersinn hat; de Chauffeur ass duerch de **Stopp** gefuer [de Chauffeur huet de **Stopp** net berücksichtig] **Synonym** Stopp-schëld

Stopp [ʃtop] Maskulinum (Pluriel Stëpp) **1.** DE *Korken, Pfropfen, Stöpsel, Verschluss* • FR *bouchon* [dispositif de fermeture] • EN *cork, plug, cap, stopper* • PT *rolha, tampa* **Beispiller** wéi ech en erausgezunn hunn, ass de **Stopp** vun der Wäifläsch mer zerbréckelt; de **Stopp** vun eiser Bidden ass net méi dicht; maach de **Stopp** op d'Zanpasta, soss verdréchent se!; deen heite Wäin schmaacht no **Stopp** [deen heite Wäi stoppt] **2.** DE *Pfropf* [im Ohr] • FR *bouchon* (de cérumen) • EN *blockage* (of earwax) • PT *rolhão* (de cerúmen) **Beispill** ech hu scho méi laang e **Stopp** am lénsken Ouer, ech muss bei den Dokter goen **3.** (meeschtens Pluriel) DE *Stöpsel* [Ohrstöpsel] • FR *bouchon* (d'oreille) • EN *earplug* • PT *tampão* (de ouvido) **Beispiller** wann den Noper Trompett spillt, maachen ech mer **Stëpp** an d'Oueren; hues du **Stëpp** an den Oueren? ^[egs] [⇒ freet een een, deen net nolauschtert]

stopp Interjektioun **1.** DE *halt, stopp* [als Aufforderung zum Stehenbleiben] • FR *halte(-là), stop* • PT *alto* (lá), *stop* **Beispill** **stopp**, Dir dāerft hei net eran! **Synonym** halt **2.** DE *stopp* [als Aufforderung zum Aufhören] • FR *stop* [pour interrompre une action] • PT *chega, basta* [para interromper uma ação] **Beispiller** **stopp**, schëtt mer net esou vill eraus!; **stopp**, haalt elo op mat ären Dommheeten! **3.** DE *halt, stopp, Moment mal* • FR *stop, un instant* • PT *alto, espera aí, um momento* **Beispill** **stopp**, dat do geet mer grad e Strapp ze séier! **Synonymmen** (een) Moment, halt

Stoppauer [ʃt'opəʊe] Femininum (Pluriel Stoppaueren) DE *Stoppuhr* • FR *chronomètre* • EN *stopwatch* • PT *cronómetro* [instrumento] **Beispill** eisen Trainer huet ëmmer eng **Stoppauer** an eng Päif ëm den Hals hänken **Synonym** Chronometer

Stoppches [ʃt'opçəs] Neutrum (kee Pluriel) **Stop**pches spillen DE *Verstecken spielen* • FR *jouer à cache-cache* • EN *to play hide-and-peek* • PT *jogar às escondidas* **Beispill** ech spillen am léifste **Stoppches** mat menge Frëndinnen **Synonym** Verstoppches spillen

Stoppel [ʃt'opəl] Femininum (Pluriel Stoppelen) **1.** (meeschtens Pluriel) DE *Stoppel* [Halmrest] • FR *chaume* [sur pied, après la moisson] • EN *stubble* [cut stalks] • PT *restolho* **Beispill** nom Karschnatz sti just nach **Stoppelen** um Feld **2.** (meeschtens Pluriel) DE *Stoppel* [nachgewachsenes Haar] • FR *poil* (raide) [qui repousse après rasage] • EN *stubble* [hair] • PT *pelo* (duro) [que cresce depois de fazer a barba] **Beispill** du kriss kee Kuss, du hues ze vill **Stoppelen** am Gesicht!

Stoppelhaff [ʃt'opəlhaf] Eegennumm **DE** *Stoppelhaff* • **FR** *Stoppelhaff* • **EN** *Stoppelhaff* • **PT** *Stoppelhaff*
Beispiller ech wunnen um **Stoppelhaff**; fiert dëse Bus op de **Stoppelhaff**?

stoppen [ʃt'opən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gestoppt**) » **transitiv 1.** **DE** *stoppen* [aufhalten, anhalten] • **FR** *stopper, arrêter* • **EN** *to stop* • **PT** (*fazer*) *parar*
Beispiller d'Doktesch krut dem Blesséierte seng Blud-dunge **gestoppt**; am Ausgang vum Duerf **stoppt** d'Police d'Autoen, déi ze séier fueren; d'Aarbechten um Bau **goufe gestoppt**, well de Bauhär d'Reglement net agehalen hat **2.** d'Zäit **stoppen** **DE** *die Zeit stoppen* • **FR** *chronométré* • **EN** *to time* [to measure the time] • **PT** *cronometrar* **Beispill** bei all Ronn, déi ech gelaf sinn, **huet** mäin Trainer d'Zäit **gestoppt** » **intransitiv 3.** **DE** *stoppen, anhalten* • **FR** *s'arrêter, stopper* • **EN** *to stop* • **PT** *parar* [imobilizar-se] **Beispill** de Chauffer **huet** net virun der rouder Luucht **gestoppt** **Synonymmen** hale bleiwen, stallhalen, stoe bleiwen, unhalen

I Verben, déi **stoppen** als Basis **hunn**: ↗opstoppen an ↗zoustoppen

Stoppenzéier [ʃt'opəntsɛiɛ] Maskulinum (Pluriel **Stoppenzéier**) **DE** *Korkenzieher* • **FR** *tire-bouchon* • **EN** *corkscrew* • **PT** *saca-rolhas* **Beispill** géi sich de **Stoppenzéier**, fir d'Fläsch opzemaachen! **Synonym** Tirebouchon

Stoppeschëld [ʃt'opʃəlt] Neutrum (Pluriel **Stoppeschëlter** / **Stoppeschëlde**) **DE** *Stoppeschild* • **FR** *stop* [panneau routier] • **EN** *stop sign* • **PT** *stop* [sinal de trânsito] **Beispill** den Automobilist hat d'**Stoppeschëld** iwwersinn

Storch [ʃtɔʀç] Maskulinum (Pluriel **Storchen**) **DE** *Storch* • **FR** *cigogne* • **EN** *stork* • **PT** *cegonha* [ave] **Beispill** de **Storch** **huet** sech en Nascht um Kamäi gebaut

Store [stɔːr] Maskulinum (Pluriel **Storen**) **DE** *Vorhang, Rollo, Jalousie* • **FR** *store* [de fenêtre] • **EN** *blind* • **PT** *estore* [cortina móvel] **Beispill** looss de **Store** erof, d'Sonn schéngt mir an d'Aen!

stornéieren [ʃtɔʀn'ɛiɛrən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **stornéiert**) » **transitiv** **DE** *stornieren* • **FR** *annuler* [une réservation] • **EN** *to cancel* [a reservation] • **PT** *desmarcar, cancelar* [uma reserva] **Beispill** et ass leider ze spéit, fir d'Rees ze **stornéieren**

Störung [ʃt'øːrʊŋ] Femininum (Pluriel **Störungen**) **DE** (*technische*) *Störung* • **FR** *dérangement* [technique] • **EN** *interference, disturbance* [technical] • **PT** *interferência* [em aparelho] **Beispiller** ech verstinn dech net, et ass iergendeng **Störung** an der Leitung; wa mer d'Mikrowell umaachen, dann hu mer **Störungen** an der Televisioun

Stot [ʃtoːt] Maskulinum **1.** (Pluriel **Stéit**) **DE** *Haushalt* [Hausgemeinschaft, Familie] • **FR** *ménage* [communauté domestique] • **EN** *household* • **PT** *agregado familiar, lar* **Beispiller** mir haten d'Boma bis zum Schluss bei eis am **Stot**; haut sinn d'**Stéit** méi kleng ewéi fréier; eis Duechter **huet** hire **Stot** vergréissert leis Duechter **huet** e Kand kritt! **2.** (kee Pluriel) **DE** *Haushalt* [Hausarbeit] • **FR** *ménage* [tâches ménagères] • **EN** *housework* • **PT** *lida da casa* **Beispiller** ech maachen de **Stot** net gär; bei deem ale Wittmann féiert eng Haushälterin

de **Stot** **Synonym** Haushalt

stotteren [ʃt'otərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gestottert**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Stouss [ʃtəʊs] Maskulinum (Pluriel **Stéiss**) **1.** **DE** *Stoß* [Schlag, Aufprall] • **FR** *coup* [choc, heurt] • **EN** *knock, shove* • **PT** *pancada, golpe, empurrão* **Beispiller** ech **hunn** dee **Stouss** an de Réck nach deeglaang gespuert; géff dengem Häerz e **Stouss!** [égs] [iwwerwann dech!]; du gëss der Welt **Stéiss!** [égs] [⇒ seet een zu engem, deem seng Iddien een ameséieren] **2.** **DE** *Stoß* [Stapel] • **FR** *pile* [tas] • **EN** *pile, stack* • **PT** *pilha, monte* **Beispiller** ech **hunn** dee **Stouss** Dossieren elo just gesënnert; mäi Papp **huet** ëmmer e puer **Stéiss** Bicher niewent sengem Nuetsdësch leien; ech **hunn** e **Stouss** schéin al Tellere vun der Bomi geierft **3.** **DE** *kurze Steigung* [Weg] • **FR** (*brève*) *montée raide* • **EN** *short climb* [steep slope] • **PT** (*curta*) *subida íngreme* **Beispill** wa mer deen heite **Stouss** gepackt **hunn**, da si mer geschwënn op der Kopp ukomm

stoussen [ʃt'əʊsən] ♦ Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gestouss**) » **transitiv 1.** **DE** *stoßen* [schubsen] • **FR** *pousser* [bousculer] • **EN** *to push, to shove* • **PT** *empurrar* [dar um empurrão al] **Beispill** et **huet** ee mech an der Schwämm an d'Waasser **gestouss** **2.** **DE** *stoßen* [leinen Stoß versetzen] • **FR** *donner un coup à* • **EN** *to dig, to poke, to prod* • **PT** *dar uma pancada a, dar uma cotovelada a, dar um pontapé a* **Beispiller** hatt **huet** mech mam Ielebou an d'Säit **gestouss**; deen ee Bouf **huet** deen anere mam Fouss an d'Schinne **gestouss** **3.** sech eppes **stoussen** **DE** *sich etwas stoßen* [sich etwas prellen] • **FR** *se cogner quelque chose* • **EN** *to bang something, to knock something, to bump something* • **PT** *bater com algo, dar com algo* [contundir algo] **Beispiller** pass op, datt s de der de Kapp net **stéiss!**; ech hu mer de Knéi um Nuetsdësch **gestouss**; de Blesséierten **huet** sech beim Accident de Kapp uerg un der Austosdier **gestouss** **4.** **stoussen** op **DE** *stoßen auf* [aufmerksam machen auf] • **FR** *rendre attentif à* • **EN** *to draw attention to* • **PT** *chamar a atenção para* **Beispill** ech **hunn** si missen op d'Nodeeler vun hirer Iddi **stoussen** **Synonym** opmierksam maachen op **5.** **stoussen** un **DE** *stoßen an, grenzen an* • **FR** *confiner à* • **EN** *to border on* • **PT** *confinar com* **Beispiller** eise Gaart **stéisst** un eng Baach; meng Schlofkummer **stéisst** un déi vu mengen Elteren » **reflexiv 6.** **DE** *sich stoßen* [sich prellen] • **FR** *se cogner* • **EN** *to knock oneself* [to hurt oneself] • **PT** *esbarrar em alguma coisa, bater* [ir contra, magoar-se] **Beispiller** du **hues** eng Bëlz op der Stier, **hues** de dech **gestouss**?; **stouss** dech net mam Kapp un enger Dunn; vill Leit hu sech un dengem freche Behuele **gestouss** [égs] [vill Leit **hunn** sech un dengem freche Behuele gestéiert] **7.** **DE** *sich stoßen, lispeln, mit der Zunge anstoßen* • **FR** *zézyer* • **EN** *to lisp* • **PT** *cecear* **Beispill** zënter eise Klengen operéiert **gouf**, **stéisst** en sech net méi (beim Schwätzen) **8.** [vereezlt] **DE** *sich stoßen, sich irren, sich verrechnen* • **FR** *se tromper, se méprendre* • **EN** *to miscalculate, to be mistaken* • **PT** *enganar-se, equivocar-se* **Beispiller** hien hat mat enger décker Ierfschaft gerechent, mee do **hat** en sech al **gestouss**; deng Rechnung kann net stëmmen, **hues** de dech net **gestouss**? **Synonym** sech ieren ♦ Verb

(Hëllefverb sinn, Participe passé gestouss) » **intransitiv 9.** **DE** stoßen [prallen] • **FR** se cogner, se heurter • **EN** to bang, to knock, to bump • **PT** bater, chocar **Beispill** ech stoussen awer och allkéiers mam Kapp widder déi niddereg Luucht! **10.** stoussen op **DE** stoßen auf [entdecken, begegnen] • **FR** tomber sur [trouver, rencontrer] • **EN** to stumble on, to come across [to find], to bump into [to meet] • **PT** deparar-se com, esbarrar com **Beispiller** bei Ausgruewunge sinn d'Archeologen op Iwwerreschter vun enger Festung gestouss; an der Diskussioun si mer op eng ganz valabel Léisung gestouss; du réits ni, op wien ech haut an der Stad gestouss sinn!; d'Reform stéisst op eng grouss Akzeptanz bei de Leit [d'Reform gött vun de Leit gutt akzeptéiert]

i Verben, déi **stoussen** als Basis hunn: ↗astoussen, ↗ausstoussen, ↗émstoussen, ↗erastoussen, ↗erofstoussen, ↗eropstoussen, ↗ewechstoussen, ↗ofstoussen, ↗opstoussen, ↗ustoussen, ↗irstoussen, ↗eréckstoussen an ↗oustoussen

Stousskar Femininum (Pluriel Stousskaren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Stoussnéckel [ʃt'əʊsnəkəl] Maskulinum (Pluriel Stoussnéckelen) **[égs]** **DE** Prügelknabe • **FR** souffre-douleur • **EN** punchbag, whipping boy • **PT** bode expiatório, malhadeiro **Beispill** well en sech net konnt wieren, war en ëmmer de Stoussnéckel an der Klass

Stousszäit Femininum (Pluriel Stousszäiten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

strack [ʃtrak] Adjektiv **[égs]** **DE** blau [betrunken] • **FR** bourré [ivre] • **EN** plastered, pissed • **PT** borracho **Beispill** hie war esou strack, datt en net méi wouss, wéi e géif heeschen **Synonymmen** sat, schiggeri, voll

Strack [ʃtrak] Maskulinum (Pluriel Stréck) - Variant vun ↗Stréck

strächen [ʃt'ræ:ɪçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestrach) » **transitiv DE** melken • **FR** traire [litrer le lait del] • **EN** to milk • **PT** ordenhar, mungir **Beispiller** d'Mëllechkei ginn zweemol am Dag gestrach; gött et Betriber, wou d'Kei nach vun Hand gestrach ginn?

i Verben, déi **strächen** als Basis hunn: ↗aussträchen, ↗duerchsträchen, ↗eraussträchen, ↗ervirsträchen an ↗usträchen

strächen [ʃt'ræ:ɪçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestrach) » **transitiv DE** streichen [tilgen, weglassen] • **FR** rayer, supprimer • **EN** to cross out, to cut [to delete] • **PT** riscar, cortar, suprimir **Beispiller** et gouf e wichtege Passage aus dem Text gestrach; wann hie wëllt spueren, da muss e gewëssen Depensé strächen

i Verben, déi **strächen** als Basis hunn: ↗aussträchen, ↗duerchsträchen, ↗eraussträchen, ↗ervirsträchen an ↗usträchen

Sträif [ʃt'ræ:ɪf] Femininum (Pluriel Sträifen) **1.** **DE** Streifen [Linie] • **FR** rayure, strie • **EN** stripe [band, line] • **PT** risca, rasto, estria **Beispiller** eis nei Markis huet breet Sträifen; de Fliger zitt wäiss Sträifen um bloen Himmel; dee Bauer huet eng Sträif mat Grompere laanscht d'Strooss [dee Bauer huet e schmuelt Stéck mat Grompere laanscht d'Strooss] **2.** **DE** Streifen [längliches Stück] • **FR** lamelle [tranche fine] • **EN** strip [thin slice] • **PT** tira [pedaço fino] **Beispill** an dëser Recette gött d'Geméis a reng Sträife geschnidden **3.** **[égs]** eng ...

Sträif hunn **DE**... gelaunt sein • **FR** être de ... humeur • **EN** to be in a ... mood • **PT** estar de ... humor, estar com ... disposição **Beispiller** de Chef hat haut eng gutt Sträif; géi em léiwer aus de Féiss, en huet grad eng schlecht Sträif **Synonym** ... gelaunt sinn

Sträifegäns [ʃt'ræ:ɪfægəns] Femininum (Pluriel Sträifegänsen) Anser indicus **DE** Streifengans • **FR** oie à tête barrée • **EN** bar-headed goose • **PT** ganso-de-cabeça-listada **Beispill** wéi laang bréien d'Sträifegänsen?

sträifen [ʃt'ræ:ɪfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gesträift) » **transitiv 1.** **DE** streifen [leicht berühren] • **FR** frôler [toucher] • **EN** to brush against, to graze • **PT** roçar em, tocar ao de leve, passar de raspão em **Beispiller** de Chauffer huet mat sengem neien Auto e Bam gesträift; de Fan war iwerglëcklech, well de Rockstar e beim Laanschtgoe gesträift hat; d'Kugel huet d'Wëllschwäin nëmme gesträift **2.** **DE** streifen [kurz erwähnen] • **FR** effleurer [un sujet] • **EN** to touch on [a subject] • **PT** tocar em [num assunto] **Beispill** de Riedner huet d'Haapttheema nëmme gesträift

Sträit [ʃt'ræ:ɪt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Streit [Zank] • **FR** dispute, querelle • **EN** argument, row, fight • **PT** zanga, briga **Beispiller** si hu scho jorelaang Sträit mateneen; déi zwee Nopere leien éiweg am Sträit **[égs]** [déi zwee Nopere streide stänneg]; d'Koppel ass am Sträit auserneegaangen [d'Koppel ass auserneegaangen, ouni sech versöont ze hunn] **Synonym** Kaméidi

Sträitfall [ʃt'ræ:ɪtfa] Maskulinum (Pluriel Sträitfäll) **DE** Streitfall • **FR** cas litigieux • **EN** dispute • **PT** caso litigioso **Beispill** bei därege Sträitfäll kann een e Mediateur erunzéien

Sträitgespréich [ʃt'ræ:ɪtgəʃpʁɛɪç] Neutrum (Pluriel Sträitgespréicher) **DE** Streitgespräch • **FR** débat contradictoire • **EN** debate, argument, dispute • **PT** debate contradictório **Beispiller** de Problem huet zu engem Sträitgespréich téschent den zwou Parteie geféiert; ënnerschiddlech Meenunge féieren dacks zu engem Sträitgespréich

Sträitmécher [ʃt'ræ:ɪtmɛçɐ] Maskulinum (Pluriel Sträitmécher) **DE** Streitstifter • **FR** fauteur de querelles • **EN** troublemaker • **PT** provocador de brigas **Beispiller** ech verstinn net, wéi s du mat esou engem Sträitmécher eens gëss; den Aarmut ass e Sträitmécher [den Aarmut féiert dacks zu Streidereien]

Stral [ʃt'ra:l] Maskulinum (Pluriel Stralen) **1.** **DE** Strahl [Lichtstrahl] • **FR** rayon, faisceau [de lumière] • **EN** beam [of light] • **PT** raio, feixe [de luz] **Beispill** de Stral vun senger Täscheluucht huet den Abriecher verrodnen **2.** **DE** Strahl [Flüssigkeitsstrahl] • **FR** jet [d'un liquide] • **EN** jet [of liquid] • **PT** jato [de um liquido] **Beispill** e feste Stral koum aus dem Schlauch geschoss **3.** (kee Singulier) **DE** Strahlen [ausgestrahlte Energie] • **FR** rayons, radiations [énergie émise] • **EN** radiation, rays • **PT** raios, radiações [energia emitida] **Beispill** d'radioaktiv Strale si schiedlech fir d'Gesondheet

stralen [ʃt'r'a:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestraalt) » **intransitiv 1.** **DE** strahlen [Strahlung abgeben] • **FR** émettre des radiations • **EN** to emit radiations • **PT** emitir radiações **Beispill** déi zerstéiert Atom-

zentral **straalt** nach Dausende vu Joren **2. DE** *strahlen* [*sich freuen*] • **FR** *rayonner* [*de joie*] • **EN** *to beam* [*to smile*] • **PT** *irradiar, estar radiante* [*de alegria*] **Beispiller** d'Kanner hu (vu Freed) **gestraalt**, wéi se hire Kaddo kruten; et gesäit een, datt s de frou bass, du **straals** iwwer d'ganz Gesiicht!

I Verb, dat **stralen** als Basis huet: ↗ausstralen

Stralung [ʃtr'a:lʊŋ] Femininum (Pluriel Stralungen) **DE** *Strahlung* [*ausgestrahlte Energie*] • **FR** *rayonnement, radiation* [*énergie émise*] • **EN** *radiation* • **PT** *radiação* [*energia emitida*] **Beispiller** d'radioaktiv **Stralung** ass schiedlech fir de Mënsch; am Atomkraaftwierk gëtt reegelméisseg d'**Stralung** gemooss

stramm [ʃtram] Adjektiv **1. DE** *hart, streng* • **FR** *dur, sévère* <Adverb *durement*> • **EN** *strict, harsh* <Adverb *strictly, harshly*> • **PT** *duro, severo* <Adverb *duramente*> **Beispiller** de jonken Zaldot hat Problemer, sech un déi **stramm** Reegelen ze halen; de Surveillant huet haut an eiser Klass **stramm** duerchgeaff **Synonymmen** haart, streng **2. DE** *hart* [*intensiv*] • **FR** *dur, intense* <Adverb *intensément*> • **EN** *hard, intensive* <Adverb *hard, intensively*> • **PT** *duro, intenso* <Adverb *intensamente*> **Beispiller** d'Spiller hunn e **strammen** Training hanner sech; wann s de wëlls mat der Aarbecht fäerdeg ginn, muss de **stramm** derwiddergoen **3. DE** *straff* [*gespannt*] • **FR** *tendu, serré* • **EN** *taut, tight* • **PT** *esticado, apertado* **Beispiller** d'Seel ass ze **stramm**, et riskéiert ze räissen; vun dëser Übung kriss de e **strammen** Hënner **égs** [vun dëser Übung kriss de e knackegen Hënner] **4. égs** **DE** *stättlich, kräftig* (*gebaut*) • **FR** *costaud* • **EN** *strapping, sturdy* • **PT** *forte, robusto* **Beispiller** eise Golkipp ass e **stramme** Borscht; den Offizéier verlaangt méi eng **stramm** Haltung vun den Zaldoten [den Offizéier verlaangt vun den Zaldoten, datt se sech ganz riicht halen]

strämmen [ʃtr'æmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gesträmmt**) » **transitiv** **DE** *zu eng sein, zu eng sitzen* • **FR** *serrer* [*vêtement, accessoire*] • **EN** *to be too tight* • **PT** *estar apertado* [*peça de roupa, acessório*] **Beispill** meng nei Box **strämmt** (mech) e bëssen ëm d'Héften

strammstoen [ʃtr'amʃto:ən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **strammgestanen** / **strammgestan**) » **intransitiv** **1. DE** *strammstehen* [*in Achtstellung verharren*] • **FR** *se tenir au garde-à-vous* • **PT** *estar em posição de sentido* **Beispill** d'Zaldoten hunn och an deem äisege Wieder misse **strammstoen** ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **strammgestanen** / **strammgestan**) » **intransitiv** **2. DE** *strammstehen* [*eine Achtstellung einnehmen*] • **FR** *se mettre au garde-à-vous* • **PT** *pôr-se em posição de sentido* **Beispill** de Rekrutt ass virum Offizéier **strammgestanen**

strammzéien [ʃtr'amtszi:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **strammgezunn**) » **transitiv** **DE** *straffziehen, strammziehen* • **FR** *tendre* [*en tirant*] • **PT** *esticar* [*retesar, puxar*] **Beispill** d'Botzfra zitt d'Läindicher vun de Better ëmmer gutt **stramm**

Strampelbox [ʃtr'ampəlboks] Femininum (Pluriel Strampelboxen) **DE** *Strampler, Strampelhose* • **FR** *grenouillère, barboteuse* • **PT** *macacão de bebê, babygro* **Beispill** eist Klengt ass aus all senge **Strampelboxen** erausgewuess

strampelen [ʃtr'ampələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gestrampelt**) » **intransitiv** **DE** *strampeln* • **FR** *gigoter* • **EN** *to wriggle, to kick* • **PT** *espernear* **Beispiller** de Puppelche **strampelt** ewéi wëll, wann e seng Fläsch gesäit; am Bierg hunn d'Coureuren al misse **strampelen** **égs** [am Bierg hunn d'Coureure missen intransitiv pedalléieren] **Synonym** struwelen

Strand [ʃtrand] Maskulinum (Pluriel Stränn) **DE** *Strand* • **FR** *plage* [*d'un rivage*] • **EN** *beach* • **PT** *praia* **Beispill** d'Kanner sammele Muschelen um **Strand** **Synonym** Plage

stranden [ʃtr'andən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **gestrant**)

I Hei entsteet en neien Artikel

Strang [ʃtrɑŋ] Maskulinum (Pluriel Sträng) **DE** *Strang* [*Zugstrang*] • **FR** *trait* [*lanière d'attelage*] • **EN** *trace, side strap* [*harness*] • **PT** *tirante* [*correia para atrelar*] **Beispiller** d'Päerd huet e **Strang** futti gerappt; si hate gëschter um Fest ferm iwwer d'**Sträng** geschloen **égs** [si hate gëschter um Fest ferm iwwerdrüwen]; mir hunn eis an d'**Sträng** gehäit, fir d'Aarbecht fäerdeg ze kréien **égs** [mir hunn eis druginn, fir d'Aarbecht fäerdeg ze kréien]; wa mer wëlle weiderkommen, musse mer all un engem **Strang** zéien **égs** [wa mer wëlle weiderkommen, musse mer all zesummeschaffen]

I Variant: Strank

stranguléieren [ʃtrɑŋgul'zi:ərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **stranguléiert**) » **transitiv** **DE** *strangulieren* • **FR** *étrangler* [*avec une corde*] • **EN** *to strangle* • **PT** *estrangular* [*com uma corda*] **Beispill** d'Kand hätt sech mat sengem Sprangseel bal **stranguléiert**

Strank [ʃtrɑŋk] Maskulinum (Pluriel Sträng) - Variant vun ↗Strang

Strapatz [ʃtrap'ats] Femininum (Pluriel Strapatzen) (meeschtens Pluriel) **DE** *Strapaze* • **FR** *effort, fatigue* • **EN** *strain, exertion* • **PT** *canseira, fadiga* **Beispill** ech hu mech nach net vun de Strapatze vun deem laange Vëlostour erholl

I Variant: Strapaz

Strapaz [ʃtrap'a:ts] Femininum (Pluriel Strapazen) - Variant vun ↗Strapatz

strapazéieren Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **strapazéiert**) » **transitiv** **1. DE** *strapazieren* [*ermüden*] • **FR** *épuiser, mettre à l'épreuve* • **EN** *to strain, to wear out* • **PT** *cansar, esgotar, desgastar* **Beispiller** gëschter beim Fousstour goufe mer zerguttst **strapazéiert**!; dat stännegt Gejäiz **strapazéiert** meng Nerven **2. DE** *strapazieren* [*abnutzen*] • **FR** *user, abimer* • **EN** *to wear out, to tax* • **PT** *gastar, desgastar* **Beispill** mir brauchen en neie Canapé, d'Kanner hunn deen ale ferm **strapazéiert**

Strapp [ʃtrap] Maskulinum (Pluriel Sträpp) **1. égs** e **Strapp** **DE** *eine Weile* [*eine gewisse Zeitspanne*] • **FR** *un certain temps* • **EN** *a while* • **PT** *algum tempo, um* (*bom*) *bocado* **Beispill** et ass schonn e **Strapp** hier, datt ech fir d'lescht am Kino war **Synonym** eng Zäitchen **2. égs** e **Strapp** **DE** *ein weiter Weg* • **FR** *un bon bout de chemin* • **EN** *a long way* • **PT** *um bom bocado de caminho* **Beispill** et ass e **Strapp**, fir bis bei dech heemzekommen! **3.**

[ëgs] e Strapp **DE** *etwas [ein bisschen]* • **FR** *un peu* • **EN** *a tad, a bit* • **PT** *um pouco, um tanto* **Beispill** de Wander-tour war flott, mee déi aner Leit si mer e Strapp ze séier gaangen **Synonym** e bëssen **4.** **[ëgs]** e gudde Strapp **DE** *ein gutes Stück [viel]* • **FR** *beaucoup, nettement* • **EN** *a good deal [a lot]* • **PT** *muito, bastante* **Beispill** mäi Bruder ass e gudde Strapp méi al ewéi ech **5.** **DE** Zug [beim Rauchen] • **FR** *bouffée [de fumeur]* • **EN** *drag [when smoking]* • **PT** *fumada [de fumador]* **Beispiller** gëss de mer e Strapp vun denger Zigarett?; éier en zur Dier eragaangen ass, huet en nach séier zwee Sträpp geholl **6.** **DE** Spritzer [kleine Menge einer Flüssigkeit] • **FR** *giclée* • **EN** *splash, trickle* • **PT** *esguicho* **Beispiller** wann een eng Kou sträicht, geet alt emol e Strapp laanscht den Eemer; deem Klengen ass vun Angscht e Strapp an d'Box gaangen **[ëgs]** [Idee Klengen huet vun Angscht Pippi an d'Box gemaach]

Sträppchen Maskulinum (Pluriel Sträppercher) - Diminutivform vun ↗Strapp

sträppweis Adverb

[i] Hei entsteet en neien Artikel.

Strass [ʃʁɑs] Femininum (Pluriel Strassen) **[ëgs]** **DE** *Kehle [Rachen]* • **FR** *gorge, larynx, pharynx* • **EN** *throat [larynx, pharynx]* • **PT** *garganta [laringe, faringe]* **Beispiller** ech hunn d'Strass dréchen, ech muss eppes drénken; vum ville Jäizen hunn ech d'Strass wéi; zënter gëschter hunn ech d'Strass wéi, wann ech schlécken **Synonymmen** Hals, Schléck

strateegesch [ʃʁat'e:gəʃ] Adjektiv **DE** *strategisch* • **FR** *stratégique* <Adverb *stratégiquement*> • **EN** *strategic* <Adverb *strategically*> • **PT** *estratégico* <Adverb *estrategicamente*> **Beispiller** et war e strateegesche Feeler, direkt all eis Argumenter virzebréngen; de Feind besetzt strateegesch wicteg Uertschaften; an esou kriddelege Fäll muss ee strateegesch virgoen

strategesch [ʃʁat'e:gəʃ] Adjektiv - Variant vun ↗strateegesch

Strategie [ʃʁate:'zi:] Femininum (Pluriel Strategien) **DE** *Strategie* • **FR** *stratégie [tactique]* • **EN** *strategy* • **PT** *estratégia [tática]* **Beispiller** d'Spiller vun eiser Ekip hate vun Ufank un eng offensiv Strategie; menger Kolleejin hir naiv Manéier ass reng Strategie; an deene Verhandlungen ass meng Strategie net opgaangen

Straubejitzer Maskulinum (Pluriel Straubejitzer)

[i] Hei entsteet en neien Artikel.

Strauch [ʃʁæ:ʊχ] Maskulinum (Pluriel Straich) **DE** *Strauch [Zierpflanze]* • **FR** *arbuste* • **EN** *shrub, bush* • **PT** *arbusto* **Beispill** ronderëm eise Gaart hu mer verschidde Straich geplanz

Strauss [ʃʁɑʊs] Maskulinum (Pluriel Straussen) **DE** *Strauß [Vogel]* • **FR** *autruche* • **EN** *ostrich* • **PT** *avestruz* **Beispill** de Bauer zillt niewent Hénger a Gänsen och Straussen

Strauss [ʃʁæ:ʊs] Femininum (Pluriel Straiss) **1.** **DE** *Zweig, Bund* • **FR** *branche, (petite) botte, bouquet* • **EN** *bundle, bunch* • **PT** *ramo, ramalhete, molho* **Beispill** am Wäiwaasseschdëppchen um Graf läit eng Strauss Pällem **2.** d'Strauss feieren **DE** *das Richtfest feiern* • **FR**

fêter le bouquet [dans le secteur du bâtiment] • **EN** *to celebrate the topping-out ceremony* • **PT** *celebrar a festa do pau de fileira* **Beispill** wann de Réibau vun eisem Haus fäerdeg ass, gëtt d'Strauss gefeiert

streamen [ʃtʁ'i:mən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gestreamt*) » **transitiv** **DE** *streamen* • **FR** *regarder en streaming, diffuser en streaming* • **EN** *to stream [data]* • **PT** *ver em streaming, transmitir por streaming* **Beispill** soss huet ee misse pénktlech virun der Tëlee sëtzen, wann d'Filmer ugaange sinn, haut kann een se jidderzäit streamen

Streaming [ʃtʁ'i:mɪŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Streaming* • **FR** *streaming [lecture, diffusion en continu]* • **EN** *streaming [of data]* • **PT** *streaming* **Beispill** fir de Streaming vu Filmer an enger héijer Opléisung brauch een eng gutt Internetverbindung

streamlinen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gestreamlinet* / *gestreamlined*)

[i] Hei entsteet en neien Artikel.

Streber [ʃʁ'e:bə] Maskulinum (Pluriel Streber) - Variant vun ↗Streeber

Streberin [ʃʁ'e:bəri:n] Femininum (Pluriel Streberinnen) - Variant vun ↗Streeberin

Stréch [ʃʁeç] Maskulinum **1.** (Pluriel Strécher) **DE** *Strich [Linie]* • **FR** *trait, ligne [tracé(e)]* • **EN** *line [mark]* • **PT** *traço, linha [risco]* **Beispiller** kanns du ouni Lineal e riichte Stréch zéien?; et ass verbueden, iwwer de wäisse Stréch (an der Mëtt vun der Strooss) ze fueren; géi léiwer iwwer de Stréch! Igéi léiwer iwwer den Zeebrasträifen!; ënnerem Stréch ass bei de Gespreicher näischt erauskomm **[ëgs]** [um Enn ass bei de Gespreicher näischt erauskomm] **2.** (Pluriel Stréch) **DE** *Strich [Markierungsstrich]* • **FR** *trait, ligne [marque d'une graduation]* • **EN** *line [graduation mark]* • **PT** *traço [marcação]* **Beispiller** schëtt d'Glas voll bis un de Stréch!; ech fille mech richtig krank, obwuel ech nëmmen e puer Stréch Féiwer hunn **3.** (kee Pluriel) **DE** *Strich [Wuchsrichtung]* • **FR** *sens du poil* • **EN** *lie of the hair* • **PT** *sentido do pelo* **Beispiller** eise Kueder huet et net gär, wann een e géint de Stréch heemelt; deng frech Remarque gi mer géint de Stréch **[ëgs]** [deng frech Remarque passe mer guer net] **4.** (kee Pluriel) **[ëgs]** **DE** *Strich [Rotlichtbezirk]* • **FR** *quartier chaud, quartier de prostitution* • **EN** *red-light district* • **PT** *bairro vermelho, bairro de prostituição* **Beispiller** a ville Stied ass de Stréch am Garer Quartier; hatt geet anscheinend op de Stréch [hatt prostituéiert sech anscheinend]

Stréchrännchen [ʃʁ'eçmænçən] Maskulinum (Pluriel Stréchränncher) **DE** *Strichrännchen* • **FR** *bonhomme [très schématisé]* • **EN** *matchstick man, stickman* • **PT** *boneco [figura desenhada com traços]* **Beispill** de Schüler moolt aus Langweil Stréchränncher a säi Buch

Stréchréckpunkt [ʃʁ'eçpʊŋt] Maskulinum (Pluriel Stréchréckpunkten) **DE** *Strichpunkt* • **FR** *point-virgule* • **EN** *semicolon* • **PT** *ponto e vírgula* **Beispill** de Stréchréckpunkt gëtt net esou dacks gebraucht ewéi de Komma

Streck [ʃʁæk] Femininum (Pluriel Strecken) **1.** **DE** *Bügelwäsche* • **FR** *linge à repasser* • **EN** *ironing* • **PT** *roupa*

por passar (a ferro) **Beispill** ech hunn nach déi ganz Streck vun där leschter Woch do leien **2.** eng Streck maachen **DE** *Wäsche bügeln* • **FR** *faire une séance de repassage* • **EN** *to do the ironing* • **PT** *passar umas roupas a ferro* **Beispill** ech muss nach eng Streck maachen, ier mer an d'Vakanz fueren

Streck [ʃtræk] Femininum (Pluriel Strecken) **1.** **DE** *Strecke, Route* • **FR** *trajet itinéraire, parcours* • **EN** *way, route* • **PT** *trajeto itinerário, percurso* **Beispiller** ech sinn dës Streck nach ni gefuer; dee klenge Fliger gétt nëmmen op kuerze Strecken agesat; fuer déi dote Streck, da bass de méi séier op der Grenz! **2.** **DE** *Strecke* [Bahnhinlei] • **FR** *ligne* [de chemin de fer] • **EN** (railway) *line, track* • **PT** *linha* [de caminho de ferro] **Beispiller** et gétt net méi vill eegleiseg Strecken; eisen Zuch huet op fräier Streck gehalen leisen Zuch huet téschent zwou Garë gehalen

Stréck [ʃtræk] Maskulinum (Pluriel Stréck / <seelen> Strécker) **1.** **DE** *Strick* [Seil] • **FR** *corde* [lien] • **EN** *rope* • **PT** *cordão, corda* **Beispiller** mat där Ficelle fänke mer net vill un, hues de kee Stréck?; wann an där Affär all Strécker räissen, da gi mer bei den Affekt [égs] [wann an där Affär soss näischt méi hëlleft, da gi mer bei den Affekt] **2.** **DE** *Schlinge* [am Galgen] • **FR** *nœud coulant* [de la potence] • **EN** *noose* [on a gallows] • **PT** *laço* [da força] **Beispiller** de Verurteelte krut e Stréck ëm den Hals geluecht a gouf opgehaangen; meng Aarbechtskolleegin wollt mer aus deem Tëscheffall e Stréck dréien [égs] [meng Aarbechtskolleegin wollt deen Tëscheffall benotzen, fir mer ze schueden] **3.** **DE** *Schlinge* [Fanggerät] • **FR** *lacet, piège* [à nœud coulant] • **EN** *snare, noose* [animal trap] • **PT** *laço, armadilha* [com nó corredio] **Beispill** de Braconnier huet am Bësch Stréck gesat

i Variant: Strack

Stréck [ʃtræk] Femininum (Pluriel Strécken) **DE** *Strickarbeit* • **FR** *tricot* [ouvrage] • **EN** *knitting* • **PT** *malha, tricô* **Beispill** géi net u meng Stréck, soss léiss de mer nach Masche falen!

Streckbriet [ʃtr'ækbrjət] Neutrum (Pluriel Streckbrieder) **DE** *Bügelbrett* • **FR** *planche à repasser* • **EN** *ironing board* • **PT** *tábua de passar a ferro* **Beispill** ech brauch eng nei Housse fir mäi Streckbriet

Streckeisen [ʃtr'ægəizən] Neutrum (Pluriel Streckeisen) **DE** *Bügeleisen* • **FR** *fer à repasser* • **EN** *iron* [for ironing] • **PT** *ferro de passar, ferro de engomar* **Beispill** ech hu mer de Fanger um Streckeise verbrannt

Stréckeisen [ʃtr'egəizən] Neutrum (Pluriel Stréckeisen) **DE** *Stricknadel* • **FR** *aiguille à tricoter* • **EN** *knitting needle* • **PT** *agulha de tricotar* **Beispill** meng Mamm huet Stréckeisen an allen Déckten **Synonym** Strécknol

Stréckel [ʃtr'ekəl] Maskulinum (Pluriel Stréckelen) **DE** *Schnürsenkel* • **FR** *lacet* [de chaussure] • **EN** (shoe) *lace* • **PT** *atacador* [de calçado] **Beispiller** maach en duebele Knuet, soss hält däi Stréckel net!; an du domme Stréckel hues dat gegleeft? [égs] [an du Topert hues dat gegleeft?]

strecken [ʃtr'ækən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gestreckt) » **transitiv 1.** **DE** *strecken, ausstrecken* • **FR** *tendre, étendre* [une partie du corps] • **EN**

to raise [a hand], *to stretch* [a limb] • **PT** *estender, esticar* [uma parte do corpo] **Beispiller** fir sech ze mellen, soll een d'Hand an d'Luucht strecken; streck deng Been net esou wäit ënner den Dësch, du stéiers déi aner!; ech hunn ugefaang, dee blesséierten Aarm beim Kiné virsiichteg ze strecken an dann nees unzezielen » **reflexiv 2.** **DE** *sich strecken* [sich recken] • **FR** *s'étirer* [étendre ses membres] • **EN** *to stretch* [to have a stretch] • **PT** *estimar-se, espreguiçar-se* **Beispiller** streck dech eng Kéier, da gëss de wakereg!; äre Bouf huet sech al gestreckt! [égs] [äre Bouf ass vill gewuess] **3.** [égs] **DE** *sich strecken* [sich hinlegen] • **FR** *s'étendre, s'allonger* [se coucher] • **EN** *to stretch out, to lie down* • **PT** *estender-se* [deitar-se] **Beispill** nom Mëttegiesse ginn ech mech nawell gär e bësse strecken

i Verben, déi **strecken** als Basis hunn: ↗ausstrecken, ↗erastrecken, ↗erausstrecken, ↗erausstrecken, ↗ewechstrecken, ↗opstrecken an ↗irstrecken

strécken [ʃtr'ekən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gestreckt) » **transitiv 1.** **DE** *stricken* • **FR** *tricoter* • **EN** *to knit* • **PT** *tricotar* **Beispill** ech bräicht chinéiert Woll, fir mer e Pullover ze strécken **2.** **DE** *binden* [knoten] • **FR** *nouer, attacher* • **EN** *to tie* [to fasten] • **PT** *apertar, atar* **Beispiller** du bass grouss an al genuch, fir deng Schong selwer ze strécken!; stréck der d'Jackett ëm d'Taille, wann et der ze waarm gétt! » **intransitiv 3.** **DE** *stricken* • **FR** *tricoter* • **EN** *to knit* • **PT** *tricotar* **Beispill** fréier hunn d'Meedercher an der Schoul geléiert strécken

i Verben, déi **strécken** als Basis hunn: ↗unenanerstrécken, ↗uneneestrecken, ↗ustrécken, ↗esummestrecken an ↗oustrécken

strecken [ʃtr'ækən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gestreckt) » **transitiv DE** *bügeln* • **FR** *repasser* [au fer à repasser] • **EN** *to iron, to press* • **PT** *passar a ferro, engomar* **Beispiller** mäi Brudder wäscht a streckt seng Kleeder selwer; an der Botzerei hunn se mer eng falsch Fal a meng Box gestreckt; druddel dat Gezei net esou, et ass frësch gestreckt!

i Verben, déi **strecken** als Basis hunn: ↗ausstrecken, ↗erastrecken, ↗erausstrecken, ↗erausstrecken, ↗ewechstrecken, ↗opstrecken an ↗irstrecken

Stréckleeder [ʃtr'ekle:de] Femininum (Pluriel Stréckleederen) **DE** *Strickleiter* • **FR** *échelle de corde* • **EN** *rope ladder* • **PT** *escada de corda* **Beispill** am Turnen hu mer missen eng Stréckleeder eropklammen

Strécknol [ʃtr'ekno:l] Femininum (Pluriel Strécknolen) **DE** *Stricknadel* • **FR** *aiguille à tricoter* • **EN** *knitting needle* • **PT** *agulha de tricotar* **Beispill** meng Mamm huet Strécknolen an allen Déckten **Synonym** Stréckeisen

Streckzëmmer Neutrum (Pluriel Streckzëmmer / Streckzëmmeren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Streeauto [ʃtr'e:əʊtə:] Maskulinum (Pluriel Streeautoen) **DE** *Streufahrzeug* • **FR** *véhicule de salage* • **EN** *gritter, salt lorry* • **PT** *espalhador de sal* [veículo] **Beispill** wéinst deem ville Schnéi war de Streeauto déi ganz Nuecht ënnerwee **Synonymmen** Streecamion, Streewon

Streeber [ʃtr'e:bə] Maskulinum (Pluriel Streeber) [égs] [pejorativ] **DE** *Streber* • **FR** *fayot, ambitieux, bûcheur* • **EN** *swot* • **PT** *manteigueiro, ambicioso, marrão* **Beispill**

ech gouf ëmmer **Streeber** genannt, dobäi war ech just fläisseg!

W Weiblech Form: ↗Streeberin

Streeberin [ʃtʁ'e:bəʀin] Femininum (Pluriel Streeberinnen) **égs** **pejorativ** **DE** Streberin • **FR** fayote, ambi-teuse, bûcheuse

W Männlech Form: ↗Streeber

Streecamion [ʃtʁ'e:kamjõ:] Maskulinum (Pluriel Streecamionen) **DE** Streufahrzeug • **FR** camion de salage • **EN** gritter, salt lorry • **PT** espalhador de sal [camião] **Beispill** wéinst deem ville Schnéi war de Streecamion déi ganz Nuecht ënnerwee **Synonymmen** Streeauto, Streewon

Streech [ʃtʁe:ç] Maskulinum **1.** (Pluriel Streech, kee Singulier) **DE** Prügel, Schläge • **FR** raclée [coups, correction] • **EN** beating, thrashing • **PT** sova, tareia **Beispiller** deen do huet fatzeg Streech verdéngt; wann s de dech net gëss, kriss de Streech! **2.** **égs** op ee Streech **DE** auf einen Schlag, auf einen Streich • **FR** d'un (seul) coup • **EN** in one go • **PT** de uma só vez **Beispill** ech krut aacht Keelen op ee Streech **3.** **égs** kee Streech **DE** überhaupt nichts • **FR** rien du tout, strictement rien • **EN** nothing at all • **PT** nada de nada, absolutamente nada **Beispill** deen huet senger Liewen nach kee Streech geschafft

Streech [ʃtʁe:ç] Maskulinum (Pluriel Streech) **DE** Stich [beim Kartenspiel] • **FR** pli, levée [au jeu de cartes] • **EN** trick [in a card game] • **PT** vaza [no jogo de cartas] **Beispill** wann ee gutt Kaarten huet, ass et liicht, vill Streech ze kréien

Streech [ʃtʁ'e:ç] Maskulinum (Pluriel Streech / Streecher) **DE** Landstrich, Gegend • **FR** région, contrée • **EN** belt, stretch [of land], region • **PT** região, terra **Beispill** an deem Streech sinn ech net kënneg

Streedéngscht [ʃtʁ'e:denʃt] Maskulinum (Pluriel Streedéngschter) **DE** Streudienst • **FR** service de déneigement, service de salage • **EN** gritting service • **PT** serviço de limpeza de neve, serviço de espalhamento de sal **Beispill** de Streedéngscht vun eiser Gemeng war déi ganz Nuecht am Asaz

Streeeemer [ʃtʁ'e:e:mə] Maskulinum (Pluriel Streeeemer) **DE** Eimer für Streusalz • **FR** seau de sel de déneigement • **EN** bucket of grit and salt • **PT** balde de sal das estradas **Beispill** am Wanter hu mir ëmmer e Streeeemer bei der Viischer Dier stoen

Stree-Eemer [ʃtʁ'e:e:mə] Maskulinum (Pluriel Stree-Eemer) - Variant vun ↗Streeeemer

streeën [ʃtʁ'e:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestreet) » **transitiv 1.** **DE** streuen [über eine Fläche verteilen] • **FR** mettre [en saupoudrant, en dispersant], répandre, disperser • **EN** to sprinkle [to powder], to scatter [ashes], to strew [flowers] • **PT** deitar [polvilhando, espalhando], espalhar **Beispiller** stree nach e bëssen Zocker op d'Taart!; bei der Pressessioun hunn d'Kanner Blimmercher gestreet; d'Äsche vum Verstuere wene goufen an d'Mier gestreet **2.** **DE** streuen [von Glätte befreien] • **FR** saler [en cas de verglas] • **EN** to grit, to salt • **PT** espalhar salt em [para limpar do gelo] **Beispiller** mir hunn den Trottoir misse streeën, well et

esou glat war; pass op, d'Afaart ass net gestreet! » **intransitiv 3.** **DE** die Straßen streuen • **FR** saler les routes • **EN** to grit the roads • **PT** espalhar sal nas estradas **Beispill** d'Gemeng huet nach net gestreet **4.** **DE** streuen [Erkrankung] • **FR** se propager, migrer [métastaser] • **EN** to spread [disease] • **PT** disseminar-se [doença] **Beispill** de Kriibs huet scho gestreet, d'Patientin kënt leider net laanscht eng Chimio

Streekëscht [ʃtʁ'e:kəʃt] Femininum (Pluriel Streekëschten) **DE** Streugutbehälter • **FR** bac à sel de déneigement • **EN** grit container • **PT** recipiente de sal das estradas **Beispill** virum Wanter müssen d'Streekëschte laanscht d'Stroosse gefëllt ginn

Streusalz [ʃtʁ'e:zalts] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Streusalz • **FR** sel de déneigement, sel de dégel • **PT** sal das estradas **Beispill** well mer e mëlle Wanter haten, gouf manner Streusalz gebraucht

Streewon [ʃtʁ'e:vo:n] Maskulinum (Pluriel Streeween) **DE** Streufahrzeug • **FR** véhicule de salage, saleuse • **PT** espalhador de sal [veículo] **Beispill** wéi et ugefaangen huet mat schneien, huet de Streewon stënterlech missen erausfueren **Synonymmen** Streeauto, Streecamion

Stréi [ʃtʁɛi] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Stroh • **FR** paille [de céréales], chaume • **EN** straw [cut stalks] • **PT** palha [de cereais], colmo **Beispiller** mir hunn de Mëtteg dräi Hektar Stréi gepresst; fréier gouf dacks Stréi benotzt, fir den Daach ze decken; et louch alles do ewéi Hee a Stréi **égs** [et louch alles duercherneen]; elo ass d'Feier am Stréi! **égs** [elo ass d'Situatioun net méi ze meeschteren!]; hien huet Stréi am Kapp **égs** [hien ass domm]

streiden [ʃtʁ'aɪdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestriden) » **intransitiv 1.** streiden (mat) **DE** streiten (mit), sich zanken (mit) • **FR** se disputer (avec), se quereller (avec) • **EN** to quarrel (with), to fight (with) • **PT** discutir (com), brigar (com) **Beispiller** esoubal d'Kanner ugefaangen hunn ze streiden, huet de Schoulmeeschter agegraff; Kanner, wann der weider streit, da musst der an d'Bett!; déi zwee streide vu mueres bis owes; esoubal hie gedronk huet, streit e mat all Mënsch » **reflexiv 2.** **DE** sich streiten • **FR** se disputer • **EN** to fight [to argue over, to compete for] • **PT** disputar, brigar **Beispill** d'Kanner streiden sech drëm, fir d'Knaus ze kréien

W Verb, dat **streiden** als Basis huet: ↗ofstreiden

streidereg [ʃtʁ'aɪdərɛç] Adjektiv **DE** streitsüchtig, zänkisch • **FR** querelleur • **EN** quarrelsome, argumentative • **PT** quezilento, brigão **Beispiller** wéi kënt dee feine Mann un esou e streidereg Kolleeg?; wann hien e Patt gedronk huet, gëtt e gäre streidereg

Streidere [ʃtʁ'aɪdər'aɪ] Femininum (Pluriel Streidereien) (meeschtens Pluriel) **DE** Streiterei • **FR** dispute, chamaillerie • **EN** quarrel • **PT** discussão, disputa **Beispiller** deng domm Remarke féieren nëmmen zu muttwëllege Streidereien; déi ganz Streidereien ëm d'Ierfschaft gi mer ferm op d'Schlappen!

streidreg [ʃtʁ'aɪdərɛç] Adjektiv - Variant vun ↗streidereg

stréieg [ʃtʁ'zɛɪɔ̃] Adjektiv **1.** **DE** widerspenstig, borstig [Haar] • **FR** rebelle, difficile à coiffer [cheveux] • **EN** unruly [unmanageable] • **PT** rebelde, difícil de pentear [cabelo] **Beispill** hien huet **stréieg** Hoer **2.** **DE** faserig • **FR** fibreux [filandreux] • **EN** fibrous • **PT** fibroso [filamentosos] **Beispill** wann d'Saison eriwwer ass, ginn d'Spargele **stréieg**

Stréifeier [ʃtʁ'zɛɪfɛɪɛ] Neutrum (Pluriel Stréifeieren) ^{égs} **DE** Strohfeuer [kurze Begeisterung] • **FR** feu de paille [engouement passager] • **EN** flash in the pan [passing fancy] • **PT** fogacho, sol de pouca dura **Beispill** där Koppel hir grouss Léift war just e **Stréifeier**

Stréihalle [ʃtʁ'zɛɪh'aləm] Maskulinum (Pluriel Stréihällem) **1.** **DE** Strohalm [Stängel] • **FR** brin de paille, tige de paille • **EN** straw [stalk of grain] • **PT** haste de palha **Beispill** de Stuerm huet d'Beem gediebelt ewéi **Stréihällem** **2.** **DE** Strohalm [Trinkhalm] • **FR** paille [pour boire], chalumeau • **EN** (drinking) straw • **PT** palhinha, palha [para beber] **Beispill** d'Kanner drénken hire Jus mat engem **Stréihalle** **Synonym** Schallimo

Stréihutt Maskulinum (Pluriel Stréihitt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Streik [ʃtʁaɪk] Maskulinum (Pluriel Streiken / Streiker) **DE** Streik • **FR** grève [cessation du travail] • **EN** strike [stoppage] • **PT** greve **Beispill** während dem **Streik** hunn d'Aarbechter d'Fabrick besat

Streikbriecher [ʃtʁ'aɪkbrɛiçɛ] Maskulinum (Pluriel Streikbriecher) **DE** Streikbrecher • **FR** briseur de grève • **EN** blackleg, scab, strike-breaker • **PT** fura-greves **Beispill** d'Gewerkschaft huet d'Streikbriecher derzou opgeruff, sech mat hire Kollegegen ze solidariséieren

i Weiblech Form: ↗Streikbriecherin

Streikbriecherin [ʃtʁ'aɪkbrɛiçɛrɪn] Femininum (Pluriel Streikbriecherinnen) **DE** Streikbrecherin • **FR** briseuse de grève • **PT** fura-greves [mulher] **Beispill** d'Kollegen hunn d'Streikbriecherin opgefuerdert, sech dach solidaresch ze weisen

i Männlech Form: ↗Streikbriecher

streiken [ʃtʁ'aɪkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestreikt) » **intransitiv** **1.** **DE** streiken [die Arbeit niederlegen] • **FR** faire grève [dans un but revendicatif] • **EN** to strike [to refuse to work] • **PT** fazer greve **Beispill** d'Aarbechter **streiken**, well se dëse Mount nach keng Pai kruten **2.** ^{égs} **DE** streiken [sich weigern] • **FR** faire grève [abandonner, refuser] • **EN** to strike, to give up • **PT** desistir, não alinhar **Beispill** beim Dessert **streiken** ech!; wann et weider esou géi biergop geet, da **streiken** ech **3.** ^{égs} **DE** streiken [nicht (mehr) funktionieren] • **FR** ne plus fonctionner, être en panne • **EN** to be on strike [to be out of order] • **PT** (estar a) falhar [ter avariado] **Beispill** mäin Auto **streikt** erëm, kann ech mat dir fueren?

Streikposten Maskulinum (Pluriel Streikposten) **DE** Streikposten • **FR** piquet de grève • **PT** piquete (de greve) **Beispill** virun der Paart vun der Schmelz hat d'Gewerkschaft e **Streikposte** placéiert **Synonym** Piquet

Stréil Femininum (Pluriel Stréilen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

stréilen [ʃtʁ'zɛɪlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestréilt) » **transitiv** **1.** **DE** striegeln • **FR** étriller, brosser • **EN** to groom [to brush and clean an animal] • **PT** almoçar, escovar **Beispill** d'Päerd muss nach gestréilt ginn **Synonym** strigelen **2.** **DE** streicheln • **FR** caresser • **EN** to stroke [to caress] • **PT** acariciar, afagar **Beispill** eis Kaz léisst sech net vu jidderengem **stréilen** **Synonym** heemelen

stréimen [ʃtʁ'zɛɪmən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gestréimt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Stréimung [ʃtʁ'zɛɪmʊŋ] Femininum (Pluriel Stréimungen) **1.** **DE** Strömung [Gewässer] • **FR** courant [d'eau] • **EN** current [of water] • **PT** corrente [de água] **Beispill** hie gouf vun der Stréimung matgerappt a wier bal erdronk **2.** **DE** Strömung [Bewegung, Richtung] • **FR** courant [doctrinel] • **EN** current [tendency, movement] • **PT** corrente [movimento, tendência] **Beispill** den Existenzialismus ass eng philosophesch **Stréimung** vum 20. Joerhonnert

Streisel [ʃtʁ'aɪzəl] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Streusel • **FR** streusel [pâte] • **EN** streusel, crumble [topping] • **PT** cobertura esfarelada **Beispill** meng Mamm mécht **Streisel** op hir Kiischentaart **2.** (Pluriel Streiselen) **DE** Streuselkuchen • **FR** streusel [pâtisserie] • **EN** streusel bun, crumble bun • **PT** bolo com cobertura esfarelada **Beispill** ech hu beim Bäcker e gefüllte **Streisel** kauft

stremmen [ʃtʁ'æmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestremmt) » **transitiv** **DE** beengen, stremmen • **FR** serrer [vêtement] • **PT** estar justo, estar apertado [roupa] **Beispill** de Paltong vu mengem Kostüm ass nach gutt, mee d'Box **stremmt** (mech) e bëssen an der Taille

Strëmp [ʃtʁəmp] Femininum (Pluriel Strëmp) **DE** Socke, Strumpf • **FR** chaussette • **EN** sock, stocking • **PT** meia [peça de vestuário] **Beispiller** d'Feeschte vu mengem neie **Strëmp** si schonn zerrass; dän éiwégt Gesouers geet mer op d'**Strëmp!** ^{égs} [dän éiwégt Gesouers nervt mech]

streng [ʃtʁæŋ] Adjektiv **1.** **DE** streng [hart] • **FR** sévère [dur] <Adverb sévèrement> • **EN** strict [stern] <Adverb strictly> • **PT** severo [duro] <Adverb severamente> **Beispiller** eise Schoulmeeschter war **streng**, awer gerecht; mir därenfen dat verschotert Kand net esou **streng** behandelnen; hien ass **streng** gehalen ^{égs} [hie kann sech vun doheem aus net vill erlaben] **Synonym** autoritär **2.** **DE** streng [strikt] • **FR** strict [rigoureux] <Adverb strictement> • **EN** strict [rigorous] <Adverb strictly> • **PT** estrito [rigoroso] <Adverb estritamente, à risca> **Beispiller** an dësem Betrib muss een sech **strenge** Bestëmmungen ennerwerfen; dëst Dokument ass **streng** vertraulech; bei där Famill geet alles **streng** no der Etikett; **streng** geholl misst dir fir de Schued opkommen **Synonym** strikt **3.** **DE** streng [Kälte, Geruch] • **FR** rigoureux, aigu [froid], pénétrant [odeur] • **EN** harsh, severe [cold], strong [smell] • **PT** rigoroso, agudo [frio], penetrante [cheiro] **Beispiller** mir haten dëst Joer e **strenge** Wanter; ass dat dän Kéis, deen esou **streng** richt?

Strengt [ʃtræŋt] Femininum (Pluriel Strengten) **DE** Stromschnelle • **FR** rapide [partie d'un cours d'eau] • **EN** rapids • **PT** rápido [parte de um curso de água] **Beispill** hie stoung an enger Strengt ze fëschen

Strenz [ʃtrænts] Femininum (Pluriel Strenzen) **DE** Gießkanne • **FR** arrosoir • **EN** watering can • **PT** regador **Beispill** nätz d'Blumme léiwer mat der Strenz ewéi mam Schlauch! **Synonymmen** Géiss, Géisskan

strenzen [ʃtr'æntsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestrenzt)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Strëpp Femininum (Pluriel Strëppen)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

strëppen [ʃtr'əpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestrëppt) » **transitiv 1.** **DE** abziehen [ein Tier] • **FR** dépouiller, dépaouter • **EN** to skin [an animal] • **PT** esfoliar [um animal] **Beispill** ech krut gëschter en Hues geschenkt, ech muss e just nach strëppen **Synonym** ofzëien **2.** [égs] **DE** ausziehen [entkleiden] • **FR** déshabiller [dévêtir] • **EN** to strip, to undress • **PT** despir [desvestir] **Beispill** d'Mamm huet de Bouf misse strëppen, well en an de Bulli gefall war **3.** [égs] **DE** betrügen, begaunern • **FR** rouler, arnaquer • **EN** to rip off, to swindle • **PT** enganar, vigarizar **Beispill** déi onéierlech Geschäftsfra huet mech ëm 1.500 Euro gestrëppt **Synonym** beducken **4.** strëppen iwwer **DE** stülpen über, ziehen über • **FR** enfiler, retirer [un vêtement] • **EN** to pull over • **PT** enfiar, retirar [uma peça de roupa] **Beispiller** wann et glat dobausse war, hunn d'Leit sech fréier e puer Strëmp iwwer d'Schong gestrëppt; ech kréien dee Pullover do einfach net iwwer de Kapp gestrëppt

i Verben, déi **strëppen** als Basis hunn: ↗erofstrëppen an ↗eropstrëppen

Streptocoque [stræpto:k'ok] Femininum (Pluriel Streptocoquen) **DE** Streptokokke • **FR** streptocoque • **EN** streptococcus • **PT** estreptococo **Beispill** Scharlach ass eng Krankheet, déi duerch Streptocoquen ausgeléist gëtt

Streptocoqueninfektioun [stræpto:k'okəni'fæk-sjəʊn] Femininum (Pluriel Streptocoqueninfektiounen) **DE** Streptokokkeninfektion • **FR** infection à streptocoques • **EN** streptococcal infection • **PT** infeção estreptocócica **Beispill** huet een d'Bakteerien un den Hänn, geet et duer, sech un d'Nues ze fueren, fir eng Streptocoqueninfektioun ze kréien

Stress [ʃtræs] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Stress • **FR** stress • **EN** stress • **PT** stress [tensão, pressão] **Beispill** vun deem dauernde Stress op der Aarbecht gouf hie krank

stresseg [str'æsəç] Adjektiv **DE** stressig • **FR** stressant • **EN** stressful • **PT** stressante **Beispiller** op der Bourse schaffen, ass e stressege Beruff; wéinst där viller Aarbecht um Büro hate mer haut e stressege Mueren

streszen [ʃtr'æsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestresst) » **transitiv 1.** **DE** streszen • **FR** stresser • **EN** to stress • **PT** stressar **Beispill** och wann zéng Leit am Wartesall sëtzen, léisst mäin Dokter sech net streszen » **reflexiv 2.** **DE** sich beeilen • **FR** se stresser • **EN** to rush, to hurry • **PT** apressar-se **Beispill** stress dech net

wéinst menger, ech hunn de ganze Mëtteg Zäit **Synonymmen** sech fläissen, sech tommelen

Stretching [str'ætʃɪŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Stretching • **FR** stretching • **EN** stretch(es) [stretching exercise] • **PT** exercícios de alongamento **Beispill** ier mer lafe ginn, maachen ech e bësse Stretching

strëtzen [ʃtr'ətsən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestrëzt) - Variant vun ↗strutzen ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gestrëzt) - Variant vun ↗strutzen

Strief [ʃtriəf] Femininum (Pluriel Striwen) **DE** Strebe • **FR** contrefiche • **EN** brace, strut • **PT** escora **Beispill** déi baufälleg Mauer gouf provisoersch mat Striwe gestäipt

striwen [ʃtr'ivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestriift)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

i Verb, dat **striwen** als Basis huet: ↗ustriwen

Strigel [ʃtr'izəl] Maskulinum (Pluriel Strigelen) **DE** Striegel • **FR** étrille [instrument] • **EN** curry comb • **PT** almofaça **Beispill** fir d'Päerd ze botzen, brauchs de e Strigel an eng Biischt

strigelen [ʃtr'izələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestrigelt) » **transitiv DE** strigeln • **FR** étriller, brosser • **EN** to groom, to brush [an animal] • **PT** almoçar, escovar **Beispill** d'Päerd muss nach gestrigelt ginn **Synonym** stréilen

strikt [ʃtrikt] Adjektiv **DE** strikt • **FR** strict [astreignant] <Adverb strictement> • **EN** strict [rigorous, stringent] <Adverb strictly> • **PT** estrito [rigoroso] <Adverb estritamente> **Beispiller** d'Personal vum Betrib krut strikt Uweisungen, wéi et sech soll behuelen, wann et brennt; ech hu mech strikt un dat gehalen, wat den Dokter mer sot **Synonym** streng

String Maskulinum (Pluriel Stringen) **DE** String [Kleidungsstück] • **FR** string **Beispill** ënner dëser seidener Box dinn ech am léifsten e String un, dann zeechent sech näscht of

strippen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestriipt)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Stripper Maskulinum (Pluriel Stripper / Stripperen)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

i Weiblech Form: ↗Stripperin

Stripperin Femininum (Pluriel Stripperinnen)

i Männlech Form: ↗Stripper

Striptease Maskulinum (Pluriel Stripteasen)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

strizen [ʃtr'izən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestriizt) » **transitiv DE** schikanieren, quälen, strizen • **FR** brimer, harceler, asticoter • **EN** to harass, to torment • **PT** vexar, molestar, atormentar **Beispill** de Kaperol huet d'Rekruten al gestriizt

Strof [ʃtʁoːf] Femininum (Pluriel Strofen) **1.** DE Strafe [Bestrafung] • FR punition • EN punishment • PT castigo, punição **Beispiller** well dee Schëllege sech net gemellt huet, krut déi ganz Klass eng **Strof**; wéi en duerchgefall ass, krut dee Lidderhanes endlech seng gerecht **Strof** **2.** DE Strafe [Freiheitsstrafe, Geldbuße] • FR peine [sanction juridique] • EN penalty, sentence • PT pena (judicial) **Beispill** am Appell gouf dem Verurteelte seng **Strof** confirméiert

strofbar [ʃtʁoːfbaːR] Adjektiv **1.** DE strafbar • FR punissable • EN punishable • PT punível **Beispill** de Verkauf vun illegalen Drogen ass **strofbar** **2.** sech strofbar maachen DE sich strafbar machen • FR se rendre passible d'une sanction • EN to make oneself liable to prosecution • PT tornar-se passível de sanção **Beispill** du méchs dech **strofbar**, wann s de ouni Füherschäi mam Auto fiers

Strofdot Femininum (Pluriel Strofdoten)

I Hei entsteet en neien Artikel.

strofen [ʃtʁoːfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestrooft) » transitiv DE strafen, bestrafen • FR punir [infliger une punition à] • EN to punish • PT castigar, punir **Beispiller** de Schüler fënnt, e wier weinst enger Bagatell gestrooft ginn; mat esou engem Mann ass déi Fra e Liewe laang gestrooft [égs] [mat esou engem Mann huet déi Fra e Liewe laang Misär] **Synonym** bestrafen

Stroferiicht [ʃtʁoːfɛriːçt] Neutrum (Pluriel Stroferiichter) **1.** DE Strafgericht [Behörde] • FR tribunal correctionnel, tribunal pénal [instance] • PT tribunal correcional, tribunal criminal [instância] **Beispill** mäin Associé kënnt an den nächste Woche virum d'Stroferiicht, well e Suen ënnerschloen huet **2.** DE Strafgericht [Gebäude] • FR tribunal correctionnel [bâtiment] • PT tribunal correcional, tribunal criminal [edifício] **Beispill** d'Journalisten hu virum Stroferiicht op den Ugeklote gewaart

Strofraum [ʃtʁoːfræːʊm] Maskulinum (Pluriel Strofraim / Strofräim) DE Strafraum • FR surface de réparation • EN penalty area • PT área de grande penalidade, grande área **Beispill** de Verteideger huet de Stiermer am Strofraum gefoult an domat en Eeflemeter provoziert

Strofrecht [ʃtʁoːfræːçt] Neutrum (kee Pluriel) DE Strafrecht, Strafgesetzgebung • FR droit pénal • EN criminal law • PT direito penal **Beispill** d'Affekoten an dësem Cabinet hu sech op d'Strofrecht spezialiséiert **Synonym** Droit pénal

strofrectlech [ʃtʁoːfræːçtlɛç] Adjektiv DE strafrechtlich • FR pénal <Adverb pénalement> • PT penal <Adverb penalmente> **Beispiller** wann een eng Ennerschréft fälscht, huet dat strofrectlech Konsequenzen; a ville Länner ass Stalking zënter e puer Joer strofrectlech relevant

Stronk [ʃtʁɔŋk] Maskulinum (Pluriel Strénk) DE Strunk [vom Gemüse] • FR trognon [d'un légume] • EN stalk [of a vegetable] • PT talo [de um legume] **Beispiller** hues de d'Strénk aus der Zalot geschneiden?; d'Raupen hunn de Kabes bis op d'Strénk gefriess

Strontium [ʃtʁoːntsɪjʊm] Maskulinum (kee Pluriel) [Chimie] DE Strontium [chemisches Element] • FR strontium [élément chimique] • EN strontium [chemical element] • PT estrôncio [elemento químico] **Beispill** d'Element Strontium gehéiert zum Grupp vun den Äerdalkalimetaller

stronzeg [ʃtʁoːntsɛç] Adjektiv DE schroff, unfreundlich • FR bourru [peu aimable] <Adverb de façon bourrue> • EN surly, brusque <Adverb brusquely> • PT rispido, desagradoável [pouco afável] <Adverb rispidamente> **Beispiller** eisen Taxichauffer war zimmlech stronzeg mat eis; äntwer net ëmmer esou stronzeg!

stronzen [ʃtʁoːntsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestronzt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

I Verb, dat **stronzen** als Basis huet: ↗ustronzen

Strooss [ʃtʁoːs] Femininum (Pluriel Stroossen) **1.** DE Straße [Verkehrsweg] • FR rue, route • EN street, road • PT rua, estrada **Beispiller** d'Strooss ass weinst Aarbechte gespaart; fir d'Braderie war vill Gewulls an de Stroossen; an de Schoulvakanzen ass manner Verkéier op de Stroossen; deen aarme Kärel leeft op der Strooss [égs] [deen aarme Kärel huet keng fest Wunneng]; de Proprietär huet de Locataire op d'Strooss gesat [égs] [de Proprietär huet de Locataire erausgehäit]; dat do licht dem Mann vun der Strooss net an [égs] [dat do licht dem gewéinleche Bierger net an]; d'Gewerkschaft ríft hir Memberen op, mat op d'Strooss ze goen [égs] [d'Gewerkschaft ríft hir Memberen op, mat ze manifestéieren] **2.** DE Straße [Fahrbahn] • FR chaussée [d'une voie publique] • EN road [for public traffic] • PT faixa de rodagem **Beispiller** d'Kanner dierfen net op der Strooss spillen; pass op, laf net an d'Strooss!; eisen Auto hält d'Strooss gutt [égs]; eisen Auto läit gutt op der Strooss [égs] [eisen Auto huet eng gutt Stroosselag]

Stroossbuerg Eegennumm

I Hei entsteet en neien Artikel.

Stroossefest [ʃtʁoːsɛfɛst] Neutrum (Pluriel Stroossefester) DE Straßenfest • FR fête de rues • EN street party • PT festa de rua **Beispill** um Stroossefest sinn allerlee Musikanten opgetrueden

Stroossegrill Maskulinum (Pluriel Stroossegriller) DE Gully • FR bouche d'égout [avaloir] • EN drain hole [of a sewer] • PT bueiro, sarjeta [abertura] **Beispill** mäin Autoschlüssel ass mer an e Stroossegrill gefall **Synonym** Gulli

I Kuerzform: Grill

Stroossekind [ʃtʁoːsɛkɑ̃t] Neutrum (Pluriel Stroossekind) DE Straßenkind [ohne Obdach] • FR enfant des rues • EN street child • PT criança de rua **Beispill** op eiser Rees huet de Misär vun de Stroossekind mech extreem beréiert

Stroossekäschtle [ʃtʁoːsɛkɔ̃ʃtlɛ] Maskulinum (Pluriel Stroossekäschtle) DE Straßenkünstler • FR artiste de rue • EN street performer • PT artista de rua **Beispiller** de Stroossekäschtle huet d'Leit mat senger Pantomimm ameséiert; Dosende vu Leit si stoe

bliwwen, fir dem Stroossekënschtler nozekucken

V Variant: Stroossekünstler

W Weiblech Form: ↗Stroossekënschtlerin

Stroossekënschtlerin [ʃtr'o:səkənʃtlərɪn] Femininum (Pluriel Stroossekënschtlerinnen) **DE** *Straßenkünstlerin* • **FR** *artiste de rue* [femme] • **PT** *artista de rua* [mulher] **Beispill** e ganze Koup Zuschauer hunn der Stroossekënschtlerin fasziniert nogekuckt

V Variant: Stroossekünstlerin

M Männlech Form: ↗Stroossekënschtler

Stroossekünstler [ʃtr'o:səkynstlɛ] Maskulinum (Pluriel Stroossekünstler) - Variant vun ↗Stroossekënschtler

Stroossekünstlerin [ʃtr'o:səkynstlɛrɪn] Femininum (Pluriel Stroossekünstlerinnen) - Variant vun ↗Stroossekënschtlerin

Stroosselag [ʃtr'o:sələ:χ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Straßenlage* • **FR** *tendue de route* • **EN** *roadholding* • **PT** *estabilidade em estrada* **Beispill** dän Auto huet nawell eng gutt Stroosselag

Stroosseluucht [ʃtr'o:səl'u:χt] Femininum (Pluriel Stroosseluuchten) **DE** *Straßenleuchte, Straßenlaterne* • **FR** *réverbère, lampadaire* [d'éclairage de la voie publique] • **EN** *street light, street lamp* • **PT** *candeeiro de rua* **Beispill** beim Aparken hunn ech mäi fonkelneien Auto un enger Stroosseluucht getéitscht

Stroossemaart [ʃtr'o:səma:rt] Maskulinum (Pluriel Stroossemaert) **DE** *Straßenmarkt* • **FR** *marché de rue* • **EN** *street market* • **PT** *mercado de rua* **Beispill** all Summer organiséiert de Geschäftsverband e Stroossemaart an der Foussgängerzon

Stroossen [ʃtr'o:sən] Eegennumm **DE** *Strassen* • **FR** *Strassen* • **EN** *Strassen* • **PT** *Strassen* **Beispiller** ech wunnen zu Stroossen; fiert dese Bus op Stroossen?

Stroossenaarbechten Femininum (kee Singulier) **DE** *Straßenarbeiten* • **FR** *travaux de voirie* • **EN** *road works* • **PT** *obras nas estradas* **Beispiller** bei Stroossenaarbechte goufen Iwwerreschter vun engem ale Réimerwee fonnt; während de Stroossenaarbechte leeft de Verkéier nëmmen op enger Spuer

Stroossenumm [ʃtr'o:sənum] Maskulinum (Pluriel Stroossenimm)

H Hei entsteet en neien Artikel.

Stroossepotto [ʃtr'o:səpoto:] Maskulinum (Pluriel Stroossepottoen) **DE** *Straßenmast, Pfosten* • **FR** *poteau de voirie, poteau de signalisation* • **PT** *poste* [na via pública] **Beispill** de Camionschauffer huet aus Versinn beim Hannerrécksfueren de Stroossepotto mat ewechgeholl

Stroossesäit [ʃtr'o:səzæ:it] Femininum (Pluriel Stroossesäiten) **DE** *Straßenseite* • **FR** *côté de la route, côté de la rue* • **EN** *side of the road* • **PT** *lado da estrada, lado da rua, lado da faixa de rodagem* **Beispiller** de Chauffer krut e Protokoll, well en an enger geféierlecher Kéier net op senger Stroossesäit bliwwen war; duerch e Souterrain kommen d'Foussgänger ouni

Gefor op déi aner Stroossesäit

Strooseschëld [ʃtr'o:səʃəlt] Neutrum (Pluriel Strooseschëlter / Strooseschëlder) **1. DE** *Verkehrsschild, Verkehrszeichen* • **FR** *panneau de signalisation* • **EN** *road sign* • **PT** *placa de sinalização* **Beispill** den Auto huet zwee Strooseschëlter ëmgerannt a koum an engem Virgäertchen un d'Halen **2. DE** *Straßenschild* • **FR** *plaque de rue* • **EN** *street sign* • **PT** *placa de rua* **Beispill** op deem Strooseschëld sinn direkt zwee orthografesch Feeler

Stroosseverkéier [ʃtr'o:səʃekɜɪɐ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Straßenverkehr* • **FR** *trafic routier, circulation routière* • **EN** *(road) traffic* • **PT** *trânsito rodoviário, tráfego rodoviário* **Beispiller** eng nei Campagne soll de Leit hiert Verhalen am Stroosseverkéier beaflossen; wéinst deene katastrophale Verhältnissen am Stroosseverkéier huelen ech den Zuch fir op d'Aarbecht

Stroph [ʃtr'o:f] Femininum (Pluriel Strophen) **DE** *Strophe* • **FR** *strophe* • **EN** *verse, stanza* • **PT** *estrofe* **Beispill** ech kenne just déi éischt Stroph vun eiser Nationalhymn

strotzen [ʃtr'o:tsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestrotzt) » **intransitiv** strotze vun **DE** *strotzen von* • **FR** *déborder de* [surabonder de, regorger de] • **EN** *to burst with, to overflow with* • **PT** *transbordar de* [lestar cheio de, regurgitar de] **Beispiller** deng Groussmamm strotzt nach ëmmer vun Energie; dem Schüler säi lescht Diktat huet vu Feeler nëmmen esou gestrotzt

Strom [ʃtrəʊm] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** *Strom* [Elektrizität] • **FR** *courant (électrique)* • **EN** *power, current, electricity* • **PT** *corrente (elétrica), luz* [eletricidade] **Beispiller** den Atomreakter liwwert Strom fir d'ganz Regioun; knapps hat den Orchester d'Ouverture vun der Oper gespilt, dunn ass de Strom ausgefall; d'Auer um Schäffchen ass verstillt, de Strom muss fort gewiescht sinn **2. géint** de Strom schwammen **DE** *gegen den Strom schwimmen* • **FR** *nager à contre-courant* • **EN** *to swim against the tide* • **PT** *nadar contra a corrente* **Beispiller** fir läichen ze goen, mussen d'Saumone géint de Strom schwammen; et muss een am Liewen och kënne géint de Strom schwammen ^[egs] let muss een am Liewen och kënnen eng aner Meening verrieden ewéi d'Majoritéit

Stroumausfall [ʃtr'o:ʊsmæ:ʊsfal] Maskulinum (Pluriel Stroumausfäll) **DE** *Stromausfall, Stromunterbrechung* • **FR** *panne d'électricité, panne de courant* • **PT** *falta de eletricidade, falta de luz* **Beispill** wéinst engem Stroumausfall souze mer dee ganzen Owend an der Däischtert

Stroumleitung [ʃtr'o:ʊmlaɪtʊŋ] Femininum (Pluriel Stroumleitungen) **DE** *Stromleitung* • **FR** *ligne électrique* • **EN** *power supply line* • **PT** *linha elétrica* **Beispill** eisen Noper um Camping huet eis Stroumleitung ugezaapt

Stroumpann [ʃtr'o:ʊmpən] Femininum (Pluriel Stroumpannen) **DE** *Stromausfall, Stromunterbrechung* • **FR** *panne d'électricité, panne de courant* • **PT** *falta de eletricidade, falta de luz* **Beispill** wéinst der Stroumpann konnt ech mäi Film net fäerdeg kucken **Synonym** Stroumausfall

Stromschlag [ʃtʁ'əsmʃla:χ] Maskulinum (Pluriel Stromschléi) DE *Stromschlag* • FR *décharge électrique* • EN *electric shock* • PT *choque elétrico* **Beispill** e Stromschlag kann déidlech sinn

Stromspannung [ʃtʁ'əsmʃpanʊŋ] Femininum (Pluriel Stromspannungen) DE *Stromspannung* • FR *tension électrique* • PT *tensão elétrica* **Beispiller** fir d'Stromspannung ze änneren, hëlt een en Traffo; a verschiddene Länner ass d'Stromspannung an de Steckdousen 110 Volt

Stromversuergung [ʃtʁ'əsmfəzu:ɔzʊŋ] Femininum (kee Pluriel) DE *Stromversorgung* • FR *approvisionnement en électricité, fourniture d'électricité* • EN *electricity supply, power supply* • PT *abastecimento de eletricidade, fornecimento de eletricidade* **Beispill** fir d'Stromversuergung ze garantéieren, huet d'Gemeng en Dieselaggregat zur Verfügung gestallt

Stromzähler Maskulinum (Pluriel Stromzähler / Stromzähleren) DE *Stromzähler* • FR *compteur d'électricité, compteur électrique* • EN *electricity meter* • PT *contador de eletricidade* **Beispill** Moossapparater ewéi Waasseraueren a Stromzähler gi geeicht, ier se instaléiert ginn **Synonym** Compteur

i Variant: Stromzieler

Stromzieler Maskulinum (Pluriel Stromzieler) - Variant vun ↗Stromzähler

strubbelvoll [ʃtʁubəf'ol] Adjektiv - Variant vun ↗struppevoll

struwelen [ʃtʁ'uəvələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestruewelt) » **intransitiv 1.** DE *zappeln, strampeln* • FR *gigoter* • EN *to wriggle* • PT *agitar-se* **Beispiller** du muss schlecht geschlof hunn, du hues stänneg gestruewelt; dat Klengt struwelt vu Freed mat Aarm a Been **Synonym** strampelen **2.** [égs] DE *sich abstrampeln* • FR *ramer, se démener* • EN *to struggle* • PT *suar, desunhar-se* **Beispill** hien huet ferm gestruewelt, fir aus der Schold erauszekommen

Struktur [ʃtʁukt'ʉ:ɔ] Femininum (Pluriel Strukturen) **1.** DE *Struktur [Aufbau]* • FR *structure [agencement, composition]* • EN *structure [composition]* • PT *estrutura [disposição, composição]* **Beispiller** dat Material huet eng ganz speziell molekular Struktur; et ass heiansdo néideg, déi al gesellschaftlech Strukturen ze iwwerden **2.** DE *Struktur [Oberflächenstruktur]* • FR *(surface) relief* • EN *(surface) relief* • PT *(superfície em) relevo* **Beispill** hätt Der gären eng glat Tapéit oder eng mat enger Struktur? **3.** DE *Institution, Einrichtung* • FR *structure [organisme, institution]* • EN *structure [organization, institution]* • PT *estrutura [organismo, instituição]* **Beispiller** dee Service gétt an eng gréisser Struktur agegliddert; et ass néideg, eng nei Struktur ze schafen, fir déi verschidde Verwaltungen ze integréieren

strukturéieren [ʃtʁuktʉ'ʒiəɔɔn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé strukturéiert) » **transitiv** DE *strukturieren* • FR *structurer [organiser]* • EN *to structure* • PT *estruturar [organizar]* **Beispiller** du hues dän Exposé gutt strukturéiert; et ass wichteg, d'Diskussioun ze strukturéieren, soss gétt hott an har geschwat **Synonymmen** glidderen, opglidderen

i Verb, dat **strukturéieren** als Basis huet: ↗emstrukturéieren

strukturell [ʃtʁuktʉ'æ:l] Adjektiv DE *strukturell* • FR *structurel* • EN *structural [organizational]* • PT *estrutural* **Beispiller** mir loossen den Ament eng strukturell Analys vun eisem Betrieb maachen; de Chömage kann esouwuel konjunkturell ewéi och strukturell Ursachen hunn; mat verschiddene strukturelle Reforme wëll d'Regierung op déi gesellschaftlech Verännerunge reagéieren

Strumm [ʃtʁum] Femininum (Pluriel Strummen) DE *Striemen, Kratzer* • FR *rayure, éraflure* • EN *streak, scratch, scrape* • PT *risco, arranhão, vergão* **Beispiller** schwaarz Suele kënnen Strummen op de Buedem maachen; ech war Päerdsbier plécken an hunn elo meng Äerm voller Strummen; de Bouf ass esou geschloen ginn, datt e Strummen am Réck hat

Strumm [ʃtʁum] Femininum (kee Pluriel) [égs] op der Strumm sinn DE *auf der Straße leben [obdachlos sein]* • FR *être à la rue [sans domicile fixe]* • EN *to live rough* • PT *estar a viver na rua [sem-abrigo]* **Beispill** eis Association bitt de Leit, déi op der Strumm sinn, all Dag eng waarm Molzecht

strummen [ʃtʁ'umən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gestrummt)

i Hei entsteet en neien Artikel

Strummert [ʃtʁ'umət] Maskulinum (Pluriel Strumمرتerten) [égs] DE *Obdachloser, Landstreicher* • FR *clochard* • PT *sem-abrigo, vagabundo* **Beispiller** ech hunn engem Strummert en Euro ginn; dee Strummert schléift all Nuecht am Park op enger Bänk **Synonym** Clochard

i Ogepass! De Begrëff „Strummert“ kann als pejorativ empfongt ginn.

struppeg [ʃtʁ'ʉpəɔ] Adjektiv DE *struppig, borstig* • FR *hérissé, hirsute* • EN *haggy, bristly* • PT *erizado, hirsuto* **Beispill** eise Mupp huet e struppege Pelz

struppevoll [ʃtʁ'ʉpəf'ol] Adjektiv [égs] DE *rappelvoll* • FR *plein à craquer* • EN *jam-packed, chock-a-block* • PT *a abarrotar, muito cheio* **Beispill** de Sall war struppevoll, d'Leit hunn sech missen erandrénken **Synonym** rabbelvoll

i Variant: strubbelvoll

Strutz [ʃtʁuts] Femininum (Pluriel Strutzen) [égs] DE *Göre* • FR *chipie [jeune adolescente]* • EN *minx, little madam* • PT *pirralha [rapariga jovem]* **Beispill** wat hunn déi zwou Strutzen do op engem Bal verluer?

strutz Adverb [égs] strutz an d'Luucht stoen / strutz ewechstoen DE *(steif) abstehen* • FR *être hérissé [cheveux], être décollé [oreilles]* • PT *estar erizado [cabelos], estar descolado [orelhas]* **Beispiller** wann ech mech owes mat fichten Hoer an d'Bett leeën, da sti se moies strutz d'Luucht aus; deem léiwe Kärelche seng Quere sti strutz ewech

strutzen [ʃtʁ'ʉtsən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestrutzt) ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gestrutzt)

i Hei entsteet en neien Artikel

i Varianten: strëtzen, strëtzen

struwweleg [ʃtʁ'uvələç] Adjektiv **DE** strubbelig • **FR** ébouriffé • **EN** tousled, unkempt • **PT** desgrenhado **Beispiller** déi struwweleg Hoer sinn erëm an der Moud; fuer der eng Kéier mam Kamp duerch d'Hoer, se si ganz struwweleg!

Stuck [ʃtuk] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Stuck • **FR** stuc • **EN** stucco • **PT** estuque **Beispill** mir hunn de Stuck am Salon neimaache gelooss

Stuckatur [ʃtukat'u:ç] Femininum (Pluriel Stuckaturen) **DE** Stuckatur • **FR** (ouvrage en) stuc • **PT** (trabalho de) estuque **Beispiller** mir hunn déi futtis Stuckatur vun engem Spezialist an d'Rei setze gelooss; déi meescht Stuckaturen am Schlass si komplett erhalten

stuckelen [ʃt'ukələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gestuckelt) » **transitiv 1.** **DE** schütteln, rütteln • **FR** cahoter, balloter • **EN** to shake (around) • **PT** abanar, sacudir **Beispiller** stuckel d'Limonadsfläsch net esou, soss sprutzt et, wann s de se opméchst!; d'Leit sinn am Bus gutt gestuckelt ginn » **intransitiv 2.** **DE** holpern, rumpeln • **FR** cahoter, bringuebaler • **EN** to jolt, to bump • **PT** dar solavancos **Beispill** den Auto stuckelt op deem knubbelege Feldwee

studéieren [ʃtud'ʒiəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé studéiert) » **transitiv 1.** **DE** studieren [an einer Hochschule] • **FR** faire des études (supérieures) de • **EN** to study [to take a course of higher education] • **PT** estudar [frequentar um curso superior de] **Beispill** ech studéiere Chimie op enger auslännescher Universiteit **2.** **DE** untersuchen, erforschen, genau lesen • **FR** étudier [examiner, lire] • **EN** to study [to look at closely] • **PT** estudar [analisar, ler] **Beispiller** mir mussen de Problem genee studéieren, ier mer eng Decisioun huelen; den Owend wäert ech d'Gebrauchsanweisung vun eisem neie Schäffche genee studéieren » **intransitiv 3.** **DE** studieren [eine Hochschule besuchen] • **FR** faire des études (supérieures) • **EN** to study [to take a course of higher education] • **PT** estudar [frequentar um curso superior] **Beispill** de Student huet eng Bourse kritt, fir an d'Ausland studéieren ze goen

i Verb, dat **studéieren** als Basis huet: ↗astudéieren

Student [ʃtud'ænt] Maskulinum (Pluriel Studenten) **DE** Student • **FR** étudiant • **EN** student • **PT** estudante [universitário] **Beispiller** de Student huet sech gutt op säin Exame virbereet; ech schaffen nach net, ech si Student; d'Studente vun der Première hu gestreikt [d'Schüler vun der Première hu gestreikt]

i Weiblech Form: ↗Studentin

Studentenheem [ʃtud'æntənhə:m] Neutrum (Pluriel Studentenheemer) **DE** Studentenwohnheim • **FR** foyer d'étudiants, résidence étudiante • **EN** student hostel, hall of residence • **PT** lar de estudantes, residência universitária **Beispiller** am Studentenheem gouf et eng gemeinschaftlech Kichen; vum Studentenheem aus brauch ech knapps eng Véierelstonn zu Fouss bis op d'Uni

Studentenjob [ʃtud'æntəndʒop] Maskulinum (Pluriel Studentenjobben / Studentenjobs) **DE** Studentenjob • **FR** job étudiant • **EN** student job • **PT** trabalho de

estudante [emprego] **Beispiller** duerch mäi Studentenjob hunn ech genuch Sue kënnen op d'Säit leeën, fir mer eng flott Vakanz ze leeschten; dee Studentenjob ass topp bezuelt

Studentenzäit [ʃtud'æntəntsæ:it] Femininum (kee Pluriel) **DE** Studenzeit • **FR** études [période de la vie] • **EN** student days • **PT** tempos de estudante **Beispill** an eiser Studentenzäit hu mer vill geléiert, awer och vill gefeiert

Studenterevolt [ʃtud'æntərəvɔlt] Femininum (Pluriel Studenterevolten) **DE** Studentenrevolte • **FR** révolte étudiante • **EN** student revolt • **PT** revolta dos estudantes **Beispiller** d'Studenterevolt ass vum Regimm brutal ënnerdréckt ginn; vill Reportagen dokumentéieren de Verlaf vun de Studenterevolten Enn vun de Sechzegejoren

Studentewunneng [ʃtud'æntəvunəŋ] Femininum (Pluriel Studentewunnengen) **DE** Studentenwohnung • **FR** logement étudiant [appartement, chambre] • **EN** student flat, student room • **PT** apartamento de estudante, quarto de estudante **Beispill** muer hëllef mer eisem Meedche seng Studentewunneng ariichten

Studentin [ʃtud'æntin] Femininum (Pluriel Studentinnen) **DE** Studentin • **FR** étudiante • **EN** student [female] • **PT** estudante [universitária] **Beispill** d'Studentin wäert no hirem Bachelor nach e Master an Ugrëff huelen

i Männlech Form: ↗Student

Studie [ʃt'u:djə] Femininum (Pluriel Studien) **1.** **DE** Studie [Untersuchung] • **FR** étude [analyse] • **EN** study [analysis] • **PT** estudo [análise] **Beispill** verschidde Studie kommen zum Resultat, datt ze vill Zocker d'Kanner nervös mécht **Synonym** Etüd **2.** (kee Singulier) **DE** Studium [akademische Ausbildung] • **FR** études [formation universitaire] • **EN** studies [university education] • **PT** estudos [formação universitária] **Beispill** als Ofschloss vu senge Studie muss de Student e Memoire schreiwen **Synonymen** Etüden, Studium

Studiebeleeg [ʃt'u:diəbəle:ç] Maskulinum (Pluriel Studiebeleeger / Studiebeleeeër) **DE** Immatrikulationsbescheinigung, Studienbescheinigung • **FR** attestation d'inscription (à l'université) • **PT** certificado de matricula (na universidade), certificado de inscrição (na universidade) **Beispill** hues du däi Studiebeleeg schonn op d'Krankekeess geschéckt?

Studiefach [ʃt'u:djəfəç] Neutrum (Pluriel Studiefächer)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Studiegang Maskulinum (Pluriel Studiegäng)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Studienzäit [ʃt'u:djəntsæ:it] Femininum (kee Pluriel) **DE** Studienzeit • **FR** (durée d')études [supérieures] • **EN** time as a student • **PT** tempos de estudante **Beispill** fir e Bachelor ass eng Studienzäit vu sechs Semester virgesinn

Studio [ʃt'u:djo:] Maskulinum (Pluriel Studiosen) **1.** **DE** Studio [eines Fotografen] • **FR** studio [de photographe] • **EN** (photographic) studio • **PT** estúdio [de um fotógrafo]

Beispill de Fotograf huet fir Portraiten e gutt ekipéierte **Studio 2**. **DE** Studio [Aufnahmestudio] • **FR** studio (d'enregistrement), studio (de tournage) • **EN** (recording) studio, (film) studio • **PT** estúdio [de gravação, de rodagem] **Beispiller** géi net an de **Studio** eran, et gi grad **O**name gemaach!; am **Studio** sinn iwwer Nuecht nei Dekoren opgeriicht ginn **3**. **DE** Studio, Einzelzimmerwohnung • **FR** studio, F1 • **EN** studio flat • **PT** estúdio, To **Beispill** mir wunnen zu dräi an engem klengen **Studio**

Studium [ʃt'u:djum] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) **DE** Studium [akademische Ausbildung] • **FR** études [formation universitaire] • **EN** studies [academic education] • **PT** estudos [formaçãõ universitária] **Beispill** als Ofschloss vu sengem **Studium** muss de Student e Memoire schreiwen **Synonymmen** Etüden, Studien

Stuel [ʃtuəl] Maskulinum (Pluriel Stuelen) **DE** Muster, Warenmuster [Stoff] • **FR** échantillon [de tissu] • **EN** swatch, sample • **PT** amostra [de pano] **Beispill** kann een d'Buch mat de **Stuele** mat heem huelen, fir sech e Stoff erauszesehen?

stuer [ʃtu:ɔ] Adjektiv **DE** stur • **FR** entêté, obstiné <Adverb obstinément> • **EN** stubborn <Adverb stubbornly> • **PT** teimoso, obstinado <Adverb teimosamente> **Beispiller** deen ass esou **stuer**, e géing mam Kapp duerch d'Mauer!; ech kann deng **stuer** Haltung dengen Eltere géintiwwer net verstoen; hie bleibt **stuer** bei senger Meeung

stuerazeg [ʃt'u:ɔrɑ:tʂɔɕ] Adjektiv **DE** wild, ungestüm • **FR** brusque, impétueux • **EN** impetuous [in one's movements] • **PT** precipitado, impetuoso **Beispill** wann s de net esou **stuerazeg** wiers, häss de däi Glas net ëmgestouss

Stuerheet [ʃt'u:ɔhe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Sturheit • **FR** entêtement, obstination • **EN** stubbornness • **PT** teimosia, obstinação **Beispiller** déi ganz Famill leit ënner dem Papp senger **Stuerheet**; mat denger **Stuerheet** méchs de der keng Frënn!

stuerken [ʃt'u:ɔkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gestuerkt) » **intransitiv** **DE** starren, stieren • **FR** regarder (fixement), fixer (du regard) • **EN** to stare • **PT** olhar (fixamente), fixar os olhos **Beispiller** hien huet viru sech **gestuerkt** an huet kee Wuert méi erauskritt; du kriss d'Ae wéi, wann s de stonnelaang op däi Bildschierm **stuerks**

i Verb, dat **stuerken** als Basis huet: ʌstuerken

i Varianten: stierken, stierksen, stuerksen

stuerksen [ʃt'u:ɔksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gestuerkst) - Variant vun ʌstuerken

i Verb, dat **stuerksen** als Basis huet: ʌstuerksen

Stuerm [ʃtu:ɔm] Maskulinum (Pluriel Stierm) **1**. **DE** Sturm [heftiger Wind] • **FR** tempête • **EN** storm • **PT** vendaval, tempestade, temporal **Beispiller** beim leschte **Stuerm** si vill Dänneren ëmgefall; an eiser Géigend gouf et an der Lescht e puer schlëmm **Stierm**; d'Bierger si **Stuerm** gelaf géint dat neit Gesetz [ɛgs] [d'Bierger hunn sech mat alle Mëttele géint dat neit Gesetz gewiert] **2**. **DE** Ansturm, Andrang • **FR** assaut, ruée • **EN** rush [of people] • **PT** afluência [de pessoas] **Beispill** ech ginn eréischt un de Buffet, wann den éischte **Stuerm** eriwwer ass **3**.

DE Sturm [in einem Mannschaftswettkampf] • **FR** attaque [dans une équipe sportive] • **EN** attack [in team sport] • **PT** ataque [parte de uma equipa] **Beispill** mäi Brudder spillt an eiser Fussballsekkipp am **Stuerm**

Stuermméiw [ʃt'u:ɔmɛɪf] Femininum (Pluriel **Stuermméiwen**) **Larus canus** **DE** Sturmmöwe • **FR** goéland cendré • **EN** mew gull • **PT** gaivota-parda **Beispill** wéi laang bréien d'**Stuermméiwen**?

Stuerz [ʃt'u:ɔts] Maskulinum (Pluriel **Stierz**) **DE** Mützenschirm • **FR** visière [d'une casquette] • **EN** peak [of a cap] • **PT** pala [de um boné] **Beispill** de Bouf dréit seng Kap mam **Stuerz** an der **Kaul**

Stuff [ʃuf] Femininum (Pluriel **Stuffen**) **DE** Wohnzimmer, Wohnstube • **FR** séjour [pièce] • **EN** living room • **PT** sala de estar **Beispiller** eis Kaz läit am léifsten an der **Stuff** beim Uewen; mir maachen en Duerchbroch téschent der **Stuff** an der **Kichen**

Stuffendesch Maskulinum (Pluriel **Stuffendëscher**) **DE** Esstisch [im Wohnzimmer] • **FR** table de salle à manger • **EN** dining room table • **PT** mesa da sala de jantar **Beispill** mir brächten e **Stuffendesch** mat e puer Ral-longen, fir wa mer Besuch kréien **Synonym** Salle-à-mangers-Dësch

Stuffendier [ʃtufənd'i:ɔ] Femininum (Pluriel **Stuffendieren**) **DE** Wohnzimmertür • **FR** porte de (salle de) séjour • **PT** porta da sala de estar **Beispill** wéi mir eise **Gank** frëschgemaach hunn, krute mer an engems eng nei **Stuffendier** aus **Glas**

Stull [ʃtul] Maskulinum **1**. (Pluriel **Still**) **DE** Stuhl [Sitzmöbel] • **FR** chaise • **EN** chair • **PT** cadeira [móvel] **Beispiller** huel der e **Stull** a setz dech bei eis!; an deem klengen Zëmmer ass just Plaz fir en **Dësch** an e puer **Still**; ech si bal vum **Stull** gefall, wéi ech dat héieren hunn [ɛgs] lech war ganz verwonnert, wéi ech dat héieren hunn!; de Sekretär krut de **Stull** virun d'Dier gesat [ɛgs] [de Sekretär gouf entlooss]; de **President** pecht u sengem **Stull** [ɛgs] [de **President** wëllt säi **Posten** op kee **Fall** opginn]; dem **President** säi **Stull** wackelt schonn eng **Zäit** [ɛgs] [de **President** riskéiert schonn eng **Zäit**, säi **Posten** ze verléieren]; zwee **Kommitteesmembere** seeën um **President** sengem **Stull** [ɛgs] [zwee **Kommitteesmembere** wieren dem **President** gâr lass]; ech sëtzen téschent zwee **Still** [ɛgs] lech ka mech net entscheeden!; pass op, datt s de dech net téschent zwee **Still** an den **Dreck** setz! [ɛgs] [pass op, datt s de der net selwer schuets, well s de dech net kanns entscheeden!] **2**. (kee Pluriel) **DE** Stuhl [Kot] • **FR** selles [matières fécales] • **EN** stool [faeces] • **PT** fezes [matérias fecais] **Beispill** d'**Patientin** huet **Blutt** am **Stull**

Stullgang [ʃt'ulgaŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Stuhlgang • **FR** transit (intestinal) • **EN** bowel movement • **PT** evacuaçãõ (intestinal) **Beispiller** wann ech op eng **Rees** ginn, hunn ech dacks **Problemer** mam **Stullgang**; d'**Patientin** hat schonn deeglaang kee **Stullgang** méi; déi **Saach** kritt kee **Stullgang** [ɛgs] [déi **Saach** geet net richteg virun]

i Variant: Stullgank

Stullgank [ʃt'ulgaŋk] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ʌStullgang

Stummfilm [ʃt'ʊmfɪlm] Maskulinum (Pluriel Stummfilmer) **DE** *Stummfilm* • **FR** *film muet* • **EN** *silent film* • **PT** *filme mudo* **Beispill** déi ausdrucksvoll Musek, déi d'Stummfilmer begleet, hunn ech ganz gär

i Variant: Stummfilm

Stuntfra Femininum (Pluriel Stuntfraen) - Variant vun ↗Stuntwoman

Stuntman [st'antmæn] Maskulinum (Pluriel Stuntmänner / Stuntmen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Weiblech Form: ↗Stuntwoman

Stuntwoman Femininum (Pluriel Stuntwomen)

i Variant: Stuntfra

i Männlech Form: ↗Stuntman

stupid [ʃtʊp'i:t] Adjektiv **DE** *stúpide* • **FR** *stúpide* [lɛ̃sɛ̃sɛ̃] • **EN** *stupid*, *daft* • **PT** *estúpido* [lɛ̃sɛ̃sɛ̃] **Beispill** méi eng stupid Äntwert hätt ech net kënne kréien! **Synonymmen** blöd, domm, eefälleg, topeg

Stupp Maskulinum (Pluriel Stipp) - Variant vun ↗Stuppi **DE** *Stumpf*, *Stummel* • **FR** *chicot*, *bout*, *moignon* • **EN** *darling*, *love*, *sweetheart* • **PT** *toco*, *coto* **Beispiller** laanscht de Wee sinn Hecken ewechgemaach ginn, elo sti just nach Stipp aus dem Buedem; mir sammelen d'Stipp vun de Käerzen, fir neier ze maachen; géi sich der en neie Bläistëft, mat deem Stupp do kanns de net méi schreiwen!; fréier hate vill Rassenhënn nëmmen nach e Stupp amplaz vum Schwanz

i Opgepasst! D'Wuert **Stupp** kann niewent deem, wat hei beschriwwen ass, och nach dat selwecht bedeiten ewéi d'Wuert ↗Stuppi.

Stuppecht [ʃt'ʊpɛçt] Eegennumm **DE** *Stuppicht* • **FR** *Stuppicht* • **EN** *Stuppicht* • **PT** *Stuppicht* **Beispiller** ech wunnen zu Stuppecht; fiert dëse Bus op Stuppecht?

stuppeg [ʃt'ʊpɛç] Adjektiv **DE** *kurz*, *klein* [von *geringer Größe*] • **FR** *court*, *petit* [en *taille*] • **EN** *short* [in *height*] • **PT** *curto*, *pequeno* [em *tamanho*] **Beispill** mäi Papp ass net kleng, mee en huet **stuppeg** Been

Stuppes Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Stuppi

Stuppi Maskulinum (kee Pluriel) [ɛ̃ɡs] **DE** *Schatz*, *Liebling* • **FR** *chéri(e)* [bien-aimé(e)] • **EN** *darling*, *love*, *sweetheart* • **PT** *querido*, *querida* **Beispill** Stuppi, solle mer fir eisen Hochzäitsdag net e puer Deeg fortfuere? **Synonymmen** Häerzi, Huesi, Maudi

i Varianten: Stupp, Stuppes

stutzeg [ʃt'ʊtsɛç] Adjektiv **DE** *stutzig* [argwöhnisch] • **FR** *intrigué*, *soupçonneux* • **EN** *suspicious*, *curious* • **PT** *intrigado*, *desconfiado* **Beispiller** wéi ech déi zwee gesinn hu matene pësperen, sinn ech **stutzeg** ginn; déi open Dier huet de Portier **stutzeg** gemaach

stutzen [ʃt'ʊtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gestutzt**) » **transitiv** **DE** *stutzen* [schneiden, kürzen] • **FR** [re]tailler [réduire la dimension de] • **EN** *to trim*, *to cut* • **PT** *aparar* [cortar, desbastar] **Beispiller** de Coiffer huet mer de Baart **gestutzt**; et wier un der Zäit, datt d'Hecken am Virgäertche **gestutzt** ginn

stutzen [ʃt'ʊtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gestutzt**) » **intransitiv** **1.** **DE** *stutzen* [linnehalten, zögern] • **FR** *rester interdit*, *s'arrêter court* • **EN** *to falter*, *to stop short* [while speaking] • **PT** *hesitar*, *estacar* [interromper-se] **Beispill** bei e puer Wierder hunn ech **gestutzt**, well ech net méi wouss, wéi se ausgeschwat ginn **2.** **DE** *stutzen* [argwöhnisch werden] • **FR** *être pris de soupçons* • **EN** *to become suspicious* • **PT** *ficar desconfiado* **Beispill** wéi den Zeie seng Versioun gezielt huet, huet d'Riichterin **gestutzt**

St. Vincent an d'Grenadinnen [sɛ̃:v'ɛ̃:sã:ɑ̃dʒrənɑd'inən] Eegennumm, Neutrum **DE** *St. Vincent und die Grenadinen* • **FR** *Saint-Vincent-et-les-Grenadines* • **EN** *St Vincent and the Grenadines* • **PT** *São Vicente e Granadinas* **Beispiller** ech war schonn dräimol op Stt. Vincent an d'Grenadinnen Vincent an d'Grenadinnen; ech fueren d'nächst Woch op Stt. Vincent an d'Grenadinnen Vincent an d'Grenadinnen; ech komme vu Stt. Vincent an d'Grenadinnen Vincent an d'Grenadinnen

i männlech Persoun: ↗Vincerter weiblech Persoun: ↗Vincerterin Adjektiv: ↗vincertesch Haaptstad: ↗Kingstown

stylen [st'ɑɪlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gestylen** / **gestyled**) » **transitiv** **DE** *stylen* [zurechtmachen] • **FR** *pomponner*, *habiller et coiffer* [avec recherche] • **EN** *to style* [to arrange hair and clothes] • **PT** *ataviar*, *vestir e arranjar o cabelo (de)* [com esmero] **Beispiller** d'Sängerin **gëtt** fir hiren Optrëtt vu Kapp bis zu Fouss **gestyled**; ech hu mech passend zum Thema vum Owend **gestyled**

Styling [st'ɑɪlɪŋ] Maskulinum (Pluriel <seelen> Stylingen / <seelen> Stylings) **DE** *Styling*, *Aufmachung*, *Look* • **FR** *look* • **EN** *styling*, *look* • **PT** *look* **Beispill** däin neie Styling mécht dech vill méi jonk

Su [zu:] Maskulinum **1.** (Pluriel Suen, kee Singulier) **DE** *Geld* • **FR** *argent* [moyen de paiement, montant] • **EN** *money* • **PT** *dinheiro* **Beispiller** d'Sue sinn net dat wichtegst am Liewen; sinn ech dir nach Sue schëlleg?; et muss ee vill Suen hunn, fir sech esou en Haus kënnen ze leeschten; dat si Leit mat Suen [ɛ̃ɡs] [dat si räich Leit] **Synonym** Geld **2.** (Pluriel Su) **DE** *Münze*, *Geldstück* • **FR** *pièce* (de *monnaie*) • **EN** *coin* • **PT** *moeda* [peça] **Beispiller** gëff mer e puer Su fir ze afferen; däi viischte Pneu ass platt ewéi e Su [ɛ̃ɡs] [däi viischte Pneu ass ganz platt]; du gees mer op de Su! [ɛ̃ɡs] [du nervs mech!] **3.** (Pluriel Suen, kee Singulier) **DE** *Gelder*, *Geldmittel* • **FR** *moyens financiers* • **EN** *financial resources*, *funds* • **PT** *meios financeiros* **Beispill** de Staat stellt Sue fir Katastrophenhëllef zur Verfügung **Synonym** Gelder **4.** (kee Pluriel) [ɛ̃ɡs] **DE** *Heller*, *Groschen* [kleiner Betrag] • **FR** *rond*, *sou* • **EN** *penny* [small sum] • **PT** *tostão*, *chavo* [quantia insignificante] **Beispiller** du hues awer och ni e Su an der Täscht!; ech iwuerhuelen d'Käschten, déi ganz Affär kascht dech kee Su!; dee Kärel ass kee Su wäert [dee Kärel daacht näischt]; du hues net fir ee Su Verstand! [du hues guer kee Verstand]; ech traue deem Kärel (fir) kee Su! [ech traue deem Kärel guer net!]; hien huet kee Su an e weess keen [hien ass ganz aarm an e wäert et bleiwen]; ech hätt kee Su méi fir de Monni ginn [ech hätt net dermat gerechent, datt de Monni erëm eng Keier géif gesond ginn] **Synonym** Wak

Subjekt [subj'ækt] Neutrum (Pluriel Subjekter) **1.** DE *Subjekt, Individuum* • FR *individu, énergumène* • PT *sujeito, energúmeno* **Beispill** dat ongezilltent Subjekt huet sech erlaabt, d'Riichterin ze duzen **Synonym** Individuum **2.** DE *Subjekt [Satzglied]* • FR *sujet [grammatical]* • PT *sujeito [grammatical]* **Beispill** wat ass d'Subjekt vun dësem Verb? **Synonym** Suet

subjektiv [subzækt'i:f] Adjektiv DE *subjektiv [persönlich]* • FR *subjectif [personnel]* • EN *subjective [personal]* • PT *subjetivo [pessoal]* **Beispill** deng Krittäre fir d'Konscht ze beurteele si mir ze vill subjektiv

Subjektivitéit [subz'æktivitéit] Femininum (kee Pluriel) DE *Subjektivität* • FR *subjectivité* • EN *subjectivity* • PT *subjetividade* **Beispill** am Journalist sengem Artikel spigelt sech eng gewësse Subjektivitéit erëm

Subjonctif Maskulinum (Pluriel Subjonctifen / Subjonctifer)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Suspensioun [sypsã:sj'əʊn] Femininum (Pluriel *Suspensiounen*) 1. DE *Suspendierung* [Beurlaubung] • FR *suspension* [destitution provisoire] • EN *suspension* [from duty] • PT *suspensão* [destituição provisória] **Beispill** de Staatsbeamten huet géint seng Suspensioun protestéiert 2. DE *Suspendierung* [Aufhebung] • FR *suspension* [interruption] • EN *suspension* [interruption] • PT *suspensão* [interrupção] **Beispill** d'Suspensioun vun den diplomatesche Bezéiungen hat grav ekonomesch Konsequenzen

i Variant: Suspendéierung

süss [zy:s] Adjektiv - Variant vun *↗süß*

Suufngen [z'u:ftçən] Eegennumm DE *Suifngen* • FR *Zouffngen* • EN *Zouffngen* • PT *Zouffngen* **Beispiller** ech wunnen zu Suufngen; fiert dëse Bus op Suufngen?

süß [zy:s] Adjektiv Neologismus DE *süß* [niedlich] • FR *mignon* • EN *sweet* [cute] • PT *fofo, querido* **Beispiller** wat ass dee Puppelchen esou süßs!; dat Klengt kann esou süßs drakucken **Synonymmen** aartlech, häerzeg, léif

i Kuckt och déi etabléiert Termen *↗aartlech, ↗häerzeg* an *↗léif*.

SUV Maskulinum (Pluriel *SUVen*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Suva Eegennumm DE *Suva* • FR *Suva* • PT *Suva* **Beispill** Suva ass d'Haaptstad vu Fidschi

Swasiland [sw'a:zilant] Eegennumm, Neutrum DE *Swasiland* • FR *Swaziland* • EN *Swaziland* • PT *Suazilândia* **Beispiller** ech war schonn dräimol a Swasiland; ech fueren d'nächst Woch a Swasiland; ech kommen aus

Swasiland **Synonym** Eswatini

i männlech Persoun: *↗Swasilänner* weiblech Persoun: *↗Swasilännerin* Adjektiv: *↗swasilännesch*

Swasilänner [sw'a:zilæne] Maskulinum (Pluriel *Swasilänneren*) DE *Swasi* • FR *Swazi* • EN *Swazi* • PT *suazilandés* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Swasilänner

Swasilännerin [sw'a:zilænerin] Femininum (Pluriel *Swasilännerinnen*) DE *Swasi* • FR *Swazie* • EN *Swazi* [female] • PT *suazilandes* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Swasilännerin

swasilännesch [sw'a:zilæneʃ] Adjektiv DE *swasiländisch* • FR *swazi* • EN *Swazi* • PT *suazilandés* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi swasilännesch Kultur kenne geléiert

Sweatshirt Maskulinum (Pluriel *Sweatshirten*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

swipen Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *geswipet* / *geswiped*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Verben, déi **swipen** als Basis *hunn*: *↗erofswipen* an *↗eropswipen*

Sylvaner [silv'a:nə] Maskulinum 1. (kee Pluriel) DE *Silvaner* [Rebsorte] • FR *sylvaner* [cépage] • PT *Silvaner* [casta de uva] **Beispill** haut hu mer de ganzen Dag Sylvaner gelies 2. (Pluriel *Sylvaneren*) DE *Silvaner* [Wein] • FR *sylvaner* [vin] • PT *Silvaner* [vinho] **Beispiller** vun all de Wäiner *hunn* ech de *Sylvaner* am léifsten; de Wënzer huet zwee *Sylvaneren* a sengem Sortiment 3. (Pluriel *Sylvaneren*) DE *Silvaner* [Glas Wein] • FR *(verre de) sylvaner* • PT *copo de vinho Silvaner* **Beispill** Garçon, zwee *Sylvaner*, wannechgelift!

Sylvester [silv'æste] Maskulinum (Pluriel *Sylvesteren*) - Variant vun *↗Silvester*

Symbol [simb'o:l] Maskulinum/Neutrum (Pluriel *Symboler*) 1. DE *Symbol* [offizielles Zeichen] • FR *symbole* [conventionnel, officiel] • EN *symbol* [conventional, official sign] • PT *símbolo* [convencional, oficial] **Beispill** d'Naturwëssenschafte gräifen an hirer Sprooch op *Symboler* zeréck 2. DE *Symbol* [Sinnbild] • FR *symbole* [signe figuratif] • EN *symbol* [allegory] • PT *símbolo* [signo figurativo] **Beispill** deen Auteur gebraucht e sëllege *Symboler* a senger Gedichter

symbolesch [simb'o:ləʃ] Adjektiv DE *symbolisch* • FR *symbolique* <Adverb *symboliquement*> • EN *symbolical* <Adverb *symbolically*> • PT *simbólico* <Adverb *simbolicamente*> **Beispiller** a villen Erzielungen huet d'Mier eng *symbolesch* Bedeitung; d'Nidderkniee virun engem Monument ass e *symbolesche* Gest; den neie Proprietär huet déi bankrott Firma fir de *symbolesche* Frang kaaft Iden neie Proprietär huet déi bankrott Firma fir eng ganz kleng Zomm kaaft, déi just agesat gouf, fir datt de Kontrakt konnt opgesat ginn

symboliséieren [simboliz'ziərən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *symboliséiert*) » **transitiv** DE *symbolisieren, versinnbildlichen* • FR *symboliser* [être le symbole de] • EN *to symbolize* [to be a symbol of] • PT *simbolizar* [ser o símbolo de] **Beispill** eng wäiss Dauf *symboliséiert* de Fridden

symmeetresch [sim'e:trəʃ] Adjektiv - Variant vun \nearrow symmetresch

symmetresch [sim'e:trəʃ] Adjektiv **DE** *symmetrisch* • **FR** *symétrique* <Adverb *symétriquement*> • **EN** *symmetrical* <Adverb *symmetrically*> • **PT** *simétrico* <Adverb *simetricamente*> **Beispiller** e symmetrescht Gesiicht fannen déi meescht Leit schéin; eis nei Tapéit huet e ganz symmetrescht Muster; am Park sinn d'Beeter symmetresch ronderëm d'Haaptallee ugeluecht

Symmetrie [simetr'i:] Femininum (Pluriel Symmetrien) **DE** *Symmetrie* • **FR** *symétrie* • **EN** *symmetry* • **PT** *simetria* **Beispill** d'Symmetrie vun engem Gesiicht ass ni ganz perfekt

sympathesch [simp'a:təʃ] Adjektiv **DE** *sympathisch* • **FR** *sympathique* • **EN** *likeable* • **PT** *simpativo* **Beispiller** Leit mat vill Humor si mir sympathesch; wat huet däi Kollege awer eng sympathesch Fra!

Sympathie [simpat'i:] Femininum (Pluriel Sympathien) **DE** *Sympathie* • **FR** *sympathie* [*inclination*] • **EN** *sympathy* [*liking, approval*] • **PT** *simpatia* [*inclinação*] **Beispiller** ech hu keng Sympathie fir ongenéiert Leit!; d'Ekipper huet vill Sympathie fir dat neit Konzept gewisen

Sympathisant [simpatiz'ant] Maskulinum (Pluriel Sympathisanten) **DE** *Sympathisant* • **FR** *sympathisant* • **EN** *sympathizer* • **PT** *simpatizante* **Beispill** déi nei Partei huet scho vill Sympathisanten

1 Weiblech Form: \nearrow Sympathisantin

Sympathisantin [simpatiz'antin] Femininum (Pluriel Sympathisantinnen) **DE** *Sympathisantin* • **FR** *sympathisante* • **PT** *simpatizante* [*mulher*] **Beispill** et gëtt gemonkelt, d'Geschäftsfra wier eng Sympathisantin vun där ëmstriddener Partei

1 Männelech Form: \nearrow Sympathisant

sympathiséieren [simpatiz'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé sympathiséiert) \gg **intransitiv** sympathiséieren (mat) **DE** *sympathisieren* (*mit*) • **FR** *sympathiser* (*avec*) • **EN** *to get on* (*with*), *to sympathize* (*with*) • **PT** *simpatizar* (*com*) **Beispiller** um Fest war eng flott *Ambiance*, d'Leit hunn direkt (mateneen) sympathiséiert; ech si paff, datt s du mat där Partei sympathiséiers!

symphonesch [simf'o:nəʃ] Adjektiv - Variant vun \nearrow sinfonesch

1 Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun désem Wuert änneren: *symphonesch* / *sinfonesch*

Symphonie [simfon'i:] Femininum (Pluriel Symphonien) - Variant vun \nearrow Sinfonie

1 Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun désem Wuert änneren: *Symphonie* / *Sinfonie*

Symphonieorchester [simfon'i:ɔrkæstɛ] Maskulinum (Pluriel Symphonieorchestern) - Variant vun \nearrow Sinfonieorchester

1 Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun désem Wuert änneren: *Symphonieorchester* / *Sinfonieorchester*

Symptom [simpt'o:m] Neutrum (Pluriel Symptomer) **DE** *Symptom* • **FR** *symptôme* • **EN** *symptom* • **PT** *sintoma*

Beispiller dacks gi Medikamenter agesat, déi just d'*Symptomer* behandelen; déi Krankheet ass schweier ze diagnostizéieren, well d'*Symptomer* onkloer sinn; zu den heefegste *Symptomer* vum Covid-19 gehéieren Houscht a Féiwer; vill Spezialisten haten d'*Symptomer* vun der Wirtschaftskris net erkannt

symptomatesch [simptom'a:təʃ] Adjektiv **1. DE** *symptomatisch* [*charakteristisch*] • **FR** *symptomatique* [*caractéristique*] • **EN** *symptomatic* [*characteristic*] • **PT** *sintomático* [*característico*] **Beispill** dee Problem ass *symptomatesch* fir déi haiteg Gesellschaft **2. DE** *symptomatisch* [*auf die Symptome einwirkend*] • **FR** *symptomatique* [*visant à combattre les symptômes*] • **PT** *sintomático* [*que consiste em combater os sintomas*] **Beispill** eng *symptomatesch* Behandlung ziilt net op d'Ursaach, mee op d'*Symptomer* vun enger Krankheet

symptomfräi [simpto:mfræ:i] Adjektiv **DE** *symptomfrei* • **FR** *sans symptômes* • **PT** *sem sintomas* **Beispiller** all d'*symptomfräi* Kanner müssen an d'Schoul goen; wann s de eng Woch laang *symptomfräi* bass, däärf s de erëm schaffe goen

Synagog [sinag'o:k] Femininum (Pluriel Synagogen) **DE** *Synagoge* [*Gebäude*] • **FR** *synagogue* [*bâtiment*] • **EN** *synagogue* [*building*] • **PT** *sinagoga* [*edifício*] **Beispill** duerch Spende war et méiglech, d'*Synagog* komplett ze restauréieren

synchron [sin'kr'o:n] Adjektiv **DE** *synchron* • **FR** *synchrone* <Adverb *synchroniquement*> • **EN** *synchronous* <Adverb *synchronously*> • **PT** *síncrono* <Adverb *sincronicamente*> **Beispiller** d'Beweegung vum den Dänzer ware leider net *synchron*; bei deem Experiment müssen déi verschidde Prozesser *synchron* oflafen

Synchronisatioun [sinkronizasi'øʊn] Femininum (Pluriel Synchronisatiounen) **1. DE** *Synchronisierung* [*Abstimmung*] • **FR** *synchronisation* [*coordination*] • **EN** *synchronization* [*coordination*] • **PT** *sincronização* [*coordenação*] **Beispill** d'Akrobaten hu laang un der *Synchronisatioun* vun hire *Beweegung* geschafft **2. DE** *Synchronisierung* [*von Ton*] • **FR** *synchronisation* [*d'une bande-son*], *doublage* [*d'un film*] • **EN** *synchronization* [*of soundtrack and picture*], *dubbing* [*of a film*] • **PT** *sincronização* [*de uma banda sonora*], *dobragem* [*de um filme*] **Beispill** den *Tountechniker* hat *Problemer* mat der *Synchronisatioun* vun deem *Film*

synchroniséieren [sinkroniz'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé synchroniséiert) \gg **transitiv 1. DE** *synchronisieren* [*aufeinander abstimmen*] • **FR** *synchroniser* [*coordonner*] • **EN** *to synchronize* [*to coordinate*] • **PT** *sincronizar* [*tornar síncrono*] **Beispill** d'Dänzerinnen hunn de ganze *Mëtteg* geüübt, fir hir *Bewegungen* ze *synchroniséieren* **2. DE** *synchronisieren* [*Ton*] • **FR** *synchroniser* [*une bande-son*], *doubler* [*un film*] • **EN** *to synchronize* [*soundtrack and picture*], *to dub* [*a film*] • **PT** *sincronizar* [*uma banda sonora*], *dobrar* [*um filme*] **Beispill** vill *Filmer* gi mat bekannte *Stëmme* *synchroniséiert*

Syndikat [sɛ:dik'a:] Maskulinum (Pluriel Syndicaten) - Variant vun \nearrow Syndikat

Syndikat [sindik'a:t] Maskulinum (Pluriel Syndikater) **1. DE** *Zweckverband* • **FR** *syndicat* (*de communes*) • **EN** *lo-*

cal government association • PT *associação (de municípios)* **Beispill** mat der Grënnung vun engem Syndikat leeën d'Gemengen hir Mëttelen zesummen **2.** DE *Gewerkschaft* • FR *syndicat [d'un groupe professionnel]* • EN *(trade) union* • PT *sindicato [de um grupo profissional]* **Beispill** d'Direktioun ass mat de Fuerderunge vum Syndikat net averstanen **Synonym** Gewerkschaft

i Variant: Syndicat

Syndrom [sɪndr'o:m] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Syndromen / Syndromer) DE *Syndrom* • FR *syndrome* • EN *syndrome* • PT *síndrome* **Beispill** all d'Symptomer weisen op deen am Fachbuch beschriwwene Syndrom hin

Synergie Femininum (Pluriel Synergien) **1.** DE *Synergie [Zusammenarbeit]* • FR *synergie [interopérabilité]* • EN *synergy [cooperation]* • PT *sinergia [cooperação]* **Beispill** duerch d'Ëmstrukturéiere vum Service kéinte sënnavoll Synergien entstoen **2.** [Chimie] DE *Synergie, Synergismus* • FR *synergie [anatomique, pharmaceutique, chimique]* • EN *synergy [pharmacology]* • PT *sinergia [anatómica, terapêutica, química]* **Beispill** d'Kriibstherapie gëtt duerch d'Synergie vu verschiddene Medikamenter verbessert

Synonym [sɪnɔn'im] Maskulinum (Pluriel Synonymmen / Synonymmer) DE *Synonym* • FR *synonyme* • EN *synonym* • PT *sinónimo* **Beispiller** duerch d'Benotze vu Synonymme kann een en Text méi lieweg maachen; fir vill Wierder ass et schwéier, e passende Synonym ze fannen

synonym Adjektiv DE *synonym* • FR *synonyme* • EN *synonym* • PT *sinónimo* **Beispill** bass de sécher, datt dës zwee Wierder synonym sinn?

syntaktesch Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Syntax [s'ɪntaks] Femininum (Pluriel Syntaxen) **1.** DE *Syntax [Satzlehre]* • FR *syntaxe [étude grammaticale]* • PT *sintaxe [estudo gramatical]* **Beispill** der Linguistin hiert Spezialgebiit ass d'*Syntax* vum Däitschen **2.** DE *Syntax, Satzbau* • FR *syntaxe [structure de la phrase]* • PT *sintaxe [estrutura da frase]* **Beispill** et si keng orthografesch Feeler am Saz, mee d'*Syntax* ass net gutt **Synonymmen** Sazbau, Sazkonstruktioun

Synthes [sɪnt'e:s] Femininum (Pluriel Synthesen) **1.** DE *Synthese [Bilanz, Zusammenfassung]* • FR *synthèse [bilan, résumé]* • EN *synthesis, synopsis* • PT *síntese [balanço, resumo]* **Beispill** um Enn vun den Diskussiounen huet de Rapportier eng *Synthes* gemaach **2.** [Chimie] DE *Synthese* • FR *synthèse* • EN *synthesis* • PT *síntese* **Beispill** nenn mer emol dräi Produkter, déi duerch *Synthes* entstinn!

syntheetes [sɪnt'e:təʃ] Adjektiv DE *synthetisch [künstlich]* • FR *synthétique [artificiel]* <Adverb *par synthèse*> • EN *synthetic* <Adverb *synthetically*> • PT *sintético [artificial]* <Adverb *por síntese*> **Beispiller** meng Jackett ass aus engem neie *syntheetesche* Material; vill Droge ginn haut *syntheetes*ch produzéiert

Syntheetik [sɪnt'e:tik] Femininum (kee Pluriel) DE *Syntheetik [Kunstfaser]* • FR *(fibre) synthétique* • PT *fibra sintética* **Beispill** dee Pullover do, ass dat *Syntheetik*

oder Woll?

Synthesizer [s'ɪntəsəɪzə] Maskulinum (Pluriel Synthesizer) DE *Synthesizer* • FR *synthétiseur* • EN *synthesizer* • PT *sintetizador* **Beispill** fir esou Spezialeffekter an d'Lidder anzebauen, brauchs de e *Synthesizer*

Synthetik [sɪnt'e:tik] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗*Syntheetik*

Syphilis [s'ɪfɪlɪs] Femininum (kee Pluriel) DE *Syphilis* • FR *syphilis* • EN *syphilis* • PT *sifilis* **Beispill** d'*Syphilis* gehéiert zu deene Geschlechtskrankheeten, déi am Prinzip mat Penicillin behandelt ginn

Syrer [s'i:rɐ] Maskulinum (Pluriel Syrer) DE *Syrer* • FR *Syrien* • EN *Syrian* • PT *sírio* **Beispill** mäi beschte Frënd ass *Syrer*

Sylerin [s'i:rɐrɪn] Femininum (Pluriel Syrerinnen) DE *Sylerin* • FR *Syrienne* • EN *Syrian [female]* • PT *síria* **Beispill** meng bescht Frëndin ass *Sylerin*

syresch [s'i:rəʃ] Adjektiv DE *syrisch* • FR *syrien* • EN *Syrian* • PT *sírio* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi *syresch* Kultur kenne geléiert

Syrien [z'i:riən] Eegennumm, Neutrum DE *Syrien* • FR *Syrie, République arabe syrienne* • EN *Syria* • PT *Síria* **Beispiller** ech war schoonn dräimol a *Syrien*; ech fueren d'nächst Woch a *Syrien*; ech kommen aus *Syrien*

i männlech Persoun: ↗*Syrer* weiblech Persoun: ↗*Sylerin* Adjektiv: ↗*syresch* Hauptstadt: ↗*Damaskus*

systemrelevant Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

System [s'ɪste:m] Maskulinum (Pluriel Systemer) **1.** DE *System [Prinzip, Verfahren]* • FR *système [principe, procédé]* • EN *system [method]* • PT *sistema [princípio, processo]* **Beispiller** ech hu mer en neie *System* ausgeduecht, fir meng Archiven ze klasséieren; dee Schoulmeeschter schafft nach nom ale *System* **2.** DE *System [komplexe Organisation]* • FR *système [organisation complexe]* • EN *system [structure, complex organization]* • PT *sistema [organização complexa]* **Beispiller** d'Schrëft ass e *System* vun Zeechen; grouss Philosophen hu probéiert, ganz *Systemer* ze entwéckelen, fir d'Welt ze erklären; ëmmer manner Länner hunn nach de *System* vun der konstitutioneller Monarchie **3.** DE *System [technische Vorrichtung]* • FR *système [dispositif technique]* • EN *system [technical equipment]* • PT *sistema [dispositivo técnico]* **Beispill** de Flieger konnt net starten, well et Problemer am elektronische *System* gouf

systematesch [sɪste:m'a:təʃ] Adjektiv **1.** DE *systematisch [methodisch]* • FR *systématique [méthodique]* <Adverb *systématiquement*> • EN *systematic [methodical]* <Adverb *systematically*> • PT *sistemático [metódico]* <Adverb *sistematicamente*> **Beispill** wa mer bei där Aarbecht net *systematesch* virginn, komme mer op kee gréngen Zweig **2.** DE *systematisch [regelmäßig, häufig]* • FR *systématique [régulier, fréquent]* <Adverb *systématiquement*> • EN *systematic [frequent]* <Adverb *systematically*> • PT *sistemático [regular, frequente]* <Adverb *sistematicamente*> **Beispiller** dat *systematesch* Blomaache vu mengem Aarbechtskolleeg mécht de Patron rosen; den Noper stellt säin Auto *systematesch* viru

meng Garagenafaart

Systematik [siste:m'a:tik] Femininum (Pluriel Systematiken) **1.** **DE** *Systematik* [System] • **FR** *système* [structure] • **PT** *sistema* [lógica, coerência] **Beispiller** iergendwéi hunn ech d'Systematik vun de Kommareegelen nach ëmmer net verstanen; mir brauchen eng gewësse Systematik bei der Evaluatioun vun de Formatiounen **2.** Biologie **DE** *Systematik* [biologische Einordnung] • **FR** *système* [classification biologique] • **PT** *sistemática* [classificação dos seres vivos] **Beispill** de Mënsch gehéiert der biologescher Systematik no zu

de Primaten

systematiséieren [siste:matiz'ʒiəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé systematiséiert) » **transitiv** **DE** *systematisieren* • **FR** *systématiser* • **EN** *to systematize* • **PT** *sistematizar* **Beispiller** d'Zesummenaarbecht tëschent den Administratioune muss systematiséiert ginn; d'Grammatik versicht, sproochlech Phänomeneener ze systematiséieren

systemrelevant Adjektiv - Variant vun ↗systemrelevant

T

Taart [ta:ɾt] Femininum (Pluriel Taarten) DE *Obstkuchen, Kuchen* • FR *tarte* • EN *tart* [pastry] • PT *tarte* **Beispill** als Dessert gëtt et e Stéck Taart

Taarteform Femininum (Pluriel Taarteformen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Taartendeeg [t'a:ɾtænde:ç] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Kuchenteig* • FR *pâte à tarte* • EN (*tart*) *pastry* [from yeast dough, from shortcrust] • PT *massa de tarte* **Beispiller** hues de kee gutt Rezept fir Taartendeeg?; wann et séier muss goen, kafen ech fäerdeggen Taartendeeg

Taarteschépp [t'a:ɾtəʃəp] Femininum (Pluriel Taarteschéppen) DE *Tortenheber* • FR *pelle à tarte* • EN *cake slice* • PT *espátula para bolos* **Beispill** mam Messer kréien ech de Kuch net zerweiert, géff mer léiwer d'Taarteschépp!

taaschten [t'a:ʃtən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé getaascht) » **intransitiv 1.** DE *tasten* [den Tastsinn nutzen] • FR *tâtonner* [tâter] • EN *to grope, to feel* • PT *tatear* [apalpar] **Beispiller** ech *hunn* an der Däischtert am Tirang getaascht, fir eng Täscheluucht ze fannen; *taascht* mam Fouss, fir déi éischt Sprass vun der Leeder ze geroden! **2.** *taaschten* no DE *tasten nach* [suchen nach] • FR *chercher à tâtons* • EN *to grope for, to feel for* • PT *procurar às apalpadelas* **Beispill** hallef am Schlof *hunn* ech nom Luuchteschalter getaascht **3.** [égs] DE *vorfühlen* • FR *tâter le terrain* [chercher à savoir] • EN *to put out feelers* • PT *apalpar o terreno* [tentar saber] **Beispill** den Neveu *huet* beim Monni getaascht, ob deen em vläicht Sue géif léinen » **reflexiv 4.** DE *sich tasten* • FR *avancer à tâtons* • EN *to grope one's way, to feel one's way* • PT *ir às apalpadelas* **Beispill** well ech d'Luucht net wollt umaachen, *hunn* ech mech an der Däischtert bis bei d'Toilette getaascht

I Verben, déi **taaschten** als Basis *hunn*: *æroftaaschten*, *ærun-taaschten* an *æoftaaschten*

Taaschtsënn [t'a:ʃtən] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Tastsinn* • FR (*sens du*) *toucher* • EN *sense of touch* • PT (*sentido do*) *tato* **Beispiller** fir Leit, déi net gesinn, ass den **Taaschtsënn** besonnesch wichteg; bei deem Spill mussen d'Kanner sech op hiren **Taaschtsënn** verloossen

Taass [ta:s] Femininum (Pluriel Tasen) **1.** DE *Tasse* [Ge-fäß] • FR *tasse* [contenant] • EN *cup, mug* [container] • PT *chávena, xícara* [recipiente] **Beispill** d'Hänk vu menger **Taass** ass an der Spullmaschinn ofgebrach **2.** DE *Tasse* [Inhalt] • FR *tasse* [contenu] • EN *cup* [content] • PT *chávena, xícara* [conteúdo] **Beispill** ech drénken ni méi ewéi eng **Taass** Kaffi

Tabell [tab'æ:l] Femininum (Pluriel Tabellen) **1.** DE *Tabelle* [Liste] • FR *tableau* (de données) • EN *table, spreadsheet* • PT *tabela* (de dados) **Beispill** déi vill Donnéeë wiere méi iwerrsiichtlech an enger **Tabell** **Synonym** **Tablo 2.** DE *Tabelle* [Rangliste] • FR *classement* [sportif] • EN (league) *table* • PT *classificação* [em campeonato desportivo] **Beispill** eis Fussballsekkipp ass ofgestigen,

well se déi lescht an der **Tabell** war

Tabernakel [tabɛɾn'a:kəl] Maskulinum (Pluriel Tabernakelen) [Relioun] DE *Tabernakel* • FR *tabernacle* • EN *tabernacle* [for the Eucharist] • PT *tabernáculo, sacrário* **Beispiller** de Paschtouer *huet* d'Monstranz zeréck an den **Tabernakel** gestallt; du hues den **Tabernakel** opstoen [égs] [du hues de Boxekueder opstoen]

Tabioka Maskulinum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

I Variant: **Tapioka**

Tableau [t'ablo:] Maskulinum (Pluriel Tableauen) - Variant vun **Tablo**

Tableau de bord Maskulinum (Pluriel **Tableau-de-borden**) DE *Armaturen Brett* • FR *tableau de bord* **Beispiller** um **Tableau de bord** vu mengem Auto gëtt d'Vitess analog an digital ugewisen; wann eng rout Luucht um **Tableau de bord** ugeet, soll een net méi weiderfuere

tabléieren [tabl'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé **tabléiert**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Table ronde [ta:blɔɾ'ɔ:t] Femininum (Pluriel **Table-ronden**) DE *Rundtischgespräch, Diskussionsrunde* • FR *table ronde* [réunion, discussion] • EN *round table discussion* • PT *mesa-redonda* [reunião, discussão] **Beispill** kënn de den Owend och op d'**Table ronde** iwuer Wandrieder? **Synonym** **Ronndeschgespräch**

Tablet [t'æblət] Maskulinum (Pluriel **Tabletten**) DE *Tablet, Tablet-PC* • FR *tablette numérique, tablette tactile* • EN *tablet, tablet computer* • PT *tablet* **Beispill** ech liese meng elektronesch Dageszeitung léiwer um **Tablet** ewéi um Handy

I Variant: **Tablett**

Tablett [t'æblət] Femininum (Pluriel **Tabletten**) - Variant vun **Tablet 1.** DE *Regalbrett, Klapptablett* • FR *tablette* [planchette] • EN *shelf, tray* *table* • PT *prateleira, mesinha* [reclinável] **Beispiller** a mengem Bichergestell loosse d'**Tabletten** sech an der Héicht verstellen; de Steward kontrolléiert virun der Landung, ob d'Passagéier hir **Tabletten** eropgeklappt *hunn 2.* DE *Tafel, Riegel* [Schokolade] • FR *tablette* [de chocolat] • EN *bar* [of chocolate] • PT *tablete* [de chocolate] **Beispill** ech sinn esou glëschtereg, ech kéint eng ganz **Tablett** Schockela beieneen iessen! **3.** DE *Tablette* • FR *comprimé* [cachet] • EN *tablet* [pill] • PT *comprimido* **Beispiller** vergiess net, deng **Tablett** fir de Bluttrock ze huelen!; ech *hunn* am léifsten **Tabletten**, fir am Waasser opzeléisen **Synonym** **Pëll**

I Opgepasst! D'Wuert **Tablett** kann niewent deem, wat hei beschriwwen ass, och nach dat selwecht bedeiten ewéi d'Wuert **Tablet**.

Tablo [t'ablo:] Maskulinum (Pluriel **Tabloen**) **1.** DE *Gemälde, Bild* • FR *tableau* [peinture] • EN *painting* • PT *quadro* [pintura] **Beispill** wien *huet* den **Tablo** gemoolt, deen s de iwuerem Kamäin hanken hues? **Synonym** **Bild 2.** DE *Tabelle* [Liste] • FR *tableau* (de données) • EN *table* [of data], *chart* • PT *tabela* (de dados) **Beispill** déi

vill Donnéeë wiere méi iwwersiichtlech an engem Tablo **Synonym** Tabell

Tabouret [t'aburɛ:] Maskulinum (Pluriel Taboureten) **DE** *Hocker, Schemel* • **FR** *tabouret* • **PT** *tamborete, banco, mocho* **Beispill** et sëtzt ee besser op engem Stull ewéi op engem Tabouret **Synonym** Hocker

Tabu [tab'u:] Maskulinum (Pluriel Tabuen) **DE** *Tabu* • **FR** *tabou* • **EN** *taboo* • **PT** *tabu* **Beispill** hautdesdaags ass d'Homosexualitéit keen Tabu méi

tabu [tab'u:] Adjektiv **DE** *tabu* • **FR** *tabou* • **EN** *taboo* • **PT** *tabu* **Beispiller** Diskussiounen iwwer Sexualitéit ware virun e puer Generatiounen nach **tabu**; zënter sengem Entzuch ass den Alkohol fir mäi Brudder **tabu** (zënter sengem Entzuch drénkt mäi Brudder absolut keen Alkohol méi)

tabuiséieren [tabuiz'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **tabuiséiert**) » **transitiv** **DE** *tabuisieren* • **FR** *tabouiser* • **EN** *to taboo* • **PT** *transformar em tabu* **Beispill** et ass net ubruecht, esou en Thema ze **tabuiséieren**

Tabutheema [tab'u:te:ma:] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Tabutheemaen / Tabutheemen) **DE** *Tabuthema* • **FR** *sujet tabou* • **EN** *taboo subject* • **PT** *tema tabu, assunto tabu* **Beispill** d'Prostitutioun huet laang zu den Tabutheeme vun eiser Gesellschaft gehéiert

Tabuthema [tab'u:te:ma:] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Tabuthemaen / Tabuthemen) - Variant vun ↗Tabutheema

Tâche [ta:ʃ] Femininum (Pluriel Tâchen) **1. DE** *Aufgabe, Mission* • **FR** *tâche [travail, mission]* • **EN** *job, task* • **PT** *ta-refa, missão* **Beispill** ee vun eise Mataarbechter huet sech ugebueden, déi kniwweleg Tâche ze iwwerhuelen **2. DE** *Deputat, (vertraglich festgelegte) Arbeitszeit [bei öffentlich Bediensteten]* • **FR** *cadre de travail statutaire* • **EN** *hours of service [contracted hours of work]* • **PT** *carga horária, tempo de trabalho estatutário* **Beispiller** ech hu wëlles, just eng hallef Tâche ze huelen; hien huet eng hallef Tâche gefrot

Tacho [t'axo:] Maskulinum (Pluriel Tachoen) ^{égs} **DE** *Tacho, Tachometer* • **FR** *compteur (de vitesse)* • **EN** *speedometer* • **PT** *velocímetro* **Beispill** hal den Tacho am A, hei kontrolléiert d'Police dacks d'Vitess **Synonym** Compteur

tachtelen [t'axtələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **getachtelt**) » **transitiv** ^{égs} engem eng tachtelen **DE** *jemandem eine runterhauen* • **FR** *en coller une à quelqu'un [une gifle]* • **EN** *to slap somebody, to clip somebody round the ear* • **PT** *pregar uma chapada a* **Beispill** wann s de deem eng tachtels, da kriss de Problemer mat senge Bridder! **Synonymmen** engem eng dunnen, engem eng dauschen, engem eng fachen, engem eng jauwen, engem eng klaken, engem eng praffen

tackelen [t'ækələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **getackelt**) » **transitiv** **DE** *(durch Tackling) angreifen* • **FR** *tacler* • **EN** *to tackle [another player]* • **PT** *fazer um carrinho a lum jogador adversário* **Beispill** d'Verteidegerin huet hir Géigespillerin **getackelt**, ouni se ze foulen

Tacker Maskulinum (Pluriel Tackeren) **DE** *Tacker* • **FR** *agrafeuse [outil]* • **PT** *agrafador [utensílio]* **Beispill** huel den Tacker, fir de Plastik un der Rumm festzemaachen!

Tackling Maskulinum (Pluriel Tacklingen) **DE** *Tackling* • **FR** *tacle* • **PT** *(entrada de) carrinho [movimento de desarme]* **Beispill** de Verteideger konnt dem Stiermer de Ball mat engem propperen Tackling ofhuelen

tadellos [t'a:dəlo:s] Adjektiv **DE** *tadellos* • **FR** *irréprochable, impeccable, parfait* <Adverb *irréprochablement, parfaitement*> • **EN** *impeccable, flawless* <Adverb *impeccably*> • **PT** *irrepreensível, impecável, perfeito* <Adverb *impecavelmente, perfeitamente*> **Beispiller** d'Kanner goufe gelueft fir hiert **tadelloost** Behuelen; d'Zesummenaarbecht an der Ekipp war **tadellos**; no eiser Botzaktioun war alles **tadellos** (propper) **Synonym** *impeccabel*

Tadjik [tadz'ik] Maskulinum (Pluriel Tadjiken) **DE** *Tadschike* • **FR** *Tadjik* • **EN** *Tajik* • **PT** *tajique* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Tadjik

tadjikesch [tadz'ikəʃ] Adjektiv **DE** *tadschikisch* • **FR** *tadjik* • **EN** *Tajik* • **PT** *tajique* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **tadjikesch** Kultur kenne geléiert

Tadjikin [tadz'ikin] Femininum (Pluriel Tadjikinnen) **DE** *Tadschikin* • **FR** *Tadjike* • **EN** *Tajik [female]* • **PT** *tajique* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Tadjikin

Tadjikistan [tadz'ikista:n] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum **DE** *Tadschikistan* • **FR** *Tadjikistan* • **EN** *Tajikistan* • **PT** *Tajiquistão* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Tadjikistan; ech fueren d'nächst Woch an den Tadjikistan; ech kommen aus dem Tadjikistan; ech war schonn dräimol an Tadjikistan; ech fueren d'nächst Woch an Tadjikistan; ech kommen aus Tadjikistan

i männlech Persoun: ↗Tadjik weiblech Persoun: ↗Tadjikin Adjektiv: ↗tadjikesch Hauptstadt: ↗Duschanbe

Täertchen [t'ɛ:ɛtʃən] Femininum (Pluriel Täertcher) - Diminutivform vun ↗Taart

Tafel [t'a:fəl] Femininum (Pluriel Tafelen) **DE** *Tafel [Wandtafel]* • **FR** *tableau [noir]* • **EN** *blackboard* • **PT** *quadro [preto]* **Beispiller** an der Paus hunn d'Kanner un d'Tafel gekrozelt; d'Joffer huet mech haut un d'Tafel geruff (⇒ fir mech opzefroen)

Tafelint [t'a:fəlɪnt] Femininum (Pluriel Tafelinten) *Aythya ferina* **DE** *Tafelente* • **FR** *fuligule milouin* • **EN** *common pochard* • **PT** *zarro-comum* **Beispill** wéi laang bréien d'Tafelinten?

Tafelrechnung Femininum (Pluriel Tafelrechnungen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Täfelung [t'ɛ:fəlʊŋ] Femininum (Pluriel Täfelungen) **DE** *Täfelung [Tafelwerk]* • **FR** *lambris, boiserie* • **PT** *revestimento de madeira, lambri* **Beispill** déi hëlzen Täfelung am Rittersall gouf d'lescht Joer restauréiert

taff Adjektiv ^{égs} **taff** Moss **DE** *steiler Zahn* • **FR** *nana bien roulée, canon* • **PT** *moça jeitosa, brasa* **Beispill** hues de déi **taff** Moss dohanne beim Comptoir gesinn?

Tagebuch [t'a:gəbʊχ] Neutrum (Pluriel Tagebücher) **DE** *Tagebuch* • **FR** *journal (intime)* • **EN** *diary, journal* • **PT** *diário [caderno pessoal]* **Beispill** ech hu mäi Liewe laang (en) **Tagebuch** geféiert

taggen [t'ægən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *getaggt*) » **transitiv** **DE** *taggen [informatisch kennzeichnen]* • **FR** *baliser, taguer [marquer des données informatiques]* • **EN** *to tag [digital data]* • **PT** *marcar, identificar [dados informáticos]* **Beispiller** ech muss nach verschidden Donnéeën **taggen**, ier s de se kanns verschaffen; **hues** du mech op dëser Foto **getaggt**?; d'Journalisten **taggen** hir Artikelen, fir datt een se iwwer Stéchwierder ka sichen

Tagliatelle [taljiat'æɫ] Femininum (Pluriel Tagliatellen) **DE** *Tagliatelle* • **FR** *tagliatelle* • **PT** *talharim* **Beispill** gehei d'Tagliatellen eréischt an d'Waasser, wann et kacht!

Taifun Maskulinum (Pluriel Taifunen / Taifuner)

i Hei entstee en neien Artikel.

Taigamouergäns [t'aiga:møsegæns] Femininum (Pluriel Taigamouergänsen) **Anser** *fabalis fabalis* **DE** *Waldsaatgans* • **FR** *oie de taiga* • **EN** *taiga bean goose* • **PT** *ganso-campestre* **Beispill** wéi laang bréien d'Taigamouergänsen?

Taille [t'aɪl] Femininum (Pluriel Taillen) **1.** **DE** *Taille [Gürtellinie]* • **FR** *taille [partie du corps, partie d'un vêtement]* • **EN** *waist* • **PT** *cintura [parte do corpo, parte de uma peça de roupa]* **Beispiller** menger Schwëster hir **Taille** ass méi schmuell ewéi meng, dofir si meng Boxen hir ze grouss; bei deem iwwegewichtege Patient erkennt ee scho laang keng **Taille** méi; déi Jupe gefält mer, se misst just an der **Taille** e bëssen ageholl ginn **2.** **DE** *Größe [Kleidergröße]* • **FR** *taille [dimension d'un vêtement]* • **EN** *size [in clothing]* • **PT** *tamanho [de vestuário]* **Beispill** dee Modell vu Paltong gefält mer, ech bräicht just eng **Taille** méi (grouss) **Synonymmen** Nummer, Numero

tailléiert [tɑj'ɛiɛt] Adjektiv **DE** *tailliert* • **FR** *cintré [ajusté à la taille]* • **EN** *fitted [at the waist]* • **PT** *cintado [ajustado à cintura]* **Beispill** esou en **tailléierte** Paltong geet mer net

Tailleur [t'aɪjœ:r] Maskulinum (Pluriel Tailleuren) **DE** *Kostüm [Damenkostüm]* • **FR** *tailleur [deux-pièces]* • **EN** *(lady's) suit* • **PT** *conjunto saia-casaco, tailleur* **Beispill** e schicken **Tailleur** passt fir all Geleeënheet **Synonym** Deux-pièces

Taipeh Eegennumm **DE** *Taipeh* • **FR** *Taipei, Taipei* • **PT** *Taipé* **Beispill** **Taipeh** ass d'Haaptstad vun Taiwan

Täissel [t'æ:ɪsəl] Maskulinum (Pluriel Täisselen) **DE** *Deichsel* • **FR** *timon* • **EN** *shaft [of a wagon]* • **PT** *timão* **Beispill** den **Täissel** vum Heewon ass gebrach

Taiwan Eegennumm, Neutrum **DE** *Taiwan* • **FR** *Taiwan* • **EN** *Taiwan* • **PT** *Taiwan* **Beispiller** ech war schonn dräimol an Taiwan; ech fueren d'nächst Woch an Taiwan; ech kommen aus Taiwan

i männlech Persoun: ↗Taiwaner weiblech Persoun: ↗Taiwanerin Adjektiv: ↗taiwanesch Haaptstad: ↗Taipeh

Taiwanes Maskulinum (Pluriel Taiwanesen) - Variant vun ↗Taiwaner

taiwanesesch Adjektiv - Variant vun ↗taiwanesch

Taiwanesin Femininum (Pluriel Taiwanesinnen) - Variant vun ↗Taiwanerin

Taiwaner Maskulinum (Pluriel Taiwaner) **DE** *Taiwaner* • **FR** *Taiwanais* • **PT** *taiwanês* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Taiwaner**

i Variant: Taiwanes

Taiwanerin Femininum (Pluriel Taiwanerinnen) **DE** *Taiwanerin* • **FR** *Taiwanaise* • **PT** *taiwanesa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Taiwanerin**

i Variant: Taiwanesin

taiwanesch Adjektiv **DE** *taiwanisch* • **FR** *taiwanais* • **PT** *taiwanês* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **taiwanesch** Kultur kenne geléiert

i Variant: taiwanesesch

Tak [ta:k] Femininum (Pluriel Taken) **DE** *Kaminplatte* • **FR** *taque [plaque de fonte]* • **EN** *fireback [ornamental iron plate]* • **PT** *placa de lareira* **Beispiller** de Grof huet eng **Tak** mat sengem Wopen am Kamäin hänken; op villen **Take** gesäit ee Juegdzeenen; an eiser Geïsserei ginn nach **Take** gegoss

Takeaway [t'ɜ:kəwɜ:ɪ] Maskulinum (Pluriel Takeawayen / Takeaways) **DE** *Take-away [Restaurant, Imbiss]* • **FR** *restaurant qui propose des plats à emporter, comptoir de commandes à emporter, traiteur* • **EN** *take-away [restaurant]* • **PT** *restaurante de comida para fora, takeaway* **Beispiller** an der Mëttesstonn ginn ech mer heiansdo eppes an den **Takeaway** sichen; gëtt et hei an der Noperschaft e gudden **Takeaway**?; bitt dee **Restaurant** och **Takeaway** un? [kann een sech d'Essen och an dee **Restaurant** siche goen?]

Takeschaf [ta:kəʃ'a:f] Maskulinum (Pluriel Takeschief) **DE** *Takenschrank, Wandschrank [hinter der Kaminplatte]* • **FR** *armoire à taque [placard dont la partie inférieure s'ouvre sur la taque de l'âtre de la cuisine]* • **PT** [Definition] *armário de parede instalado por cima da placa de lareira* **Beispill** an ale **Bauernhaiser** fénnt een alt nach en **Takeschaf** an der **Stuff**

Takeschësser [t'a:kəʃəʃ] Maskulinum (Pluriel Takeschësser) **vereelt** [égs] **DE** *Stubenhocker* • **FR** *pan-touffard* • **PT** *sedentário [pessoa caseira]* **Beispill** zënter mäi **Monni** d'Pensioun huet, ass en e richtegen **Takeschësser** ginn

Takt [takt] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Takt [Rhythmus]* • **FR** *rythme, cadence, tempo* • **EN** *rhythm, beat, tempo* • **PT** *ritmo, compasso, cadência* **Beispiller** während dem ganze **Concert** huet de **Sänger** den **Takt** mam **Fouss** geschloen; ech sinn net **musikalesch**, dofir bleiwen ech ni am **Takt**; dem **Meedche** seng **Hänn** a seng **Feïss** beweegen sech am **Takt** vum **Wiefstull** **2.** (Pluriel **Täkt**) **DE** *Takt [musikalische Einteilungseinheit]* • **FR** *mesure [unité de subdivision musicale]* • **EN** *bar [musical section]* • **PT** *compasso [unidade de divisão musical]* **Beispiller** een **Takt** geet duer, fir déi **bekannt** **Melodie** erëmzeerkennen; d'**Trompette** setzen eréischt no sechs **Täkt** an **3.** (kee Pluriel) **DE** *Takt, Taktgefühl* • **FR**

tact, doigté • EN *tact* • PT *tato*, *delicadeza* **Beispiller** deen ongehuwwelte Kärel huet awer och guer keen Takt!; an dëser Enquête muss d'Police mat vill Takt operéieren **Synonym** Taktgefill

taktéieren [takt'ziəɾən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé *taktéiert*) » **intransitiv** DE *taktieren* [*taktisch vorgehen*] • FR *manœuvrer*, *ruser* • EN *to use clever tactics* • PT *manobrar*, *usar de manha* **Beispill** d'Politikerin huet esou *taktéiert*, datt hir Géigner sech um Enn net méi eens waren

taktesch [t'aktəʃ] Adjektiv DE *taktisch* • FR *tactique* <Adverb *tactiquement*, *d'un point de vue tactique*> • EN *tactical* <Adverb *tactically*> • PT *tático* <Adverb *taticamente*, *do ponto de vista tático*> **Beispiller** aus *taktesche* Grënn dāerf een de Konkurrente verschidden Informatiounen net weiderginn; eis Ekip ass *taktesch* an technesch gutt preparéiert

Taktgefill [t'aktgəfil] Neutrum (kee Pluriel) DE *Taktgefühl*, *Takt* • FR *tact*, *doigté* • EN *tact* • PT *tato*, *delicadeza* **Beispill** de Journalist huet dat kriddelegt Thema mat vill *Taktgefill* behandelt **Synonym** Takt

Taktik [t'aktik] Femininum (Pluriel *Taktiken*) DE *Taktik* • FR *tactique* • EN *tactic* [*strategy*], *tactics* [*military*] • PT *tática* **Beispiller** eis Arméi konnt näischt géint déi offensiv *Taktik* vum Géigner maachen; menger Meenung no ass dat do eng *Taktik*, fir Zäit ze gewinnen; dem Trainer seng nei *Taktik* ass opgaangen, eis Ekip huet de Match haushéich gewonnen

taktlos [t'aktlo:s] Adjektiv DE *taktlos* • FR *dénué de tact*, *indélicat* <Adverb *sans (le moindre) tact*, *avec indécatesse*> • EN *tactless* <Adverb *tactlessly*> • PT *desprovido de tato*, *indelicado* <Adverb *sem tato (nenhum)*> **Beispiller** mat sengem *taktlose* Behuelen huet de Monni scho vill Leit widder de Kapp gestouss; musst der iech ëmer esou *taktlos* behuelen?

Taktlosegheet [t'aktlo:zəçke:t] Femininum 1. (kee Pluriel) DE *Taktlosigkeit* [Art] • FR *manque de tact*, *indécatesse* • EN *tactlessness*, *indiscretion* [*behaviour*] • PT *falta de tato*, *indelicadeza* [*modo*] **Beispill** ech hu kee Versteesdemech fir esou vill *Taktlosegheet* 2. (Pluriel *Taktlosegheeten*) DE *Taktlosigkeit* [*Äußerung*, *Handlung*] • FR *goujaterie*, *grossièreté* [*parole*, *action*] • EN *tactlessness*, *indiscretion* [*remark*, *action*] • PT *grosseria*, *indelicadeza* [*dito*, *ato*] **Beispill** du hues eis alt nees mat dengem *Taktlosegheete* blaméiert!

taktvoll [t'aktfol] Adjektiv DE *taktvoll* • FR *plein de tact* <Adverb *avec tact*> • EN *tactful* <Adverb *tactfully*> • PT *cheio de tato* <Adverb *com tato*> **Beispiller** eisen neie Portier ass en diskreeten an *taktvolle* Mënsch; ech soen iech Merci, datt dir esou *taktvoll* iwwer mäi klengt Mëssgeschéck ewechgaange sidd

Talent [t'alənt] Neutrum (Pluriel *Talenter*) 1. DE *Talent*, *Begabung* [*Fähigkeit*] • FR *talent* [*aptitude*, *capacités*] • EN *talent*, *gift* • PT *talento* [*aptidão*, *capacidades*] **Beispiller** dee jonke Pianist huet vill *Talent*; mäin Neveu huet säi kënschtlerscht *Talent* vu sengen Eltere geierft 2. DE *Talent* [*Person*] • FR *talent* [*personne*] • EN *talent* [*person*] • PT *talento* [*pessoa*] **Beispill** op deem Festival triede vill jonk *Talenter* op

talentéiert [talənt'ziət] Adjektiv DE *talentiert* • FR *talentueux*, *doué* • EN *talented* • PT *talentoso*, *dotado* **Beispill** hien ass net nëmmen e gudden Dänzer, mee och en *talentéierte* Schauspiller **Synonymmen** begaabt, douéiert

Talisman Maskulinum (Pluriel *Talismanen*) DE *Talisman* • FR *talisman*, *grigri* **Beispill** hatt huet en Amethyst als *Talisman* ëm den Hals hänken

Talkshow [t'ɔ:kʃøʃ] Femininum (Pluriel *Talkshowen*) DE *Talkshow* • FR *talk-show*, *émission-débat* • EN *talk show* • PT *talk-show*, *debate televisivo* **Beispill** ech kucke gär politesch *Talkshowen* op der Televisioun

Tallek [t'alek] Maskulinum (Pluriel *Talleken*) DE *Abatz*, *Schuhabsatz* • FR *talon* [*d'une chaussure*] • EN *heel* [*of a shoe*] • PT *tacão*, *salto* **Beispiller** d'Fra ass mat engem *Tallek* an engem Grill hänke bliwwen; no dräi Woche waren d'*Talleke* vu mengen neie Schong schonn ofgelaf

Varianten: Tallong, Talon

Tallekeschong [t'alekəʃɔŋ] Maskulinum (Pluriel *Tallekeschong*) DE *Stöckelschuh* • FR *chaussure à talon* • EN *high heel*, *stiletto* [*shoe*] • PT *sapato de salto alto* **Beispiller** deng nei *Tallekeschong* maachen der schéi laang Been!; eis Receptionnistin huet all Dag *Tallekeschong* un

Varianten: Tallekeschong, Talleksschong, Talleksschung

Tallekeschung Maskulinum (Pluriel *Tallekeschung*) - Variant vun ↗ *Tallekeschong*

Talleksschong [t'alekʃɔŋ] Maskulinum (Pluriel *Talleksschong*) - Variant vun ↗ *Tallekeschong*

Talleksschung Maskulinum (Pluriel *Talleksschung*) - Variant vun ↗ *Tallekeschong*

Tallinn Eegennumm DE *Tallinn* • FR *Tallinn* • PT *Taline* **Beispill** Tallinn ass d'Haaptstad vun Estland

Tallong [t'alɔŋ] Maskulinum (Pluriel *Tallongen*) - Variant vun ↗ *Tallek*

Talon [t'alɔ:] Maskulinum (Pluriel *Talonen*) - Variant vun ↗ *Tallek* DE *Ferse* [*am Fuß*] • FR *talon* [*partie postérieure du pied*] • EN *heel* [*of the foot*] • PT *calcanhar* [*parte posterior do pé*] **Beispill** a mengen neie Schong krut ech eng *Bloder* op den *Talon*

Opgepasst! D'Wuert **Talon** kann niewent deem, wat hei beschriwwen ass, och nach dat selwecht bedeiten ewéi d'Wuert ↗ *Tallek*.

Tamburin [t'amburin] Maskulinum (Pluriel *Tamburinen*) DE *Tamburin* • FR *tambourin* • EN *tambourine* • PT *pandeireta* **Beispill** de Perkussionist schléit den Takt mam *Tamburin*

Tampon [t'ã:mpõ:] Maskulinum (Pluriel *Tamponen*) 1. DE *Tampon* [*Hygieneartikel*] • FR *tampon* [*hygiénique*] • PT *tampão* [*higiénico*] **Beispill** als jonkt Meedchen hunn ech léiwer Binden ewéi *Tampone* benotzt 2. DE *Tampon* [*lin der Chirurgie*] • FR *tampon* [*chirurgical*] • PT *tampão* [*curativo cirúrgico*] **Beispill** no menger Nuesoperatioun hat ech e puer Deeg an engem Nueslach en *Tampon*

Tamtam Maskulinum (kee Pluriel) ^[ëgs] DE *Tamtam* [Aufhebens] • FR *tam-tam* [bruit, tapage] • PT *alarido, es-palhafato* **Beispiller** de leschte Weekend gouf déi nei Sportshal mat vill **Tamtam** ageweit; maach elo keen **Tamtam** wéinst där Klenggeheet do!

Tandel [t'andəl] Eegennumm DE *Tandel* • FR *Tandel* • EN *Tandel* • PT *Tandel* **Beispiller** ech wunnen zu **Tandel**; fiert dëse Bus op **Tandel**?

Tandem Maskulinum (Pluriel Tandemen) DE *Tandem* [Fahrrad] • FR *tandem* [bicyclette] • EN *tandem* [bicycle] • PT *tandem* [bicicleta] **Beispiller** d'Koppel ass gemälleg op hirem **Tandem** iwwer déi nei Vélospist pedalléiert; d'Direktesch an hiren Adjoint sinn e gudden **Tandem** [d'Direktesch an hiren Adjoint schaffe gutt zesummen]

tangéieren [tɑŋg'zjɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé tangéiert) » **transitiv** DE *tangieren* [gehen, betreffen] • FR *toucher* [concerner sur les bords] • EN *to affect, to bear on* • PT *tocar, afetar* **Beispill** déi nei Direktiven tangéieren och d'Stroferecht

Tangente [t'ã:zã:t] Femininum (Pluriel Tangenten) ^[Mathematik] DE *Tangente* • FR *tangente* • EN *tangent* [mathematics] • PT *tangente* **Beispill** an der Mathésprüfung hunn d'Schüler missen **Tangenten** zeechnen

Tank [tɑŋk] Maskulinum (Pluriel Tanken) **1.** DE *Tank* • FR *réservoir, cuve* • EN *tank* [container] • PT *depósito, cuba* **Beispiller** den **Tank** vum Auto ass voll bis uewenhin; de Wénzer féllt de Wäin aus dem **Tank** an eeche Fässer em **2.** DE *Panzer* [Kampffahrzeug] • FR *char* [d'assaut], *blindé* • EN *tank* [armoured vehicle] • PT *tanque, blindado* **Beispill** am Zweete Weltkrich hunn d'**Tanken** eng wichteg Roll gespillt **Synonym** Panzer

i Variant: Tanks

tanken [t'ɑŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getankt) » **transitiv 1.** DE *tanken* • FR *prendre, se servir en* [carburant] • EN *to fill up with* [fuel] • PT *meter* [carburante] **Beispiller** ech tanke kee Bensinn, mäin Auto ass en Diesel; mir fueren an de Süden, fir Sonn ze **tanken** ^[ëgs] [mir fueren an de Süden, fir esou vill ewéi méiglech vun der Sonn ze profitéieren] » **intransitiv 2.** DE *tanken* • FR *prendre de l'essence, prendre du gazoil, faire le plein* • EN *to fill up* [with fuel] • PT *meter gasolina, meter gasóleo, encher o depósito* **Beispiller** kontrolléier den Drock an de Pneuen, wann s de **tanke** gees!; hien huet gëschter mat senge Kollegeen zolidd **getankt** ^[ëgs] [hien huet gëschter mat senge Kollegee vill Alkohol gedronk]

Tanker Maskulinum (Pluriel Tanker)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Tanks [tɑŋks] Maskulinum (Pluriel Tanksen / Tanks) - Variant vun [↗]Tank

Tankstell [t'ɑŋk[tæ]l] Femininum (Pluriel Tankstellen) DE *Tankstelle* • FR *station-service* • EN *filling station, petrol station, garage* • PT *bomba de gasolina, estação de serviço* **Beispill** fuer op déi nächst **Tankstell**, mir hunn net méi genuch Bensinn! **Synonym** Bensinnsstation

tansanesch [tanz'a:nəʃ] Adjektiv DE *tansanisch* • FR *tanzanien* • EN *Tanzania* • PT *tanzaniano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **tansanesch** Kultur kenne geléiert

Tansania [tanzan'ia:] Eegennumm, Neutrum DE *Tansania, Vereinigte Republik Tansania* • FR *Tanzanie, République-Unie de Tanzanie* • EN *Tanzania, United Republic of Tanzania* • PT *Tanzânia, República Unida da Tanzânia* **Beispiller** ech war schonn dräimol an **Tansania**; ech fueren d'nächst Woch an **Tansania**; ech kommen aus **Tansania**

i männlech Persoun: [↗]Tansanier weiblech Persoun: [↗]Tansanierin Adjektiv: [↗]tansanesch Haaptstad: [↗]Dodoma

Tansanier [tanz'a:njɛ] Maskulinum (Pluriel Tansanier) DE *Tansanier* • FR *Tanzanien* • EN *Tanzanian* • PT *tanzaniano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Tansanier**

Tansanierin [tanz'a:njɛrɪn] Femininum (Pluriel Tansanierinnen) DE *Tansanierin* • FR *Tanzanienne* • EN *Tanzanian* [female] • PT *tanzaniana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Tansanierin**

Tantal [tant'a:l] Maskulinum (kee Pluriel) ^[Chimie] DE *Tantal* [chemisches Element] • FR *tantale* [élément chimique] • EN *tantalum* [chemical element] • PT *tântalo* [elemento químico] **Beispill** d'Element **Tantal** gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller

Tapage Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Tapéit [tap'zɪt] Femininum (Pluriel Tapéiten) DE *Tape-te* • FR *papier peint* • EN *wallpaper* • PT *papel de parede* **Beispiller** déi nei Riddoe passe gutt bei eis **Tapéit**; déi kniwweleg Fro kënnst ëmmer nees op d'**Tapéit** ^[ëgs] liwwer déi kniwweleg Fro gëtt ëmmer nees geschwat! **Synonym** Tapisserei

tapezéieren [tapɛts'zjɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé tapezéiert) » **transitiv** DE *tapezieren* • FR *tapisser* (de papier peint) • EN *to* (wall)paper • PT *forrar* (com papel de parede) **Beispiller** den Usträicher **huet** (d'Mauern) frësch **tapezéiert**; eise Kanner hir Kummer ass mat Posteren **tapezéiert** ^[ëgs] [an eise Kanner hirer Kummer hänken d'Mauere voller Posteren]

i Variant: tapisséieren

Tapioka Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun [↗]Tabioka

Tapis [t'api:] Maskulinum (Pluriel Tapisen) **1.** DE *Fußmatte* • FR *paillason, tapis* • EN *mat* [doormat] • PT *tapete* (de entrada), *capacho* **Beispill** botz deng Schong um **Tapis** of, ier s de erakënn! **Synonym** Teppech **2.** DE *Teppich* • FR *tapis* [de décoration] • EN *carpet, rug* • PT *tapete, carpete* **Beispill** eisen neien **Tapis** verléiert scho seng Fränjelen **Synonym** Teppech **3.** DE *Straßenbelag* • FR *revêtement de chaussée, revêtement routier* • EN *surface* [road surface] • PT *tapete* (betuminoso) [revestimento de estrada] **Beispill** d'Strooss kritt dëse Weekend en neien **Tapis** **Synonym** Belag

Tapis plain [tapi:p'lɛ:] Maskulinum (Pluriel Tapisplainen) DE *Teppichboden* • FR *moquette* • EN (fitted) *carpet* • PT *alcatifa* **Beispill** mat denger Stëbsallergie géif ech keen **Tapis plain** leeë loossen

tapisséieren [tapis'ziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé tapisséiert) - Variant vun ↗tapezéieren

Tapisserei [tapisəR'oi] Femininum (Pluriel Tapissereien) DE *Tapete* • FR *papier peint* • EN *wallpaper* • PT *papel de parede* **Beispill** mir hunn eng geblummelegt Tapisserei am Living **Synonym** Tapéit

Tapisserie [tapisəR'i:] Femininum (Pluriel Tapissereien) DE *Wandteppich* • FR *tapisserie [œuvre d'art]* • PT *tapeçaria [obra de arte]* **Beispill** am Musée ass den Ament eng Ausstellung vun Tapissereien aus dem 17. an 18. Joerhonnert

Tapissier [tap'isje:] Maskulinum (Pluriel Tapissieren) DE *Polsterer [von Sitzmöbeln]* • FR *tapissier [de sièges]* • EN *upholsterer* • PT *estofador [forrador de móveis]* **Beispill** den Tapissier huet eisen ale Kannapee frësch gepolstert an iwwezunn

♀ Weiblech Form: ↗Tapissière

Tapissière [tap'isje:R] Femininum (Pluriel Tapissieren) DE *Polsterin* • FR *tapissière [rembourseuse de mobilier]* • PT *estofadora [forradora de móveis]* **Beispill** ech hu meng al Fotell vun enger Tapissière frësch iwwezéie gelooss

♂ Männlech Form: ↗Tapissier

tappen [t'apən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé getappt) » **intransitiv** DE *tappen [unsicher gehen]* • FR *avancer à tâtons* • PT *avançar às apalpadelas* **Beispiller** ech sinn duerch deen däischtere Gank getappt, fir d'Sicherungen nees anzemaachen; mir tappen an dëser Affär am Blannen; mir tappen an dëser Affär am Däischteren [mir hunn an dëser Affär net den Duerchbléck]

Tara [t'a:Rə:] Femininum (Pluriel Taraen) DE *Tara [Verpackungsgewicht]* • FR *tare [poids de l'emballage]* • PT *tara [peso da embalagem]* **Beispill** meng nei digital Wo huet e Knäppchen, fir d'Tara ofzerechnen

Tarif [tar'if] Maskulinum (Pluriel Tariffer) DE *Tarif [festgelegte Summe]* • FR *tarif [montant fixé]* • EN *tariff, price list, fare* • PT *tarifa [quantia fixada]* **Beispiller** fir d'Locatioun vum Festsall gëllt dëst Joer en neien Tarif; d'Tariffer am öffentlechen Transport ginn deemnächst eropgesat; vun zwielef Joer u mussen d'Kanner de vollen Tarif bezuelen

tarnen [t'ARNƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getarnt) » **transitiv** DE *tarnen* • FR *camoufler* • EN *to camouflage* • PT *camuflar* **Beispill** d'Zaldote mussen d'Panzer gutt tarnen, fir datt d'Flieger se net gesinn **Synonym** camoufléieren

Tarnung [t'ARNʊŋ] Femininum (Pluriel Tarnungen) **1.** DE *Tarnung [Vorgang]* • FR *camouflage [action de (se) camoufler]* • EN *camouflage [action]* • PT *camuflagem [ato de (se) camuflar]* **Beispiller** et gëtt Déieren, déi als Tarnung d'Faarf changéieren; wéi de Spioun op der Grenz kontrolléiert gouf, ass seng Tarnung opgefunn **2.** DE *Tarnung [Tarnvorrichtung]* • FR *camouflage [dispositif]* • EN *camouflage [device]* • PT *camuflagem [dispositivo]* **Beispill** an dëser Fabel benotzt de Wollef e Schofspelz als Tarnung **Synonym** Camouflage

Tartiflett [tɑrtifl'æt] Femininum (Pluriel Tartifletten) DE *Tartiflette* • FR *tartiflette* • PT [Definitiou] *gratinado de batatas com queijo reblochon* **Beispill** am Wantersport a Frankräich hu mer dacks Tartiflett giess

Tartiflette [tɑrtifl'æt] Femininum (Pluriel Tartifletten) - Variant vun ↗Tartiflett

Täsch [tæʃ] Femininum (Pluriel Täsch) DE *Tasche [eines Kleidungsstücks, eines Gepäckstücks]* • FR *poche [d'un vêtement, d'un sac]* • EN *pocket [of clothing, of a bag]* • PT *bolso, algibeira* **Beispiller** ech kafe meeschtens Hiemer mat enger Täsch; ech hunn e Lach an der rietser Täsch vu menger Jeans; eis Fluchbilljeeé stiechen an der baussenzeger Täsch vun eiser Wallis; hie kuckt mam rietsen A an déi léns Täsch [égs] [hie baluckt!]; maach léiwer d'Fauscht an der Täsch! [égs] [weis deng Roserei léiwer net offen!]; elo hu mer d'Saach an der Täsch! [égs] [elo kann an där Saach näischt méi schifgoen!]; ech kennen eis Stad ewéi meng (eegen) Täsch [égs] [ech kennen eis Stad an allen Detailer!]; hien huet säi Géigner mat Liichtegkeet an d'Täsch gestach [égs] [hie war sengem Géigner héich iwwerleeën!]; hie gräift net gär an d'Täsch [égs] [hie bezilt net gär!]; ech bezuelen dat aus menger Täsch [égs] [ech bezuelen dat mat menge Suen!]; hie schafft an seng eegen Täsch [égs] [hie schafft nëmme fir säin eegene Profit!]; als Kanner hate mir ni e Wak an der Täsch [égs] [als Kanner hate mir ni Sue bei eis!]; hien huet sech d'Täsche geféllt [égs] [hien huet vun der Situatioun profitéiert, fir sech ze beräicheren!]; dee Kärel läit den Elteren nach ëmmer op der Täsch [égs] [Idee Kärel lieft nach ëmmer vun sengen Elteren hire Suen]

Täschebuch [t'æʃəbuχ] Neutrum (Pluriel Täschebicher) DE *Taschenbuch* • FR *livre de poche* • EN *paperback* • PT *livro de bolso* **Beispiller** dee selwechte Roman gëtt et och als Täschebuch; ech hu mer zwee Täschebicher kauft, fir an der Vakanz ze liesen

Täschegeld [t'æʃəgælt] Neutrum (kee Pluriel) DE *Täschegeld* • FR *argent de poche* • EN *pocket money* • PT *dinheiro de bolso, mesada* **Beispiller** ech fannen et wichtig, datt e Kand léiert, mat sengem Täschegeld ëmzegoen; de Student verdéngt sech als Garçon en Täschegeld

Täschekraitchen Neutrum (kee Pluriel) DE *(Gewöhnliches) Hirtentäschel, Hirtentäschelkraut* • FR *bourse-à-pasteur* • EN *shepherd's purse* • PT *bolsa-de-pastor,erva-do-bom-pastor* **Beispill** d'Täschekraitchen ass eng Heelplanz, déi schonn am Mëttelalter an der Medezin agesat gouf **Synonymen** Beidelschneider, Hiertskraitchen

Täschelchen [t'æʃəlçən] Femininum (Pluriel Täschelcher) - Diminutivform vun ↗Täsch

Täscheluucht [tæʃəl'u:χt] Femininum (Pluriel Täscheluuchten) DE *Taschenlampe* • FR *lampe de poche, torche [électrique]* • EN *torch [flashlight]* • PT *lanterna de bolso, pilha* **Beispiller** et ass mer eppes ënner d'Bett gerullt, liicht emol mat der Täscheluucht drënner!; huel eng Täscheluucht a géi an de Keller d'Sicherung nees amaachen!

Täschmesser [t'æʃəmæse] Neutrum (Pluriel Täschmesseren) DE *Taschenmesser* • FR *canif, couteau*

de poche • **EN** *penknife, pocketknife* • **PT** *canivete, nava-lha* **Beispill** an denger Plaz géif ech dee Klengen net mat engem Täschmesser spille loossen

Täschendéif [t'æʃəndɛɪf] Maskulinum (Pluriel Täschendéif) **DE** *Taschendieb* • **FR** *voleur à la tire, pick-pocket* • **EN** *pickpocket* • **PT** *carteirista* **Beispill** zënter aacht Deeg mécht eng Band Täschendéif d'Stad on-sécher

Täscherechner [t'æʃɛræçnɛ] Maskulinum (Pluriel Täscherechner) **DE** *Taschenrechner* • **FR** *calculatrice de poche, calculette* • **EN** *pocket calculator* • **PT** *calculadora de bolso* **Beispill** du rechens esou séier am Kapp ewéi ech mam Täscherechner! **Synonym** Rechemaschinn

Taschkent Eegennumm **DE** *Taschkent* • **FR** *Tachkent* • **PT** *Tasquente* **Beispill** Taschkent ass d'Haaptstad vum Usbekistan

Taskforce [t'a:skfɔ:rs] Femininum (Pluriel Taskfor-
cen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

tässelen [t'æsələn] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **getässelt**) » **transitiv 1.** **DE** *stapeln* • **FR** *empiler* [*mettre en pile*] • **EN** *to stack* [*to pile up*] • **PT** *empilhar* **Beispill** ech hëllefem dem Papp hannerem Haus d'Holz tässelen **Synonym** stapelen **2.** **DE** *packen* [*legen*] • **FR** *ranger, disposer* [*en un certain endroit*] • **EN** *to pack* [*to stow*] • **PT** *arrumar, dispor* [*em determinado lugar*] **Beispiller** mir **hunn** d'Gepäck schonn an d'Mall vum Auto **getässelt**; **tassel** d'Bicher der Gréisst no an d'Këscht, da ginn der méi dran! **3.** **[ëgs]** **DE** *ins Bett bringen* • **FR** *coucher, mettre au lit* • **EN** *to put to bed, to put down* • **PT** *deitar, meter na cama* **Beispill** de Papp **huet** d'Kanner um aacht Auer (an d'Bett) **getässelt** » **reflexiv 4.** **[ëgs]** **DE** *sich hinlegen* [*um ein Nickerchen zu machen*] • **FR** *s'allonger* [*pour faire un roupillon*] • **EN** *to lie down* [*for a rest*] • **PT** *deitar-se* [*para dormir uma soneca*] **Beispill** nom Jessen **huet** de Bop sech eng Sténneche **getässelt**

I Verb, dat **tässelen** als Basis **huet**: » **zoutässelen**

Tast [tast] Femininum (Pluriel Tasten) **DE** *Taste* • **FR** *touche* [*d'un instrument de musique, d'un clavier*], *bouton* [*d'une souris*] • **EN** *key* [*of an instrument, of a keyboard*], *button* [*on a mouse*] • **PT** *tecla* [*de um instrumento musical, de um teclado*], *botão* [*de um rato*] **Beispiller** d'Taste vu mengem ale Piano si mat der Zäit gielzeg ginn; um Clavier vu mengem neie Computer drécken d'Taste sech ganz liicht; d'Maus vum Computer **huet** dacks zwou Tasten

Tastatur [tastat'u:ɐ] Femininum (Pluriel Tastaturen) **DE** *Tastatur* • **FR** *clavier* [*à touches*] • **EN** *keyboard* [*set of keys*] • **PT** *teclado* [*conjunto de teclas*] **Beispiller** deng Tastatur war net un de Computer ugeschloss; ech maachen den Deckel vum Piano léiwer zou, soss verstëbst d'Tastatur **Synonym** Clavier

Tastekombinatioun Femininum (Pluriel Tastekombinatiounen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Tatbestand [t'a:tbɛʃtant] Maskulinum (Pluriel Tatbestänn) **1.** **DE** *Tatbestand* [*Sachlage*] • **FR** *état de fait, faits* • **EN** *facts of the case, state of affairs* • **PT** *situação*

de facto, (conjunto dos) factos **Beispill** wa mer den **Tatbestand** richteg analyséieren, da fanne mer och déi richteg Léisungen **2.** **DE** *Tatbestand* [*gesetzliche Handlungsmerkmale*] • **FR** *éléments constitutifs* [*d'un acte défini par la loi*] • **EN** *elements of an offence* • **PT** *elementos constitutivos* [*de um ato definido pela lei*] **Beispill** ass den **Tatbestand** vum Mord erfüllt, wann den Täter net zourechnungsfäeg ass?

tätég [t'ɛ:təç] Adjektiv **DE** *tätig* • **FR** *actif* [*occupé*] • **EN** *active* [*involved*] • **PT** *ativo* [*atuante*] **Beispiller** dés Associatioun ass am soziale Beräich **tätég**; mäi Papp war zwielef Joer laang am Veräin **tätég**, ier e President gouf **Synonym** aktiv

Tätégkeet [t'ɛ:təçke:t] Femininum (Pluriel Tätégkeeten) **DE** *Tätigkeit* [*Arbeit*] • **FR** *activité* [*occupation, fonction*] • **EN** *work, activity* • **PT** *atividade* [*ocupação, função*] **Beispill** fir seng laangjäreg **Tätégkeet** als Sekretär vum Club **huet** hien e schéine Bic kritt

Täter [tɛ:tɛ] Maskulinum (Pluriel Täter) **DE** *Täter* • **FR** *auteur* [*d'un crime, d'une infraction*], *malfaiteur* • **EN** *offender, culprit* • **PT** *autor* [*de um crime, de uma infração*], *perpetrador* **Beispill** d'Affer konnt den Täter genee beschreiwen

I Weiblech Form: » **Täterin**

Täterin [t'ɛ:təri:n] Femininum (Pluriel Täterinnen) **DE** *Täterin* • **FR** *auteure* [*d'un crime, d'une infraction*], *malfaïtrice*

I Männlech Form: » **Täter**

tätowéieren [tɛ:to:v'ziəɔrən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **tätowéiert**) » **transitiv 1.** **DE** *tätowieren* [*ein Motiv*] • **FR** *tatouer* [*un motif*] • **EN** *to tattoo* [*a design*] • **PT** *tatuar* [*um motivo*] **Beispill** ech hu mer eng Rous op d'Schëller **tätowéiere** gelooss **2.** **DE** *tätowieren* [*mit einer Tätowierung versehen*] • **FR** *tatouer* [*marquer d'un tatouage*] • **EN** *to tattoo* [*to mark with a tattoo*] • **PT** *tatuar* [*fazer uma tatuagem em*] **Beispiller** ech hu schonn zwee Piercingen, ech géif mech och gär **tätowéiere** loossen; bass du op béiden Äerm **tätowéiert**? » **intransitiv 3.** **DE** *tätowieren* • **FR** *tatouer* • **EN** *to tattoo* • **PT** *fazer tatuagens* **Beispill** am Géigesaz zu fréier **gëtt** haut mat engem speziellen Apparat **tätowéiert**

Tätowéierung [tɛ:to:v'ziəɔrɔŋ] Femininum (Pluriel Tätowéierungen) **DE** *Tätowierung* [*Tattoo*] • **FR** *tatouage* [*dessin*] • **EN** *tattoo* [*design*] • **PT** *tatuagem* [*desenho*] **Beispill** deen ale Matrous hat eng verblätzt **Tätowéierung** op der Schëller **Synonym** Tattoo

Tatsaach [t'a:tza:ç] Femininum (Pluriel Tatsaachen) **DE** *Tatsache* • **FR** *fait* (*réel*) • **EN** *fact* • **PT** *facto* (*real*) **Beispiller** datt den Tubak schlecht ass fir d'Gesondheet, ass eng **Tatsaach**; et ass eng **Tatsaach**, datt s de gelunn hues!; dëse Film baséiert op **Tatsaachen**; dem Verdächtege seng Aussoen entsprechen net den **Tatsaachen** **Synonymmen** **Fait**, **Fakt**

tatsächlech [ta:tz'æçləç] Adverb **DE** *tatsächlich* [*in der Tat*] • **FR** *effectivement, en effet* [*contre toute attente*] • **EN** *really, actually* • **PT** *efetivamente, realmente, de facto* **Beispiller** eise Virschlag ass **tatsächlech** ugeholl ginn; dee Rendez-vous hat ech **tatsächlech** vergiess!;

tatsächlech, dat Kand do op der Foto, dat sinn ech!

tatsächlech [ta:tz'æçlœç] Adjektiv **DE** *tatsächlich*, *wirklich* • **FR** *réel*, *effectif* • **EN** *real*, *actual* • **PT** *real*, *efetivo* **Beispill** duerch d'Spekulationen geet den **tatsächleche** Wäert vun den Terrainen op

tatscheg Adjektiv **DE** *tatterig*, *unsicher auf den Beinen* • **FR** *qui a une démarche mal assurée*, *affaibli par l'âge* • **EN** *unsteady*, *doddering* • **PT** *que tem uma marcha cambaleante*, *debilitado pela idade* **Beispill** eise Schoulmeeschter war ëmmer e sportleche Kârel, haut ass en al an **tatscheg** **Synonym** tierkeleg

Tatta [t'ata:] Femininum (Pluriel Tattaen) **DE** *Tante* • **FR** *tante* • **EN** *aunt* • **PT** *tia* **Beispill** d'Tatta huet hir Niessen op en Essen invitéiert

Tattoo [tat'u:] Maskulinum (Pluriel Tattooen) **DE** *Tattoo* • **FR** *tatouage* [*dessin*] • **EN** *tattoo* [*design*] • **PT** *tatuagem* [*desenho*] **Beispill** ech di gären decolletéiert Räck un, well een da mäin **Tattoo** gesäit **Synonym** Tätowürerung

Tatz Femininum (Pluriel Tatzen) **DE** *Tatze*, *Pranke* • **FR** *patte* [*d'un fauve*] • **PT** *pata* [*de uma feral*] **Beispill** hues de gesinn, wat dee Bier fir grouss Tatzen huet? **Synonym** Patt

tauchen [t'æ:ʊçən] ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé getaucht) » **intransitiv 1.** **DE** *tauchen* [*unter Wasser gehen*] • **FR** *plonger* [*descendre sous l'eau*] • **EN** *to dive* [*to swim under water*] • **PT** *mergulhar* [*em meio aquático*] **Beispill** mäi Brudder geet dacks op de Stauséi tauchen ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getaucht) » **transitiv 2.** **DE** *unter Wasser drücken* • **FR** *plonger sous l'eau la tête de* • **EN** *to dunk*, *to duck* [*to submerge*] • **PT** *afundar* [*propositadamente* [*uma pessoa*]] **Beispill** beim Rolzen am Waasser probéieren d'Kanner eent dat anert ze tauchen **Synonym** zappen

Verben, déi **tauchen** als Basis hunn: ↗ënnertauchen an ↗optauchen

Varianten: dauchen, dauchen

Taucher [t'æçœ] Maskulinum (Pluriel Taucher) **DE** *Taucher* [*Person*] • **FR** *plongeur* [*personne qui pratique la plongée*] • **EN** *diver* [*underwater*] • **PT** *mergulhador* [*pessoa que pratica o mergulho*] **Beispill** bei guddem Wieder gesäit ee vill **Taucher** um Stauséi

Weiblech Form: ↗Taucherin

Taucherin [t'æçœrin] Femininum (Pluriel Taucherinnen) **DE** *Taucherin* [*Person*] • **FR** *plongeuse* • **PT** *mergulhadora* [*mulher que pratica o mergulho*] **Beispill** an der Vakanz hunn ech bei enger ganz kompetenter **Taucherin** mäin Tauchschiin gemaach

Männlech Form: ↗Taucher

Tausch [tæ:ʊç] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Tosch

täuschen [t'œ:ʃœn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getäuscht) » **transitiv 1.** **DE** *täuschen* • **FR** *tromper* [*induire en erreur*, *duper*] • **EN** *to trick*, *to deceive* • **PT** *enganar* [*induzir em erro*, *iludir*] **Beispiller** mat esou bëlle-geen Tricke kanns de mech net **täuschen**!; wa mäi Verhalt mech net **täuscht**, war déi Hochzäit virun zwee Joer » **intransitiv 2.** **DE** *täuschen*, *irreführen* • **FR** *être trom-*

peur • **EN** *to deceive*, *to mislead* • **PT** *ser enganador* **Beispiller** d'Licht vun de Spotten **täuscht**, am Dag wierkt de Raum méi grouss; déi Zuelen **täuschen**, well se entsprechen net dem aktuelle Stand » **reflexiv 3.** **DE** *sich täuschen*, *sich irren* • **FR** *se tromper* [*s'abuser*, *faire erreur*] • **EN** *to be mistaken* • **PT** *enganar-se*, *estar enganado* **Beispiller** eise Sekretär **täuscht** sech, wann e mengt, e kéint jidderee kommandéieren; du **hues** dech al **getäuscht**, wéi s de gemengt hues, du géifs deen Eische ginn!

Verben, déi **täuschen** als Basis hunn: ↗ewechtäuschen an ↗virttäuschen

tauschen [t'æ:ʊçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getosch) » **transitiv** **DE** *tauschen* • **FR** *échanger*, *troquer* • **EN** *to swap* • **PT** *trocar*, *permutar* **Beispiller** ech sätzen net gär an der eischer Rei, wéills de net (d'Plaz) mat mer tauschen?; komm, mer tauschen d'Plazen, ech sätzen net gär an der Sonn!; mir **hu** mat der Gemeng en Terrain **getosch**; déi zwee Schauspiller hunn hir Rolle **getosch**; déi zwou Frëndinnen hunn hir Schale **getosch**; ech **hu** meng al Mënze géint e puer wäertvoll Timbere **getosch**; ech wéilt mat kengem **tauschen** [ech si ganz zefridde mat menger Situatioun]; ech wéilt net mat him **tauschen** [ech wéilt net a senger Plaz sinn; ech bedauern hien]

Verben, déi **tauschen** als Basis hunn: ↗austauschen an ↗ëm-tauschen

Täuschung [t'œ:ʃœn] Femininum (Pluriel Täuschungen) **1.** **DE** *Täuschung* [*Irreführung*] • **FR** *tromperie*, *leurre* • **EN** *deception* [*misrepresentation*] • **PT** *engano* [*ilusão*, *logro*] **Beispill** pass op, déi Reklam do ass eng affrontéiert **Täuschung**! **2.** optesch **Täuschung** **DE** *optische Täuschung* • **FR** *illusion d'optique* • **EN** *optical illusion* • **PT** *ilusão de ótica* **Beispill** d'Psychologie versicht, d'optesch **Täuschungen** ze erklären

Tausendfüßler Maskulinum (Pluriel Tausendfüßler)

Hei entsteet en neien Artikel.

Taux [to:] Maskulinum (Pluriel Tauxen) **1.** **DE** *Zinssatz*, *Steuersatz* • **FR** *taux* [*d'intérêt*], *taux* [*d'imposition*] • **EN** *interest rate* • **PT** *taxa* [*de juro*], *taxa* [*de imposto*] **Beispiller** fir mäi Prêt huet d'Bank mer e gënschtegen **Taux** accordéiert; zu wat fir engem **Taux** gëss du als Jonggessell besteiert? **Synonym** Zënssatz **2.** **DE** *Rate* [*Prozentsatz*] • **FR** *taux* [*pourcentage*] • **EN** *rate* [*percentage*] • **PT** *taxa* [*percentagem*] **Beispill** an de leschte Joren ass den **Taux** vum Chômage stänneg an d'Luucht gaangen

Tax [taks] Femininum (Pluriel Taxen) **DE** *Gebühr* [*Abgabe*] • **FR** *taxe*, *redevance* • **EN** *duty*, *charge* • **PT** *taxa*, *di-reito(s)* **Beispiller** fir dat, wat ech an der Vakanz kaaft hunn, hunn ech missen op der Douane eng **Tax** bezuelen; fréier goufe virun de Paarte vun der Stad **Taxen** opgehewen

taxéieren [taks'zœ:ʃœn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé taxéiert) » **transitiv 1.** **DE** *besteuern* • **FR** *taxer* [*imposer*] • **EN** *to tax* [*to impose a tax on*] • **PT** *taxar* [*lançar imposto sobre*] **Beispiller** d'Regierung wéllt den **Tubak** méi héich **taxéieren**; verschidde **Produite** **gi** vum nächste Joer un anescht **taxéiert** **Synonym** besteieren **2.** **DE** *taxieren*, *schätzen* • **FR** *taxer* [*estimer la*

valeur de • **EN** *to value* [*to evaluate*] • **PT** *avaliar* [*estimar* o *valor de*] **Beispiller** en Expert huet eis Timberkollektion op 10.000 Euro taxéiert; ech hu meng Bijoue weinst der Assurance frësch taxéiere gelooss **Synonym** schätzen

Taxi [t'aksɪ:] Maskulinum (Pluriel Taxien) **DE** *Taxi* • **FR** *taxi* • **EN** *taxi* • **PT** *táxi* **Beispill** wa mer de leschte Bus verpassen, da mussen mer en Taxi huelen

Taxichauffer [t'aksɪ:ʃo:fə] Maskulinum (Pluriel Taxichaufferen) **DE** *Taxifahrer* • **FR** *chauffeur de taxi* • **EN** *taxi driver, cab driver* • **PT** *taxista* **Beispiller** weinst engem Chantier konnt den Taxichauffer eis net virum Hotel erausloossen; um Flughafen huet den Taxichauffer mer gehollef, meng schwéier Wallis an d'Mall ze täselen

i Variant: Taxischauffer

i Weiblech Form: ↗Taxischauffesch

Taxischauffesch [t'aksɪ:ʃo:fəʃ] Femininum (Pluriel Taxischauffesch)en

i Variant: Taxischauffesch

i Männlech Form: ↗Taxichauffer

Taxischauffer [t'aksɪ:ʃo:fə] Maskulinum (Pluriel Taxischaufferen) - Variant vun ↗Taxichauffer

Taxischauffesch [t'aksɪ:ʃo:fəʃ] Femininum (Pluriel Taxischauffesch)en - Variant vun ↗Taxischauffesch

Team [ti:m] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Teamen / Teamer) **1.** **DE** *Team* [*Arbeitsgruppe*] • **FR** *équipe* [*groupe de travail*] • **EN** *team* [*work group*] • **PT** *equipa* [*grupo de trabalho*] **Beispill** fir dës Aarbecht muss ee kënnen am Team schaffen **Synonym** Ekipp **2.** **DE** *Team* [*Mannschaft*] • **FR** *équipe* [*groupe sportif*] • **EN** *team* [*sports group*] • **PT** *equipa* [*desportiva*] **Beispill** a wéi engem Team fiert dee Coureur? **Synonym** Ekipp

teamfäeg Adjektiv **DE** *teamfähig* • **FR** *capable de travailler en équipe* • **PT** *capaz de trabalhar em grupo* **Beispiller** wann een net teamfäeg ass, huet een et an der Aarbechtswelt dacks schwéier; mir sichen eng teamfäeg Persoun, fir eise Service ze ennerstetzen

teamsen Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *geteamst*) » **intransitiv** **DE** *über Microsoft Teams kommunizieren* • **FR** *faire une visioconférence (en utilisant Microsoft Teams)* • **EN** *to video call in Microsoft Teams* • **PT** *fazer uma videoconferência (usando Microsoft Teams)* **Beispiller** haut de Mëtteg teamst eise Jéngste mat senger Spillschoulsjoffer; solle mer kuerz teamsen, fir iwwe de Projet ze schwätzen?

technesch [t'æcnəʃ] Adjektiv **1.** **DE** *technisch* [*die Technik betreffend*] • **FR** *technique* [*concernant la technique*] <Adverb *techniquement*> • **EN** *technical* <Adverb *technically*> • **PT** *técnico* [*relativo à técnica*] <Adverb *tecnicamente*> **Beispiller** dee Staudamm do ass eng groussaarteg technesch Leeschtung; eisen Eelsten ass eischter gemaach fir en technesche Beruff; d'Expertis huet erginn, datt den accidentéierten Auto technesch an der Rei war **2.** **DE** *Fach...* [*fachspezifisch*] • **FR** *technique* [*de spécialiste*] • **EN** *technical* [*specialist*] • **PT** *técnico* [*especializado*] **Beispill** ech verstinn déi technesch Ausdréck net **3.** **DE** *technisch* [*die Fertigkeit betreffend*] •

FR *technique* [*concernant le savoir-faire, la dextérité*] <Adverb *techniquement*> • **EN** *technical* [*showing technique*] <Adverb *technically*> • **PT** *técnico* [*relativo a uma habilidade*] <Adverb *tecnicamente*> **Beispiller** der Violonistin hiert Spill war eng technesch Prouesse; technesch ass dee jonke Pianist scho ganz op der Héicht

Technetium [tækn'e:tsjum] Maskulinum (kee Pluriel) **[Chimie]** **DE** *Technetium* [*chemisches Element*] • **FR** *technétium* [*élément chimique*] • **EN** *technetium* [*chemical element*] • **PT** *tecnício* [*elemento químico*] **Beispill** d'Element Technetium gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller

Technik [t'æcnik] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Technik* [*technische(n) Kenntnisse*] • **FR** *technique* [*connaissances techniques*] • **EN** *technology* [*technical knowledge*] • **PT** *técnica* [*conhecimentos técnicos*] **Beispill** eise Laboratoire ass um leschte Stand vun der Technik **2.** (Pluriel Techniken) **DE** *Technik* [*Methode*] • **FR** *technique* [*méthode*] • **EN** *technique* [*method*] • **PT** *técnica* [*método*] **Beispiller** mat där Technik kann een d'Qualitéit vum Drénkwaasser verbessern; am Cours kruten d'Studolentei déi verschidden Technike vun der Wandmolerei erkläert **3.** **DE** *Technik* [*Fertigkeit*] • **FR** *technique* [*savoir-faire, dextérité*] • **EN** *technique* [*skills*] • **PT** *técnica* [*habilidade*] **Beispill** u Musikaliteit feelt et der Sängerin net, mee se muss hir Technik nach verbessern

Techniker [t'æcnikə] Maskulinum (Pluriel Techniker) **DE** *Techniker* [*Fachmann*] • **FR** *technicien* [*agent spécialisé*] • **EN** *technician* [*expert, skilled workman*] • **PT** *técnico* [*agente especializado*] **Beispill** déi nei Zentralheizung gëtt vun engem Techniker kontrolléiert, ier se a Betrib geholl gëtt

i Weiblech Form: ↗Technikerin

Technikerin [t'æcnikəri:n] Femininum (Pluriel Technikerinnen) **DE** *Technikerin* [*Fachfrau*] • **FR** *technicienne* [*agente spécialisée*]

i Männlech Form: ↗Techniker

technologesch [tæknol'o:gəʃ] Adjektiv **DE** *technologisch* • **FR** *technologique* • **EN** *technological* • **PT** *tecnológico* **Beispill** duerch den technologesche Fortschritt entstinn nei Beruffer

Technologie [tæknolɔ:'i:] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Technologie* [*Wissenschaft*] • **FR** *technologie* [*science*] • **EN** *technology* [*science*] • **PT** *tecnologia* [*ciência*] **Beispill** eis Universitéit sicht nach Spezialisten um Gebitt vun der Technologie **2.** (Pluriel Technologien) **DE** *Technologie* [*Technik*] • **FR** *technologie* [*application technique*] • **EN** *technology* • **PT** *tecnologia* [*aplicação técnica*] **Beispiller** dës Technologie stécht nach an de Kannerschong; mir wëllen eis Infrastrukturen un déi nei Technologien adaptéieren

técken [t'ekən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *getéckt*) » **intransitiv** **1.** técken un / técke widder **DE** (*leicht*) *schlagen an, (leicht) klopfen gegen* • **FR** *frapper (légèrement) contre* • **PT** *bater (ligeiramente) em* **Beispiller** de Schwéierpapp huet un d'Glas getéckt, fir kënne mat senger Ried unzufänken; iergendeppes téckt nuets widder eis Rollued an der Schlofkummer » **transitiv** **2.** **DE** (*leicht*) *beschädigen* [*durch einen Schlag*] • **FR** *endommager* (*légèrement*) [*par un choc*] • **PT** *es-*

beïçar, danificar (ligeiramente) **Beispiller** beim Spullen **hunn** ech eent vun eisen deiere Wäiglieser **getéckt**; wann ech Eeër kafen, kontrolléieren ech ëmmer, ob keent **getéckt** ass; komm mer **técken!** [komm mer kucken, wíem säin Ouschtereer ganz bleift, wa mer se widdereneestoussen!]

técken Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **getéckt**) - Variant vun **↑ticken**

Teddybier [t'ædi:bi:g] Maskulinum (Pluriel **Teddybieren**) **DE** *Teddybär* • **FR** *(ours en) peluche, nounours* • **EN** *teddy (bear)* • **PT** *(urso de) peluche* **Beispill** eist Klengt kann oni säin **Teddybier** net aschlofen

Tedeum Maskulinum (Pluriel **Tedeumen**)

I Hei entstee en neien Artikel.

teekeleg Adjektiv - Variant vun **↑tierkeleg**

Teenager [t'i:nɔɪdʒɐ] Maskulinum (Pluriel **Teenager**) **DE** *Teenager* • **FR** *adolescent(e), teenager, ado* • **EN** *teenager* • **PT** *adolescente, teenager* **Beispill** ech **hunn** als **Teenager** elektresch Gittar an enger **Band** gespíllt

Tëff [təf] Maskulinum (Pluriel **Tëffen**) **[ëgs]** **DE** *Moped* • **FR** *meule, mobylette* • **PT** *motorizada, motoreta* **Beispill** och fir mat engem **Tëff** ze fueren, brauch een e **Fürerschäin**

Tegucigalpa Eegennumm **DE** *Tegucigalpa* • **FR** *Tegucigalpa* • **PT** *Tegucigalpa* **Beispill** **Tegucigalpa** ass d'**Haaptstad** vum **Honduras**

Teheran Eegennumm **DE** *Teheran* • **FR** *Téhéran* • **PT** *Teerão* **Beispill** **Teheran** ass d'**Haaptstad** vum **Iran**

Téi [tɛi] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *[Pflanzen-art]* • **FR** *thé [lespèce botanique]* • **EN** *tea [plant species]* • **PT** *chá [lespécie botânica]* **Beispill** an eise **Géigende** wísst keen **Téi** **2.** (Pluriel **Téien**) **DE** *Tee, Kräutertee [getrocknete Pflanzen]* • **FR** *thé, tisane [plantes séchées]* • **EN** *tea [dried leaves]* • **PT** *chá, chá de ervas [plantas secas]* **Beispiller** den **Import** vu **schwarzem Téi** huet an de **leschte Joren** zougeholl; an der **Apdikt** kritt ee **speziellen Téi**, fir de **Kierper** ze **entschlaken** **3.** (kee Pluriel) **DE** *Tee, Kräutertee [Getränk]* • **FR** *thé, infusion, tisane [boisson]* • **EN** *tea, infusion [drink]* • **PT** *chá, chá de ervas, tisana [bebida]* **Beispiller** ech **drénke** mäin **Téi** am **léifste** mat **Kandiszocker**; wéi ech den **Téi** mat **Hunneg** bis **gedronk** hat, ass et mer **lues a lues** **besser** **ginn** **4.** (Pluriel **Téi** / **Téien**) **DE** *(Tasse) Tee, (Tasse) Kräutertee* • **FR** *(tasse de) thé, infusion, tisane* • **EN** *(cup of) tea* • **PT** *(chávena de) chá, (chávena de) chá de ervas, (chávena de) tisana* **Beispill** kanns de mer **wannechgelíft** en **Téi** **matbestellen**? **5.** (Pluriel **Téien**) **DE** *Tanzabend, Tanznachmittag* • **FR** *thé dansant* • **EN** *tea dance* • **PT** *chá dançante* **Beispill** meng **Grousselteren** **hunn** **sech** um **Téi** **kenne** **geléiert** **Synonym** **Thé dansant** **6.** **[ëgs]** **nom** **Téi** **DE** *nach der Pause [zur Halbzeit]* • **FR** *après la mi-temps [d'une compétition sportive]* • **EN** *after half-time* • **PT** *depois do intervalo [de uma competição desportiva]* **Beispill** **dirékt** **nom** **Téi** **ass** den **éischte** **Gol** **gefall** **Synonymmen** **no** der **Halbzeit**, **nom** **Säitewíessel**

Téikrou [t'ɛikrøʊ] Maskulinum (Pluriel **Téikréi**) **DE** *Teekanne* • **FR** *théière* • **PT** *bule* **Beispill** **bríech** mer **dee** **schéinen** **Téikrou** **némmen** **net**, et **ass** en **Ierfstéck** vu **menger** **Groussmamm**!

Téiläffel [t'ɛilæfəl] Maskulinum **1.** (Pluriel **Téiläffelen**) **DE** *Teelöffel [Besteckteil]* • **FR** *cuillère à thé [couvert]* • **EN** *teaspoon [cutlery]* • **PT** *colher de chá [peça de talher]* **Beispill** **wa** mer **Besuch** **hunn**, **huele** mer **déi** **schéi** **sèlwer** **Téiläffelen** **2.** (Pluriel **Téiläffel** / **Téiläffelen**) **DE** *Tee-löffel [Mengenangabe]* • **FR** *cuillère à thé [unité de mesure]* • **EN** *teaspoon, teaspoonful* • **PT** *colher de chá [unidade de medida]* **Beispill** **maach** **nach** **zwee** **Téiläffel** **Moschter** an d'**Vinaigrette**!

Teimer [t'ɑime] Maskulinum (Pluriel **Teimer** / **Teimeren**) **DE** *(zweirädriger) Kippkarren [von einem Pferd gezogen]* • **FR** *tombereau (à deux roues) [tiré par un cheval]* • **EN** *(horse-drawn) tip cart* • **PT** *carroça (de duas rodas), carroça-báscula [puxada por um cavalo]* **Beispill** ech **hu** mer **beim** **Bauer** en **Teimer** (voll) **Méscht** **fir** an de **Gaart** **organiséiert** **Synonym** **Kar**

Teimerjännchen Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Thymian* • **FR** *thym* • **EN** *thyme* • **PT** *tomilho* **Beispill** **níewent** dem **Péiterséileg**, dem **Basilikum** an de **Bratzelen** **däerf** den **Teimerjännchen** an engem **Kraidergaart** **net** **feelen** **Synonymmen** **Thym**, **Thymian**

Téiméschung Femininum (Pluriel **Téiméschungen**) **DE** *Teemischung* • **FR** *mélange de thés, mélange de plantes [pour tisanes]* • **EN** *blend of tea* • **PT** *mistura de ervas e plantas [para tisanas]* **Beispill** an **déser** **Téiméschung**, **déi** **gutt** **ass** fir de **Mo**, **ass** **haaptsächlech** **Fenchel**

téinen [t'ɛinən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **getéint**) » **transítiv** **DE** *tönen [färben]* • **FR** *teinter* • **EN** *to tint* • **PT** *tingir* **Beispiller** ech **hu** mer **beim** **Coiffer** d'**Hoer** **rout** **téine** **gelooss**; ech **hu** mer e **Bréll** **mat** **getéinte** **Glíeser** **kaaft**

téinen [t'ɛinən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **getéint**) » **intransítiv** **DE** *prahlen, tönen* • **FR** *pérorer, fanfaronner* • **EN** *to boast, to brag* • **PT** *perorar, fanfarronar* **Beispiller** a **Gesellschaft** **fänkt** **dee** **Kärel** **ëmmer** **dirékt** **un**, **déck** **ze** **téinen**; **du** **téins** **vill**, **mee** **et** **ass** **net** **vill** **derhannert**

Téinert [t'ɛinɛt] Maskulinum (Pluriel **Téinerten**) **DE** *Angeber, Prahler* • **FR** *fanfaron* • **EN** *braggart, boaster* • **PT** *gabarola, fanfarrão* **Beispiller** **wat** **sinn** **ech** **es** **sat**, **deem** **Téinert** **nozelauschteren!**; **deen** **Téinert** **behaapt**, **hien** **hätt** **déi** **selwecht** **Aarbecht** an der **hallwer** **Zäit** **gemaach** **Synonym** **Troterbatti**

Teint [tɛ:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Teint* • **FR** *teint [du visage]* • **EN** *colour, complexion* • **PT** *tez* **Beispill** **no** **enger** **Woch** **um** **Mier** **haten** d'**Kanner** **all** e **gesonden** **Teint**

Téinten [t'ɛintən] Eegennumm - Variant vun **↑Ténten**

Téinung [t'ɛinʊŋ] Femininum (Pluriel **Téinungen**) **DE** *Tönung [Haarfärbemittel]* • **FR** *teinture (de cheveux) [produit]* • **PT** *tinta (de cabelo)* **Beispill** **fir** **meng** **Hoer** **ze** **schounen**, **hunn** **ech** **mer** **eng** **Téinung** **op** **natierlecher** **Basis** **kaaft**

Téiteng [t'ɛitɛŋ] Eegennumm **DE** *Tetingen* • **FR** *Tétange* • **EN** *Tétange* • **PT** *Tétange* **Beispiller** ech **wunnen** **zu** **Téiteng**; **fiert** **dése** **Bus** **op** **Téiteng**?

Téitsch [tɛɪtʃ] Femininum (Pluriel Téitschen) **1.** DE *Del-le, Druckstelle* • FR *endroit abîmé* [par un choc], *meur-trissure* [causée par un choc] • EN *dent* [in a hard sur-face], *bruise* [on fruit] • PT *amolgadela, mozza* [resul-tante de choque ou pancada] **Beispiller** mäin Auto huet hannen eng Téitsch; tëlter d'Pijen net, soss kréie se Téitschen!; wéi ech an der Trap gefall sinn, hat ech alles voll Téitschen [égs] [wéi ech an der Trap gefall sinn, hat ech mer iwberall wéigedoen] **2.** DE *Bruchstel-le* • FR *brisure, brèche* [sur les bords d'un ustensile] • EN *nick, chip* • PT *falha* [no bordo de um utensilio] **Beispill** meng Taass krut eng Téitsch an der Spullmaschinn

téitschen [t'ɛɪtʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *getéitscht*) » **transitiv** **1.** DE *einbeulen, anstoßen* • FR *cabosser, abîmer* [par un choc] • EN *to dent* [a hard surface], *to bruise* [fruit] • PT *amolgar, amachucar, fazer uma mozza em* **Beispiller** ech hunn haut beim Parke mäin Auto *getéitscht*; *getéitscht* Äppel faule méi séier; dee Kärel do ass lücht *getéitscht* [égs] [Idee Kärel do ass e bësse verréckt] **2.** DE *anschlagen* [beschädigen] • FR *ébrécher, abîmer* [les bords d'un ustensile] • EN *to nick, to chip* • PT *esbeijar, danificar* [o bordo de um utensilio] **Beispill** beim Spullen hunn ech schonn erëm en Teller *getéitscht*!

Telecommande [te:le:kom'ã:t] Femininum (Pluriel Telecommanden) DE *Fernbedienung* [Gerät] • FR *télé-commande* • EN *remote (control)* [device] • PT *telecoman-do* **Beispill** d'Batterië vun der Telecommande si platt **Synonym** Fernsteuerung

Tëlee [t'äle:] Femininum (Pluriel Tëleeën) - Kuerzform vun ↗ Televisioun

Tëleesemissioun [t'äle:zemisjəʊn] Femininum (Pluriel Tëleesemissionen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Tëleesprogramm [t'äle:sprogram] Maskulinum (Pluriel Tëleesprogrammen / Tëleesprogrammer) - Variant vun ↗ Televisiounsprogramm

Tëleesserie [t'äle:səri:] Femininum (Pluriel Tëleesserien) - Variant vun ↗ Televisiounsserie

Telefon [t'ələfo:n] Maskulinum **1.** (Pluriel Telefonen) DE *Telefon* [Apparat] • FR *téléphone* [appareil] • EN *(tele)phone* [set] • PT *telefone* [aparelho] **Beispiller** matzen an der Nuecht huet den Telefon gerabbel; ech kommen einfach net un däi Brudder, ass säin Telefon éiere futti?; du bass stänneg um Telefon!; du häns stänneg um Telefon! [du telefonéiers stänneg!]; ech hat meng Mamm gëschter zwou Stonnen um Telefon [ech hu gëschter zwou Stonne mat menger Mamm telefonéiert] **2.** (kee Pluriel) DE *Telefon, Telefon-anschluss* • FR *téléphone* [raccord, infrastructure] • EN *(tele)phone* [connection] • PT *telefone* [ligação, infraes- trutura] **Beispiller** mir si geplënnert, mee mir hunn nach keen Telefon; an där neier Strooss gött den Telefon geluecht [an där neier Strooss ginn d'Kabele fir den Telefon geluecht] **3.** (Pluriel Telefonen) DE *Anruf* [Tele- fonanruf] • FR *appel, communication* (téléphonique) • EN *(tele)phone call* • PT *telefonema, chamada* **Beispiller** hie waart op en Telefon vu senger Frëndin; op der Aar- becht kréien ech all Dag Telefonen aus dem Ausland; wie mécht haut den Telefon? [wie këmmert sech haut

ëm d'Uriff?] **Synonym** Uruff

telefonéieren [tələfon'ɛiəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *telefonéiert*) » **intransitiv** **1.** tele- fonéieren (mat) DE *telefonieren* • FR *(se) téléphoner* [(se) parler au téléphone] • EN *to be on the phone (with)* • PT *estar ao telefone (com)* **Beispiller** déi zwou Frëndin- nen *telefonéieren* heiansdo stonnelaang mateneen; op der Aarbecht kanns de net de ganzen Dag privat *telefonéieren*! **2.** DE *anrufen* [telefonieren mit] • FR *télé- phoner* (à) [appeler par téléphone] • EN *to phone, to call* • PT *telefonar* (a) [ligar (a)] **Beispiller** mäin Handy ass fut- ti, ech *telefonéieren* der aus enger Kabinn; de Mon- ni huet sengem Neveu *telefonéiert*, fir him ze grat- uléieren **Synonym** uruffen

telefonesch [tələf'o:nəʃ] Adverb DE *telefonisch* [per Telefon] • FR *par téléphone, au téléphone* • EN *by tele- phone, by phone* • PT *por telefone, telefonicamente* **Beispiller** mir hunn haut *telefonesch* Kontakt mat all de Membere vum Veräin opgeholl; d'Doktesch ass haut *telefonesch* net ze errechen

Telefonbuch [t'ələfo:nsbuχ] Neutrum (Pluriel Telefonbicher) DE *Telefonbuch* • FR *annuaire* (télépho- nique), *botin* (téléphonique) • EN *(tele)phone book, (tele)phone directory* • PT *lista telefónica* **Beispiller** ënner deem Numm fannen ech häisch am Telefonbuch; stees du am Telefonbuch?

Telefonscabine [t'ələfo:nskabin] Femininum (Pluriel Telefonscabinen) - Variant vun ↗ Telefonsk- abinn

Telefonsgespréich [t'ələfo:nsɡəʃpʀɛɪç] Neutrum (Pluriel Telefonsgespréicher) DE *Telefongespräch* • FR *conversation téléphonique* • EN *telephone conversation* • PT *conversa telefónica* **Beispiller** ech hat gëschter Owend e flott *Telefonsgespréich* mat mengem Cousin; de Verbrüecher konnt duerch en *Telefonsges- préich* lokaliséiert ginn

Telefonskabel [t'ələfo:nska:bəl] Maskulinum (Pluriel Telefonskabelen) DE *Telefonkabel* • FR *câble té- léphonique* • PT *cabo telefónico* **Beispill** well d'Aar- bechter um Chantier en *Telefonskabel* beschiedegt hunn, geet an eiser Strooss den Telefon net

Telefonskabinn [t'ələfo:nskabin] Femininum (Pluriel Telefonskabinen) DE *Telefonzelle* • FR *cabine téléphonique* • EN *phone box* • PT *cabina telefónica* **Beispill** ënnen am Duerf bei der Post steet nach eng *Telefonskabinn*

Telefonleitung [t'ələfo:nsleitʊŋ] Femininum (Pluriel Telefonleitungen) DE *Telefonleitung* • FR *ligne téléphonique* • EN *(tele)phone line* • PT *linha telefónica* **Beispill** déi vill Uriff hunn d'*Telefonleitungen* iwber- laascht

Telefonnetz [t'ələfo:nsnæts] Neutrum (Pluriel Telefonsetzer) DE *Telefonnetz* • FR *réseau téléphonique* • EN *(tele)phone network* • PT *rede telefónica* **Beispill** op Silvester kënnst et regelméisseg zu enger Iwber- laaschtung vum *Telefonnetz* **Synonym** Telefonsre- seau

Telefonnummer [t'ələfo:nsnume] Femininum (Pluriel Telefonnummere) DE *Telefonnummer* • FR *nu-*

méro de téléphone • EN *phone number* • PT *número de telefone* **Beispill** bei Ärer Demande musst Dir Ären Numm, Är Adress an Är Telefonsnummer uginn **Synommen** Nummer, Nummero

Telefonsreseau [t'ələfo:nsre:zo:] Maskulinum (Pluriel Telefonsreseauen) DE *Telefonnetz* • FR *réseau téléphonique* • EN *(tele)phone network* • PT *rede telefónica* **Beispill** op Silvester kënnt et reegelméisseg zu enger Iwwerlaaschtung vum Telefonsreseau **Synonym** Telefonsnetz

Telefonsverbindung [t'ələfo:nsfəbinduŋ] Femininum (Pluriel Telefonsverbindungen) DE *Telefonverbindung* • FR *communication téléphonique, liaison téléphonique* • PT *comunicação telefónica, ligação telefónica* **Beispill** vum Hierscht u sollen d'Tariffer fir d'Telefonsverbindunge méi bëlleg ginn

Telegraf [tələgr'a:f] Maskulinum (Pluriel Telegrafen) DE *Telegraf* • FR *télégraphe* • EN *telegraph (set)* • PT *telégrafo* **Beispill** am Musée vun der Post sinn eng ganz Rei Telegrafen ausgestallt

telegraféieren [tələgraf'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé telegraféiert) » transitiv DE *telegrafieren* • FR *télégraphier* • EN *to telegraph* • PT *telegrafar* **Beispiller** d'Schëff huet en Noutsignal telegraféiert; frëier ass vun enger Gare op déi aner (eng Norricht) telegraféiert ginn, wann den Zuch laanscht war

telegrafesch [tələgra:fəʃ] Adjektiv DE *telegrafisch* • FR *télégraphique* • EN *telegraphic* • PT *telegráfico* **Beispill** an der Zäit goufe vill telegrafesch Noriichte geschéckt

Telegramm [tələgr'am] Maskulinum (Pluriel Telegrammen / Telegrammer) 1. DE *Telegramm* • FR *télégramme [technique de communication]* • EN *telegram [system]* • PT *telegrama [meio de comunicação]* **Beispill** frëier goufen dréngend Informatiounen als Telegramm geschéckt 2. DE *Glückwunschtegramm* • FR *télégramme [de félicitation]* • EN *greetings telegram* • PT *telegrama [de felicitações]* **Beispill** meng Bomi versuergt d'Telegrammen, déi se fir hir Hochzäit krut, an enger Schongkëscht

Telegraph [tələgr'a:f] Maskulinum (Pluriel Telegraphen) - Variant vun ↗Telegraf

telegraphéieren [tələgraf'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé telegraphéiert) - Variant vun ↗telegraféieren

telegraphesch [tələgr'a:fəʃ] Adjektiv - Variant vun ↗telegrafesch

Telekommunikatioun [telekomunikasj'əʊn] Femininum (Pluriel Telekommunikatiounen) DE *Telekommunikation* • FR *télécommunication* • EN *telecommunication* • PT *telecomunicação* **Beispill** de Marché vun der Telekommunikatioun evoluéiert stänneg

telepathesch [t'elepə:təʃ] Adjektiv DE *telepathisch* • FR *télépathique* • PT *telepático* **Beispill** ech kann deng Gedanken net liesen, ech hu keng telepathesch Fäegkeeten

Telepathie [telepat'i:] Femininum (kee Pluriel) DE *Telepathie* • FR *télépathie* • EN *telepathy* • PT *telepatia*

Beispiller d'Telepathie ass keen allgemeng unerkannte Phenomeen; ech wollt grad dat selwecht proposéieren ewéi s du, wann dat keng Telepathie war!

Telephon [t'ələfo:n] Maskulinum (Pluriel Telephonen) - Variant vun ↗Telefon

telephonéieren [tələfon'ziərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé telephonéiert) - Variant vun ↗telefonéieren

telephonesch [tələf'o:nəʃ] Adverb - Variant vun ↗telephonesch

Telephonsbuch [t'ələfo:nsbuχ] Neutrum (Pluriel Telephonsbicher) - Variant vun ↗Telephonsbuch

Telephonscabine [t'ələfo:nskabin] Femininum (Pluriel Telephonscabinnen) - Variant vun ↗Telephonskabinn

Telephonsgespréich [t'ələfo:nsɡəʃpʁɛɪç] Neutrum (Pluriel Telephonsgespréicher) - Variant vun ↗Telephonsgespréich

Telephonskabel [t'ələfo:nska:bəl] Maskulinum (Pluriel Telephonskabelen) - Variant vun ↗Telephonskabel

Telephonskabinn [t'ələfo:nskabin] Femininum (Pluriel Telephonskabinnen) - Variant vun ↗Telephonskabinn

Telephonsleitung [t'ələfo:nsləituŋ] Femininum (Pluriel Telephonsleitungen) - Variant vun ↗Telephonsleitung

Telephonsnetz [t'ələfo:nsnæts] Neutrum (Pluriel Telephonsnetzer) - Variant vun ↗Telephonsnetz

Telephonsnummer [t'ələfo:nsnumɐ] Femininum (Pluriel Telephonsnummere) - Variant vun ↗Telephonsnummer

Telephonsreseau [t'ələfo:nsre:zo:] Maskulinum (Pluriel Telephonsreseauen) - Variant vun ↗Telephonsreseau

Telephonsverbindung [t'ələfo:nsfəbinduŋ] Femininum (Pluriel Telephonsverbindungen) - Variant vun ↗Telephonsverbindung

Teleskop [telesk'o:p] Maskulinum (Pluriel Teleskopen / Teleskoper) DE *Teleskop, Fernrohr* • FR *télescope, lunette (astronomique)* • EN *telescope* • PT *telescópio* **Beispill** wann den Himmel sech hënt net zouzitt, da probéieren ech mäin neien Teleskop aus!

Teletravail [t'e:letravai] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Telearbeit* • FR *télétravail* • EN *working from home, teleworking* • PT *teletrabalho* **Beispiller** mëttwochs ass meng Partnerin ëmmer doheem, si mëcht dann Teletravail; an der Zäit vun der Coronakris huet de ganze Service am Teletravail funktionéiert

Televisioun [tələvizi'əʊn] Femininum 1. (Pluriel Televisiounen) DE *Fernseher, Fernsehgerät* • FR *télévision, téléviseur* • EN *TV, television [set]* • PT *televisão, televisor* **Beispill** eis Televisioun ass just an der Hallschent vum Match füttigefuer! **Synonym** Fernsee 2. (kee Pluriel) DE *Fernsehen [Inhalt, Medium]* • FR *télévision [contenu, média]* • EN *TV, television [content, medium]*

• **PT** *televisão* [conteúdo, meio de comunicação] **Beispill** hie sëtzt de ganzen Dag an der Fotell a kuckt d'Televisioun! **Synonym** Fernsee **3.** (kee Pluriel) **DE** *Fernsehen* [Gewerbe] • **FR** *télévision* [secteur d'activité] • **EN** *television* [sector of activity] • **PT** *televisão* [setor de atividade] **Beispill** mäi Cousin schafft als Kameramann bei der **Televisioun** **Synonym** Fernsee **4.** (Pluriel **Televisioune**) **DE** *Fernsehen* [Anstalt, Team] • **FR** *télévision* [entreprise, équipe] • **EN** *television* [company, team] • **PT** *televisão* [empresa, equipa] **Beispill** d'Televisioun war virun der Police op der Plaz vum Accident **Synonym** Fernsee

I Kuerzform: Tëlee

Televisiounsprogramm [tələvizi'əʊnsprɔɡrɑm] Maskulinum (Pluriel **Televisiounsprogrammen** / **Televisiounsprogrammer**) **1.** **DE** *Fernsehprogramm* [Inhalt] • **FR** *programme de télévision* [contenu] • **EN** *television programme* [contents] • **PT** *programação de televisão* [conteúdo] **Beispill** am **Televisiounsprogramm** vun dëser Woch war nëmme Schrott **Synonym** Fernseesprogramm **2.** **DE** *Fernsehprogramm, Fernsehzeitschrift* • **FR** *programme de télévision* [document] • **EN** *television programme* [magazine] • **PT** *programação de televisão* [documento] **Beispill** kuck emol am **Televisiounsprogramm**, ob den Owend kee schéine Film kënnt! **Synonym** Fernseesprogramm **3.** **vereezelt** **DE** *Fernsehsender, Fernsehkanal* • **FR** *chaîne de télévision* • **EN** (television) *channel, (television) station* • **PT** *canal de televisão* **Beispill** den neien **Televisiounsprogramm** weist haapt-sächlech Sportssendungen **Synonymmen** Chaîne, Fernseesprogramm, Fernseessender

I Variant: Tëleesprogramm

Televisiounsserie [tələvizi'əʊnsəri:] Femininum (Pluriel **Televisiounsserien**) **DE** *Fernsehserie* • **FR** *série télévisée* • **EN** *television series* • **PT** *série televisiva* **Beispiller** den Owend kënnt déi lescht Episod vun där beleëfter **Televisiounsserie**; déi nei **Televisiounsserie** gëtt vun enger auslännescher Firma produzéiert **Synonym** Fernseesserie

I Variant: Tëleesserie

Teller [t'æle] Maskulinum **1.** (Pluriel **Telleren**) **DE** *Teller* [Geschirrstück] • **FR** *assiette* [pièce de vaisselle] • **EN** *plate* [dish] • **PT** *prato* [peça de louça] **Beispiller** huel der e Kichenduch an dréchen d'**Telleren** of!; déi puer **Tellere** kënnen mer op der Hand spullen; huel léiwder déif **Tellere** fir d'Spaghettien!; iess den **Teller** net mat! **ëgs** [⇒ seet een zu engem, dee gurmangseg ësst]; de 5. Dezember owes setzen d'Kanner d'**Telleren** (op den Dësch) [⇒ fir datt de Kleeschen hinnen se soll mat Séissegkeete fëllen] **2.** (Pluriel **Telleren** / **Teller**) **DE** *Teller* [Inhalt] • **FR** *assiette, assiettée* • **EN** *plate* (ful) [helping] • **PT** *prato, pratada* **Beispiller** wëllt nach een en **Teller** Zopp?; ech war esou hongereg, datt ech zwee **Telleren** Nuddele giess hunn!

Tellerchen [t'æleçən] Maskulinum (Pluriel **Tellercher**) - Diminutivform vun ↗ **Teller**

Tellur [tæl'u:ɔ] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** *Tellur* [chemisches Element] • **FR** *tellure* [élément chimique] • **EN** *tellurium* [chemical element] • **PT** *telúrio* [elemento químico] **Beispill** d'Element **Tellur** gehéiert zum Grupp vun den Hallefmetaller

tel quel Adverb **DE** *unverändert, so wie es ist* • **FR** *tel quel* • **EN** *unaltered, as it is* • **PT** *tal e qual* **Beispiller** de Gemengerot huet eisen Avis **tel quel** iwuerholl; ech liesen iech den Text **tel quel** vir, ouni en ze kommentéieren

tëlteren [t'əltərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **getëltert**) » **transitiv 1.** **DE** *betasten, anfassen* [Obst, Gemüse] • **FR** *tripoter* [des fruits, des légumes] • **PT** *apalpar, mexer em* [fruta, legumes] **Beispill** **tëlter** déi Pijen net esou, hannelno hu se Plazen! **Synonym** triwuwelen **2.** **DE** (zu *sehr*) *hätscheln* • **FR** (trop) *cajoler* [(trop) *dorloter*] • **PT** *acariciar* (demais), *afagar* (demais) **Beispill** déi zwou Bomien **hunn** dat **Klengt** **getëltert**, bis et ugefaangen huet mat **kräischen** **Synonym** huddelen

Temmincksandleefer [t'æminkzantle:fə] Maskulinum (Pluriel **Temmincksandleefer**) **Calidris temminckii** **DE** *Temminckstrandläufer* • **FR** *bécasseau de Temminck* • **EN** *Temminck's stint* • **PT** *pilrito-de-temminck* **Beispill** wéi laang bréien d'**Temmincksandleefer**?

Temoignage [te:mwaŋ'a:f] Maskulinum (Pluriel **Temoignagen**) **DE** *Erfahrungsbericht, Schilderung* • **FR** *témoignage* [récit] • **EN** *testimony, account* • **PT** *testemunho* [relato] **Beispill** deem Här säin **Temoignage** iwuer seng Zäit am Konzentrationslager huet mech staark beréiert

Tëmpchen [t'æmpçən] Maskulinum (Pluriel **Tëmpcher**) - Diminutivform vun ↗ **Tomp**

Tempel [t'æmpəl] Maskulinum (Pluriel **Tempelen**) **DE** *Tempel* • **FR** *temple* • **EN** *temple* [place of worship] • **PT** *templo* **Beispill** bei Ausgruewunge goufe Reschter vun engem anticken **Tempel** fonnt

Temperament [tæmpərəm'ænt] Neutrum **1.** (Pluriel **Temperamenter**) **DE** *Temperament* [Wesensart] • **FR** *tempérament* [naturel, caractère] • **EN** *temperament* [disposition] • **PT** *temperamento* [indole, caráter] **Beispill** eis zwee Kanner hu ganz verschidden **Temperamenter 2.** (kee Pluriel) **DE** *Temperament, Lebhaftigkeit* • **FR** *entrain, vivacité* • **EN** *temperament* [vivacity] • **PT** *ardor, vivacidade* **Beispill** et gëtt dacks behaupt, d'Leit aus dem Süden hätte méi **Temperament**

temperamentvoll [tæmpərəm'æntfol] Adjektiv **DE** *temperamentvoll* • **FR** *fougueux, dynamique* <Adverb *avec entrain, avec fougue*> • **EN** *feisty, dynamic* <Adverb *dynamically*> • **PT** *fogoso, dinâmico* <Adverb *com entusiasmo, veementemente*> **Beispiller** als Jugendleche waars de anscheinend **temperamentvoll**, haut bass de d'Rou a Persoun; esou en **temperamentvollt** Päerd ass näischt fir **Ufänger**!; de jonke Politiker huet säi Standpunkt **temperamentvoll** vertraueden

Temperatur [tæmpərat'u:ɔ] Femininum (Pluriel **Temperaturen**) **DE** *Temperatur* [Wärmegrad] • **FR** *température* [degré de chaleur] • **EN** *temperature* [degree of heat] • **PT** *temperatura* [grau de calor] **Beispill** d'Planzen hu staark ënner deenen nidderegen **Temperature** gelidden

temperéieren [tæmpərə'ziərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **temperéiert**)

I Hei entstee en neien Artikel

Tempo [t'æmpo:] Maskulinum (Pluriel <seelen> Tempoen) **DE** Tempo [Geschwindigkeit] • **FR** vitesse, allure, cadence • **EN** tempo, pace • **PT** velocidade, andamento **Beispiller** d'Coureuren haten e flotten Tempo drop; an deem Tempo gi mer ni mat eiser Aarbecht fäerdeg!; maach e wéineg Tempo! [ëgs] [maach e bësse virun!]

temporaire [tã:mpor'ɛ:r] Adjektiv **DE** zeitweilig, vorübergehend • **FR** temporaire <Adverb temporairement> • **EN** temporary <Adverb temporarily> • **PT** temporário <Adverb temporariamente> **Beispill** am Musée ass eng temporaire Ausstellung, déi vill Succès huet

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: temporaire / temporär

temporär [tæmpor'ɛ:r] Adjektiv - Variant vun ↗temporaire

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: temporär / temporaire

Temps mort Maskulinum (Pluriel Temps-morten) **DE** Auszeit [im Sport] • **FR** temps mort [en sport] • **PT** desconto de tempo [interrupção de jogo] **Beispill** den Trainer huet en Temps mort gefrot, fir der Ekip e puer Instruktiounen ze ginn **Synonym** Auszäit

tendéieren [tænd'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé tendéiert) » **intransitiv 1.** derzou tendéieren, ze **DE** dazu neigen, zu • **FR** avoir tendance à • **EN** to tend to, to have a tendency to • **PT** ter tendência a **Beispill** du tendéiers derzou, deenen anere fir alles d'Schold ze ginn **2.** tendéieren no **DE** tendieren nach [sich entwickeln] • **FR** avoir une tendance vers, tendre vers [selon une évolution] • **EN** to tend towards [to develop, to evolve] • **PT** apresentar uma tendência para [conforme uma evolução] **Beispill** d'Präisser tendéieren nees no uewen **3.** tendéieren no **DE** tendieren nach, neigen nach • **FR** être orienté à, pencher vers [de par ses goûts, ses convictions] • **EN** to tend towards, to lean towards • **PT** tender para, ter pendor para **Beispill** politesch tendéiert hien éischter no lénks

Tendenz [tænd'ænts] Femininum (Pluriel Tendenzen) **1.** **DE** Tendenz [Entwicklung, Strömung] • **FR** tendance [évolution, courant] • **EN** trend [evolution, direction] • **PT** tendência [evolução, corrente] **Beispill** dëse Wanter sinn an der Moud iwwerall déi selwecht Tendenzen ze gesinn **2.** **DE** Tendenz, Hang, Neigung • **FR** tendance, penchant • **EN** tendency, inclination • **PT** tendência, pendor **Beispiller** hien huet d'Tendenz, ëmmer alles ze generaliséieren; verschidden Artisten hunn eng Tendenz zur Abstraktioun

tendenzuell [tændænts'i:æl] Adjektiv **DE** tendenziell • **FR** tendanciel <Adverb de façon tendancielle> • **EN** progressive, continuing <Adverb progressively> • **PT** tendencial <Adverb tendencialmente> **Beispill** eisen Expert stellt eng tendenziell Baisse vun de Pétrolspräisser fest

Tendinite [tã:din'it] Femininum (Pluriel Tendiniten) **DE** Sehnenentzündung, Tendinitis • **FR** tendinite • **EN** tendinitis • **PT** tendinite **Beispill** wéi ech fäerdeg war mat usträichen, hat ech eng Tendinite am rietsen Aarm **Synonym** Seenenentzündung

Tenessin [tænəs'i:n] Maskulinum (kee Pluriel) [Chimie] **DE** Tenessin [chemisches Element] • **FR** tennessee

[élément chimique] • **EN** tennessee [chemical element] • **PT** tennessee [elemento químico] **Beispill** d'Element Tennesin huet 117 Protonen a sengem Kär

Tennis [t'ænis] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Tennis • **FR** tennis [sport] • **EN** tennis • **PT** ténis [desporto] **Beispiller** wann ee seriö Tennis spillt, brauch een e puer Racketten d'Joer; den Tennis organiséiert en Tournoi [ëgs] [den Tennisclub organiséiert en Tournoi]

Tennisclub [t'æniklup] Maskulinum (Pluriel Tennisclubb / Tennisclubben) **DE** Tennisclub • **FR** club de tennis • **EN** tennis club • **PT** clube de ténis **Beispiller** an eisem Tennisclub kréien d'Ufänger eng Rackett geléint; den Tennisclub organiséiert en Tournoi

Tennisekipp [t'ænikekip] Femininum (Pluriel Tennisekippen) **DE** Tennismannschaft, Tennisteam • **FR** équipe de tennis • **EN** tennis team • **PT** equipa de ténis **Beispill** eis Tennisekipp huet am Dubbel Bronze gewonnen

Tennisequipe [t'ænikekip] Femininum (Pluriel Tennisequippen) - Variant vun ↗Tennisekipp

Tennisspiller [t'ænis'pɪlə] Maskulinum (Pluriel Tennisspiller) **DE** Tennisspieler • **FR** joueur de tennis • **EN** tennis player • **PT** tenista **Beispill** vu Roserei huet den Tennisspiller seng Rackett futti geschloen

i Weiblech Form: ↗Tennisspillerin

Tennisspillerin [t'ænis'pɪlərin] Femininum (Pluriel Tennisspillerinnen) **DE** Tennisspielerin • **FR** joueuse de tennis • **PT** tenista [jogadora] **Beispill** entgéint allen Erwaardungen huet déi jonk Tennisspillerin dee schwierege Match gewonnen

i Männlech Form: ↗Tennisspiller

Tenor [t'əno:ɹ] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Tenor [Stimme] • **FR** ténor [voix] • **EN** tenor [voice] • **PT** tenor [voz] **Beispiller** ech sungen Tenor an der Chorale; am Chouer ass den Tenor ënnerbesat [am Chouer gëtt et net genuch Leit, déi Tenor sungen] **2.** (Pluriel Tenoren) **DE** Tenor [Person] • **FR** ténor [personne] • **EN** tenor [person] • **PT** tenor [pessoa] **Beispill** an eisem Kierchechouer feelen e puer Tenoren

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Tenor / Tënor

Tënor [t'əno:ɹ] Maskulinum (Pluriel Tënoeren) - Variant vun ↗Tenor

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Tënor / Tenor

Tenorstëmm [t'əno:ɹftəm] Femininum (Pluriel Tenorstëmmen) **1.** **DE** Tenorstimme [Stimm]lage • **FR** voix de ténor [registre vocal] • **PT** voz de tenor **Beispill** däi Monni huet eng wonnerschëin Tenorstëmm, ass hien an enger Chorale? **2.** **DE** Tenorstimme [Notenblatt] • **FR** partition de voix de ténor • **PT** pauta da voz de tenor **Beispill** den Dirigent hat beim leschte Stéck net genuch Tenorstëmmen ausgedeeft

Tënt [tənt] Femininum (Pluriel Tënten) **DE** Tinte • **FR** encre • **EN** ink • **PT** tinta [de escrever] **Beispiller** ech schreien am léifste mat bloer Tënt; et ass vill Tënt gefloss [doriwwer ass vill geschriwwe ginn]

i Variant: Tënten

Tëntefaass [t'əntəfa:s] Neutrum (Pluriel Tëntefäss-er) DE *Tintenfass* • FR *encrier* • EN *inkwell, inkpot* • PT *tinteiro* **Beispill** frëier hat all Schoulkand en Tëntefaass an senger Bänk

Tëntefësch [t'əntəfəʃ] Maskulinum (Pluriel Tëntefësch) DE *Tintenfisch* • FR *seiche, calamar, poulpe* • EN *octopus* • PT *sépia, lula, polvo* **Beispill** um Maart haten se Tëntefësch vun allen Zorten

tentéieren [tã:t'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *tentéiert*) » **transitiv** DE *reizen, in Versuchung führen* • FR *tenter [allécher]* • PT *tentar [aliciar]* **Beispill** ech wier nawell tentéiert, nach e Petit-four ze huelen

Tënten [t'əntən] Femininum (Pluriel Tënten) - Variant vun ↗Tënt

Tënten [t'əntən] Eegennumm DE *Tüntingen* • FR *Tuntange* • EN *Tuntange* • PT *Tuntange* **Beispiller** ech wunnen zu Tënten; fiert dese Bus op Tënten?

i Lokalvariant: Ténten

Tëntesmillen [təntəsm'ɪlən] Eegennumm DE *Tintesmühle* • FR *Tintesmühle* • EN *Tintesmühle* • PT *Tintesmühle* **Beispiller** ech wunnen op der Tëntesmillen; fiert dese Bus op d'Tëntesmillen?

Tenue [tən'y:] Femininum (Pluriel Tenuen) **1.** DE *Hal tung [Benehmen]* • FR *tendue [morale et sociale]* • EN *conduct, behaviour* • PT *porte [comportamento]* **Beispill** déi Persoun do huet net déi richteg *Tenue* fir esou eng wichteg Plaz **2.** DE *Kleidung, Outfit* • FR *tendue [vestimentaire]* • EN *clothes, outfit* • PT *indumentária, roupa* **Beispiller** ech fannen deng *Tenue* ze vill salopp fir mat an den Theater; de General war a voller *Tenue* [de General hat seng Galauniform un]; fir dat Fest brauchts de dech net grouss an *Tenue* ze geheien [ëgs] [fir dat Fest brauchts de dech net schick unzedoen] **Synonymmen** Dress, Kleedung

Teppesch [t'æpəʃ] Maskulinum (Pluriel Teppescher) **1.** DE *Fußmatte* • FR *paillason, tapis* • EN *mat [doormat]* • PT *tapete [de entrada], capacho* **Beispill** botz deng Schong um *Teppesch* of, ier s de erakënns! **Synonym** Tapis **2.** DE *Teppich* • FR *tapis [de décoration]* • EN *carpet, rug* • PT *tapete, carpete* **Beispiller** eisen neien *Teppesch* verléiert scho seng Fränjelen; d'Press huet verhënnert, datt de Skandal ënner den *Teppesch* gekiert gouf [ëgs] [d'Press huet verhënnert, datt de Skandal vertuscht gouf] **Synonym** Tapis

Teppeschhändler [t'æpəʃhændlə] Maskulinum (Pluriel Teppeschhändler) DE *Teppichhändler* • FR *marchand de tapis* • EN *carpet dealer* • PT *negociante de tapetes* **Beispill** den *Teppeschhändler* exportéiert seng Wueren och an d'Ausland

i Weiblech Form: ↗Teppeschhändlerin

Teppeschhändlerin [t'æpəʃhændlɛrɪn] Femininum (Pluriel Teppeschhändlerinnen) DE *Teppichhändlerin* • FR *marchande de tapis* • PT *negociante de tapetes [mulher]* **Beispill** bei där *Teppeschhändlerin* kriss de den Ament Prozenter op bal allen *Teppescher*

i Männlech Form: ↗Teppeschhändler

Teppeschverkeefer [t'æpəʃfɛke:fɛ] Maskulinum (Pluriel *Teppeschverkeefer*) DE *Teppichverkäufer* • FR *vendeur de tapis* • EN *carpet salesman, carpet seller* • PT *vendedor de tapetes* **Beispill** an der Vakanz goufe mer op der Plage vun engem *Teppeschverkeefer* ugeschmiert

i Weiblech Form: ↗Teppeschverkeeferin

Teppeschverkeeferin [t'æpəʃfɛke:fəri:n] Femininum (Pluriel *Teppeschverkeeferinnen*) DE *Teppichverkäuferin* • FR *vendeuse de tapis* • PT *vendedora de tapetes* **Beispill** d'*Teppeschverkeeferin* huet eng grouss Auswiel vun extravaganten *Teppescher*

i Männlech Form: ↗Teppeschverkeefer

Tëppel [t'əpəl] Maskulinum (Pluriel *Tëppelen*) DE *Tupfen, Fleck, Punkt* • FR *point, tache, pois* • EN *spot [skin blemish], (polka) dot* • PT *pinta, mancha, ponto* **Beispiller** deen ale Mann huet d'Hänn voll bronger *Tëppelen*; dees de deng unis Blus un oder déi mat den *Tëppelen*?; an der Lëtzebuerger Orthografie hu vill Ufänger Problemer mat den *Tëppelen* um e [ëgs] [an der Lëtzebuerger Orthografie hu vill Ufänger Problemer mam Treema um el; et gëtt héich Zäit, datt een deem den *Tëppel* op den i setzt! [ëgs] [et gëtt héich Zäit, datt een deem seet, wéi d'Reegele sinn an datt och hien sech drun ze halen huet] **Synonym** Punkt

Tëppelchen [t'əpəlçən] Maskulinum (Pluriel *Tëppelchen*) - Diminutivform vun ↗*Tëppel*

Terabyte Maskulinum (Pluriel *Terabyte*)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Terbium [t'ɛrbɪjəm] Maskulinum (kee Pluriel) [Chimie] DE *Terbium [chemisches Element]* • FR *terbium [élément chimique]* • EN *terbium [chemical element]* • PT *térbio [elemento químico]* **Beispill** d'Element *Terbium* gehéiert zum Grupp vun de Lanthanoiden

Term [tɛɾm] Maskulinum (Pluriel *Termen*) DE *Ausdruck, Begriff* • FR *terme [mot, expression]* • EN *term [word, expression]* • PT *termo [palavra, expressão]* **Beispiller** an engem Gesetzestext mussen d'Terme juristesches prezis sinn; si sinn erëm a gudden *Termen* (mateneen) [si ginn erëm gutt eens mateneen] **Synonymmen** Ausdrock, Begrëff

Termäin [tɛɾm'æ:ɪn] Maskulinum (Pluriel *Termäiner*) - Variant vun ↗*Termin*

Termin [tɛɾm'i:n] Maskulinum (Pluriel *Terminer*) **1.** DE *Termin [Verabredung]* • FR *rendez-vous [professionnel]* • EN *meeting, appointment* • PT *encontro [profissional]* **Beispill** eis Direktesch huet haut keng Zäit, si huet een *Termin* nom aneren **Synonymmen** *Delai, Rendez-vous* **2.** DE *Termin [Frist]* • FR *date [butoir], échéance* • EN *deadline, time limit* • PT *data[-limite], prazo* **Beispill** kuck, datt s de den *Termin* net verpass, fir dech op der Uni anzeschreiwen! **Synonym** *Delai*

i Variant: *Termäin*

Terminal Maskulinum (Pluriel *Terminalen* / *Terminals*)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Terminologie [tɛʁminolɔʒi:] Femininum (Pluriel Terminologien) **DE** Terminologie • **FR** terminologie [vocalbulaire] • **EN** terminology • **PT** terminologia [vocabulário] **Beispill** déi juristesch **Terminologie** ass schwéier ze verstoen

Terpetäin [tɛʁpət'æ:ɪn] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Terpentin • **FR** essence de térébenthine • **EN** turpentine • **PT** essência de terebintina **Beispill** den Usträicher botzt seng Pinsele mat **Terpetäin**

Terrain [t'ɛʁɛ:] Maskulinum (Pluriel Terrainen) **1. DE** Gelände, Areal, Gebiet • **FR** terrain [létendue de terre] • **EN** site, grounds • **PT** terreno [extensão de terra] **Beispiller** den Terrain vun der aler Schmelz muss sanéiert ginn; an där Diskussioun ass hien op sengem Terrain [an där Diskussioun gëtt iwwer Saache geschwat, iwwer déi hie Bescheed weess] **2. um Terrain** **DE** vor Ort • **FR** sur le terrain [en intervention, dans l'action] • **EN** on-site, in the field • **PT** no terreno [na área de ação] **Beispiller** d'Pompjeeë goufe gutt op hiren Asaz um Terrain virbereet; mir bräichten d'Meenung vu Leit vum Terrain; dee Reporter kanns de net op den Terrain schécken, e brückéiert d'Leit mat indiskreete Froen **3. DE** Grundstück • **FR** terrain, parcelle • **EN** building plot • **PT** terreno, parcela **Beispiller** eist Haus steet op engem Terrain vu sechs Ar; mir hunn e puer interessant Terrainen hanerem Haus leien **Synonym** Grundstück **4. DE** Spielfeld • **FR** terrain [de jeu] • **EN** playing field, pitch • **PT** campo [de jogo] **Beispiller** eise Fussballclub kritt en neien Terrain; wa mer eis net wëllen um Terrain blaméieren, muss mer besser spillen; den Arbitter huet zwee Spiller vum Terrain gesat

Terrarium [tɛʁ'a:rium] Maskulinum (Pluriel Terrariumen) **DE** Terrarium • **FR** terrarium • **EN** terrarium • **PT** terrário **Beispill** ech hunn en Terrarium mat Schlaangen a mengem Appartement

Terrass [t'ɛʁas] Femininum (Pluriel Terrassen) **1. DE** Terrasse [einer Wohnstätte] • **FR** terrasse [d'une habitation] • **EN** terrace, patio [of a house] • **PT** terraço [de uma habitação] **Beispiller** am Summer sätze mir dacks hannenaus op der Terrass; well mer schéint Wieder haten, hunn ech d'Essen op der Terrass zerwéiert **2. DE** Terrasse [einer Gaststätte], Biergarten • **FR** terrasse [d'un café, d'un restaurant] • **EN** terrace [of a pub, of a restaurant] • **PT** terraço, esplanada [de um café, de um restaurante] **Beispiller** de Wiert am Duerf huet seng Terrass schonn op; mir hunn op enger Terrass en Espresso gedronk **3. DE** Terrasse [Stufe] • **FR** terrasse [dans un terrain en pente] • **EN** terrace [flat area on a slope] • **PT** socialco **Beispill** mir hunn eis e Bongert a Form vun Terrassen ugeluecht

Terrasse [t'ɛʁas] Femininum (Pluriel Terrassen) - Variant vun ↗Terrass

terrasséieren [tɛʁas'zɪəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé terrasséiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Terrassendier [tɛʁasənd'i:ɔ] Femininum (Pluriel Terrassendieren) **DE** Terrassentür • **FR** porte de (la) terrasse • **EN** French window(s), patio door, terrace door • **PT** porta do terraço **Beispill** d'Abriecher sinn duerch d'Terrassendier an d'Haus erakomm

terribel [tɛʁ'i:bəl] Adjektiv **1. DE** schrecklich [entsetzlich] • **FR** terrible, affreux • **EN** terrible, dreadful • **PT** terrível [medonho] **Beispiller** dat **terribel** Erlefnes huet hie staark belaauscht; wéi kéint e Mënsch derzou, esou eppes **Terribeles** ze maachen? **Synonymmen** fierchterlech, fuerchtbar, grujeleg, schrecklech **2. [əgs]** **DE** schrecklich [übermäßig] • **FR** terrible [excessif] <Adverb terriblement> • **EN** terrible [excessive] <Adverb terribly> • **PT** terrível, tremendo [excessivo] <Adverb terrivelmente, tremendamente> **Beispiller** den Auspuff vu mengem Auto mécht en **terribel** Kaméidi; eise Basar hat en **terribel** Succès; ech freeë mech **terribel** op d'Vakanz **Synonymmen** onheemlech, schrecklech

Terrinn [tɛʁ'in] Femininum (Pluriel Terrinnen) **DE** Pastete • **FR** terrine [pâté] • **EN** terrine [pâté] • **PT** patê **Beispill** als Entrée gouf et zwou Tranchen **Terrinn** mat Zalot

Territoire [tɛʁitw'a:r] Maskulinum (Pluriel Territoiren) **1. DE** Territorium, Gebiet • **FR** territoire [létendue officielle] • **EN** territory [official area] • **PT** território [área oficial] **Beispiller** nom Krich huet d'Land en Deel vu sengem Territoire verluer; um Territoire vun der Stad ginn d'Parkplazen ëmmer méi rar **2. DE** Revier [leines Tiers] • **FR** territoire [d'un animal] • **EN** territory [of an animal] • **PT** território [de um animal] **Beispill** eisen Hond kann et net loossen, säin Territoire ze markéieren **Synonym** Revéier

territorial [tɛʁitor'i:a:] Adjektiv **DE** territorial • **FR** territorial [concernant le territoire d'un État] • **EN** territorial • **PT** territorial **Beispill** d'territorial Integritéit vun de Staate muss respektéiert ginn

Terror [t'ɛʁo:r] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Terror, Schreckenherrschaft • **FR** terreur, violence [exercée par une autorité] • **EN** terror [intimidation, regime of terror] • **PT** terror, violência [exercida por uma autoridade] **Beispiller** vill Leit flüchte virum Terror an hirem Land; mäi Papp huet wéinst där schlechter Prüfung e risegen Terror gemaach [əgs] [mäi Papp huet wéinst där schlechter Prüfung eng opgeféiert]

terroriséieren [tɛʁoriz'zɪəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé terroriséiert) » **transitiv** **DE** terrorisieren • **FR** terroriser • **EN** to terrorize • **PT** aterrorizar **Beispiller** de Feind versicht mat alle Mëtelen, d'Bevëlkerung ze terroriséieren; firwat léiss du dech esou vun dengem Mann terroriséieren?

Terrorismus [tɛʁor'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Terrorismus • **FR** terrorisme • **EN** terrorism • **PT** terrorismo **Beispill** d'Police huet wëlles, méi geziilt géint den Terrorismus virzegoen

Terrorist [tɛʁor'ist] Maskulinum (Pluriel Terroristen) **DE** Terrorist • **FR** terroriste • **EN** terrorist • **PT** terrorista **Beispill** d'Terroristen hunn d'Geisele kalbiddeg erschoss

I Weiblech Form: ↗Terroristin

Terroristemilieu [tɛʁor'istəmiljœ:] Maskulinum (Pluriel Terroristemilieuen) **DE** Terroristenumfeld • **FR** milieu terroriste • **EN** terrorist milieu • **PT** meio terrorista **Beispill** d'Police huet ee vun hire Leit an den Terroristemilieu ageschleist

terroristesesch [tɛʁor'istəʃ] Adjektiv **DE** terroristisch • **FR** terroriste • **EN** terrorist • **PT** terrorista **Beispill** eng terror-

istesch Grupp huet sech zu den Attentater bekannt

Terroristin [tɛROR'istin] Femininum (Pluriel Terroristinnen) DE Terroristin • FR terroriste [femme] • PT terrorista [mulher] **Beispill** d'Police huet eng presuméiert Terroristin um Flughafe gepëtzt

i Männlech Form: Terrorist

Terrororganisatioun [t'ɛRO:RɔRganizasjəʊn] Femininum (Pluriel Terrororganisatiounen) DE Terrororganisation • FR organisation terroriste • EN terrorist organization, terrorist group • PT organização terrorista **Beispill** e puer Agente vum Geheimdéngscht hunn d'Terrororganisatioun infiltréiert

Tëschebluddung [t'ɛʃəbludʊŋ] Femininum (Pluriel Tëschebluddungen) DE Zwischenblutung • FR métrorragie • EN intermenstrual bleeding • PT metrorragia **Beispill** wann eng Fra tëschent zwou Reegele Blut verléiert, schwätzt ee vun Tëschebluddungen

Tëschefall [t'ɛʃəfal] Maskulinum (Pluriel Tëschefälle) DE Zwischenfall • FR incident • EN incident • PT incidente **Beispill** a sengem Artikel huet de Journalist den Tëschefall terribel dramatiséiert

i Variant: Zwëschefall

Tëschelager [t'ɛʃəla:bə] Neutrum (Pluriel Tëschelageren) DE Zwischenlager • FR entrepôt de stockage intermédiaire • PT local de armazenamento temporário **Beispill** all Atomzentral brauch en Tëschelager fir radioaktiven Offall

i Variant: Zwëschelager

tëschelageren [t'ɛʃəla:bəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé tëschegelelagt) » transitiv DE zwischenlagern • FR entreposer [des marchandises] • EN to warehouse, to store • PT armazenar (temporariamente) [mercadorias] **Beispill** frëscht Geméis daerf net laang tëschegelelagt ginn, ier et an de Verkaf kënt

i Variant: zwëschelageren

tëschelanden [t'ɛʃəlandən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé tëschegelelant) » intransitiv DE zwischenlanden • FR faire escale [lors d'un vol] • EN to make a stopover [aeroplane] • PT fazer escala [(num) avião] **Beispill** de Fliger huet misse wéinst engem medezineschen Noutfall tëschelanden

i Variant: zwëschelanden

Tëschelandung [t'ɛʃəlandʊŋ] Femininum (Pluriel Tëschelandung) DE Zwischenlandung • FR escale [en avion] • EN stopover [on a flight] • PT escala [em avião] **Beispill** wéinst deem schlechte Wieder hate mer eng ongeplangt Tëschelandung

i Variant: Zwëschelandung

Tëscheléisung [t'ɛʃələizʊŋ] Femininum (Pluriel Tëscheléisungen) DE Zwischenlösung • FR solution provisoire • EN temporary solution • PT solução provisória **Beispill** déi Moosnam do ass héchstens als Tëscheléisung ze gebrauchen

i Variant: Zwëscheléisung

tëschen [t'ɛʃən] Prepositioun - Variant vun tëschent

tëschenduerech [təʃənd'u:ɛç] Adverb DE zwischen-durch • FR en cours de ..., entre ... • EN in between • PT durante ..., entre ... **Beispiller** op eiser Rees hu mer tëschenduerech misse stallhalen, well et eisem Jéngste schlecht ginn ass; iess net esou vill tëschenduerech, soss packs de herno näischt um Dëscht!

tëschent [t'ɛʃənt] Prepositioun » mam Akkusativ / mam Dativ 1. DE zwischen [zwei Begrenzungen] • FR entre [deux repères] • EN between [two reference points] • PT entre [dois limites] **Beispiller** setz dech tëschent eis, du pass nach just eran!; leet mer de Rendez-vous tëschent déi zwee Feierdeeg!; an eiser Cité muss tëschent den Haiser en Ofstand vu wéinstens sechs Meter agehale ginn; eis Crèche versuert Kanner tëschent zwee a véier Joer; d'nächst Woch soll et tëschent 25 an 30 Grad ginn; so eng Zuel tëschent eent a fënnef!; am Sträit vun den Eltere stoung d'Kand tëschent deenen zwee lam Sträit vun den Eltere wouss d'Kand net, zu wíem et sollt halen 2. DE zwischen, unter [inmitten] • FR entre, parmi, sous • EN between [in the midst of] • PT entre [no meio de] **Beispiller** den Ziedel war tëschent aner Pabeiere gerëtscht; däi Brëif louch tëschent deenen alen Zeitungen » mam Dativ 3. DE zwischen [zum Ausdruck einer Wechselbeziehung] • FR entre [exprime un rapport de réciprocité] • EN between [indicating a reciprocal relationship] • PT entre [exprime uma relação de reciprocidade] **Beispiller** d'Relatiounen tëschent deenen zwou Firmae sinn onkloer; tëschent eis ass eng richtig Frëndschaft entstanen

i Varianten: tëschen, tëscht, zwëschent, zwëscht

tëschtenaner [t'ɛʃəndəna:nə] Adverb tëschent + -enaner

tëschenteneen [təʃəndə'n'e:n] Adverb tëschent + -eneen

i Varianten: zwëschtenaner, zwëschenteneen

Tëschenzäit [t'ɛʃəntsæ:it] Femininum (kee Pluriel) an (der) Tëschenzäit DE inzwischen, in der Zwischenzeit • FR entre-temps, depuis lors • EN in the meantime, meanwhile • PT entretanto, desde então **Beispill** d'Gesetz gouf an (der) Tëschenzäit e puermol ergänz **Synonym** entre-temps

i Variant: Zwëschenzäit

i Kuerzform: Tëscht

tëscht [təʃt] Prepositioun - Variant vun tëschent

Tëscht [təʃt] Femininum (kee Pluriel) - Kuerzform vun Tëschenzäit

Test [tæst] Maskulinum (Pluriel Tester) 1. DE Test, Versuch • FR test, essai • EN test [trial] • PT teste, ensaio **Beispill** mäi Garagist stellt de Clienten deen neie Modell fir en Test zur Verfügung 2. DE Test [normiertes Prüfverfahren] • FR test [procédure standardisée] • EN test [standard procedure] • PT teste [procedimento padronizado] **Beispill** fir d'Intelligenz ze moossen, gëtt et vill verschidden Tester 3. DE Test [Eignungsprüfung] • FR test [d'habilitation] • EN test [of aptitude] • PT teste [de habilitação] **Beispill** fir bei de Beruffspompjeeën ugeholl ze ginn, muss all Kandidat eng Rei Tester bestoen 4. DE Test, Prüfung [in der Schule] • FR épreuve [scolaire] • EN test [at school] • PT teste, prova [lescolar] **Beispill** am

Test d'äerfen d'Schüler just e Bläistëft an e Lineal op der Bänk leien hunn **Synonym** Prüfung

Testament [tæstəmənt] Neutrum (Pluriel Testamente) **1.** **DE** Testament [letzter Wille] • **FR** testament [document, acte] • **EN** testament, will • **PT** testamento [documento, ato] **Beispiller** d'Existenz vun engem Testament war den Ierwen net bekannt; d'Testamente kann ee bei engem Nottär hannerleeën **2.** Aalt Testament; Neit Testament **DE** Altes Testament, Neues Testament • **FR** Ancien Testament, Nouveau Testament • **PT** Antigo Testamento, Novo Testamento **Beispiller** wou steet am Alen Testament de Passage mat den zéng Geboter?; am Neien Testament gétt d'Geschicht vu Jesus Christus erzielt

testamentaresch [tæstəmənt'a:rəʃ] Adjektiv **DE** testamentarisch • **FR** testamentaire <Adverb par testament> • **PT** testamentário <Adverb por testamento> **Beispiller** an der testamentarescher Verfügung steet, wéi d'Ierfschaft opgedeelt gétt; déi karitativ Association krut dës Terrainen testamentaresch vermaach

testen [t'æstən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getest) » **transitiv 1.** **DE** testen, prüfen, auf die Probe stellen • **FR** tester, mettre à l'épreuve [contrôler] • **EN** to test [to check, to examine] • **PT** testar, verificar, pôr à prova **Beispiller** no mengem Accident huet den Dokter meng Reflexer getest; jiddereen, deen typesch Symptomer vum Covid-19 huet, soll sech teste loosse; beim Concours gétt de Kandidaten hir Allgemengbildung getest; déi nei Strooss ass nach gespaart, de Belag gétt op seng Grëffegkeet getest; hien huet mer déi Fro gestallt, fir mech ze testen **2.** **DE** testen, ausprobieren • **FR** tester, essayer • **EN** to test, to try out • **PT** testar, experimentar **Beispiller** d'Clientë wëllen den Auto testen, ier se n e kafen; komm, mer testen eng Kéier deen neie Restaurant nieft der Kierch

Testfro [t'æstfrɔ:] Femininum (Pluriel Testfroen) **DE** Testfrage • **FR** question [d'un test] • **EN** test question • **PT** pergunta [de um teste] **Beispill** d'Kandidaten hate Schwieregkeete bei der leschter Testfro

Testkit [t'æstkit] Maskulinum (Pluriel Testkitten / Testkits) **DE** Testkit • **FR** kit de dépistage • **PT** kit de diagnóstico **Beispiller** d'Police huet speziell Testkitten, mat deene kann erausfonnt ginn, ob een Droge geholl huet; eise Laboratoire huet en Testkit entwéckelt, mat deem een eng Infektioun mam Sars-Cov-2 kann noweisen

Testmatch Maskulinum (Pluriel Testmatcher) **DE** Testspiel • **FR** match de préparation • **EN** friendly [match] • **PT** jogo de preparação **Beispill** eis nei Stiermerin huet direkt am éischten Testmatch dräi Goler geschoss

Testosteron Maskulinum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Teststatioun [t'æst[ta]sjø:n] Femininum (Pluriel Teststatioune) **DE** Teststation • **FR** station de test, centre de dépistage • **PT** centro de testagem, centro de diagnóstico **Beispiller** an eiser Teststatioun gi schiedlech Ofgasemissiounen gemooss; well ech d'Symptomer vum Covid-19 hunn, huet d'Doktesch mech an eng Teststatioun geschéckt

Tetanos Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Tetanus

Tetanus [t'e:tanus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Tetanus, Wundstarrkrampf, Starrkrampf • **FR** tétanos [maladie infectieuse] • **EN** tetanus • **PT** tétano [doença infecciosa] **Beispill** et ass wichteg, reegelméisseg e Rappel vun der Impfung géint den Tetanus ze kréien **Synonym** Starrkrampf

I Variant: Tetanos

Tête-à-tête [t'ətəlbi:ɛʁ] Maskulinum (Pluriel Tête-à-têtes)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Tëtelberg [t'ətəlbi:ɛʁ] Eegennumm **DE** Tettelberg • **FR** Tételberg • **EN** Tettelberg • **PT** Tettelberg **Beispiller** waars de schonn eng Kéier um Tëtelberg?; mir sinn de Weekend op den Tëtelberg gewandert

Texasbox [tæksa:sb'oks] Femininum (Pluriel Texasboxen) [vereezlt] **DE** Niethenose, Bluejeans • **FR** blue-jean • **EN** blue jeans • **PT** calças de ganga **Beispill** wat mir haut Jeansbox nennen, huet an der Zäit Texasbox geheescht **Synonymmen** Jeans, Jeansbox

Text [tækst] Maskulinum (Pluriel Texter) **DE** Text [Wortlaut, Wortfolge] • **FR** texte [énoncé, suite de mots] • **EN** text [wording, sequence of words] • **PT** texto [enunciado, sequência de palavras] **Beispiller** ech verstinn de Sënn vun deem Text net; an dengem Text sinn nach eng Rei Drockfeeler; ech hunn e klengen Text fir op d'Gebuertsdayskaart virbereet; d'Archeologe sinn op Texter gestouss, déi se net entziffert kréien; den Auteur ass amgang, säin Text auswenneeg ze léieren

Texte coordonné [tækstko:ɔrdon'e:] Maskulinum (Pluriel Texte-coordonnéen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

texten [t'ækstən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getext)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Textilien [tækst'i:ljən] Substantiv (kee Singulier) **DE** Textilien, Textilwaren • **FR** textiles [matières textiles, produits textiles] • **EN** textiles • **PT** têxteis [matérias têxteis, produtos têxteis] **Beispiller** am Recyclingszenter steet de Container fir Textilien niewent deem fir Glas; d'Industrie entwéckelt ëmmer erëm nei Textilien

Textilindustrie [tækstilindustri:] Femininum (kee Pluriel) **DE** Textilindustrie • **FR** (industrie) textile • **EN** textile industry • **PT** indústria têxtil, têxteis **Beispill** dës Regioun huet fréier praktesch nëmme vun der Textilindustrie gelief

Textmarker [t'ækstma:rke] Maskulinum (Pluriel Textmarker / Textmarkeren) **DE** Textmarker • **FR** surligneur • **EN** highlighter [pen] • **PT** marcador fluorescente **Beispill** markéier der déi wichtegst Stéchwierder am Dokument mat engem Textmarker!

Textpassage [t'ækstpasa:] Maskulinum (Pluriel Textpassagen) **DE** Textpassage • **FR** passage de texte, extrait de texte • **EN** passage, extract [of a text] • **PT** passagem (de texto), trecho (de texto) **Beispiller** am Artikel sinn e puer Textpassagen, déi politesch net korrekt

sinn; fir d'Schrëft vun engem **Textpassage** ze änneren, muss een e fir d'éischt selektionéieren

textuell [tækstw'æɫ] Adjektiv **1.** *DE* *textlich*, in *Textform*, *textuell* • *FR* *textuel*, *au niveau du texte* • *PT* *textual*, *a nível do texto* **Beispill** de Staatsrot huet e puer **textuell** Ännerungen um Gesetzesprojet virgeholl **2.** *DE* *wörtlich* • *FR* *textuel*, *mot pour mot* <Adverb *textuellement*> • *PT* *textual*, *palavra por palavra* <Adverb *textualmente*> **Beispill** dëse Saz ass en **textuellt** Zitat aus der Bibel **Synonymmen** wiertlech, wuertwiertlech

Textzort [t'ækstsɔʁt] Femininum (Pluriel Textzorten)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Thailand [t'aɪlant] Eegennumm, Neutrum *DE* *Thailand* • *FR* *Thaïlande* • *EN* *Thailand* • *PT* *Tailândia* **Beispiller** ech war schonn dräimol an Thailand; ech fueren d'nächst Woch an Thailand; ech kommen aus Thailand

I männlech Persoun: ↗Thailänner weiblech Persoun: ↗Thailännerin Adjektiv: ↗thailännesch Haaptstad: ↗Bangkok

Thailänner [t'aɪləne] Maskulinum (Pluriel Thailänner) *DE* *Thailänder* • *FR* *Thailandais* • *EN* *Thai* • *PT* *tailandês* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Thailänner

Thailännerin [t'aɪlənərin] Femininum (Pluriel Thailännerinnen) *DE* *Thailänderin* • *FR* *Thailandaise* • *EN* *Thai* [*female*] • *PT* *tailandesa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Thailännerin

thailännesch [t'aɪlənəʃ] Adjektiv *DE* *thailändisch* • *FR* *thaïlandais* • *EN* *Thai* • *PT* *tailandês* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi thailännesch Kultur kenne geléiert

Thallium [t'aljum] Maskulinum (kee Pluriel) Chimie *DE* *Thallium* [*chemisches Element*] • *FR* *thallium* [*élément chimique*] • *EN* *thallium* [*chemical element*] • *PT* *tálio* [*elemento químico*] **Beispill** d'Element Thallium gehéiert zum Grupp vun de Metaller

Theater [te'a:te] Maskulinum **1.** (Pluriel Theateren) *DE* *Theater* [*Einrichtung*] • *FR* *théâtre* [*établissement culturel*] • *EN* *theatre* [*establishment*] • *PT* *teatro* [*estabelecimento cultural*] **Beispill** dësen Theater spillt nëmme modern Stécker **2.** (Pluriel Theateren) *DE* *Theater* [*Gebäude*] • *FR* *théâtre* [*bâtiment*] • *EN* *theatre* [*building*] • *PT* *teatro* [*edifício*] **Beispill** deen alen Theater gëtt d'nächst Joer ofgerappt **3.** (kee Pluriel) *DE* *Theater* [*Gewerbe*] • *FR* *théâtre* [*secteur d'activité*] • *EN* *theatre* [*activity, business*] • *PT* *teatro* [*setor de atividade*] **Beispill** och am Ausland ass den Theater op Subsiden ugewisen **4.** (kee Pluriel) *DE* *Theater* [*Vorstellung*] • *FR* *théâtre* [*représentation*] • *EN* *theatre* [*show, performance*] • *PT* *teatro* [*representação*] **Beispiller** nom Theater si mer direkt heemgaangen; ech gi léier an de Kino ewéi an den Theater; eemol am Joer spillt eise Veräin Theater; ech mengen, du spills dacks Theater! égs [lech mengen, du verstellst dech dacks] **5.** (kee Pluriel) *DE* *Theater* [*Schauspielkunst*] • *FR* *théâtre* [*art dramatique*] • *EN* *theatre* [*dramatic art*] • *PT* *teatro* [*arte dramática*] **Beispill** eis Kanner fanne klassischen Theater langweilig **6.** (kee Pluriel) égs *DE* *Theater*, *Zirkus* [*unangenehme Situation*] • *FR* *cinéma*, *cirque* [*situation désagréable*] **Beispill** dat Gemauls geet mer op de Su, ech maachen dee ganzen Theater do net méi laang mat **Synonymmen** Zauber, Zodi, Zirkus

Theaterbün Femininum (Pluriel Theaterbünen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Theaterfestival [te'a:tefæstival] Maskulinum (Pluriel Theaterfestivallen / Theaterfestivaller) *DE* *Theaterfestival* • *FR* *festival de théâtre* • *EN* *theatre festival* • *PT* *festival de teatro* **Beispiller** d'nächst Woch geet déi zéngten Editioun vun eisem Theaterfestival op en Enn; beim Theaterfestival si méi ewéi 20 Stécker gespilt ginn

Theateropféierung [te'a:teopfɛiəruŋ] Femininum (Pluriel Theateropféierungen) *DE* *Theateraufführung* • *FR* *représentation théâtrale* • *EN* *play, performance* [*theatrical production*] • *PT* *representação teatral* **Beispiller** d'Kanner kruten no hirer Theateropféierung vill Applaus; déi Theateropféierung war phenomenal! **Synonym** Theatervirstellung

Theaterprogramm [te'a:teprogrãm] Maskulinum (Pluriel Theaterprogrammen / Theaterprogrammer) **1.** *DE* *Theaterprogramm* [*Veranstaltungsangebot*] • *FR* *programme de théâtre* [*offre de spectacles*] • *EN* *theatre programme* [*planned events*] • *PT* *programa de teatro* [*oferta de espetáculos*] **Beispill** den Theaterprogramm fir déi nei Saison gouf gëschter virgestallt **2.** *DE* *Theaterprogramm* [*Dokument*] • *FR* *programme de théâtre* [*document*] • *EN* *theatre programme* [*document*] • *PT* *programa de teatro* [*documento*] **Beispill** wou hues de den Theaterprogramm leien?

Theaterprouf Femininum (Pluriel Theaterprouwen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Theaterroll [te'a:teʁol] Femininum (Pluriel Theaterrollen) *DE* *Theaterrolle* • *FR* *rôle de théâtre* • *EN* *part* [*in a play*] • *PT* *papel teatral* **Beispiller** wëlls de der Bomi net e Stéck aus denger Theaterroll virspillen?; an der Biografie vum Acteur sinn all seng Theaterrollen opgeféiert

Theaterstéck [te'a:teʃtek] Neutrum (Pluriel Theaterstécker) *DE* *Theaterstück* • *FR* *pièce de théâtre* • *EN* *play* [*theatre*] • *PT* *peça de teatro* **Beispill** dat neit Theaterstéck ass beim Publikum gutt ukomm

Theatertrupp [te'a:tetʁup] Femininum (Pluriel Theatertruppen) *DE* *Theatertruppe* • *FR* *troupe de théâtre* • *EN* *theatre troupe, theatre company* • *PT* *trupe de teatro* **Beispiller** ech spillen als Amateur an enger Theatertrupp mat; eis Theatertrupp huet sech fir déi nächst Saison eng lëschteg Operett erausgesicht

Theatervirstellung [te'a:tefi:gʃtæluŋ] Femininum (Pluriel Theatervirstellungen) *DE* *Theatervorstellung* • *FR* *représentation théâtrale* • *EN* *play, performance* [*theatrical production*] • *PT* *representação teatral* **Beispiller** d'Kanner kruten no hirer Theatervirstellung vill Applaus; déi Theatervirstellung war phenomenal! **Synonym** Theateropféierung

theatralesch [teatr'a:ləʃ] Adjektiv *DE* *theatralisch* [*gespreizt*] • *FR* *théâtral* [*lémphatique*] <Adverb *théâtralement, de manière théâtrale*> • *EN* *theatrical* [*extravagant*] <Adverb *theatrically*> • *PT* *teatral* [*lenfático*] <Adverb *teatralmente, de modo teatral*> **Beispill** ech hunn deem Acteur seng **theatralesch** Manéier net gär

Theatralik [teatr'a:lik] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Theatralik* [Gespreiztheit] • **FR** *attitude théâtrale* • **EN** *theatrics* • **PT** *atitude teatral* **Beispill** méi Argumenter a manner **Theatralik** hätten dem Politiker sengem Op-trétt guttgedoen

Thé dansant Maskulinum (Pluriel Thé-dansanten) **DE** *Tanzabend, Tanznachmittag* • **FR** *thé dansant* • **EN** *tea dance* • **PT** *chá dançante* **Beispill** meng Grousselteren hunn sech um **Thé dansant** kenne geléiert **Synonym** Téi

Theema [t'e:ma:] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Theemaen / Theemen) **DE** *Thema* • **FR** *sujet [thème]* • **EN** *subject [topic, theme]* • **PT** *tema, assunto* **Beispiller** iwwer dëst **Theema** ass a leschter Zäit vill geschwat ginn; d'Opklärung ass och haut nach fir vill Elteren e schwierigen **Theema**; dat ass hei net den **Theema**! **Synonym** Sujet

Theemeberäich [t'e:məbərə:ɪç] Maskulinum (Pluriel Theemeberäicher)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Thees [te:s] Femininum (Pluriel Theesen) **1. DE** *These* • **FR** *thèse [théorie]* • **EN** *thesis [theory]* • **PT** *tese [teoria]* **Beispill** a sengem neie Buch vertritt den Auteur nationalistesch **Theesen** **2. DE** *Dissertation, akademische Examensarbeit* • **FR** *thèse (de doctorat), mémoire [universitaire]* • **EN** *dissertation* • **PT** *tese [trabalho científico]* **Beispill** meng Niess schafft schonn iwwer dräi Joer laang un hirer **Thees** **Synonymmen** Dissertatioun, Dokteraarbecht

Théik [tɜ:ɪk] Femininum (Pluriel Théiken) **DE** *Theke* [La-dentisch] • **FR** *comptoir [de magasin]* • **EN** *counter [in a shop]* • **PT** *balcão [de loja]* **Beispiller** d'Vendeuse huet mer allméiglech Stëfter op der **Théik** ausgebreit; bei eise Bäckler sti schonn am Oktober Kleesercher op der **Théik**

Theinshaff [t'aɪnshaf] Eegennumm **DE** *Theinshaff* • **FR** *Theinshaff* • **EN** *Theinshaff* • **PT** *Theinshaff* **Beispiller** ech wunnen um **Theinshaff**; fiert dëse Bus op den **Theinshaff**?

Théiwesbuer Eegennumm (kee Pluriel) **DE** *Théiwesbuer* [Quelle im Pfaffenthal] • **FR** *Théiwesbuer* [source dans le quartier de Pfaffenthal] • **PT** *Théiwesbuer* [fonte no bairro de Pfaffenthal] **Beispill** eise Guide huet eis déi geschichtlech Entwécklung vum **Théiwesbuer** verzielt

i Ier et Pompele gouf, sinn d'Leit aus der Uewerstad hiert Drénkwaasser op den Théiwesbuer an de Pafendall niewent d'Kierch siche gaangen. Vun 1931 u gouf d'Quell du genotzt, fir en ëffentleche Wäschbuer unzeleeën. Nodeem d'Zäite vum Wäschbuer eriwwer waren, huet den Théiwesbuer laang Joren op eng nei Bestëmmung gewaart. Et sollt bis 2017 daueren, ier en zu engem ëffentleche Foussbad ëmgebaut gouf, dat jidderengem am Summer eng Erfrëschung bitt.

Thema [te:ma:] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Themaen / Themen) - Variant vun **Thema**

thematesch [tem'a:təʃ] Adjektiv **DE** *thematish* • **FR** *thématique* <Adverb *selon une approche thématique, par thèmes*> • **EN** *thematic* <Adverb *thematically*> • **PT** *temático* <Adverb *segundo uma abordagem temática, por temas*> **Beispiller** am Musée ginn **thematesch** Féierungen

ugebueden; vill Kataloge sinn **thematesch** opgebaut

Thematik [tem'a:tik] Femininum (Pluriel **Themmatiken**) **DE** *Thematik* • **FR** *thématique* • **EN** *theme, subject* • **PT** *temática* **Beispill** de Kritiker ass guer net op déi komplex **Thematik** vun deem neie Film agaangen

thematiséieren [tematiz'ziə:ɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **thematiséiert**) » **transitiv** **DE** *thematishieren* • **FR** *aborder, traiter* • **EN** *to address, to make a subject of discussion* • **PT** *abordar, tratar* **Beispill** an der Reunion vum Verwaltungsrot muss mer dee Problem **thematishieren**

Themeberäich [t'e:məbərə:ɪç] Maskulinum (Pluriel **Themeberäicher**) - Variant vun **Themeberäich**

Theolog [teol'o:χ] Maskulinum (Pluriel **Theologen**) **DE** *Theologe* • **FR** *théologien* • **EN** *theologist* • **PT** *teólogo* **Beispill** hien ass diploméierten Theolog, wollt awer net Paschtouer ginn

i Weiblech Form: **Théologin**

theologesch [teol'o:gəʃ] Adjektiv **DE** *theologisch* • **FR** *théologique* • **EN** *theological* • **PT** *teológico* **Beispill** eise Paschtouer huet seng **theologesch** Studien am Ausland gemaach

Theologie [teoloz'i:] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Theologie* • **FR** *théologie* • **EN** *theology* • **PT** *teologia* **Beispill** fir Paschtouer ze ginn, muss een e puer Joer laang **Theologie** studéieren

Theologiesstudent [teoloz'i:sʃtudent] Maskulinum (Pluriel **Theologiesstudenten**) **DE** *Theologiesstudent* • **FR** *étudiant en théologie* • **EN** *theology student* • **PT** *estudante de teologia* **Beispill** den **Theologiesstudent** erkläert, wat de Bibeltext auszeechent

i Weiblech Form: **Théologiesstudentin**

Theologiesstudentin [teoloz'i:sʃtudentin] Femininum (Pluriel **Theologiesstudentinnen**) **DE** *Theologiesstudentin* • **FR** *étudiante en théologie* • **PT** *estudante de teologia [mulher]* **Beispill** d'**Theologiesstudentin** huet an hirer Ofschlossaarbecht eng Analys vun der Bibel gemaach

i Männlech Form: **Théologiesstudent**

Theologin [teol'o:gin] Femininum (Pluriel **Theologinnen**) **DE** *Theologin* • **FR** *théologienne* • **PT** *teóloga* **Beispill** déi geléiert **Theologin** ass Professesch op der Uni

i Männlech Form: **Théolog**

Theorem Maskulinum (Pluriel **Theoreemen**) - Variant vun **Theorem**

theoreetesesch [teor'e:təʃ] Adjektiv **DE** *theoretisch* • **FR** *théorique* <Adverb *théoriquement*> • **EN** *theoretical* <Adverb *theoretically*> • **PT** *teórico* <Adverb *teoricamente*> **Beispiller** no der **theoreetescher** Formatioun mussen déi nei Mataarbechter e Stage maachen; **theoreetesesch** kanns de Recht hunn, mee an der Praxis notzt et dech näischt

theoreetesesch [teor'e:təʃ] Adverb **DE** *theoretisch* [im Prinzip] • **FR** *théoriquement* [en principe] • **EN** *in theory*,

theoretically [in principle] • **PT** *teoricamente* [em princípio] **Beispill** theoreetesch hält esou en Accident net däerfe geschéien **Synonym** am Prinzip

Theoretiker [teor'e:tikə] Maskulinum (Pluriel Theoretiker) **DE** *Theoretiker* • **FR** *théoricien* • **EN** *theorist, theoretician* • **PT** *teórico* **Beispill** eisen Aarbechtsgrupp besteet aus ze vill Theoretiker, déi vun der Praxis näischt kennen

1 Weiblech Form: **↗**Theoretikerin

Theoretikerin [teor'e:tikərin] Femininum (Pluriel Theoretikerinnen) **DE** *Theoretikerin* • **FR** *théoricienne*

1 Männlech Form: **↗**Theoretiker

Theorem Maskulinum (Pluriel Theoremen) - Variant vun **↗**Theorem

Theorème [teor'ɛ:m] Maskulinum (Pluriel Théorèmes) **DE** *Theorem* • **FR** *théorème* • **EN** *theorem* • **PT** *teorema* **Beispill** d'Demonstratioun vun deene meeschten Theorémen ass fir vill Leit komplizéiert

1 Variant: Theorem

theoretisch [teor'e:təʃ] Adjektiv - Variant vun **↗**theoretesch

theoretisch [teor'e:təʃ] Adverb - Variant vun **↗**theoretesch

Theoretiker [teor'e:tikə] Maskulinum (Pluriel Theoretiker) - Variant vun **↗**Theoretiker

Theoretikerin [teor'e:tikərin] Femininum (Pluriel Theoretikerinnen) - Variant vun **↗**Theoretikerin

theoretiséieren [teoretiz'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé theoretiséiert) » **intransitiv** **DE** *theoretisieren* • **FR** *théoriser* • **EN** *to theorize* • **PT** *teorizar* **Beispill** mir hu laang genuch theoretiséiert, elo ass Zäit fir ze handeln!

Theorie [teor'i:] Femininum **1.** (Pluriel Theorien) **DE** *Theorie* [wissenschaftliches System] • **FR** *théorie* [système scientifique] • **EN** *theory* [scientific system] • **PT** *teoria* [sistema científico] **Beispill** eis Chimiesprofessesch huet d'Theorie mat engem Experiment illustréiert **2.** (Pluriel Theorien) **DE** *Theorie* [Annahme] • **FR** *théorie* [hypothèse] • **EN** *theory* [hypothesis] • **PT** *teoria* [hipótese] **Beispill** der Police hir Theorie ass, datt d'Abriecher zu méi waren **3.** (kee Pluriel) **DE** *Theorie* [theoretisches Wissen] • **FR** *théorie* [connaissances théoriques] • **EN** *theory* [theoretical knowledge] • **PT** *teoria* [conhecimentos teóricos] **Beispill** et ass heiandsou onméiglech, d'Theorie an d'Praxis ëmzesetzen; hien ass an der Theorie fir de Führerschäin duerchgefall [hien ass an der theoretischer Prüfung fir de Führerschäin duerchgefall]

therapéieren [terap'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé thérapeiert) » **transitiv** **DE** *therapieren* • **FR** *traiter* (thérapeutiquement) • **EN** *to treat psychotherapeutically, to therapize* • **PT** *tratar* (terapeuticamente) **Beispill** Anorexie ass schwéier ze therapéieren **Synonym** behandeln

Therapeut [terap'ɔit] Maskulinum (Pluriel Therapeuten) **DE** *Therapeut* • **FR** *thérapeute* • **EN** *therapist* • **PT** *terapeuta* **Beispill** den Hausdokter huet seng Patientin weinst psychesche Problemer bei den Thera-

peut geschéckt; de Coiffer ass fir vill Clienten eppes ewéi en Therapeut

1 Weiblech Form: **↗**Therapeutin

therapeutesch [terap'ɔitəʃ] Adjektiv **DE** *therapeutisch* • **FR** *thérapeutique* <Adverb d'un point de vue thérapeutique> • **EN** *therapeutical* <Adverb therapeutically> • **PT** *terapêutico* <Adverb terapeuticamente> **Beispill** et ass net bewisen, datt dëst Medikament eng therapeutesch Wirkung huet; therapeutesch ass an deem Fall net méi vill ze maachen

Therapeutin [terap'ɔitin] Femininum (Pluriel Therapeutinnen) **DE** *Therapeutin* • **FR** *thérapeute* [femmel] • **PT** *terapeuta* [mulher] **Beispill** meng Therapeutin hëlleft mer, mech mengen Ängschten ze stellen

1 Männlech Form: **↗**Therapeut

Thérapie [terap'i:] Femininum (Pluriel Therapien) **DE** *Therapie* • **FR** *traitement, thérapeutique, thérapie* • **EN** *therapy* [treatment] • **PT** *tratamento, terapêutica, terapia* **Beispill** déi nei Therapie huet dem Kranken nees Mutt gemaach; et gëtt speziell Therapië fir Alkoholiker; weinst menger Depressioun sinn ech an Therapie

Thermalbad [tɛrm'a:lba:t] Neutrum (Pluriel Thermalbieder) **DE** *Thermalbad* [Kurort] • **FR** *station thermale* • **EN** *thermal spa* • **PT** *estância termal* **Beispill** d'Doktesch huet mer eng Kuer vun dräi Wochen an engem Thermalbad verschriwwen

Thermalquell [tɛrm'a:lkwæl] Femininum (Pluriel Thermalquellen) **DE** *Thermalquelle* • **FR** *source thermale* • **EN** *thermal spring* • **PT** *fonte termal* **Beispill** a vulkanesche Géigende gëtt et vill Thermalquellen; d'Waasser vun dëser Thermalquell hëlleft bei Hautkrankheeten

thermesch [t'ɛrməʃ] Adjektiv **DE** *thermisch* • **FR** *thermique* <Adverb thermiquement> • **EN** *thermal* <Adverb thermally> • **PT** *térmico* <Adverb termicamente> **Beispill** mat enger gudder thermescher Isolatioun vum Haus spuert ee vill Energie; eis Fassad an eisen Daach goufen thermesch isoléiert

Thermik [t'ɛrmik] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Thermik* • **FR** *courants thermiques* • **EN** *thermal* • **PT** *correntes térmicas* **Beispill** d'Aadler profitéiere vun der Thermik fir ze seegelen

Thermometer Maskulinum (Pluriel Thermometere) - Variant vun **↗**Thermometer

Thermometer [tɛrmom'e:tə] Maskulinum (Pluriel Thermometere) **DE** *Thermometer* • **FR** *thermomètre* • **EN** *thermometer* • **PT** *termómetro* **Beispill** haut gëtt et schéinen Dag, den Thermometer weist de Muere schonn 20 Grad; mat de modernen Thermometere gëtt d'Féiwier am Ouer gemooss

Thermosfläsch [t'ɛrmɔ:sflæʃ] Femininum (Pluriel Thermosfläschchen) **DE** *Thermosflasche* • **FR** *(bouteille) thermos* • **EN** *thermos (flask), vacuum flask* • **PT** *termo(s) [garrafa térmica]* **Beispill** beim Picknick hu mir eis Kaffi aus enger Thermosfläsch erausgeschott

Thermostat [tɛrmost'a:t] Maskulinum (Pluriel Thermostaten / Thermostater) **DE** *Thermostat* • **FR** *thermostat* • **EN** *thermostat* • **PT** *termostato* **Beispill** den Thermo-

stat vun eiser Heizung muss virum Wanter ersat ginn

Thillsmillen [tilsm'ɪlən] Eegennumm **DE** *Thillsmillen* • **FR** *Thillsmillen* • **EN** *Thillsmillen* • **PT** *Thillsmillen* **Beispiller** ech wunnen op der Thillsmillen; fiert dëse Bus op d'Thillsmillen?

Thimphu Eegennumm **DE** *Thimphu* • **FR** *Thimphu* • **PT** *Timbu* **Beispill** Thimphu ass d'Haaptstad vum Bhutan

Thon [tɔː] Maskulinum (Pluriel Thonen) **1.** **DE** *Thunfisch* [Tier] • **FR** *thon* [animal] • **EN** *tuna* [animal] • **PT** *atum* [animal] **Beispill** d'Bestänn vum Thon si weltwäit zeréckgaangen **2.** **DE** *Thunfisch* [Nahrungsmittel] • **FR** *thon* [aliment] • **EN** *tuna* [food] • **PT** *atum* [aliment] **Beispiller** ech hunn ëmmer e puer Béchsen Thon op Reserv; ech wollt Sushi maachen, bréng frëschen Thon mat!

Thora [t'ɔːraː] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Thora* [mosaisches Gesetz] • **FR** *Torah* [loi de Moïse] • **EN** *Torah* [Mosaic law] • **PT** *Torá* [lei de Moisés] **Beispill** eise Bouf huet haut an der Synagog aus der Thora virgelies **2.** (Pluriel Thoraen) **DE** *Thora* [Exemplar] • **FR** *torah* [exemplaire] • **EN** *Torah* [copy, scroll] • **PT** *Torá* [exemplar] **Beispill** ech hu mer an der Librairie eng Thora op Franséisch bestallt

Thorium [t'ɔːrɪjəm] Maskulinum (kee Pluriel) Chimie **DE** *Thorium* [chemisches Element] • **FR** *thorium* [élément chimique] • **EN** *thorium* [chemical element] • **PT** *tório* [elemento químico] **Beispill** d'Element Thorium gehéiert zum Grupp vun den Actinoiden

Thorshéngchen [t'ɔːrshɛŋçən] Neutrum (Pluriel Thorshéngercher) Phalaropus fulicarius **DE** *Thorshühchen* • **FR** *phalarope à bec large* • **EN** *red phalarope* • **PT** *falaropo-de-bico-grosso* **Beispill** wéi laang bréien d'Thorshéngercher?

Thriller [θ'ɪlɛ] Maskulinum (Pluriel Thrilleren) **DE** *Thriller* • **FR** *thriller* • **EN** *thriller* • **PT** *thriller* **Beispiller** ech hu vu menger Fräizäit profitéiert, fir e Thriller ze liesen; am Ament lafen e puer gutt Thrilleren am Kino

Thrombos [tʁomb'oːs] Femininum (Pluriel Thrombosen) **DE** *Thrombose* • **FR** *thrombose* • **EN** *thrombosis* • **PT** *trombose* **Beispill** no Operatiounen a wann e Patient laang Zäit muss leien, kann en eng Thrombos kréien

Thulium [t'uːljəm] Maskulinum (kee Pluriel) Chimie **DE** *Thulium* [chemisches Element] • **FR** *thulium* [élément chimique] • **EN** *thulium* [chemical element] • **PT** *túlio* [elemento químico] **Beispill** d'Element Thulium gehéiert zum Grupp vun de Lanthanoiden

Toun [təʊn] Maskulinum **1.** (Pluriel Téin) **DE** *Ton* [Schwingung der Luft, Klang] • **FR** *son* [vibration acoustique], *ton* [en musique] • **EN** *sound* [vibration of the air], *tone* [pitch], *note* [of music] • **PT** *som* [vibração acústica], *tom* [em música] **Beispiller** déi héich **Téin** di mer wéi an den Queren; eisen Dirigent héiert déi falsch **Téin** direkt eraus; d'Klarinett muss gestëmmt ginn, se ass bal en hallwen **Toun** ze déif; den Organist gétt den **Toun** un [den Organist gétt déi éischt Nout vum Stéck un]; dee späitz déck **Téin** [égs] [deem téint vill]; doheem gétt mäi Papp den **Toun** un [égs] [doheem ass et mäi Papp, deen decidéiert]; mat dësen zwee Knäppercher reegels de den **Toun** vun der Tëlee [mat dësen zwee Knäppercher reegels de de Volume vun der Tëleel **2.** (kee Pluriel) **DE** *Ton* [eines Films, einer Sendung] • **FR** *son* [d'un film, d'une émission] • **EN** *sound* [on a film] • **PT** *som* [de um filme, de uma emissão] **Beispiller** während dem Film ass den **Toun** op eemol ausgefall; Bild an **Toun** sinn net synchron **3.** (Pluriel Téin) **DE** *Laut, Ton* • **FR** *son* [bruit] • **EN** *sound* [noise] • **PT** *som* [ruído] **Beispiller** wéi d'Direktesch erakoum, huet een am Klassessall keen **Toun** méi héieren; de Verletzten huet keen **Toun** méi vun sech ginn **Synonym** **Laut** **4.** (kee Pluriel) **DE** *Ton, Tonfall* [Ausdrucksweise] • **FR** *ton* [façon de s'exprimer] • **EN** *tone* [of voice] • **PT** *tom* [maneira de se exprimir] **Beispiller** schwätzt net an esou engem aggressiven **Toun** mat mir!; d'Elteren hunn um **Toun** vum Jong senger Mail gemierkt, datt e géif verlaangere; vun haut u schloen ech en aneren **Toun** un [égs] [vun haut u sinn ech méi streng]; den **Toun** mécht d'Musek [égs] [et kënnt net nëmmen drop un, wat ee seet, mee och, wéi een et seet]; ech bedauern, datt ech mech am **Toun** vergraff hunn [égs] [ech bedauern, datt ech mech an engem **Toun** ausgedréckt hunn, deen net ubruecht war] **Synonym** **Tounfall** **5.** (Pluriel Téin) **DE** *Ton* [Farbton]

• **FR** *ton, teinte* [de couleur] • **EN** *tone, shade* [colour] • **PT** *tom, matiz, cambiante* [de cor] **Beispiller** ech sichen eng brong Posch, déi genee am **Toun** vu menge Schong ass; dee Moler benotzt nëmmen duuss **Téin** a sengen Tabloen **6.** zum gudden **Toun** gehéieren **DE** *zum guten Ton* gehören • **FR** *être de bon ton* • **EN** *to be good form* • **PT** *ser de bom-tom* **Beispill** fréier huet et zum gudden **Toun** gehéiert, datt d'Dammen en Hutt ophaten, wann se an d'Mass gaange sinn

Tounaart [t'əʊna:ɾt] Femininum (Pluriel Tounaarten) **DE** *Tonart* [eines Musikstücks] • **FR** *ton, tonalité* [d'un morceau de musique] • **PT** *tom, tonalidade* [de um trecho musical] **Beispill** am drëtte Saz ännert d'Tounaart vum Museksstéck

Tounband [t'əʊnbant] Neutrum (Pluriel Tounbänner) **DE** *Tonband* • **FR** *bande magnétique* • **EN** *audio tape, magnetic tape* • **PT** *fitá magnética* **Beispill** déi al **Tounbänner** ginn digitaliséiert, fir datt d'Opnamen net verluer ginn

Tounband [t'əʊnbant] Maskulinum (Pluriel Tounbänner) **DE** *Tonbandgerät* • **FR** *magnétophone* • **EN** *tape recorder* • **PT** *gravador, magnetofone* **Beispill** an der Zäit hunn ech d'Musek vum Radio mam **Tounband** opgeholl

Tounfall [t'əʊnfal] Maskulinum (Pluriel Tounfäll) **DE** *Ton, Tonfall* [Ausdrucksweise] • **FR** *ton* [façon de s'exprimer] • **EN** *tone of voice* • **PT** *tom* [maneira de se exprimir] **Beispiller** schwätzt net an esou engem aggressiven **Tounfall** mat mir!; d'Riednerin ass no der Ënnerbriechung an deem selwechte langweiligen **Tounfall** weidergefuer **Synonym** **Toun**

Tounfilm [t'əʊnfilm] Maskulinum (Pluriel Tounfilmer) **DE** *Tonfilm* • **FR** *film parlant, film sonore* • **PT** *filme sonoro, fonofilme* **Beispill** am Kader vum Filmfestival gétt den Owend en historeschen **Tounfilm** aus den Zwanzegerjore gewisen

Tounfolleg Femininum (Pluriel Tounfolgen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Tounleeder Femininum (Pluriel Tounleederen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Tounstudio [t'əʊnstu:djo:] Maskulinum (Pluriel Tounstudioen) **DE** *Tonstudio* • **FR** *studio d'enregistrement* • **EN** *recording studio* • **PT** *estúdio de som* **Beispiller** eisen **Tounstudio** ass mat modernster Technik ekipéiert; d'Band war haut de ganzen Dag am **Tounstudio**, fir Opnamen ze maachen

Tountechniker [t'əʊntæknikə] Maskulinum (Pluriel Tountechniker) **DE** *Tontechniker* • **FR** *ingénieur du son* • **EN** *sound engineer* • **PT** *técnico de som* **Beispill** den **Tountechniker** spillt eng wichteg Roll bei der Produktioun vun engem Film

i Weiblech Form: **Tountechnikerin**

Tountechnikerin [t'əʊntæknikərin] Femininum (Pluriel Tountechnikerinnen) **DE** *Tontechnikerin* • **FR** *ingénieur du son* [femme] • **PT** *técnica de som* **Beispill** als **Tountechnikerin** schaffen ech oft op Museksfestivallen

i Männlech Form: \nearrow Tountechniker

toupéieren [tup'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé toupéiert) » **transitiv** DE *toupiieren* • FR *crêper* [les cheveux] • EN *to backcomb* • PT *ripar* [o cabelo] **Beispill** ech brauch ëmmer vill Zäit, fir mer d'Hoer ze toupéieren

Toupet [t'upe:] Maskulinum 1. (Pluriel Toupeten) DE *Toupet* • FR *postiche* • EN *toupee* • PT *cabelo postigo* **Beispill** et huet nach ni ee gemierkt, datt hien en Toupet um Kapp huet **Synonym** Postiche 2. (kee Pluriel) DE *Unverfrorenheit, Dreistigkeit* • FR *toupet* [lefronterie, hardiesse] • EN *cheek, nerve, gall* • PT *descaramento, atrevimento* **Beispiller** wat huet dee Borscht en Toupet!; fir dem President an d'Ried ze falen, muss ee schonn Toupet hunn! **Synonym** Culot

Tour [tu:ɔ] Maskulinum 1. (Pluriel Tier) DE *Runde* [lauf einer Rundstrecke] • FR *tour* [parcours (en boucle)] • EN *lap, circuit* • PT *volta* [percurso (circular)] **Beispiller** fir sech waarm ze maachen, sinn d'Sportler fënnef Tier op der Pist gelaf; mäi Bop schneit all Kéier e Krack a säi Reesbengel, wann en den Tour vum Stauséi gemaach huet; an eiser Diskussioun hu mer den Tour vun der Fro nach net ganz gemaach [an eiser Diskussioun hu mer nach net all Aspekter vun der Fro duerchgeholl]; fir bei dech ze kommen, hunn ech missen e groussen Tour maachen [fir bei dech ze kommen, hunn ech missen e groussen Ëmwee maachen] 2. (Pluriel Tier) DE *dienstlicher Rundgang* • FR *tournee* [de service] • EN (delivery) *round* • PT *volta, giro* [de serviço] **Beispill** de Bréifdréier krut säin Tour haut net matzäit fäerdig **Synonym** Tournée 3. (Pluriel Tier) DE *Verkaufstour, Werbetour* • FR *tournee* [de vente, de promotion] • EN *round* [selling goods, promoting goods] • PT *tournee* [comercial, promocional] **Beispill** fréier sinn d'Bäcker reegelméisseg op den Tour gefuer **Synonym** Tournée 4. (Pluriel Tier) DE *Ausflug, Spaziergang, Abstecher* • FR *tour* [excursion, sortie] • EN *trip, turn, stroll* • PT *volta* [excursão, saída] **Beispiller** meng Eltere ginn dese Week-end en Tour maachen; nom Iesse maache mer en Tour iwuer d'Kiermes; mäi Bruder ass ëmmer um Tour ^[egs] [mäi Bruder ass ëmmer ënnerweel] 5. (Pluriel Touren) DE (organisierte) *Tour* [für Touristen] • FR *randonnée* [organisée] • EN (organised) *tour* [for tourists] • PT *circuito* (turístico), *passeio* [organizado] **Beispill** eisen Hotel proposéiert organiséiert Touren 6. (kee Pluriel) DE *Reihe* [in einer Reihenfolge] • FR *tour* [dans un ordre de succession] • EN *turn* [in a succession] • PT *vez, turno* **Beispiller** elo ass den Tour u mir; waart, bis de um Tour bass!; du këns och nach un den Tour, gedëlleg dech! 7. (Pluriel Tier) DE *Runde* [eines Wettkampfs, einer Meisterschaft, eines Turniers] • FR *tour* [d'une compétition, d'un championnat, d'un tournoi] • EN *round* [of a competition] • PT *volta* [de uma competição, de um campeonato, de um torneio] **Beispill** d'Lokalekipp ass an der Coupe en Tour weiderkomm **Synonym** Ronn 8. (Pluriel Tier) DE *Runde* [eines Spiels] • FR *tour* [d'un jeu] • EN *round* [of a game] • PT *jogada* [de um jogo] **Beispill** ech ka leider keng Kaart ausspillen, ech muss en Tour aussetzen **Synonym** Ronn 9. (Pluriel Tier) DE *Runde* [Zeitspanne] • FR *tour* [durée déterminée] • EN *round* [period of time] • PT *volta* [tempo determinado] **Beispiller** wann ech zéng Tier gedantz hunn, sinn ech ausser Otem; ech gi matzäit schlofen, ech hu muer de laangen Tour lech

gi matzäit schlofen, ech schaffe muer zwou Schichten hannereneen] **Synonym** Ronn 10. (Pluriel Tier) DE *Tour* [Radrennen] • FR *tour* [compétition cycliste] • EN *cycle race* • PT *volta* [competição de ciclismo] **Beispill** net vill Coureure gewonnen zwee Tier an enger Saison **Synonym** Etappcourse 11. (Pluriel Tier) DE *Wahlgang* • FR *tour* [de scrutin] • EN *round* [of voting] • PT *volta* [de escrutínio] **Beispill** d'Presidentin gouf am eischten Tour erëmgewielt 12. (Pluriel Tier) DE *Umdrehung* [Drehung] • FR *tour* [de rotation] • EN *turn* [of rotation] • PT *volta* [rotação] **Beispill** dréi d'Schrauwen nach en hallwen Tour bäi! 13. (Pluriel Touren) DE *Tour, Umdrehung* [eines Motors] • FR *tour* [d'un moteur] • EN *revolution* [of an engine] • PT *rotação* [de um motor] **Beispiller** bei héijgen Toure verbrauchen d'Autoe méi Bensinn; d'Maschinn leeft op vollen Touren [d'Maschinn gétt maximal be-laascht]; d'Produktioun leeft op vollen Touren [d'Produktioun ass maximal ausgelaascht]; mueres brauch ech laang, bis ech op Toure kommen ^[egs] [mueres brauch ech laang, bis ech fit sinn] 14. DE *Töpferscheibe* • FR *tour* [du potier] • EN *potter's wheel* • PT *torno* [do oleiro] **Beispill** dem Aulebäcker säin Tour gétt iwuer e Käilrimm ugedriwwen **Synonym** Scheif 15. DE *Streich* [Schabernack] • FR (mauvais) *tour* [lentourloupe] • EN *trick* [prank] • PT *brincadeira* (de mau gosto), *partida* **Beispill** meng topeg Aarbechtskolleegen hu mer e bëisen Tour gespilt 16. (kee Pluriel) DE *Weite, Stoffumfang* [eines Kleids, eines Vorhangs] • FR *ampleur* [d'un vêtement, d'un rideau] • EN *fullness* [of a dress, of curtains] • PT *roda* [de uma roupa] **Beispill** der Braut hiert Kleed hat vill Tour

Tourette [tuɾ'æt] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Tourette-Syndrom* • FR *syndrome de (Gilles de La) Tourette, maladie de (Gilles de La) Tourette* • EN *Tourette's syndrome, Tourette's* • PT *síndrome de Tourette* **Beispill** ee méiglecht Symptom bei Tourette ass, wann de Patient, op zwinghaft Manéier, obszön Ausdréck haart seet **Synonym** Tourette-Syndrom

Tourette-Syndrom [tuɾ'ætsindrɔ:m] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Tourette-Syndrom* • FR *syndrome de (Gilles de La) Tourette* • EN *Tourette's syndrome* • PT *síndrome de (Gilles de La) Tourette* **Beispill** ee méiglecht Symptom beim Tourette-Syndrom ass, wann de Patient, op zwinghaft Manéier, obszön Ausdréck haart seet **Synonym** Tourette

Tourismus [tuɾ'ismus] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Tourismus* • FR *tourisme* [secteur d'activité] • EN *tourism* • PT *turismo* [setor de atividade] **Beispiller** déi ganz Géigend leeft vum Tourismus; d'Regierung wëllt den Tourismus am Norde vum Land fërderen

Tourist [tuɾ'ist] Maskulinum (Pluriel Touristen) DE *Tourist* • FR *touriste* • EN *tourist* • PT *turista* **Beispiller** den Tourist huet op senger Rees eng Onmass Fotoe gemaach; déi Region zitt vill Touristen un

i Weiblech Form: \nearrow Touristin

Touristenattraktioun [tuɾ'istənatraksjəʊn] Femininum (Pluriel Touristenattraktiounen) DE *Touristenattraktion* • FR *attraction touristique* • EN *tourist attraction* • PT *atração turística* **Beispill** d'Relève vun der Gard virum Palais ass eng Touristenattraktioun

Touristenzuel [tʊr'istəntsʊəl] Femininum (Pluriel Touristenzuelen) **DE** Touristenzahl • **FR** nombre de touristes • **EN** number of tourists • **PT** número de turistas **Beispiller** wann déi erlaabt Touristenzuel erreecht ass, gëtt kee méi an de Musée eragelooss; d'Hoteliere waren déck zefridde mat deenen héijen Touristenzuele vum leschte Summer

Touristesaison [tʊr'istəsɛːzɔː] Femininum (Pluriel Touristesaisonen) **DE** Hochsaison [im Tourismus] • **FR** haute saison [du tourisme] • **EN** high season • **PT** época alta [do turismo] **Beispiller** wann d'Wieder schéi bleibt, gëtt et eng gutt Touristesaison; an der Touristesaison begéint een elauter Campingsleit am Supermarché

touristesesch [tʊr'istəʃ] Adjektiv **DE** touristisch • **FR** touristique <Adverb d'un point de vue touristique> • **EN** tourist <Adverb touristically> • **PT** turístico <Adverb do ponto de vista turístico> **Beispiller** d'Land investéiert vill an d'touristesesch Infrastrukturen; d'Relève vun der Gard virum Palais ass eng touristesch Attraktioun; verschidde Géigenden am Land sinn touristesch ënnerentwéckelt

Touristin [tʊr'istin] Femininum (Pluriel Touristinnen) **DE** Touristin • **FR** touriste [femme] • **PT** turista [mulher] **Beispill** d'Touristin huet op hiren Rees vill Fotoe gemacht

i Männlech Form: ↗Tourist

Tournage Maskulinum (Pluriel Tournagen) **DE** Dreh [eines Films, einer Reportage], Dreharbeiten • **FR** tournage [d'un film, d'un reportage] • **PT** rodagem, filmagem [de um filme, de uma reportagem] **Beispiller** d'Stuntfra huet sech beim Tournage vun engem Actionfilm den Aarm gebrach; den Tournage vun där Reportage huet e puer Deeg gedauert **Synonymmen** Dréi, Dréiaar-bechten

Tournée [t'urneː] Femininum (Pluriel Tournéeën) **1. DE** Tournee • **FR** tournée [d'artiste(s)] • **EN** tour [of a performer] • **PT** digressão, tournée [de artista(s)] **Beispiller** no enger längerer Ënnerbriechung vun senger Tournée ass de Sänger gëschter fir d'éischt erëm opgetrueden; den Artist huet d'Tournée wéinst senger schlechter Gesondheet missen ofbriechen; d'Band ass schonn zënter véier Méint op Tournée **2. DE** dienstlicher Rundgang • **FR** tournée [de service] • **EN** round [delivering goods] • **PT** volta, giro [de serviço] **Beispill** de Bréifdréier krut seng Tournée haut net matzäit fäerdeg **Synonym** Tour **3. DE** Verkaufstour, Werbetour • **FR** tournée [de vente, de promotion] • **EN** round [selling goods, promoting goods] • **PT** tournée [comercial, promocional] **Beispill** fréier sinn d'Bäcker reegelméisseg op Tournée gefuer **Synonym** Tour **4. DE** Runde [freie Getränke] • **FR** tournée [consommations offertes] • **EN** round [of drinks] • **PT** rodada [de bebidas] **Beispiller** den Trainer huet der Ekip eng Tournée bezuelt; si huet sech net huele gelooss an zwou Tournéeën ginn

Tournevis [tʊrnəv'is] Maskulinum (Pluriel Tournevisen / Tournevisser) **DE** Schraubenzieher • **FR** tournevis • **EN** screwdriver • **PT** chave de fendas **Beispill** ech hunn net de richtegen Tournevis, fir déi Schrauben unzezeien **Synonym** Schraubenzéier

Tournoi [t'urnwɑ] Maskulinum (Pluriel Tournoien) **DE** Turnier [Sportwettkampf] • **FR** tournoi [compétition sportive] • **EN** tournament • **PT** torneio [competição desportiva] **Beispill** déi jonk Tennispillerin huet hiren éischten Tournoi gewonnen **Synonym** Turnéier

Tournure [tʊrn'yːR] Femininum (Pluriel Tournuren) **1. DE** Wendung [Verlauf] • **FR** tournure [évolution] • **EN** turn [development] • **PT** desenvolvimento [evolução], reviravolta **Beispill** d'Affär krut eng onerwaart Tournure, wéi d'Police Droge beim Verdächtege fonnt huet **Synonym** Wendung **2. DE** Wendung [Redewendung] • **FR** tournure [expression] • **EN** turn of phrase, expression • **PT** expressão [locução] **Beispill** deen Auteur huet eng Virleift fir vereeltz Tournuren **Synonym** Wendung

Toussaintsmillen [t'usɛːsmilən] Eegennumm **DE** Toussaintsmillen • **FR** Toussaintsmillen • **EN** Toussaintsmillen • **PT** Toussaintsmillen **Beispiller** ech wunnen op der Toussaintsmillen; fiert dëse Bus op d'Toussaintsmillen?

toxesch [t'oksəʃ] Adjektiv **DE** toxisch [giftig] • **FR** toxique • **EN** toxic • **PT** tóxico **Beispill** toxesch Substanze gehéieren net an eng Kichen **Synonym** gëfteg

Toxoplasmos [toksoplasm'oːs] Femininum (kee Pluriel) **DE** Toxoplasmose • **FR** toxoplasmose • **EN** toxoplasmosis • **PT** toxoplasmose **Beispill** wann eng Fra an der Schwangerschaft d'Toxoplasmos krit, kann dat zu schwéiere Komplikatoune féieren

Toz [toːts] Femininum (Pluriel Tozen) **égs** **pejorativ** **DE** (dumme) Kuh, (dumme) Gans • **FR** cruche, conne [femme] • **EN** (silly) cow, (silly) goose • **PT** parvalhona, idiota [mulher] **Beispiller** déi Toz soll sech net méi hei weisen!; ech hu frëndlech gefrot, mee déi domm Toz war net emol amstand, mer ze äntweren; wat ass dat doten eng (domm) Toz! **Synonym** Kou

tozen [t'oːtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getoozt) » **intransitiv** **égs** **DE** plaudern, schwatzen [sich unterhalten] • **FR** bavarder [parler] • **EN** to chat • **PT** cavaquear **Beispill** mir souzen de ganze Mëtteg an der Stuff bei enger Taass Kaffi ze tozen

Traatsch [traːtʃ] Femininum (Pluriel Traatschen) **1. égs** **DE** Tratsche • **FR** pipelette, commère • **EN** gossip (monger) • **PT** bisbilhoteira, mexeriqueira **Beispill** géi där Traatsch léiwer aus de Féiss! **Synonym** Klaatsch **2. égs** **DE** Schlunze, Vettel • **FR** femme négligée, fainéante • **EN** slob, slattern • **PT** mondonga, mandriona **Beispill** déi Traatsch läit mueres nach um eelef Auer am Bett!

Traatsch [traːtʃ] Maskulinum (kee Pluriel) **égs** **DE** Tratsch • **FR** commérage • **EN** gossip • **PT** bisbilhotice, coscuvilhice **Beispill** mäi Coiffer weess ëmmer deen neisten Traatsch **Synonym** Klaatsch

traatscheg [tr'aːtʃɛç] Adjektiv **DE** klatschsüchtig • **FR** cancanier, médisant • **PT** bisbilhoteiro, coscuvilheiro **Beispill** dat, wat s de eiser traatscheger Nopesch verziels, weess kuerz drop dat ganzt Duerf

traatschen [tr'aːtʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getraatscht) » **intransitiv** **égs** **DE** schwatzen, plappern, tratschen • **FR** papoter, cancaner, faire des commérages • **EN** to gossip • **PT** tagarelar, bisbilhotar, coscuvilhar **Beispill** déi zwou Nopesche stinn erëm

virun der Dier ze traatschen

traatschen [tr'a:tʃən] Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé getraatscht) » **intransitiv** [ëgs] **DE** *latschen* [*gehen*] • **FR** *marcher* [*pesamment*], *se trainer* • **EN** *to shuffle* [*to drag one's feet*] • **PT** *caminhar* [*pesadamente*], *arrastar-se* **Beispiller** traatsch dach net mat denge fonkelneie Schong duerch de Bullil; du kënns do getraatscht ewéi en ale Mann **Synonym** laatschen

Trabb [trɑp] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Trab* • **FR** *trot* • **EN** *trot* • **PT** *trote* **Beispiller** am Schrétt leeft d'Päerd normal, mee am Trabb ass et schlamm; d'Enkelkanner halen de Bop ëmmer op Trabb [ëgs] [d'Enkelkanner suergen derfir, datt de Bop ëmmer beschäftegt ass]; déi déck Commande huet de ganze Betrib op Trabb bruecht [ëgs] [duerch déi déck Commande huet am Betrib vill misse geschafft ginn]

Trac Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

tracasséieren [trɑkɑs'zɪəʀən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé tracasséiert) » **transitiv** **DE** *plagen* [*Sorgen bereiten*] • **FR** *tracasser* [*causer du souci à*] • **EN** *to worry*, *to bother* • **PT** *atormentar*, *preocupar* **Beispill** wann eppes dech tracasséiert, da schwätzt mat mer driwwer!

Tracé [tr'ase:] Maskulinum (Pluriel Tracéen) **DE** *Verlauf* [*geografisch*, *topografisch*] • **FR** *tracé* [*géographique*, *topographique*] • **EN** *course*, *line* [*topographical*, *geographical*] • **PT** *traçado* [*geográfico*, *topográfico*] **Beispiller** op dëser Kaart gesäit een den Tracé vun der Rennstreck; den Tracé vun der Grenz ass ëmstridden **Synonym** Verlaf

Trace Femininum (Pluriel Tracen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

tracéieren [trɑs'zɪəʀən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé tracéiert) » **transitiv** **DE** *tracken* • **FR** *tracer* [*suivre le parcours de*] • **EN** *to track* • **PT** *rastrear* [*seguir o percurso de*] **Beispill** ass et méiglech, d'Leit iwwer hiren Handy ze tracéieren? **Synonym** tracken

Trach [trɑχ] Maskulinum (Pluriel Träch) **1.** **DE** *Trog* [*Futtertrog*] • **FR** *auge* [*pour animaux*] • **EN** (*feeding*) *trough* • **PT** *pia* [*para animais*] **Beispill** d'Schwäi sti beim Trach ze friessen **2.** **DE** *Trog* [*Waschtrog*] • **FR** *bac à laver* [*en pierre*] • **EN** (*washing*) *trough* • **PT** *tanque* [*de lavar roupa*] [*em pedra*] **Beispill** d'hallef Wäsch ass nach am Trach

Tracheotomie [trɑkeotom'i:] Femininum (Pluriel Tracheotomien) **DE** *Luftröhrenschnitt* • **FR** *trachéotomie* • **EN** *tracheotomy*, *tracheostomy* • **PT** *traqueotomia* **Beispill** a rare Fäll kréie Kriibspatienten eng Tracheotomie gemaach, fir d'Ootmung ze garantéieren

Tracing [tʻɹɪsɪŋ] Maskulinum (Pluriel <seelen> Tracingen) **DE** *Tracing* • **FR** *traçage*, *suivi de contact* • **PT** *rastreamento* [*de contactos*] **Beispill** duerch e konsequente Tracing wëllen d'Autoritéiten d'Kontakter vun engem Infizéierte genee kënnen novollzéien **Synonym** Contacttracing

Tracingapp [tʻɹɪsɪŋgæp] Maskulinum (Pluriel Tracingappen) **DE** *Tracing-App* • **FR** *appli de traçage*, *ap-*

pli de suivi de contact • **PT** *app de rastreamento* [*de contactos*] **Beispill** kéint eng Tracingapp hëllefen, fir d'Pandemie an de Grëff ze kréien? **Synonym** Trackingapp

Tracing-App [tʻɹɪsɪŋgæp] Maskulinum (Pluriel Tracing-Appen) - Variant vun ↗Tracingapp

tracken [tʻæ:kən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé getrackt) » **transitiv** **DE** *tracken* • **FR** *tracer* [*suivre le parcours de*] • **EN** *to track* • **PT** *rastrear* [*seguir o percurso de*] **Beispill** ass et méiglech, d'Leit iwwer hiren Handy ze tracken? **Synonym** tracéieren

Tracking [tʻæ:kɪŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Tracking* • **FR** *traçage*, *suivi de contact* • **EN** *tracking* • **PT** *rastreamento* [*de contactos*] **Beispill** beim Tracking vun de Leit muss een drop Uecht ginn, datt net géint den Dateschutz verstouss gëtt

Tracking-App [tʻæ:kɪŋgæp] Femininum (Pluriel Tracking-Appen) - Variant vun ↗Trackingapp

Trackingapp [tʻæ:kɪŋgæp] Femininum (Pluriel Trackingappen) **DE** *Tracking-App* • **FR** *appli de traçage*, *appli de suivi de contact* • **EN** *tracking app* • **PT** *app de rastreamento* [*de contactos*] **Beispill** kéint eng Trackingapp hëllefen, fir d'Pandemie an de Grëff ze kréien?

Tract [trakt] Maskulinum (Pluriel Tracten) **DE** *Flugblatt* • **FR** *tract* • **EN** *leaflet*, *flyer* • **PT** *folheto*, *panfleto* **Beispill** d'Aktivisten hunn an der Foussgängerzon Tracte verdeelt

traditionell [tradɪtsj'on'æ:l] Adjektiv **DE** *traditionell* • **FR** *traditionnel* • **EN** *traditional* • **PT** *tradicional* **Beispiller** an dësem klenge Betrib gëtt den Olivenueleg op eng traditionell Aart a Weis gepresst; am Summer organiséiert eise Club nees säin traditionelle Picknick

Traditioun [tradɪsɪ'øʊn] Femininum (Pluriel Traditionen) **DE** *Tradition* [*Brauch*] • **FR** *tradition* [*coutume*] • **EN** *tradition* [*custom*] • **PT** *tradição* [*costume*] **Beispiller** an där Géigend bestinn nach Traditionen, déi anerwäerts scho laang vergiess sinn; d'Chrëschtfeier vun eise Betrib ass schonn (eng) Traditioun; Allerhellege gi vill Leit just aus Traditioun op d'Griewer

Traditionsbetrib [tradɪsɪ'øʊnsbətʀi:p] Maskulinum (Pluriel Traditionsbetriber) **DE** *Traditionsunternehmen* • **FR** *entreprise de longue tradition* • **EN** *old-established business*, *company with a long tradition* • **PT** *empresa de longa tradição* **Beispill** eisen Traditionsbetrib fabrizéiert nach hëlze Spillsaachen

traditionsgeméiss Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Traduction [trɑdyksj'øʊn] Femininum (Pluriel Traductionen) **1.** **DE** *Übersetzung* [*das Übersetzen*] • **FR** *traduction* [*action de traduire*] • **EN** *translation*, *translating* • **PT** *tradução* [*ato de traduzir*] **Beispill** fir d'Traduction vun deem Text geet eng Stonn net duer **Synonym** Iwwersetzung **2.** **DE** *Übersetzung* [*übersetzter Text*] • **FR** *traduction* [*texte traduit*] • **EN** *translation* [*translated text*] • **PT** *tradução* [*texto traduzido*] **Beispill** wéi vill Traductione vun der Bibel gëtt et eigentlech? **Synonym** Iwwersetzung

Traffo [tr'afɔ:] Maskulinum (Pluriel Traffoen) **DE** *Trafo* • **FR** *transformateur* • **EN** *transformer* • **PT** *transformador*
Beispill fir d'Stroumspannung ze änneren, hëlt een en Traffo

Trafic [traf'ik] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun
 ↗Trafick

Trafick [traf'ik] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Verkehr* [*Straßenverkehr*] • **FR** *trafic* [*circulation*] • **EN** *traffic* • **PT** *trânsito* [*rodoviário*], *tráfego* [*rodoviário*] **Beispill** géint fënnef Auer nomëttes ass ëmmer dëcken Trafick an der Stad **Synonym** Verkëier

trafikéieren [trafik'ɛiəɐn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé trafikéiert) » **transitiv** **DE** *frisieren*, *manipulieren* • **FR** *trafiquer*, *truquer* • **PT** *alterar*, *manipular*, *falsificar* **Beispiller** de Mecanicien huet den Tacho vum Auto trafikéiert; de Parquet enquêtéiert géint eise Comptabel, well e verschidde Bilane soll trafikéiert hunn

träg [trɛ:ç] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Tragedie [traʒed'i:] Femininum (Pluriel Tragedien)
1. **[gehuewen]** **DE** *Tragödie* [*Ereignis*] • **FR** *tragédie* [*événement*] • **EN** *tragedy* [*event*] • **PT** *tragédia* [*acontecimento*] **Beispill** dem Jong säi stënterlechen Doud war eng Tragedie fir d'ganz Famill **Synonymmen** Drama, Katastroph **2.** **DE** *Tragödie* [*Bühnenstück*] • **FR** *tragédie* [*pièce de théâtre*] • **EN** *tragedy* [*play*] • **PT** *tragédia* [*peça de teatro*] **Beispill** dee Regisseur ass bekannt fir seng modern Inzenéierunge vu klasseschen Tragedien

i Variant: Tragödie

Träger [trɛ:zɐ] Maskulinum (Pluriel Träger) **1.** **DE** *Träger* [*Balken*] • **FR** *poutre*, *poutrelle* [*en acier*] • **EN** *girder*, *beam* • **PT** *viga* [*de aço*] **Beispill** ouni déi eisen Träger wier d'Bréck net stabil **2.** **DE** *Träger* [*Person, Organisation, Institution*] • **FR** (*organisme*) *responsable* [*sur le plan financier*] • **EN** *financial provider* [*person, organization, institution*] • **PT** (*organismo*) *responsável* [*a nível financeiro*] **Beispill** eng Rei Klinicke sinn an der Hand vu reliësen Träger

tragesch [tr'a:gəʃ] Adjektiv **DE** *tragisch* [*erschütternd*] • **FR** *tragique* [*terrible*] • **EN** *tragic* [*distressing*] • **PT** *trágico* [*terrível*] **Beispiller** déi tragesch Evenementer hätte kënnen verhënnert ginn; de Weekend sinn drai jonk Leit op eng tragesch Aart a Weis ëm d'Liewe kumm; et ass net tragesch, wann der e bëssen ze spëit kommt **[ëgs]** [et ass net schlëmm, wann der e bëssen ze spëit kommt] **Synonym** dramatesch

Tragik [tr'a:gik] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Tragik* • **FR** (*caractère*) *tragique*, *caractère dramatique* • **EN** *tragic nature*, *tragedy* • **PT** (*caráter*) *trágico*, *caráter dramático* **Beispill** mir sinn eis der Tragik vun der Situatioun eréischt bewosst ginn, wéi et schon ze spëit war

tragikomesch [tra:gik'o:məʃ] Adjektiv **DE** *tragikomisch* • **FR** *tragicomique* • **EN** *tragicomic* • **PT** *tragicômico* **Beispill** eis Theatertrupp huet sech fir déi nächst Saison en tragikomescht Stéck erausgesicht

Tragödie [traʒ'ø:djə] Femininum (Pluriel Tragödien) - Variant vun ↗Tragedie

trainéieren [trɛ:n'ɛiəɐn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé trainéiert) » **transitiv** **1.** **DE** *trainieren*, *ausbilden* • **FR** *entraîner* [*préparer, former*] • **EN** *to train* [*to teach*] • **PT** *treinar* [*preparar, formar*] **Beispiller** wien trainéiert déi Jonk an Ärem Club?; fir mäi Geescht ze trainéieren, maachen ech all Dag e Kreuzworträtsel; dësen Hond ass extra drop trainéiert, fir Drogen ze fannen » **intransitiv** **2.** **DE** *trainieren*, *üben* • **FR** *s'entraîner* [*faire un entraînement*] • **EN** *to train* [*to practise, to exercise*] • **PT** *treinar*, *exercitar-se* **Beispiller** virum Championnat trainéiert den Turner all Dag stonnelaang um Barren; d'Zaldoten trainéiere grad fir hiren Asaz am Krisegebitt

Trainer [trɛ:nɐ] Maskulinum (Pluriel Traineren) **DE** *Trainer* • **FR** *entraîneur* [*sportif*] • **EN** *trainer* [*coach*] • **PT** *treinador* [*de desporto*] **Beispiller** den Trainer huet e Verteideger als Stiermer agesat; fir d'nächst Joer muss eise Fussballsveräin sech no engem neien Trainer ëmkucken

i Weiblech Form: ↗Trainerin

Trainerin [tr'ɛ:nərin] Femininum (Pluriel Trainerinnen) **DE** *Trainerin* • **FR** *entraîneuse* [*sportive*] • **EN** (*female*) *trainer* [*coach*] • **PT** *treinadora* [*de desporto*] **Beispill** meng Trainerin huet mer geroden, u menger Laftechnik ze feilen

i Männlech Form: ↗Trainer

Training [tr'ɛ:nɪŋ] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Training*, *Übung* • **FR** *entraînement*, *exercice* • **EN** *training*, *exercise*, *practice* • **PT** *treino*, *exercício* **Beispiller** d'Gewieckheet ass och eng Fro vun Training; ech brauch méi Training, fir nees a Form ze kommen; ech spillen den Ament net gär Schach, ech hu keen Training méi **2.** (Pluriel Trainingsen) **DE** *Training* [*Trainingsstunde*] • **FR** (*séance d'entraînement*) • **EN** *training* [*session*] • **PT** (*sessão de*) *treino* **Beispiller** a leschter Training léisst hien dacks den Training luppen; ech kann den Owend net mat an de Kino goen, ech hunn Training

Trainingsplang Maskulinum (Pluriel Trainingspläng) **DE** *Trainingsplan* • **FR** *plan d'entraînement* • **PT** *plano de treino* **Beispill** mat mengem neien Trainingsplang sinn ech geschwënn nees toppfit!

Trainingsterrain [tr'ɛ:nɪŋstɛrɛ:] Maskulinum (Pluriel Trainingsterrainen) **DE** *Trainingsplatz*, *Übungsplatz* • **FR** *terrain d'entraînement* • **EN** *pitch* [*for training*] • **PT** *terreno de treino* **Beispill** grous Veräiner kumm dacks méi ewéi een Trainingsterrain

Traintrain Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Train-train Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Traintrain

Träip [træ:ɪp] Femininum (Pluriel Träipen) **1.** (meeschtens Pluriel) **DE** *Gedärm* • **FR** *intestin(s)* • **EN** *bowel(s)* • **PT** *intestino(s)* **Beispiller** et ramouert a mengen Träipen, ech wäert jo keng Mogripp kréien!; eise Gank ass eppes ewéi eng laang Träip **[ëgs]** [eise Gank ass laang a schmuell; nom Iesse leeën ech mech gär e bëssen op d'Träip **[ëgs]** [nom Essen halen ech gär eng kleng Mëttesraschl!]; et ass net esou schlëmm, d'Träipe kommen nach net! **[ëgs]** [⇒ seet een am

Spaass zu engem Kand, dat sech liicht blesséiert huet] **Synonym** Gedäerms **2. DE** Blutwurst • **FR** boudin noir • **EN** black pudding • **PT** chouriço de sangue, morcela **Beispill** Äppelkompott passt gutt bei Träipen

Träipeverschléppung [tr'æ:ɪpəfe|'əpʊŋ] Femininum (Pluriel Träipeverschléppungen) **DE** Darmverschlingung • **FR** volvulus intestinal • **EN** twisted bowel, volvulus • **PT** vôlvulo intestinal **Beispill** vun enger Träipeverschléppung schwätzt een, wann den Daarm sech ëm sech selwer verdréit huet an ofgeklemmt gëtt

Trait d'union [trɛ:d'jɔ̃:] Maskulinum (Pluriel Trait-d'unionen) **DE** Bindestrich • **FR** trait d'union • **EN** hyphen • **PT** hifen **Beispill** tèschent déi zwee Wieder gëtt keen Trait d'union gesat **Synonym** Bindestréich

Traité [tr'ɛ:te:] Maskulinum (Pluriel Traitéen) **1. DE** Vertrag [internationales Abkommen] • **FR** traité [accord international] • **EN** treaty [agreement] • **PT** tratado [acordo internacional] **Beispill** eis Partei huet sech fir d'Ratifikatioun vum **Traité** ausgeschwat **Synonym** Vertrag **2. DE** Vertrag [Schriftstück] • **FR** traité [document] • **EN** treaty [document] • **PT** tratado [documento] **Beispill** am Musée ass d'Original vun deem wichtegen **Traité** ausgestellt **Synonym** Vertrag **3. DE** Abhandlung, Traktat • **FR** traité [ouvrage] • **EN** treatise, article, scientific paper • **PT** tratado [obra] **Beispill** hien huet a senger Bibliothéik déck **Traitéen** iwwer Physik stoen

traitéieren [trɛ:t'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé traitéiert) » **transitiv 1. DE** behandeln [um zu schützen, zu verbessern, haltbar zu machen] • **FR** traiter [dans le but de protéger, d'amender, de conserver] • **EN** to treat [with a substance] • **PT** tratar [com vista a proteger, a melhorar, a conservar] **Beispill** fir et ze schützen, **traitéiert** de Schräiner d'Holz mat engem speziellen Ueleg; eise Buedem ass ze sauer, e muss mat Kallek **traitéiert** ginn; ech iessen nëmmen Uebst, dat net **traitéiert** ass **Synonym** behandeln **2. DE** behandeln [umgehen mit, umspringen mit] • **FR** traiter [se conduire envers] • **EN** to treat [to behave towards] • **PT** tratar [comportar-se para com] **Beispill** an der Reception vum Hotel gouf ech **traitéiert** ewéi de leschten Eefalt **Synonym** behandeln **3. DE** behandeln [medizinisch] • **FR** traiter [médicalement] • **EN** to treat [medically] • **PT** tratar [medicamente] **Beispill** ech gouf weinst enger Mogripp **traitéiert** an ech hat e Moschwier! **Synonym** behandeln **4. DE** behandeln [besprechen] • **FR** traiter [étudier, aborder] • **EN** to treat [to discuss, to study] • **PT** tratar [estudar, discorrer sobre] **Beispill** hutt dir dëst Thema schonn an der Schoul **traitéiert**? **Synonym** behandeln **5. DE** verarbeiten [digitale Daten] • **FR** traiter [des données numériques] • **EN** to process [digital data] • **PT** tratar, processar [dados digitais] **Beispill** eisen Informatiker huet eng effizient Method ausgeschafft, fir d'Donnéen ze **traitéieren** **Synonymmen** veraarbechten, verschaffen

Traitement [trɛ:təm'ænt] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Traitementer) **DE** Behandlung [Therapie] • **FR** traitement [thérapie] • **EN** treatment [therapy] • **PT** tratamento [terapia] **Beispill** d'Traitement, dat d'Doktesch mer verschriwwen hat, huet séier gewierkt **Synonym** Behandlung

Traiteur [tr'ɛ:tœ:R] Maskulinum (Pluriel Traiteurs) **DE** Feinkosthändler • **FR** traiteur • **EN** delicatessen, traiteur • **PT** fornecedor de refeições finas, organizador de banquetes **Beispill** eisen **Traiteur** ass bekannt fir seng excellent Buffeten; mir loossen d'Iesse fir d'Kommioun vum **Traiteur** kommen

♀ Weiblech Form: ↗ Traiteuse

Traiteuse Femininum (Pluriel Traiteuses) **DE** Feinkosthändlerin • **FR** traiteuse • **PT** fornecedora de refeições finas, organizadora de banquetes

♂ Männlech Form: ↗ Traiteur

Trajectoire [traʒæktw'a:R] Femininum (Pluriel Trajectoires) **DE** Flugbahn, Umlaufbahn • **FR** trajectoire • **EN** trajectory • **PT** trajetória **Beispill** beim Bouschéissen huet de Wand e groussen Afloss op d'Trajectoire vum Feil; d'Rakéit ass liicht vun hirer **Trajectoire** ofkumm; den Astronom huet d'Trajectoirë vu verschiddene Planéite berechent **Synonym** Bunn

Trajet [tr'ɑʒe:] Maskulinum (Pluriel Trajets) **DE** Strecke, Weg • **FR** trajet [itinéraire] • **EN** route, itinerary • **PT** trajeto [itinerário] **Beispill** den **Trajet** iwwer d'Nieuwstroossen hëlt net méi Zäit ewéi deen iwwer d'Autobunn **Synonym** Faart

Trakt [trakt] Maskulinum (Pluriel Trakten) **DE** Trakt, Flügel • **FR** aile [d'un édifice] • **EN** wing [of a building] • **PT** ala [de um edifício] **Beispill** den neie Prisong ass an zwee Trakten ennerdeelt **Synonym** Flügel

Trakt [trakt] Maskulinum (Pluriel Trakten) - Variant vun ↗ Tract

traktéieren [trakt'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé traktéiert) » **transitiv** [ëgs] **DE** traktieren, bearbeiten • **FR** malmener, maltraiter • **EN** to ill-treat, to maltreat • **PT** molestar, maltratar **Beispill** an der Zäit huet de Schoulmeeschter d'Kanner mam Lineal **traktéiert**; ech hunn d'Dier esoulaang mat engem Hummer **traktéiert**, bis se opgaangen ass **Synonym** maltraitéieren

Trakter [tr'akte] Maskulinum (Pluriel Trakteren) **DE** Traktor, Schlepper • **FR** tracteur [agricole] • **EN** tractor • **PT** trator [agricola] **Beispill** den **Trakter** ass an e Feldwee agebéit; d'Wénzer hu speziell **Trakteren**, fir an de Wéngerten ze schaffen

Trallala Maskulinum (kee Pluriel)

♀ Hei entsteet en neien Artikel.

Tram [tram] Maskulinum (Pluriel Trammen) **1. DE** Straßenbahn [Zug] • **FR** tram [rame] • **EN** tram [vehicle] • **PT** (carro) elétrico **Beispill** de Mann konnt nach am leschte Moment op den **Tram** opsprangen; wéi laang dauert et, bis den nächsten **Tram** kënnt? **2. DE** Straßenbahn [Netz] • **FR** tram [réseau] • **EN** tram [network] • **PT** rede de (carros) elétricos **Beispill** mam neien **Tram** soll d'Mobilitéit an der Stad verbessert ginn

Trampel [tr'ampəl] Maskulinum (Pluriel Trampelen) [ëgs] **DE** Trampel • **FR** lourdaud, balourd, butor • **PT** desastrado, lórpa **Beispill** hoffentlech freet deen **Trampel** mech net, fir tanzen ze goen! **Synonymmen** Bëlles, Trampeldéier

Trampeldéier [tr'ampəldɛiə] Neutrum (Pluriel Trampeldéieren) **1. DE** *Trampeltier* [Kamel] • **FR** *chameau à deux bosses* • **PT** *camelo-bactriano* **Beispill** d'Dromedaren an d'Trampeldéiere sinn zoologesch gesi Kaméiler **2. [ëgs] DE** *Trampeltier* [Person] • **FR** *lourdaud, butor* • **EN** *clumsy oaf, clodhopper* • **PT** *desastrado, lorpa* **Beispill** hoffentlech freet dat **Trampeldéier** mech net, fir en Tour ze danzen! **Synonymmen** Bëlles, Trëllert

trampelen [tr'ampələn] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **getrampelt**) » **intransitiv 1. DE** *trampeln* [mit den Füßen stampfen] • **FR** *trépigner* [d'enthousiasme] • **EN** *to stamp one's feet* [in approval] • **PT** *bater com os pés* [de entusiasmo] **Beispill** am Zirkus hunn d'Leit vu Begeeschterung (mat de Féiss) **getrampelt** ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **getrampelt**) » **intransitiv 2. DE** *trampeln* [gehen] • **FR** *marcher en faisant du bruit, marcher sans égards* • **EN** *to stomp along, to stomp* • **PT** *caminhar ruidosamente, pisar sem cuidado* **Beispiller** trampel net esou duerch de Gank, du erwächs de Puppelchen!; d'Nopeschkanner si schonn erëm duerch eise Virgäertche **getrampelt**!

trampen [tr'æmpən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **getrampelt**) » **intransitiv DE** *reisen* [als Rucksacktourist] • **FR** *voyager* [en tant que routard] • **EN** *to travel* [as a backpacker] • **PT** *viajar de mochila às costas* **Beispill** déi zwee Kolleegen hu wëlles, e puer Méint duerch d'Welt ze trampen

Tramper [tr'æmpə] Maskulinum (Pluriel **Tramper**) **DE** *Tramper, Anhalter* • **FR** *routard* [qui voyage en auto-stop] • **EN** *hitch-hiker* • **PT** *viajante à boleia* **Beispill** ech huelen aus Prinzip keen **Tramper** mat

1 Weiblech Form: ↗ **Tramperin**

Tramperin [tr'æmpərin] Femininum (Pluriel **Tramperinnen**) **DE** *Tramperin, Anhalterin* • **FR** *routarde* [qui voyage en auto-stop] • **PT** *viajante à boleia* [mulher] **Beispill** d'lescht Joer sinn ech als **Tramperin** queesch duerch Amerika gereest

1 Männlech Form: ↗ **Tramper**

Trampolin [tr'ampolin] Maskulinum (Pluriel **Trampolinen** / **Trampolinner**) **DE** *Trampolin* • **FR** *trampoline* • **EN** *trampoline* • **PT** *trapolim* **Beispill** d'Kanner hunn sech de ganze Mëtteg um **Trampolin** ameséiert

Tramsschinn [tramsʃin] Femininum (Pluriel **Tramsschinnen**) **DE** *Straßenbahnschiene* • **FR** *rail de tramway* • **EN** *tramline* [track] • **PT** *carril de eléctrico* **Beispiller** et dauert ronn zwee Joer, fir d'**Tramsschinne** queesch duerch d'Stad ze leeën; pass op, datt s de net mam Vélo an d'**Tramsschinne** geréits!; hien huet Nerven ewéi (getrëtzten) **Tramsschinnen**! [hien ass net aus der Rou ze bréngen]

Trance [trã:s] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Trance* • **FR** *transe* [état second] • **EN** *trance, daze* • **PT** *transe* [estado de êxtase] **Beispill** beim Oprëtt vun deem bekannte Sänger waren d'Leit ewéi an **Trance**

Tranche [trã:ʃ] Femininum (Pluriel **Tranchen**) **1. DE** *Scheibe* [Schnitte] • **FR** *tranche* [morceau coupé] • **EN** *slice* [of food] • **PT** *fatia* [pedaço cortado] **Beispiller** als Entrée gouf et eng **Tranche** Fierkelsjelli; um Buffet war d'Ham an hauchdënn **Tranchë** geschnidden;

schneit der emol eng **Tranche** vun deem sengem Éiergäiz erof! [huel der deem säin Éiergäiz emol als **Beispill**!] **2. DE** *Tranche* [Teil einer Zahlung, einer Anleihe] • **FR** *tranche* [de paiement] • **EN** *instalment, tranche* • **PT** *parcela, tranche* [de pagamento] **Beispiller** de Subsid gëtt fir ee Joer geneemegt an an zwou **Tranchen** ausbezelt; an zwee Méint ass eng **Tranche** vum Index fälleg **3. DE** *Abschnitt* [eines Projekts] • **FR** *tranche* [d'un projet, d'une opération] • **EN** *phase, part* [of a project] • **PT** *fase* [de um projeto, de uma operação] **Beispill** déi éischt **Tranche** vum Chantier soll bis Enn des Joers fäerdeg sinn

tranchéieren [trã:ʃ'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **tranchéiert**) » **transitiv 1. [Gastronomie] DE** *tranchieren* • **FR** *trancher* [couper] • **EN** *to carve* [meat] • **PT** *trincar* **Beispill** de Kach huet de Brot mat engem grouse schaarfe Messer **tranchéiert** » **intransitiv 2. DE** *befinden, entscheiden* • **FR** *trancher, arbitrer* • **EN** *to decide, to pass judgement* • **PT** *decidir, arbitrar* **Beispiller** ouni méi Informatiounen ass et onméiglech, an där Affär ze **tranchéieren**; d'Gericht muss (driwwer) **tranchéieren**, ob d'Firma am Kader vum Gesetz bliwwen ass

Transactioun [trã:zakʃi'əʊn] Femininum (Pluriel **Transactiounen**) - Variant vun ↗ **Transaktioun**

Transaktioun [tranzaksj'i'əʊn] Femininum (Pluriel **Transaktiounen**) **DE** *Transaktion* • **FR** *transaction* [opération financière] • **EN** *transaction* • **PT** *transação* [operação financeira] **Beispill** fir vill **Transaktiounen** froen d'Banken eng Kommissioun

transferéieren [trãnsfɛ'ziəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **transferéiert**) » **transitiv 1. DE** *verlagern, versetzen, transferieren, verlegen, überführen* • **FR** *transférer* [délocaliser, réaffecter, transporter] • **EN** *to transfer* [to relocate, to redeploy, to reallocate, to transport] • **PT** *transferir* [deslocar, reafetar, transportar] **Beispiller** aus Käschtegrënn **transferéiert** eis Firma en Deel vun der Produktioun an d'Ausland; vun eiser Agence ginn elo dräi Leit op de Siège **transferéiert**; de Fussballspiller **gouf** an en anere Club **transferéiert**; d'Patientin **gëtt** an eng spezialiséiert Klinik **transferéiert** **2. DE** *transferieren* [durch eine Transaktion] • **FR** *transférer* [par opération financière] • **EN** *to transfer* [in a financial transaction] • **PT** *transferir* [mediante operação financeira] **Beispiller** ech hunn d'Suen op en anere Kont **transferéiert**; ass et méiglech, esou vill Suen an enger Kéier an d'Ausland ze **transferéieren**?; d'Hallschent vun de Recetten, déi duerch déi nei Steier erakommen, ginn an en Investitiounsfong **transferéiert**

Transfert [trãnsfɛ:ɐ] Maskulinum (Pluriel **Transferen**) **1. DE** *Versetzung, Verlagerung, Transfer* • **FR** *transfert* [déplacement, délocalisation, réaffectation] • **EN** *transfer* [relocation, redeployment, reallocation] • **PT** *transferência* [mudança, deslocalização, reafetação] **Beispiller** ech hunn en **Transfert** an en anere Service ugefrot; den **Transfert** vun eise Büroen an dat neit Gebai ass fir Enn des Mounts virgesinn; den **Transfert** vun eisem beschte Stiermer huet eisem Club vill Suen abruecht **2. DE** *Transfer, Transport* • **FR** *transfert* [transport, acheminement] • **EN** *transfer* [transport, movement] • **PT** *transferência* [transporte] **Beispill** den **Transfert** vun de Leit a vun hirem Gepäck geschitt mat Bussen **3. DE** **Transfer**

[Transaktion] • **FR** *transfert [opération financière]* • **EN** *transfer [financial transaction]* • **PT** *transferência [operação financeira]* **Beispill** ouni déi Informatioun kann d'Bank keen Transfert maachen

Transformatioun [trɑnsfɔrmɑsɨ'əʊn] Femininum (Pluriel Transformatioune) **DE** *Umbau, Umbauarbeit* • **FR** *(travaux de) transformation* • **EN** *conversion (work) [on a building]* • **PT** *(obras de) transformação* **Beispiller** hei ass e Bild vum Kulturzentrum no der Transformatioun; d'Transformatioun vum ale Schloss an en Hotel huet méi kascht ewéi geplangt; fir Transformatioune un dengem Haus braucht de eng Geneemegung vum der Gemeng

transforméieren [trɑnsfɔrm'zɪəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé transforméiert) » **transitiv** **DE** *umbauen, umändern* • **FR** *transformer [par des travaux de transformation]* • **EN** *to convert [a building]* • **PT** *transformar [fazendo obras de transformação]* **Beispiller** de Proprietär huet wëlles, säin Haus ze transforméieren; dat aalt Schloss ass an en Hotel transforméiert ginn

Transfusioun [trɑnsfuzɨ'əʊn] Femininum (Pluriel Transfusioune) **DE** *Transfusion, Blutübertragung* • **FR** *transfusion (sanguine)* • **EN** *(blood) transfusion* • **PT** *transfusão (de sangue)* **Beispill** de Blesséierten hat vill Blut verluer a krut direkt eng Transfusioun

transgender Adjektiv

I Hei entsteet en neien Artikel.

Transister [trɑnz'iste] Maskulinum (Pluriel Transistere) **1. DE** *Transistor [elektronisches Bauelement]* • **FR** *transistor [composant électronique]* • **EN** *transistor [electronic component]* • **PT** *transistor [componente eletrônico]* **Beispiller** d'Transistere waren eng Revolutioun an den elektreschen Apparaten; d'Erfindung vum Transister huet et méiglech gemaach, méi kleng Radioen ze bauen **2. DE** *Transistorradio, Kofferradio* • **FR** *transistor [radio]* • **EN** *transistor (radio)* • **PT** *transistor [rádio]* **Beispill** fir meng Kommioun krut ech en Transister vu menger Giedel geschenkt **Synonymmen** Kofferradio, Transister-radio

I Variant: Transistor

Transisterradio [trɑnz'isterɑ:dɔ:] Maskulinum (Pluriel Transisterradioen) **DE** *Transistorradio, Kofferradio* • **FR** *transistor [radio]* • **EN** *transistor radio* • **PT** *transistor [rádio]* **Beispill** fir meng Kommioun krut ech en Transisterradio vu menger Giedel geschenkt **Synonym** Kofferradio

I Variant: Transistorradio

Transistor [trɑnz'istɔ:r] Maskulinum (Pluriel Transistore) - Variant vun ↗Transister

Transistorradio [trɑnz'istorɑ:dɔ:] Maskulinum (Pluriel Transistorradioen) - Variant vun ↗Transisterradio

Transit [tr'anzit] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** *Transit [Durchfuhr]* • **FR** *transit [transport, transfert]* • **EN** *transit [transport, transfer]* • **PT** *trânsito [transporte, passagem]* **Beispill** den Transit vu Wueren duerch eist Land huet staark zougehol **2. am Transit** **DE** *im Transit* • **FR** *en tran-*

sit • **EN** *in transit* • **PT** *em trânsito* **Beispill** d'Passagéier, déi am Transit sinn, brauchen am Prinzip hire Pass net ze weisen

transitéieren [trɑnzit'zɪəɾən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé transitéiert)

I Hei entsteet en neien Artikel.

transitiv [tr'anziti:f] Adjektiv **DE** *transitiv* • **FR** *transitif <Adverb transitivement>* • **PT** *transitivo <Adverb transitivamente>* **Beispiller** an deem Exercice geet et drëm, fir déi transitiv Verben am Text ze ënnersträichen; verschidde Verbe ginn nëmmen transitiv benotzt

Transitverkéier [trɑnz'itfɛkɜɪ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Transitverkehr* • **FR** *trafic de transit* • **PT** *trânsito de passagem* **Beispill** wéinst dem Chantier op der Autobunn gouf den Transitverkéier eng ganz Woch duerch eist Duerf geleet

transkribéieren [trɑnskrib'zɪəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé transkribéiert) » **transitiv 1. DE** *transkribieren [Sprache]* • **FR** *transcrire [reproduire par écrit]* • **PT** *transcrever [reproduzir por escrito, transpor]* **Beispiller** déi arabesch Nimm mussen um Etat civil an déi laténgesch Schrëft transkribéiert ginn; an deem Exercice mussen d'Studenten eng Rei Wieder phoneetesesch transkribéieren **2. DE** *transkribieren [ein Musikstück]* • **FR** *transcrire [une œuvre musicale]* • **PT** *transcrever [uma obra musical]* **Beispill** vill bekannten Arie goufe fir Piano transkribéiert **Synonym** ëmschreiwen

Transkriptioun [trɑnskripsɨ'əʊn] Femininum (Pluriel Transkriptioune) **1. DE** *Transkription [in eine (andere) Schrift]* • **FR** *transcription, translittération* • **EN** *transliteration* • **PT** *transcrição, transliteração* **Beispill** déi phoneetesesch Transkriptioun vun de Wieder steet tèschent eckege Klameren **2. DE** *Transkription [eines Tonstücks]* • **FR** *transcription [d'une œuvre musicale]* • **EN** *transcription [of a piece of music]* • **PT** *transcrição [de uma peça musical]* **Beispill** dee Komponist ass bekannt fir seng Transkriptioun vum Orchesterstécker fir de Piano

Transparent [trɑnspar'ænt] Maskulinum (Pluriel Transparenter) **DE** *Transparent, Spruchband* • **FR** *banderole, calicot* • **EN** *banner* • **PT** *faixa, cartaz [com inscrição]* **Beispill** d'Demonstrante si mat groussen Transparenter duerch d'Stroosse gezunn **Synonym** Banderole

transparent [trɑnspar'ænt] Adjektiv **1. DE** *transparent [durchsichtig, durchscheinend]* • **FR** *translucide* • **EN** *translucent* • **PT** *translúcido* **Beispill** d'Glas an eiser Viischer Dier ass transparent, mee et gesäit een net eran **2. DE** *transparent [nachvollziehbar, durchschaubar]* • **FR** *transparent [en matière de politique, de commerce, de fiscalité]* <Adverb de manière transparente> • **EN** *transparent, comprehensible* <Adverb transparently> • **PT** *transparente [em matéria de política, de comércio, de fiscalidade]* <Adverb de forma transparente> **Beispiller** deen neie Modus vun der Finanzéierung ass méi transparent; d'Banquiere kruten Instruktioune, fir méi transparent ze schaffen

Transparenz [trɑnspar'ænts] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Transparenz [Nachvollziehbarkeit, Durch-*

schaubarkeit • **FR** *transparence* [politique, commerciale, fiscale] • **EN** *transparency* [openness] • **PT** *transparência* [politica, comercial, fiscal] **Beispill** d'Konsumente fuerdere méi **Transparenz** bei de Präisser

Transplantatioun [transplantasj'ø̃n] Femininum (Pluriel **Transplantatiounen**) **DE** *Transplantation* • **FR** *transplantation* [opération chirurgicale] • **EN** *transplantation* [by surgery] • **PT** *transplante* [operação cirúrgica] **Beispill** fir déi schwiereg **Transplantatioun** war e ganzen Team vu Chirurgen néideg **Synonym** Greff

transplantéieren [transplant'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **transplantéiert**) » **transitiv** **DE** *transplantieren* • **FR** *transplanter, greffer* • **EN** *to transplant* [surgically] • **PT** *transplantar* [por transplante cirúrgico] **Beispill** an eisem Spidol sinn dës Woch zwou Nieren **transplantéiert** ginn

Transport [transp'ɔrt] Maskulinum (Pluriel **Transporter**) **1. DE** *Transport, Beförderung, Versand* • **FR** *transport* [de personnes, de marchandise(s)] • **EN** *transport* [of people, of goods] • **PT** *transporte* [de pessoas, de mercadoria(s)] **Beispiller** eng Navett suergt fir den **Transport** vun de Visiteure vum Parking an d'Ausstellungshalen an zeréck; fir den **Transport** vu klenge Päck gëtt e Forfait facturéiert; beim **Transport** gouf d'Wuer beschiedegt **2. öffentliche Transport** **DE** *öffentliche Verkehrsmittel* • **FR** *transports en commun* • **EN** *public transport* • **PT** *transportes públicos* **Beispill** d'Leit kréie geroden, den öffentliche **Transport** ze benotzen, fir op d'Kiermes ze goen

transportabel [transp'ɔrt'a:bəl] Adjektiv **DE** *transportabel* • **FR** *transportable* • **EN** *portable* • **PT** *transportável* **Beispill** verschidde Véidokteren hunn en **transportabele** Röntgenapparat

transportéieren [transp'ɔrt'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **transportéiert**) » **transitiv** **DE** *transportieren* • **FR** *transporter* [déplacer] • **EN** *to transport* [to convey] • **PT** *transportar* [deslocar] **Beispiller** d'Baumaterial ass mam Schëff **transportéiert** ginn; d'Liewensmëttel, déi séier verdierwen, ginn a Killween **transportéiert**

i Verb, dat **transportéieren** als Basis huet: **hin-** an hiertransportéieren

Transporter [transp'ɔrtɛ] Maskulinum (Pluriel **Transporteren** / **Transporter**) **DE** *Transporter* [Transportfahrzeug] • **FR** *véhicule utilitaire* • **PT** *veículo utilitário* **Beispill** bei där Firma kann een **Transporteren** a verschiddene Gréisste lounen

Transporteur [trã:sp'ɔrt'œ:r] Maskulinum (Pluriel **Transporteuren**) **DE** *Transportunternehmer* • **FR** *entrepreneur de transports* • **EN** *haulier, haulage contractor* • **PT** *transportador* [pessoa, empresa] **Beispill** d'**Transporteure** protestéiere géint den héije Präis vum Diesel

Transportfirma [transp'ɔrtfirma:] Femininum (Pluriel **Transportfirmaen** / **Transportfirmen**) **DE** *Transportfirma* • **FR** *entreprise de transport* • **EN** *haulage company* • **PT** *empresa de transportes* **Beispill** d'**Transportfirma** huet zéng nei Camione vum selwechten Typ bestallt

Transportgesellschaft [transp'ɔrtgəzælʃaft] Femininum (Pluriel **Transportgesellschaften**) **DE** *Transportgesellschaft* • **FR** *société de transport* • **EN** *transport company* • **PT** *sociedade de transportes* **Beispiller** d'**Motor** fir déi nei Wandmille gi vun enger spezieller **Transportgesellschaft** op de Chantier bruecht; fir esou eng grouss Plänner muss d'**Transportgesellschaft** Mataarbechter am Zilland hunn

Transportmëttel [transp'ɔrtmətəl] Neutrum (Pluriel **Transportmëttelen** / **Transportmëttel**) **DE** *Transportmittel, Verkehrsmittel* • **FR** *moyen de transport* • **EN** *means of transport* • **PT** *meio de transporte* **Beispiller** an der Stad ass de Vélo e praktescht **Transportmëttel**; d'Horairé vun den öffentliche **Transportmëttel** muss besser openeen ofgestëmmt ginn

Transportminister [transp'ɔrtministɛ] Maskulinum (Pluriel **Transportministernen**) **DE** *Verkehrsminister* • **FR** *ministre des Transports* • **EN** *Minister of Transport* • **PT** *ministro dos Transportes* **Beispill** den **Transportminister** ass fir d'**Moderniséierung** vum Flughafen

i Weiblech Form: **Transportministesch**

Transportministère [transp'ɔrtministɛ:r] Maskulinum (Pluriel **Transportministèren**) **1. DE** *Verkehrsministerium* [Behörde, Zuständigkeitsbereich] • **FR** *ministère des Transports* [département ministériel, portefeuille ministériel] • **EN** *Ministry of Transport* [government department, administration] • **PT** *Ministério dos Transportes* [departamento ministerial, pasta ministerial] **Beispill** den **Transportministère** huet eng Etüd iwwer d'**Vélospisten** an Optrag ginn **2. DE** *Verkehrsministerium* [Gebäude] • **FR** *ministère des Transports* [bâtiment] • **EN** *Ministry of Transport* [building] • **PT** *Ministério dos Transportes* [edifício] **Beispill** beim **Transportministère** gëtt e grouse **Parking** gebaut

Transportministerin [transp'ɔrtministərɪn] Femininum (Pluriel **Transportministerinnen**) - Variant vun **Transportministesch**

Transportministesch [transp'ɔrtministəʃ] Femininum (Pluriel **Transportministeschen**)

i Variant: **Transportministerin**

i Männlech Form: **Transportminister**

Transportverbindung [transp'ɔrtfɛbinduŋ] Femininum (Pluriel **Transportverbindungen**) **DE** *Transportverbindung* • **FR** *liaison de transport* • **EN** *transport connection, transport link* • **PT** *ligação de transporte* **Beispill** fir de wirtschaftleche Wuesstum brauche mir gutt **Transportverbindungen** an eis **Nopeschlänner**

Transportwiesen [transp'ɔrtviəzən] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Transportwesen* • **FR** *(secteur des) transports* • **PT** *(setor dos) transportes* **Beispill** déi nei Regierung huet d'**Transportwiese** verstaatlecht

transposéieren [transpoz'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **transposéiert**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Transpositioun [transpozisj'ø̃n] Femininum (Pluriel **Transpositiounen**) **DE** *Umsetzung, Anwendung* • **FR** *transposition* [mise en application législative] • **EN**

implementation • **PT** *transposição [aplicação de uma lei]* **Beispill** an der Chamber gouf iwvwer d'Transposition vun enger europäescher Direktiv an d'nationale Recht diskutéiert **Synonym** Ëmsetzung

Transvestit [trɑnsvæst'it] Maskulinum (Pluriel Transvestitten) **DE** *Transvestit* • **FR** *travesti* • **EN** *transvestite* • **PT** *travesti* [pessoa] **Beispill** an deem Cabaret trieden och dacks Transvestitten op

Träntelbatti [tr'æntəlbati:] Maskulinum (Pluriel Träntelbattien) [égs] **DE** *Trödelfritze, Trantüte* • **FR** *trainard* • **EN** *dawdler, slowcoach* • **PT** *molengão* **Beispill** weinst dir Träntelbatti verpasse mer bestëmmt nach den Zuch! **Synonymmen** Herrgottsträteler, Träteler

träntelen [tr'æntələn] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé *getrântelt*) » **intransitiv** **DE** *trödeln* [langsam sein] • **FR** *trainer, entraîiller* • **EN** *to dawdle* • **PT** *demorar-se, ser lento* **Beispiller** wa mer net ënnerwee getrântelt hätten, hätte mer de Bus nach kritt; träntel net, soss gëss de ni mat denger Aarbecht fäerdeg!

Träteler [tr'æntələ] Maskulinum (Pluriel Träteler) [égs] **DE** *Trödelfritze, Trantüte* • **FR** *trainard, lambin* • **EN** *dawdler, slowcoach* • **PT** *molengão, lesma* **Beispill** weinst deem Träteler si mer eng hallef Stonn ze spéit komm! **Synonymmen** Träntelbatti, Herrgottsträteler

W Weiblech Form: ↗Träntelesch

Träntelesch [tr'æntələʃ] Femininum (Pluriel Tränteleschen) [égs] **DE** *Trödlerin, Trantüte* • **FR** *trainarde, lambine* • **PT** *molengona, lesma* **Beispill** elo kënnt déi Träntelesch erëm net erbäi!

M Männlech Form: ↗Träteler

Träntelkätti [tr'æntəlkæti:] Neutrum (Pluriel Träntelkättien) **DE** *Trödeliese* • **FR** *trainarde* • **EN** *dawdler, slowcoach* • **PT** *molengona* **Beispill** mat esou engem Träntelkätti wéi s du verpasse mir bestëmmt den Zuch **Synonym** Träntelesch

Trap [tra:] Femininum (Pluriel Trapen) **DE** *Treppe* • **FR** *escalier* • **EN** *stairs, staircase* • **PT** *escada* [fixa] **Beispiller** eis al hëlzen Trap kréckelt; mäi Bopi ass an der Trap gefall an huet sech e Bee gebrach; d'Mamm ass mat de Kanner d'Trap aus [d'Mamm ass d'Kanner an d'Bett leeën]; hie wunnt eng Trap méi héich [égs] [hie wunnt e Stack méi héich]

Trapeez [trap'e:ts] Neutrum (Pluriel Trapeezer) **1. DE** *Trapez* [Viereck] • **FR** *trapèze* [quadrilatère] • **EN** *trapezium* • **PT** *trapézio* [quadrilátero] **Beispill** wéi rechent een de Flächeninhalt vun engem Trapez? **2. DE** *Trapez* [Schaukelreck] • **FR** *trapèze* [agrès] • **EN** *trapeze* • **PT** *trapézio* [aparelho] **Beispill** am Zirkus huet en Akrobat eng Rei riskéiert Nummeren um Trapez gewisen

Trapenhaus [tr'a:pənhæ:ʊs] Neutrum (Pluriel Trapenhaiser) **DE** *Treppenhaus* • **FR** *cage d'escalier* • **EN** *staircase, stairwell* • **PT** *caixa de escada* **Beispill** d'Plënerleit **hunn** am Trapenhaus d'Tapéit abiméiert

Trapez [trap'e:ts] Neutrum (Pluriel Trapeezer) - Variant vun ↗Trapeez

trapof [tra:b'o:f] Adverb trapof goen **DE** *treppab gehen* • **FR** *descendre les escaliers* • **EN** *to go downstairs* • **PT**

descer as escadas **Beispiller** et ass manner ustrengend, trapof ewéi trapof ze goen; fir déi richteg Dossieren ze fannen, sinn ech de ganze Moien trapop, trapof gelaf

trapop [tra:b'op] Adverb trapop goen **DE** *treppauf gehen* • **FR** *monter les escaliers* • **EN** *to go upstairs* • **PT** *subir as escadas* **Beispiller** et ass méi ustrengend, trapop ewéi trapof ze goen; fir déi richteg Dossieren ze fannen, sinn ech de ganze Moien trapop, trapof gelaf

Trapp [trap] Maskulinum (Pluriel Träpp) **1. DE** *Herde* • **FR** *troupeau* • **EN** *herd* [of cows], *flock* [of sheep] • **PT** *manada, rebanho* **Beispill** op där schmueler Strooss ass eis e ganzen Trapp Kéi entgëintkomm **2. [égs] DE** *Trupp, Schar* • **FR** *ribambelle, bande* • **EN** *herd, horde, crowd* • **PT** *trupe, bando* **Beispill** kommt, mer waarden een Ament, bis deem Trapp Touristen erlaanscht ass!

Trapp [trap] Femininum (Pluriel Trappen) **DE** *Falltür, Klappe* • **FR** *trappe* [ouverture] • **EN** *trapdoor, hatch* • **PT** *alçapão* [abertura] **Beispill** du kënns nëmmen duerch eng schmuel Trapp op eise Späicher

Träppchen [tr'æpçən] Femininum (Pluriel Träppcher) - Diminutivform vun ↗Trap **DE** *Trittleiter* • **FR** *escabeau, marchepied* • **EN** *stepladder* • **PT** *escadote* **Beispill** huel der dach eng Träppchen, fir déi iewesch Regaler ze botzen!

trappen [tr'apən] ♦ Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé *getrappt*) » **intransitiv** **1. DE** *traben* [Tier] • **FR** *trotter* [animal] • **EN** *to trot* [animal] • **PT** *trotar* [animal] **Beispill** virun der Postkutsch si véier Pæerd **getrappt** **2. [égs] DE** *laufen, stiefeln* [drauflösschreiten] • **FR** *trotter, marcher avec entrain* • **EN** *to stride, to trot, to dash* • **PT** *trotar, caminhar a passos largos* **Beispill** d'Kanner **sinn** de ganze Mueren duerch de Bësch **getrappt** ♦ **Verb** (Hëllefverb **hunn**, Participe passé *getrappt*) » **transitiv** **3. DE** *im Trab vorführen* • **FR** *faire marcher au trot* [un équilibré] • **EN** *to trot* [a horse] • **PT** *fazer seguir a trote* [um equídeo] **Beispiller** op der Ausstellung **trappen** d'Zichter hir Pæerd virun der Jury; wa mer d'Kanner gutt **trappen**, da schlofen se den Owend matzäit [égs] [wa mer d'Kanner gutt midd maachen, da schlofen se den Owend matzäit]

Träpplek [tr'æplek] Maskulinum (Pluriel Träppleken / Träppleker) **DE** *Stufe* [Treppenstufe] • **FR** *marche* [d'un escalier] • **EN** *step* [of a staircase] • **PT** *degrau* [de uma escada] **Beispiller** de Bréifdréier ass op engem glaten Träpplek ausgerëtscht; an der Trap huelen ech dacks zwee Träppleke mateneen

trätschen [tr'ætʃən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé *geträtscht*) » **transitiv** **DE** *zerdrücken, zermanschen* [Nahrungsmittel] • **FR** *écraser, réduire en purée* [des aliments] • **PT** *fazer em puré, esmagar* [alimentos] **Beispill** mir **trätschen** eisem Puppelchen all Mëtteg e Stéck Banann **Synonym** tripsen

Tratt [trat] Maskulinum (Pluriel Trëtt) **1. DE** *Tritt, Stufe* • **FR** *marche* [d'un escabeau, d'un escalier] • **EN** *step* [of a stairway, of a ladder] • **PT** *degrau* [de um escadote, de uma escada] **Beispiller** klamm net op déi all Träppchen, et si schon e puer Trëtt lass!; ech hu mer um leschten **Tratt** vun der Trap de Fouss verstaucht **2. DE** *Schritt* [Gleichschritt] • **FR** *pas* (cadencé) • **EN** *step*

[rhythmic], *lockstep* • **PT** *passo (cadenciado)* **Beispiller** fir de Cortège hunn d'Majorette geüübt, fir am **Tratt** ze goen; e falsche Kommando vum Offizéier huet déi ganz Kompanie aus dem **Tratt** bruecht **Synonym** Schrëtt **3**, **DE** *Tritt, Fußspur* • **FR** (*trace de*) *pas* • **EN** *footstep* [*track*] • **PT** *passo, pegada* **Beispiller** et huet een de Kanner hir **Trëtt** e puer Deeg laang am Schnéi gesinn; mir begéinen him op Schratt an **Tratt** ^[ëgs] Imir begéinen him iwverall, wou mir higinn **Synonym** Schrëtt **4**, **DE** *Schritt* [*Geräusch*] • **FR** (*bruit de*) *pas* • **EN** *footstep* [*sound*] • **PT** *passo* [*som produzido*] **Beispill** wéi ech d'lescht Nuecht **Trëtt** am Virgäertchen héieren hunn, krut ech et mat der Angscht ze dinn **Synonym** Schrëtt **5**, e gudden **Tratt** hunn **DE** *bequem sein* [*Schuhwerk*] • **FR** *être confortable* [*chaussures*] • **EN** *to be comfortable* [*shoes*] • **PT** *ser confortável* [*calçado*] **Beispill** meng nei Schong hunn e gudden **Tratt**

I Variant: **Trëtt**

Tratten [tr'atən] **Eegennumm** **DE** *Trotten* • **FR** *Troine* • **EN** *Troine* • **PT** *Troine* **Beispiller** ech wunnen zu **Tratten**; fiert dëse Bus op **Tratten**?

Trätter Baach [tr'ætəb'a:χ] **Eegennumm** **DE** *Trätter Baach* • **FR** *Trätter Baach* • **EN** *Trätter Baach* • **PT** *Trätter Baach* **Beispill** d'**Trätter Baach** leeft bei Saassel an d'Wolz

Trätter Strooss [tr'ætəʃtr'o:s] **Eegennumm** **DE** *Trotten-Straße* • **FR** *Troine-Route* • **EN** *Troine-Route* • **PT** *Troine-Route* **Beispiller** ech wunnen op der **Trätter Strooss**; fiert dëse Bus op d'**Trätter Strooss**?

trauen [tr'ʊəŋ] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé *getraut*) » **intransitiv** **1**. **DE** *trauen* • **FR** *faire confiance à* • **EN** *to trust* • **PT** *confiar em, ter confiança em* **Beispiller** zënter datt hie mech esou belunn huet, **trauen** ech em net méi; ech **trauen** deem Kärel fir kee Sul; ech **trauen** där Saach net ^[ëgs] [déi Saach ass mer net geheier] » **reflexiv** **2**. **DE** *sich trauen* • **FR** *oser* • **EN** *to trust oneself, to dare* • **PT** *atrever-se (a)* **Beispiller** ech hu mech net *getraut*, dee kriddelege Problem zur Sprouch ze bréngen; et war esou roueg am Sall, datt keen sech *getraut* hält ze houschten **Synonym** woen

I Verben, déi **trauen** als Basis hunn: **↗**ertrauen an **↗**zutrauen

Trauer [tr'ʊə] **Femininum** (kee Pluriel) **DE** *Trauer, Schmerz* • **FR** *tristesse, deuil* • **EN** *grief, sorrow, mourning* • **PT** *tristeza, pesar, luto* **Beispill** ouni d'Hëllef vun engem Psycholog wier ech net iwver déi **Trauer** ewechkomm

Trauer [tr'ʊə] **Maskulinum** (kee Pluriel) **1**. am **Trauer** **DE** *in Trauer* • **FR** *en deuil* • **EN** *mourning* • **PT** *enlutado* **Beispill** mir drécken der Famill am **Trauer** eist Båileed aus **2**. **Trauer** droen **DE** *Trauer tragen* • **FR** *porter le deuil* [*se vêtir de noir*] • **EN** *to wear mourning* • **PT** *estar de luto* **Beispill** d'Wittfra huet ee Joer laang **Trauer** gedroen **3**. **DE** *Trauer* [*Trauerzeit*] • **FR** (*période officielle de*) *deuil* • **EN** (*period of*) *mourning* • **PT** (*período oficial de*) *luto* **Beispill** bei Geleeeënheet vun nationalem **Trauer** hänken d'Fändelen op halbmast

traureg [tr'ʊəRəç] **Adjektiv** **1**. **DE** *traurig* [*betrübt*] • **FR** *triste* [*affligé*] • **EN** *sad, unhappy* • **PT** *triste* [*desgostoso*] **Beispiller** déi Nouvelle huet mech **traureg** gemaach; firwat méchs de esou en **trauregt** Gesiicht?; kuck

net esou **traureg**, et geet alles an d'Rei! **2**. **DE** *traurig* [*betrüblich*] • **FR** *triste* [*attristant, pénible*] • **EN** *sad* [*distressing*] • **PT** *triste* [*tristecedor, penoso*] **Beispiller** déi **traureg** Nouvelle huet d'Leit déif getraff; ech hunn déi **traureg** Flicht, Iech den Doud vun eiser Kollegein matzedeelen **3**. **DE** *traurig* [*armselig, schäbig*] • **FR** *triste, désolant, minable* • **EN** *sad, pathetic, pitiful* • **PT** *triste, lamentável, miserável* **Beispiller** et ass **traureg**, datt s du näischt ouni meng Hëllef kanns maachen; ech fanne et **traureg**, wa Leit sech net kënne fir hir Feeler entschëllegen; wat eng **traureg** Gestalt!

traueren [tr'ʊəRən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé *getrauert*) » **intransitiv** **traueren** (ëm) **DE** *trauern* (*um*) • **FR** *pleurer* (*sur*), *porter le deuil* (*de*) • **EN** *to mourn* (*for*) • **PT** *chorar* (*a morte de*), *estar de luto* (*por*) **Beispiller** déi jonk Fra huet net laang *getrauert*, wéi hire Mann gestuerwe war; d'Famill **trauert** em hire Verstuerwenen; deng Tulpen **traueren**, géff en nach e bësse Waasser ^[ëgs] [deng Tulpe loosse de Kapp hänken, géff en nach e bësse Waasser]

I Verb, dat **traueren** als Basis huet: **↗**notraueren

Trauerspill [tr'ʊəʃpil] **Neutrum** (kee Pluriel) **DE** *Trauerspiel* [*Geschehen*] • **FR** *spectacle minable, spectacle désolant* • **EN** *sad sight, fiasco* • **PT** *espetáculo lamentável, tristeza* **Beispill** et war e richtegt **Trauerspill**, wéi déi Responsabel sech aus der Affär erausgeriet hunn

Traufel [tr'æ:ʃfəl] **Femininum** (Pluriel *Traufelen*) **DE** *Maurerkelle* • **FR** *truelle* [*de maçon*] • **PT** *colher de pedreiro* **Beispill** de Steemetzer huet d'Mauer mat der **Traufel** beworf

Traulich [tr'æ:ʃli:çt] **Neutrum** (Pluriel *Traulichter*) - Variant vun **↗**Raulicht

Trauma [tr'ʊəma:] **Neutrum** (Pluriel *Traumae*) **1**. **DE** *Trauma* [*seelische Erschütterung*] • **FR** *traumatisme* [*psychique*] • **EN** *trauma* [*psychological*] • **PT** *traumatismo* [*psíquico*] **Beispill** iwver esou en **Trauma** kéint een net ouni psychologesch Hëllef ewech **2**. **DE** *Trauma* [*körperliche Verletzung*] • **FR** *trauma, traumatisme* [*physique*] • **EN** *trauma* [*physical*] • **PT** *trauma, traumatismo* [*físico*] **Beispill** am neie Spidol ass en extraen Departement kreéiert ginn, fir **Traumae** ze behandelen

traumatesch [traʊm'a:təʃ] **Adjektiv** **1**. **DE** *traumatisch* [*durch seelische Erschütterung*] • **FR** *traumatisant* • **EN** *traumatic* [*psychologically*] • **PT** *traumatizante* [*psicologicamente*] **Beispill** den Doud vun hirem Kand war fir d'Elteren en **traumatescht** Ereliefnes **2**. **DE** *traumatisch* [*durch körperliche Verletzung*] • **FR** *traumatique* • **EN** *traumatic* [*physically*] • **PT** *traumático* [*físicamente*] **Beispill** hien huet seng **traumatesch** Entzündung am Spidol behandle gelooss

traumatiséieren [traʊmatiz'ʒiəRən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé *traumatiséiert*) » **transitiv** **DE** *traumatisieren* • **FR** *traumatiser* • **EN** *to traumatize* • **PT** *traumatizar* **Beispiller** déi schlëmm Ereliefnesser am Krich hunn d'Zaldoten **traumatiséiert**; d'Mamm war **traumatiséiert**, wéi d'Meedche mat engem Piercing heemkoum ^[ëgs] [d'Mamm war entsat, wéi d'Meedche mat engem Piercing heemkoum]

traureg [tr'ʊəRəç] **Adjektiv** - Variant vun **↗**traureg

Trauregkeet [tr'ʊrɛːkɛ:t] Femininum (kee Pluriel) DE *Traurigkeit* • FR *tristesse* [chagrin, peine] • PT *tristeza* [pesar, mágoa] **Beispill** bei klenge Kanner leie Freed an Trauregkeet dacks no beieneen

Trausch [træ:ʊʃ] Maskulinum (Pluriel Traisch) DE *Strauch* • FR *arbuste* • EN *shrub, bush* • PT *arbusto* **Beispill** dee groussen Trausch virun der Fënster hëlt eis déi ganz Luucht

Trawolt Maskulinum (kee Pluriel) vereezelt DE *Tumult, Getümmel* • FR *tumulte, cohue* • PT *tumulto, confusão* **Beispiller** nom Kiermesbal war bis spéit an d'Nuecht Trawolt an der Gaass; bleift all beieneen, net datt mer nach een an dësem Trawolt verléieren!

Treema [tr'e:ma:] Maskulinum (Pluriel Treemaen) DE *Trema* [Schriftzeichen] • FR *tréma* • EN *diacresis* • PT *trema* **Beispill** schreift een Ären Numm mat Treema um „o“ oder mat „oe“?

treffen [tr'æfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getraff) » **transitiv 1.** DE *treffen* [aufprallen auf] • FR *toucher* [heurter, frapper] • EN *to hit, to strike* • PT *atingir* [chocar com, bater em] **Beispiller** d'Kugel huet d'Zal-dotin an der Réck getraff; dee schéinen ale Bam gouf vum Blëtz getraff **2.** DE *treffen* [in Ziel] • FR *toucher, atteindre* [une cible] • EN *to hit* [a target] • PT *acertar em, atingir* [um alvo] **Beispiller** d'Spillerin huet de Gol beim éischte Schoss getraff; du trëffs (d'Zilscheif) awer och ni!; hien trëfft keng Schold [hien ass onschëlleg] **Synonym** geroden **3.** DE *treffen* [zufällig begegnen] • FR *croiser, tomber sur, rencontrer* [par hasard] • EN *to bump into, to meet* • PT *cruzar-se com, deparar-se com, encontrar* [por acaso] **Beispill** rot emol, wien ech gëschter getraff hunn! **Synonym** begéinen **4.** DE *treffen* [nach Vereinbarung] • FR *voir, rencontrer* [de manière concertée] • EN *to meet* [by arrangement, by agreement] • PT *ter um encontro* [marcado] com, *encontrar-se* (com) **Beispiller** muer treffen ech de Proprietär vum Haus, an deem ech wunnen, well ech Schimmel am Buedzëmmer hunn; mir treffen eis um aacht Auer op der Gare; d'Membere vum Conseil hu sech getraff, fir iwwer eng Rei Problemer ze diskutéieren **Synonym** gesinn **5.** DE *treffen* [erschüttern] • FR *toucher, affecter* • EN *to touch, to affect* [to distress] • PT *tocar, afetar* **Beispill** säin Doud huet eis alleguer déif getraff **6.** DE *treffen, verletzen, kränken* • FR *toucher, blesser, vexer* • EN *to touch, to hurt, to afflict* • PT *ferir, magoar, ofender* **Beispill** well ech him meng Meenung richteraus gesot hunn, fillt en sech elo an senger Eier getraff » **reflexiv 7.** DE *sich treffen* [aufeinanderstoßen] • FR *se rejoindre* • EN *to meet* [to touch, to join] • PT *juntar-se, cruzar-se* **Beispill** do, wou zwou grouss Stroossen sech treffen, sinn dacks Rout Luuchten **8.** sech gutt treffen DE *sich gut treffen* • FR *bien tomber, arriver à propos* • EN *to be convenient* • PT *calhar bem, vir a propósito* **Beispiller** et trëfft sech gutt, datt s du déi nächst Woch och Congé hues; dat trëfft sech gutt!

i Verben, déi **treffen** als Basis hunn: *antreffen, opananertreffen, openeentreffen, untreffen an zoutreffen*

Treffen [tr'æfən] Neutrum (Pluriel Treffen) DE *Treffen, Zusammenkunft* • FR *rencontre* [entretien] • EN *meeting* • PT *encontro* [entrevista] **Beispill** um Treffte vun de Finanzministere goufe wichteg Decisioune geholl

treffend Adjektiv DE *treffend* • FR *pertinent* [approprié] <Adverb *pertinemment*> • PT *pertinente* [apropiado] <Adverb *de modo pertinente*> **Beispiller** d'Journalistin huet hir Theorie mat treffenden Argumenter ënnermauert; dem Kandidat seng treffend Aussoen am Debat si beim Public gutt ukomm; du hues d'Situatioun, an där mer sinn, ganz treffend beschriwwen **Synonym** pertinent

Treffpunkt [tr'æfpʊnt] Maskulinum (Pluriel Treffpunkten) DE *Treffpunkt* • FR (lieu de) *rendez-vous* • EN *meeting point* • PT *ponto de encontro, local de encontro* **Beispiller** solle mer fir muer en Treffpunkt ausmachten?; dëse Café ass den Treffpunkt vun de Studenten

trëfteg Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

trei [traɪ] Adjektiv **1.** DE *treu* [zuverlässig, beständig] • FR *fidèle* [loyal, attaché] • EN *loyal* • PT *fiel* [leal, devotado] **Beispiller** wann een am Misär ass, ass ee frou, e puer trei Frënn ze hunn; esou en treien Hond fënt een net dacks **2.** DE *treuherzig* • FR *dévoué, candide* • EN *ingenuous, devoted* • PT *dedicado, cândido* **Beispiller** hien ass zwar iwwerall de Stoussnéckel, mee am Fong ass en en treie Kärel; sief em net béis, et ass eng trei Séil!

Trei [traɪ] Femininum (kee Pluriel) DE *Treue* [Loyalität] • FR *fidélité* [loyauté, attachement] • EN *fidelity* [loyalty, faithfulness] • PT *fidelidade* [lealdade, constâncial] **Beispiller** de Bräitchemann an d'Braut hunn sech éiweg Trei versprach; ech hunn deem Club iwwer Joren d'Trei gehalten

Tréier [tr'ʒiɛ] Eegennumm DE *Trier* • FR *Trèves* • EN *Trier* • PT *Tréveris* **Beispiller** ech wunnen zu Tréier; fiert dëse Bus op Tréier?

Tréin [trɛɪn] Femininum (Pluriel Tréinen) DE *Träne* • FR *larme* [oculaire] • EN *tear(drop)* • PT *lágrima* [ocular] **Beispiller** dem Kand sinn d'Tréinen d'Baken erofgelaf; um Begriefnes goufe batter Tréine gekrasch; ech sinn an Tréinen ausgebrach, wéi ech vun deem Ongléck héieren hunn; mir sinn d'Tréine komm [ech konnt meng Tréinen net ënnerdrécken]; hatt huet Tréine gelaacht [hatt huet esou gelaacht, datt d'Tréinen em d'Baken erofgelaf sinn]; ech kräische mengem Auto keng Tréin no ^[ëgs] [ech hat nëmme Misär mat mengem Auto]; si huet keng Tréin fir hire Mann fale gelooss ^[ëgs]; si huet hirem Mann keng Tréin no gekrasch ^[ëgs] [si huet hirem Mann net nogetrauert]; et si vill Tréine gefloss [et ass vill gekrasch ginn]

Tréinegas [tr'ɛɪnɛɡa:s] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Tränengas* • FR *gaz lacrymogène* • EN *tear gas* • PT *gás lacrimogéneo* **Beispill** d'Police huet Tréinegas agesat, wéi d'Demonstrante mat Steng gehait hunn

tréinen [tr'ɛɪnɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getréint) » **intransitiv** DE *tränen* • FR *larmoyer* [yeux] • EN *to water, to run* [eye] • PT *lacrimar* [olhos] **Beispiller** vun där kaler Loft hunn eis d'Ae getréint; wann ech esou richteg de Schnapp hunn, hale meng Aen net op mat tréinen

tréischten [tr'ɛɪftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getréischt) » **transitiv 1.** DE *trösten* • FR

consoler • **EN** *to comfort* • **PT** *consolar, confortar* **Beispiller** d'Mamm huet d'Këndchen op den Aarm geholl an et getréischt; hien huet mir den Aarm ëm d'Schëllere geluecht, fir mech ze tréischten » **reflexiv 2. DE** *sich trösten* • **FR** *se consoler, ne pas s'en faire* • **EN** *to console oneself, to take comfort* • **PT** *consolar-se, não se ralar* **Beispiller** ech hu mech mam Gedanke getréischt, datt et anere Leit méi schlecht geet ewéi mir; tréischt dech, dat do ass nëmmen e klenge Mëssel!

Treizième [tr'ɛ:zjãm] Femininum (Pluriel Treizième-men) **1. DE** [Definitiou] *dreizehnte Klasse im Luxemburger Schulsystem [technischer Sekundarunterricht bis 2017-2018], Abschlussklasse* • **FR** [Definitiou] *treizième année d'études dans l'enseignement luxembourgeois [enseignement secondaire technique jusqu'en 2017-2018], (classe) terminale* • **EN** [Definitiou] *year thirteen of the technical school system in Luxembourg 2017-2018* • **PT** [Definitiou] *décimo terceiro ano de escolaridade no sistema de ensino luxemburguês [ensino secundário técnico até o ano letivo de 2017/2018], último ano do ensino secundário* **Beispiller** op Treizième hat ech eng ganz engagiert Mathesproff; meng Schwëster war deemools op Treizième duerchgefall **2. DE** [Definitiou] *Abschlusszeugnis im technischen Sekundarunterricht [bis 2017-2018]* • **FR** *diplôme de fin d'études secondaires techniques [jusqu'en 2017-2018]* • **EN** [Definitiou] *leaving certificate of year thirteen of the technical school system in Luxembourg until 2017-2018* • **PT** *diploma final do ensino secundário técnico [até o ano letivo de 2017/2018]* **Beispill** mat enger Treizième konnt een entweder schaffe goen oder sech op enger Héichschoul aschreiw

trëllen [tr'ələn] ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé getrollt) » **intransitiv 1.** trëllen iwwer **DE** *stolpern über* • **FR** *trébucher sur, se prendre les pieds dans* • **EN** *to trip over* • **PT** *tropeçar em [dar topada em, esbarrar em]* **Beispill** ech sinn am Gank iwwer de Kanner hir Spillsaache getrollt **2. [égs]** **DE** *stürzen, hinfallen* • **FR** *tomber [faire une chute]* • **EN** *to fall, to tumble* • **PT** *dar um tombo* **Beispill** ech sinn an der Kellertrap getrollt **Synonym** falen **3. [égs]** **DE** *fallen, herabfallen* • **FR** *tomber (malencontreusement) [chose(s)]* • **EN** *to fall, to drop [inopportunistly]* • **PT** *cair (acidentalmente) [coisa(s)]* **Beispiller** de Schlëssel ass der Fra an der Grill getrollt; d'Riddosstaang ass mer op de Kapp getrollt, wéi ech se wollt erofhuelen; géi ewech, wann ech de Bam rëselen, da kommen d'Äppel getrollt! **Synonym** falen **4. [égs]** **do(...)** trëllen **DE** *torkeln* • **FR** *tituber* • **EN** *to stagger* • **PT** *cambaleiar* **Beispill** deen trëllt do(ruechter), wéi wann en eng un hält **5. [égs]** getrollt kommen **DE** *eintrudeln* • **FR** *s'amener, se pointer* • **EN** *to show up, to wander in* • **PT** *aparecer, chegar, surgir* **Beispill** d'Reunoun war schonn eng Stonn amgaang, du kouw hien och nach getrollt **6. [égs]** **DE** *herumstreifen, bummeln* • **FR** *trainer, zoner [pour faire passer le temps]* • **EN** *to stroll, to wander* • **PT** *andar por aí, vadiar [para passar o tempo]* **Beispill** ech hat näischt ze dinn a sinn de ganze Mëtteg duerch d'Stad getrollt ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getrollt) » **intransitiv 7. [égs]** **DE** *herumliegen* • **FR** *trainer [choses(s)]* • **EN** *to lie about, to lie around* • **PT** *estar espalhado (por todo o lado) [objeto(s)]* **Beispill** raum emol d'Gezei, dat schonn eng Woch laang an denger Kasser trëllt! **8. [égs]** **DE**

herumhängen • **FR** *trainer [s'attarder]* • **EN** *to hang around [to loiter about]* • **PT** *passar [demorar-se]* **Beispill** hien trëllt de ganzen Dag an der Wiertschaft

i Verben, déi **trëllen** als Basis hunn: ↗ëmtrëllen, ↗erantrëllen, ↗erëmtrëllen, ↗eroftrëllen, ↗ronderëmtrëllen an ↗zesammen-trëllen

Trëllert [tr'ələt] Maskulinum (Pluriel Trëllerten) **DE** *Tollpatsch, Tölpel* • **FR** *lourdaut, imbécile, empoté* • **EN** *clumsy fool, oaf* • **PT** *desastrado, imbecil, labrego* **Beispiller** du Trëllert, kuck dach, wuer s de trëppels; esou en Trëllert kënne mer bei dëser Aarbecht net gebrauchen

Trema [tr'e:ma:] Maskulinum (Pluriel Tremaen) - Variant vun ↗Treema

Trend [trænt] Maskulinum (Pluriel Trenden / Trends) **DE** *Trend* • **FR** *tendance, mode* • **EN** *trend, fashion* • **PT** *tendência, moda* **Beispiller** den Trend, datt d'Leit all Joer en neien Handy kafen, ass net méi ze stoppen; déi schwaarz Faarf läit de Moment (voll) am Trend

Trëndel [tr'əndəl] Maskulinum (Pluriel Trëndelen) **DE** *Strudel, Wirbel* • **FR** *tourbillon, remous* • **PT** *turbilhão, remoinho* **Beispiller** mir hu ferm misse rudder, fir mam Schlauchboot aus dem Trëndel erauszekommen; d'Blieder gi vum Wand an engem Trëndel an d'Luucht geblosen

trendy [tr'ændi:] Adjektiv [égs] **DE** *trendy* • **FR** *tendance, à la mode* • **EN** *trendy, fashionable* <Adverb fashionably> • **PT** *na moda, moderno* <Adverb de acordo com a tendência> **Beispiller** deng nei Schong si richtig trendy!; eis Sekretärin ass ëmmer trendy ugedoen

trennbar [tr'ænba:r] Adjektiv **DE** *trennbar* [Verb] • **FR** *à particule séparable* [verbe] • **EN** *separable* [verb] • **PT** *de particula separável* [verbo] **Beispill** d'Joffer huet de Kanner erkläert, wat en trennbaart Verb ass

trennen [tr'ænən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getrennt) » **transitiv 1.** trennen (vun) **DE** *trennen (von) [abgrenzen (von)]* • **FR** *séparer (de) [pour délimiter]* • **EN** *to separate (from) [to divide from]* • **PT** *separar (de) [para delimitar]* **Beispiller** d'Gäert si mat engem Zonk vunenee getrennt; eng héich Mauer trennt déi zwee Schoulhäff; am Vestiär sinn d'Dusche fir Jongen a Meedercher getrennt **Synonym** oftrennen (vun) **2.** trennen (vun) **DE** *trennen (von) [auseinanderhalten]* • **FR** *séparer [pour faire la part des choses]* • **EN** *to separate [to keep distinct (from), to keep apart (from)]* • **PT** *separar [não misturar, considerar à parte]* **Beispiller** et ass ëmmer besser, d'Aarbecht an d'Privatliwien ze trennen; a mengem Exposé probéieren ech, déi juristeschen an déi moraleschen Aspekter vun der Fro (vunenee) ze trennen **3.** trennen (vun) **DE** *trennen (von) [scheiden (von), zerlegen]* • **FR** *séparer (de) [dissocier, isoler]* • **EN** *to separate (from), to decompose [a chemical compound]* • **PT** *separar (de) [dissociar, isolar]* **Beispiller** fir dat Rezept muss de fir d'éischt d'Eewäiss vum Eegiel trennen; duerch e cheemesche Prozess kann een déi zwou Substanzen vunenee trennen; doheem trenne mir den Offall [doheem sennere mir den Offall] **4.** trennen (vun) **DE** *trennen (von) [wegnehmen von, auseinanderbringen]* • **FR** *séparer (de) [enlever de, désunir]* • **EN** *to separate (from), to take (from), to part* • **PT** *separar (de) [afastar de, desunir]* **Beispiller** den Ziichter huet déi jong

Hënn ze fréi vun der Mamm **getrennt**; als Kanner kont näischt si (vuneneen) **trennen** **5. DE trennen** [ein Wort] • **FR séparer, couper** [un mot] • **EN to break, to divide** [into syllables] • **PT dividir** [uma palavra] **Beispill** wéi **gëtt** dat Wuert richteg **getrennt**? » **reflexiv 6. DE sich trennen** [verschiedene Richtungen einschlagen] • **FR se séparer** [prendre une autre direction] • **EN to part, to split** • **PT separar-se** [seguir em direções diferentes] **Beispill** bei der Apdikt **trennen** eis Weeër sech **7. sech trennen** (vun) **DE sich trennen** (von) • **FR se séparer** (de) • **EN to separate** (from) [a partner, a possession] • **PT separar-se** (de), *desfazer-se de* **Beispiller** d'Koppel **huet** sech am Gudd **getrennt**; déi jonk Fra huet sech decidéiert, sech vun hirem Mann ze **trennen**; ech ka mech net vu mengem alen Auto **trennen**

i Verb, dat **trennen** als Basis huet: **↗oftrennen**

Trennscheif [tr'ænʃaif] Femininum (Pluriel Trennscheiwen) **DE Flex** • **FR disquette** [trancheuse à disque] • **EN angle grinder** • **PT rebarbadora** **Beispill** ouni Trennscheif kriss de dee Rouer net propper duerchgeschneiden **Synonym Flex**

Trennung [tr'ænuŋ] Femininum (Pluriel Trennungen) **1. DE Trennung** [Teilung] • **FR séparation** [scission] • **EN separation** [division] • **PT separação** [cisão] **Beispill** a ville Länner gëtt et eng **Trennung** vu Kierch a Staat **2. DE Trennung** [Entzweiung] • **FR séparation, rupture** • **EN separation, split** [of a relationship] • **PT separação, rutura** **Beispill** no eiser **Trennung** hunn ech mech méi séier erkritt ewéi mäi Mann **3. DE Trennung** [eines Wortes] • **FR séparation, coupure, césure** [d'un mot] • **EN hyphenation, division** [of a word] • **PT translineação** [de uma palavra] **Beispill** ech hu bei mengem Schreifprogramm déi automatesch **Trennung** vun de Wieder ausgeschalt

Trennwand Femininum (Pluriel Trennwänn) **DE Trennwand, Scheidewand** • **FR paroi, cloison** • **PT (parede) divisória, tabique** **Beispill** mir hunn eis Stuff mat enger hëlzener **Trennwand** an zwee gedeelt

Trënteng [tr'æntɛŋ] Eegennumm **DE Trintingen** • **FR Trintange** • **EN Trintange** • **PT Trintange** **Beispiller** ech wunnen zu Trënteng; fiert dëse Bus op Trënteng?

trëppelen [tr'æpələn] ♦ Verb (Hëllefverb **hunn**, Participle passé **getrëppelt**) » **transitiv 1. trëppelen** (op) **DE treten** (auf) [den Fuß setzen auf] • **FR marcher sur, poser le pied sur** [par inadvertance] • **EN to step on** • **PT pisar, dar uma pisadela a** [por inadvertência] **Beispiller** do läit eng Kaz, pass op, datt s de se net **trëppels**!; den Hond huet no mer geschnaapt, well ech en op de Schwanz **getrëppelt** hat; an deem Land ginn d'Mënscherechter mat Féiss **getrëppelt** [an deem Land ginn d'Mënscherechter net respektéiert] **2. DE treten** [einen Weg, einen Pfad] • **FR former** [à force d'y marcher] • **EN to tread** [a track] • **PT abrir** [formar (caminho) pisando] **Beispill** an de Bierger notzen d'Leit Pied, déi d'Kéi an d'Häng **getrëppelt** **hunn 3. [ëgs]** (op d'Féiss) **trëppelen** **DE verletzen, kränken** • **FR blesser, vexer** • **EN to upset, to offend, to tread on someone's toes** • **PT ofender, melindrar** **Beispiller** du **hues** de Papp mat denge freche Bemerkungen uerg **getrëppelt**; mat denge Äntwert **hues** de mech op d'Féiss **getrëppelt** **Synonymmen** blesséieren, beleidegen, vexéieren ♦ Verb (Hëllefverb **sinn**, Participle passé **getrëppelt**) » **intran-**

sitiv 4. DE treten [den Fuß setzen] • **FR marcher** [poser le pied] • **EN to step** [to set down one's foot] • **PT pisar** [pôr o pé] **Beispiller** pass op, datt s de net buerbes an d'Schierbelen **trëppels**!; du **bass** him ellen op d'Féiss **getrëppelt**! [ëgs] [du **hues** hien elle vexéiert!] **Synonym** trieden **5. DE (gemächlich) gehen** [zu Fuß] • **FR aller** [sans se presser], **marcher** [sans se presser] [à pied] • **EN to walk, to stroll** • **PT caminhar** [sem pressa], *ir* [nas calmas] [a pé] **Beispiller** ech **trëppelen** alt schonn op de Bus; ech **trëppele** gären duerch déi enk Gaasse vun der Alstad; nom Iesse si mer **trëppele** gaangen [nom Iesse si mer spadséiere gaangen]; **trëppel**! [ëgs] [verschwann!]; mir musse méi **lues trëppelen**, et gëtt keng Gehaltserhéijung [ëgs] [mir mussen eis aschränken, et gëtt keng Gehaltserhéijung]; de Keessjee **huet** missen **trëppelen**, well e Suen ënnerschloen hat [ëgs] [de Keessjee gouf entlooss, well e Suen ënnerschloen hat]

i Verben, déi **trëppelen** als Basis hunn: **↗antrëppelen, ↗festtrëppelen, ↗laanschtrëppelen, ↗lassstrëppelen an ↗optrëppelen**

Trëppelpad Maskulinum (Pluriel Trëppelpied)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Trëppeltour [tr'æpəltu:ɶ] Maskulinum (Pluriel Trëppeltier) **DE Wanderung** [Ausflug] • **FR randonnée** • **EN walk** [hike, ramble] • **PT caminhada, passeio a pé** **Beispiller** no eisem **Trëppeltour** si mir eng Hameschmier iesse gaangen; dëst Joer organiséiert de Gesang en **Trëppeltour** duerch d'Wéngerten **Synonymmen** Fousstour, Wandertour, Wanderung

Tresor [trez'ɔ:r] Maskulinum (Pluriel Tresoren) **1. DE Tresor, Panzerschrank** • **FR coffre-fort** • **EN safe** • **PT cofre-forte** **Beispill** d'Dier vum **Tresor** kann een nëmme mat engem Geheimcode opmaachen **Synonymmen** Coffrefort, Safe **2. DE Finanzamt** • **FR Trésor public** • **EN Treasury, tax office, Revenue and Customs** • **PT Tesouro Público, Finanças** **Beispill** déi nei Steier **huet** dem **Tresor** e puer honnert Milliounen Euro abruecht

Tresorier [trez'ɔ:rjɛ] Maskulinum (Pluriel Tresorieren) **DE Kassenwart** • **FR trésorier** [d'une association] • **EN treasurer** • **PT tesoureiro** [de uma associação] **Beispill** den **Tresorier** huet Sue vum Veräin ënnerschloen **Synonym** Keessjee

i Weiblech Form: **↗Tresorière**

Tresorière [trez'ɔ:rjɛ:r] Femininum (Pluriel Tresoriären) **DE Kassenwartin** • **FR trésorière** [d'une association] • **PT tesoureira** [de uma associação] **Beispill** als **Tresorière** vun der Associatioun këmmen ech mech ëm d'Finanzen **Synonym** Caissière

i Männlech Form: **↗Tresorier**

Trëtt [træt] Maskulinum (Pluriel Trëtt) - Variant vun **↗Tratt**

Trëttbriet [tr'ætbrjɛt] Neutrum (Pluriel Trëttbrieder) **DE Trittbrett** • **FR marchepied** • **EN running board** • **PT estribo** [degrau] **Beispill** bei eis ass et verbueden, um **Trëttbriet** vum Tram matzefueren

Trëttoir [tr'ætwa:r] Maskulinum (Pluriel Trëttoiren) - Variant vun **↗Trottoir**

Trëtz [trɛts] Femininum (Pluriel Trëtzen) **1.** **DE** Zopf [Haarzopf] • **FR** tresse, natte [de cheveux] • **EN** plait • **PT** trança [de cabelo] **Beispill** als Kand hat ech dacks Trëtzen an den Hoer **2.** **DE** Zopfmuster • **FR** torsade (nat-*tée*) • **EN** cable (stitch) • **PT** trança, torcido **Beispill** meng Mamm huet mer e Pullover mat Trëtze gestréckt **3.** **DE** Zopf [Gebäck] • **FR** tresse [viennoiserie] • **EN** plaited pas-*try* • **PT** trança [bolo] **Beispill** eisem Bäcker seng Trëtze sinn déi bescht!

trëtzen [tr'ɛtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getrëzt) » **transitiv** **DE** flechten • **FR** tresser, natter • **EN** to plait • **PT** entrançar, entrelaçar **Beispiller** fir d'Ausstellung trëtzen d'Ziichter hire Päerd faarweg Woll an de Kamp; wéi ech kleng war, hat ech d'Hoer ëmmer getrëzt; hien huet Nerven ewéi getrëzten Tramsschinnen! [égs] [hien ass net aus der Rou ze bréngen]

Tri [tri:] Maskulinum (Pluriel Trien) **DE** Sortierung, Auswahl, Trennung • **FR** tri • **EN** selection • **PT** seleção, triagem, separação **Beispiller** ech hunn en Tri vun eisen Hochzäitsfotoe gemaach an der Bomi déi schéinst an en Album gepecht; mir maachen doheem den Tri vun Offall

Triage [tr'ia:f] Maskulinum (Pluriel Triagen) **1.** **DE** Briefzentrum, Paketzentrum • **FR** centre de tri [postal, logistique] • **EN** sorting office [mail, logistics] • **PT** centro de triagem [postal, logístico] **Beispill** et huet hënt am Triage vun der Post gebrannt **2.** **DE** Rangierbahnhof • **FR** gare de triage • **EN** marshalling yard • **PT** gare de triagem **Beispill** den Triage gëtt ëm véier Gleiser vergréissert

Triangel [tr'i:əŋgəl] Maskulinum (Pluriel Triangelen) **DE** Triangel [Musikinstrument] • **FR** triangle [instrument de musique] • **PT** triângulo [instrumento musical] **Beispill** de Perkussionist huet säin Asaz um Triangel verpasst

Triathleet [triatl'e:t] Maskulinum (Pluriel Triathleeten) **DE** Triathlet • **FR** triathlète • **EN** triathlete • **PT** triatleta **Beispill** den Triathleet trainéiert fir déi nächst Weltmeeschterschaft

i Weiblech Form: ↗Triathleetin

Triathleetin [tr'iatle:tin] Femininum (Pluriel Triathleetin) **DE** Triathletin • **FR** triathlète [femme]

i Männlech Form: ↗Triathleet

Triathlet [triatl'e:t] Maskulinum (Pluriel Triathleten) - Variant vun ↗Triathleet

Triathletin [tr'iatle:tin] Femininum (Pluriel Triathletinnen) - Variant vun ↗Triathleetin

Triathlon [tr'i:atlɔ:] Maskulinum (Pluriel Triathlonen) **DE** Triathlon • **FR** triathlon • **EN** triathlon • **PT** triatlo **Beispill** en erfuereren Athleet ass beim Triathlon den Éischte ginn

Tribün [trib'y:n] Femininum (Pluriel Tribünen) **1.** **DE** Tribüne [Zuschauerränge] • **FR** tribune [à gradins] • **EN** stand [structure for spectators] • **PT** tribuna, bancada [renque de bancos] **Beispiller** fir Nationalfeierdag ginn op der Maartplaz Tribünen opgeriicht; beim leschte Lännermatch waren d'Tribüne vum Stadion gutt gefëllt **2.** **DE** Tribüne [Rednertribüne] • **FR** tribune, estrade [d'orateur] • **PT** tribuna, estrado [de orador] **Beispill** op

der Tribün stoungen de President an de Generalsekretär vun der Gewerkschaft

Tribunal [tribun'a:l] Maskulinum (Pluriel Tribunaler) **1.** **DE** Gericht [Behörde] • **FR** tribunal [instance] • **EN** court [authority] • **PT** tribunal [instância] **Beispill** mir hu wëlles, géint d'Urteel vum Tribunal an Appell ze goen **Synonym** Gericht **2.** **DE** Gericht, Gerichtsgebäude • **FR** tribunal, palais de justice • **EN** court, courthouse • **PT** tribunal, palácio da justiça **Beispill** d'Manifestanten hunn sech op der Trap virum Tribunal versammelt **Synonym** Gericht

Trick [trik] Maskulinum (Pluriel Tricken / Tricker) **1.** (meeschtens Pluriel) **DE** Trick [Kniff] • **FR** truc, astuce • **EN** trick [method] • **PT** truque [método] **Beispiller** ech weess e patenten Trick, fir Wäfläschen ouni Tirebouchon opzemaachen; du hues den Trick eraus! [égs] [du lees dech schlau un!] **2.** (meeschtens Pluriel) **DE** Trick [Täuschungsmanöver, Machenschaft] • **FR** combine, magouille • **EN** trick [ruse] • **PT** truque, artimanha, esquema **Beispiller** mat deem doten Trick huet dee Spëtzbof scho vill Leit ugeschmiert; déi Tricken do maachen ech net mat! **3.** (kee Singulier) [égs] **DE** Flausen [Unsinn, dumme Gedanken] • **FR** sottises, lubies • **EN** crazy ideas, bats in the belfry • **PT** minhocas [parvoices, tolices] **Beispill** wat hues du Tricken an der Kopp! **4.** (meeschtens Pluriel) **DE** Trick [Zaubertrick] • **FR** tour (de magie) • **EN** (magic) trick • **PT** truque (de magia) **Beispill** den Zauberer huet de Publikum mat sengen Tricke begeeschtert **Synonym** Zaubertrick

Trickfilm [tr'ikfilm] Maskulinum (Pluriel Trickfilmer) **DE** Trickfilm, Animationsfilm • **FR** film d'animation • **EN** cartoon (film) • **PT** filme de animação **Beispill** um Festival huet de Kënschtler mat sengen Trickfilmer eng ganz Rei Präisser gewonnen **Synonym** Animationsfilm

tricksen [tr'iksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getrickst) » **intransitiv** [égs] **DE** tricksen • **FR** ruser, finasser • **EN** to fiddle [to use trickery] • **PT** usar de manha, trapacear **Beispiller** hien huet getrickst a gelunn, fir zu sengem ze kommen; den Tresorier huet e bësse getrickst, fir säi Bilan an den Equiliber ze kréien

i Verb, dat **tricksen** als Basis huet: ↗austricksen

Tricot [tr'iko:] Maskulinum (Pluriel Tricoten) **1.** **DE** Trikot [Sportkleidung] • **FR** tricot, maillot [vêtement de sport] • **EN** jersey, shirt, vest [for sport] • **PT** camisola (de desporto) **Beispiller** e Verteideger krut d'Giel Kaart gewisen, well en e Stiermer um Tricot gerappt hat; de Coureur dréit en Tricot mam Logo vu sengem Sponsor **Synonym** Maillot **2.** **DE** Trikot [Stoff] • **FR** tricot [tissu] • **EN** vest [underwear] • **PT** tricô [tecido] **Beispill** friet emol, meng Jackett, dat ass nach richtegen Tricot! **3.** [vereezlt] **DE** Unterhemd • **FR** maillot de corps • **EN** vest • **PT** camisola interior **Beispill** ech doen am Summer ni en Tricot ënner mäin Hiem un **4.** [vereezlt] **DE** Pullover • **FR** chandail, pull-over • **EN** pullover, jumper • **PT** camisola, pulôver **Beispill** et ass kal dobaussen, déi léiwer en Tricot un!

trieden [tr'iedən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé getrueden / getratt) » **intransitiv** **1.** **DE** treten [den Fuß setzen] • **FR** marcher [poser le pied] • **EN** to step [to set down one's foot] • **PT** pisar [pôr o pé] **Beispiller** pass op, datt s de net an eng Schierbel trëts!; den Zaldot huet e Bee verluer, well en e op eng Minn getruede war

Synonym trëppelen **2.** a Kraaft trieden **DE** in Kraft treten • **FR** entrer en vigueur • **EN** to come into force • **PT** entrar em vigor **Beispill** dat neit Gesetz trëtt den 1. Januar a Kraaft

i Verben, déi **trieden** als Basis hunn: **↗**antrieden, **↗**austrieden, **↗**abtrieden, **↗**eruntrieden, **↗**iwwertrieden, **↗**oftrieden, **↗**optrieden, **↗**untrieden an **↗**zerécktrieden

triéieren [trɪ'ziəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé triéiert) » **transitiv DE** sortieren • **FR** trier [séparer] • **EN** to sort (out) • **PT** separar [pôr à parte] **Beispill** an eiser Gemeng ginn d'Offäll triéiert an deelweis recyceléiert **Synonym** sënneren

triggeren [trɪ'gɛɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getriggert)

i Hei entsteeet en neien Artikel.

Trigonometrie [trigonometɾi:] Femininum (kee Pluriel) **[Mathematik] DE** Trigonometrie • **FR** trigonométrie • **PT** trigonometria **Beispill** ech hoffen, datt an der Prüfung keng Froen iwwer d'Trigonometrie gestallt ginn

Trichter [trɪ'çtɛ] Maskulinum (Pluriel Trichter) **DE** Trichter [Gerät] • **FR** entonnoir [instrument] • **EN** funnel [utensil] • **PT** funil [utensilio] **Beispill** et ass schwéier, eng Flëssegkeet ouni Trichter an eng Fläsch ze schëdden

Trillerpäif [trɪ'lɛpæ:ɪf] Femininum (Pluriel Trillerpäifen) **DE** Trillerpfeife • **FR** sifflet à roulette • **PT** apito [instrumento] **Beispill** d'Gewerkschaft huet hire Leit virun der Demonstratioun Trillerpäife verdeelt

Trilogie [triloz'i:] Femininum (Pluriel Trilogien) **DE** Trilogie • **FR** trilogie • **EN** trilogy • **PT** trilogia **Beispill** dëst Buch ass den éischte Band vun enger Trilogie

Trimester [trɪm'æstɛ] Neutrum (Pluriel Trimester / Trimesteren) **1. DE** Trimester [Quartal] • **FR** trimestre [période de trois mois] • **EN** trimester, quarter • **PT** trimestre [período de três meses] **Beispiller** an der Schwämm kritt een neierdénge en Abonnement fir een Trimester; am véierten Trimester vum leschte Joer ass de Chômage zwee Prozent geklommen **Synonym** Quartal **2. DE** Trimester [Drittel eines Schuljahres] • **FR** trimestre [scolaire] • **EN** term [of a school year] • **PT** trimestre [escolar] **Beispill** meng Schüler hunn sech dëst Trimester eng Heedeméi ginn

trimmen [trɪ'mən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getrimmt) » **transitiv** trimmen (op) **DE** trimmen (auf) [drillen] • **FR** entraîner (à), dresser • **EN** to train, to drill • **PT** treinar (para), puxar por [fazer desenvolver as capacidades de] **Beispiller** an der Schoul goufe mir fréier drop getrimmt, fir auswenneg ze léieren; während eiem Sportsstaje goufe mer schéi getrimmt!

Trinidad an Tobago [trɪ'nɪdantob'a:go:] Eegennumm, Neutrum **DE** Trinidad und Tobago • **FR** Trinité-et-Tobago • **EN** Trinidad and Tobago • **PT** Trindade e Tobago **Beispiller** ech war schonn dräimol op Trinidad an Tobago; ech fueren d'nächst Woch op Trinidad an Tobago; ech komme vun Trinidad an Tobago

i männlech Persoun: **↗**Trinidadער weiblech Persoun: **↗**Trinidadערin **Adjektiv:** **↗**trinidadesch **Hauptstad:** **↗**Port-of-Spain

Trinidadער [trɪ'nɪda:de] Maskulinum (Pluriel Trinidadער) **DE** Trinidadער • **FR** Trinidadien • **EN** Trinidadian • **PT** trinitário **Beispill** mäi beschte Frënd ass Trinidadער

Trinidadערin [trɪ'nɪda:dəɾɪn] Femininum (Pluriel Trinidadערinnen) **DE** Trinidadערin • **FR** Trinidadienne • **EN** Trinidadian [female] • **PT** trinitária **Beispill** meng bescht Frëndin ass Trinidadערin

trinidadesch [trɪnɪd'a:dəʃ] Adjektiv **DE** trinidadisch • **FR** trinidadien • **EN** Trinidadian • **PT** trinitário **Beispill** op eiser Rees hu mir déi trinidadesch Kultur kenne geléiert

Trio [trɪ'o:] Maskulinum (Pluriel Trioen) **1. DE** Trio [Musikensemble] • **FR** trio [ensemble musicale] • **EN** trio [group of musicians] • **PT** trio [conjunto musical] **Beispill** dee bekannten Trio ass amgaang, säin zweeten Album opzehuelen **2. DE** Trio [Musikstück] • **FR** trio [composition musicale] • **EN** trio [composition] • **PT** trio [composição musical] **Beispill** mir prouwen den Owend en Trio fir Klarinett, Cello a Piano **3. [ëgs] DE** Trio [Dreiergruppe] • **FR** trio [groupe de personnes] • **EN** trio [group of people] • **PT** trio [grupo de pessoas] **Beispill** et ass ëmmer eng lass, wann eise lëschtgen Trio ënnerwee ass

Tripartite Femininum (Pluriel Tripartitten) **DE** Tripartite [trilaterale konjunkturpolitische Verhandlungsrunde in Luxemburg] • **FR** tripartite [dialogue trilatéral relatif à la politique conjoncturelle au Luxembourg] • **PT** tripartido [diálogo trilateral relativo à política conjuntural no Luxemburgo] **Beispill** wéinst der nächster Indexbranche huet d'Regierung d'Sozialpartner op eng Tripartite invitéiert

Tripolis Eegennumm **DE** Tripolis • **FR** Tripoli • **PT** Tripoli **Beispill** Tripolis ass d'Hauptstad vu Libyen

Tripper [trɪ'ɪpɛ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Tripper, Gonorrhö • **FR** blennorragie, gonorrhée • **EN** gonorrhoea, (the) clap • **PT** gonorreia **Beispill** den Tripper gehéiert mat zu den extreem ustiechende Geschlechtskrankheeten **Synonym** Gonorrhoe

tripsen [trɪ'ɪpsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getripst) » **transitiv DE** zerdrücken, zermanschen [Nahrungsmittel] • **FR** écraser, réduire en purée [des aliments] • **EN** to mash [food] • **PT** fazer em puré, esmagar [alimentos] **Beispill** mir tripsen eiem Puppelchen all Mëtteg e Stéck Banann **Synonym** trätschen

Trisomie [trɪzom'i:] Femininum (Pluriel Trisomien) **1. DE** Trisomie • **FR** trisomie • **EN** trisomy • **PT** trissomia **Beispill** eng Trisomie ass en ugebuere Geendefekt **2. DE** Trisomie 21, Downsyndrom • **FR** trisomie 21, syndrome de Down • **EN** trisomy 21, Down's syndrome • **PT** trissomia 21, síndrome de Down **Beispill** Mënsche mat enger Trisomie (21) wäichen an hirer kierperlecher a kognitiver Entwécklung ënnerschiddlech staark of vun der Norm

trist [trɪst] Adjektiv **DE** trist, trostlos • **FR** triste, morose, maussade • **EN** dismal, dreary • **PT** triste, tristonho, sombrio **Beispiller** wat sidd dir mir fir eng trist Gesellschaft!; wat kann ee schonn op esou engem tristen Dag ewéi haut ënnerhuelen?; ouni Planze gesäit eis Stuff zimmlech trist aus

Triumph [tri'ʊmf] Maskulinum (Pluriel Triumph) **DE** Triumph [Sieg, Erfolg] • **FR** triomphe [victoire, succès] • **PT** triunfo [vitória, êxito] **Beispiller** den Tennisspiller huet een Triumph nom anere gefeiert; der Sängerin hir éischt Tournée war direkt en Triumph

triumphal [triʊmf'a:l] Adjektiv DE *triumphal* • FR *triumphal* [éclatant] • PT *triumfal* [retumbante] **Beispill** mat esou engem triumphalen Erfolg hat kee gerechent

triumphéieren [triʊmf'ʒiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé triumphéiert) » **intransitiv** DE *triumphieren* [jubeln] • FR *trionpher* [jubiler] • EN *to triumph* [to rejoice] • PT *triumfar* [exultar] **Beispill** triumphéier net ze fréi, du hues d'Resultat vun dengem Exame jo nach net!

trivial [tri'vi:ə:l] Adjektiv DE *trivial* • FR *trivial, banal* • EN *popular, ordinary, mundane* • PT *trivial, banal* **Beispiller** dat ass keen trivialen, ma e ganz pertinente Gedanken; mir gefalen déi Romanen net, se si mer ze vill trivial

Trivialitéit [tri'vi:alit'ɛit] Femininum 1. (kee Pluriel) DE *Trivialität* [triviale Beschaffenheit] • FR *trivialité, médiocrité* • EN *triviality* [lack of seriousness] • PT *trivialidade, mediocridade* **Beispill** dee Film ass vun enger Trivialitéit-sonnergläichen! 2. (Pluriel Trivialitéiten) DE *Trivialität* [triviale Äußerung] • FR *trivialité, platitude, banalité* [propos] • EN *platitude* • PT *trivialidade, banalidade* [dito] **Beispill** an senger Ried huet de Buergermeeschter just Trivialitéite vun sech ginn

Trivialliteratur Femininum (Pluriel Trivialliteraturen) DE *Trivialliteratur* • FR *parallittérature, littérature populaire* • PT *literatura ligeira* **Beispill** d'Trivialliteratur ass einfach a verständlech geschriwwen

triwwelen [tr'i:vələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getriwwelt) » **intransitiv** 1. [égs] triwwelen un DE *herumfummeln an, herumfingern an* • FR *tripoter* [manier, toucher] • EN *to fiddle with* • PT *mexer em* [manejar, tocar] **Beispiller** dee Bouf geet awer och un alles triwwelen!; hie muss awer och ëmmer un sengem neie Frënd triwwelen! **Synonym** féngeren (un) 2. [égs] DE *werkeln, pusseln* • FR *bricoler* [s'occuper] • EN *to potter about* • PT *entreter-se com trabalhos manuais* **Beispill** hien triwwelt de ganzen Dag an owes huet en näischt opweises 3. [égs] DE *herumstöbern, herumkramen* • FR *fouiller, fureter* • EN *to rummage, to poke around* • PT *(andar a) remexer, (andar a) revolver* **Beispill** wat triwwels du do a mengem Schaf? **Synonymen** koschteren, moschteren, ramoschteren » **transitiv** 4. [égs] DE *befummeln, herumfummeln an* • FR *tripoter* • EN *to fiddle with, to mess with* • PT *mexer em, apalpar* **Beispiller** triwwel déi Kaz net esou, soss kraazt se dech!; triwwel déi Pijen net esou, hannenno hunn se Téitschen! **Synonym** tëlteren

Triwweler [tr'i:vələ] Maskulinum (Pluriel Triwweler) 1. [égs] DE *Bastler, Tüftler* • FR *bricoleur* • EN *tinkerer* • PT *faz-tudo, engenhocas* **Beispill** mäi Monni ass en Triwweler, deen alles probéiert ze flécken **Synonymen** Knécheler, Kniwweler 2. [égs] DE *Grapscher* • FR *vicelard* (aux mains baladeuses) • EN *groper* [pervert] • PT *libidinoso* [que molesta com apalpadelas] **Beispill** meng Schwëster huet deem alen Triwweler direkt op d'Fangere geklappt **Synonym** Grapscher

1 Weiblech Form: ↗Triwwelesch

Triwwelesch [tr'i:vələʃ] Femininum (Pluriel Triwweleschen) 1. [égs] DE *Bastlerin, Tüftlerin* • FR *bricoleuse* **Syn-**

onymmen Knéchelesch, Kniwwelesch 2. [égs] DE *Grapscherin* • FR *vicelarde* (aux mains baladeuses) **Synonym** Grapscher

1 Männlech Form: ↗Triwweler

Trockner [tr'okne] Maskulinum (Pluriel Trockner) DE *Trockner, Wäschetrockner* • FR *sèche-linge* • EN *(tumble) dryer* • PT *máquina de secar roupa* **Beispill** ech muss den Owend nach eng Wäsch an den Trockner maachen

Troisième [trw'azjæm] Femininum (Pluriel Troisième) DE [Definitiou] *elfte Klasse im Luxemburger Schulsystem* • FR [Definitiou] *onzième année d'études dans l'enseignement luxembourgeois* • PT [Definitiou] *décimo primeiro ano de escolaridade no sistema de ensino luxemburguês* **Beispiller** op Troisième hat ech eng ganz engagéiert Geschichtspröf; bei eis am Lycée gëtt et aacht Troisième

Troll Maskulinum (Pluriel Trollen)

1 Hei entstee en neien Artikel.

Trombone [trõ:mb'on] Femininum (Pluriel Trombonnen) - Variant vun ↗Trombonn

Trombonn [trõ:mb'on] Femininum (Pluriel Trombonnen) DE *Posaune* • FR *trombone* (à coulisse) • EN *trombone* • PT *trombone* **Beispill** meng Schwëster spillt Trompett an ech Trombonn **Synonym** Zuchposaun

Tromm [trom] Femininum (Pluriel Trommen) 1. DE *Trommel* [Musikinstrument] • FR *tambour* [instrument de musique] • EN *drum* • PT *tambor* [instrumento musical] **Beispiller** wann s de d'Eltere wëlls nerven, da schenk hire Kanner eng blechen Tromm; gehei elo net d'Knéppel bei d'Tromm! [égs]; gehei elo net d'Bengele bei d'Tromm! [égs] [gëff elo net opl!]; eisen Noper huet sech eng schéin Tromm gezillt [égs] [eisen Noper huet en décke Bauch kritt] 2. Déck Tromm DE *Große Trommel* • FR *grosse caisse* • EN *bass drum* • PT *bombo* **Beispiller** wie spillt beim Hämmlsmarsch déi Déck Tromm?; d'Cheffin huet an der Versammlung ferm op d'Déck Tromm geschloen [égs] [d'Cheffin huet an der Versammlung déck getéint]

Trommel [tr'oməl] Femininum (Pluriel Trommelen) 1. DE *Trommel* [Behälter] • FR *tambour* [cylindre dans une machine] • EN *drum* [in a washing machine] • PT *tambor* [de uma máquina] **Beispill** an d'Trommel vun eiser Wäschmaschinn gi siwe Kilo (Wäsch) 2. DE *Trommel* [Rolle] • FR *tambour* [cylindre d'un treuil] • EN *drum* [cylinder] • PT *tambor* [cilindro para enrolar] **Beispill** wéckel de Schlauch erëm uerdentlech op d'Trommel, wann s de fäerdig bass mat nätzen!

trommelen [tr'omələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getrommelt)

1 Hei entstee en neien Artikel.

1 Verb, dat **trommelen** als Basis huet: ↗zesummentrommelen

Trommelfell [tr'oməlfæl] Neutrum (Pluriel Trommelfeller) DE *Trommelfell* [im Ohr] • FR *tympa* [de l'oreille] • EN *eardrum* • PT *timpano* [do ouvido] **Beispiller** bei esou engem Knuppert kéint engem d'Trommelfell plätzen; mäin Hals-Nuesen-Queredokter huet festgestallt, datt ech e Lach am Trommelfell hunn

trommen [tr'omən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getrommt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Tromp [trɔmp] Femininum (Pluriel Trëmp) **1.** DE *Trumpf* [Spielkarte] • FR *atout* [carte à jouer] • EN *trump* [playing card] • PT *trunfo* [carta de jogar] **Beispill** wéi d'Partie zu Enn goug, hat hie seng Trëmp nach all an der Hand **2.** DE *Trumpf* [Vorteil] • FR *atout* [avantage] • EN *trump* [advantage] • PT *trunfo* [vantagem] **Beispiller** de Kandidat hat et eraus, fir am Interview seng Trëmp auszespillen; hien hält seng bescht Trëmp ëmmer bis zum Schluss vun der Diskussioun **Synonym** Atout

trompen [tr'ompən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getrompt) » **intransitiv** DE *trumpfen* • FR *jouer atout* • EN *to trump* [to play a trump] • PT *jogar trunfo* **Beispill** déi Kaart däärf de net ausspillen, du muss bekennen oder trompen!

I Verb, dat **trompen** als Basis huet: ↗optrompen

Trompett [tr'ompæt] Femininum (Pluriel Trompetten) DE *Trompete* • FR *trompette* [instrument] • EN *trumpet* [instrument] • PT *trompeta* [instrumento] **Beispill** meng Schwëster spillt Trompett an ech Trombonn

Trompettist [trɔmpæt'ist] Maskulinum (Pluriel Trompettisten) DE *Trompeter* • FR *trompettiste* • EN *trumpeter* • PT *trompetista* **Beispill** ee vun den Trompettisten huet all déi aner Instrumenter iwwertéint

I Weiblech Form: ↗Trompettistin

Trompettistin [trɔmpæt'istin] Femininum (Pluriel Trompettistinnen) DE *Trompeterin* • FR *trompettiste* [femme, fille] • PT *trompetista* [mulher, rapariga] **Beispill** wéinst neien, méi strenge Coronamesuren huet d'Trompettistin hire Concert misse verréckelen

I Männlech Form: ↗Trompettist

Tropen [tr'o:pən] Substantiv (kee Singulier) DE *Tropen* • FR *tropiques* • EN *tropics, tropical regions* • PT *tropicós* **Beispill** verschidde Krankheete si besonnesch an den Trope staark verbreet

tropesch [tr'o:pəʃ] Adjektiv DE *tropisch* • FR *tropical* • EN *tropical* • PT *tropical* **Beispill** d'Ananas wüsst an tropesche Länner

Tröpfcheninfektioun [tr'œpʃçəninfæksjəʊn] Femininum (Pluriel Tröpfcheninfektiounen) DE *Tröpfcheninfektion* • FR *infection aérienne, infection par gouttelettes* • EN *droplet infection* • PT *infecção aérea, infecção por gotículas* **Beispill** vill Krankheetsreeger ginn duerch Tröpfcheninfektioun iwwerdroen

Troter [tr'o:tə] Femininum (Pluriel Troteren) **[ëgs]** DE *Tröte, Tute, Vuvuzela* • FR *mirliton, vuvuzela* [instrument à vent (de fantaisie)] • EN *hooter, horn, vuvuzela* • PT *corneta, gaita, vuvuzela* [instrumento rudimentar de sopro, brinquedo] **Beispill** am Stadion hunn d'Supportere mat Trotere fir Stëmmung gesuert

Troterbatti [tr'o:tebat:] Maskulinum (Pluriel Troterbattien) **[ëgs]** DE *Schwätzer, Angeber* • FR *bavard, frimeur* • EN *windbag, boaster* • PT *fala-barato, gabarola* **Beispill** wann een deem Troterbatti nolauschtert, mengt een, e wier schonn iwwerall op der Welt gewiescht **Syn-**

onymmen Braddeler, Schnëssert, Téinert, Tutebatti

troteren [tr'o:təɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getrotert) » **intransitiv** **[ëgs]** DE *tröten, trompeten, tuten* • FR *mirlitonner, claironner* • EN *to trumpet, to hoot* • PT *trombetear, buzinar* [com instrumento de sopro] **Beispill** d'Supporteren hu scho virum Match am Stadion getrotert ewéi d'Hallwerweisen

I Verb, dat **troteren** als Basis huet: ↗antroteren

Trottinett [trɔtin'æt] Femininum (Pluriel Trottinetten) **1.** DE *Tretroller* • FR *trottinette* • EN *scooter* • PT *trotinete* **Beispill** als Kand sinn ech gär mat der Trottinett gefuer **2.** DE *E-Scooter* • FR *trottinette électrique* • EN *electric scooter, E-scooter* • PT *trotinete elétrica* **Beispill** wann d'Wieder et erlaabt, fueren ech all Dag mat der Trottinett schaffen

Trottoir [tr'otwa:r] Maskulinum (Pluriel Trottoiren) DE *Bürgersteig* • FR *trottoir* • EN *pavement* • PT *passeio* [parte da via pública] **Beispill** den Noper huet de Schnéi vum Trottoir an de Kullang geschëppt

I Variant: Tréttoir

trotz [trɔts] Prepositioun » **mam Dativ** DE *trozt* • FR *malgré, en dépit de* • EN *despite, in spite of* • PT *apesar de, a despeito de* **Beispiller** trotz där schlechter Matrass hunn ech gutt geschlof; trotz allem, wat geschitt ass, sinn déi zwee nach ëmmer Frënn bliwwen

trotzdeem [tr'otsde:m] Adverb DE *trotdem* • FR *néanmoins, malgré tout* • EN *nevertheless, still, all the same* • PT *apesar disso, contudo, mesmo assim* **Beispiller** hie gëtt gäre séikrank, an trotzdeem huet hien eng Croisière gebucht; de Pianist huet vill geübt, mee en hat trotzdeem kee Succès **Synonym** awer

trotzeg [tr'otsɛç] Adjektiv DE *troztig* • FR *entêté* <Adverb de façon têtue> • EN *stubborn, contrary* <Adverb stubbornly> • PT *birrento, teimoso* <Adverb teimosamente> **Beispill** mat zwee, dräi Joer sinn d'Kanner gär troztzeg **Synonymmen** bockeg, tockeg, verbruert

trotzen [tr'otsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getrotzt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Troun [trəʊn] Maskulinum **1.** (Pluriel Tréin) DE *Thron* [Thronsessel] • FR *trône* [siège] • EN *throne* [chair] • PT *trono* [assento] **Beispill** nëmme bei feierleche Geleeënheete sëtzt de Kinnek op sengem Troun **2.** (kee Pluriel) DE *Thron* [monarchische Herrschaft] • FR *trône* [pouvoir monarchique] • EN *throne* [sovereign power] • PT *trono* [poder monárquico] **Beispiller** eisen aktuelle Kinnek koum mat zwanzeg Joer op den Troun; no méi ewéi 50 Joer um Troun huet de Kinnek zu Gonschte vu senger Duechter ofgedankt **3.** (Pluriel Tréin) **[ëgs]** DE *Klo* • FR *trône* [toilettes] • EN *throne* [toilet] • PT *trono* [sanital] **Beispill** hie sëtzt um Troun, d'Zeitong ze liesen!

trounen [tr'əʊnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getrount) » **intransitiv** **[ëgs]** DE *thronen* [übertrieben feierlich sitzen] • FR *trôner* [être assis de façon exagérément solennelle] • EN *to sit enthroned* • PT *tronar* [estar sentado de modo exageradamente solene] **Beispill** op der Foto **trount** eise Bop op sengem eischten Trakter

Trounfolleg Femininum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Trounfullger [tr'əʊnfolzɐ] Maskulinum (Pluriel Trounfullger) **DE** *Thronfolger* • **FR** *héritier du trône* • **EN** *heir to the throne* • **PT** *herdeiro do trono* **Beispill** de Kinnek gouf bei der Zeremonie vum Trounfullger vertraueden

I Weiblech Form: ↗Trounfullgerin

Trounfullgerin [tr'əʊnfolzɛrɪn] Femininum (Pluriel Trounfullgerinnen) **DE** *Thronfolgerin* • **FR** *héritière du trône* • **PT** *herdeira do trono* **Beispill** bei där rezenter Zeremonie huet d'Trounfullgerin hire kranke Papp vertraueden

I Männlech Form: ↗Trounfullger

Trounwiessel [tr'əʊnviəsəl] Maskulinum (Pluriel Trounwiesselen) **DE** *Thronwechsel* • **FR** *avènement (au trône)* [d'un nouveau souverain] • **EN** *accession to the throne* [of a new sovereign] • **PT** *ascensão ao trono* [de um novo soberano] **Beispill** d'Staatscheffen aus den Nopeschlänner si fir den Trounwiessel an d'Land komm

Trouscht [tr'əʊʃt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Trost* • **FR** *réconfort, consolation* • **EN** *consolation* • **PT** *reconforto, consolação* **Beispiller** vill Leit fannen a schwéiere Momenter Trouscht am Gebiet; d'Verurteilung vum Schëllege war e klengen Trouscht fir d'Famill vum Affer; bass du nach bei Trouscht? [ɛgɔ] [bass du geckeg?]

Trouschtpräis [tr'əʊʃtpræ:ɪs] Maskulinum (Pluriel Trouschtpräisser) **DE** *Trostpreis* • **FR** *prix de consolation* • **EN** *consolation prize* • **PT** *prémio de consolação* **Beispill** jidderen, dee beim Concours matmécht, kritt op d'mannst e klengen Trouschtpräis

Trousse [tr'us] Femininum (Pluriel Troussen) **DE** *Tasche, Etui, Mäppchen* • **FR** *trousse [étui]* • **EN** *case, bag, etui* • **PT** *estajo, bolsa* **Beispiller** hues de keng kleng Schéier an denger Trousse?; et huet ee mer d'Trousse mam Vëlosgeschier geklaut

Trousseau [tr'usɔ:] Maskulinum (Pluriel Trousseauen) **DE** *Aussteuer* • **FR** *trousseau [vêtements, linge]* • **PT** *enxoval* **Beispill** mir hunn haut nach Dëscheldicher an Zerweiten aus menger Urgroussmamm hirem Trousseau am Gebrauch

Tru [tru:] Femininum (Pluriel Truen) **1. DE** *Truhe* • **FR** *coffre [meuble]* • **EN** *trunk, chest* • **PT** *arca, baú* **Beispill** meng Grousselteren hunn doheem eng schéi geschnëtzen Tru **2. DE** *Tiefkühltruhe, Gefrierschrank* • **FR** *congélateur* • **EN** *freezer, chest freezer* • **PT** *arca congeladora, congelador* **Beispill** huel de Brot aus der Tru, fir datt en entdeet! **Synonymmen** Killtru, Tifküler

Trudlermillen [tr'udləmilən] Eegennumm **DE** *Trudlermillen* • **FR** *Trudlermillen* • **EN** *Trudlermillen* • **PT** *Trudlermillen* **Beispiller** ech wunnen op der Trudlermillen; fiert dese Bus op d'Trudlermillen?

Truecht [truɛçt] Femininum (Pluriel Truechten) **DE** *Tracht [Kleidung]* • **FR** *costume traditionnel, costume folklorique* • **EN** *traditional costume* • **PT** *traje tradicional, traje folclórico* **Beispill** am Cortège si Gruppen a faarwegen Truechte matgaangen

Trüff [tryf] Femininum (Pluriel Trüffen) **1. DE** *Trüffel [Pilz]* • **FR** *truffe [champignon]* • **EN** *truffle [fungus]* • **PT** *trufa [fungo]* **Beispill** Schwäi gi speziell dresséiert, fir Trüffen ze sichen **2. DE** *Trüffel [Praline]* • **FR** *truffe [confiserie]* • **EN** *truffle [sweet]* • **PT** *trufa [doce]* **Beispill** eise Pâtissier mécht déi bescht Trüffen!

I Variant: Trüffel

Truffe [tryf] Femininum (Pluriel Truffen) - Variant vun ↗Trüff

Trüffel [tr'yfəl] Femininum (Pluriel Trüffelen) - Variant vun ↗Trüff

Trupp [trup] Femininum (Pluriel Truppen) **1. DE** *Truppe, Schauspielgruppe* • **FR** *troupe (de théâtre)* • **EN** *troupe [theatre company]* • **PT** *trupe (de teatro), companhia (de teatro)* **Beispill** deen Acteur huet schonn an e puer bekannten Truppe matgespillt **2. (kee Singulier) DE** *Truppen [Streitkräfte]* • **FR** *troupes [militaires]* • **EN** *troops* • **PT** *tropas [forças armadas]* **Beispill** no der Befreiung duerch déi alliéiert Truppe war d'Land nees onofhängeg

Truppeverband [tr'upəfebant] Maskulinum (Pluriel Truppeverbänn) **DE** *Truppenverband* • **FR** *formation militaire [contingent]* • **PT** *contingente de tropas* **Beispill** fir den internationale Manöver stellt eist Land e klengen Truppeverband zur Verfügung

Trusso Maskulinum (Pluriel Trussoen) - Variant vun ↗Trousseau

trutschen [tr'utʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getrutscht)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Tschad [tʃat] Eegennumm, Maskulinum **DE** *Tschad* • **FR** *Tchad* • **EN** *Chad* • **PT** *Chade* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Tschad; ech fueren d'nächst Woch an den Tschad; ech kommen aus dem Tschad

I männlech Persoun: ↗Tschadder weiblech Persoun: ↗Tschad-derin Adjektiv: ↗tschaddesch Haaptstad: ↗N'Djamena

Tschadder [tʃ'adɛ] Maskulinum (Pluriel Tschadder) **DE** *Tschader* • **FR** *Tchadien* • **EN** *Chadian* • **PT** *chadiano* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Tschadder

Tschadderin [tʃ'adɛrɪn] Femininum (Pluriel Tschad-derinnen) **DE** *Tschaderin* • **FR** *Tchadienne* • **EN** *Chadian [female]* • **PT** *chadiana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Tschadderin

tschaddesch [tʃ'adɛʃ] Adjektiv **DE** *tschadisch* • **FR** *tchadien* • **EN** *Chadian* • **PT** *chadiano* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi tschaddesch Kultur kenne geléiert

Tschech [tʃ'æç] Maskulinum (Pluriel Tschechen) **DE** *Tscheche* • **FR** *Tchèque* • **EN** *Czech* • **PT** *checo* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Tschech

tschechesch [tʃ'æçəʃ] Adjektiv **DE** *tschechisch* • **FR** *tchèque* • **EN** *Czech* • **PT** *checo* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi tschechesch Kultur kenne geléiert

Tschechesch Republik [tʃ'æçəʃrɛpubl'ik] Eegennumm, Femininum **DE** *Tschechische Republik* • **FR** *République tchèque* • **EN** *Czech Republic* • **PT** *República Checa* **Beispiller** ech war schonn dräimol an der Tschech-

escher Republik; ech fueren d'nächst Woch an d'Tschechesch Republik; ech kommen aus der Tschechescher Republik

i männlech Persoun: ↗Tschech weiblech Persoun: ↗Tschechin Adjektiv: ↗tschechesch Hauptstadt: ↗Prag

Tschechien Eegennumm, Neutrum DE *Tschechien, Tschechische Republik* • FR *Tchéquie, République tchèque* • EN *Czechia, Czech Republic* • PT *Chéquia, República Checa* **Beispiller** ech war schonn dräimol an Tschechien; ech fueren d'nächst Woch an Tschechien; ech kommen aus Tschechien **Synonym** Tschechesch Republik

i männlech Persoun: ↗Tschech weiblech Persoun: ↗Tschechin Adjektiv: ↗tschechesch

Tschechin [tʃ'æçin] Femininum (Pluriel Tschechinnen) DE *Tschechin* • FR *Tchèque* • EN *Czech [female]* • PT *checa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Tschechin

Tschiddeschmillen [tʃ'idəʃmilən] Eegennumm DE *Tschiddeschmillen* • FR *Tschiddeschmillen* • EN *Tschiddeschmillen* • PT *Tschiddeschmillen* **Beispiller** ech wunnen op der Tschiddeschmillen; fiert dese Bus op d'Tschiddeschmillen?

T-Shirt ['ti:ʃœrt] Maskulinum (Pluriel T-Shirten) DE *T-Shirt* • FR *teeshirt* • EN *T-shirt* • PT *t-shirt* **Beispiller** meng kleng Schwëster hält ee vu mengen T-Shirten als Nuetshiem; an denger Plaz géif ech net am T-Shirt op e Virstellungsgespreich goen

Tsunami [tsun'a:mi:] Maskulinum (Pluriel Tsunamien) DE *Tsunami* • FR *raz de marée, tsunami* • PT *maremoto, tsunami* **Beispill** den Tsunami gouf duerch e Biewen am Mier provozéiert

Tüb [ty:p] Maskulinum/Femininum (Pluriel Tüben) **1.** DE *Tube [Verpackung]* • FR *tube [emballage flexible]* • EN *tube [container]* • PT *tubo, bisnaga [embalagem]* **Beispill** ech muss an der Apdikt Zanpasta kafen, mäin Tüb ass eidel **2.** DE *Tube [Inhalt]* • FR *tube [contenu]* • EN *tube [content]* • PT *tubo, bisnaga [conteúdo]* **Beispill** ech hu Mayonnaise esou gär, ech kéint eng ganz Tüb op een Teller Fritte maachen

Tuba [t'u:ba:] Femininum (Pluriel Tubaen) DE *Tuba* • FR *tuba* • EN *tuba* • PT *tuba* **Beispill** ech spillen Tuba an der Duerfmusek

Tubak [t'uba:k] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Tabak* • FR *tabac [plante, produit]* • EN *tobacco* • PT *tabaco* **Beispiller** an deser Géigend produzéieren d'Bauere virun allem Mais an Tubak; wat fëmms du do fir e sténkegen Tubak?; dat do ass staarken Tubak! ^[égs] [dat do ass onerhéiert!]; säit anno Tubak sinn ech Sekretär vum Keeleclub ^[égs] [ech si scho ganz laang Sekretär vum Keeleclub]

Tubaksgestank [t'uba:ksɔʃtaŋk] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Tabakgestank* • FR *odeur de tabac (froid)* • PT *cheiro a tabaco* **Beispill** fir den Tubaksgestank am Büro erauszekreien, muss en nei ugestrach ginn

Tuberkulos [tubɛrkul'o:s] Femininum (kee Pluriel) DE *Tuberkulose* • FR *tuberculose* • EN *tuberculosis* • PT *tuberculose* **Beispill** den Dokter huet bei der Patientin (eng) Tuberkulos diagnostizéiert

tucken [t'ukən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getuckt) » **reflexiv** DE *sich (den Kopf) stoßen* • FR *se cogner (la tête)* • EN *to bang one's head* • PT *bater com a cabeça* **Beispiller** duck dech an der Kellertrap, soss tucks de dech!; ech hat mech esou uerg getuckt, datt d'Wonn huet misse gebitzt ginn

tuckeren [t'ukərən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé getuckert) » **intransitiv** ^[égs] DE *tuckern* • FR *se balader, rouler (lentement)* [conducuteur, véhicule] • EN *to chug [to drive slowly]* • PT *passar, andar (lentamente)* [conductor, veículo] **Beispill** mir si gemittlech mat eisem Oldtimer iwwer Land getuckert

tuddelen [t'udələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getuddelt) » **intransitiv 1.** DE *stottern* • FR *bégayer* • EN *to stutter, to stammer* • PT *gaguejar* **Beispiller** wann ech opgereegt sinn, fänken ech un ze tuddelen; wann hie fräi schwätzt, dann tuddelt en, a wann en haart liest, net **2.** ^[égs] DE *quatschen, saften* • FR *dégoiser* • EN *to witter on, to chatter, to rattle on* • PT *tagarelar, palrar* **Beispill** elo hues de laang genuch getuddelt, schaff emol eppes! **Synonymmen** braddele, sabbelen » **transitiv 3.** ^[égs] DE *verzapfen [Unsinn]* • FR *débiter [des conneries]* • EN *to come out with, to talk [nonsense]* • PT *debitar [asneiras]* **Beispill** wat huet deen nees e Blödsinn getuddelt! **Synonym** verzapen

Tue-herbe Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Tuer [tu:ɔ] Maskulinum (Pluriel Tier / Tueren) - Variant vun ↗Tour

Tuer Maskulinum (Pluriel Tier) - Variant vun ↗Tuerm

Tuerm [tu:ɔm] Maskulinum (Pluriel Tierm) **1.** DE *Turm [Bauwerk]* • FR *tour [construction, bâtiment]* • EN *tower* • PT *torre [construção, edifício]* **Beispill** den Tuerm vun der Kathedral gouf viru Kuerzem restauréiert **2.** DE *Turm [Schachfigur]* • FR *tour [pièce d'échecs]* • EN *castle, rook* • PT *torre [peça de xadrez]* **Beispill** ee vun de Schachspiller huet direkt am Ufank vun der Partie en Tuerm verluer

i Variant: Tuer

Tuermeil [t'u:ɔmaɪ] Femininum (Pluriel Tuermeilen) *Tyto alba* DE *Schleiereule* • FR *chouette effraie* • EN *barn owl* • PT *coruja-das-torres* **Beispill** wéi laang bréien d'Tuermeilen? **Synonym** Schleiereil

Tuermfallek [t'u:ɔmfalek] Maskulinum (Pluriel Tuermfalleken) *Falco tinnunculus* DE *Tuermfalke* • FR *faucon crécerelle* • EN *common kestrel* • PT *peneireiro-vulgar* **Beispill** wéi laang bréien d'Tuermfalleken? **Synonym** Kréchel

tüftelen [t'yftələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getüftelt) » **intransitiv** tüftelen (un) DE *tüfteln (an)* • FR *bricoler, fignoler* • PT *trabalhar (em), esmerar-se (em)* **Beispill** d'Bouwen tüftele schonn de ganze Mëtteg, fir hir Wandmillen un d'Lafen ze kreien

Tulp [tulp] Femininum (Pluriel Tulpen) DE *Tulpe [Pflanze, Schnittblume]* • FR *tulipe [plante, fleur]* • EN *tulip* • PT *túlipa [planta, flor]* **Beispiller** dés Zort Tulpe blüht besonnesch fréi; d'Pianistin krut nom Concert e Bouquet Tulpen iwwerrecht

Tumeur [t'ymœ:r] Maskulinum/Femininum (Pluriel Tumeuren) **DE** *Tumor* • **FR** *tumeur* • **EN** *tumour* • **PT** *tumor* **Beispiller** den Dokter huet him déi guttaarteg Tumeur operéiert; deen Tumeur muss bestraalt ginn **Synonymmen** Tumor, Geschwulst, Gewächs

Tumor [t'u:mɔ:r] Maskulinum (Pluriel Tumoren) **DE** *Tumor* • **FR** *tumeur* • **EN** *tumour* • **PT** *tumor* **Beispiller** den Dokter huet him dee guttaartegen Tumor operéiert; deen Tumor muss operativ behandelt ginn **Synonymmen** Tumeur, Gewächs

Tundramouergäns [t'undrɑ:mœʁgæns] Femininum (Pluriel Tundramouergänsen) Anser fabalis rossicus **DE** *Tundrasaatgans* • **FR** *oie de toundra* • **EN** *tundra bean goose* • **PT** *ganso-campestre* **Beispill** wéi laang bréien d'Tundramouergänsen?

tuneesesch [tun'e:zəʃ] Adjektiv **DE** *tunesisch* • **FR** *tunisien* • **EN** *Tunisian* • **PT** *tunisino* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi tuneesesch Kultur kenne geléiert

Tuneesier [tun'e:zjɛ] Maskulinum (Pluriel Tuneesier) **DE** *Tunesier* • **FR** *Tunisien* • **EN** *Tunisian* • **PT** *tunisino* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Tuneesier

Tuneesierin [tun'e:zjəri:n] Femininum (Pluriel Tuneesierinnen) **DE** *Tunesierin* • **FR** *Tunisienne* • **EN** *Tunisian [female]* • **PT** *tunisina* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Tuneesierin

Tunesien [tun'e:ziən] Eegennumm, Neutrum **DE** *Tunesien* • **FR** *Tunisie* • **EN** *Tunisia* • **PT** *Tunisia* **Beispiller** ech war schonn dräimol an Tunesien; ech fueren d'nächst Woch an Tunesien; ech kommen aus Tunesien

i männlech	Persoun:	↗Tuneesier	weiblech	Persoun:
↗Tuneesierin	Adjektiv:	↗tuneesesch	Haaptstad:	↗Tunis

TunIQUE [t'ynik] Femininum (Pluriel Tuniquen) **1.** **DE** *Tunika [Kleidungsstück]* • **FR** *tunique [vêtement]* • **EN** *tunic [clothing]* • **PT** *túnica [peça de vestuário]* **Beispill** an der Vakanz hunn ech mer um Maart eng schéi faarweg Tunique kaaft **2.** **DE** *Kutte [der Erstkommunikanten, der Messdiener]* • **FR** *tunique, aube [de premier communiant, d'enfant de chœur]* • **EN** *alb [of first communicant, of altar boy]* • **PT** *túnica, alva [de primeiro comunigante, de menino do coro]* **Beispill** an eiser Por kréien d'Kommionskanner Tuniqué gestallt **3.** **DE** *(einteiliger) Turnanzug* • **FR** *maillot de gymnastique* • **EN** *leotard* • **PT** *fato de ginástica* **Beispill** den Turnveräin huet nei Tuniqué kritt

Tunis Eegennumm **DE** *Tunis* • **FR** *Tunis* • **PT** *Tunes* **Beispill** Tunis ass d'Haaptstad vun Tunesien

Tunnel [t'unæ:l] Maskulinum (Pluriel Tunnellen) **DE** *Tunnel* • **FR** *tunnel* • **EN** *tunnel* • **PT** *túnel* **Beispiller** deen alen Tunnel riskéiert zesummenzefalen; d'Autoe mussen am Tunnel d'Blenden unhunn; bei der Renovatioun vum Haus sinn d'Aarbechter op en ënnerierdeschen Tunnel gestouss; mir gesinn nach net un d'Enn vum Tunnel ^[egs] [mir gesinn nach keng Léisung vun eisem Problem]

tuppen [t'upən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé getuppt) » **transitiv 1.** tuppen (vun) **DE** *abtupfen (von)* • **FR** *enlever (de) [en tamponnant]* • **EN** *to dab (from)* • **PT** *limpar (de), enxugar (de) [com pequenos toques]* **Beispill** mir hunn den Blesséierten d'Blutt vun der Sti-

er getuppt **2.** tuppen op **DE** *tupfen auf [betupfen]* • **FR** *appliquer [en tamponnant]* • **EN** *to dab on* • **PT** *aplicar [com pequenos toques]* **Beispiller** den Infirmier huet mat enger Kompress Desinfektionsmëttel op d'Wonn getuppt; d'Kanner tuppe faarweg Punkten op d'Ouschtereëe » **intransitiv 3.** **DE** *klopfen, pochen* • **FR** *taper [pour se manifester]* • **EN** *to knock [for attention]* • **PT** *bater, dar pancadas [para manifestar algo]* **Beispill** maach d'Televisioun méi lues, iwwer eis tuppt den Noper schonn! **4.** mat de Féiss tuppen **DE** *(auf)stampfen [mit den Füßen]* • **FR** *trépigner* • **EN** *to stamp [one's feet]* • **PT** *bater [com os pés]* **Beispill** d'Kanner hu vu Begeeschterung mat de Féiss getuppt **5.** tuppe loosse **DE** *aufspringen lassen [einen Ball]* • **FR** *faire (re)bondir [une balle, un ballon]* • **EN** *to bounce [a ball]* • **PT** *fazer ressaltar luma bola* **Beispill** d'Spillerin muss iwwerem Lafen de Ball tuppe loosse

Tuppi [t'upi:] Maskulinum (Pluriel Tuppien) **DE** *Dutt, Haarknoten* • **FR** *chignon* • **EN** *chignon* • **PT** *carrapito, puxo* **Beispill** eis Spillschoulsjoffer hat an der Zäit ëmmer en Tuppi **Synonym** Chignon

Turbinn [turb'in] Femininum (Pluriel Turbinnen) **DE** *Turbine* • **FR** *turbine* • **EN** *turbine* • **PT** *turbina* **Beispill** d'Turbinne vum Staudamm hunn eng gewaltig Leeschtung

Turbot Maskulinum (Pluriel Turboten) *Scophthalmus maximus 1.* **DE** *Steinbutt [Tier]* • **FR** *turbot [animal]* • **EN** *turbot [animal]* • **PT** *pregado [animal]* **Beispill** fir sech ze tarnen, passt den Turbot seng Faarf dem Buedem un **2.** **DE** *Steinbutt [Nahrungsmittel]* • **FR** *turbot [aliment]* • **EN** *turbot [food]* • **PT** *pregado [alimento]* **Beispill** de Kach huet den Turbot pochéiert a mat Péiterséileg garnéiert

turbulent [turbul'ænt] Adjektiv **DE** *turbulent [lebhaft, stürmisch]* • **FR** *turbulent, mouvementé* <Adverb de façon turbulente> • **EN** *turbulent, tumultuous* <Adverb turbulently, tumultuously> • **PT** *turbulento, movimentado* <Adverb de modo turbulento> **Beispiller** de Schoulmeeschter huet d'ëst Joer eng turbulent Klass; um Kannergebueertsdag ass et turbulent hiergaangen; an d'ësen turbulenten Zäite geet et ville Leit net gutt

Turbulenz [turbul'ænts] Femininum (Pluriel Turbulenzen) **1.** (meeschtens Pluriel) **DE** *Turbulenz [Strömung]* • **FR** *turbulence (atmosphérique)* • **EN** *(air) turbulence* • **PT** *turbulência (atmosférica)* **Beispill** de Fliger ass kuerz virun der Landung an Turbulenze geroden **2.** (kee Singulier) **DE** *Turbulenzen [Unruhe]* • **FR** *agitation, remous* • **EN** *turbulence, turmoil, agitation* • **PT** *turbulência [agitação, perturbação]* **Beispill** d'ës Nouvelle huet an der Finanzwelt fir Turbulenze gesuergt

Turelbaach [t'urə:lba:χ] Eegennumm **DE** *Turelbaach* • **FR** *Turelbaach* • **EN** *Turelbaach* • **PT** *Turelbaach* **Beispiller** ech wunnen an der Turelbaach; fiert d'ëse Bus an d'Turelbaach?

Türk Maskulinum (Pluriel Türken) - Variant vun ↗Tierk

Türkei Eegennumm, Femininum - Variant vun ↗Tierkei

i männlech	Persoun:	↗Türk	weiblech	Persoun:
↗Türkin	Adjektiv:	↗türkesch		

türkesch Adjektiv - Variant vun ↗tierkesch

Türkesche Weess Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun [Tierkesche Weess](#)

Türkesch Lira Femininum (Pluriel Türkesch Lira) - Variant vun [Tierkesch Lira](#)

Türkesch Lira gëtt mat **TRY** ofgekiezt.

Türkin Femininum (Pluriel Türkinnen) - Variant vun [Tierkin](#)

türkis Adjektiv - Variant vun [turquoise](#)

Turkmeen [turkm'e:n] Maskulinum (Pluriel Turkmeenen) **DE** *Turkmene* • **FR** *Turkmène* • **EN** *Turkmen* • **PT** *turquemeno* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Turkmeen

turkmeenesch [turkm'e:nəʃ] Adjektiv **DE** *turkme-nisch* • **FR** *turkmène* • **EN** *Turkmen* • **PT** *turquemeno* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi turkmeenesch Kultur kenne geléiert

Turkmeenin [turkm'e:nin] Femininum (Pluriel Turkmeeninnen) **DE** *Turkmenin* • **FR** *Turkmène* • **EN** *Turkmen* [*female*] • **PT** *turquemenina* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Turkmeenin

Turkmenistan [turkm'e:nista:n] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum **DE** *Turkmenistan* • **FR** *Turkménistan* • **EN** *Turkmenistan* • **PT** *Turquemenistão* **Beispiller** ech war schonn dräimol am Turkmenistan; ech fueren d'nächst Woch an den Turkmenistan; ech kommen aus dem Turkmenistan; ech war schonn dräimol an Turkmenistan; ech fueren d'nächst Woch an Turkmenistan; ech kommen aus Turkmenistan

männlech Persoun: [Turkmeen](#) **weiblich** Persoun: [Turkmeenin](#) **Adjektiv:** [turkmeenesch](#) **Haaptstad:** [Aschgabat](#)

Turlatäin [t'urɫatæ:ɪn] Femininum (Pluriel Turlatäinnen) **DE** *Leierkasten, Drehorgel* • **FR** *orgue de Barbarie* • **PT** *realêjo* **Beispill** an der Zäit gouf et keng Fouer ouni Turlatäin **Synonymmen** Dréiuergel, Lantermajäck

Turnéier [tʉrn'zɛɪ] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Turnéier / Turnéieren) **1. DE** *Turnier [der Ritterzeit]* • **FR** *tournoi [de l'époque chevaleresque]* • **EN** *tournament [in the Middle Ages]* • **PT** *torneio [do tempo da cavalaria]* **Beispill** am Mëttelalter hunn d'Ritter sech am Turnéier matenee gemooss **2. DE** *Turnier [Sportwettkampf]* • **FR** *tournoi [compétition sportive]* • **EN** *tournament [sports competition]* • **PT** *torneio [competição desportiva]* **Beispill** déi jonk Tennisspillerin huet hiren éischten Turnéier gewonnen **Synonym** Tournoi

turnen [t'ʉrnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geturnt) » **intransitiv 1. DE** *turnen [an Geräten, am Boden]* • **FR** *pratiquer la gymnastique artistique* • **EN** *to do [artistic] gymnastics* • **PT** *praticar ginástica artística* **Beispill** ech turne léiwer um Barren ewéi un de Réng **2. DE** *turnen [sich sportlich betätigen]* • **FR** *faire de l'exercice physique* • **EN** *to do gymnastics, to do exercises* • **PT** *fazer exercício, praticar desporto* **Beispill** d'Doktere recommandéieren och den eelere Leit, regelméisseg turnen ze goen **3. [égs] DE** *turnen [herumturnen]* • **FR** *faire des acrobaties, faire le singe* • **EN** *to climb around, to play around* • **PT** *fazer acrobacias, fazer macaquices* **Beispill** hal op, um Gelänner ze turnen, du fäls nach erof! **Synonymmen** klunschelen, klunschen

Verb, dat turnen als Basis huet: [virturnen](#)

Turnen [t'ʉrnən] Neutrum (kee Pluriel) **1. DE** *Turnen, Kunstturnen* • **FR** *gymnastique artistique* • **EN** *gymnastics [sport]* • **PT** *ginástica artística* **Beispill** d'Turnen ass eng beléift olympesch Disziplin **2. DE** *Sportunterricht* • **FR** *éducation physique (et sportive)* • **EN** *gym, physical education, PE* • **PT** *educação física* **Beispill** méindes mueres hu mer zwou Stonnen Turnen

Turner [t'ʉrnɛ] Maskulinum (Pluriel Turner) **DE** *Turner, Kunstturner* • **FR** *gymnaste [qui pratique la gymnastique artistique]* • **EN** *gymnast* • **PT** *ginasta [praticante de ginástica artística]* **Beispill** den Turner ka beim Championnat net untrieden, well en sech um Barre verletzt huet

Weiblich Form: [Turnerin](#)

Turnerin [t'ʉrnə:ɪn] Femininum (Pluriel Turnerinnen) **DE** *Turnerin, Kunstturnerin* • **FR** (*femme*) *gymnaste [qui pratique la gymnastique artistique]*

Männlech Form: [Turner](#)

Turnhal [t'ʉrnha:l] Femininum (Pluriel Turnhalen) **DE** *Turnhalle, Sporthalle* • **FR** *gymnase, salle des sports, hall omnisports* • **EN** *gym, gymnasium* • **PT** *ginásio, pavilhão desportivo* **Beispiller** de Gemengerot huet de Bau vun enger neier Turnhal decidéiert; eise Fussballsveräin trainéiert de Wanter iwwee an enger Turnhal **Synonym** Sportshal

Turnprofesser [t'ʉrnprɔfɛsɛ] Maskulinum (Pluriel Turnprofesseren) **DE** *Sportlehrer* • **FR** *professeur d'éducation physique (et sportive)* • **EN** *PE teacher* • **PT** *professor de educação física* **Beispill** den Turnprofesser deet d'Schüler Handball spielen

Kuerzform: Turnprof

Weiblich Form: [Turnprofessesch](#)

Turnprofessesch [t'ʉrnprɔfɛsɛʃ] Femininum (Pluriel Turnprofesseschen)

Variant: Turnprofessorin

Kuerzform: Turnprof

Männlech Form: [Turnprofesser](#)

Turnprofessorin [t'ʉrnprɔfɛsɔ:rɪn] Femininum (Pluriel Turnprofessorinnen) - Variant vun [Turnprofessesch](#)

Turnprof [t'ʉrnprɔf] Maskulinum (Pluriel Turnprofen) **[égs]** - Kuerzform vun [Turnprofesser](#)

Turnprof [t'ʉrnprɔf] Femininum (Pluriel Turnprofen) **[égs]** - Kuerzform vun [Turnprofessesch](#)

Turnsall [t'ʉrnzəl] Maskulinum (Pluriel Turnsäll) **DE** *Turnhalle* • **FR** *salle des sports* • **EN** *gym [gymnasium]* • **PT** *sala de ginástica, sala desportiva* **Beispiller** a ville Schoule gëtt den Turnsall och als Festsall benotzt; an eiser neier Sportshal sinn zwee Turnsäll

Turnschlapp [t'ʉrnʃlap] Femininum (Pluriel Turnschlappen) **DE** *Sportschuh, Turnschuh* • **FR** *basket, tennis, chaussure de sport* • **EN** *gym shoe, trainer* • **PT** (*sapato de*) *tenis, sapatilha* **Beispill** fir an d'Turnhal brauchen d'Kanner propper Turnschlappen **Synonym** Turnschong

Turnschong [t'urnʃɔŋ] Maskulinum (Pluriel Turnschong) **DE** *Turnschuh, Sportschuh* • **FR** *basket, tennis, chaussure de sport* • **EN** *gym shoe, trainer* • **PT** (*sapato de*) *ténis, sapatilha* **Beispill** fir an d'Sportshal brauchen d'Kanner Turnschong mat wäisse Suelen **Synonym** Turnschlapp

i Variant: Turnschong

Turnschung Maskulinum (Pluriel Turnschung) - Variant vun ↗Turnschong

Turnstaang Femininum (Pluriel Turnstaangen) **DE** *Turnstange* • **FR** *barre fixe [accessoire de gymnastique]* • **PT** *barra (fixa) [aparelho de ginástica]* **Beispiller** vill Exercicen op der Turnstaang si gutt fir de Réck; maach dech waarm, ier s de dech un der Turnstaang eropzitts!; d'Kanner maache gär de Kopplabunz op der Turnstaang

Turnstonn [t'urnʃton] Femininum (Pluriel Turnstonnen) **DE** *Sportstunde [in der Schule]* • **FR** *cours d'éducation physique (et sportive)* • **PT** *aula de educação física* **Beispill** wat fir eng Ausbildung brauch een, fir an der Grondschoul Turnstonne kënnen ze halen?

Turnübung [t'urny:bun] Femininum (Pluriel Turnübungen) **DE** *Turnübung* • **FR** *exercice de gymnastique, exercice physique* • **PT** *exercício de ginástica, exercício físico* **Beispill** ech maache speziell Turnübungen, fir d'Muskelen am Réck ze stäerken

Turnveräin [t'urnfəræ:ɪn] Maskulinum (Pluriel Turnveräiner) **DE** *Turnverein* • **FR** *club de gymnastique* • **EN** *gymnastics club* • **PT** *clube de ginástica* **Beispiller** mir hunn dëst Joer mat eisem Turnveräin déi national Meeschterschafte gewonnen; eisen Turnveräin organiséiert all Joer eng Olympiad fir Kanner; den Turnveräin huet de Kommittee ofgewielt [d'Membere vum Turnveräin hunn de Kommittee ofgewielt]

turquoise [t'yɾkwɑ:s] Adjektiv **DE** *türkis* • **FR** *turquoise* • **EN** *turquoise* • **PT** *turquesa* **Beispill** fir d'Hochzäit hunn ech mer en turquoise Kleed kauft

i Variant: türkis

Tusch [tuʃ] Maskulinum (Pluriel Tuschen) **DE** *Tusch* • **FR** *fanfare [air accompagnant un vival]* • **EN** *flourish [fanfare]* • **PT** *fanfarra [que é tocada para dar um vival]* **Beispill** den Eiergaascht krut en Tusch geblosen

Tusch [tuʃ] Femininum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Tusche* • **FR** *encre de Chine* • **EN** *Indian ink* • **PT** *tinta da China* **Beispill** dee Karikaturist schafft am léifste mat **Tusch 2.** **DE** *Wimperntusche* • **FR** *mascara* • **EN** *mascara* • **PT** *rimel, máscara (de pestanas)* **Beispill** wéi d'Fra sech d'Tréinen ofgewëscht hat, war d'Tusch verschmiert **Synonym** Wimperntusch

Tuschbic [t'ufbik] Maskulinum (Pluriel Tuschbicken / Tuschbicker) **DE** *Filzstift* • **FR** (*crayon*) *feutre, stylo-feutre* • **EN** *felt-tip pen* • **PT** *caneta de feltro* **Beispill** d'Kand krut gejaunt, well et mam Tuschbic op d'Tapéit gemoolt hat **Synonymmen** Feuter, Filzstëft, Stëft, Tuschstëft, Tuschfaarf

tuschen [t'ufən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé getuscht) » **transitiv** d'Wimperen tuschen **DE** *die Wimpern tuschen* • **FR** *mettre du mascara (à)* • **EN** *to put*

mascara on, to apply mascara to • **PT** *aplicar rimel (a), aplicar máscara (à)* **Beispill** d'Mamm huet hirem Meedche gewisen, wéi een sech d'Wimperen tuscht

Tuschfaarf [t'ufa:f] Femininum (Pluriel Tuschfaarwen) **DE** *Filzstift* • **FR** (*crayon*) *feutre, stylo-feutre* • **EN** *felt-tip pen* • **PT** *caneta de feltro* **Beispill** am Gank hänke Biller, déi d'Kanner mat Tuschfaarwe gemoolt hunn **Synonymmen** Feuter, Filzstëft, Stëft, Tuschbic, Tuschstëft

Tuschstëft [t'uftëft] Maskulinum (Pluriel Tuschstëfter) **DE** *Filzstift* • **FR** (*crayon*) *feutre, stylo-feutre* • **PT** *caneta de feltro* **Beispill** d'Kand krut gejaunt, well et mam Tuschstëft op d'Tapéit gemoolt hat **Synonymmen** Tuschbic, Feuter, Filzstëft, Tuschfaarf

Tut [tu:t] Femininum (Pluriel Tuten) **DE** *Hupe* • **FR** *klaxon* • **EN** *horn [on vehicle]* • **PT** *buzina [de automóvel]* **Beispill** d'Tut vun eisem neien Auto huet schonn no zwee Méint net méi funktionéiert

Tut [tu:t] Femininum (Pluriel Tuten) **1.** **DE** *Tüte, Beutel, Tasche* • **FR** *sachet, sac [en papier, en plastic]* • **EN** *bag [paper, plastic]* • **PT** *saco [de papel, de plástico]* **Beispiller** d'Maarfra huet d'Äppel an eng Tut gemaach; am Supermarché kritt een an der Keess keng Tute méi fir näischt; hie gëtt un ewéi eng Tut (voll) plakeg Mécken [ëgs] [hie gëtt gär un, mee et ass näischt derhannert] **2.** **DE** *Tüte [Inhalt]* • **FR** *sachet, paquet [contenu]* • **EN** *bag, packet [content]* • **PT** *saco, pacote [conteúdo]* **Beispill** mir hu gëschter virun der Televisioun eng ganz Tut Chipse beienee giess **3.** [Kannersprooch] **DE** *Popo* • **FR** *popotin, cucul* • **EN** *bum, bottom* • **PT** *tutu, pupu [nadedgas]* **Beispiller** dee klenge Butz kräischt, well en op d'Tut gefall ass; setz dech net op déi kal Mauer, du erkaals der d'Tut! [setz dech net op déi kal Mauer, du kriss eng Blösenentzündung!] **Synonymmen** Dokes, Kickes, Papes

Tutebatti [t'u:təbati:] Maskulinum (Pluriel Tutebattien) [ëgs] **DE** *Schwätzer, Angeber* • **FR** *bavard, frimeur* • **EN** *windbag, boaster* • **PT** *fala-barato, gabarola* **Beispill** wann een deem Tutebatti nolauschtert, mengt een, e wier schonn iwwerall op der Welt gewiescht **Synonymmen** Braddeler, Schnëssert, Téinert, Troterbatti

Tutelle [tyt'æ:] Femininum **1.** (Pluriel Tutellen) **DE** *Vormundschaft* • **FR** *tutelle, curatelle* • **EN** *guardianship* • **PT** *tutela, curatela* **Beispill** d'Grousselteren hunn d'Tutelle iwwer hir Enkelkanner kritt **Synonym** Momperschaft **2.** ënner der Tutelle vun **DE** *unter der Aufsicht, unter der Rechtsaufsicht* • **FR** *sous la tutelle de [d'une administration]* • **EN** *under the (legal) supervision of* • **PT** *sob a tutela de [de uma administração]* **Beispill** de Projet steet ënner der Tutelle vum Ministère

tuten [t'u:tən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé getut) » **intransitiv 1.** **DE** *hupen, tuten* • **FR** *klaxonner, corner* • **EN** *to beep, to hoot [one's horn]* • **PT** *buzinar* **Beispiller** mäi Papp tut all Automobilist, deen him net séier genuch aus de Féiss kënnt; d'Schéff huet getut, wéi et an den Hafen eragefuer ass; du hues vun Tuten a Blöse keng Anung! [ëgs] [du hues vun näischt eng Anung!] **2.** [ëgs] **DE** *zehen* • **FR** *picoler* • **EN** *to booze* • **PT** *meter-se na pinga* **Beispill** kee Wonner, datt een en dëcke Kapp kritt, wann een déi ganz Nuecht tut! **3.** [ëgs] **DE** *quatschen, quasseln* • **FR** *dégoiser, parler pour ne*

rien dire • **EN** *to witter on, to chatter, to rattle on* • **PT** *tagarelar, palrar* **Beispill** mir souzen do, stonnelaang ze tuten, an et ass absolut näischt derbäi erauskomm **Synonym** braddelen

Tuteur [t'y'tœ:r] Maskulinum (Pluriel Tuteurs) **1.** **DE** *Vormund* • **FR** *tuteur, curateur* • **EN** *guardian* • **PT** *tutor, curador* **Beispiller** all mannerjärege Kandidat brauch d'Ënnerschrëft vu sengen Elteren oder vu sengem Tuteur; ech si vum Gericht Tuteur iwwer meng Mamm genannt ginn, well se dement ass **Synonym** Momper **2.** **DE** *Tutor [Lehrer]* • **FR** *tuteur [formateur]* • **EN** *tutor [supervising teacher]* • **PT** *tutor [formador]* **Beispill** dee Chercheur war mäin Tuteur während mengem Studium

i Weiblech Form: ↗Tutrice

tuteweis [t'u:təvaɪs] Adverb **DE** *tütenweise [viel]* • **FR** *par sacs entiers [en grande quantité]* • **PT** *enchendo sacos e sacos [em grande quantidade]* **Beispill** vun der Braderie hu mer tuteweis gutt Affäre mat heem geschleeft

Tutorial Maskulinum (Pluriel Tutorialen / Tutorials)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Tutrice [tytr'is] Femininum (Pluriel Tutricen) **1.** **DE** *Vormundin* • **FR** *tutrice, curatrice* **Synonym** Momper **2.** **DE** *Tutorin [Lehrerin]* • **FR** *tutrice [formatrice]*

i Männlech Form: ↗Tuteur

Tutsch Femininum (Pluriel Tutschen) ^[ëgs] ^[pejorativ] **DE** *Schnepfe, dummes Huhn [Frau]* • **FR** *cruche [femme]* • **PT** *ursa, parvalhona* **Beispill** hues du domm Tutsch näischt anescht ze dinn, ewéi mech ze emmerdéieren? **Synonymen** Kréischel, Quetsch, Toz

Tutschemillen [t'utʃəmɪlən] Eegennumm **DE** *Tutschemillen* • **FR** *Tutschemillen* • **EN** *Tutschemillen* • **PT** *Tutschemillen* **Beispiller** ech wunnen op der Tutschemillen; fiert dëse Bus op d'Tutschemillen?

Tuttifrutti [tutifr'uti:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Tuttifrutti [Obstsalat]* • **FR** *macédoine de fruits [en boîte]* • **PT** *salada de fruta* **Beispill** ech hunn zwou Béchsen Tuttifrutti aus dem Supermarché matbruecht

Tuvalu [tuva:l'u:] Eegennumm, Neutrum **DE** *Tuvalu* • **FR** *Tuvalu* • **EN** *Tuvalu* • **PT** *Tuvalu* **Beispiller** ech war schonn dräimol op Tuvalu; ech fueren d'nächst Woch op Tuvalu; ech komme vun Tuvalu

i männlech Persoun: ↗Tuvaluer weiblech Persoun: ↗Tuvaluerin Adjektiv: ↗tuvaluesch Haaptstad: ↗Funafuti

Tuvaluer [tuval'u:ɔ] Maskulinum (Pluriel Tuvaluer) **DE** *Tuvaluer* • **FR** *Tuvaluan* • **EN** *Tuvaluan* • **PT** *tuvaluno* **Beispill** mäi beschte Frënd ass Tuvaluer

Tuvaluerin [tuval'u:ərin] Femininum (Pluriel Tuvaluerinnen) **DE** *Tuvaluerin* • **FR** *Tuvaluane* • **EN** *Tuvaluan [female]* • **PT** *tuvaluana* **Beispill** meng bescht Frëndin ass Tuvaluerin

tuvaluesch [tuval'u:əʃ] Adjektiv **DE** *tuvaluisch* • **FR** *tuvaluan* • **EN** *Tuvaluan* • **PT** *tuvaluno* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi tuvaluesch Kultur kenne geléiert

Tuyau [tɥ'i:o:] Maskulinum (Pluriel Tuyauen) **DE** *Tipp [Hinweis, Empfehlung]* • **FR** *tuyau [conseil, recommandation]* • **EN** *tip, suggestion* • **PT** *palpite, dica* **Beispiller** weinst dengem gudden Tuyau hunn ech vill Suen op der Bourse gewonnen; ech weess net, wéi e Laptop ech mer soll kafen, hues de keen Tuyau? **Synonym** Tipp

TVA [te:ve:'a:] Femininum (Pluriel <seelen> TVAen) **DE** *Mehrwertsteuer, MwSt.* • **FR** *T.V.A., taxe à la valeur ajoutée* • **PT** *IVA, imposto sobre o valor acrescentado* **Beispiller** weess du, wéi vill TVA ee muss op Bicher bezuelen?; wéi mer renovéiert hunn, hu mer eng Demande gemaach, fir d'TVA erëmzekréien

Tweet Maskulinum (Pluriel Tweeten / Tweets)

i Hei entsteet en neien Artikel.

tweeten [tw'i:tən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getweet) - Variant vun ↗twitteren

twitteren [tw'itəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé getwittert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: tweeten

Typ [tip] Maskulinum (Pluriel Typpen) **1.** **DE** *Typ [Menschentyp, Art]* • **FR** *type [d'individu], genre* • **EN** *type, sort, kind [person]* • **PT** *tipo [de pessoa], género* **Beispiller** deng Frëndin schéngt méi den intellektuellen Typ ze sinn; hien ass net den Typ, deen eng Krawatt undee; hatt ass net säin Typ [hatt gehéiert net zu deem Typ Fra, deen him gefält] **2.** **DE** *Typ [Kategorie]* • **FR** *type [catégorie]* • **EN** *type, sort, kind [category]* • **PT** *tipo [categorial]* **Beispill** d'Transportfirma huet zéng nei Camione vun deem selwechten Typ bestallt **3.** ^[ëgs] **DE** *Typ, Kerl* • **FR** *type, mec* • **EN** *bloke, guy* • **PT** *tipo, gajo* **Beispiller** dän neie Frënd ass nawell e coolen Typ!; d'Police sicht no engem jonken Typ, deen am Park d'Frae belästegt

typesch [t'ipəʃ] Adjektiv typesch (fir) **DE** *typisch (für)* • **FR** *typique (de) [caractéristique]* • **EN** *typical (of)* • **PT** *tipico (de) [característico]* **Beispiller** Bouneschlupp ass en typesche Lëtzebuurger Plat; den „ë“ ass typesch fir d'Lëtzebuurger Sprooch; maach der näischt draus, déi Reaktioun ass typesch fir hien!; (dat do ass alt erëm) typesch!

Typhus [t'ifus] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Typhus* • **FR** *typhus* • **EN** *typhus* • **PT** *tifo* **Beispill** den Typhus ass eng schwéier Infektiounskrankheet, déi sech virun allem bei schlechten hygieenesche Konditiounen ausbreit

Tyrann [tir'an] Maskulinum (Pluriel Tyrannen) **DE** *Tyrann* • **FR** *tyran* • **EN** *tyrant* • **PT** *tirano* **Beispiller** kuerz no de Wale krut den neie Staatschef d'Allüre vun engem Tyrann; d'Fra huet sech scheede gelooss, well hire Mann en Tyrann ass

i Weiblech Form: ↗Tyrannin

Tyrannei [tir'an'ai] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Tyrannei* • **FR** *tyrannie* • **EN** *tyranny* • **PT** *tirania* **Beispill** dat Vollek huet laang ënner der Tyrannei vun enger Militärdiktatur gelidden

Tyrannin [tir'anin] Femininum (Pluriel Tyranninnen) **DE** *Tyrannin* • **FR** *tyran [femme]* • **PT** *tirana [mulher]* **Beispill** déi Tyrannin mécht weider näischt, wéi hir Famill schikanéieren

0 Männlech Form: ↗ Tyrann

tyranniséieren [tʲɪɾəniz'zɪərən] Verb (Hëllefverb
hunn, Participe passé tyranniséiert) » **transitiv** **DE** ty-

rannisieren • **FR** tyranniser • **EN** to tyrannize • **PT** tiranizar
Beispill d'ganz Famill gouf jorelaang vum Grousspapp
tyranniséiert

U

ubaggeren ['ubagərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugebagert) » **transitiv** [égs] **DE** *anbaggeren* • **FR** *draguer [une personne]* • **EN** *to chat up, to come on to, to hit on* • **PT** *fazer-se ao piso a, atirar-se a* **Beispill** hal op, mech unzabaggeren, ech sinn net interesséiert! **Synonym** dragéieren

ubäissen ['ubæ:ɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugebass) » **transitiv 1.** **DE** *anbeißen [anknabbern]* • **FR** *mordre dans, entamer [un aliment]* • **EN** *to bite into, to take a bite out of* • **PT** *dar uma trincadela em, encetar [um alimento]* **Beispiller** wien huet deen Apel ugebass?; wann s de eng Knippchen ubäiss, kanns de se net zeréck an d'Këscht leeën!; ech wëll deng ugebasse Métsch net! » **intransitiv 2.** **DE** *anbeißen [am Köder]* • **FR** *mordre (à l'appât) [poisson]* • **EN** *to bite (on the bait) [fish]* • **PT** *morder (na isca) [peixe]* **Beispiller** haut wollt einfach kee Fësch ubäissen!; de Vendeur huet direkt gemierkt, datt de Client ugebass hat [égs] [de Vendeur huet direkt gemierkt, datt de Client staark interesséiert war]; meng Tatta hat ëmmer vill Frënn, mee et huet keen ugebass [égs] [meng Tatta hat ëmmer vill Frënn, mee et huet kee se bestuet]

ubaken ['uba:kən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ugebak) » **intransitiv** **DE** *anbacken* • **FR** *attacher [coller à un récipient de cuisson]* • **EN** *to stick [to a pan, to a dish]* • **PT** *pegar-se [a um recipiente de cozadura]* **Beispill** maach genuch Botter an d'Form, soss béckt de Kuch un!

ubändelen ['ubændələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugebändelt) » **intransitiv** ubändele mat **DE** *anbändeln mit* • **FR** *flirter avec, avoir un flirt avec* • **EN** *to flirt with, to take up with* • **PT** *namoricar com* **Beispill** mäi Kolleeg huet gëschter mat menger Schwëster ugebändelt **Synonym** flirte mat

ubannen ['ubanən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugebonnen / ugebonn) » **transitiv 1.** **DE** *anbinden, festbinden* • **FR** *attacher [à l'aide d'une corde, d'une ficelle]* • **EN** *to tie [with a cord]* • **PT** *atar, amarrar [com uma corda, com um cordel]* **Beispill** ëm dës Zäit ginn d'Riewen an de Wéngerten ugebonnen **Synonym** ustrécken **2.** *ubannen un* **DE** *anbinden an [an ein Verkehrsnetz]* • **FR** *rattacher à [à un réseau de transport]* • **EN** *to connect to [a transport network]* • **PT** *ligar a [a uma rede de transporte]* **Beispill** wann ee méi kleng Dierfer un d'Busnetz géif ubannen, wier manner Verkéier op eise Stroossen **Synonym** uschlëssen un

Ubau ['ubæ:ʊ] Maskulinum **1.** (Pluriel Ubauten) **DE** *Anbau [Gebäude]* • **FR** *(bâtiment) annexe* • **EN** *extension [annexe]* • **PT** *anexo, dependência* **Beispill** d'Gemeng huet d'Konstruktioun vum Ubau hanner eise Haus geneemegt **2.** (kee Pluriel) **DE** *Anbau [von Feldfrüchten]* • **FR** *culture [plantation, semis, production]* • **EN** *farming, cultivation* • **PT** *cultivo [plantação, sementeira, produção]* **Beispill** d'Produiten aus biologeschem Ubau sinn ëmmer méi gefrot

ubauen ['ubaʊən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugebaut) » **transitiv 1.** ubauen (un) **DE** *anbauen*

(an) [anfügen (an)] • **FR** *construire, ajouter (à) [comme annexe]* • **EN** *to build, to add [as an extension]* • **PT** *construir em anexo (a)* **Beispill** mir kruten d'Geneemegung vun der Gemeng, fir eng Garage un d'Haus unzebauen **2.** **DE** *anbauen [in großem Umfang anpflanzen]* • **FR** *cultiver [planter, semer, faire pousser]* • **EN** *to cultivate [plants, crops]* • **PT** *cultivar, plantar* **Beispill** de Landwirtschaftsministère hätt gär, datt an den nächste Jore méi Biogeméis ugebaut gëtt

ubaupsen ['ubaʊpsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugebaupst) » **transitiv** [égs] **DE** *anranzen, anherreschen* • **FR** *houspiller, agresser (verbalement)* • **EN** *to bark at, to snap at* • **PT** *dar uma descompostura a, agredir (verbalmente)* **Beispill** den Douanier huet mech ugebaupst, well ech em déi falsch Pabeiere gewisen hat

ubehalen ['ubəha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ubehalen / ubehal) » **transitiv** **DE** *anbehalten* • **FR** *garder (sur soi) [un vêtement, un accessoire]* • **EN** *to keep on [clothing, an accessory]* • **PT** *ficar com, não tirar [uma peça de roupa, um acessório]* **Beispiller** ech behalen de Mantel un, well et mer heibannen ze kal ass; kann ech mäi Rank während der Operatioun ubehalen? **Synonym** unhalen

ubelaangen ['ubəla:gən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ubelaangt) » **transitiv** wat ... ubelaangt **DE** *was ... belangt* • **FR** *en ce qui concerne ...* • **EN** *as far as ... is concerned, when it comes to ...* • **PT** *no que diz respeito a ...* **Beispill** wat d'Liewensqualität ubelaangt, gëtt et grouss Kontraster tëschent deenen zwee Länner do **Synonymmen** wat ... betrëfft, wat ... ugeet

üben ['y:bən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geüübt) » **transitiv 1.** **DE** *üben [einüben, trainieren]* • **FR** *travailler, répéter, s'exercer à* • **EN** *to practise, to repeat [to work on]* • **PT** *praticar, treinar, exercitar-se a* **Beispiller** ech hu jorelaang um Piano misse Gammen üben; d'Schüler hunn eng Stonn laang geüübt, de Komma richteg ze setzen; am Sproochecours übe mir allkéiers 20 Minutte Conversatioun » **intransitiv 2.** **DE** *üben* • **FR** *faire des exercices, s'entraîner, répéter* • **EN** *to practise, to rehearse* • **PT** *praticar, treinar, ensaiar* **Beispiller** wie schwach am Rechnen ass, muss desto méi üben; wann s de weider esou vill üübs, da gëss de e ganz gudden Trompettist; mir hunn an der Schoul fir den Theater geüübt

i Verben, déi **üben** als Basis hunn: ↗anüben an ↘ausüben

Überfall Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

ubezuelen ['ubətsuələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ubezueelt) » **transitiv 1.** **DE** *anzahlen [als Teilbetrag zahlen]* • **FR** *verser un acompte de* • **EN** *to pay a deposit of, to put down* • **PT** *pagar de sinal* **Beispill** bei der Reservatioun vum Hotelszëmmer hunn ech 50 Euro ubezueelt **2.** **DE** *anzahlen [einen Teilbetrag zahlen für]* • **FR** *verser un acompte sur* • **EN** *to pay a deposit on, to make a down payment on* • **PT** *pagar um sinal para* **Beispill** et ass normal, datt een esou eng deier Rees muss ubezuelen

ubidden ['ubidən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participe passé ugebueden) » **transitiv 1.** DE anbieten, reichen • FR proposer à, offrir à • EN to offer [for acceptance or rejection] • PT oferecer a [propor a] **Beispiller** de jonke Mann huet enger eelerer Damm seng Plaz ugebueden; därerf ech Iech eng Taass Kaffi ubidden? **Synonym** offerieren » **reflexiv 2.** DE sich anbieten [sich bereit erklären] • FR s'offrir, se proposer • EN to offer, to volunteer • PT oferecer-se, propor-se **Beispill** den Noper huet sech ugebueden, eisen Hond ze versueren, wa mer verreesen

Ubidder ['ubidɛ] Maskulinum (Pluriel Ubidder) DE Anbieter • FR prestataire (de services) • EN provider, supplier • PT fornecedor (de serviços) **Beispill** bei wat fir engem Ubidder bass de fir dâin Internetuschloss?

ubiedelen ['ubiedələn] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participe passé ugebiedelt) » **transitiv** DE anbetteln, anflehen • FR supplier • EN to entreat, to plead with • PT suplicar, implorar [com insistência] **Beispill** d'Kanner hunn d'Mamm ugebiedelt, fir nach e bëssen därferen d'Televisioun ze kucken

ubieden ['ubiədən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participe passé ugebiet) » **transitiv 1.** DE anbeten, beten zu • FR adorer, vénérer [par croyance] • EN to pray to, to worship • PT adorar, venerar [por crença] **Beispill** et gouf Kulturen, déi d'Sonn ugebiet hunn **2.** DE vergöttern • FR adorer, idolâtrer • EN to idolize, to dote on • PT adorar, idolatrar **Beispill** d'Mamm huet hire Jong vu Kand un ugebiet a verwinnt

ubillen ['ubilən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participe passé ugebilt) » **transitiv** DE anbelln • FR aboyer après [chien] • EN to bark at [dog] • PT ladrar a [cão] **Beispill** eisen Hond billt all Mënsch un, dee laanschtgeet

ubitzen ['ubitsən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participe passé ugebitzt / ugebut) » **transitiv** DE annähen • FR (re)coudre, (re)fixer [en cousant, en suturant] • EN to sew on • PT coser, pregar [cosendo], reimplantar [suturando] **Beispiller** ech sinn ongeschécklech, kanns du mer de Knapp ubitzen?; an enger laanger Operatioun hunn d'Dokteren der Patientin hire Fanger nees ugebut

üblech ['y:bləç] Adjektiv DE üblich • FR d'usage, de coutume • EN customary, usual <Adverb customarily, usually> • PT usual, habitual, do costume <Adverb de costume> **Beispiller** no den übleche Riede gouf en Eierewäin zerweiert; dee graffen Toun ass bei eis doheem net üblech; wéi üblech koum de Monni erëm ze spéit!

Ubléck ['ublek] Maskulinum (kee Pluriel) DE Anblick • FR spectacle, vue • EN sight, spectacle • PT espetáculo, vista **Beispiller** déi vill blesséiert Leit nom Accident, dat war kee schéinen Ubléck!; den Ubléck vun esou vill Misär ass schwéier ze erdroen

ubleiwen ['ublaiwən] Verb (Hëllefsvorb sinn, Participe passé ubliwwen) » **intransitiv** DE eingeschaltet bleiben, in Betrieb bleiben, weiterbrennen • FR rester allumé • EN to stay on [to stay in operation, to keep going] • PT ficar ligado, ficar aceso **Beispiller** ass et gutt fir d'Televisioun, wann se stänneg ubleift?; d'Stroosseluchte sinn déi ganz Nuecht ubliwwen; lee nach e Stéck Holz no, fir datt d'Feier ubleift!

ublocken ['ublökən] Verb (Hëllefsvorb sinn, Participe passé ugeblockt) » **intransitiv** [égs] DE abhauen, sich aus dem Staub machen • FR se barrer • EN to make off, to run off • PT cavar, pôr-se ao fresco, bazar **Beispiller** esoubal en d'Police gesinn huet, ass den Drogendealer ugeblockt; de Keessjee ass mat der Veräinskeess ugeblockt **Synonymmen** sech derdurchmaachen, sech dervumaachen, ugoen, undrücken

U-Boot ['u:bo:t] Neutrum (Pluriel U-Booter) - Kuerzform vun ↗Unterseeboot

U-Bot ['u:bo:t] Neutrum (Pluriel U-Booter) - Variant vun ↗U-Boot

ubrëllen ['ubrələn] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participe passé ugebrëllt) » **transitiv** [égs] DE anschreien • FR crier après, engueuler • EN to scream at, to yell at • PT berrar com, gritar com **Beispill** dee muss schéi rose sinn, datt e säi Brudder esou ubrëllt!

ubrëngen ['ubrɛŋən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participe passé ubruecht)

I Hei entsteet en neien Artikel.

ubrennen ['ubrænən] Verb (Hëllefsvorb sinn, Participe passé ugebrannt) » **intransitiv** DE anbrennen [beim Kochen] • FR attacher, brûler [à la cuisson] • EN to burn [when cooking] • PT pegar, queimar [durante a cozedura] **Beispiller** looss d'Gromperen net erëm ubrennen!; an der Kiche richt et ugebrannt; dee léisst näischt ubrennen [égs] [dee léisst sech keng Geleeënheet entgoen]

ubroden ['ubro:dən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participe passé ugebroden) » **transitiv** DE anbraten • FR saisir, faire revenir [de la viande] • EN to seal, to sear [meat] • PT dar uma entaladela a, frigir luma carne **Beispill** huel net ze vill Fett, fir d'Fleesch unzebroden

ubruecht ['ubrueçt] Adjektiv ubruecht sinn DE angebracht sein • FR être approprié, être de mise • EN to be appropriate, to be fitting • PT ser apropriado, ser indicado **Beispiller** deng pejorativ Bemierkung sinn net ubruecht!; et ass ubruecht, e klengt Geschenk matzebrëngen, wann een invitéiert ass **Synonym** opportun sinn

I „ubruecht“ kann och de Participe passé vum Verb ↗ubrëngen sinn.

ubuieren ['ubu:ɣrən] Verb (Hëllefsvorb hunn, Participe passé ugebuert) » **transitiv** DE anbohren • FR amorcer [avec une perceuse] • EN to make a start hole [with a drill] • PT abrir, furar [com um berbequim] **Beispill** den Handwierker huet d'Lach fir d'ëischt ugebuert

Übung ['y:buŋ] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE Übung [das Üben, das Schulen] • FR exercice, pratique [action de s'exercer, entraînement] • EN practice [training] • PT exercício, prática [ação de treinar(-se), treino] **Beispiller** fir déi Technik ze léieren, brauch ee vill Übung; zënter ech en Auto hunn, sinn ech mam Vëlofueren aus der Übung komm [zënter ech en Auto hunn, sinn ech net méi gewinnt, Vëlo ze fueren] **2.** (kee Pluriel) DE Übung [Erfahrung, Routine] • FR expérience [routine] • EN practice, experience • PT prática [experiência] **Beispill** an deem Beräich hunn ech keng Übung **3.** (Pluriel Übungen) DE Übung [Übungsaufgabe] • FR exercice [d'appren-

tissage] • **EN** (practice) exercise • **PT** exercício [de aprendizagem] **Beispiller** an der Grammatik stinn hanner all Reegel e puer Übungen; dat war den Zweck vun der Übung! [= seet een, wann een erreecht huet, wat ee wollt] **Synonym** Exercice 4. (Pluriel Übungen) **DE** Übung [Probeinsatz, Probe] • **FR** exercice, manœuvre • **EN** drill, exercise, practice • **PT** exercício, manobras **Beispill** et huet net wierklech verbrannt, den Asaz vun de Pommejée war nëmmen eng Übung 5. (Pluriel Übungen) **DE** Übung [gymnastische Bewegungen] • **FR** exercice [physique] • **EN** exercise [physical] • **PT** exercício [físico] **Beispiller** bei dëser Übung müssen d'Bee ganz ausgestreckt ginn; ech weisen der eng Übung, déi gutt ass fir de Réck

Uebst [uəpʃt] Neutrum (kee Pluriel) 1. **DE** Obst • **FR** fruits [comestibles] • **EN** fruit • **PT** fruta **Beispiller** fir Dessert iessen ech am léifsten Uebst; weinst deem kale Freijoer gëtt et dëst Joer net vill Uebst 2. (Stéck) Uebst **DE** Stück Obst • **FR** fruit [comestible] • **EN** (piece of) fruit • **PT** peça de fruta **Beispill** huel der en (Stéck) Uebst mat an d'Schoul!

Uebstbam [ˈuəpʃtba:m] Maskulinum (Pluriel Uebst-beem) **DE** Obstbaum • **FR** arbre fruitier • **EN** fruit tree • **PT** árvore de fruto **Beispiller** mir müssen deen alen Uebstbam ëmhaen, en dréit net méi vill; hannerem Haus hu mer e Bongert mat verschiddeenen Zorten Uebst-beem

Uebstdrëpp [uəpʃtdr'əp] Femininum (Pluriel Uebstdrëppen) 1. **DE** Obstschnaps [Getränk] • **FR** eau-de-vie de fruits [boisson] • **EN** fruit brandy, fruit liquor • **PT** aguardente de fruta **Beispill** meng Schwéiesch brennt eng excellent Uebstdrëpp 2. **DE** (Glas) Obstschnaps • **FR** (verre d')eau-de-vie de fruits • **EN** (glass of) fruit brandy, (glass of) fruit liquor • **PT** copo de aguardente de fruta **Beispill** géff mer eng Uebstdrëpp als Digestif beim Kaffi!

Uebstzalot [uəpʃtsal'o:t] Femininum (Pluriel Uebstzaloten) **DE** Obstsalat • **FR** salade de fruits, macédoine de fruits • **EN** fruit salad • **PT** salada de fruta **Beispill** fir Dessert gëtt et haut eng Uebstzalot

Uebstzort [ˈuəpʃtsɔ:rt] Femininum (Pluriel Uebstzorten) **DE** Obstsorte • **FR** variété de fruit • **PT** variedade de fruta **Beispill** et ass wichteg, déi al Uebstzorten aus eise Bongerten ze erhalen

Uecht [ˈuəçt] Femininum (kee Pluriel) 1. an Uecht huelen **DE** merken, bemerken • **FR** se rendre compte de, remarquer • **EN** to notice [to become aware of] • **PT** dar conta de, notar, reparar **Beispill** hues du net an Uecht geholl, datt d'Hausdier opstoung? **Synonym** mierken 2. sech an Uecht huelen (virun) **DE** sich in Acht nehmen (vor), sich hüten vor • **FR** prendre garde (à), se méfier (de) • **EN** to beware (of), to watch out (for) • **PT** ter cuidado (com), não se fiar (em) **Beispiller** virun deene beschasene Leit muss een sech an Uecht huelen!; huel dech an Uecht! [egs] [= seet een ze engem, fir em ze dreeën]

Uecht [uəçt] Eegennumm **DE** Uecht • **FR** Uecht • **EN** Uecht • **PT** Uecht **Beispiller** ech wunnen an der Uecht; fiert dëse Bus an d'Uecht?

Uecht dinn [ˈuəçtdin] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé Uecht gedoen) - Variant vun ↗Uecht

doen

Uecht doen [ˈuəçtdo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé Uecht gedoen) » **intransitiv** Uecht doen (op) **DE** achtgeben (auf), aufpassen (auf) • **FR** faire attention (à) • **EN** to watch out (for), to mind out (for) • **PT** ter cuidado (com), tomar atenção (a) **Beispiller** do Uecht op deng Posch, wann s de op de Maart gees!; du muss Uecht doen, wann s de iwwer d'Strooss gees! **Synonymmen** oppassen (op), Uecht ginn (op)

i Variant: Uecht dinn

uechten [ˈuəçtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geuecht) » **transitiv** 1. **DE** achten, respektieren • **FR** respecter [considérer avec respect] • **EN** to respect [to hold in high regard] • **PT** respeitar [ter respeito por] **Beispill** Paschtéier a Schoulmeeschtere goufe fréier méi geuecht ewéi haut **Synonym** respektéieren 2. uechten op **DE** Wert legen auf, achten auf • **FR** attacher de l'importance à, veiller à • **EN** to pay attention to • **PT** dar importância a, prestar atenção a **Beispill** an eisem Betrib gëtt besonnesch op d'Qualitéit geuecht

uechter [ˈuəçtɛ] Prepositioun » **mam Akkusativ** 1. **DE** überall in leiner Gegend, einem Gebiet], kreuz und quer durch [eine Gegend, ein Gebiet] • **FR** (un peu) partout en, (un peu) partout à, (un peu) partout dans [un territoire] • **EN** through(out), all over • **PT** (um pouco) por todo o lado em, (um pouco) por toda a parte de [de um território] **Beispiller** eis Associatioun leescht Entwécklungshëllef uechter d'ganz Welt; den Tourist ass mam Bus uechter d'Land gereest; ech sinn uechter d'ganz Stad gelaf, fir e Puer Schong ze fannen 2. **DE** im Laufe, über ... verteilt • **FR** au cours de, au fil de, tout au long de • **EN** during, throughout • **PT** no decurso de, ao longo de **Beispill** uechter d'Joer gëtt et eng Rei Feierdeeg

i Variant: uechtert

uechtert [ˈuəçtɛt] Prepositioun - Variant vun ↗uechter

Uecht ginn [ˈuəçtgɪn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé Uecht ginn) » **intransitiv** 1. Uecht ginn (op) **DE** achtgeben (auf), aufpassen (auf) • **FR** faire attention (à) • **EN** to watch out (for), to mind out (for) • **PT** ter cuidado (com), tomar atenção (a) **Beispiller** Kanner, gitt gutt Uecht, wann der iwwer d'Strooss gitt!; géff Uecht op deng Fangeren, wann s de mat der Rapp hantéiers! **Synonymmen** oppassen (op), Uecht doen (op) 2. Uecht ginn op **DE** aufpassen auf [beaufsichtigen] • **FR** garder, surveiller • **EN** to watch, to look after • **PT** tomar conta de, vigiar **Beispill** de Bopi huet de ganze Mëtteg op d'Kanner Uecht ginn **Synonym** oppassen op

uechtzeg [ˈuəçtsɛç] Kardinalzuel - Variant vun ↗achtzeg

Uechtzege [ˈuəçtsɛçɛ] Substantiv (kee Singulier) - Kuerzform vun ↗Uechtzegejoren

Uechtzegejoren [uəçtsɛçɛj'o:rən] Substantiv (kee Singulier) - Variant vun ↗Achtzegejoren

i Kuerzform: Uechtzege

uechtzegst [ˈuəçtsɛçst] Ordinalzuel - Variant vun ↗achtzegst

uechtzéng ['uæçtsɛŋ] Kardinalzuel **DE** *achtzehn* • **FR** *dix-huit* • **EN** *eighteen* • **PT** *dezoito* **Beispiller** bei eis ass ee mat uechtzéng Joer groussjäreg; siwwenzéng plus eent gëtt uechtzéng mat Zifferen 18

i Variant: uechtzing

uechtzénghonnert ['uæçtsɛŋhonet] Kardinalzuel **DE** *achtzehnhundert, tausendachthundert* • **FR** *dix-huit cents, mille huit cents* • **EN** *eighteen hundred, one thousand eight hundred* • **PT** *mil e oitocentos* **Beispill** eisen neien Dësch huet uechtzénghonnert Euro kascht mat Zifferen 1800

i Variant: uechtzingshonnert

uechtzénge ['uæçtsɛŋt] Ordinalzuel **DE** *achtzehnte* • **FR** *dix-huitième* • **EN** *eighteenth* • **PT** *décimo oitavo* **Beispill** eist Appartement ass um uechtzénge Stack mat Zifferen 18.

i Variant: uechtzingt

uechtzing Kardinalzuel - Variant vun **uechtzéng**

uechtzingshonnert Kardinalzuel - Variant vun **uechtzénghonnert**

uechtzingt Ordinalzuel - Variant vun **uechtzénge**

Ueleg ['uələç] Maskulinum (Pluriel Uelegger) **1. DE** *Öl* [*Nahrungsmittel*] • **FR** *huile* [*aliment*] • **EN** *oil* [*food*] • **PT** *óleo* [*alimento*] **Beispill** ech wollt eng Vinaigrette maachen, mee et ass keen Ueleg méi do **2. DE** *Öl* [*Schmiermittel*] • **FR** *huile* [*lubrifiant*] • **EN** *oil* [*lubricant*] • **PT** *óleo* [*lubrificante*] **Beispiller** kuck no, ob nach genuch Ueleg am Motor ass!; si hunn Ueleg op d'Feier geschott **[égs]** [si hunn derfir gesuergt, datt de Sträit nach méi schlëmm ginn ass] **3. DE** *Öl* [*Erdöl*] • **FR** *pétrole* [*matière première*] • **EN** *oil* [*raw material*] • **PT** *petróleo* [*matéria-primal*] **Beispill** an där Region gëtt no Ueleg gebuert **Synonym** Pétrol

Uelegbild ['uələçbɪlt] Neutrum (Pluriel Uelegbiller) **DE** *Ölbild, Ölgemälde* • **FR** *peinture à l'huile* [*œuvre d'art*] • **PT** *pintura a óleo* [*obra*] **Beispill** mir hunn eis Uelegbiller nei arumme gelooss **Synonym** Uelegtablo

uelegen ['uələçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geuelegt) » **transitiv** **DE** *ölen* [*schmieren*] • **FR** *huiler* [*lubrifier*] • **EN** *to grease, to lubricate* • **PT** *olear* [*untar*] **Beispiller** zënter ech d'Jarnéiere geuelegt hunn, quitscht d'Päertchen net méi; meng Véloskette muss geuelegt ginn **Synonym** schmieren

Uelegfaarf ['uələçfa:f] Femininum (Pluriel Uelegfaarwen) **DE** *Ölfarbe* • **FR** *peinture à l'huile* [*substance*] • **EN** *oil paint* • **PT** *tinta a óleo* **Beispiller** mir kruten am Owescours gewisen, wéi ee mat Uelegfaarf moolt; sträich deng Klappluede mat Uelegfaarf un, déi hält méi laang!

Uelegfläsch ['uələçflæʃ] Femininum (Pluriel Uelegfläschchen) **DE** *Ölflasche* • **FR** *bouteille d'huile* [*contenant*] • **EN** *oil bottle* • **PT** *garrafa de óleo* **Beispill** mir hunn déi eidel Uelegfläschchen an de Recycling gefouert

Uelegfleck ['uələçflæk] Maskulinum (Pluriel Uelegflecken) **DE** *Ölfleck* • **FR** *tache d'huile* • **PT** *mancha de óleo, nódoa de óleo* **Beispiller** och no der Wäsch waren d'Uelegflecken op menger neier Box net er-

aus; um Weier huet ee grouss Uelegflecke gesinn, déi géint d'Sonn faarweg geglénnert hunn

Uelegplanz ['uələçplants] Femininum (Pluriel Uelegplanzen) **DE** *Ölpflanze* • **FR** *plante oléagineuse* • **PT** *planta oleaginosa* **Beispill** weess du, datt de Raps eng Uelegplanz ass?

Uelegsmillen ['uələçsmilən] Eegennumm **DE** *Oligsmühle* • **FR** *Oligsmühle* • **EN** *Oligsmühle* • **PT** *Oligsmühle* **Beispiller** ech wunnen op der Uelegsmillen; fiert dëse Bus op d'Uelegsmille(n) bei Miedernach?

Uelegsmillen ['uələçsmilən] Eegennumm **DE** *Oligsmühle* • **FR** *Oligsmühle* • **EN** *Oligsmühle* • **PT** *Oligsmühle* **Beispiller** ech wunnen op der Uelegsmillen; fiert dëse Bus op d'Uelegsmille(n) bei Chrëschtnech?

Uelegtableau ['uələçtablo:] Maskulinum (Pluriel Uelegtableauen) - Variant vun **uelegtablo**

Uelegtablo ['uələçtablo:] Maskulinum (Pluriel Uelegtabloen) **DE** *Ölgemälde, Ölbild* • **FR** *peinture à l'huile* [*œuvre d'art*] • **PT** *pintura a óleo* [*obra*] **Beispill** mir hunn eis Uelegtabloen nei arumme gelooss **Synonym** Uelegbild

Uelzecht ['uələçtəçt] Eegennumm **DE** *Alzette* • **FR** *Alzette* • **EN** *Alzette* • **PT** *Alzette* **Beispill** d'Uelzecht leeft zu Ettelbréck an d'Sauer

Uerden ['u:çdən] Maskulinum (Pluriel Uerden) **1. DE** *Orden* [*Ehrenzeichen*] • **FR** *médaille, décoration* • **EN** *medal* [*decoration*] • **PT** *medalha, condecoração* **Beispiller** den Offizier hat eng Abberzuel Uerden u senger Uniform; zwee Pompjeeë kruten en Uerde fir hire couragéierten Asaz **Synonymen** Medail, Dekoration **2. DE** *Orden* [*religiöse Gemeinschaft*] • **FR** *ordre* [*religieux*] • **EN** (*religious*) *order* • **PT** *ordem* [*religiosa*] **Beispill** déi dräi Schwëstere goufe feierlech an hiren Uerden opgeholl

uerdentlech ['u:çdɛntləç] Adjektiv **1. DE** *ordentlich*, *anständig* [*korrekt, angemessen*] • **FR** *convenable, bien, comme il faut* <Adverb *convenablement, bien*> • **EN** *respectable, decent, proper* <Adverb *respectably, decently, properly*> • **PT** *decente, bom, como deve ser* <Adverb *convenientemente, bem*> **Beispiller** d'Eltere wënschen sech, datt hir Kanner en uerdentleche Beruf léieren; kaf der emol en uerdentlechen Handy, dāi geet d'Hallschent vun der Zäit net!; setz dech uerdentlech op de Stull!; kanns du dech net fir eng Kéier uerdentlech behuelen? **Synonym** anstänneg **2. DE** *ordentlich* [*aufgeräumt*] • **FR** (*bien*) *rangé, en ordre* • **EN** *tidy, organised* • **PT** (*bem*) *arrumado, em ordem* **Beispill** bei dir am Büro ass et ëmmer esou schéin uerdentlech! **Synonym** opgeräumt **3. DE** *gehörig, tüchtig* [*beträchtlich*] • **FR** *beau, bon* [*grand, substantiel*] <Adverb *bien, rudement*> • **EN** *good* [*substantial*], *proper, heavy* <Adverb *properly, heavily*> • **PT** *belo, bom* [*grande, intenso*] <Adverb *bem, bastante*> **Beispiller** op der Kiermes hunn ech mer eng uerdentlech Portioun Fritte gelescht!; du hues dech awer uerdentlech erkaalt! **Synonymen** gehiéereg, zerguttst **4. DE** *ordentlich* [*planmäßig*] • **FR** *ordinaire* [*prévu*] • **EN** *ordinary* [*regular*] • **PT** *ordinário* [*previsto*] **Beispill** dëst Joer hate mer nieft der uerdentlech Generalversammlung och nach eng ausseruerdentlech

Uerder ['u:ɔdɛ] Maskulinum (Pluriel Uerderen) **1.** DE Befehl, Anweisung • FR ordre [instruction] • EN order [instruction] • PT ordem [comando] **Beispiller** de Generol huet dem Majouer (den) Uerder ginn, d' Stad unze-gräifen; op Uerder vum Parquet gouf eng Enquête duerchgefëiert **2.** DE Auftrag, Börsenauftrag, Order • FR ordre (de Bourse) • EN (stock exchange) order • PT ordem (de Bolsa) **Beispill** ech hunn haut den Uerder opginn, fir all meng Aktien ze verkafen

uerdnen ['u:ɔdnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **geuerdent**) » **transitiv** DE ordnen, sortieren • FR ordonner, mettre de l'ordre dans • EN to sort, to organize • PT ordenar, organizar, pôr ordem em **Beispiller** et gëtt Zäit, datt mir eis Pabeieren uerdnen; ech muss meng Gedanken uerdnen **Synonym** sënneren

i Verben, déi **uerdnen** als Basis hunn: **➤** anuerdnen, **➤** ënneruerdnen an **➤** zouerdnen

Uerdnung ['u:ɔdnʊŋ] Femininum (kee Pluriel) DE Ordnung [ordentlicher Zustand, das Geordnetsein] • FR ordre [état, disposition ordonnée] • EN order [proper arrangement] • PT ordem [estado, disposição ordenada] **Beispiller** dee Chaot bréngt et net fäerdeg, Uerdnung a sengem Büro ze halen; bréng emol e wéineg Uerdnung an deng Saachen!

uerdnungsgemeiss Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

uerg [u:ɔɔ] Adjektiv **1.** DE böse, bössartig • FR méchant [désagréable, agressif] • EN mean [disagreeable], vicious • PT mau, ruim [desagradável, agressivo] **Beispiller** Kanner mat uergen Eltere sinn net ze beneiden; waart léiwer virun der Päertchen, déi Leit hunn en uergen Hond! **2.** DE arg, schwer, schlimm • FR grave [sérieux] <Adverb gravement, grièvement> • EN bad, serious <Adverb badly, seriously> • PT grave [sério] <Adverb gravemente> **Beispiller** wéi mer an d'Vakanz gefuer sinn, hate mer en uergt Accident; op der leschter Etapp sinn dräi Coureuren uerg gefall **Synonymmen** béis, schlëmm, schro

uerg [u:ɔɔ] Adverb DE sehr, stark, heftig • FR sacrément, rudement [beaucoup, très] • EN heavily, seriously • PT a valer, muito **Beispiller** hënt huet et uerg geschneit; de Journalist huet sech während der Sendung uerg blaméiert **Synonymmen** béis, ellen, ferm

Uergel ['u:ɔzəl] Femininum (Pluriel Uergelen) DE Orgel • FR orgue [instrument] • EN organ [instrument] • PT órgão [instrumento] **Beispiller** d'Uergel an der Kierch ass verstëmmt; mäi Brudder léiert am Conservatoire Uergel spillen

Uergelbauer ['u:ɔzəlbəʊɛ] Maskulinum (Pluriel Uergelbauer) DE Orgelbauer • FR facteur d'orgues • PT fabricante de órgãos, organeiro **Beispill** den Uergelbauer huet eis genee erkläert, wéi déi verschidde Päifen ze-summesat sinn

i Weiblech Form: **➤** Uergelbauerin

Uergelbauerin ['u:ɔzəlbəʊɛrɪn] Femininum (Pluriel Uergelbauerinnen) DE Orgelbauerin • FR factrice d'orgues • PT fabricante de órgãos, organeira **Beispill** dës Uergel ass vun enger bekannter Uergelbauerin kreéiert ginn

i Männlech Form: **➤** Uergelbauer

Uergelmusek ['u:ɔzəlmu:zɛk] Femininum (kee Pluriel) DE Orgelmusik • FR musique d'orgue • PT música de órgão **Beispiller** eisen Dirigent ass e grousser Spezialist um Gebitt vun der zäitgenëssescher Uergelmusek; wéi mer laansch d'Kierch gaange sinn, hu mer schéin Uergelmusek héieren

Uergelpäif ['u:ɔzəlpæ:ɪf] Femininum (Pluriel Uergelpäifen) DE Orgelpfeife • FR tuyau d'orgue • PT tubo de órgão **Beispill** verschidden Uergelpäifen aus den héije Regëstere musse gestëmmt ginn

Uergelspiller Maskulinum (Pluriel Uergelspiller) DE Orgelspieler, Organist • FR organiste • EN organist • PT organista **Beispill** den Uergelspiller huet déi nei Uergel probéiert **Synonym** Organist

i Weiblech Form: **➤** Uergelspillerin

Uergelspillerin Femininum (Pluriel Uergelspillerinnen) DE Orgelspielerin, Organistin • FR organiste [femme] • PT organista [mulher] **Synonym** Organistin

i Männlech Form: **➤** Uergelspiller

Uerschterhaff [u:ɔʃtɛh'af] Eegennumm DE Aresdorferhaff • FR Aresdorferhaff • EN Aresdorferhaff • PT Aresdorferhaff **Beispiller** ech wunnen um Uerschterhaff; fiert dese Bus op den Uerschterhaff?

Uert [u:ɔt] Maskulinum (Pluriel Uerter) DE Ort [Ortschaft] • FR hameau, lieu(-dit) • EN village, place, town • PT povoação, localidade **Beispill** mir hu laang Zäit an engem klengen Uert bei der Grenz gewunnt **Synonymmen** Lokalitéit, Uertschaft

Uertschaft ['u:ɔtʃaft] Femininum (Pluriel Uertschaften) DE Ortschaft • FR localité • EN locality • PT localidade **Beispiller** de Chauffer krut e Protokoll, well en ze séier duerch d'Uertschaft gefuer war; d'Joffer huet en Artikel iwuer d'Flouernimm vun der Uertschaft geschriwwen **Synonymmen** Lokalitéit, Uert

Uertsnumm ['u:ɔtsnum] Maskulinum (Pluriel Uertsnumm) DE Ortsname • FR nom de lieu • PT nome de lugar **Beispill** kënnt De mer e Buch recommandéieren iwuer d'Etymologie vun de Lëtzebuurger Uertsnumm?

Ueschdref ['u:ɔʃdrɛf] Eegennumm DE Arsdorf • FR Arsdorf • EN Arsdorf • PT Arsdorf **Beispiller** ech wunnen zu Ueschdref; fiert dese Bus op Ueschdref?

Ueschdrëffer Millen ['u:ɔʃdrɛfɛm'ilən] Eegennumm DE Arsdorf-Moulin • FR Arsdorf-Moulin • EN Arsdorf-Moulin • PT Arsdorf-Moulin **Beispiller** ech wunnen op der Ueschdrëffer Millen; fiert dese Bus op d'Ueschdrëffer Millen?

Uespelt ['u:ɔspɛlt] Eegennumm DE Aspelt • FR Aspelt • EN Aspelt • PT Aspelt **Beispiller** ech wunnen zu Uespelt; fiert dese Bus op Uespelt?

Uesper ['u:ɔspɛ] Eegennumm DE Asselbur • FR Asselbur • EN Asselbur • PT Asselbur **Beispiller** ech wunnen zu Uesper; fiert dese Bus op Uesper?

Uess [u:ɔs] Maskulinum (Pluriel Uessen) vereeltz - Variant vun **➤** Ochs

Uesweiler ['uəsvaɪlə] Eegennumm - Variant vun ¹Uesweller

Uesweller ['uəsɰælə] Eegennumm **DE** *Osweiler* • **FR** *Osweiler* • **EN** *Osweiler* • **PT** *Osweiler* **Beispiller** ech wunnen zu Uesweller; fiert dëse Bus op Uesweller?

i Lokalvariant: Uesweiler

uewen ['uəvən] Adverb **1.** **DE** *oben* [an einer höher gelegenen Stelle] • **FR** *en haut* [en un endroit plus élevé] • **EN** *at the top* [at a higher level], *up* [upwards] • **PT** *em cima* [em lugar mais elevado] **Beispiller** hei ennen ass et méi kal ewéi do **uewen**; wéi de Lift **uewen** ukoum, goungen d'Dieren net op; firwat weist dee Feil no **uewen**?; am Ufank hat ech just ennen am Réck wéi, méttlerweil spieren ech et och **uewen**; **uewen** am Text stinn nach zwee Feeler [am Ufank vum Text stinn nach zwee Feeler]; dat gouf vun **uewen** erof decidéiert [dat gouf vu Leit decidéiert, déi an der Hierarchie iwwer mer stinn]; si hu mech vun **uewen** erof behandelt [si hu mech iwwerhieft behandelt] **2.** **DE** *oben* [am oberen Ende] • **FR** *en haut* [à l'extrémité supérieure] • **EN** *at the top* [at the top end] • **PT** *acima* [na parte superior] **Beispiller** schreift ären Numm **uewen** op d'Prüfungsblat!; dat läit mer **uewen** [dat mécht mer Suergen; dat ass mer wichteg]; hien huet mech vun **uewe** bis enne begladdert ^[égs] [hien huet mech komplett begladdert]

Uewen ['uəvən] Maskulinum (Pluriel **Iewen**) **1.** **DE** *Ofen* [Heizofen] • **FR** *poêle* [de chauffage] • **EN** *heater*, *wood-burning stove*, *fireplace* • **PT** *fogão* [de aquecimento] **Beispiller** mir hunn zwar eng Heizung, mee de Wanter brenne mer och Holz an engem **Uewen**; bei deem Wieder bleiwen ech léiwer hannerem **Uewen** ^[égs] [bei deem Wieder bleiwen ech léiwer doheem]; et ass schwéier, hien hanner dem **Uewen** erauszelackelen ^[égs] [et ass schwéier, hien zu eppes ze beweegen] **2.** **DE** *Ofen* [Backofen] • **FR** *four* [pour aliments] • **EN** *oven* [for food] • **PT** *forno* [para alimentos] **Beispill** an enger hallwer Stonn muss mer de Gratin aus dem **Uewen** huelen **Synonymmen** Bakuewen, Schäffchen **3.** **DE** *Ofen* [Brennofen] • **FR** *fourneau* [à (très) haute température] • **EN** *kiln*, *furnace* • **PT** *forno* [de alta temperatura] **Beispill** d'Keramik gëtt am **Uewe** gebrannt an emailéiert

uewendriwwer Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

uewenerëm ['uəvənərəm] Adverb **DE** *obenherum*, *oben entlang* • **FR** (*par*) *en haut* • **PT** *na parte de cima*, *em cima*, *por cima* **Beispiller** déi dech **uewenerëm** gutt waarm un!; mir sinn **uewenerëm** gaangen, well ënnenerëm de Wee gespaart ass

uewenhin ['uəvənhin] Adverb bis uewenhin **DE** *bis nach oben*, *bis oben hin* • **FR** *jusqu'en haut*, *à ras bord* • **EN** *to the brim* [to the rim of a container], *to the top* • **PT** *até acima*, *até ao cima*, *até à borda* **Beispiller** den Tank ass voll bis **uewenhin**; ech hu mech net getraut, bis **uewenhin** ze klammen; eis Garage ass bis **uewenhi** voll mat Schrott; ech hunn es bis **uewenhi** mat dengem Gesouers ^[égs] [ech sinn denges Gesouers sat]

i Variant: uewenhinner

uewenhinner [uəvənh'ine] Adverb - Variant vun ¹uewenhin

uewenop [uəvən'op] Adverb **DE** *oben* [in einem höheren Stockwerk] • **FR** *en haut* [à un étage supérieur] • **EN** *upstairs* • **PT** (*là*) *em cima*, *no andar de cima* **Beispill** wat ass dat fir en Zodi **uewenop**?

Uewepäif ['uəvəpə:ɪf] Femininum (Pluriel **Uewepäifen**) **DE** *Ofenrohr* • **FR** *tuyau de poêle* • **EN** *stovepipe* • **PT** *chaminé de fogão* **Beispill** wann d'Brennholz net dréchen ass, verknaschten d'Uewepäifen zimmlech séier

Ueweraanwen [uəvər'a:nvən] Eegennumm **DE** *Oberanwen* • **FR** *Oberanven* • **EN** *Oberanven* • **PT** *Oberanven* **Beispiller** ech wunnen zu Ueweraanwen; fiert dëse Bus op Ueweraanwen?

Uewerälter [uəvər'æltɛ] Eegennumm **DE** *Obereltes* • **FR** *Autelhaut* • **EN** *Autelhaut* • **PT** *Autelhaut* **Beispiller** ech wunnen zu Uewerälter; fiert dëse Bus op Uewerälter?

Uewerdonwen [uəvəd'onvən] Eegennumm **DE** *Oberdonven* • **FR** *Oberdonven* • **EN** *Oberdonven* • **PT** *Oberdonven* **Beispiller** ech wunnen zu Uewerdonwen; fiert dëse Bus op Uewerdonwen?

Uewereesbech [uəvər'e:sbɛç] Eegennumm **DE** *Obereisenbach* • **FR** *Obereisenbach* • **EN** *Obereisenbach* • **PT** *Obereisenbach* **Beispiller** ech wunnen zu Uewereesbech; fiert dëse Bus op Uewereesbech?

Uewerfeelen [uəvɛf'e:lən] Eegennumm **DE** *Oberfeulen* • **FR** *Oberfeulen* • **EN** *Oberfeulen* • **PT** *Oberfeulen* **Beispiller** ech wunnen zu Uewerfeelen; fiert dëse Bus op Uewerfeelen?

Uewerfläch ['uəvɛflæç] Femininum (Pluriel **Uewerflächen**) **DE** *Oberfläche* • **FR** *surface* [partie extérieure] • **EN** *surface*, *top* • **PT** *superfície* [parte exterior] **Beispill** wann s de d'Uewerfläch vun denger neier Dëschplack gär glat häss, muss de se nach eng Kéier poléieren **Synonymmen** Oberfläch, Surface

Uewerglabech [uəvɛgl'a:bɛç] Eegennumm **DE** *Oberglabach* • **FR** *Oberglabach* • **EN** *Oberglabach* • **PT** *Oberglabach* **Beispiller** ech wunnen zu Uewerglabech; fiert dëse Bus op Uewerglabech?

Uewerkäerjeng [uəvɛk'ɛ:zɛŋ] Eegennumm **DE** *Oberkerschen* • **FR** *Hautcharage* • **EN** *Hautcharage* • **PT** *Hautcharage* **Beispiller** ech wunnen zu Uewerkäerjeng; fiert dëse Bus op Uewerkäerjeng?

Uewerkierper ['uəvɛki:ɛpɛ] Maskulinum (Pluriel **Uewerkierper** / **Uewerkierperen**) **DE** *Oberkörper* • **FR** *torse*, *buste* • **EN** *torso*, *upper body* • **PT** *tronco*, *busto* **Beispiller** d'Schwëmmer hu gewéinlech e muskuléisen Uewerkierper; mäi Brudder huet seng Bee geläämt, mee duerfir ass säin Uewerkierper ëmsou méi trainéiert

Uewerkifer [uəvɛk'i:fɛ] Maskulinum (Pluriel **Uewerkiferen**) **DE** *Oberkiefer* • **FR** *mâchoire supérieure* • **EN** *upper jaw*, *maxilla* • **PT** *maxila*, *maxilar superior* **Beispill** eise Jong muss en Zant gerappt kréien, well säin Uewerkifer ze schmuel ass fir all d'Zänn

Uewerkolpech [uəvɛk'olpɛç] Eegennumm **DE** *Obercolpach* • **FR** *Colpach-Haut* • **EN** *Colpach-Haut* • **PT** *Col-*

pach-Haut **Beispiller** ech wunnen zu Uewerkolpech; fiert dëse Bus op Uewerkolpech?

Uewerkuer ['uəvɛku:ɔ] Eegennumm **DE** Oberkorn • **FR** Oberkorn • **EN** Oberkorn • **PT** Oberkorn **Beispiller** ech wunnen zu Uewerkuer; fiert dëse Bus op Uewerkuer?

Uewermaartel [uəvɛm'a:rtəl] Eegennumm **DE** Obermartelingen • **FR** Haut-Martelange • **EN** Haut-Martelange • **PT** Haut-Martelange **Beispiller** ech wunnen zu Uewermaartel; fiert dëse Bus op Uewermaartel?

Uewerpallen [uəvɛp'alən] Eegennumm **DE** Oberpallen • **FR** Oberpallen • **EN** Oberpallen • **PT** Oberpallen **Beispiller** ech wunnen zu Uewerpallen; fiert dëse Bus op Uewerpallen?

Uewerschenkel Maskulinum (Pluriel Uewerschenkelen) **1. DE** Oberschenkel • **FR** cuisse [partie de la jambe] • **PT** coxa [parte da perna] **Beispill** beim Wäitsprong hunn ech mer eng Seen am lénksen Uewerschenkel gezert **Synonym** Cuisse **2. DE** Oberschenkelknochen • **FR** fémur, os de la cuisse **Beispill** ech hu mer beim Skaten den Uewerschenkel gebrach

Uewerstad ['uəvɛfta:t] Femininum (Pluriel Uewerstied) **DE** Oberstadt • **FR** ville haute • **EN** upper town, upper city • **PT** Alta [de uma cidade] **Beispill** den neien Tram verbënnt d'Uewerstad mat der Gare

Uewerstad ['uəvɛfta:t] Eegennumm **DE** Luxembourg-Ville haute • **FR** Luxembourg-Ville haute • **EN** Luxembourg-Ville haute • **PT** Luxembourg-Ville haute **Beispiller** ech wunnen an der Uewerstad; fiert dëse Bus an d'Uewerstad?

Uewerwampech [uəvɛv'ampɔç] Eegennumm **DE** Oberwampach • **FR** Oberwampach • **EN** Oberwampach • **PT** Oberwampach **Beispiller** ech wunnen zu Uewerwampech; fiert dëse Bus op Uewerwampech?

1 Lokalvariant: Uewerwampich

Uewerwampich [uəvɛv'ampɪç] Eegennumm - Variant vun ↗Uewerwampech

ufalen ['ufa:lən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ugefall) » **intransitiv** **DE** anfallen • **FR** y avoir (à gérer), s'accumuler • **EN** to be due, to be created • **PT** surgir, verificar-se, acumular-se **Beispiller** wa Reparaturen ufalen, muss den Techniker séier op der Plaz sinn; all Joer fale Milliounen Tonne Bauschutt un

ufälleg ['ufələç] Adjektiv ufälleg (fir) **DE** anfällig (für) • **FR** sensible (à), sujet à, vulnérable (à) • **EN** susceptible (to), vulnerable (to), prone (to) • **PT** suscetível (a), propenso a, sujeito a **Beispiller** als Kand war ech ufälleg fir Anginnen; Leit mat Virekrankunge si méi ufälleg, fir Komplikatioune bei enger Infektioun mam Coronavirus ze kréien; Bëbeeën, déi ze fréi op d'Welt kommen, sinn dacks méi ufälleg; ekonomesch schwach Länner si méi ufälleg fir Krisen

Ufänger ['ufæŋɐ] Maskulinum (Pluriel Ufänger) **DE** Anfänger • **FR** débutant • **EN** beginner • **PT** principiante **Beispiller** e Kandidat mat Erfahrung huet e Plus géintwuer engem Ufänger; mir hunn eis am Danzcours emol bei den Ufänger ageschriwwen; eis Nopesch gött Sprochecoursé fir Ufänger **Synonym** Debutant

1 Weiblech Form: ↗Ufängerin

Ufängerin ['ufæŋɐrɪn] Femininum (Pluriel Ufängerinnen) **DE** Anfängerin • **FR** débutante [apprentie] • **PT** principiante [aprendiza, novata] **Beispill** fir déi jonk Ufängerin war et schwéier, eng Aarbecht ze fannen

1 Männlech Form: ↗Ufänger

ufangs ['ufɑŋs] Adverb **DE** anfangs • **FR** au début • **EN** at the beginning • **PT** no inicio, ao principio, no começo **Beispiller** ufangs hat hien et schwéier, fir sech anzeliwwen; am Endeffekt ass alles net esou schlëmm, wéi et ufangs ausgesäit

1 Varianten: ufanks, ugangs, ugangs

ufangs ['ufɑŋs] Prepositioun » **mam** Genitiv **DE** anfangs • **FR** au début de • **EN** at the beginning of • **PT** no inicio de, no principio de, no começo de **Beispiller** hien huet schonn ufangs des Mounts seng ganz Pai ausginn; dat Gesetz ass ufangs des Joerhonnerts gestëmmt ginn; ufangs Dezember ass deen éischte Schnéi gefall; ech sinn ufangs 50 [ech hunn e bësse méi ewéi 50 Joer]

1 Varianten: ufanks, ugangs, ugangs

Ufangsgehalt Neutrum (Pluriel Ufangsgehälter) - Variant vun ↗Ufanksgehalt

Ufank ['ufɑŋk] Maskulinum **1.** (Pluriel Ufäng) **DE** Anfang, Beginn [Zeitpunkt] • **FR** début, commencement [moment] • **EN** start, beginning [moment] • **PT** início, começo, principio [momento] **Beispiller** fir den Ufank vun de Solde waren d'Kleederbutteker voller Leit; mir hunn eis vun Ufank u geduuzt; am Ufank (vun hirer Karriär) krut déi jonk Schauspillerin nëmme kleng Niewerollen; d'Automobilindustrie hat hir Ufäng um Enn vum 19. Joerhonnert **2.** (kee Pluriel) **DE** Anfang, Beginn [Ort] • **FR** commencement [endroit] • **EN** start, beginning [place] • **PT** principio [lugar, sitio] **Beispiller** am Ufank vun dësem Spadséierwee geet et direkt géi biergop; fir d'Woll opzewéckelen, muss de den Ufank emol an der Knujel fannen

ufänken ['ufæŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugefaangen / ugefaang) » **transitiv 1. DE** beginnen, anfangen • **FR** commencer, débiter • **EN** to start, to begin • **PT** começar [dar início a, principiar] **Beispiller** ier s de deng Ried ufänks, muss de der Gehéier verschafen; hien huet eng Léier als Drécker ugefaangen; den Noper huet ëm siwen Auer mueres ugefaangen, de Wues ze méien; ech hunn an der Vakanz en neit Buch ugefaangen [ech hunn an der Vakanz ugefaangen, en neit Buch ze liesen]; hätt ech nëmmen ni eppes mat deem Kärel ugefaangen! [égs] [hätt ech mech nëmmen ni mat deem Kärel agelooos!] **2.** eppes ufänke mat **DE** etwas anfangen mit [etwas anstellen mit, gebrauchen zu] • **FR** faire quelque chose de [exploiter, tirer parti de, utiliser] • **EN** to make use of, to take advantage of • **PT** fazer alguma coisa com [tirar proveito de, ter utilidade para] **Beispiller** hie fänkt guer näischt mat senge ville Suen un; mat deenen iwwerflächleche Recherchë ka keen eppes ufänken; d'Police konnt näischt mat de Foussspueren ufänken; wat solle mer haut (mat eiser Zäit) ufänken?; ech ka mat där Persoun guer näischt ufänken [égs] [ech weess net, wat ech mat där Persoun soll schwätzen]; et ass näischt mat deem Kärel ugefaangen [égs] [Idee

Kärel ass fir näischt ze gebrauchen] **3. DE** anzünden • **FR** allumer [faire brûler] • **EN** to light [to ignite] • **PT** acender [pôr a arder] **Beispiller** géi e puer dier Äscht sichen, fir d'Feier unzufänken!; hues du e Briquet, fir meng Zigaretten unzufänken?; fänk alt schonn de Grill un, ech maachen d'Flaschen op! Imaach alt scho Feier am Grill, ech maachen d'Flaschen op! **Synonym** umaachen **4. DE** anknipen [Licht] • **FR** allumer [une source lumineuse] • **EN** to switch on [a light] • **PT** acender [uma fonte luminosa] **Beispiller** am Wanter muss een d'Luucht méi fréi ufänken ewéi am Summer; ëm Chrëschttag fänke mer owes d'Liichtercher um Chrëschtbeemchen un **Synonym** umaachen » **intransitiv** - och onperséinlech **5. DE** beginnen, anfangen [mit einer Tätigkeit] • **FR** commencer, se mettre à • **EN** to start [work, an activity] • **PT** começar, pôr-se a **Beispiller** hien huet an der ënneschter Karriär bei der Post ugefaangen (mat schaffen); fänkt alt schonn un, ech komme méi spéit!; am schlëmmste Fall muss mer nach eng Kéier vu vir ufänken; d'Mullebutze fänken un, rout ze ginn; vergiess däi Prabbeli net, well et fänkt u mat reenen! » **intransitiv 6. DE** anfangen, beginnen [zu einem bestimmten Zeitpunkt] • **FR** commencer [à un certain moment] • **EN** to start, to begin [at a certain moment] • **PT** começar [em determinado momento] **Beispiller** d'Schoul fänkt ëm aacht Auer un; muer fänken an der Chamber d'Debatten iwwer de Staatsbudget un; well d'Gäsch net erbäikoumen, konnt d'Essen net matzäit ufänken **Synonym** ugoen **7. DE** anfangen, beginnen [an einem bestimmten Ort] • **FR** commencer [à un certain endroit] • **EN** to start, to begin [at a certain place] • **PT** começar [em determinado lugar] **Beispill** wou fänkt Ären Terrain un? **Synonym** ugoen

ufanks ['ufɑŋks] Adverb - Variant vun ʒufangs

ufanks ['ufɑŋks] Prepositioun - Variant vun ʒufangs

Ufanksbuschtaf ['ufɑŋksbuʃta:f] Maskulinum (Pluriel Ufanksbuschtawen)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Ufanksgehalt Neutrum (Pluriel Ufanksgehälter)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

I Variant: Ufangsgehalt

Ufanksschwieregkeet ['ufɑŋksʃwi:græçke:t] Femininum (Pluriel Ufanksschwieregkeeten) (meeschstens Pluriel) **DE** Anfangsschwierigkeit • **FR** difficulté initiale • **PT** dificuldade inicial **Beispill** no enger Rei Ufanksschwieregkeete war den neie Betrib relativ séier finanziell ofgeséichert

ufechten ['ufæçtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugefecht) » **transitiv DE** anfechten • **FR** faire appel de, contester • **EN** to appeal, to contest • **PT** recorrer de, contestar **Beispiller** d'Affekotin huet hirem Client geroden, d'Urteel unzufechten; wéinst Verdacht op Korruptioun goufen d'Resultater vun der Kompetitioun ugefecht

ufeiieren ['u:faɪəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugefieiert) » **transitiv DE** anfeuern [anspornen] • **FR** encourager, acclamer [un sportif en compétition] • **EN** to cheer [to encourage] • **PT** encorajar, animar, aclamar [um desportista numa competição] **Beispill** mir

ginn e Sonndeg op de Fussballsterrain, fir eis Ekippen unzefeieren

unneelen ['une:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **ugeneelt**) » **transitiv DE** *annageln* • **FR** *fixer* [par des clous] • **EN** *to nail on* • **PT** *pregar* [fixar com prego(s)] **Beispiller** solle mer d'Schëld **unneelen** oder **uschrauwen?**; hie stoung do ewéi **ugeneelt** [égs] [hie stoung do, ouni sech ze réieren]

unnitten ['unitən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé **ugenitt**) » **transitiv DE** *annieten* • **FR** *fixer* [par des rivets] • **EN** *to rivet* [with rivets] • **PT** *fixar* [com rebites] **Beispill** dat Stéck Blech muss **ugenitt** ginn, soss hält et net

Unterführung [untəf'y:ruŋ] Femininum (Pluriel **Unterführungen**) - Variant vun ↗**Unterführung**

Unterführung [untəf'y:ruŋ] Femininum (Pluriel **Unterführungen**) **DE** *Unterführung* • **FR** *passage souterrain, passage routier inférieur* • **EN** *underpass* • **PT** *passagem subterrânea, passagem inferior rodoviária* **Beispiller** duerch eng **Unterführung** kommen d'Foussgänger sécher op déi aner Stroossenäit; et gëtt eng **Unterführung** fir de Verkéier gebaut, fir dat d'Barrière kann ewechkommen

Variant: Ënnerféierung

Unterrecht ['untərəcɛt] Maskulinum (Pluriel <see-len> **Unterrechter**) **1. DE** *Unterricht* • **FR** *enseignement* [méthodologie] • **EN** *teaching* [methodology] • **PT** *ensino*

[metodologia] **Beispill** de frontalen **Unterrecht** soll bei eis an der Schoul duerch Gruppenaarbecht ergänzt ginn **2. [égs] DE** *Religionsunterricht* • **FR** *cours d'instruction religieuse* • **EN** *religious education* [course] • **PT** *aulas de religião, catequese* **Beispill** du kanns d'Kommioun net maachen, wann s de net am **Unterrecht** waars

Unterrechtsfach ['untərəcɛtsfəx] Neutrum (Pluriel **Unterrechtsfächer**)

Hei entsteet en neien Artikel.

Unterrechtsmethod ['untərəcɛtsmɛto:d] Femininum (Pluriel **Unterrechtsmethoden**) **DE** *Unterrichtsmethode* • **FR** *méthode d'enseignement* • **EN** *teaching method* • **PT** *método de ensino* **Beispill** an eiser Klass sollen nei **Unterrechtsmethoden** getest ginn

Unterrechtsminister ['untərəcɛtsministɛ] Maskulinum (Pluriel **Unterrechtsministeren**)

Hei entsteet en neien Artikel.

Weiblech Form: ↗**Unterrechtsministesch**

Unterrechtsministerin ['untərəcɛtsministɛrɪn] Femininum (Pluriel **Unterrechtsministerinnen**) - Variant vun ↗**Unterrechtsministesch**

Unterrechtsministesch ['untərəcɛtsministɛʃ] Femininum (Pluriel **Unterrechtsministeschen**)

Variant: **Unterrechtsministerin**

Männlech Form: ↗**Unterrechtsminister**

Unterseeboot ['unteze:bo:t] Neutrum (Pluriel **Unterseebooter**) **DE** *Unterseeboot, U-Boot* • **FR** *sous-marin* • **PT** *submarino* **Beispill** am Krich si vill Schëffer vun **Unterseebooter** versenkt ginn

Kuerzform: U-Boot

Unterseebot ['unteze:bo:t] Neutrum (Pluriel **Unterseeboter**) - Variant vun ↗**Unterseeboot**

Untersuchung ['untəzu:χuŋ] Femininum (Pluriel **Untersuchungen**) **1. DE** (ärztliche) *Untersuchung* • **FR** *examen (médical)* • **EN** (medical) *examination* • **PT** *exame (médico)* **Beispill** d'Doktesch huet bei der **Untersuchung** vum Patient eng Entzündung festgestallt **2. DE** *Untersuchung* [Ermittlung] • **FR** *enquête* [investigation] • **EN** *enquiry* [official investigation] • **PT** *inquérito* [investigação] **Beispill** d'Police huet eng **Untersuchung** ageleet **Synonymen** **Enquête, Ermëtllung**

Variant: Ënnersichung

Untersuchungshaft [untəz'u:χuŋʃhaft] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Untersuchungshaft* • **FR** *détention provisoire* • **EN** (period of) *custody, detention* [pretrial] • **PT** *prisão preventiva* **Beispill** de Beschëllegte souz eng Woch an (der) **Untersuchungshaft**

Untersuchungsrichter [untəz'u:χuŋʃRɪ:cɛtɛ] Maskulinum (Pluriel **Untersuchungsrichter** / **Untersuchungsrichter**) **DE** *Untersuchungsrichter* • **FR** *juge d'instruction* • **EN** *examining magistrate* • **PT** *juiz de instrução* **Beispill** den **Untersuchungsrichter** huet eng Perquisitioun am Verdächtege senger Wunneng erlaabt

Weiblech Form: ↗**Untersuchungsrichterin**

Untersuchungsriichterin [untez'u:χuŋsri:çtərin] Femininum (Pluriel Untersuchungsriichterinnen) **DE** Untersuchungsriichterin • **FR** juge d'instruction [magistrat] • **PT** juíza de instrução **Beispill** den Täter koum haut de Moie virun d'Untersuchungsriichterin

i Männlech Form: **♂** Untersuchungsriichter

untreffen ['untræfən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **uge**traff) » **transitiv DE** antreffen, vorfinden • **FR** trouver [une personne, comme escompté] • **EN** to find, to come across • **PT** encontrar [uma pessoa, conforme esperado] **Beispill** no fënnef Auer **trëffs** de dee Lidderhanes kaum méi um Büro un

untrieden ['untrɪədən] ♦ Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **uge**trueden / **uge**tratt) » **transitiv 1. DE** antreten [beginnen] • **FR** commencer [débuter] • **EN** to begin • **PT** começar, iniciar **Beispill** no der Visitt vun der Stad **hu** mir den zweeten Deel vun eiser Rees **uge**tratt **2. DE** antreten [übernehmen] • **FR** prendre [les fonctions de], prendre [ses fonctions] • **EN** to take (up) [office, a position] • **PT** tomar posse de [ser investido em], entrar [em funções] **Beispill** hien **trëtt** d'Amt vum President haut un ♦ Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé **uge**trueden / **uge**tratt) » **intransitiv 3. DE** antreten • **FR** se présenter [comparaitre] • **EN** to appear, to compete • **PT** apresentar-se [comparecer] **Beispill** d'Ekipp **ass** mat nëmmen zwee Ersatzspiller **uge**trueden; an där neier Sendung wäerten dräi Kandidate géinteneen **untrieden**

unzapan ['untsa:pən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **uge**zaapt) » **transitiv DE** anzapfen • **FR** mettre en perce, tirer au tonneau • **EN** to tap [a cask, a barrel] • **PT** espichar, abrir [uma vasilha] **Beispiller** den Owend um Fest **ginn** e puer Bëierfässer **uge**zaapt; eisen Noper um Camping **huet** eis Stroumleitung **uge**zaapt ^[egs] [eisen Noper um Camping **huet** heemlech vun eiser Stroumleitung profitéiert]

Unzechen ['untse:çən] Neutrum (Pluriel **Unzechen**) **DE** Anzeichen, Indiz • **FR** signe, indice • **EN** sign, symptom • **PT** sinal, indício **Beispiller** Ausschlag **ass** dacks en äusserlecht **Unzeche** vun enger Allergie; et waren **Unzechen** do, datt d'Mataarbechterin géif kënnege, mee gesot **huet** se et net **Synonym** Indiz

unzéien ['untsɜiən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **uge**zunn) » **transitiv 1. DE** anziehen [Gliedmaß] • **FR** plier, ramener vers soi • **EN** to draw up, to bend [an arm, a leg] • **PT** dobrar, encolher [os membros] **Beispill** beim Kiné **hunn** ech haut missen d'Been **unzéien** a strecken **2. DE** anziehen [festziehen] • **FR** serrer [pour fixer] • **EN** to tighten, to screw in • **PT** apertar [para fixar] **Beispill** de Mecanicien **huet** déi labber Schrauwen **uge**zunn **Synonymmen** bäidreien, bäizéien **3. DE** straffen, zurren • **FR** serrer, tendre • **EN** to tighten, to tauten • **PT** apertar, esticar **Beispiller** waart een Ament, ech muss meng Stréckelen **unzéien**!; zéi d'Dëschelduch e bëssen un, et **sinn** nach Falen dran! **4. DE** anziehen [anlocken] • **FR** attirer [intéresser, faire venir] • **EN** to draw, to attract [to interest] • **PT** atrair [interessar, fazer vir] **Beispill** dat schéint Schluss **zitt** vill Touristen un; d'Gebeess **zitt** d'Harespelen un **5. DE** anziehen [durch physikalische Kräfte] • **FR** attirer [par des forces physiques] • **EN** to attract [to exert a physical force on] •

PT atrair [por forças físicas] **Beispiller** e Magnéit **zitt** Schrauwen un; héich Beem **zéien** de Blézt un » **intransitiv 6. DE** anziehen [steigen] • **FR** augmenter • **EN** to rise [to increase] • **PT** aumentar, subir **Beispiller** de Konsum **huet** dëst Joer staark **uge**zunn; bestell nach séier Mazout, ier d'Präisser nees **unzéien**! » **intransitiv - onperséinlech 7. DE** leichten Frost **geben** • **FR** geler légèrement • **EN** to freeze, to be frosty • **PT** haver geada fraca **Beispill** dëst Joer **huet** et schonn am September **nuets** **uge**zunn

unzielen ['untsiələn] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **uge**zielt) » **transitiv DE** anzählen [im Kampfsport] • **FR** compter [en sports martiaux] • **EN** to give a count [in martial arts] • **PT** fazer a contagem a [nas artes marciais] **Beispiller** de Boxer **gouf** an der drëtter Ronn **uge**zielt; no deem Skandal **auss** d'Politikerin **uge**zielt [no deem Skandal **huet** d'Politikerin net méi vill Chancen op Erfolleg]

Unzuel ['untsuəl] Femininum (kee Pluriel) **DE** Anzahl, Zahl • **FR** nombre [effectif] • **EN** number [quantity] • **PT** número [quantidade, efetivo] **Beispiller** d'Federatioun vergëtt all Joer nëmmen eng begrenzten **Unzuel** Lizenzen; d'Gréisst vun Sall hängk vun der **Unzuel** vun de Gäscht of **Synonym** Zuel

upäifen ['upæ:ɪfən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **uge**paff) » **transitiv DE** anpfeifen [ein Spiel, einen Spielabschnitt] • **FR** siffler le début de • **EN** to blow the starting whistle • **PT** apitar o início de **Beispill** den Ar-bitter **huet** viru fënnef Minuten de Match **uge**paff

Upak ['upa:k] Femininum **1.** (Pluriel <seelen> **Upaken**) **DE** Griff, Handgriff [Vorrichtung] • **FR** poignée [dispositif] • **EN** handle, handgrip • **PT** pega [dispositivo] **Beispill** dës Këscht léisst sech net gutt droen, et **ass** keng **Upak** drun **Synonym** Grëff **2.** (kee Pluriel) **DE** Ansatzpunkt • **FR** prise [moyen de saisir] • **EN** grip, handhold • **PT** (pon-to de) apoio [por onde se pode pegar] **Beispiller** mir hu keng richtig **Upak** fonnt, fir dee schwéiere Schaf ze réckelen; mir hu keng **Upak**, fir géint deen onéierleche Geschäftsmann virzegoen [mir hu keng Mëttele, fir géint deen onéierleche Geschäftsmann virzegoen]

upaken ['upa:kən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **uge**paakt / **uge**pak) » **transitiv 1. DE** anfassen [berühren] • **FR** toucher [des doigts] • **EN** to touch [with the hand] • **PT** mexer em, tocar em [com os dedos] **Beispiller** pak dat gliddegt Dëppen net un, soss verbrenns de dech!; du kanns meng Kaz roueg **upaken**, se kraazt net; ech **hunn** nach keng Drogen **uge**pak [ech **hunn** nach keng Droge consommeiert]; eisen Direkter weess d'Leit net **unzepak** ^[egs] [eisen Direkter weess net mat Leit ëmzegoen] **2. DE** angehen, anpacken • **FR** s'attaquer à, aborder [traiter] • **EN** to tackle, to get to grips with • **PT** atacar, abordar [tratar] **Beispill** ech weess nach net, wéi mir dee Problem sollen **upaken** **Synonymmen** erугоen un, ugoen, an Ugrëff huelen » **intransitiv 3.** (eng Hand (mat)) **upaken DE** behilflich sein • **FR** aider, donner un coup de main à • **EN** to lend a hand [to help] • **PT** ajudar, dar uma mãozinha [numa tarefa manual] **Beispill** kanns de mir (eng Hand (mat)) **upaken**, fir déi schwéier Këscht ze réckelen? » **reflexiv 4.** sech **upaken** (un) **DE** sich festhalten (an) • **FR** se tenir (à), s'accrocher (à) • **EN** to hold on (to) [to grasp] • **PT** segurar-se (a), agarrar-se (a) **Beispiller** d'Kanner **hu** sech um

Gelänner **ugepaakt**, wéi se déi géi Trap erofgaange sinn; **paakt** iech un, elo geet et lass! ^[égs] [passt op, elo geet et lass!] **Synonym** sech unhalen (un)

upapen ['upa:pən] ♦ Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé ugepaapt) » **transitiv 1.** **DE** ankleben (mit Kleister) • **FR** coller [faire adhérer à la colle (d'amidon)] • **EN** to paste (up) [to stick up] • **PT** colar [fazer aderir com cola (de amido)] **Beispill** d'Tapéit, déi mer gëschter frësch **ugepaapt** haten, ass an der Nuecht nees lassgaangen ♦ Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé ugepaapt) » **intransitiv 2.** upapen (un) **DE** festkleben (an), eintrocknen • **FR** coller (à), sécher (et s'incruster) • **EN** to stick on, to dry on • **PT** colar (a), secar (e ficar incrustado) **Beispill** well s de d'Telleren net ofgeschwenkt hues, ass déi ganz Zooss (drun) **ugepaapt**

upassen ['upasən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé ugepasst) » **transitiv 1.** upassen (un) **DE** anpassen (an), angleichen (an) • **FR** adapter (à) [accorder (à)] • **EN** to adapt (to) • **PT** adaptar (a) [adequar (a)] **Beispiller** bei Glatäis müssen d'Automobilisten hir Vitess upassen; d'Leit hätte gären, datt d'Paien un d'Präisdeierecht ugepasst ginn **Synonym** adaptéieren (un) » **reflexiv 2.** sech upassen (un) **DE** sich anpassen (an) • **FR** s'adapter (à) • **EN** to adapt (to) • **PT** adaptar-se (a) **Beispill** mir müssen eis deenen neie Bestëmmungen upassen **Synonym** sech adaptéieren (un)

Upassung ['upasən] Femininum (Pluriel Upassungen) **DE** Anpassung • **FR** adaptation, ajustement • **EN** adjustment • **PT** adaptação, ajustamento **Beispill** et ass eng Upassung vun de Gehälter un d'Liewenskäschte fälleg **Synonymen** Adaptatioun, Ajustement

upassungsfäeg Adjektiv **DE** anpassungsfähig • **FR** capable de s'adapter • **PT** capaz de adaptar-se, maleável **Beispiller** dës Planz ass extreem upassungsfäeg, et fënnst een se a verschiddene Klimazonen; eis Mataarbechter müssen upassungsfäeg sinn, well mer a verschiddene Secteure schaffen

upycelen Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé geupycelt / upgeycelt)

Hei entsteet en neien Artikel.

Update ['apdɜ:t] Maskulinum (Pluriel Updaten) **1.** **DE** Update [Software, Datei] • **FR** mise à jour [programme, fichier informatique] • **EN** update [software, data] • **PT** atualização [programa, ficheiro informático] **Beispill** hues de der schonn dee leschten Update fir dese Programm erofgelueden? **2.** **DE** Update [das Updaten] • **FR** mise à jour [procédure informatique] • **EN** update [act of updating] • **PT** atualização [processo informático] **Beispill** wann Dir den Update net wëllt selwer maachen, schécke mer Iech en Informatiker laansch

updaten ['apdɜ:tən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé geupdate / upgedate) » **transitiv DE** updaten • **FR** actualiser, mettre à jour • **EN** to update • **PT** atualizar, pôr em dia **Beispiller** ech muss nach e puer Programmer op mengem Computer updaten; eis Homepage gëtt reegelméisseg geupdate **Synonym** aktualiséieren

upechen ['upæçən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé ugepecht) » **transitiv DE** ankleben • **FR** coller [faire adhérer] • **EN** to glue on, to stick on • **PT** colar [fazer

aderir] **Beispiller** d'Kand huet senger Popp falsch Wimperen **ugepecht**; kräisch net, mir **pechen** déi ofgebrachen Hänk nees un! **Synonymen** ukliewen, ukollen

upeilen ['upaɪlən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé ugepeilt) » **transitiv DE** anpeilen • **FR** mettre le cap sur • **EN** to head for, to steer for • **PT** dirigir o rumo para, aproar a **Beispiller** de Kapitän vun der Yacht hat an Ongedanken de falschen Hafen **ugepeilt**; eis Duechter **peilt** eng Karriär am Bankewiesen un [eis Duechter wëllt Karriär am Bankewiese maachen] **Synonym** usteieren

Upgrade Maskulinum (Pluriel Upgraden)

Hei entsteet en neien Artikel.

upgraden Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé geupgrade / upgegrade)

Hei entsteet en neien Artikel.

uplanzen ['uplantsən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé ugeplant) » **transitiv 1.** **DE** anpflanzen [anbauen] • **FR** cultiver [planter] • **EN** to plant [to cultivate] • **PT** cultivar [plantar] **Beispill** an eise Géigende gëtt kee Räs ugeplant **2.** **DE** anpflanzen [bepflanzen] • **FR** planter [un espace cultivable] • **EN** to plant [to supply with plants] • **PT** plantar [um espaço cultivável] **Beispill** eisen Noper huet niewent senger Kellerei zwee nei Wéngerten ugeplant

Upload Maskulinum (Pluriel Uploaden)

Hei entsteet en neien Artikel.

uploaden Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé geuploat / upgeloat)

Hei entsteet en neien Artikel.

upöbelen ['upø:bələn] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé ugepöbelt) » **transitiv** ^[égs] **DE** anpöbeln • **FR** interpellier grossièrement • **PT** meter-se com [provocar] **Beispill** ech sinn haut am Bus esou ugepöbelt ginn, datt ech erausgeklomm sinn

üppeg ['ypɛç] Adjektiv **1.** **DE** üppig • **FR** plantureux, abondant <Adverb abondamment> • **EN** sumptuous, lush <Adverb sumptuously> • **PT** copioso, abundante <Adverb em abundância> **Beispiller** si haten en üppege Buffet op hirem Fest; dës Regioun huet eng üppeg Vegetatioun; mir kruten üppeg opgedëscht **2.** **DE** übermütig, dreist • **FR** turbulent, excité • **EN** boisterous, excitable • **PT** turbulento, irrequieto **Beispill** et gëtt Zäit, datt mer heemfueren, d'Kanner ginn üppeg

uprangeren ['upraŋɛrən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé ugeprangert) » **transitiv DE** anprangern • **FR** dénoncer [faire connaître] • **EN** to denounce • **PT** denunciar [dar a conhecer] **Beispill** d'Gewerkschaften hunn ugeprangert, datt dat neit Gesetz verschidde Leit benodeelegt

uprobéieren ['uprɔbɛɪərən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé uprobéiert) » **transitiv DE** anprobieren [ein Accessoire, eine Prothese] • **FR** essayer [un accessoire, une prothèse] • **EN** to try on [an accessory, a prosthesis] • **PT** provar, experimentar [um acessório, uma prótese] **Beispill** ech gi muer bei den Zänn Dokter, mäin neit Gebëss uprobéieren

ups Interjektioun [ɛ̃ɡs] DE *ups* • FR *oups* • PT *ups* **Beispiller** ups, dat do ass net gär geschitt, pardon!; ups, elo hunn ech op de falsche Knäppche gedréckt!

uräicheren [ˈURÆ:ɪÇƏRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugeräichert) » **transitiv** [Physik] DE *anreichern* • FR *enrichir* • EN *to enrich* • PT *enriquecer* **Beispill** an där Fabrick gëtt Uran ugeräichert

uräissen [ˈURÆ:ɪSƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugerass) » **transitiv** DE *anreißen*, *streifen* • FR *effleurer [un sujet]* • PT *abordar*, *aflorar [um assunto]* **Beispill** well an der Versammlung net genuch Zäit war, konnte mer verschidden Theemae just kuerz uräissen

ural [u:ɔ̃ˈa:l] Adjektiv DE *uralt* • FR *très vieux* • EN *very old*, *ancient* • PT *muito velho*, *muito antigo* **Beispiller** mäi Grousspapp gouf ural; uewen um Hiwwel steet eng ural Ech

Uran Maskulinum (Pluriel Uranen)

Hei entsteeft en neien Artikel.

Uran [URˈa:n] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** [Chimie] DE *Uran [chemisches Element]* • FR *Uranium [élément chimique]* • EN *uranium [chemical element]* • PT *urânio [elemento químico]* **Beispill** d'Element Uran gehéiert zum Grupp vun den Actinoiden **2.** DE *Uran [Metall]* • FR *uranium [métal]* • EN *uranium [metal]* • PT *urânio [metal]* **Beispill** an där Fabrick gëtt Uran ugeräichert

Uranin Femininum (Pluriel Uraninnen)

Hei entsteeft en neien Artikel.

Uranus Eegennumm (kee Pluriel) **1.** DE *Uranus [Planet]* • FR *Uranus [planète]* **Beispill** de Planéit Uranus brauch gutt 17 Stonnen, fir eemol ronderëm seng eegen Achs ze dréien **2.** DE *Uranus [Gottheit]* • FR *Uranus [dieu de la mythologie]* **Beispill** nodeem dem Uranus säi Peenis an d'Mier gefall war, ass d'Venus aus sengem Sperma entstanden

uranzén [ˈURantsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugeranzt) » **transitiv** [ɛ̃ɡs] DE *anzuzen* • FR *houspiller*, *rabrouer*, *engueuler* • EN *to tell off*, *to scold* • PT *dar uma descasca a*, *ralhar com* **Beispill** de Portier huet eis ugeranzt, well mer de Lift blockéiert haten

urappen [ˈURapən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugerappt) » **intransitiv** **1.** [ɛ̃ɡs] DE *loslegen*, *dran-gehen* • FR *mettre la gomme [y aller sans retenue]* • EN *to get cracking*, *to pull out all the stops* • PT *dar gás [empenhar-se a fundo]* **Beispiller** wa mer elo net urappen, da gi mer net zurzäit fäerdeg; eise Favorit huet misse ferm urappen, fir an der Course ënner déi éischt zéng ze kommen **Synonymmen** Gas ginn, opdréien **2.** [ɛ̃ɡs] urappe bei DE *baggern bei [anbändeln mit]* • FR *draguer [chercher à séduire]* • EN *to chat up*, *to hit on* • PT *atirar-se a [tentar seduzir]* **Beispill** deng Schwëster huet gëschter zolidd bei mengem Frënd ugerappt **Synonymmen** ubaggeren, ubändele mat

Urawunner [ˈu:ɔ̃vunə] Maskulinum (Pluriel Urawunner) DE *Ureinwohner* • FR *autochtone*, *aborigène* • EN *aborigine*, *native inhabitant* • PT *autóctone*, *aborigene* **Beispill** d'Kultur vun den Urawunner ass gréisstendeels vun den Eruewerer zerstéiert ginn

Weiblich Form: ↗Urawunnerin

Urawunnerin [ˈu:ɔ̃vunərin] Femininum (Pluriel Urawunnerinnen) DE *Ureinwohnerin* • FR *autochtone*, *aborigène [femme]* • PT *autóctone*, *aborigene [mulher]* **Beispill** d'Urawunnerin leet vill Wäert op den Erhalt vun iwwerliewerte Gebräicher

Männlech Form: ↗Urawunner

urban [URbˈa:n] Adjektiv DE *urban [städtisch]* • FR *urbain* • EN *urban*, *urbanistic* • PT *urbano [cidadino]* **Beispill** vill Dierfer kréien no an no en urbane Charakter

urbaniséieren [URbanizˈziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé urbaniséiert) » **transitiv** DE *urbanisieren* • FR *urbaniser* • EN *to urbanize* • PT *urbanizar* **Beispill** de Süde vum Land gouf am leschte Joerhonert staark urbaniséiert

Urbanismus [URbanˈismus] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Stadtplanung*, *Stadtentwicklung* • FR *aménagement urbain* • PT *planeamento urbano*, *urbanismo* **Beispill** eis Haaptstad brauch en zukunftsorientéierten Urbanismus

Urbanist [URbanˈist] Maskulinum (Pluriel Urbanisten) DE *Stadtplaner*, *Urbanist* • FR *urbaniste* • EN *town planner*, *urbanist* • PT *urbanista* **Beispill** mir brauchen onbedéngt eng Urbanistin oder en Urbanist an der Ekipp, soss kréie mer de Problem mam Verkéier net an de Grëff

Weiblich Form: ↗Urbanistin

urbanistes [URbˈanistəʃ] Adjektiv DE *urbanistisch*, *städtebaulich* • FR *urbanistique* • EN *urbanistic* • PT *urbanístico* **Beispill** dat neit urbanistescht Konzept vum Quartier ass ëmstridden

Urbanistik Femininum (kee Pluriel)

Hei entsteeft en neien Artikel.

Urbanistin [URbanˈistin] Femininum (Pluriel Urbanistinnen) DE *Stadtplanerin*, *Urbanistin* • FR *urbaniste [femme]*

Männlech Form: ↗Urbanist

Urbom [ˈu:ɔ̃bo:m] Femininum (Pluriel Urbomen) - Variant vun ↗Urboma

Urboma [ˈu:ɔ̃bo:ma:] Femininum (Pluriel Urbomaen) [ɛ̃ɡs] DE *Uroma* • FR *arrière-grand-mère* • EN *great-grandmother* • PT *bisavó* **Beispill** meng Urboma ass mat hire 95 Joer nach gutt a Form **Synonym** Urgroussmamm

Varianten: Urbom, Urbomi

Urbomi [ˈu:ɔ̃bo:mi:] Femininum (Pluriel Urbomien) - Variant vun ↗Urboma

Urbop [ˈu:ɔ̃bo:p] Maskulinum (Pluriel Urbopen) - Variant vun ↗Urbopa

Urbopa [ˈu:ɔ̃bo:pa:] Maskulinum (Pluriel Urbopaen) [ɛ̃ɡs] DE *Uropa* • FR *arrière-grand-père* • EN *great-grandfather* • PT *bisavó* **Beispill** mäin Urbopa ass mat sengen 90 Joer nach gutt a Form **Synonym** Urgrousspapp

Varianten: Urbop, Urbopi

Urbopi [ˈu:ɔ̃bo:pi:] Maskulinum (Pluriel Urbopien) - Variant vun ↗Urbopa

urechnen ['uræçnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugerechent) » **transitiv** DE *anrechnen* [berücksichtigen, Rechnung tragen] • **FR** *prendre en compte* • **EN** *to take into account* • **PT** *ter em conta* **Beispiller** kréien ech de Militárdéngscht fir meng Pensioun ugerechent?; ech rechnen der et héich un, datt s de mer deemools gehollef hues lech appreciéieren, datt s de mer deemools gehollef hues]

Urecht ['uræçt] Neutrum (Pluriel Urechter) DE *Anrecht* • **FR** *droit* [prérogative] • **EN** *right* [entitlement] • **PT** *direito* [prerrogativa] **Beispill** mat enger Clientskaart huet een Urecht op verschidden Avantagen **Synonym** Usproch

urécken ['urekən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ugeréckt) » **intransitiv** DE *anrücken* • **FR** *arriver* [sur place] [pour une intervention] • **EN** *to arrive on the scene* • **PT** *chegar* [ao local] [para uma intervenção] **Beispiller** d'Pompjeeé si mat zwanzeg Mann ugeréckt, fir de Brand ze läschen; d'Schoulkanner koume mat Tuten a Kierf ugeréckt, fir Käschten ze rafen

ureegen ['ure:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugereegt) » **transitiv** 1. DE *anregen* [beleben] • **FR** *stimuler* [avoir un effet favorable sur] • **EN** *to stimulate, to whet* • **PT** *estimular* [ter um efeito favorável sobre] **Beispill** ech hu mer eng nei Zort Téi kaaft, deen den Appetit soll ureegen **Synonym** stimuléieren 2. ureegen zu DE *anregen* zu • **FR** *inciter à, encourager à* • **EN** *to motivate, to inspire* • **PT** *incitar a, encorajar a* **Beispill** déi gutt Kriticken hu mech derzou ugereegt, fir e weidere Roman ze schreiwen **Synonymmen** animéieren, encouragéieren zu

Ureegung ['ure:zən] Femininum (Pluriel Ureegungen) DE *Anregung* [Idee] • **FR** *suggestion* [idée] • **EN** *suggestion, idea* • **PT** *sugestão* [ideal] **Beispill** beim neie Projet goufen d'Ureegunge vun eisem Aarbechtsgrupp leider net berücksichtegt **Synonymmen** Iddi, Suggestioun

Urees ['ure:s] Femininum (kee Pluriel) DE *Anreise* • **FR** *voyage* [trajet à l'aller] • **EN** *outward journey* • **PT** *viagem* [de ida] **Beispill** nu där ustregender Urees hu mer deen éischten Dag vun eiser Vakanz emol gerascht

ureesen ['ure:zən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ugereest) » **intransitiv** 1. DE *anreisen* • **FR** *arriver* [par voyage] • **EN** *to arrive* [after a journey] • **PT** *chegar* [de viagem] **Beispill** fir d'Prénzenhochzäit si Gäscht aus der ganzer Welt ugereest 2. [ëgs] ugereest kommen DE *antanzten, aufkreuzen* • **FR** *se ramener, rappliquer* • **EN** *to show up, to turn up* • **PT** *chegar, aparecer* **Beispill** si koume wéi ëmmer eng Stonn ze spéit ugereest

uréieren ['urɜ:ɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugeréiert) » **transitiv** 1. DE *anrühren, berühren* • **FR** *toucher* [des doigts] • **EN** *to touch* [with the hand] • **PT** *tocar* (em) [com os dedos] **Beispiller** réier mech net un!; ech réieren ni e friemen Hond un; ech hunn näischt ugeréiert, wéi ech d'Mogripp hat lech hunn näischt giess, wéi ech d'Mogripp hat] 2. DE *anrühren* [mischen] • **FR** *mélanger* [délayer] • **EN** *to mix* (up) [to blend] • **PT** *misturar, mexer* **Beispill** virum Tapezéieren huet den Usträicher en Eemer Pap ugeréiert

Ureiz Maskulinum (Pluriel Ureizer)

Hei entsteet en neien Artikel

urempelen ['uræmpələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugerempelt)

Hei entsteet en neien Artikel

Urenkel ['u:ɛəŋkəl] Maskulinum (Pluriel Urenkelen)

Hei entsteet en neien Artikel

Urenkelin ['u:ɛəŋkəlɪn] Femininum (Pluriel Urenkelinnen) - weiblech Form vun ↗Urenkel

Urgence [yʀʒ'ɑ:s] Femininum 1. (Pluriel Urgencen) DE *Notaufnahme* • **FR** *(service des) urgences* • **EN** *A & E, Accident and Emergency* (department), *casualty* • **PT** *(serviço de) urgência* **Beispill** ech gouf mat engem allergesche Schock an d'Urgence bruecht 2. (Pluriel Urgencen) DE *Notfall* • **FR** *urgence* (médicale) • **EN** *emergency* [medical] • **PT** *urgência* (médica) **Beispill** den Dokter fiert nëmmen am Fall vun enger Urgence eraus **Synonym** Noutfall 3. (kee Pluriel) DE *Dringlichkeit* • **FR** *urgence* [nécessité d'agir] • **EN** *urgency* • **PT** *urgência* [necessidade de agir] **Beispill** de Minister huet ënnerstrach, datt an deem Dossier eng gewëssen Urgence besteet **Synonym** Drénglechkeet

urgent Adjektiv

Hei entsteet en neien Artikel

Urgeschicht ['u:ɛgəʃɪçt] Femininum (kee Pluriel) DE *Vorgeschichte, Urgeschichte* • **FR** *préhistoire* • **EN** *prehistory* • **PT** *pré-história* **Beispill** eise Professor ass e grouse Spezialist um Gebitt vun der Urgeschicht **Synonym** Virgeschicht

Urgrousselteren ['u:ɛgʀəʊszɛltərən] Substantiv (kee Singulier) DE *Urgroßeltern* • **FR** *arrière-grands-parents* • **EN** *great-grandparents* • **PT** *bisavós* **Beispill** meng Urgrousseltere waren aarm ewéi Kierchemais

Urgroussmamm ['u:ɛgʀəʊsmam] Femininum (Pluriel Urgroussmammen) DE *Urgroßmutter* • **FR** *arrière-grand-mère* • **EN** *great-grandmother* • **PT** *bisavó* **Beispill** meng Urgroussmamm war laang Zäit Mod op engem grouse Bauerenhaff **Synonym** Urboma

Urgrousspapp ['u:ɛgʀəʊspap] Maskulinum (Pluriel Urgrousspappen / Urgrousspäpp) DE *Urgroßvater* • **FR** *arrière-grand-père* • **EN** *great-grandfather* • **PT** *bisavó* **Beispill** mäin Urgrousspapp war schonn dout, wéi ech op d'Welt koum **Synonym** Urbopa

Uried ['uriət] Femininum (Pluriel Urieden) DE *Anrede, Anredeform* • **FR** *titre* (officiel) [utilisé pour s'adresser à quelqu'un] • **EN** *form of address, title* • **PT** *forma de tratamento, título* (oficial) [para se dirigir a alguém] **Beispill** wéi ass déi richteg Uried fir en Affekot?

urieden ['uriədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugeriet) » **transitiv** 1. DE *anreden* [mit einer Anredeform] • **FR** *s'adresser à* [en utilisant un titre officiel] • **EN** *to address* [by title] • **PT** *tratar por, dirigir-se a* [usando um título oficial] **Beispill** wéi soll een de Poopst eigentlech urieden? 2. DE *ansprechen* [ein Gespräch beginnen mit] • **FR** *aborder, adresser la parole à* • **EN** *to approach, to speak to* • **PT** *abordar, dirigir a* **Beispill** hien huet d'Fra op eng flappseg Manéier ugeriet **Synonymmen** uschwätzen, uspriechen

urichten ['uri:çtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugericht)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Urin [UR'i:n] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Urin* • FR *urine* • EN *urine* • PT *urina* **Beispill** d'Doktesch huet mech gefrot, ob ech Blut am Urin hätt **Synonym** Waasser

urinéieren [URIN'ziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé urinéiert) » **intransitiv** DE *urinieren* • FR *uriner* • EN *to urinate* • PT *urinar* **Beispill** d'Police huet e Mann protokolléiert, deen op den Trottoir urinéiert hat; kënnt Der wannechgelift an d'Déppchen urinéieren an et dann der Infirmière ofginn

Urinprouf Femininum (Pluriel Urinprouwen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Urinstinkt ['u:çinstiŋkt] Maskulinum (Pluriel Urinstinkter) DE *Urinstinkt* • FR *instinct primitif* • EN *basic instinct, primary instinct* • PT *instinto primário* **Beispill** ass d'Aggressivitéit en Urinstinkt vum Mënsch?

Urknall [u:çkn'al] Maskulinum (Pluriel <seelen> Urknäll) DE *Urknall* • FR *big bang* • EN *Big Bang* • PT *big-bang* **Beispill** d'Theorie vum Urknall ass deelweis ëmstriden

Urkund Femininum (Pluriel Urkunden) DE *Urkunde* [Charta] • FR *charte* [acte] • PT *carta* [auto] **Beispill** den Historiker huet fir seng Dokteraarbecht eng ganz Rei mëttelalterlech Urkunden analyséiert **Synonymen** Akt, Charte

Urmënsch ['u:çmənʃ] Maskulinum (Pluriel Urmënschen) DE *Urmensch* • FR *homme préhistorique* • EN *pre-historic man* • PT *homem pré-histórico* **Beispill** dës Dokumentatioun weist, wéi d'Urmënsche gelieft hunn

Urn [URN] Femininum (Pluriel Urnen) **1.** DE *Urne* [Wahlurne] • FR *urne* [électorale] • EN *ballot box* • PT *urna* [eleitoral] **Beispill** d'Wieler mussen hire Stëmmziedel an d'Urn heien **2.** DE *Urne* [Graburne] • FR *urne* [vase funéraire] • EN *urn* • PT *urna* [vaso funerário] **Beispill** d'Urn mat den Äsche vum Verstuerwene gouf bäigesat

Urolog [UROL'o:k] Maskulinum (Pluriel Urologen) DE *Urologe* • FR *urologue* • EN *urologist* • PT *urologista* **Beispill** ech si wéinst enger chronischer Blosenentzündung bei mengem Urolog a Behandlung

I Weiblech Form: ♀Urologin

urologesch [UROL'o:gəʃ] Adjektiv DE *urologisch* • FR *urologique* • EN *urological* • PT *urológico* **Beispill** mäi Bop muss reegelméisseg an d'urologesch Kontroll

Urologie [UROLoʒ'i:] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Urologie* [Fachgebiet] • FR *urologie* [spécialité médicale] • EN *urology* [branch of medicine] • PT *urologia* [especialidade médica] **Beispill** deem neien Direkter vun der Klinik seng Spezialitéit ass d'Urologie **2.** (Pluriel Urologien) DE *Urologie* [Abteilung] • FR *service d'urologie* • EN *urology* [hospital department] • PT *serviço de urologia* **Beispill** de Patient gouf an d'Urologie vum Universitëtsspídel iwwerwisen

Urologin [UROL'o:gin] Femininum (Pluriel Urologinnen) DE *Urologin* • FR *urologue* [femme] • PT *urologista* [mulher] **Beispill** d'Urologin huet bei mir e Verdacht op

Prostata-Kriibs geäussert

I Männlech Form: ♂Urolog

uropféieren ['u:çɔpfziəRƏN] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé uropgeféiert / uropgefouert) » **transitiv** DE *uraufführen* • FR *jouer pour la (toute) première fois, représenter pour la (toute) première fois, donner en première mondiale* • PT *estrear* [lexibir pela primeira vez] **Beispill** dem Komponist seng neisten Oper gouf gëschter Owend uropgeféiert

Uropféierung ['u:çɔpfziəRƏŋ] Femininum (Pluriel Uropféierungen) DE *Uraufführung* • FR *création, première (représentation)* [d'une nouvelle œuvre] • EN *premiere* • PT *estrea, primeira* **Beispill** dës Saison huet den Theater zwou Uropféierung programméiert; d'Uropféierung vun der Oper war e grouse Succès

Ursaach ['u:çza:ç] Femininum (Pluriel Ursaachen) **1.** DE *Ursache* • FR *cause* [raison] • EN *cause* [reason] • PT *causa* [razão] **Beispill** d'Ursaach vum Accident steet eendeiteg fest; du hues all Ursaach, fir de Mond ze halen! [ëgs] [hal op ze kritisieren, well dir kéint ee genee dat selwecht virwerfen]; keng Ursaach! [⇒ seet een als Äntwert op e Mercil] **2.** DE *Vorwand, Ausrede* • FR *prétexte, excuse* • EN *excuse* [justification] • PT *pretexto, desculpa* **Beispill** mäin Aarbechtskolleeg kënnt all Dag mat enger anerer Ursaach ze spéit op de Büro; Ursaache sinn do, fir (se) ze gebrauchen [ëgs] [et fënnt ee licht eng Ausried, wann een eng brauch] **Synonym** Ausried

ursprënglech ['u:çʃprɛŋlɛç] Adjektiv DE *ursprünglich* • FR *initial, original* <Adverb *initialement, à l'origine*> • EN *original* [first, earliest] <Adverb *originally*> • PT *inicial, original* <Adverb *inicialmente, originariamente*> **Beispill** den ursprënglechen Text gouf gekierzt; dat Wuert kënnt ursprënglech aus dem Griicheschen

I Variant: ursprüngelech

Ursprung ['u:çʃprɔŋ] Maskulinum (Pluriel Ursprëng) DE *Ursprung* • FR *origine* [source] • EN *origin* [source] • PT *origem* [proveniência] **Beispill** den Ursprung vu ville Wieder steet net eendeiteg fest **Synonym** Originn

I Varianten: Urspronk, Ursprung

Urspronk ['u:çʃprɔŋk] Maskulinum (Pluriel Ursprëng) - Variant vun ♂Ursprung

Ursprung ['u:çʃprɔŋ] Maskulinum (Pluriel Ursprëng) - Variant vun ♂Ursprung

ursprënglech ['u:çʃprɔŋlɛç] Adjektiv - Variant vun ♂ursprënglech

Urteil ['u:çte:l] Neutrum (Pluriel Urteeler) **1.** DE *Urteil* [richterliche Entscheidung] • FR *jugement* [de justice] • EN *judgement, verdict* [of a court of law] • PT *sentença, julgamento* [de justiça] **Beispill** hues de wëlles, géint d'Urteil an Appell ze goen?; an deem Prozess ass d'Urteil nach net gesprach; et hat kee mat esou engem haarden Urteil gerechent **Synonymen** Gerichtsurteil, Verdikt **2.** DE *Urteil, Beurteilung* • FR *jugement* [appréciation exprimée] • EN *judgement* [opinion] • PT *julgamento* [apreciação emitida] **Beispill** an denger Plaz géif ech mir keen Urteil iwwer déi Leit erlaben **Synonym** Jugement

urteelen ['u:ɣte:lən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **geurteelt**) » **intransitiv** urteelen (iwwer) **DE** urteilen (über) [ein Urteil äußern (über)] • **FR** juger [porter un jugement sur, apprécier] • **EN** to judge [to make a judgement on] • **PT** julgar [emitir uma opinião sobre, avaliar] **Beispiller** du hues kee Recht, iwwer déi aner Leit ze **urteelen**!; hirem Gespréich no ze **urteelen**, hu se nach keng Léisung fonnt **Synonym** jugéieren

Urticaire ['yrtike:ɐ] Maskulinum (Pluriel Urticaires) **DE** Nesselsucht, Nesselausschlag • **FR** urticaire • **EN** hives, nettle rash, urticaria • **PT** urticária **Beispill** wann ech Kazen heemelen, kréien ech direkt en **Urticaire**

Uruff ['uruf] Maskulinum (Pluriel Uriff) **DE** Anruf [Telefonanruf] • **FR** appel, coup de téléphone • **EN** call, telephone call • **PT** chamada, telefonema **Beispiller** deen aarme Kärel waart schonn deeglaang op en **Uruff** vu senger Frëndin; Silvester hunn déi vill **Uriff** den Telefonseseau iwwerlaascht **Synonym** Telefon

uruffen ['urufən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugeruff**) » **intransitiv** 1. **DE** anrufen [telefonieren (mit)] • **FR** appeler, téléphoner (à) • **EN** to call, to phone • **PT** ligar (a), telefonar (a) **Beispiller** riffs de vun doheem aus un oder bass de ënnerwee?; mäin Handy ass platt, dofir konnt ech der net **uruffen** **Synonym** telefonéieren » **transitiv** 2. **DE** anrufen [telefonieren mit] • **FR** appeler, téléphoner à • **EN** to call, to phone • **PT** ligar a, telefonar a **Beispill** ech **ruffen** dech nach un, fir e Rendez-vous ofzemaachen **Synonym** telefonéieren

Uruguay ['urugwɑi] Eegennumm, Maskulinum **DE** Uruguay • **FR** Uruguay • **EN** Uruguay • **PT** Uruguai **Beispiller** ech war schonn dräimol am Uruguay; ech fueren d'nächst Woch an den Uruguay; ech kommen aus dem Uruguay

i männlech	Persoun: ↗Uruguayer	weiblech	Persoun: ↗Uruguayerin
	Adjektiv: ↗uruguayesch	Hauptstad:	↗Montevideo

Uruguayer ['urugwɑie] Maskulinum (Pluriel Uruguayer) **DE** Uruguayer • **FR** Uruguayen • **EN** Uruguayan • **PT** urguaió **Beispill** mäi beschte Frënd ass Uruguayer

Uruguayerin ['urugwɑieɾin] Femininum (Pluriel Uruguayerinnen) **DE** Uruguayerin • **FR** Uruguayenne • **EN** Uruguayan [female] • **PT** urguaiá **Beispill** meng bescht Frëndin ass Uruguayerin

uruguayesch [urugw'ɑieʃ] Adjektiv **DE** uruguayisch • **FR** uruguayen • **EN** Uruguayan • **PT** urguaió **Beispill** op eiser Rees hu mir déi uruguayesch Kultur kenne geléiert

Urwald ['u:ɣvalt] Maskulinum (Pluriel Urwälder) **DE** Urwald • **FR** forêt vierge • **EN** primeval forest • **PT** floresta virgem **Beispill** eis Associatioun setzt sech fir d'Erhale vum Urwald an **Synonym** Dschungel

Urzäit Femininum (Pluriel Urzäiten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Urzoustand ['u:ɣtsəʃtant] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Urzustand • **FR** état d'origine • **EN** original state • **PT** estado original **Beispill** mir restauréieren en aalt Haus, dat nach a sengem **Urzoustand** ass

USA Eegennumm (kee Singulier) **DE** USA, Vereinigte Staaten von Amerika • **FR** États-Unis (d'Amérique) • **PT** Estados Unidos (da América) **Beispiller** ech war schonn dräimol an den USA; ech fueren d'nächst Woch an d'USA; ech kommen aus den USA **Synonym** Vereenegt Staate vun Amerika

i männlech	Persoun: ↗Amerikaner	weiblech	Persoun: ↗Amerikanerin
	Adjektiv: ↗amerikanesch		

usammelen ['uzamələn] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugesammelt**) » **reflexiv** **DE** sich ansammeln, sich anhäufen • **FR** s'amonceter, s'accumuler • **EN** to gather, to accumulate • **PT** acumular-se, amontoar-se **Beispiller** uewen op de Miwwele **sammelt** sech séier Stëbs un; am Laf vun de Joren **huet** sech an eisem Keller vill **Kreemchen** **ugesammelt**

usaugen ['uzəʊɣən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugesaugt**) » **transitiv** **DE** ansaugen • **FR** aspirer [attirer, pomper] • **PT** aspirar [por meio de aspirador, de bomba] **Beispill** d'Pompel vum Sprangbuer **saugt** d'Waasser net méi richteg un

Usaz ['uza:ts] Maskulinum (Pluriel Usätz) 1. **DE** Ansatz [Stelle] • **FR** naissance [limite, commencement], raccord • **EN** hairline [edge], seam [join] • **PT** raiz, base, junção **Beispiller** et gesäit een den **Usaz** vu sengem Toupet; den Usträcher **huet** net gutt geschafft, et gesäit een iwwerall den **Usaz** vun der Tapisserei 2. **DE** Ansatz [Anlauf, Ausgangspunkt] • **FR** essai, tentative, début • **EN** attempt, approach [starting point] • **PT** tentativa, (primeiro) passo, principio **Beispiller** déi offiziell Visitt ass en éischen **Usaz**, fir d'Relatiounen tëschent deenen zwee Länner ze verbesseren; dat ass e gudden **Usaz**, mee et geet nach laang net duer

Usbeek [usb'e:k] Maskulinum (Pluriel Usbeeken) **DE** Usbeke • **FR** Ouzbek • **EN** Uzbek • **PT** usbeque **Beispill** mäi beschte Frënd ass Usbeek

usbeekesch [usb'e:kəʃ] Adjektiv **DE** usbekisch • **FR** ouzbek • **EN** Uzbek • **PT** usbeque **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **usbeekesch** Kultur kenne geléiert

Usbeekin [usb'e:ki:n] Femininum (Pluriel Usbeekinnen) **DE** Usbekin • **FR** Ouzbèke • **EN** Uzbek [female] • **PT** usbeque **Beispill** meng bescht Frëndin ass Usbeekin

Usbekistan [usb'e:kista:n] Eegennumm, Maskulinum/Neutrum **DE** Usbekistan • **FR** Ouzbékistan • **EN** Uzbekistan • **PT** Usbequistão **Beispiller** ech war schonn dräimol am **Usbekistan**; ech fueren d'nächst Woch an den **Usbekistan**; ech kommen aus dem **Usbekistan**; ech war schonn dräimol an **Usbekistan**; ech fueren d'nächst Woch an **Usbekistan**; ech kommen aus **Usbekistan**

i männlech	Persoun: ↗Usbeek	weiblech	Persoun: ↗Usbeekin
	Adjektiv: ↗usbeekesch	Hauptstad:	↗Taschkent

USB-Stick [u:æsb'e:stik] Maskulinum (Pluriel USB-Sticken)

i Hei entsteet en neien Artikel.

uschafen ['uʃa:fən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugeschaaft**) » **transitiv** sech eppes uschafen **DE** (sich) etwas anschaffen [sich etwas beschaffen] • **FR** se procurer quelque chose, se doter de quelque chose • **EN** to (go and) get oneself, to equip one-

self with • **PT** *arranjar alguma coisa, adquirir alguma coisa* **Beispiller** et gëtt Zäit, datt s du dir emol e Computer uschaafst; d'Fabrick schaaft (sech) all hir Maschinnen iwwer Leasing un; si **hunn** sech eppes Klenges ugeschaaft [si **hunn** e Kand kritt]

Uschafung ['uʃa:fun] Femininum (Pluriel **Uschafungen**) **DE** *Anschaffung* [Kauf] • **FR** *acquisition* [achat] • **EN** *acquisition* [purchase] • **PT** *aquisição* [compra] **Beispill** hie spuert seng Sue fir eng gréisser **Uschafung**

Uschäin ['uʃæ:ɪn] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** allem **Uschäin** no **DE** *allem Anschein nach* • **FR** *selon toute vraisemblance, apparemment* • **EN** *apparently, to all appearances* • **PT** *ao que parece, aparentemente* **Beispill** allem **Uschäin** no verdroen déi zwou Famillen sech nees **2.** den **Uschäin** **hunn**, wéi wann **DE** *den Anschein haben, als ob* • **FR** *sembler que* [selon les apparences] • **EN** *to appear that, to look as though* • **PT** *parecer que* [segundo as aparências] **Beispill** et huet den **Uschäin**, wéi wann den ale President och den neie géif ginn

uschäissen ['uʃæ:ɪsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugeschass**) » **transitiv 1.** [ëgs] **DE** *täuschen, hinters Licht führen* • **FR** *blouser, couillonner* • **EN** *to con, to dupe* • **PT** *lixar, tramar* **Beispill** ech **hunn** der ëmmer getraut, mee mat deem Rot do **hues** de mech schéin ugeschass! **Synonym** uschmieren **2.** [ëgs] **DE** *bescheißen* [betrügen] • **FR** *rouler, arnaquer* • **EN** *to rip off, to con* • **PT** *aldrabar, vigarizar* **Beispill** an der Vakanz **goufe** mer op der Plage vun engem Teppechverkeefe **ugeschass** **Synonym** uschmieren **3.** [ëgs] **DE** *verpfeifen* • **FR** *balancer* [dénoncer] • **EN** *to tell on, to tell tales about* • **PT** *chibar, denunciar* **Beispill** dee Knaschtert ass mech bei de Patron **uschäisse** gaangen! **Synonym** uschmieren

Uschass Maskulinum (kee Pluriel)

I Hei entstee en neien Artikel.

uschéissen ['uʃɛ:ɪsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugeschoss**) » **transitiv DE** *anschießen* [durch einen Schuss verletzen] • **FR** *blesser* [avec un projectile] • **EN** *to wound* [by shooting] • **PT** *baleiar, ferir* [com um projétil] **Beispiller** de Jeeër **hat** d'Wëllschwäi just ugeschoss; beim Bankiwverfall **gouf** ee vun de Brigangen ugeschoss

Uschëllegung ['uʃɛləʒuŋ] Femininum (Pluriel **Uschëllegungen**) **DE** *Anschuldigung* • **FR** *accusation, reproche* • **EN** *accusation* • **PT** *acusação, crítica, censura* **Beispill** deng **Uschëllegung** sinn absolut net begrënt!

uschieren ['uʃi:ɛrən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugeschiert**) » **transitiv DE** *anschirren* • **FR** *harnacher* [un animal] • **EN** *to harness* [an animal] • **PT** *aparelhar, arrear* [uma cavalgadura] **Beispill** d'Päerd **gouf** gekämmt a gebiischt, ier et **ugeschiert** **gouf**

Uschlag ['uʃla:χ] Maskulinum (Pluriel **Uschläi**) **1.** **DE** *Anschlag* [Attentat] • **FR** *attentat, attaque* (terroriste) • **EN** (terrorist) *attack* • **PT** *atentado, ataque* (terrorista) **Beispiller** beim **Uschlag** op d'Ambassade **goufen** eng Dose Leit verwonnt; wéinst der Gefor vun neien **Uschläi** komme manner Touristen an dat betraffent Land **Synonym** **Attentat 2.** (meeschstens Pluriel) **DE** *Anschlag* [beim Daktylografieren] • **FR** *signe, caractère* [ta-pé au clavier] • **EN** *keystroke* • **PT** *sinal, caráter* [inserido

pelo teclado] **Beispill** eise Sekretär bréngt et op mindestens 300 **Uschläi** an der Minutt

uschläichen ['uʃlæ:ɪçən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugeschlach**) » **reflexiv DE** *sich anschleichen* • **FR** *s'approcher en douce, s'approcher à pas de loup* • **PT** *aproximar-se cautelosamente, aproximar-se sorrateiramente* **Beispiller** d'Kaz **huet** sech ganz lues **ugeschlach**, mee de **Villchen** ass nawell fortgefunn; ech erfëieren allkéiers zu Doud, wann s de dech esou vun hannen **uschläichs**

uschléissen ['uʃlɛ:ɪsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugeschloss**) » **transitiv 1.** **uschléissen** (un) **DE** *anschießen* (an) [verbinden (mit)] • **FR** *brancher* (à), *connecter* (à) [un appareil, un dispositif] • **EN** *to connect* (to) [apparatus, a device] • **PT** *ligar* (a), *conectar* (a) [um aparelho, um dispositivo] **Beispiller** du muss den Apparat **uschléissen**, soss kann en net funktionéieren; d'Pompjeeën **hunn** de Schlauch un den Hydrant **ugeschloss 2.** **uschléissen** un **DE** *anschießen an* [anbinden an] • **FR** *relier à, raccorder à* • **EN** *to connect to* [a network, a system] • **PT** *ligar a* [a uma rede de infraestrutura] **Beispiller** d'Regierung **plangt**, de Süde vum Land besser un déi international Transportverbindungen **unzeschléissen**; déi zwou Gemenge sinn un eng gemeinsam Kläranlag **ugeschloss 3.** **uschléissen** un **DE** *angliedern* (an), *anschießen* (an) • **FR** *rattacher à* [anexer à] • **EN** *to affiliate to* • **PT** *incorporar a, integrar a* **Beispill** eisen Institut soll un d'Universitéit **ugeschloss** **ginn** **Synonym** **rattachéieren** un » **reflexiv 4.** **DE** *sich anschließen* [sich zugesellen] • **FR** *se joindre à* • **EN** *to join* [to become part of] • **PT** *juntar-se a* [associar-se a] **Beispill** e puer Passanten **hunn** sech den Demonstranten **ugeschloss 5.** **DE** *sich anschließen* [zustimmen] • **FR** *se ranger à l'avis de, être d'accord avec* • **EN** *to side with, to agree with* • **PT** *alinhar pela opinião de, concordar com* **Beispiller** en Opportunist **schléisst** sech ëmmer der Majoritéit un; ech ka mech denger Meenung leider net **uschléissen** **Synonym** sech ralliéieren

uschléissend ['uʃlɛ:ɪsənt] Adverb **DE** *anschließend* • **FR** *ensuite* • **EN** *afterwards, subsequently* • **PT** *a seguir, em seguida* **Beispill** fir d'éischt hu mer zu Mëtteg giess, **uschléissend** **gouf** gedantz

uschloen ['uʃlɔ:ən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugeschloen**) » **transitiv 1.** **DE** *anschlagen* [aushängen] • **FR** *afficher* [annoncer par affichage] • **EN** *to put up* [a notice] • **PT** *afixar* [anunciar por meio de afixação] **Beispiller** d'Gemeng **huet** d'Holzstee am Reider **ugeschloen**; d'Examensresultater **ginn** un **Schwarze Briet** **ugeschloen** **Synonym** **aushänken 2.** **DE** *anschlagen* [erklingen lassen] • **FR** *jouer, frapper* [faire retentir] • **EN** *to strike* [a key] • **PT** *tocar* [fazer soar] **Beispill** fir e Piano ze stëmmen, muss all Tast eenzel **ugeschloe** **ginn** » **intransitiv 3.** **DE** *anschlagen* [wirken] • **FR** *agir* [faire effet] • **EN** *to take effect* • **PT** *fazer efeito* [dar resultado positivo] **Beispiller** den Antibiotique **huet** séier bei der Patientin **ugeschloen**; bei him **schléit** näischt un [ëgs] [hie kann esou vill iessen, ewéi e wëllt, e gëtt net déck] **Synonym** **wierken 4.** **DE** *salutieren* • **FR** *faire le salut militaire* • **EN** *to salute* • **PT** *fazer a continência* **Beispill** d'Zaldote **schloen** un, wa se laanscht de Fändel marschéieren **Synonym** **salutéieren 5.** **DE** *beschlagen, anlaufen* • **FR** *s'embuer* • **EN** *to steam up* • **PT** *embaciar* **Beispill** de Brëll **schléit** un,

wann een aus der Keelt eran an déi waarm Stuff kënt

Uschloss ['uʃlɔs] Maskulinum 1. (Pluriel Uschläss) **DE** Anschluss [Vorrichtung] • **FR** raccordement, branche-ment [dispositif] • **PT** ligação, conexão [dispositivo] **Beispiller** den Uschloss fir de Gas ass am Keller; a menger neier Wunneng ass nach keen Uschloss fir den Telefon; mir hunn doheem zwee Uschläss fir d'Televisioun 2. (kee Pluriel) **DE** Anschluss [an ein Verteilernetz, an die Kanalisation] • **FR** accès [à un réseau d'infrastructure] • **EN** connection [to a distribution network] • **PT** ligação [a uma rede de infraestrutura] **Beispill** eis Strooss hat laang keen Uschloss un de Gas 3. (Pluriel Uschläss) **DE** Anschluss [Verkehrsverbindung] • **FR** correspondance [de transport] • **EN** connection [transport link] • **PT** correspondência [de transporte] **Beispiller** mäi Bus huet en direkten Uschloss un den Zuch; well se esou laang gefeelt huet, huet d'Schülerin den Uschloss verpasst [well se esou laang gefeelt huet, ass d'Schülerin net méi matkomm]; ech hätt dee Cours gär matgemaach, mee ech hunn den Uschloss verpasst [ech hätt dee Cours gär matgemaach, mee wéi ech mech wollt umellen, war et ze spéit] **Synonym** Verbindung 4. (kee Pluriel) **DE** Anschluss [Kontakt zu anderen] • **FR** contact [social] • **EN** contact [social] • **PT** contacto [social] **Beispill** hatt huet an senger neier Schoul séier Uschloss fonnt

i Variant: Anschluss

uschmieren ['uʃmi:ɐ̯rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugeschmiert) » **transitiv 1. DE** täuschen, hinters Licht führen • **FR** tromper, mener en bateau • **EN** to con, to dupe • **PT** enganar, intrujar **Beispill** ech hunn der ëmmer getraut, mee mat deem Rot do hues de mech schéin ugeschmiert! 2. **DE** hereinlegen [betrügen] • **FR** rouler, arnaquer • **EN** to rip off, to con • **PT** aldrabar, vizgarzar **Beispill** an der Vakanz goufe mer op der Plage vun engem Teppechverkeefe ugeschmiert 3. **DE** verpfeifen • **FR** balancer [dénoncer] • **EN** to tell on, to tell tales about • **PT** denunciar [delatar] **Beispill** dee Knaschtert ass mech bei de Patron uschmiere gaangen!

uschnallen ['uʃnɔlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugeschnallt) » **transitiv DE** anschnallen [den Sicherheitsgurt anlegen] • **FR** attacher, mettre la ceinture (de sécurité) à • **EN** to fasten one's seat belt • **PT** pôr o cinto (de segurança) a, apertar o cinto (de segurança) **Beispiller** de Chauffer krut e Protokoll, well e sech net ugeschnallt hat; am Auto mussen d'Kanner ëmmer ugeschnallt sinn **Synonym** ustrécken

uschneiden ['uʃnɔɪdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugeschnidden) » **transitiv DE** anschneiden [ansprechen] • **FR** aborder [évoquer] • **EN** to raise, to bring up [for discussion], to address [to touch on] • **PT** abordar [trazer à discussão] **Beispill** op der Konferenz goufen eng Rei interessant Theemaen ugeschnidden **Synonymmen** abordéieren, uschwätzen, zur Sprooch bréngen

uschrauwen ['uʃrɔʊvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugeschrauft) » **transitiv DE** anschrauben • **FR** visser, fixer [par vis] • **EN** to screw on • **PT** ataraxar, fixar [com parafuso(s)] **Beispill** wann d'Mantel-

briet un der Mauer soll halen, da musse mer et uschrauwen

uschreiwen ['uʃrɔi:vən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugeschriwwen) » **transitiv DE** anschreiben [sich schriftlich wenden an] • **FR** contacter (par écrit) • **EN** to contact (in writing) • **PT** contactar (por escrito) **Beispiller** de Ministère huet all Stot ugeschriwwen, fir d'Reform virzustellen; ech gouf vum Veräin ugeschriwwen, well ech meng Cotisatioun nach net bezuelt hat

uschwären ['uʃwɛ:ɐ̯tən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugeschwärenzt) » **transitiv [ëgs] DE** anschwären [denunzieren] • **FR** balancer, débiner [trahir] • **PT** chibar, denunciar **Beispill** wann s de anerer beim Chef uschwärenzt, da méchs de der keng Frënn! **Synonymmen** uschäissen, uschmieren

uschwätzen ['uʃwɛ:tən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugeschwat) » **transitiv 1. DE** ansprechen [das Wort richten an] • **FR** aborder [adresser la parole à] • **EN** to approach [to accost] • **PT** abordar [dirigir a palavra] **Beispill** hien huet d'Fra op eng flappseg Manéier ugeschwat **Synonymmen** urieden, usprechen 2. **DE** ansprechen [zur Sprache bringen] • **FR** aborder [évoquer] • **EN** to raise, to bring up [for discussion] • **PT** abordar [trazer à discussão] **Beispill** déi Sëtzung war eng Geleeënheet, fir e puer Problemer ungeschwätzen **Synonymmen** abordéieren, uschneiden, zur Sprooch bréngen 3. uschwätzen op **DE** ansprechen auf [fragen nach] • **FR** toucher un mot au sujet de, interpellier au sujet de • **EN** to confront with [to ask about] • **PT** falar em [perguntar por], interpellar a respeito de **Beispill** ech roden der, meng Mamm net op hir Krankheet ungeschwätzen **Synonym** usprechen op

uschweessen ['uʃwɛ:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugeschweesst) » **transitiv DE** anschweißen • **FR** souder, fixer [par soudure] • **EN** to weld [metal, plastic] • **PT** soldar, fixar [por soldadura] **Beispill** dee Grëff muss ugeschweesst ginn, soss hält en net

uschwellen ['uʃwələn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ugeschwollen / ugeschwoll) » **intransitiv DE** anschwellen [Körperteil] • **FR** enfler [partie du corps] • **EN** to swell [part of the body] • **PT** inchar [parte do corpo] **Beispill** nodeems d'Bei mech gepickt hat, ass d'Plaz ablécklech ugeschwollen

uschwemmen ['uʃwɛ:mən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugeschwemmt) » **transitiv DE** anschwemmen • **FR** rejeter (sur la rive) • **EN** to wash ashore, to wash up • **PT** arrojar (para a costa), lançar (à praia) **Beispill** op der Plage sinn e puer raschteg Fässer ugeschwemmt ginn

US-Dollar Maskulinum (Pluriel US-Dollar / US-Dollaren) **DE** US-Dollar • **FR** dollar (américain) • **PT** dólar (americano) **Beispiller** an Amerika, awer och a villen anere Länner, gëtt mat US-Dollar bezuelt; mat wéi vill US-Dollar muss ee fir eng Nuecht am Hotel rechnen?; hues de nach e puer US-Dollaren am Portmonni?

i US-Dollar gëtt mat **USD** oder mat **US\$** ofgekiezt.

i Kuerzform: Dollar

useeën ['u:ze:ən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugeseeet**) » **transitiv DE** *ansägen* • **FR** *entamer à la scie* • **EN** *to saw into* • **PT** *começar a serrar* **Beispill** well de Bam laanscht d'Strooss **ugeseeet gouf**, huet e missen ewechgemaach ginn

uséien ['uzɜ:ɪən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugeséit**) » **transitiv DE** *ansäen* • **FR** *semer [faire pousser, cultiver]* • **EN** *to sow [seed], to grow [a crop]* • **PT** *semear [fazer a sementeira de, cultivar]* **Beispiller** de Gäertner **huet** de Wuess am Virgäertche frësch **ugeséit**; de Bauer wëllt d'nächst Saison haaptsächlech Weess **uséien**

Useldeng ['uzəldɛŋ] Eegennumm **DE** *Useldingen* • **FR** *Useldange* • **EN** *Useldange* • **PT** *Useldange* **Beispiller** ech wunnen zu **Useldeng**; fiert dëse Bus op **Useldeng**?

I 1978 gong **zu Useldeng** en Therapiezentrum fir Alkoholkranker op. Spéider goufen och aner Suchtkranker opgeholl. Mat Satz ewei: „Wann deen esou weidmëcht, lant en iergendwann zu Useldeng!“ dréckt de Volleksmond aus, datt eng Persoun en ongesonden an opfällige Konsum vun Alkohol oder soss engem Suchtmittel huet. Esou Ausdréck sinn dacks pejorativ konnotéiert.

User [j'ʊ:zɛ] Maskulinum (Pluriel **User** / **Useren**) **DE** *User, Benutzer [einer informatischen Anwendung]* • **FR** *utilisateur [d'un système, d'une application informatique]* • **EN** *user [of IT]* • **PT** *utilizador [de um sistema, de uma aplicação informática]* **Beispill** déi nei Versioun vum Computerprogramm bitt de **Usere** vill méi Méiglechkeeten **Synonymmen** Benotzer, Utilisateur

I Weiblech Form: **↗Userin**

Userin [j'ʊ:zɛrɪn] Femininum (Pluriel **Userinnen**) **DE** *Userin, Benutzerin [einer informatischen Anwendung]* • **FR** *utilisatrice [d'un système, d'une application informatique]* • **PT** *utilizadora [de um sistema, de uma aplicação informática]* **Beispill** als reegelméisseg **Userin** vun dësem Internetsite sinn ech vun den Neierunge begeeschtert **Synonymmen** Benotzerin, Utilisatrice

I Männlech Form: **↗User**

usetzen ['uzætsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugesat**) » **transitiv 1. DE** *ansetzen [ein Werkzeug]* • **FR** *placer [mettre en position d'utilisation]* • **EN** *to position [a tool]* • **PT** *colocar [em posição de utilização]* **Beispiller** de Fierschter huet eis gewisen, wou een d'Motorsee soll **usetzen**, fir e Bam émzeleeën; den Déif **huet** d'Briecheisen **ugesat**, fir d'Dier aus den Aangelen ze hiewen **2. DE** *ansetzen [an den Mund]* • **FR** *porter à la bouche* • **EN** *to hold to the mouth* • **PT** *levar à boca* **Beispiller** ech hu mer d'Lëpse verbrannt, wéi ech d'Taass mam gliddege Kaffi **ugesat** **hunn**; den Trompettist hëlt déif Loft, ier en säin Instrument **usetzt**; ech hat een Ament net Uecht ginn, du **hat** de Klengen d'Béierfläsch schonn **ugesat**! **3. usetzen** un **DE** *ansetzen an [ein zusätzliches Stück]* • **FR** *ajouter à [pour rallonger]* • **EN** *to add [to lengthen with an extra piece]* • **PT** *juntar a [para alongar]* **Beispill** fréier **gouf** e Stéck un d'Boxen **ugesat**, wa se ze kuerz waren **4. DE** *ansetzen [anfügen]* • **FR** *ajuster [deux surfaces]* • **EN** *to join [to another piece]* • **PT** *juntar [duas superfícies]* **Beispill** den Usträicher huet propper geschafft, et gesäit een net, wou en d'Tapéit **ugesat huet 5. DE** *ansetzen [eine Mischung]* • **FR** *préparer, mélanger [des ingrédients, en vue de les faire réagir]* • **EN** *to prepare [a mixture]* • **PT** *prepara-*

rar, misturar [ingredientes, um preparado] **Beispiller** ideal **setzt** een dësen Deeg owes un, fir en den Dag drop weiderzeverschaffen; d'Laborantin **huet** eng Kultur mat Bakterien **ugesat 6. usetzen** op **DE** *ansetzen auf [eine Spur]* • **FR** *mettre sur [une piste]* • **EN** *to start [tracking]* • **PT** *fazer seguir [uma pista]* **Beispiller** d'Police **huet** direkt hir Hënn op d'Spuer vun den Täter **ugesat**; d'Fra huet en Detektiv op hire Mann **ugesat**; stengen Trape setze gär Moos un **8. DE** *ansetzen [veranschlagen, festsetzen]* • **FR** *fixer un prix initial pour* • **EN** *to set a [starting] price* • **PT** *fixar um preço inicial para* **Beispiller** op der Stee **gouf** den Tablo, deen eis gefall **huet**, bei 2.000 Euro **ugesat**; de Proprietär **hat** d'Haus ze héich **ugesat 9. intransitiv 9. usetzen** (fir) **DE** *ansetzen zu, anfangen* • **FR** *se mettre à, commencer* • **EN** *to get ready, to make a start* • **PT** *pôr-se a, começar (a)* **Beispiller** den Automobilist **huet** **ugesat** fir ze iwwerhuelen, mee du koum e Motocyclist em entgéint; de Fliger **setzt** geschwënn u fir ze landen; hien **hat** op senger neier Aarbecht gutt **ugesat**, mee du **huet** e gelappt; bei dësem Patient weess den Therapeut net, wou e soll **usetzen 10. DE** *sich ansetzen* • **FR** *se former, se déposer* • **EN** *to become covered [with a coating]* • **PT** *formar-se, depositar* **Beispiller** op de Réier **huet** sech Rascht **ugesat**; de Stëbs **setzt** sech iwwerall un **11. DE** *sich zu Tisch setzen* • **FR** *se mettre à table [pour manger]* • **EN** *to be seated [for a meal], to sit down* • **PT** *sentar-se à mesa [para comer]* **Beispiller** dir kënnt iech **usetzen**, d'Esse steet un Dësch; mir hu vëllegen z'iessen, **setzt** Iech mat un!

usichen ['uziçən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugesicht**) » **transitiv DE** *verklagen* • **FR** *poursuivre en justice* • **EN** *to sue* • **PT** *levar a tribunal, processar* **Beispill** well se keng Pai méi kruten, **hunn** d'Aarbechter hire Patron **ugesicht**

usidelen ['uzi:dələŋ] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugesidelt**)

I Hei entsteeet en neien Artikel.

Usiicht ['uzi:çt] Femininum (Pluriel **Usiichten**) **DE** *Ansicht, Meinung* • **FR** *avis, point de vue* • **EN** *opinion, point of view* • **PT** *(modo de) ver, opinião, ponto de vista* **Beispiller** menger **Usiicht** no hutte Dir Onrecht; mir **hunn** ënnerschiddlech **Usiichten**, wat den Aarbechtsprozess ageet; dat si senger **Usiichten**, ech gesinn dat ganz anescht **Synonym** Meenung

Uso ['uzo:] Femininum (Pluriel **Usoen**) **DE** *Ansage* • **FR** *annonce (vocale)* • **PT** *anúncio (vocal)* **Beispill** ech **hunn** d'**Uso**, vu wéi engem Gleis mäin Zuch fortfiert, net verstanen

usoen ['uzo:ən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugesot**)

I Hei entsteeet en neien Artikel.

uspäizen ['ʊfpræ:ɪtsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugespaut**) » **transitiv 1. DE** *anspucken* • **FR** *cracher sur* • **EN** *to spit at* • **PT** *cuspir em* **Beispill** am Zoo **huet** e Lama mech **ugespaut 2. DE** *anfauchen [Tier]* • **FR**

feuler après [animal] • EN to spit at, to hiss at [cat] • PT bufar para [animal] **Beispill** looss d'Kaz mat Rou, si huet eis schonn ugespaut

uspanen ['ʊʃpa:nən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugespaant) » **transitiv** DE *anspannen* [lein Zugtier] • FR *atteler* [une bête de trait] • EN to harness [a draught animal] • PT *atrelar* [um animal de tiro] **Beispill** de Knecht huet d'Päerd ugespaant

uspanen ['ʊʃpa:nən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugespaant) » **transitiv** DE *anspannen* [Muskel] • FR *tendre, contracter* • EN to tense [a muscle] • PT *esticar, contratar* **Beispill** wann ech mä Bizeps **uspanen**, zitt et staark bis an d'Genéck

Uspanung ['ʊʃpa:nʊŋ] Femininum (kee Pluriel) DE *(nervöse) Anspannung* • FR *tension (nerveuse)* • PT *tensão (nervosa)* **Beispill** nom Exame war meng ganz **Uspanung** op ee Coup fort

uspéngelen ['ʊʃpɛŋələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugespéngelt) » **transitiv** 1. DE *anheften, anstecken* • FR *épingler* [fixer] • EN to pin on [to affix] • PT *alfinetar* [prender com alfinete] **Beispill** op der Hochzäit kruten d'Gäscht all eng wäiss Rous **uspéngelt** 2. DE *anhängen* [an eine E-Mail] • FR *mettre en pièce jointe* [d'un courrier électronique] • EN to attach [to an email] • PT *anexar* [em mensagem eletrónica] **Beispill** ech hunn der de Formulaire fir d'Reservatioun **uspéngelt**

uspillen ['ʊʃpɪlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugespillt) » **transitiv** 1. DE *anspielen* [den Ball zu spielen] • FR *passer le ballon à* • EN to pass the ball • PT *passar a bola a* **Beispill** de Verteideger huet aus Versinn e Géigner **ugespillt** 2. DE *anspielen* [als erste Karte] • FR *jouer comme première carte* • EN to lead (with) [to play the first card] • PT *jogar como primeira carta* [no jogo de cartas] **Beispill** de Kaartespiller huet Häerzer **ugespillt** 3. DE *anspielen* [ein Musikstück] • FR *jouer les premières notes de* • EN to play the start [of a piece of music] • PT *tocar as primeiras notas de* **Beispill** beim Quiz gi Lidder kuerz **ugespillt**, déi d'Leit mussen erëmkennen » **intransitiv** 4. DE *anspielen* [beim Kartenspiel, beim Kegeln] • FR *ouvrir le jeu, démarrer la partie* • EN to lead [to start a game, a round] • PT *abrir o jogo, começar o jogo* **Beispiller** wie verluer huet, muss **uspillen**; beim **Uspille** schéissen ech d'Klatz systematesch an de Kullang 5. **uspillen** op DE *anspielen* auf [versteckt hinweisen auf] • FR *faire allusion à* • EN to allude to • PT *fazer alusão a* **Beispill** d'Schrëftstellerin huet an hirem Roman op d'Mësstänn an eiser Gesellschaft **ugespillt**

Uspilling ['ʊʃpɪlʊŋ] Femininum (Pluriel Uspillungen) DE *Anspielung* • FR *allusion* [référence, insinuation] • PT *alusão* [referência, insinuação] **Beispiller** säi Kënschtlernumm ass eng **Uspilling** op eng histoersch Figur; hal op, **Uspillungen** ze maachen, so et riichteraus! **Synonym** Allusioun

usprangen ['ʊʃpraŋən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ugesprongen / ugesprong) » **intransitiv** DE *anspringen* [zu laufen beginnen] • FR *démarrer* [commencer à fonctionner] • EN to start (up) [engine, machine] • PT *pegar* [começar a funcionar] **Beispill** de Motor ass einfach net **ugesprongen** **Synonymen** demarréieren, ugoen

uspriechbar Adjektiv 1. DE *ansprechbar* [bei Bewusstsein, bei Sinnen] • FR *conscient, lucide* **Beispiller** de Patient war eng Stonn no der Operatioun nees **uspriechbar**; no der véierter Drëpp war ech kaum nach **uspriechbar** 2. DE *ansprechbar* [reichbar, empfänglich] • FR *disponible* [mentalement] **Beispiller** meng Partnerin ass haut net **uspriechbar**, se huet wuel e schlechten Dag; meng Kanner léieren an der Examenszäit esou fläisseg, se si kaum **uspriechbar**

uspriechen ['ʊʃpɪɛçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugesprach) » **transitiv** 1. DE *ansprechen* [das Wort richten an] • FR *aborder* [adresser la parole à] • EN to approach [to accost] • PT *abordar* [dirigir a palavra a] **Beispill** hien huet d'Fra op eng flappseg Manéier **ugesprach** **Synonymen** urieden, uschwätzen 2. **uspriechen** op DE *ansprechen* auf [fragen nach] • FR *toucher un mot au sujet de, interpellé au sujet de* • EN to confront with [to ask about] • PT *falar em* [perguntar por], *interpelar a respeito de* **Beispill** ech roden der, meng Mamm net op hir Krankheet **unzespriechen** **Synonym** uschwätzen op 3. DE *ansprechen* [abzielen auf] • FR *s'adresser à, viser* • EN to appeal to, to target • PT *dirigir-se a, visar* **Beispill** eis Publicitéit soll virun allem déi jonk Leit **uspriechen** **Synonym** cibléieren 4. DE *ansprechen* [Interesse erwecken in] • FR *interpeller* [susciter l'intérêt de] • EN to speak to, to interest • PT *despertar o interesse de, agradar a* **Beispiller** der Politikerin hir Ried huet vill Leit **ugesprach**; déi zwee Tabloen an der Entrée vum Musée **spriechen** mech am meeschten un

uspriechend Adjektiv DE *ansprechend* • FR *attrayant, plaisant* <Adverb de manière plaisante> • PT *atraente, apelativo* <Adverb de modo apelativo> **Beispiller** ech fanne eiser Architektin hiren Entworf, fir eist Haus ëmzebauen, richtig **uspriechend**; de Journalist huet d'Table ronde op eng **uspriechend** Aart a Weis modéréiert

Uspriechpartner Maskulinum (Pluriel Uspriechpartner / Uspriechpartneren) DE *Ansprechpartner* • FR *interlocuteur, personne de contact* • PT *interlocutor, pessoa de contacto* **Beispill** et wier méi einfach fir eise Betrib, wa mer bei der Verwaltung een eenzeg **Uspriechpartner** hätten **Synonymen** Interlocuteur, Kontaktperson

1 Weiblech Form: ♀Uspriechpartnerin

Uspriechpartnerin Femininum (Pluriel Uspriechpartnerinnen) DE *Ansprechpartnerin* • FR *interlocutrice, personne de contact* • PT *interlocutora, pessoa de contacto* **Beispill** zënter Kuerzem hu mir eng nei **Uspriechpartnerin** am Ministère **Synonym** Interlocutrice

1 Männlech Form: ♂Uspriechpartner

Usproch ['ʊʃpɒç] Maskulinum (Pluriel Usprech) 1. DE *Anspruch* [Recht] • FR *droit* [prérogative] • EN *entitlement, right* • PT *direito* [prerrogativa] **Beispill** an dëser Broschür steet genee, op wat fir eng Servicer vun der Gemeng d'Leit **Usproch** hunn **Synonymen** Recht, Urecht 2. DE *Anspruch* [Forderung] • FR *revendication, exigence* • EN *demand, requirement* • PT *exigência* [pedido, solicitação] **Beispiller** verschidde Schüler sinn deenen héijen **Usprech** net gewuess; de Patron stellt ze vill héich **Usprech** u säi Personal 3. an **Usproch** huelen DE in *Anspruch nehmen, beanspruchen* [bemühen, einspannen]

• **FR** *soliciter, accaparer* • **EN** *to call on, to lay claim to [somebody's services]* • **PT** *solicitar, prender [ocupar o tempo de]* **Beispill** du kanns den Dokter net méi ewéi eng hallef Stonn an **Usproch** huelen **4.** an **Usproch** huelen **DE** *in Anspruch nehmen, beanspruchen [brauchen]* • **FR** *nécessiter, demander* • **EN** *to take up, to require* • **PT** *levar, requerer [necessitar]* **Beispill** déi Aarbecht héllt vill Zäit an **Usproch**

usprochsvoll ['ʊsprɔχsʋol] Adjektiv **1.** **DE** *anspruchsvoll [mit hohen Absprüchen]* • **FR** *exigeant [difficile à contenter]* • **EN** *demanding [not easily satisfied]* • **PT** *exigente [difícil de contentar]* **Beispiller** den Hotelier huet eng **usprochsvoll** Clientèle; hien ass en **usprochsvolle** Patron, dee vill vu sengen Aarbechter verlaangt **Synonym** *exigent* **2.** **DE** *anspruchsvoll [hohe Anforderungen stellend]* • **FR** *exigeant [absorbant]* • **EN** *demanding [challenging]* • **PT** *exigente, difícil [que exige esforço]* **Beispiller** d'Betreiung vu klenge Kanner ass eng **usprochsvoll** Aarbecht; um sproochlechen Niveau ass de Lëtzebuerger Schoulsystem relativ **usprochsvoll** **Synonym** *exigent*

Usprooch ['ʊsprɔ:χ] Femininum (Pluriel **Usproochen**) **DE** *Ansprache [Rede]* • **FR** *allocution, discours* • **EN** *speech, address* • **PT** *alocução, discurso* **Beispill** der Ministerin hir **Usprooch** um Neijoerschempfang war e bësse laang

ustachelen ['ʊftaxələn] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugestachelt**) » **transitiv** **[Neologismus]** **DE** *anstacheln* • **FR** *inciter (à) [pousser (à)]* • **EN** *to incite (to), to instigate (to)* • **PT** *incitar (a), instigar (a)* **Beispill** d'Schülerin huet hir Bänknopesch **ugestachelt**, fir mam Schwamp op de Schoulmeeschter ze schéissen **Synonymmen** *stëppelen, ustiwwelen*

[i] Kuckt och déi etabléiert Termen **stëppelen** an **ustiwwelen**.

Ustalt ['ʊfta:lɪ] Femininum (Pluriel **Ustalten**) **Ustalt(en)** maachen **DE** *Anstalten machen* • **FR** *faire mine de, (sembler) s'appréter à* • **EN** *to make a move to [to make preparations to]* • **PT** *dar sinal de, (parecer) estar prestes a* **Beispill** obwuel d'Ae mir zougefall sinn, huet kee vu mengé Gäscht **Ustalte** gemaach fir heemzegeen **Synonym** *Uluecht(en)* maachen

ustëften ['ʊftæftən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugestëft**) » **transitiv** **1.** **ustëften** (zu) **DE** *an-stiften [verleiten zu]* • **FR** *inciter (à), pousser (à)* • **EN** *to incite to, to instigate to* • **PT** *incitar (a), instigar (a)* **Beispill** esou eng Gemengheet huet dee Bouf sech net selwer ausgeduecht, et wäert een en (derzou) **ugestëft** **hunn** **Synonym** *ustiwwelen* **2.** **DE** *anstiften, anzetteln* • **FR** *provoquer, fomenter* • **EN** *to instigate, to foment* • **PT** *provocar, fomentar* **Beispill** wie soll déi Affär nëmmen **ugestëft** **hunn?** **Synonym** *ustiwwelen*

usteieren ['ʊftaɪərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugesteiert**) » **transitiv** **DE** *ansteuern* • **FR** *mettre le cap sur* • **EN** *to head for, to steer for* • **PT** *rumar para* **Beispiller** wéinst dem schlechte Wieder **huet** de Kapitän den nächsten Hafen **ugesteiert**; am Hafen **huet** de Kapitän den nächste Bistro **ugesteiert** **Synonym** *upeilen*

ustellen ['ʊftzələn] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugestallt**) » **transitiv** **1.** **DE** *anweisen, beauftragen*

• **FR** *demander à, charger de* • **EN** *to task, to give a job to* • **PT** *encarregar de, incumbir de* **Beispiller** de Meeschter **huet** de Gesell **ugestallt**, den Atelier ze kieren; et kann een deen Intebinnes wierklech näischt **ustellen!** **2.** **DE** *anstellen, einstellen [Arbeitskräfte]* • **FR** *embaucher* • **EN** *to hire, to employ* • **PT** *contratar [pessoa]* **Beispiller** ier Der **ugestallt** **gitt**, musst Der beim Dokter passéieren; hien ass säit September fest **ugestallt** **Synonym** *ustellen*

Ustellung ['ʊftzəlŋ] Femininum (Pluriel **Ustellungen**) **1.** **DE** *Anstellung, Einstellung* • **FR** *embauche [de personnel]* • **EN** *hiring, recruitment [of personnel]* • **PT** *contração [de pessoa]* **Beispill** de Personalchef kritt virgeworf, bei där **Ustellung** een aus senger Famill favoriséiert ze **hunn** **Synonym** *Astellung* **2.** **DE** *Anstellung [vertraglich gesichert]* • **FR** *emploi [garanti par contrat]* • **EN** *employment [contract]* • **PT** *emprego [garantido por contrato]* **Beispill** ech krut elo meng fest **Ustellung**

ustëmmen ['ʊftəmən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugestëmt**) » **transitiv** **DE** *anstimmen [singen]* • **FR** *entonner [chanter]* • **EN** *to strike up [a song]* • **PT** *entoar [cantar]* **Beispill** d'Chorale **huet** um Enn vum Concert d'Nationalhymn **ugestëmt**

ustëppelen Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugestëppelt**) » **transitiv** **ustëppelen** (zu) **DE** *anstacheln zu* • **FR** *inciter (à) [pousser (à)]* • **PT** *incitar (a), instigar (a)* **Beispiller** looss dech net vun de Kollegeen zu all Blödsinn **ustëppelen!**; hien **huet** säi Kolleeg **ugestëppelt**, fir mam Schwamp duerch d'Klass ze schéissen **Synonym** *ustiwwelen* (zu)

ustiechen ['ʊftiɛçən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugestach**) » **transitiv** **1.** **DE** *anstecken [infizieren]* • **FR** *contaminer [infecter]* • **EN** *to pass on [an illness], to infect* • **PT** *contagiar [infetar]* **Beispiller** mäi Bruder **huet** mech mat der Gripp **ugestach**; an der Schivakanz 2020 **hat** mäi Moniteur mech wuel mam Coronavirus **ugestach** **Synonym** *infizieren* **2.** **DE** *anstecken [sich übertragen auf]* • **FR** *se communiquer à, se transmettre à* • **EN** *to rub off on, to affect* • **PT** *contagiar [transmitir-se a, pegar-se]* **Beispill** säi Laachen **huet** eis alleguer **ugestach** **Synonym** *infizieren* **3.** **DE** *anstecken [anzünden]* • **FR** *mettre le feu à, incendier* • **EN** *to set fire to* • **PT** *pôr fogo a, incendiar* **Beispill** e puer Jugendlecher **hunn** eng Dreckschëscht **ugestach** **Synonymmen** a Brand stiechen, ufänken » **intransitiv** **4.** **DE** *ansteckend sein* • **FR** *être contagieux* • **EN** *to be contagious* • **PT** *ser contagioso* **Beispiller** du brauchst net ze fäerten, meng Hautkrankheet **stécht** net un; well de Coronavirus extreem **ustécht**, sinn d'Hygiènesmesuren deementspreechend streng » **reflexiv** **5.** sech **ustiechen** (mat) **DE** *sich anstecken (mit) [sich infizieren (mit)]* • **FR** *attraper, contracter [une maladie], se contaminer* • **EN** *to become infected [to catch an infection]* • **PT** *apanhar, contrair [uma doença], contaminar-se* **Beispiller** eise Jéngsten **huet** sech an der Schoul mat de Waasserpouken **ugestach**; am Deconfinement ass d'Zil vun der Regierung weiderhin, datt esou mann ewéi méiglech Leit sech nei **ustiechen** **Synonym** sech infizieren

ustiechen Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **ugestach**) » **transitiv** **DE** *anstechen, anzapfen* • **FR** *mettre en perce* • **EN** *to tap, to broach [a cask, a barrel]* • **PT** *espichar [abrir furando]* **Beispill** haut den Owend stieche

mer e Faass Béier un! **Synonym** opschloen

ustiechend ['ʊftiɛçənt] Adjektiv **DE** ansteckend, übertragbar • **FR** contagieux • **EN** contagious • **PT** contagioso **Beispiller** Kriibs ass keng **ustiechend** Krankheit; d'Patientin muss a Quarantän gesat ginn, well se en **ustiechende** Virus mat aus den Trope bruecht huet **Synonym** infektiéis

Ustiechung Femininum (Pluriel Ustiechungen) **DE** Ansteckung • **FR** contamination [infection] • **PT** contaminação [infeção] **Beispill** duerch Preventivmoosname konnte vill **Ustiechunge** mam Virus verhënnert ginn **Synonym** Infektioun

Ustiechungsgefor ['ʊftiɛçʊŋsgəfoːR] Femininum (kee Pluriel) **DE** Ansteckungsgefahr • **FR** risqué de contagion • **EN** risk of infection • **PT** risco de contágio **Beispill** e sécheren Ofstand an eng gutt Hygiëne sollen d'Ustiechungsgefor limitéieren

ustierken ['ʊftiːgkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugestierkt) - Variant vun ↗ustuerken

ustierksen ['ʊftiːgksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugestierkst) - Variant vun ↗ustuerken

ustiwwelen ['ʊftivələŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugestiwwelt) » **transitiv 1.** ustiwwelen (zu) **DE** anstiften [verleiten zu] • **FR** inciter (à), pousser (à) • **EN** to incite (to), to instigate (to) • **PT** incitar (a), instigar (a) **Beispill** hir bei d'Leit Schellen drécken ze goen **Synonym** ustëften **2.** **DE** anstiften, anzetteln • **FR** provoquer, fomenter • **EN** to instigate, to foment • **PT** provocar, fomentar **Beispill** wie soll déi Affär nëmmen ugestiwwelt hunn? **Synonym** ustëften

ustoen ['ʊftoːən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugestanen / ugestan) » **intransitiv DE** anstehen [fällig sein, bevorstehen] • **FR** être prévu, être attendu • **EN** to be due [to impend] • **PT** estar previsto, estar marcado **Beispill** d'nächst Joer sti Chamberwalen un

Ustouss ['ʊftəʊs] Maskulinum (Pluriel Ustéiss) **1.** **DE** Anstoß [im Ballsport] • **FR** coup d'envoi [d'une rencontre sportive] • **EN** kickoff [in a ball game] • **PT** pontapé de saída, início de jogo [num jogo de bola] **Beispill** den **Ustouss** vun der Final ass um véier Auer **2.** **DE** Anstoß [Impuls, Anregung] • **FR** impulsion, incitation • **EN** impulse, impetus • **PT** impulso, estímulo **Beispill** déi Katastroph war den **Ustouss**, fir méi ëmweltbewosst ze handelen

ustoussen ['ʊftəʊsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugestouss) » **transitiv 1.** **DE** anfahren [eine Person, ein Tier im Straßenverkehr] • **FR** heurter (en véhicule), percuter (en véhicule) [un piéton, un animal] • **EN** to hit, to run into [vehicle] • **PT** atropelar [um peão, um animal] **Beispill** virun der Schoul gouf e Kand vun engem Auto **ugestouss** » **intransitiv 2.** ustoussen (op) **DE** anstoßen (auf) • **FR** trinquer (à), porter un toast (à) • **EN** to drink a toast (to) • **PT** brindar (a), fazer um brinde (a) **Beispiller** kommt, mir **stoussen** un!; mir **hunn** zesummen op dat neit Joer **ugestouss** **Synonym** prosten (op) **3.** **DE** anstoßen [im Ballsport] • **FR** donner le coup d'envoi [d'une rencontre sportive] • **EN** to kick off [in a ball game] • **PT** dar o pontapé de saída, dar início ao jogo [num jogo de bola] **Beispill** wat fir eng Ekipp stéisst un?

Ustrach ['ʊftrax] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** Anstrich [das Anstreichen] • **FR** peinture [travail en bâtiment, travail de mise en peinture] • **EN** painting [of a building] • **PT** pintura [realização de trabalhos de pintura] **Beispill** well eng Stee muss opgeriicht ginn, riskéiert den **Ustrach** nawell zimmlech deier ze ginn **2.** **DE** Anstrich [aufgetragene Farbe] • **FR** peinture [surface peinte] • **EN** (coat of) paint • **PT** pintura [superfície pintada] **Beispill** vu Wäitem gesäit den **Ustrach** ewéi nei aus

usträichen ['ʊftræ:ɪçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugestrach) » **transitiv DE** anstreichen, streichen [mit Farbe versehen] • **FR** peindre [recouvrir de peinture] • **EN** to paint [to cover with paint] • **PT** pintar [revestir de tinta] **Beispiller** mir wëllen eis Schlofkummer mat frëndleche Faarwen **usträichen**; well d'Faarf ofgaangen ass, huet d'Bänk misse frësch **ugestrach** ginn; leet iech net widder d'Mauer, se ass frësch **ugestrach**!

Usträicher ['ʊftræ:ɪçə] Maskulinum (Pluriel Usträicher) **DE** Maler, Anstreicher • **FR** peintre (en bâtiment) • **EN** painter [decorator] • **PT** pintor (da construção civil) **Beispiller** den **Usträicher** huet d'Mauer scho grondéiert; nodeems e frësch tapezéiert hat, huet den **Usträicher** nei Läischten ugemaach

♀ Weiblech Form: ↗Usträicherin

Usträicherin ['ʊftræ:ɪçəRɪn] Femininum (Pluriel Usträicherinnen) **DE** Malerin, Anstreicherin • **FR** peintre [ouvrière en bâtiment] • **EN** (female) painter [decorator] • **PT** pintora (da construção civil) **Beispill** wann s de net wëlls selwer **usträichen**, kann ech der eng gutt **Usträicherin** uginn

♂ Männlech Form: ↗Usträicher

ustrécken ['ʊftrekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugestréckt) » **transitiv 1.** **DE** anbinden [festbinden] • **FR** attacher, arrimer • **EN** to tie up [an animal], to moor [a boat] • **PT** prender, amarrar **Beispiller** et soll een en Hond net muttwëlles **ustrécken**; de Fëscher huet säin Naache mat engem Seel **ugestréckt**; d'Jongen **hu** sech gëschter Owend eng **ugestréckt** [éggs] [d'Jongen **hu** gëschter Owend ze vill Alkohol gedronk] **2.** **DE** anschnallen [den Sicherheitsgurt anlegen] • **FR** attacher, mettre la ceinture (de sécurité) à • **EN** to fasten one's seat belt • **PT** pôr o cinto (de segurança) a, apertar o cinto (de segurança) **Beispiller** de Chauffer krut e Protokoll, well e sech net **ugestréckt** hat; am Auto mussen d'Kanner ëmmer **ugestréckt** sinn **Synonym** uschnallen

ustrengen ['ʊftræŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugestrengt) » **transitiv 1.** **DE** anstrengen [strapazieren] • **FR** fatiguer [épuiser] • **EN** to strain, to tire • **PT** cansar [fátigar] **Beispill** d'Schrëft an deem Buch ass mir ze kleng, ech muss meng Aen ze vill **ustrengen** » **reflexiv 2.** **DE** sich anstrengen • **FR** faire des efforts, se donner du mal • **EN** to make an effort • **PT** esforçar-se, fazer esforços **Beispill** eise Stagiaire huet sech bei der Aarbecht net besonnesch **ugestrengt** **Synonym** sech druginn

ustrengend ['ʊftræŋənt] Adjektiv **DE** anstrengend • **FR** fatigant, épuisant • **EN** exhausting • **PT** cansativo, fatigante **Beispill** no deem **ustrengenden** Dag sinn d'Kanner doudmidd an d'Bett gefall

Ustrengung ['uʃtræŋʊŋ] Femininum (Pluriel Ustrengungen) **DE** Anstrengung [Mühe] • **FR** effort [physique, intellectuel] • **EN** exertion • **PT** esforço [físico, intelectual] **Beispiller** no där Ustrengung brauche mer e bëssen Erhuelung; vill Leit, déi d'Trap eropkouden, hu vun Ustrengung gekëmmt

ustriewen ['uʃtriävən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugestrief) » **transitiv** **DE** anstreben, erstreben • **FR** viser, aspirer à • **EN** to strive for, to aspire to • **PT** ambicionar, aspirar a **Beispiller** de Politiker huet zouginn, datt en e wichtege Posten ustrieft; no hirem Erfolleg doheem strieft d'Museksgrupp elo eng international Karriär un

ustronzen ['uʃtrontsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugestronzt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

ustuerken ['uʃtu:ɡkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugestuerkt) » **transitiv** **DE** anstarren, anstieren • **FR** fixer [des yeux] • **EN** to stare at • **PT** fitar, olhar pasmado para **Beispill** deen Typ stuerkt mech un, wéi wann ech en Har op der Stier hätt

i Varianten: ustierken, ustierksen, ustuerksen

ustuerksen ['uʃtu:ɡksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugestuerkst) - Variant vun ↗ustuerken

usurpéieren [ʏzyʀp'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé usurpéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Usus ['uzus] Maskulinum (kee Pluriel) Usus sinn **DE** Usus sein • **FR** être de coutume, être la coutume • **EN** to be customary • **PT** ser uma prática usual, ser costume **Beispiller** an eisem Betrib ass et Usus, datt een e Patt gëtt, wann ee Gebuertsdag huet; hei am Land ass et Usus, senger Frëndin op Bretzelsonndeg eng Bretzel ze schenken **Synonym** üblech sinn

Uterus ['ute:rus] Maskulinum (Pluriel Uterussen) **DE** Uterus, Gebärmutter • **FR** utérus • **EN** uterus, womb • **PT** útero **Beispill** eng Spiral gëtt an den Uterus agesat **Synonymen** Gebärmutter, Matrice

Utilisateur [ytilizat'œ:r] Maskulinum (Pluriel Utilisateuren) **DE** Benutzer, Anwender • **FR** utilisateur • **EN** user [operator] • **PT** utilizador, utente **Beispiller** d'Utilisateure vun der Kaffimaschinn si gebieden, pro Taass 50 Cent an d'Keess ze geheien; d'Utilisateure vum Computerprogramm si vun den neie Funktioune begeeschtert **Synonym** Benotzer

i Weiblech Form: ↗Utilisatrice

Utilisatrice [ytilizat'r'is] Femininum (Pluriel Utilisatricen) **DE** Benutzerin, Anwenderin • **FR** utilisatrice • **PT** utilizadora, utente **Beispill** als Utilisatrice war ech vun dësem Computerprogramm direkt begeeschtert **Synonym** Benotzerin

i Männlech Form: ↗Utilisateur

utopesch [ut'o:pəʃ] Adjektiv **DE** utopisch • **FR** utopique • **EN** utopian • **PT** utópico **Beispill** et ass utopesch ze mengen, et kéint een de Mars koloniséieren

Utopie [uto:p'i:] Femininum (Pluriel Utopien) **DE** Utopie • **FR** utopie • **EN** utopia • **PT** utopia **Beispill** et ass eng Utopie ze mengen, mat deem Budget do kéinte mer deen ambitiëse Projet realiséieren

utsch Interjektion - Variant vun ↗autsch

Uucht [u:χt] Femininum (Pluriel Uuchten) **DE** abendliches Beisammensein • **FR** veillée [soirée passée ensemble] • **EN** get-together in the evening • **PT** serão [reunião de convívio] **Beispill** an der Uucht hunn d'Noperen sech allméiglech Geschichte verzielt

Uuchteblumm ['u:χtəblum] Femininum (Pluriel Uuchteblummen) **DE** Herbstzeitlose • **FR** colchique d'automne • **PT** açafrao-do-prado **Beispiller** am Hierscht wuessen an dëser fichter Wiss vill Uuchteblummen; d'Kéi friessen d'Uuchteblummen net, well se géfteg sinn

uuchten ['u:χtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geuucht) » **intransitiv** **DE** abends beisammensitzen [unter Nachbarn] • **FR** veiller, faire la veillée [passer la soirée ensemble] • **EN** to get together in the evening • **PT** passar o serão juntos [com a vizinhança] **Beispill** früere sinn d'Leit op den Dierfer ee bei deen aneren uuchte gaangen

uvertrauen ['ufetrəʊən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé uvertraut) » **transitiv** **1. DE** anvertrauen [mitteilen] • **FR** confier à [communiquer à] • **EN** to trust with, to confide to • **PT** confiar a [comunicar a] **Beispill** kann ech der e Geheimnis uvertrauen? **2. DE** anvertrauen [überantworten] • **FR** confier à [laisser aux soins de] • **EN** to entrust to • **PT** confiar [deixar ao cuidado de] **Beispiller** ech weess, datt d'Kanner gutt versuert sinn, wann ech dir se uvertrauen; du kanns deenen Toperten do dach keng esou eng wichteg Missioun uvertrauen! » **reflexiv** **3. DE** sich anvertrauen [sich offenbaren] • **FR** se confier à [faire des confidences à] • **EN** to confide in • **PT** abrir-se com, desabafar com **Beispill** hien huet Suergen, mee e wëllt sech kengem uvertrauen **4. DE** sich anvertrauen [sich überantworten] • **FR** s'en remettre à, s'en remettre aux soins de • **EN** to entrust oneself to • **PT** remeter-se a, entregar-se aos cuidados de **Beispill** mat esou enger Krankheet géif ech mech kengem Schënnem uvertrauen

UV-Stral [u:f'ʊʃtra:l] Maskulinum (Pluriel UV-Stralen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

uvular [uvul'a:r] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Uwänner ['uvæne] Maskulinum (Pluriel Uwänner) **1. DE** Rand [äußere Begrenzung] • **FR** bord [limite] • **EN** border [edge, boundary] • **PT** borda [lestrema] **Beispill** de Bauer huet d'Hecke laansch d'Uwänner vu sengem Bësch gebotzt **2. DE** Ufer • **FR** bord, rive, berge • **EN** bank, shore • **PT** borda, margem, beira **Beispiller** laansch d'Uwänner vum Séi wuesse vill Weiden; hëllef mer, d'Boot vum Uwänner ofzestoussen! **Synonym** Ufer

uweisen ['uvaizən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugewisen) » **transitiv** **1. DE** anzeigen [darstellen, angeben] • **FR** afficher [sur un écran, sur un tableau d'affichage] • **EN** to display [on a screen] • **PT** vi-

sualizar, mostrar [num ecrã, num painel de informação]

Beispill verschidden Donnéeë goufen um Schierm net richteg ugewisen **Synonym** affichéieren **2. DE** anweisen [befehlen] • **FR** demander (expressément) à • **EN** to instruct, to direct • **PT** pedir (expressamente) a [dar instruções a] **Beispill** de Guide huet d'Leit ugewisen, an der Moschee d'Schong auszedoen

Uweisung ['uvaɪzʊŋ] Femininum (Pluriel Uweisungen) **DE** Anweisung [Anordnung] • **FR** instruction [ordre] • **EN** instruction [order] • **PT** instrução [ordem] **Beispill** ech hu vun der Cheffin déi strikt **Uweisung** kritt, keen hei eranzeloossen **Synonymmen** Instruktioun, Uerder

uwenden ['uʋændən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugewant) » **transitiv DE** anwenden [benutzen] • **FR** mettre en pratique, appliquer, utiliser [dans la pratique] • **EN** to apply, to use • **PT** pôr em prática, aplicar, usar [na prática] **Beispiller** theoreetesche funktionéiert déi Method, mee léisst se sech och (praktesch) **uwenden?**; deen Ausdrock léisst sech nëmmen op männlech Persounen **uwenden**

i Variant: **uwennen**

Uwendung ['uʋændʊŋ] Femininum (Pluriel Uwendungen) **DE** Anwendung [Gebrauch, Umsetzung] • **FR** application, mise en pratique • **EN** application, implementation • **PT** aplicação, realização [na prática] **Beispill** d'Uwendung vun dëser Theorie schéngt mir on-méiglech

i Variant: **Uwennung**

uwéinkelen ['uʋeŋkələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugewéinkelt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

uwennen ['uʋæənən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugewannt) - Variant vun **uwenden**

Uwennung ['uʋæənʊŋ] Femininum (Pluriel Uwennungen) - Variant vun **Uwendung**

uwerfen ['uʋɛrfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugeworff) » **transitiv DE** anwerfen [starten] • **FR** démarrer [mettre en marche] • **EN** to crank [an engine] • **PT** pôr a trabalhar, ligar **Beispill** fréier sinn d'Autoe mat enger Kierb ugeworff ginn **Synonymmen** starten, ukier-

pen

uwichsen ['uʋiksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugewichst) » **transitiv** [vulgär] **DE** schwängern [außerhalb der Ehe] • **FR** engrosser [en dehors du mariage] • **EN** to knock up [to make pregnant] • **PT** engravidar [fora do casamento] **Beispill** anscheinend huet en d'Fra, mat där en eppes huet, ugewichst

uwinnen ['uʋinən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ugewinnt) » **transitiv** sech eppes **uwinnen** **DE** sich etwas angewöhnen • **FR** prendre l'habitude de quelque chose • **EN** to get into the habit of, to get used to • **PT** adquirir o hábito de (fazer) algo **Beispiller** ech hu mer ugewinnt, all Dag Sport ze maachen; **winn** der d'Fëmmen net **un**, da brauchts de der et och net ofzewinnen!

i Variant: **ugewinnen**

uwuessen ['uʋuəsən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé ugewuess) » **intransitiv DE** anwachsen [festwachsen] • **FR** s'attacher, se fixer [par un processus de guérison] • **EN** to grow back on [to become reattached] • **PT** ficar unido [por um processo curativo] **Beispiller** ech hat mer d'Képpche vum Fanger hallef erofgeschnidden, mee se **ass** erëm **ugewuess**; hie stoung do ewéi **ugewuess** [hien huet net bougéiert]; hie klaut alles, wat net **ugewuess** **ass** [egs] [hie klaut alles, wat e kann]

Uz [u:ts] Maskulinum (kee Pluriel) den **Uz** dreiwe mat / den **Uz** maache mat **DE** seinen Spott treiben mit, sich lustig machen über • **FR** se moquer de, tourner en ridicule • **EN** to make fun of • **PT** fazer troça de, brincar com **Beispiller** si dreiwen dacks den **Uz** mat him, an hie mierkt et emol net; mat esou engem sensibelen Theema mécht ee keen **Uz!** **Synonym** de Geck maache mat

uzen ['u:tsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geuuzt) » **transitiv DE** seinen Spott treiben mit, sich lustig machen über [eine Person] • **FR** se moquer de, tourner en ridicule [une personne] • **EN** to make fun of • **PT** fazer troça de, gozar com [uma pessoa] **Beispill** si **uzen** hien dacks, an hie mierkt et emol net **Synonymmen** de Geck maache mat, den **Uz** dreiwe mat, den **Uz** maache mat

V

Vaccin [v'aksɛ:] Maskulinum (Pluriel Vaccinen) **1.** DE *Impfstoff* • FR *vaccin* [*substance*] • EN *vaccine* [*substance*] • PT *vacina* [*substância*] **Beispiller** deen neie Vaccin garantiert d'Immunitéit géint e puer Krankheete mateneen; d'Fuerscher schaffen un engem neie Vaccin, deen och géint déi nei Variant effektiv ass **Synonym** Impfstoff **2.** DE *Impfstoffportion* • FR *vaccin* [*dose*] • EN *vaccine* [*dose*] • PT *vacina* [*dose*] **Beispiller** den Apdikter huet nach genuch Vaccine géint d'Gripp am Frigo leien; et gouf Engpäss bei der Liwwerung vun de Vaccine géint de Coronavirus **Synonym** Impfung

Vaccinatioun [vaksinasj]'əʊn] Femininum (Pluriel Vaccinatiounen) DE *Impfung* • FR *vaccination* • EN *vaccination* • PT *vacinação* **Beispiller** bei dëser Vaccinatioun brauch een no zwee Méint e Rappel; d'Vaccinatioun géint de Covid-19 schützt an den allermeeschte Fäll géint e schwéiere Verlaf vun der Krankheet **Synonymmen** Impfung, Schutzimpfung

vaccinéieren [vaksin'ziəɾən] Verb (Hëllefverb) hunn, Participe passé vaccinéiert) » **transitiv** DE *impfen* • FR *vacciner* • EN *to vaccinate* • PT *vacinar* **Beispiller** am Déierenasyl gétt all Hond vaccinéiert; elo, wou ee sech ka géint de Coronavirus vaccinéiere loossen, gétt d'Liewen hoffentlech erëm lues a lues normal **Synonym** impfen

Vacherin Maskulinum (Pluriel Vacherinen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Vaderonserlächelchen [fa:dər'onzɛlæçəlçən] Neutrum (kee Pluriel) **vereezelt** - Variant vun ↗Vaterunserlächelchen

Vaduz Eegennumm DE *Vaduz* • FR *Vaduz* • PT *Vaduz* **Beispill** Vaduz ass d'Haaptstad vu Liechtenstein

Va-et-vient [va:e:vj'ɛ:] Maskulinum (Pluriel Va-et-vienten)

I Hei entsteet en neien Artikel.

vag [va:k] Adjektiv DE *vage* • FR *vague*, *approximatif* <Adverb *vaguement*> • EN *vague* <Adverb *vaguely*> • PT *vago* [*impreciso*] <Adverb *vagamente*> **Beispiller** mer hu prezis Froe gestallt, mee mer kruten nëmme *vag* Äntwerten; ech ka mech nëmme *vag* un dee Virfall erënnere

Vagabund [vagab'unt] Maskulinum (Pluriel Vagabunden) **vereezelt** DE *Vagabund* • FR *vagabond* • EN *vagabond* • PT *vagabundo* **Beispill** fréier hunn d'Leit d'Strummerte Vagabunde genannt

Vagin [v'aʒɛ:] Maskulinum (Pluriel Vaginen) DE *Vagina*, *Scheide* • FR *vagin* • EN *vagina* • PT *vagina* **Beispill** en dréchene Vagin ass e Problem, dee mat Crémë ka geléist ginn **Synonym** Scheed

vakant [vak'ant] Adjektiv **Administratioun** DE *vakant* • FR *vacant* [*sans titulaire*] • EN *vacant* [*without an incumbent*] • PT *vago* [*sem titular*] **Beispiller** déi vakant Plaz muss esou séier ewéi méiglech erëm besat ginn; et ass e Posten am Verwaltungsrot vakant ginn **Synonym**

fräi

Vakanz [vak'ants] Femininum (Pluriel Vakanzen) **1.** DE *Ferien* • FR *vacances* [*période d'inactivité*], *vacances* (*scolaires*) • EN *holiday(s)* • PT *férias* [*período de inatividade*], *férias* (*escolares*) **Beispiller** an zwou Wochen ass endlech Vakanz!; no deem ville Stress hunn ech eng Vakanz verdéngt; als Student hunn ech während de Vakanze geschafft, fir e puer Su ze verdéngen **2.** Grouss Vakanz DE *Sommerferien* [*Schulferien*] • FR *grandes vacances* • EN *summer holiday(s)* • PT *férias grandes* **Beispiller** zu Lëtzebuerg dauert d'Grouss Vakanz néng Wochen; d'Kanner freeën sech scho säit d'Wochen op d'Grouss Vakanz **3.** DE *Urlaub*, *Urlaubsreise* • FR *vacances* [*voyage, séjour récréatif*] • EN *holiday* [*trip*] • PT *férias* [*viagem, estadia recreativa*] **Beispiller** ech fueren dëst Joer mat mengen Elteren an d'Vakanz; mir plange schonn zënter enger Woch un eiser nächster Vakanz

Vakanzefoto [vak'antsəfoto:] Femininum (Pluriel Vakanzefotoen) DE *Urlaubsfoto* • FR *photo de vacances* • EN *holiday picture* [*photo*] • PT *foto de férias* **Beispill** mir hunn eis schéinst Vakanzefotoen am Internet gepost

Vakanzekolonie [vak'antsəkoloni:] Femininum (Pluriel Vakanzekolonien) DE *Ferienkolonie* • FR *colonie de vacances* • EN *children's holiday camp*, *summer camp* • PT *colónia de férias* **Beispill** an der Vakanzekolonie hunn e puer Kanner no hirer Mamm verlaangert

Vakanzenaarbecht [vak'antsəna:bəçt] Femininum (kee Pluriel) DE *Ferienarbeit* [*Hausaufgaben*] • FR *travail de vacances* [*travail scolaire*] • EN *holiday homework* • PT *trabalhos de férias* [*deveres escolares*] **Beispill** als Vakanzenaarbecht kruten d'Schüler e Roman ze resüméieren

Vakanzenzentrum [vak'antsəntsəntzəntzəm] Maskulinum (Pluriel Vakanzenzentren / Vakanzenzentren) DE *Ferienzentrum* • FR *centre de vacances* • EN *holiday centre*, *holiday village* • PT *centro de férias e lazer* **Beispiller** mir fueren alljoers mat de Kanner an der Päischtvakanz an e Vakanzenzentrum; d'Hausuerdnung vum Vakanzenzentrum hänt direkt bei der Entrée

Vakuum [v'a:kuum] Maskulinum (Pluriel Vakuumen) **1.** DE *Vakuum* [*luftleerer Raum*] • FR *vide* [*vacuum*] • EN *vacuum* [*space devoid of air*] • PT *vazio* [*vácuo*] **Beispill** dat selwecht Experiment am Vakuum ergëtt e ganz anert Resultat **2.** DE *Vakuum* [*Leere*] • FR *vide* [*lacune*] • EN *vacuum* [*absence*] • PT *vazio* [*lacuna*] **Beispill** deen onéierleche Geschäftsmann huet jorelaang vun engem juristesche Vakuum profitéiert

vakuumverpaakt [v'a:kuumfepa:kt] Adjektiv DE *vakuumverpackt* • FR *sous vide* • PT *embalado a vácuo* **Beispill** vakuumverpaakt Liewensmëttel halen sech méi laang

valabel [val'a:bəl] Adjektiv **1.** DE *stichhaltig*, *überzeugend* • FR *valable* [*fondé*] • EN *valid* [*convincing, truthful*] • PT *válido* [*legítimo*] **Beispill** ech hoffen, du hues eng valabel Excuse fir deng Verspéidung! **2.** DE *gültig* • FR *valable* [*valide*] • EN *valid* [*legally acceptable*] • PT *válido*

[vigent] **Beispill** dësen Ticket ass valabel fir Bus, Zuch a Metro **Synonym** gültzeg

Valentinsdag [v'ɑlənti:nsda:χ] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Vältesdag

Veränderung [fəR'ænnəRʊŋ] Femininum (Pluriel Veränderungen) **DE** Veränderung, Änderung • **FR** changement, modification • **EN** change [modification] • **PT** mudança, alteração **Beispiller** no deene grouse Verännerungen an der Firma huet d'Personal eng Zäit gebraucht, fir sech ze adaptéieren; kleng Verännerunge falen engem net ëmmer op **Synonymmen** Ännerung, Chagement

veranstalten [fə'anʃtaltən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé veranstalt) » **transitiv DE** veranstalten, organisieren • **FR** organiser [préparer, mettre sur pied] • **EN** to organize [to prepare] • **PT** organizar [preparar, realizar] **Beispiller** eist Institut veranstalt d'nächst Joer en internationale Colloque; wat veranstalt dir dann hei? [ëgs] [wat maacht dir dann hei fir en Zodi?] **Synonym** organiséieren

Veranstaltung [fəR'anʃtaltʊŋ] Femininum (Pluriel Veranstaltungen) **DE** Veranstaltung [Ereignis] • **FR** manifestation [événement] • **EN** event [function, gathering] • **PT** manifestação, espetáculo, evento **Beispill** et hate sech esou wéineg Leit ugemellt, datt d'Veranstaltung ofgblöse gouf **Synonym** Manifestatioun

veräntweren [fəR'æntvəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé veräntwert) - Variant vun **veräntwerten**

veräntwerten [fəR'æntvetən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé veräntwert) » **transitiv 1. DE** verantworten • **FR** assumer, prendre la responsabilité (de) • **EN** to take responsibility for • **PT** assumir, responsabilizar-se por **Beispill** ech kann (et) net veräntwerten, datt d'Mataarbechter krank schaffe kommen » **reflexiv 2.** sech veräntwerten (fir) **DE** sich verantworten (für) • **FR** répondre de, se justifier (de) • **EN** to answer (for), to stand trial (for) • **PT** responder (por), justificar-se (de) **Beispiller** hien huet sech ni misse fir seng Verbrieche veräntwerten; den Ugeklote muss sech viru Gericht veräntwerten

i Variant: veräntweren

verantworten [fəR'antvɔRtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verantwort)

i Hei entsteet en neien Artikel.

verantwortlech [fəR'antvɔRtləç] Adjektiv **1. DE** verantwortlich [zuständig] • **FR** responsable [en charge] • **EN** responsible [in charge], person in charge • **PT** responsável [encarregado] **Beispiller** d'Eltere si fir d'Erzéiung vun hire Kanner verantwortlech; wien ass verantwortlech fir den interne Courier?; de Verantwortleche ka sech op säin Adjoint verloossen **Synonym** responsabel **2. DE** verantwortlich [schuldig] • **FR** responsable [coupable] • **EN** responsible [guilty] • **PT** responsável [culpado] **Beispill** ech sinn net fir däin Ongléck verantwortlech **Synonym** responsabel

Verantwortung [fə'antvɔRtʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** Verantwortung [Verantwortlichkeit] • **FR** responsabilité [obligation] • **EN** responsibility [duty] • **PT** responsabilidade [obrigação] **Beispill** als Erzéier huet een eng grouss Verantwortung **Synonym** Responsabilitéit **2. DE** Verantwortung [Schuld, Haftung] • **FR** responsabilité [culpabilité, imputabilité] • **EN** responsibility [liability] • **PT** responsabilidade [culpabilidade, imputabilidade] **Beispiller** fir dat Mëssgeschéck iwverhuelen ech keng Verantwortung; ënnerschreif de Kontrakt roueg, op meng Verantwortung! **Synonym** Responsabilitéit

verantwortungsvoll Adjektiv **1. DE** verantwortungsvoll, gewissenhaft • **FR** responsable, consciencieux <Adverb de manière responsable, consciencieusement> • **PT** responsável, consciencioso <Adverb de forma responsável, conscienciosamente> **Beispiller** e verantwort-

tungsvolle Chauffer drénkt net, wann e mam Auto fiert; de verantwortungsvollen Émgang mat de soziale Medien ass hautdesdaags immens wichtig; an där Affär huet d'Politikerin verantwortungsvoll gehandelt **Synonym** gewëssenhaft **2. DE** verantwortungsvoll [mit Verantwortung verbunden] • **FR** à haute responsabilité • **PT** de grande responsabilidade [que traz muitas responsabilidades] **Beispill** mengt Der, Dir wiert gemaach fir esou e verantwortungsvolle Posten?

veräppelen [fɛ'æpələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé veräppelt) » **transitiv** [ëgs] **DE** veräppeln • **FR** se payer la tête de • **EN** to make fun of, to tease • **PT** fazer pouco de, gozar com **Beispill** hal op, däi Brudder stänneg ze veräppelen! **Synonymmen** de Geck maache mat, zéien

verausgaben [fɛ'æ:ʊsga:bən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verausgaabt) » **reflexiv 1. DE** sich verausgaben [physisch] • **FR** se dépenser, s'épuiser • **EN** to (over)exert oneself, to go all out • **PT** esgotar-se, cansar-se **Beispill** bei der leschter Etapp hunn d'Coureuren sech staark verausgaabt **2. DE** sich verausgaben [finanziell] • **FR** aller au-delà de ses moyens (financiers), faire une folie (financière) • **EN** to overextend oneself, to overspend • **PT** ir além das suas possibilidades (financeiras), gastar uma fortuna **Beispiller** mat där Investitioun hu mir eis (finanziell) verausgaabt; Chrëschttag hat d'Bo-ma sech mat hire Kaddoen erëm schéi verausgaabt!

veräusseren [fɛ'ʊisəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé veräussert) » **transitiv DE** veräußern • **FR** céder [vendre] • **EN** to cede, to sell • **PT** alienar, ceder [vender] **Beispill** d'Gesetz gesäit vir, ënner wéi enge Konditiounen d'Gemeng hir Terrainen därer veräusseren **Synonymmen** ofrieden, verkafen

Veräusserung [fɛ'ʊisəɾuŋ] Femininum (Pluriel Veräusserungen) [Administratioun] **DE** Veräußerung • **FR** cession [vent] • **PT** alienação, venda **Beispill** de Gemengerot war mat der Veräusserung vun desen Terrainen averstanen **Synonym** Cessioun

Verb [vɛɾp] Neutrum (Pluriel Verben) **DE** Verb • **FR** verbe • **EN** verb • **PT** verbo **Beispill** ech hat laang an der Schoul Problemer mat den onregelmeissege Verben

verbabbelen [fɛb'abələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verbabbelt) » **reflexiv 1. [ëgs] DE** sich verplappern • **FR** se couper, avoir la langue trop longue, vendre la mèche • **PT** descair-se, dar com a língua nos dentes **Beispill** meng Fra wousst scho vun der Iwwerraschung, well eise Klengen sech verbabbelt hat **Synonym** sech verplapperen » **transitiv 2. [ëgs] DE** verquat-schen • **FR** passer à papoter • **PT** passar a tagarelar [falar durante algum tempo] **Beispill** so, elo hu mir jo net eng Stonn um Telefon verbabbelt!

verbäissen [fɛb'æ:isən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verbass) » **transitiv 1.** sech eppes verbäissen **DE** sich etwas verkneifen, sich etwas verbeißen • **FR** réprimer quelque chose, ravalier quelque chose • **EN** to bite something back, to stifle something • **PT** reprimir algo, conter algo **Beispill** ech hu mer missen d'Laache verbäissen, wéi hien sech esou blaméiert huet » **reflexiv 2.** sech verbäissen an **DE** sich verbeißen in • **FR** planter ses crocs dans, s'acharner sur • **EN** to sink one's

teeth into • **PT** ferrar os dentes em, abocanhar **Beispiller** déi zwee Hënn haten sech anenee verbass; hien huet sech an déi Iddi verbass [ëgs] [hien hält stuer un där Id-di fest]

verbal [vɛɾb'a:l] Adjektiv **1. DE** verbal [mit Worten] • **FR** verbal [oral] <Adverb verbalement> • **EN** verbal [oral] <Adverb orally> • **PT** verbal [oral] <Adverb verbalmente> **Beispiller** d'Politikerin huet geloossen op déi verbal At-tacke reagéiert; d'Kanner solle léieren, hir Konflikter verbal ze léisen **2. DE** verbal [als Verb] • **FR** verbal [relatif au verbe] <Adverb à l'aide d'un verbe> • **EN** verbal [relating to a verb] <Adverb with a verb> • **PT** verbal [relativo ao verbo] <Adverb por um verbo> **Beispill** déi Iddi kritt ee verbal besser ausgedréckt ewéi mat engem Substantiv

Verband [fɛb'ant] Maskulinum (Pluriel Verbänn) **1. DE** Verband [Bandage] • **FR** bandage [pansement] • **EN** bandage, dressing • **PT** ligadura [penso] **Beispill** den Infirmier huet de Verband virsiichteg lassgewéckelt **Synonym** Bandage **2. DE** Verband, Genossenschaft • **FR** fédération, coopérative • **EN** federation, association, cooperative • **PT** federação, cooperativa **Beispiller** de Verband huet de Sportler disqualifizéiert, well e gedoppt war; de Verband vun de Mëllebauern huet e Bréif un de Minister adresséiert

Verbandskëscht [fɛb'antskəʃt] Femininum (Pluriel Verbandskëschten) **DE** Verbandkasten • **FR** trousse de secours • **EN** first-aid box, first-aid kit • **PT** caixa de primeiros socorros **Beispiller** ech muss nei Plooschtere fir an eis Verbandskëscht kafen; ech hunn ëmmer eng Verbandskëscht am Auto leien

verbannen [fɛb'anən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verbonnen / verbonn) » **transitiv 1. DE** verbinden [bandagieren, zubinden] • **FR** faire un bandage à, bander • **EN** to bandage, to blindfold • **PT** ligar [pôr ligadura em], vendar **Beispiller** de Blesséierte krut nach op der Plaz vun Accident den Aarm verbonnen; fir dat nächst Spill kritt eent vun de Kanner d'Ae verbonnen **2. DE** verbinden, zusammenfügen [aneinander befestigen] • **FR** assembler, monter [fixer l'un(e) à l'autre] • **EN** to join together, to assemble • **PT** ligar, unir, montar [fixar um ao outro] **Beispill** déi zwee eisen Elementer gi mat Nitte verbonnen **3.** verbannen (mat) **DE** verbinden (mit) [verkehrstechnisch] • **FR** relier (à) [dans les transports] • **EN** to connect (to), to link (to) [for traffic] • **PT** ligar (a) [nos transportes] **Beispiller** d'Brëtell, déi d'Autobunne (mateneen) verbënnt, ass weinst engem Accident gespaart; d'Insel ass duerch eng Bréck mam Festland verbonnen; eng Navett verbënnt den Hotel mam Flughafen **4.** verbannen (mat) **DE** verbinden (mit) [verknüpfen] • **FR** relier (à) [connecter] • **EN** to connect with, to link with • **PT** ligar (a) [conectar] **Beispiller** zwee Punkte kënnen duerch e riichte Stréch verbonne ginn; bei „Schofspelz“ verbënnt en „s“ d'Wierder „Schof“ a „Pelz“ **5. DE** verbinden lin Einklang bringen) • **FR** allier, marier [combiner] • **EN** to combine [to unite] • **PT** aliar, juntar [combinar] **Beispiller** eisen Hotel verbënnt Tradition a Modernitéit; op dës Manéier verbannen ech dat Nätzlecht mat deem Agreabelen **6. DE** verbinden [emotional] • **FR** lier [par un lien affectif] • **EN** to link, to connect [emotionally] • **PT** ligar [por laços afetivos] **Beispiller** eis verbënnt schonn zënter der Schoulzäit eng enk Frëndschaft; et gëtt näischt, wat mech mat

deem Mënsch **verbënnt**; eis Famill ass enk mat dëser Géigend **verbonnen 7**, verbannen (mat) **DE** *verbinden (mit) [leine Telefonverbindung herstellen (mit)]* • **FR** *mettre en communication (avec) [par téléphone]* • **EN** *to connect (with) [by telephone]* • **PT** *pôr em comunicação (com) [por telefone]* **Beispiller** d'Receptioun **huet** mech mam zoustännege Service **verbonnen**; wann ee fréier wollt an d'Ausland telefonéieren, huet ee missen iwwer eng Zentral **verbonne ginn** » **reflexiv 8**, sech verbanne mat **DE** *sich verbinden mit, sich vermischen mit* • **FR** *se combiner à, se mélanger avec* • **EN** *to mix with, to combine with* • **PT** *ligar(-se) com, misturar-se com* **Beispiller** Eedelgase **verbanne** sech net mat aneren Elementer; an der Vinaigrette **verbënnt** sech den Ueleg net mam Esseg

verbannen [feb'anən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verbannt**) » **transitiv DE** *verbannen* • **FR** *banir, exiler* • **EN** *to exile, to banish* • **PT** *banir, exilar* **Beispiller** den Napoleon **gouf** 1815 op eng Insel **verbannt**; an der Faaschtzäit **verbannen** ech all d'Séissegkeeten aus dem Haus [an der Faaschtzäit **hunn** ech keng Séissegkeeten am Haus]

Verbannung [feb'anun] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Verbannung* • **FR** *exil, bannissement* • **EN** *exile* • **PT** *exílio, banimento, desterro* **Beispill** de Verréider **gouf** zu liewenslänglecher **Verbannung** verurteelt

verbarrikadéieren [febarikad'ziəɾən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verbarrikadéiert**) » **transitiv 1. DE** *verbarrikadieren* • **FR** *barricader [fermer solidement]* • **EN** *to barricade* • **PT** *barricar* **Beispill** d'Schüler **hunn** d'Dier vum Kllassesall mat Still an Dëscher **verbarrikadéiert** » **reflexiv 2. DE** *sich verbarrikadieren* • **FR** *se barricader* • **EN** *to barricade oneself* • **PT** *barricar-se* **Beispiller** d'Demonstranten **hunn** sech hanner émgekipten Autoe **verbarrikadéiert**; zënter hien depressiv ass, **verbarrikadéiert** en sech a sengem Haus [zënter hien depressiv ass, isoléiert en sech a sengem Haus]

verbassen [feb'asən] Adjektiv **1. DE** *verbissen [hartnäckig]* • **FR** *acharné <Adverb avec acharnement>* • **EN** *dogged <Adverb doggedly>* • **PT** *persistente, tenaz <Adverb com persistência, com tenacidade>* **Beispiller** trotz hirem **verbassenen** Asaz kennt d'Biergerinitiativ d'Autobunn net verhënneren; mir hu **verbassen** trainéiert, fir de Championnat ze **gewannen 2. DE** *verbissen, angespannt* • **FR** *tendu, crispé* • **EN** *sullen, tense* • **PT** *tenso, crispado* **Beispiller** de Bouf **huet** e **verbassen** Gesiicht **gemaach** an en **huet** kee Wuert gesot; firwat **kucks** du esou **verbassen** dran?

Verbassenheet [feb'asəne:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Verbissenheit* • **FR** *opiniâtreté, acharnement* • **EN** *doggedness, dogged determination* • **PT** *obstinação, persistência* **Beispill** de Boxer **huet** mat **Verbassenheet** fir säi grouse Comeback trainéiert

verbatteren [feb'atəɾən] Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé **verbattert**) » **intransitiv DE** *verbittern* • **FR** *s'aigrir [se remplir d'amertume]* • **EN** *to become embittered* • **PT** *tornar-se amargo [pessoa]* **Beispill** géi de Bopa heiansdo **besichen**, fir datt en net **verbattert**!

Verbatterung [feb'atəɾun] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Verbitterung* • **FR** *amertume [ressentiment]* • **PT** *amar-*

gura [desgosto] **Beispill** aus **Verbatterung** a Roserei **huet** d'Buergermeeschtesch decidéiert ze demissionéieren

verbauen [feb'auən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verbaut**) » **transitiv 1. DE** *zubauen [als Bauland nutzen]* • **FR** *urbaniser [occuper par des immeubles]* • **EN** *to build up, to urbanize* • **PT** *urbanizar [ocupar com construções]* **Beispiller** am Laf vun de Joerzénge **gouf** d'Gewan komplett **verbaut**; baussent der Stad ass ewell och alles **verbaut 2. DE** *verbauen [versperren]* • **FR** *obstruer, bloquer [par des constructions]* • **EN** *to block [with a construction]* • **PT** *obstruir, bloquear [com construções]* **Beispiller** déi schéi Vue op de Bësch **gëtt** duerch e grousst Appartementshaus **verbaut**; den Noper **huet** mer de Passage niewent dem Haus **verbaut**; mat dengem Verhale **verbaus** de der deng Zukunft ^[egs] [mat dengem Verhale **schuets** de denger Zukunft] **3. DE** *verbauen [unzweckmäßig bauen]* • **FR** *mal concevoir [un ouvrage architectural]* • **EN** *to design badly, to build badly* • **PT** *conceber mal [uma obra arquitetónica]* **Beispill** hiert neit Haus ass vun ënne bis uewe **verbaut!** **4. DE** *verbauen [als Baumaterial verwenden]* • **FR** *utiliser [comme matériaux de construction]* • **EN** *to use [as building material]* • **PT** *usar [como material de construção]* **Beispill** an eisem neien Haus **gëtt** nëmmen ëmweltfrëndlecht Material **verbaut 5. DE** *verbauen [für Bauarbeiten ausgeben]* • **FR** *dépenser [dans la construction]* • **EN** *to (over)spend [on construction]* • **PT** *gastar [em obras de construção]* **Beispill** elo si schonn dräi Milliounen hei **verbaut ginn** an de Réibau ass emol nach net fäerdeg! » **reflexiv 6. DE** *sich verbauen [sich verausgaben]* • **FR** *dépenser son budget de construction* • **EN** *to overspend [a construction budget]* • **PT** *ultrapassar o orçamento de construção* **Beispill** hien ass al **verschëlt**, well en sech mat senger Villa **verbaut hat**

Verbbildung [v'ɛɾbildung] Femininum (Pluriel **Verbbildungen**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

verbéien [feb'ziən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verbéit**) » **transitiv 1. DE** *verbiegen* • **FR** *tordre [courber]* • **EN** *to bend [to twist]* • **PT** *entortar [curvar]* **Beispiller** wien **huet** d'Piquete vum Zelt esou **verbéit?**; d'Kanner **haten** der Boma hir Stréckene **verbéit**; e puer Lamelle vun eise Jalousië si **verbéit** » **reflexiv 2. DE** *sich verbiegen* • **FR** *se tordre, se fausser* • **EN** *to bend [to become bent, to become twisted]* • **PT** *entortar-se [tornar-se torto]* **Beispill** de Guidon vu mengem Moto **hat** sech beim Accident **verbéit**

verbéissen [feb'ziəsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verbéisst**) » **transitiv DE** *verbüßen* • **FR** *purger [une peine]* • **EN** *to serve [a sentence]* • **PT** *cumprir [uma pena]* **Beispill** nodeem de Verbrieder d'Hallschent vun senger Strof **verbéisst hat**, **gouf** en aus dem Prisons **entlooss**

verbesseren [feb'æsəɾən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verbessert**) » **transitiv 1. DE** *verbessern [besser machen]* • **FR** *améliorer [changer en mieux]* • **EN** *to improve* • **PT** *apurar, melhorar [mudar para melhor]* **Beispiller** déi maschinell Produktioun muss nach **verbessert ginn**; den neie Metro **verbessert** d'Verbinding téschent de verschiddene Quartiere

vun der Stad **2. DE** *korrigeren* [*Fehler feststellen, bewerten*] • **FR** *corriger* [*relever les fautes de, évaluer*] • **EN** *to mark* [*to correct, to assess*] • **PT** *corrigir* [*indicar os erros de, avaliar*] **Beispill** de Schoulmeeschter *huet* d'Prüfung nach net *verbessert* **Synonym** *korrigéieren* **3. DE** *verbessern, korrigieren* [*berichtigen*] • **FR** *corriger* [*redresser les fautes de*] • **EN** *to correct* [*to rectify mistakes*] • **PT** *corrigir* [*lemendar os erros de*] **Beispiller** *verbesser* mer deen Text, wannechgelift!; *verbesser* mech, wann ech mech ieren! [*so mer, wann ech mech ieren!*] » **reflexiv** **4. DE** *sich verbessern* [*besser werden*] • **FR** *s'améliorer, faire des progrès* • **EN** *to improve, to make progress* • **PT** *melhorar, fazer progressos* **Beispiller** dem Kranke sän Zoustand *huet* sech zënter gëschter staark *verbessert*; ech *hu* mech an der Lescht am Training enorm *verbessert*; mäi Brudder *huet* eng nei *Plaz*, en *huet* sech schéi *verbessert* [*mäi Brudder huet eng nei Plaz, e verdéngt elo vill méi*]

Verbesserung [fɛb'æ:səʀʊŋ] Femininum (Pluriel Verbesserungen) **1. DE** *Verbesserung* [*Besserung*] • **FR** *amélioration* [*changement en mieux*] • **EN** *improvement* • **PT** *melhoramento, melhoria* [*mudança para melhor*] **Beispiller** d'Gewerkschaft fuerdert eng *Verbesserung* vun den Aarbechtsbedéngungen; d'Doktesch *huet* beim Patient eng dättlech *Verbesserung* vun de Liewerwäerter festgestallt **Synonym** *Amelioratioun* **2. DE** *Korrektur* [*Fehlerermittlung, Bewertung*] • **FR** *correction* [*relevé des fautes, évaluation*] • **EN** *marking* [*correction, assessment*] • **PT** *correção* [*indicação dos erros, avaliação*] **Beispiller** d'Krittäre fir d'*Verbesserung* vum Exame si kloer definéiert; de Professor *huet* sech mat der *Verbesserung* vun der Prüfung gutt Zäit gelooss **Synonymmen** *Korrektioun, Korrektur* **3. DE** *Verbesserung, Berichtigung* [*Vorgang*] • **FR** *correction* [*redressement des fautes*] • **EN** *correction* [*rectification of mistakes*] • **PT** *correção* [*emenda dos erros*] **Beispill** d'Schüler kruten eng hallef Stonn Zäit fir d'*Verbesserung* vun hirer Prüfung **4. DE** *Verbesserung, Berichtigung* [*verbesserte(r) Text*] • **FR** *correction* [*document corrigé*] • **EN** *correction(s)* [*rectified text*] • **PT** *correção* [*texto corrigido*] **Beispill** an der *Verbesserung* vum Aufsatz *huet* de Schüler nach zwee Feeler stoe gelooss

verbëtzten [fɛb'ɛtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verbëtz*) » **transitiv** **DE** *verschwenden, vergeuden* • **FR** *gaspiller* • **EN** *to waste* • **PT** *desperdiçar* **Beispiller** als Kand hunn ech geleiert, datt een d'Essen net soll *verbëtz*; *verbëtz* net esou vill Waasser beim Zalotwäschen!

Verbform [v'ɛʀpɔʀm] Femininum (Pluriel Verbformen) **DE** *Verbform* • **FR** *forme verbale* • **EN** *verb form* • **PT** *forma verbal* **Beispill** et gëtt Exercicen, mat deenen d'Kanner d'Verbformen op eng spilleresch Aart a Weis léieren

verbidden [fɛb'idən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verbueden / verbuet*) » **transitiv** **DE** *verbieten* • **FR** *interdire* (*à*), *défendre* (*à*) • **EN** *to forbid, to prohibit* • **PT** *proibir* (*a*) **Beispiller** wéinst der Dréchent *verbitt* d'Gemeng de Leit, den Auto ze wäschen; et ass *verbueden*, ouni Helm mam Moto ze fueren

verbidden [fɛb'idən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verbueden / verbuet*) » **transitiv** **DE** *sich verbitten* • **FR** *ne pas tolérer* [*le comportement d'autrui*]

• **EN** *to refuse to tolerate* [*somebody's behaviour*] • **PT** *não admitir, não tolerar* [*o comportamento de outrem*] **Beispill** ech *verbidd* mer dee frechen Toun do!

verbergen [fɛb'i:ɛzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verbergt*) » **reflexiv** sech *verberge* fir **DE** *sich verbürgen für* • **FR** *se porter garant de* • **EN** *to act as guarantor for, to vouch for* • **PT** *responsabilizar-se por, afiançar, garantir* **Beispiller** *hätt* mäi Papp sech net fir mech *verbergt*, dann *hätt* d'Bank mer keng Sue geléint; ech *verberge* mech derfir, datt déi Informatioun stëmmt

verbergen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verbuergen*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

verbindlech [fɛb'indlɛç] Adjektiv **DE** *verbindlich* [*bindend*] • **FR** *contraignant* [*obligatoire*] • **EN** *binding* • **PT** *obrigatório, vinculativo* **Beispiller** dëse Kontrakt ass fir all d'Parteie *verbindlech*; et musse *verbindlech* Ziler fir de Klimaschutz festgeluecht ginn

Verbindung [fɛb'indʊŋ] Femininum (Pluriel Verbindungen) **1. DE** *Verbindung* [*Zusammenhang*] • **FR** *lien* [*rapport*] • **EN** *connection, link* • **PT** *ligação* [*relação*] **Beispill** der Police no gëtt et keng *Verbindung* tëschent deenen zwee Verbrichen **Synonymmen** *Lien, Rapport, Zesammenhang* **2. DE** *Verbindung* [*Verkehrsverbindung*] • **FR** *liaison* [*dans les transports*], *correspondance* • **EN** *connection* [*transport link*] • **PT** *ligação* [*entre dois lugares*], *correspondência* **Beispiller** dës schmuell Bréck ass déi eenzeg *Verbindung* tëschent der Insel an dem Festland; vun dëser Gare aus gëtt et zwou direkt *Verbindunge* mat der Hauptstadt **3. DE** *Verbindung, Telefonverbindung* • **FR** *ligne, communication* [*téléphonique*] • **EN** *connection* [*telephone*] • **PT** *ligação* [*telefónica*] **Beispill** ech verstinn dech bal net, d'*Verbindung* ass ganz schlecht **4. sech** a *Verbindung* setze mat **DE** *sich in Verbindung setzen mit* • **FR** *se mettre en contact avec, se mettre en rapport avec* • **EN** *to get in touch with* • **PT** *entrar em contacto com* **Beispill** mir hunn eis mam Ministère a *Verbindung* gesat, fir zousätzlech Informatiounen ze kriegen

Verbkomplement [v'ɛʀpɔʀkɔmplemɛnt] Neutrum (Pluriel *Verbkomplementen*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

verbläit [fɛbl'æ:it] Adjektiv **DE** *verbleit* [*Benzin*] • **FR** *au plomb* [*essence*] • **EN** *leaded* [*petrol*] • **PT** *com chumbo* [*gasolina*] **Beispill** hautdesdaags gëtt et bal kee *verbläite* Bensinn méi op den Tankstellen

verblatzen [fɛbl'atsən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *verblatzt*) » **intransitiv** **1. DE** *verblassen* [*bläss werden*] • **FR** *se ternir, se décolorer, passer* • **EN** *to fade* [*colour*] • **PT** *desbotar, desvanecer-se* [*perder a cor*] **Beispiller** déi al Affichen un der Mauer si mat der Zäit *verblatzt*; de Feil um Schëld ass esou *verblatzt*, datt een net weess, wou en hiweist **2. DE** *verblassen* [*Erinnerungen*] • **FR** *pâler* [*dans la mémoire*] • **EN** *to fade* [*in memory*] • **PT** *esbater-se* [*recordações*] **Beispill** d'Erënnerungen u meng Schoulzäit *verblatze* lues a lues

verbléien [fɛbl'ɛ:ɔɛn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *verbléit / verblitt*) » **intransitiv** **DE** *verblü-*

hen • **FR** se faner • **EN** to wilt, to wither • **PT** murchar **Beispill** wéinst der Hétzt sinn eis Rouse séier verblitt

verbleiwen [feb'l'aivən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé verblüwen) » **intransitiv 1.** esou verbleiwen(, datt) **DE** so verbleiben(, dass) keine Übereinkunft bestätigen] • **FR** convenir que, retenir, en rester là [en attendant] • **EN** to agree (that), to leave it at that • **PT** combinar que, ficar em, permanecer [conforme o combinado] **Beispill** kënne mer esou verbleiwen, datt s du dech muer bei mir mells?; wéi verbleiwe mer dann elo?; wa jiddereen averstanen ass, da kënne mer esou verbleiwen **2.** [gehewen] mat ... Gréiss verbleiwen **DE** mit ... Grüßen verbleiben [als Briefschlussformell] • **FR** prier d'agréer ses ... salutations [dans une formule de politesse écrite] • **EN** to remain with ... regards [at the end of a letter] • **PT** apresentar os seus ... cumprimentos [como fórmula de despedida numa carta] **Beispill** ech soen Tech Merci, waarden op Är Äntwert a verbleiwe mat beschte Gréiss

verblenden [feb'l'ændən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verblent) » **transitiv DE** blenden [das Sehen beeinträchtigen] • **FR** éblouir, aveugler • **EN** to dazzle, to blind • **PT** encandear, ofuscar, cegar **Beispill** d'Niwwelluucht vum Auto viru mir huet mech verblent

I Variant: verblennen

verblennen [feb'l'æənən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verblennt) - Variant vun ↗verblenden

verblöden [feb'l'ø:dən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verblöt) » **transitiv 1.** [égs] **DE** verblöden • **FR** abrutir, abêtir • **PT** embrutecer, estupidificar **Beispill** a mengen Ae ginn d'Kanner duerch verschidden Emis-siounen op der Tëlee total verblöt! ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé verblöt) » **intransitiv 2.** [égs] **DE** verblöden • **FR** s'abrutir, devenir abruti • **EN** to go daft • **PT** embrutecer(-se) **Beispill** du verblöots nach, wann s de weider näischt méchs, ewéi um Computer ze spillen!; ech si bei där monotoner Aarbecht bal verblöt **Synonym** verdommen

Verblödung [feb'l'ø:dʊŋ] Femininum (kee Pluriel) [égs] **DE** Verblödung • **FR** abrutissement, abêtissement • **PT** embrutecimento, estupidificação **Beispill** déi nei Tëleessendung do ass déi rengste Verblödung vun de Leit!; mengers du wierklech, et wier eng progressiv Verblödung vun der Jugend feststellen? **Synonym** Verdummung

verbludden [feb'l'udən] ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé verblutt) » **intransitiv 1.** **DE** verbluten • **FR** perdre tout son sang, mourir d'une hémorragie • **EN** to bleed to death • **PT** esvair-se em sangue, morrer de hemorragia **Beispill** wier d'Ambulanz net esou séier op der Plaz gewiescht, de Mann wier garantéiert verblutt ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verblutt) » **reflexiv 2.** **DE** verbluten • **FR** perdre tout son sang, mourir d'une hémorragie • **EN** to bleed to death • **PT** esvair-se em sangue, morrer de hemorragia **Beispill** wier d'Ambulanz net esou séier op der Plaz gewiescht, de Mann hätt sech garantéiert verblutt

verbocken [feb'økən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verbockt) » **transitiv [égs] DE** verbocken • **FR** (faire) foirer, gâcher, faire capoter • **EN** to mess up,

to botch • **PT** espalhar-se em [dar-se mal em], estragar, deitar a perder **Beispill** ech hunn dee leschten Exame verbockt; deen neie Komitee kann net alles an d'Rei bréngen, wat dee viregte verbockt huet

Verbond [feb'ont] Maskulinum (Pluriel Verbënn) **1.** **DE** Verbund [Zusammenschluss] • **FR** groupement (d'intérêt) • **EN** alliance, federation, association • **PT** agrupamento [associação] **Beispill** d'Busgesellschaften am Süde vum Land hunn sech an engem Verbond zesummegehoen **2.** am Verbond mat **DE** im Verbund mit • **FR** en coopération avec • **PT** em conjunto com, em cooperação com **Beispill** wann Ännerunge vum PAG virgeholl ginn, sollen d'Gemengen esou vill ewéi méiglech am Verbond mat hiren Nopeschgemenge schaffen **Synonymmen** a Kooperatioun mat, zesumme mat

verbonnen [feb'onən] Adjektiv verbonne si mat **DE** verbunden sein mit [mit sich bringen] • **FR** impliquer [entraîner, nécessiter] • **EN** to entail, to involve • **PT** implicar [acarretar, necessitar] **Beispill** de Projet ass mat enormen Investitiounskäschte verbonnen

I „verbonnen“ kann och de Participle passé vum Verb ↗verban-nen sinn.

Verbonnenheet [feb'onənhe:t] Femininum (Pluriel <seelen> Verbonnenheeten) **DE** Verbundenheit • **FR** lien [affection, relation] • **PT** ligação [afeição, relação] **Beispill** am Gedicht kënnt déi déif Verbonnenheet vum Auteur mat der Natur zum Ausdruck

Verbotz [feb'ots] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Putz [Mauerbewurf] • **FR** crépi • **EN** plaster, rendering, roughcast • **PT** reboco **Beispill** duerch d'Fiichtegkeet ass de Verbotz vun der Mauer gebréckelt **Synonymmen** Ber-worf, Botz

verboten [feb'otsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verbotzt) » **transitiv 1.** **DE** verputzen [Putz anbringen] • **FR** crépir • **EN** to render, to roughcast • **PT** rebocar [revestir de reboco] **Beispill** déi al Fassad gouf ofgeklappt an nei verbotzt **2.** [égs] **DE** zusammenstau-chen, ausschimpfen • **FR** enguirlander, engueuler • **EN** to give a dressing-down, to tell off, to scold • **PT** passar um raspanete a, descompor **Beispill** fir déi Toppegkeet gouf hie gutt verbotzt **Synonym** vernennen

verbratschen [feb'r'atʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verbratscht)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Verbrauch [feb'r'æ:ʊx] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Verbrauch • **FR** consommation, utilisation, usage • **EN** consumption, usage • **PT** consumo, gasto, uso **Beispill** d'Industrie huet e grouse Verbrauch un Energie a Waasser; an den Hotelle gëtt probéiert, de Verbrauch vu frëschen Handdicher ze reduzéieren

verbrauchen [feb'r'æ:ʊxən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verbraucht) » **transitiv DE** verbrauchen • **FR** consommer, utiliser • **EN** to use, to consume • **PT** consumir, gastar, usar **Beispill** am Wanter gëtt méi Stroum verbraucht ewéi am Summer; de Gemengerot huet sech gewonnert, datt an de Schoulen esou vill Toilettëpabeier verbraucht gëtt

Verbraucher [feb'r'æ:ʊxə] Maskulinum (Pluriel Ver-brraucher) **DE** Verbraucher • **FR** consommateur, usager,

client • **EN** *consumer* • **PT** *consumidor, utente, cliente*
Beispill d'Vebraucher kënnen sech iwwer déi nid-
 dereg Präisser vum Mazout freeën **Synonym** Kon-
 sument

W Weiblech Form: ↗Verbraucherin

Verbraucherin [febr'æ:ʊχəriŋ] Femininum (Pluriel
 Verbraucherinnen) **DE** *Verbraucherin* • **FR** *consomma-
 trice, usagère, cliente* • **PT** *consumidora, utente, cliente*
Beispill als Verbraucherin ass et mer wichteg, datt de
 Rapport tëschent Qualitéit a Präis stëmmt **Synonym**
 Konsumentin

M Männlech Form: ↗Verbraucher

verbreeden [febr'e:dən] Verb (Hëllefverb hunn,
 Participe passé verbreet) » **transitiv 1.** **DE** *verbreiten*
[ausbreiten] • **FR** *répandre [propager]* • **EN** *to spread [to*
extend] • **PT** *espalhar [propagar]* **Beispiller** d'Raten hunn
 d'Pescht an der ganzer Stad verbreet; verschide
 Planze brauchen de Wand, fir hire Som ze verbree-
 den; deen desagreabele Mënsch verbreet béis
 Gerüchter iwwer eis!; de Bock verbreet e Gestank,
 dee bal net auszehalen ass **Synonym** propagéieren »
reflexiv 2. **DE** *sich verbreiten [sich ausbreiten]* • **FR** *se ré-
 pandre, se propager* • **EN** *to spread [to extend]* • **PT** *alas-
 trar, propagar-se* **Beispiller** d'Epidemie huet sech séier
 verbreet; déi gutt Noriicht hat sech séier uechter
 d'Dierfer verbreet **Synonym** sech propagéieren

V Verb, dat **verbreeden** als Basis huet: ↗weiderverbreeden

Verbreedung [febr'e:duŋ] Femininum (kee Pluriel)
DE *Verbreitung* • **FR** *propagation, diffusion* • **EN** *spreading,*
circulation, dissemination • **PT** *propagação, difusão*
Beispiller d'Police weist op d'Vebreedung vu
 gefälschte Geldschäiner hin; duerch d'Vebreedung
 vu Gerüchter gouf säi Ruff ruinéiert; mat engem neie
 Medikament ass d'Vebreedung vun der Epidemie
 gestoppt ginn

verbréngen [febr'ɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn,
 Participe passé verbuecht) » **transitiv DE** *verbringen*
[Zeit] • **FR** *passer [un certain temps]* • **EN** *to spend [to pass*
time] • **PT** *passar [algum tempo]* **Beispiller** mäi Papp **ver-
 bréngt** de ganzen Dag virum Computer; mir hunn de
 Weekend bei Frënn **verbuecht**; de Monni **verbréngt**
 seng Zäit nawell gär am Bistro

verbrennen [febr'ænən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn,
 Participe passé verbrannt) » **transitiv 1.** **DE** *verbrennen*
[durch Feuer zerstören] • **FR** *brûler [détruire par le feu]* •
EN *to burn [to destroy by fire]* • **PT** *queimar [consumir pe-
 lo fogo]* **Beispill** ech hunn déi eidel Këschten am Gaart
verbrannt 2. **DE** *verbrennen [verletzen]* • **FR** *brûler [bles-
 ser]* • **EN** *to burn [to injure]* • **PT** *queimar [ferir]* **Beispiller**
 ech hu mer d'Fangeren un der Kachplack **verbrannt**;
 bleif vum Grill ewech, soss **verbrenns** de dech nach!;
 beim Groussasaz huet e Pompjee sech ganz uerg **ver-
 brannt**; well ech d'Sonnecrème vergiess hat, war ech
 owes **verbrannt** [ɛgs] [well ech d'Sonnecrème vergiess
 hat, hat ech owes e Sonnebrand] **3.** **DE** *verbrennen [be-
 schädigen, unbrauchbar machen, ungenießbar ma-
 chen]* • **FR** *brûler [endommager, rendre inutilisable,*
rendre impropre à la consommation] • **EN** *to burn [to*
damage, to spoil] • **PT** *queimar [danificar, estragar, tor-
 nar impróprio para consumo]* **Beispiller** beim Strecken

hunn ech mer mäi schéint Hiem **verbrannt**; ech wëll
 dee Paangech do net, deen ass ganz **verbrannt!** **4.** **DE**
verbrennen [durch Feuer töten] • **FR** *brûler [tuer par le*
feu] • **EN** *to burn [at the stake]* • **PT** *queimar [matar pelo*
fogo] **Beispill** an der Zäit si vill Fraen als Hexe **verbran-
 nt** ginn ♦ **Verb** (Hëllefverb sinn, Participe passé **ver-
 brannt**) » **intransitiv 5.** **DE** *verbrennen [durch Feuer, durch*
Hitze zerstört werden] • **FR** *brûler [être détruit par le feu,*
par la chaleur] • **EN** *to burn [to be destroyed by fire, by*
heat] • **PT** *arder, queimar [ser destruído pelo fogo, pe-
 lo calor]* **Beispiller** beim Feier an der Bibliothék ass
 e groussen Deel vun de Bicher **verbrannt**; de Motor
 vum Mixer ass **verbrannt 6.** **DE** *verbrennen [durch Feuer*
umkommen] • **FR** *brûler [périr par le feu]* • **EN** *to burn [to*
death] • **PT** *morir queimado* **Beispill** d'Astronoute sinn
 an hirer Kapsel **verbrannt**

Verbrennung [febr'ænuŋ] Femininum **1.** (Pluriel
 Verbrennungen) **DE** *Verbrennung [Brandwunde]* • **FR**
brûlure [lésion] • **EN** *burn [injury]* • **PT** *queimadura [lesão]*
Beispill zwou Persounen si mat schwéiere **Verbrennun-
 gen** an d'Spidol ageliwwert ginn **2.** (kee Pluriel) **DE**
Verbrennung [Verbrennungsvorgang] • **FR** *combustion* •
EN *combustion, burning* • **PT** *combustão* **Beispill** bei der
 Verbrennung vu Kuelen entsti Gaser, déi geféierlech
 fir d'Gesondheet sinn

Verbriechen [febr'i:ɛçən] Neutrum (Pluriel Ver-
 briechen) **DE** *Verbrechen* • **FR** *crime* • **EN** *crime* • **PT** *crime*
Beispiller d'Police mécht kee Lien tëschent deenen
 zwee **Verbriechen**; Friemenhaass kann zu schlemme
Verbriechen féieren; et ass e **Verbriechen**, esou e gud-
 de Wäi mat Sprudde(w)asser ze verdénnen! [ɛgs] [et
 ass eng Schan, esou e gudde Wäi mat Sprudde-
 waasser ze verdénnen!]

verbriechen [febr'i:ɛçən] Verb (Hëllefverb hunn,
 Participe passé verbrach) » **transitiv DE** *verbrechen* • **FR**
commettre [se rendre responsable de] • **EN** *to commit,*
to perpetrate • **PT** *cometer, fazer [perpetrar]* **Beispiller** hie
 béisst fir eppes, wat en net **verbrach** huet; wien huet
 dee gräisslechen Tablo do **verbrach**?; wat hunn ech
 nëmme **verbrach**? [ɛgs] [firwat ginn ech esou vum
 Schicksal bestrooft?]; wat hunn ech dann elo schonn
 erëm **verbrach**? [ɛgs] [wat gött mer dann elo schonn
 erëm virgeworf?]

Verbriecher [febr'i:ɛçɐ] Maskulinum (Pluriel Ver-
 briecher) **DE** *Verbrecher* • **FR** *criminel* • **EN** *criminal* • **PT**
criminoso, malfeitor **Beispill** de **Verbriecher** krut fënneg
 Joer Prisong

W Weiblech Form: ↗Verbriecherin

Verbriecherin [febr'i:ɛçəriŋ] Femininum (Pluriel
 Verbriecherinnen) **DE** *Verbrecherin* • **FR** *criminelle*

M Männlech Form: ↗Verbriecher

verbrueden [febr'u:ədən] Verb (Hëllefverb hunn,
 Participe passé verbruet) » **transitiv DE** *vermurksen* • **FR**
fausser [rendre inutilisable en forçant] • **EN** *to deform,*
to distort • **PT** *entortar, deformar [aplicando demasiada*
força] **Beispill** pass op, datt s de d'Schrauf net **ver-
 bruet**! **Synonym** vermurksen

verbruet [febr'u:ət] Adjektiv **DE** *verbohrt* • **FR** *buté, en-
 têté* • **EN** *awkward, stubborn* <Adverb stubbornly> • **PT** *ca-
 beçudo, teimoso* **Beispiller** hien ass ze vill **verbruet** fir

zouzeginn, datt en e Feeler gemaach huet; kuck net esou verbruet! **Synonym** bockeg

i „verbruet“ kann och de Participe passé vum Verb **verbrueden** sinn.

verbuchen [feb'vuxən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verbucht) » **transitiv** **DE** verbuchen • **FR** comptabiliser, enregistrer • **EN** to enter into the accounts • **PT** contabilizar, registar **Beispiller** eisen Tresorier schéngt alles richteg verbucht ze hunn; den Athleet kann dès Saison schon excellent Resultater verbuchen [den Athleet huet dès Saison schon excellent Resultater opweises]

Verbuuet [feb'væt] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Verbueter) **DE** Verbot • **FR** interdiction • **EN** ban [prohibition] • **PT** proibição, interdição **Beispiller** d'Experte si fir e Verbuuet vun där geféierlecher Substanz; d'Verbuuet vum Fëmmen an de Bistron huet fir vill Opreegung gesuergt

Verbuettsschëld [feb'vætsʃəlt] Neutrum (Pluriel Verbuettsschëlter / Verbuettsschëlter) **DE** Verbotsschild, Verbotsschild • **FR** signal d'interdiction, panneau d'interdiction • **EN** prohibition (road) sign, prohibitive (road) sign • **PT** sinal de proibição **Beispill** den Automobilist krut e Protokoll, well en e Verbuettsschëld ignoriert hat

verchromen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verchromt) » **transitiv** **DE** verchromen • **FR** chromer • **PT** cromar **Beispill** de Parechoc vu mengem Oldtimer huet misse frësch verchromt ginn **Synonym** chroméieren

verchromt [fekr'o:mt] Adjektiv **DE** verchromt • **FR** chromé • **EN** chromed, chrome-plated • **PT** cromado **Beispill** u mengem Oldtimer si vill verchromten Accessoiren **Synonym** chroméiert

i „verchromt“ kann och de Participe passé vum Verb **verchromen** sinn.

Verdacht [fed'axt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Verdacht • **FR** soupçon [suspicion] • **EN** suspicion • **PT** suspeita **Beispiller** d'Police huet e Verdacht, wien den Abriecher kéint sinn; ech hunn do esou e Verdacht, wéi wann eppes net géif stëmmen; den Employé steet am Verdacht, Suen ënnerschloen ze hunn [den Employé gëtt verdächtegt, Suen ënnerschloen ze hunn]; allkéiers, wa kee Schockela méi do ass, fält de Verdacht op mech! [allkéiers, wa kee Schockela méi do ass, ginn ech verdächtegt!]; de Papp huet sai Jong am Verdacht, en hätt em Suen aus dem Portmonni geholl [de Papp verdächtegt sai Jong, en hätt em Suen aus dem Portmonni geholl]

verdächteg [fed'æçtəç] Adjektiv **DE** verdächtig [Verdacht erregend, unter Verdacht stehend] • **FR** suspect • **EN** suspicious, suspect • **PT** suspeito **Beispiller** um Flughafen ass bei enger Kontroll e verdächtige Pak fonnt ginn; de Verbriecher huet sech duerch sai komescht Behuele verdächteg gemaach; d'Police huet dem Verdächtige säin Alibi kontrolléiert

verdähtegen [fed'æçtəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verdächtegt) » **transitiv** **DE** verdächtigen • **FR** soupçonner [suspecter] • **EN** to suspect • **PT** suspeitar de, ter suspeitas de **Beispiller** de Proprietär

selwer gëtt als Brandstëfter verdächtegt; allkéiers, wa kee Schockela méi do ass, ginn ech verdächtegt! **Synonym** soupçonéieren

Verdachtsfall [fed'axtsfal] Maskulinum (Pluriel Verdachtsfäll) **DE** Verdachtsfall • **FR** cas suspect • **EN** suspected case • **PT** caso suspeito **Beispill** well ech d'Symptomer vum Virus hunn, zielen ech zu de Verdachtsfäll a soll mech teste loosse

verdaddert [fed'adət] Adjektiv **DE** verdattert • **FR** abasourdi, abattu • **EN** flabbergasted, stunned • **PT** embasbacado, apavorado **Beispiller** d'Schüler hu verdaddert Gesichter gemaach, wéi se d'Prüfung erëmkruten; firwat kucks de esou verdaddert dran?

verdäitlechen [fed'æ:itləçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verdäitlecht) » **transitiv** **DE** verdeutlichen • **FR** clarifier, expliciter • **EN** to clarify, to illustrate • **PT** esclarecer, ilustrar **Beispill** de Wëssenschaffler huet d'Analys mat Zuele verdäitlecht

verdäiwelen [fed'æ:ivələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verdäiwelt) » **transitiv** **DE** verteufeln • **FR** diaboliser • **EN** to demonize • **PT** demonizar **Beispiller** déi meescht Reliounen verdäiwelen d'Homosexualitéit; mäin Dokter verdäiwelt d'Zigaretten an e fëmmt selwer!

verdäiwelt [fed'æ:ivəlt] Adjektiv **1.** **[égs]** **DE** verteufelt, verflucht, verdammt • **FR** sacré, maudit, satané • **EN** cursed, confounded, bloody • **PT** maldito, malvado **Beispill** beim Sträit an der Noperschaft goug et ëmmer erëm em déi verdäiwelt Servituten! **2.** **[égs]** **DE** verteufelt, verflucht, verdammt [außerordentlich] • **FR** sacré, satané [extraordinaire] <Adverb sacrément, diablement> • **EN** damn(ed), bloody, devilish <Adverb devilishly> • **PT** dos diabos, danado [extraordinário] <Adverb como o diabo, como o caracas> **Beispiller** mir haten eng verdäiwelt Chance, datt d'Feier net op eist Haus iwwergegraff huet!; deng Zooss ass gutt, mee verdäiwelt schaarf!

i „verdäiwelt“ kann och de Participe passé vum Verb **verdäiwelen** sinn.

verdamen [fed'a:mən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verdaamt) » **transitiv** **1.** **DE** verdammen [anprangern, ablehnen] • **FR** fustiger, condamner • **EN** to condemn [to censure] • **PT** censurar, condenar **Beispiller** du kanss dach hautdesdaags kee méi verdamen, well e gescheet gëtt!; mäin Dokter verdaamt d'Zigaretten an e fëmmt selwer! **2.** verdamen zu **DE** verdammen zu, zwingen zu • **FR** condamner à, obliger à • **EN** to condemn to, to doom to • **PT** condenar a, obrigar a **Beispiller** duerch eng seele Krankheet ass meng Boma derzou verdaamt, am Rollstull ze sëtzen; wann een sech en Hond uschaaft, ass een derzou verdaamt, all Dag mat em erauszegoen

verdämpfen [fed'æmpən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé verdämpft) » **intransitiv** **1.** **DE** verdampfen • **FR** s'évaporer • **PT** evaporar-se **Beispill** déi cheemesch Substanz verdämpft scho bei Zëmmertemperatur **Synonym** evaporéieren **2.** **DE** abbrennen [Zigarette] • **FR** se consumer [cigarette] • **PT** queimar [cigarro] **Beispill** hie léisst seng Zigarette dacks am Äschebecher verdämpfen

verdanken [fed'ɑŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verdankt) » **transitiv** **DE** *verdanken* • **FR** *devoir à, être redevable de ... à* • **EN** *to owe to, to have to thank for* • **PT** *dever a, ter de agradecer o facto de ... a* **Beispiller** datt ech konnt studéiere goen, hunn ech mengem Papp ze verdanken; déi Retenue hunn ech dir ze verdanken! ironesch [déi Retenue hunn ech wéinst denger kriti]

verdauen [fed'ʊʊən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verdaut) » **transitiv** **1. DE** *verdauen* [Nahrung] • **FR** *digérer* [des aliments] • **EN** *to digest* [food] • **PT** *digerir* [alimentos] **Beispill** ech verdauen dat fetteg Essen net gutt **2. DE** *verdauen* [seelisch verarbeiten] • **FR** *digérer* [accepter] • **EN** *to digest* [to accept] • **PT** *digerir* [psicologicamente] **Beispill** hien huet déi Blamage bis haut net verdaut » **intransitiv** **3. DE** *verdauen* • **FR** *digérer* • **EN** *to digest* • **PT** *digerir* **Beispill** zënter ech keng Galeblos méi hunn, hunn ech Problemer fir ze verdauen

verdaulech [fed'ʊʊlɔç] Adjektiv **DE** *verdaulich* • **FR** *digeste* • **EN** *digestible* • **PT** *digerível* **Beispiller** verschidde Liewensmëttel si méi verdaulech, wa se gekacht sinn; ech hunn dän Text a méi eng verdaulech Form bruecht [ech hunn dän Text a méi eng liicht verständlech Form bruecht]

Verdaauung [fed'ʊʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Verdaauung* • **FR** *digestion* • **EN** *digestion* • **PT** *digestão* **Beispill** wéinst deem fetlegen Essen hunn ech Problemer mat der Verdaauung

Verdaauungsprobleem [fed'ʊʊŋsproble:m] Maskulinum (Pluriel Verdaauungsprobleemer) - Variant vun **Verdaauungsproblem**

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Verdaauungsprobleem / Verdaauungsproblem

Verdaauungsproblem [fed'ʊʊŋsproble:m] Maskulinum (Pluriel Verdaauungsprobleemer) **DE** *Verdaauungsproblem* • **FR** *problème de digestion* • **EN** *digestive problems, digestive disorder* • **PT** *problema de digestão* **Beispiller** fir meng Verdaauungsproblemer fënnt den Dokter keng organesch Ursaach; wéinst menge Verdaauungsproblemer loossen ech mer eng Mospigelung maachen

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Verdaauungsproblem / Verdaauungsprobleem

verdecken [fed'æ:kən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verdeckt) » **transitiv** **DE** *verdecken* [abdecken, überdecken] • **FR** *couvrir* [cacher, masquer] • **EN** *to cover up* • **PT** *cobrir* [esconder, disfarçar] **Beispill** d'Meedchen huet seng Länzeechen am Hals mat engem Fischechi verdeckt

verdeedegen [fed'e:dəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verdeedegt) - Variant vun **verteedegen**

Verdeedeger [fed'e:dəzɛ] Maskulinum (Pluriel Verdeedeger) - Variant vun **Verteideger**

Verdeedegerin [fed'e:dəzərin] Femininum (Pluriel Verdeedegerinnen) - Variant vun **Verteidegerin**

Verdeedegung [fed'e:dəzŋ] Femininum (Pluriel Verdeedegungen) - Variant vun **Verteidegung**

verdeelen [fed'e:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verdeelt) » **transitiv** **1. DE** *verteilen* [ausbreiten] • **FR** *répartir* [étaler] • **EN** *to spread out* • **PT** *espalhar* [dispersar] **Beispill** ier s de séis, muss de de Buedem am Beet gläichméisseg verdeelen **2. DE** *verteilen, aufteilen* • **FR** *répartir* [distribuer] • **EN** *to divide up* [to allocate] • **PT** *distribuir, repartir* [em lugares diferentes] **Beispill** well den Zuch eng Pann hat, goufen d'Leit op Busse verdeelt **3. DE** *verteilen* [austeilen] • **FR** *distribuer* [à plusieurs personnes] • **EN** *to hand out, to distribute* • **PT** *distribuir* [a diversas pessoas] **Beispill** ee Gléck, datt mer Fräiwëlleger hunn, déi d'Broschüre verdeelen! **Synonym** ausdeelen **4. DE** *verleihen* [überreichen] • **FR** *distribuer, remettre* • **EN** *to bestow, to hand out* • **PT** *distribuir, entregar* [fazer receber, atribuir] **Beispill** um Nationalfeierdag huet d'Buergermeeschtesch Gielcher verdeelt » **reflexiv** **5. DE** *sich verteilen* [sich zerstreuen] • **FR** *se disperser* • **EN** *to spread out, to scatter* • **PT** *dispersar-se, espalhar-se* **Beispill** fir dëst Spill mussen d'Kanner sech am ganzen Turnsall verdeelen

i Verb, dat verdeelen als Basis huet: **emverdeelen**

Verdeeler [fed'e:lɛ] Maskulinum (Pluriel Verdeeler) **DE** *Verteiler* [Installation] • **FR** *distributeur* [installation technique] • **PT** *(sistema) distribuidor* [dispositivo técnico] **Beispiller** d'Aarbechter hunn d'Waasser fir e puer Stonne gespaart, well um Verdeeler geschafft gëtt; well de Blëtze an de Verdeeler geschloen hat, hate mer déi ganz Nuecht kee Stroum

Verdeelung [fed'e:lŋ] Femininum (Pluriel Verdeelungen) **1. DE** *Verteilung* [Aufteilung] • **FR** *distribution, répartition* • **EN** *distribution, allocation* • **PT** *distribuição, repartição* **Beispiller** wéini de Projet fäerdeg gëtt, hänkt ënner anerem vun der Verdeelung vun den Tächen of; wien ass zoustänneg fir d'Verdeelung vun den Touristen op déi verschidde Bussen? **2. DE** *Verteilung* [Austeilung] • **FR** *distribution* [à plusieurs personnes] • **EN** *distribution, sharing out* [to different people] • **PT** *distribuição* [a diversas pessoas] **Beispill** et këmmere sech eng Rei Benevollen ëm d'Verdeelung vu Gezei un d'Flüchtlingen **3. DE** *Verleihung* [Überreichung] • **FR** *distribution, remise* • **EN** *award, presentation* • **PT** *distribuição, entrega* **Beispill** d'Verdeelung vun de Präisser vum Molconcours ass am spéiden Nomëtteg

Verdeelungssystem [fed'e:lŋsiste:m] Maskulinum (Pluriel Verdeelungssystemer) **DE** *Verteilungssystem* • **FR** *système de distribution* • **EN** *distribution system* • **PT** *sistema de distribuição* **Beispill** eise Verdeelungssystem vum interne Courier muss perfektionéiert ginn

verfueren [fɛf'u:ɔʁən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verfuer) » **transitiv 1.** **DE** verfahren • **FR** consommer (en roulant), dépenser (en roulant) • **EN** to use up (by driving) • **PT** consumir (a conduzir), gastar (a conduzir) **Beispill** ech huelen den Zuch fir op d'Aar-becht, soss **verfueren** ech ze vill Bensinn **Synonym** verrennen » **reflexiv 2.** **DE** sich verfahren • **FR** se tromper de route [conducteur, véhicule] • **EN** to get lost, to lose one's way • **PT** enganar-se no caminho [conductor, veículo] **Beispill** mir **hunn** eis **verfuer**, well eng Ëmleedung schlecht gezeecht war **Synonymmen** sech verieren, sech verrennen ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé verfuer) » **intransitiv 3.** **DE** verfahren [vorgehen] • **FR** procéder, agir • **EN** to proceed • **PT** proceder, agir **Beispill** mir **mussen** eis **iwwerleeën**, wéi mer an där Affär **verfueren** **Synonym** virgoen **4.** **verfueren** mat **DE** umgehen mit, umspringen mit • **FR** traiter, se comporter envers • **EN** to treat, to behave towards • **PT** tratar, comportar-se para com **Beispill** et ass schlëmm, wéi dir hei mat mir **verfuert**!

verfügbar [fɛf'y:çba:ɾ] Adjektiv **DE** verfügbar • **FR** disponible • **EN** available • **PT** disponível **Beispiller** méindes sinn ech net **verfügbar**; de Modell Auto, deen der wëllt lounen, ass de Moment net **verfügbar** **Synonym** disponibel

Verfügbarkeit Femininum (kee Pluriel) **DE** Verfügbarkeit • **FR** disponibilité [d'une personne, d'une chose] • **PT** disponibilidade [de uma pessoa, de uma coisa] **Beispiller** am Wanter bitt de Musée, jee no **Verfügbarkeit** vu senge Guiden, just Visitten op Rendez-vous un; d'**Verfügbarkeit** vun den Impfstoffen kann net garantéiert **ginn** **Synonym** Disponibilitéit

verfügen [fɛf'y:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verfügt) » **intransitiv 1.** **verfügen** **iwwer** **DE** verfügen über [zur Verfügung haben] • **FR** disposer de [avoir à sa disposition] • **EN** to have at one's disposal • **PT** dispor de [ter à disposição] **Beispill** eise Laboratoire **verfügt** **iwwer** en eegene Budget **Synonymmen** disponéieren **iwwer**, zur Verfügung **hunn 2.** **verfügen** **iwwer** **DE** verfügen über [bestimmen über] • **FR** disposer (à sa guise) de, disposer (abusivement) de • **EN** to take advantage of, to do as one wants with • **PT** dispor (a seu bel-prazer) de, dispor (abusivamente) de **Beispiller** däi Patron kann dach net einfach esou **iwwer** dech **verfügen**!; d'Kanner **verfügen** **iwwer** dem Papp säin Auto,

wéi wann et hire wier

Verfügung [fɛf'y:zʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **1.** zu(r) Verfügung **DE** zu(r) Verfügung • **FR** à disposition • **EN** available, at one's disposal • **PT** à disposição **Beispiller** de Staat stellt déi néideg Moyene fir de Bau vun der neier Schoul zur Verfügung; an eiser Schoul huet all Kand en Tablet zur Verfügung; fir weider Informatioun sti mir gären zu Ärer Verfügung **2.** **DE** Verfügung [Bestimmung] • **FR** disposition [clause] • **EN** provision, condition [clause] • **PT** disposição [cláusula] **Beispill** an der testamentarescher Verfügung steet, wéi d'Erbschaft opgedeelt gëtt

verfuschen [fɛf'ʊʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verfuscht) » **transitiv** [ɛɡs] **DE** verpfuschen • **FR** bousiller, gâcher • **EN** to mess up • **PT** estragar, arruinar **Beispill** mat dengem Dommheete riskéiers de, der deng ganz Karriär ze verfuschen!

verfuussen [fɛf'ʊ:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verfuusst) » **reflexiv** **DE** sich verdrücken, sich heimlich aus dem Staub machen • **FR** filer en douce, se tirer en douce, se retirer • **PT** fugir sorrateiramente, esgueirar-se **Beispiller** wéi et geheescht huet spullen, hunn se sech alleguer verfuusst!; d'Inten hu sech an d'Létsche verfuusst

vergaangen [fɛg'a:ŋən] Adjektiv **DE** vergangen • **FR** dernier, passé • **EN** past • **PT** último, passado **Beispill** an de vergaangene Joren hu mer vill schéi Reese gemaach

i „vergaangen“ kann och de Participe passé vum Verb ↗vergoen sinn.

i „vergaangen“ kann och de Participe passé vum Verb ↗vergoen sinn.

Vergaangeneheet [fɛg'a:ŋənhe:t] Femininum (kee Pluriel) **1.** **DE** Vergangenheit [vergangene Zeiten] • **FR** passé [temps révolu] • **EN** past [former times] • **PT** passado [tempo remoto] **Beispiller** an der Vergaangeneheet si vill Leit um Blinddarm gestuerwen; dee Kärel huet eng kriminell Vergaangeneheet [dee Kärel war fréier kriminell]; eeler Leit liewen dacks an der Vergaangeneheet [eeler Leit beschäftegen sech dacks mat hiren Erënnerungen]; komm, mer vergiessen d'Vergaangeneheet a sinn erëm gutt mateneen! [komm, mer iwweerginn dat, wat geschitt ass, a sinn erëm gutt mateneen!] **2.** **DE** Vergangenheit [in der Grammatik] • **FR** passé [grammatical] • **EN** past tense • **PT** passado [grammatical] **Beispill** d'Schüler hunn de ganzen Text missen an d'Vergaangeneheet setzen

Vergaangeneheitsform Femininum (Pluriel Vergaangeneheitsformen) **DE** Vergangenheitsform • **FR** temps du passé • **EN** past tense • **PT** tempo do passado **Beispiller** Preteritum an Imperfekt sinn zwou Bezeechnunge fir déi selwecht Vergaangeneheitsform; Romaner si meeschtens an der Vergaangeneheitsform geschriwwen

vergadderen [fɛg'adərən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé vergaddert) » **intransitiv** [ɛɡs] **DE** versauern [aus Langeweile], vor Ungeduld vergehen • **FR** mourir (d'ennui), sêcher d'impatience • **EN** to die of boredom, to die of impatience • **PT** ficar a secar, morrer de tédio **Beispiller** ech weess net, wat ech an der Grousser

Vakanz soll maachen, fir net doheem ze vergadderen; ech si bal vergaddert, wéi meng Kolleegen esou spéit komm sinn

vergänglich [fɛgæŋlɔç] Adjektiv **DE** vergänglich • **FR** éphémère, passager • **EN** transient, ephemeral • **PT** efêmero, passageiro **Beispiller** d'Leift ass vergänglich; et ass nâischt méi vergänglich ewéi déi gutt Virsätz

Vergänglichkeet [fɛg'æŋlɔçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Vergänglichkeit • **FR** caractère éphémère • **EN** transience • **PT** efemeridade **Beispill** dee Moler wëllt a senge Biller d'Vergänglichkeet vum mënschleche Kierper duerstellen

vergasen [fɛg'a:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vergaast) » **transitiv** **DE** vergasen [töten] • **FR** gazer [tuer] • **EN** to gas [to kill] • **PT** gasear [matar] **Beispiller** et si Milliounen vu Leit an de Konzentratiounslagere vergaast ginn; de Gäertner huet probéiert, d'Wullmais am Gaart ze vergasen

vergëften [fɛg'ɛftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vergëft) » **transitiv** **1.** **DE** vergiften [umbringen] • **FR** empoisonner [tuer] • **EN** to poison • **PT** envenenar [matar] **Beispiller** den Noper behaupt, et hätt een seng Kaz vergëft; no der Obduktioun stoung fest, datt de Patient vergëft gouf **2.** **DE** vergiften [verschmutzen] • **FR** contaminer, polluer • **EN** to pollute • **PT** contaminar, poluir **Beispiller** d'Emissiounen vun den Autoen vergëften d'Ëmwelt; mat sengen domme Bemierkungen huet hien déi gutt Ambiente vergëft [mat sengen domme Bemierkungen huet hien déi gutt Ambiente verduerwen]

Vergëftung [fɛg'ɛftʊŋ] Femininum (Pluriel Vergëftungen) **DE** Vergiftung • **FR** empoisonnement, intoxication • **EN** poisoning • **PT** envenenamento, intoxicação **Beispiller** bei der Enquête geet d'Police vun enger Vergëftung aus; verduerwent Iesse kann zu enger Vergëftung féieren

vergëlden [fɛg'ɛldən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vergëlt) - Variant vun ↗vergëllen

vergëllen [fɛg'ɛlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vergëllt) » **transitiv** **DE** vergolden • **FR** dorer • **EN** to gold-plate, to gild • **PT** dourar **Beispill** verschidden Ornamente goufe frësch vergëllt

i Varianten: vergëlden, vergolden, vergulden

Vergënschtegung [fɛg'ənʃtɛzʊŋ] Femininum (Pluriel Vergënschtegungen) **DE** Vergünstigung • **FR** avantage [accordé par une autorité] • **EN** benefit, advantage [granted by an authority] • **PT** vantagem [concedida por uma autoridade] **Beispill** als bestuete Koppel kann ee vu verschiddene steierleche Vergënschtegungen profitéieren **Synonymen** Avantage, Virdeel

vergässerlech [fɛg'əsələç] Adjektiv **DE** vergesslich • **FR** oublieux • **EN** forgetful • **PT** esquecido, desmemoriado **Beispiller** well ech esou vergässerlech sinn, schreiwen ech mer all Rendez-vous op; mam Alter gëtt een ëmmer méi vergässerlech

i Varianten: vergiesserlech, vergiesslech

Vergässerlechkeet [fɛg'əsələçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Vergesslichkeit • **FR** mémoire défailante

• **EN** *forgetfulness* • **PT** *memória fraca* **Beispill** wéinst menger Vergësserlechkeet hat ech de Rendez-vous bal verpasst

i Varianten: Vergiesserlechkeet, Vergiesslechkeet

vergëtteren [fɛg'ətərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **vergëttert**) » **transitiv DE** *vergöttern* • **FR** *adorer, idolâtrer* • **EN** *to worship, to idolize* • **PT** *adorar, idolatrar* **Beispill** vill jonk Meedercher **vergëtteren** dee coole Rapper

Vergeturen [vɛʁʒet'y:rən] Femininum (kee Singular) **DE** *Schwangerschaftsstreifen* • **FR** *vergetures* [*de grossesse*] • **EN** *stretch marks, striae* [*due to pregnancy*] • **PT** *estrias* **Beispill** wann d'Haut vum Bauch sech an der Schwangerschaft deent, kréie vill Frae **Vergeturen** **Synonym** Schwangerschaftssträifen

vergewalteen [fɛg'əvaltəzən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **vergewallegt**) » **transitiv DE** *vergewaltigen* [*sexuell missbrauchen*] • **FR** *violer* [*abuser de*] • **EN** *to rape* • **PT** *violar* [*estuprar*] **Beispill** hie sëtzt am Prisong, well en eng Fra **vergewallegt** huet **Synonym** violéieren

Vergewalteger [fɛgəv'altəʒe] Maskulinum (Pluriel **Vergewalteger**) **DE** *Vergewaltiger* • **FR** *violateur* • **EN** *rapist* • **PT** *violador* **Beispill** de **Vergewalteger** gouf zu zéng Joer festem Prisong verurteelt

Vergewaltegung [fɛgəv'altəzɔŋ] Femininum (Pluriel **Vergewaltegunge**) **DE** *Vergewaltigung* • **FR** *viol* [*abus sexuel*] • **EN** *rape* • **PT** *violação, estupro* **Beispill** den Ugeklote muss sech wéinst **Vergewaltegung** viru Geriicht veräntweren **Synonym** Viol

vergewësseren [fɛg'əvəsərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **vergewëssert**) » **reflexiv DE** *sich vergewissern* • **FR** *s'assurer* [*vérifier*] • **EN** *to make sure, to double-check* • **PT** *certificar-se, assegurar-se* **Beispiller** virun der Konferenz **hunn** ech mech nach eng kéier **vergewëssert**, datt d'Mikroen all funktionéieren; ier mer an d'Vekantz fueren, musse mer eis **vergewësseren**, datt mer d'Fënsteren all zouge-maach **hunn**

Vergiess [fɛg'jəs] Maskulinum (kee Pluriel) an de Vergiess kommen / an de Vergiess geroden **DE** *in Vergessenheit geraten* • **FR** *tomber dans l'oubli* • **EN** *to fade into oblivion, to be forgotten* • **PT** *cair no esquecimento* **Beispiller** gebräichlech Ausdréck vu fréier kommen ëmmer méi an de **Vergiess**; no de Wale geroden de Politiker hir Versprieche nawell gär an de **Vergiess**

vergiessen [fɛg'jəsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **vergiess**) » **transitiv 1. DE** *vergessen* [*sich nicht mehr erinnern an*] • **FR** *oublier* [*ne plus se souvenir de*] • **EN** *to forget* [*to fail to remember*] • **PT** *esquecer(-se de)* [*não lembrar*] **Beispiller** hien huet eise Rendez-vous vun de Mueren doudsécher **vergiess**; déi Affär ass scho laang **vergiess**; Gewunnechten an Traditione vu fréier sollen net **vergiess** ginn; ech därf net **vergiessen**, mäi Rendez-vous beim Dokter ofzesoen; dat do **vergiessen** ech der net! [*dofir sinn ech der éiweg dankbar*] **2. DE** *vergessen* [*zurücklassen*] • **FR** *oublier* [*par inadvertance*] • **EN** *to forget* [*inadvertently*] • **PT** *esquecer-se de* [*deixar por inadvertência*] **Beispill** ech hu mäi Portmonni **vergiess**, kanns du fir mech bezuelen?

3. kënne vergiessen DE *vergessen können* • **FR** *pouvoir faire une croix sur* • **EN** *can forget, to kiss goodbye* • **PT** *poder dizer adeus a* **Beispill** wann s de am Examen duerchfäls, kanns de deng **Vakanz vergiessen!** » **reflexiv 4. DE** *sich vergessen, die Beherrschung* (*über sich selbst*) *verlieren* • **FR** *perdre le contrôle de soi* • **EN** *to forget oneself* • **PT** *perder o domínio de si próprio* **Beispill** wann s de mech weider provozéiers, **vergiessen** ech mech!

vergiesserlech [fɛg'jəsəlɛç] Adjektiv - Variant vun **vergiesserlech**

Vergiesserlechkeet [fɛg'jəsəlɛçke:t] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **vergiesserlechkeet**

vergiesslech [fɛg'jəsəlɛç] Adjektiv - Variant vun **vergiesserlech**

Vergiesslechkeet [fɛg'jəsəlɛçke:t] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **vergiesserlechkeet**

verginn [fɛg'in] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verginn**) » **transitiv DE** *vergeben* [*zuteilen*] • **FR** *donner, attribuer* [*officiellement*] • **EN** *to allocate to, to award to* • **PT** *atribuir, conceder* [*oficialmente*] **Beispiller** de Gemengerot huet d'Aarbechten an der Sportshal un e Betrib aus dem Duerf **verginn**; d'Federatioun **vergëtt** all Joer nëmnen eng begrenzt Zuel Lizenzen; du brauchts dech net méi ze beméien, déi Aarbechtsplaz ass scho **verginn**; hien ass scho **verginn** [*égs*] |hien ass schon an enger fester Bezéiung|

vergitteren [fɛg'itərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **vergittert**) » **transitiv DE** *vergittern* • **FR** *grillager* • **EN** *to fit a grille* [*to fit with security bars*] • **PT** *gradear* **Beispill** nodeem bei eis agebrach gouf, hu mer eis Kellerfënstere **vergittere** gelooss

Verglach [fɛg'lɑχ] Maskulinum (Pluriel **Vergläicher**) **DE** *Vergleich* [*vergleichende Betrachtung*] • **FR** *comparaison* • **EN** *comparison* • **PT** *comparação* **Beispiller** dee **Verglach** do ass wäit hiergeholl; am **Verglach** mat soss hate mer dëst Joer net vill Reen |wann ee mat soss vergläicht, hate mer dëst Joer net vill Reen|; do ass kee **Verglach!** |⇒ seet een, wann een e groussen Ënnerschied tëschent zwou Saache feststellt|

i Variant: Vergläich

Vergläich [fɛg'læ:ɪç] Maskulinum (Pluriel **Vergläicher**) - Variant vun **verglach**

vergläichbar [fɛg'læ:ɪçba:r] Adjektiv **DE** *vergleichbar* • **FR** *comparable* • **EN** *comparable* • **PT** *comparável* **Beispiller** déi zwee Länner **hunn** e **vergläichbare** Wuesstum; d'Affekotin huet e **vergläichbare** Prozess als Prezedenzfall ugefëiert

vergläichen [fɛg'læ:ɪçən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verglach**) » **transitiv** **vergläichen** (mat) **DE** *vergleichen* (*mit*) • **FR** *comparer* (*à*) • **EN** *to compare* (*to*), *to compare* (*with*) • **PT** *comparar* (*com*) **Beispill** um Internet kann ee kamoud d'Präisser (mateneen) **vergläichen**

verglasen [fɛg'l'a:zən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verglaast**) » **transitiv DE** *verglasen* • **FR** *vitrer* • **PT** *envidraçar* **Beispiller** d'Passerell tëschent deenen zwee Gebaier gouf **verglaast**; dräifach **verglaaste**

Fensterer sinn haut Standard

Verglasung [fɛg'l'a:suŋ] Femininum (Pluriel Verglasungen) **DE** Verglasung [Scheibe(n)] • **FR** vitrage [vitre(s)] • **EN** glazing [windows] • **PT** vidro(s) [vidraça(s)] **Beispill** an eisem neien Haus hu mer Fensterer mat dräifacher Verglasung

verglousen [fɛg'l'əʊzən] Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé vergloust) » **intransitiv DE** verglūhen, verglīmnen • **FR** se désagrēger, se désintēgrer [sous l'effet de la chaleur] • **EN** to burn up, to burn out • **PT** desin-tegrar-se [pela ação do calor], apagar-se [brasas] **Beispiller** de Meteorit ass an der Atmosphär vergloust; wéi mer d'Kotlette sollten op der Grill leeën, waren d'Kuele scho vergloust

vergoen [fɛg'o:ən] ♦ Verb (Hëllesverb sinn, Participe passé vergaangen / vergaang) » **intransitiv 1. DE** vergehen [verstreichen] • **FR** passer [s'écouler] • **EN** to pass, to go by • **PT** passar, decorrer **Beispill** zënter mer eis fir d'lescht gesinn hunn, ass vill Zäit vergaangen **2. DE** vergehen [schwinden] • **FR** passer [s'estomper] • **EN** to subside, to wear off • **PT** passar, desaparecer **Beispiller** wann d'Péng net vergeet, da muss de bei den Dokter goen; wéi ech e Bléck an d'Kiche gehäit hunn, ass den Appetit mer vergaangen **3. (bal)** vergoen (vun) **DE** (fast) vergehen (vor) • **FR** (faillir) mourir (de) [souffrir (de)] • **EN** to be beside oneself, to (almost) die (of) • **PT** (estar quase a) morrer (de) [sofrer (com)] **Beispiller** wéi d'Kand verschwonnen war, sinn d'Eltere (bal) vergaange vun Angscht; d'lescht Woch ass ee (bal) vergaange vun Hétzt, haut ass et erëm äiskal ♦ **Verb** (Hëllesverb hunn, Participe passé vergaangen / vergaang) » **reflexiv 4.** sech vergoen un **DE** sich vergehen an, missbrauchen • **FR** abuser de [physiquement] • **EN** to assault, to abuse • **PT** abusar de [físicamente] **Beispill** d'Police huet ganz séier erausfonnt, wien sech um Kand vergaangen hat

vergolden [fɛg'oldən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé vergoldt) - Variant vun ↗vergellen

vergonnen [fɛg'onən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé vergonnt) » **transitiv DE** gönnen [zugestehen] • **FR** accorder de bon cœur à, ne pas envier pour, être content de • **EN** to not begrudge • **PT** conceder de todo o coração a, não invejar por, estar contente de **Beispiller** ech vergonne mengem Cousin, datt en déi gutt Plaz krut; vergonn em dach déi puer Su! **Synonym** gënnen

vergraff [fɛgr'af] Adjektiv **DE** vergriffen • **FR** épuisé [produit] • **EN** out of print, unavailable • **PT** esgotado [produto] **Beispill** déi nei Ausgab vum Buch ass scho vergraff

i „vergraff“ kann och de Participe passé vum Verb ↗vergräifen sinn.

vergräifen [fɛgr'æ:ɪfən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé vergraff) » **reflexiv 1. DE** sich vergreifen [sich irren] • **FR** se tromper [dans le choix d'un objet] • **EN** to pick the wrong thing • **PT** enganar-se [numa escolha] **Beispill** ech hu vegetaresch Zoossiss kaaft, ech muss mech am Supermarché vergraff hunn! **2. DE** sich vergreifen [beim Spielen eines Instruments] • **FR** jouer une mauvaise note, jouer un mauvais accord • **EN** to play a wrong note • **PT** tocar uma nota errada, tocar um acorde

errado **Beispiller** beim Virspillen op der Gittar huet hie sech e puermol vergraff; wéi hie sech bei der Direktesch beklot huet, huet e sech am Toun vergraff [wéi hie sech bei der Direktesch beklot huet, huet e sech onpassend an taktlos ausgedrückt] **3.** sech vergräifen un **DE** sich vergreifen an [misshandeln] • **FR** s'en prendre à [physiquement] • **EN** to assault, to molest, to abuse • **PT** maltratar, abusar de [físicamente] **Beispiller** dee Feigling vergräift sech ëmmer un deene Schwaachen; den Ugeklote soll sech (sexuell) u Kanner vergraff hunn

vergraulen [fɛgr'au:lən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé vergrault) » **transitiv DE** vergraulen • **FR** faire fuir, chasser [par un comportement désagréable] • **EN** to alienate, to put off • **PT** afugentar, espantar [com um comportamento desagradável] **Beispiller** dat éiweg Gestreits am Veräin huet vill Membere vergrault; deen onfrëndleche Vendeur vergrault eis d'Clienten!

vergrësseren [fɛgr'zɪsə:rən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé vergrëssert) » **transitiv 1. DE** vergrößern [räumlich] • **FR** agrandir [la superficie, l'espace de] • **EN** to enlarge, to extend • **PT** aumentar, ampliar [a superficie, o espaço de] **Beispill** mir hunn eise Living mat enger Veranda vergrëssert **2. DE** vergrößern [zahlen-, mengenmäßig] • **FR** agrandir [en nombre, en quantité] • **EN** to enlarge, to expand [in numbers] • **PT** aumentar, alargar [em número, em quantidade] **Beispiller** den Elektriker huet seng Ekip mat zwee Léierbouwe vergrëssert; d'Geschäft huet säi Sortiment vergrëssert **Synonym** erweideren **3. DE** vergrößern [optisch] • **FR** agrandir, grossir [optiquement] • **EN** to enlarge, to magnify • **PT** ampliar [oticamente] **Beispiller** ënner dem Mikroskop gétt d'Zell 800-mol vergrëssert; ech hunn eng schéi Familjefoto vergrëssere gelooss » **intransitiv 4. DE** vergrößern [optisch] • **FR** grossir [avoir un certain pouvoir grossissant] • **EN** to enlarge, to magnify • **PT** ampliar [ter um certo poder de ampliação] **Beispill** meng nei Lupp vergrëssert nëmmen dräifach » **reflexiv 5. DE** sich vergrößern • **FR** s'agrandir • **EN** to expand, to grow • **PT** crescer, aumentar **Beispill** eist Duerf huet sech an de leschten drësseg Joer zolidd vergrëssert

Vergrësserung [fɛgr'zɪsə:rʊŋ] Femininum (Pluriel Vergrësserungen) **1. DE** Vergrößerung [räumlich] • **FR** agrandissement [en superficie, en espace] • **EN** enlargement [spatial] • **PT** ampliação, aumento [em superficie, em espaço] **Beispill** no der Vergrësserung vum Lycée ass Plaz fir iwuer 1000 Schüler **2. DE** Vergrößerung [optisch] • **FR** agrandissement, grossissement [optique] • **EN** enlargement, magnification [optical], zoom • **PT** ampliação [ótica] **Beispiller** op dëser Foto gesäis de d'Vergrësserung vun enger Bakterie; meng Spektiv huet eng zéngfach Vergrësserung

Vergrësserungsglas [fɛgr'zɪsə:rʊŋsgla:s] Neutrum (Pluriel Vergrësserungsgliesser) **DE** Vergrößerungsglas • **FR** loupe [instrument d'optique] • **EN** magnifying glass • **PT** lupa [instrumento ótico] **Beispill** Ouni Vergrësserungsglas kréien ech d'Zeitung net méi gelies **Synonym** Lupp

Vergrësserungsspiegel [fɛgr'zɪsə:rʊŋsʃpizəl] Maskulinum (Pluriel Vergrësserungsspiegelen) **DE** Vergrößerungsspiegel • **FR** miroir grossissant • **PT** espelho de aumento **Beispill** meng Frëndin huet e Vergrësserungsspiegel

serungsspigel an der Buedzëmmer opgehaangen

vergruewen [fɛgr'ʉvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vergruewen) » **transitiv** DE vergraben [eingraben] • FR enfouir [sous terre] • EN to bury [underground] • PT enterrar [esconder na terra] **Beispill** fir de Wanter vergruewen d'Kaweechelcher Nëss am Buedem

vergulden [fɛg'uldən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verguldt) - Variant vun ↗vergëllen

verhaasst [fɛh'a:st] Adjektiv DE verhasst • FR détesté, détestable • EN hated, disliked • PT odiado, malquisto **Beispiller** deen arroganten Typ ass iwwerall verhaasst; mat sengem Behuelen huet en sech iwwerall verhaasst gemaach

verhäerden [fɛh'ɛ:ɔdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verhäert) » **reflexiv** DE sich verhärten [unflexibel, unnachgiebig werden] • FR se durcir [position, attitude] • EN to become entrenched, to become intransigent [attitude(s)] • PT endurecer(-se) [posição, atitude] **Beispill** d'Gefor besteet, datt d'Fronten sech verhäerden an datt kee méi op deen anere lauschtert

verhaften [fɛh'aftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verhaft) » **transitiv** DE verhaften [festnehmen] • FR arrêter [appréhender] • EN to arrest • PT prender, deter [aprisionar] **Beispiller** bei der Razzia konnt d'Police e puer Dealere verhaften; d'Beweiser ginn net duer, fir de Verdächtigen ze verhaften

Verhaftung [fɛh'aftuŋ] Femininum (Pluriel Verhaftungen) DE Verhaftung • FR arrestation • EN arrest • PT detenção [aprisionamento] **Beispill** de Procureur huet op der Pressekonferenz d'Verhaftung vun de Bankraiber confirméiert

verhalen [fɛh'a:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verhalen / verhal) » **transitiv** 1. DE behalten [im Gedächtnis] • FR retenir [garder en mémoire] • EN to remember [to memorize] • PT fixar, reter [na memória] **Beispiller** et ass schwéier, déi onreegelméisseg Verben all ze verhalen; ech verhalen einfach keng Nimm méi!; fir deen Datum ze verhalen, huet d'Joffer eis eng Ieselsbréck gesot 2. sech eppes verhalen DE sich etwas merken [eine Warnung] • FR (bien) retenir quelque chose, se tenir quelque chose pour dit [un avertissement] • EN to remember something [to keep something in mind] • PT reter (bem) alguma coisa, meter alguma coisa na cabeça [uma advertência] **Beispiller** verhal der gutt, wat ech der elo soen!; vu mir kriss de kee Su méi, verhal der dat! **Synonym** sech eppes mierken » **reflexiv** 3. DE sich verhalten [sich benehmen] • FR se conduire, se comporter, réagir [d'une certaine manière] • EN to behave, to act • PT portar-se, comportar-se, reagir [de certa maneira] **Beispiller** hien huet sech mir géintiwwer ëmmer ganz korrekt verhalen; wéi muss e Chauffer sech bei dësem Verkéiersschëld verhalen?; déi Affär verhält sech anescht ewéi s du mengs! [déi Affär ass anescht ewéi s du mengs]

Verhalen [fɛh'a:lən] Neutrum (Pluriel <seelen> Verhalen) DE Verhalten, Benehmen • FR comportement • EN behaviour • PT comportamento, conduta **Beispill** duerch d'Radare sollen d'Leit hiert Verhalen op der Strooss änneren **Synonym** Behuelen

verhalensgestéiert [fɛh'a:lənsɔftʃiɛt] Adjektiv DE verhaltensauffällig, verhaltensgestört • FR sujet à des troubles du comportement • EN with a behavioural disorder, maladjusted • PT sujeito a distúrbios de comportamento **Beispill** Enseignanté kënnen eng Formatioun maachen, fir besser mat verhalensgestéierte Kanner ëmzegoen

Verhalensreegel [fɛh'a:lənsrɛ:zəl] Femininum (Pluriel Verhalensreegelen) DE Verhaltensregel • FR règle de conduite • EN rule of behaviour • PT regra de conduta **Beispill** et gëtt verschidde Verhalensreegelen, duerch déi de Risiko vun enger Ustiechung ka limitéiert ginn

Verhalensstéierung [fɛh'a:lənsftʃiɔruŋ] Femininum (Pluriel Verhalensstéierungen) DE Verhaltensstörung • FR trouble du comportement • EN abnormal behaviour, conduct disorder • PT distúrbio de comportamento **Beispill** dacks kënnegt sech eng Verhalensstéierung, déi een als Erwuessenen huet, schonn an der Kandheet un

Verhalt [fɛh'alt] Maskulinum (kee Pluriel) DE Gedächtnis [Erinnerungsvermögen] • FR mémoire [faculté de mémorisation] • EN memory [ability to remember] • PT memória [faculdade de memorização] **Beispiller** fir säin Alter huet mäi Grousspapp nach e ganz gudd Verhalt; zënter sengem Schlag huet hie kee Verhalt méi [zënter sengem Schlag verhält hien net méi esou gutt] **Synonymmen** Gediechtnes, Memoire

Verhältnes [fɛh'æltənəs] Neutrum (Pluriel Verhältnesser) - Variant vun ↗Verhältnis

verhältnesméisseg [fɛh'æltənəsmɛisɛç] Adverb - Variant vun ↗verhältnisméisseg

Verhältnis [fɛh'æltənɪs] Neutrum 1. (kee Pluriel) DE Verhältnis [Proportion] • FR rapport [proportion] • EN ratio • PT proporção, relação, razão **Beispiller** an eisem Betrib ass d'Verhältnis vun de Männer zu de Fraen 3 zu 1; d'Format vu ville Fotoen entsprécht engem Verhältnis vun 2 zu 3; dee ganzen Opwand steet a kengem Verhältnis zum Resultat [verglach mam Resultat war dee ganzen Opwand vill ze grouss] **Synonym** Rapport 2. (Pluriel Verhältnisser) DE Verhältnisse [Beziehung] • FR rapports, relations • EN relation, relationship • PT relação [contacto, ligação] **Beispiller** ech hunn nach haut e gutt Verhältnis zu menge Schoullkomeroden; déi gescheete Fra huet e miserabelt Verhältnis zu hirem Exmann **Synonym** Relatioun 3. (Pluriel Verhältnisser) DE Verhältnisse [Liebesverhältnis] • FR liaison (amoureuse) • EN affair, relationship • PT relação (amorosa), caso **Beispill** mäi beschte Kolleg huet e Verhältnis mat enger bestueter Fra **Synonymmen** Affär, Relatioun 4. (Pluriel Verhältnisser, kee Singulier) DE Verhältnisse [soziales Umfeld] • FR milieu (social) • EN social background, milieu • PT meio (social) **Beispill** de Premier kënnt aus beschiedene Verhältnisser **Synonym** Milieu 5. (Pluriel Verhältnisser, kee Singulier) DE Verhältnisse [Zustände] • FR état de choses, conditions • EN conditions, circumstances • PT estado das coisas, condições **Beispiller** fir déi deemoleg Verhältnisser war déi Method revolutionär; wéinst deene katastrophale Verhältnisser am Stroosseverkeier huelen ech den Zuch fir op d'Aarbecht; lief net iwwer deng Verhältnisser! [géff net méi Suen ewech

ewéi s de der hues!]

i Variant: Verhältnes

verhältnisméisseg [feh'æltmɪsɪsɛç] Adverb **DE** *verhältnismäßig* [vergleichsweise] • **FR** *relativement* [proportionnellement] • **EN** *relatively* • **PT** *relativamente* [em proporção] **Beispill** an deem Beruff gétt et verhältnisméisseg wéineg Fraen

i Variant: verhältnisméisseg

verhandelen [feh'andələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verhandelt*) » **intransitiv DE** *verhandeln* [besprechen, eine Einigung suchen] • **FR** *négocier* • **EN** *to negotiate* • **PT** *negociar* **Beispiller** mir hu probéiert, mam Proprietär iwwer de Loyer ze *verhandelen*; am Biergerkrich sinn déi zwou Säite bereet ze *verhandelen* **Synonym** *negociéieren*

Verhandlung [feh'andlʊŋ] Femininum (Pluriel *Verhandlungen*) **1. DE** *Verhandlung* [Diskussion] • **FR** *négociation* [discussion] • **EN** *negotiation, discussion* • **PT** *negociação* [conversações] **Beispill** no laange *Verhandlung* konnt en Accord fonnt ginn **Synonym** *Negotiation* **2. DE** *Verhandlung* [vor Gericht] • **FR** *audience* [au tribunal] • **EN** *(court) hearing* • **PT** *audiência* [no tribunal] **Beispill** d'*Verhandlung*e sinn ausgesat ginn, well den Ugekote krank gouf

Verhandlungsgeschéck [feh'andlʊŋsçɛk] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Verhandlungsgeschick* • **FR** *habileté à négocier, diplomatie* • **EN** *negotiating skills, diplomacy* • **PT** *habilidade para negociar, diplomacia* **Beispill** bei dëser *Mediation* ass *Verhandlungsgeschéck* gefrot

Verhängnes [feh'æŋnəs] Neutrum (kee Pluriel) - Variant vun *Verhängnis*

Verhängnis [feh'æŋnis] Neutrum (kee Pluriel) zum *Verhängnis* ginn **DE** *zum Verhängnis werden* • **FR** *être fatal à* • **EN** *to become the downfall of* • **PT** *ser fatal a* **Beispill** seng *Leidenschaft* fir *Sportswen* gouf em schlussendlech zum *Verhängnis*

i Variant: Verhängnes

verhänken [feh'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verhängen* / *verhaang*) » **transitiv** *verhängen* (géint) **DE** *verhängen* (über) • **FR** *décréter* (contre) [une sanction] • **EN** *to impose* (on), *to inflict* (on) [a sanction] • **PT** *impor* (a), *decretar* (para) [uma sanção] **Beispill** d'*Regierung* *verhängt* en *Embargo* géint dëst Land

verharmlosen [feh'ɑrmlɔːzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verharmloost*) » **transitiv DE** *verharmlosen* • **FR** *minimiser* (la gravité de), *banaliser* (la gravité de) • **EN** *to downplay*, *to trivialize* • **PT** *minimizar* (a gravidade de) **Beispill** wier d'*Krankheet* am *Ufank* net *verharmloost* ginn, wier et net zu enger *Epidemie* komm **Synonymen** *erospillen*, *minimiséieren*

verhaselen [feh'azələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verhaselt*) » **transitiv** [égs] **DE** *hinschludern* • **FR** *bâcler, réaliser dans la précipitation* • **EN** *to hurry*, *to botch* • **PT** *aldrabar, fazer às très pancadas* **Beispill** déi *Aarbecht* ass *verhaselt* ginn

verhättschelen [feh'ætʃələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verhättschelt*) » **transitiv DE** *verhättscheln* • **FR** *choyer, chouchouter* • **EN** *to spoil, to pamper* • **PT** *amimar, apaparicar* **Beispiller** meng *Schwëster* *verhättschelt* hir *Kanner* ze vill; déi *verhättschelt* *Athleeten*, déi ze vill *Sue* verdéngen, strenge sech net méi genuch un

verheelen [feh'e:lən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *verheelt*) » **intransitiv DE** *verheilen* [Wunde, Bruch] • **FR** *guérir* (complètement), *se refermer* [plaie] • **EN** *to heal* (up) • **PT** *sarar* [ferida], *consolidar-se* [fratura] **Beispiller** déi *Wonn* riskéiert, ni ganz ze *verheelen*; de *Broch* muss richtig *verheelt* sinn, ier s de *deng Hand* nees däärf belaachten

verheemlechen [feh'e:mləçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verheemlecht*) » **transitiv DE** *verheimlichen* • **FR** *cacher* (à), *dissimuler* (à) [ne pas dire (à)] • **EN** *to keep secret* (from), *to hide* (from) • **PT** *esconder* (a) [não dizer (a)] **Beispiller** mir hunn direkt gemierkt, datt d'*Kanner* eis eppes wollte *verheemlechen*; de *Mann* wollt senger *Fra* *verheemlechen*, datt e seng *Aarbecht* géif verléieren **Synonym** *verstoppen*

Verhéier [feh'ziɛ] Maskulinum (Pluriel *Verhéier*) **DE** *Verhör* • **FR** *interrogatoire* [d'un suspect] • **EN** *interrogation* • **PT** *interrogatório* [de um suspeito] **Beispill** no engem *kuerze* *Verhéier* huet d'*Police* de *Mann* erëm fräigelooss

verhéieren [feh'ziɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verhéiert*) » **transitiv 1. DE** *verhören* • **FR** *entendre, interroger, soumettre à un interrogatoire* • **EN** *to interrogate* • **PT** *ouvir, interrogar, submeter a interrogatório* **Beispill** d'*Police* huet dem *Verdächtege* seng ganz *Famill* *verhéiert* » **reflexiv 2. DE** *sich verhören* • **FR** *mal entendre* [être victime d'un malentendu] • **EN** *to mishear* • **PT** *ouvir mal, perceber mal* [pelo sentido da audição] **Beispiller** entschëllegt, hunn ech mech *verhéiert*?; du wollts mer dach *hëllef* kommen, oder *hat* ech mech do *verhéiert*? **Synonym** sech *verlauschteren*

verhëllef [feh'əlɛfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verhollef*) » **intransitiv** *verhëllef* en zu **DE** *verhelfen* zu • **FR** *aider* à (obtenir) • **EN** *to help* to (get) • **PT** *ajudar a* (obter), *ajudar a* (fazer valer) **Beispill** dës *Aftekotin* huet scho ville *Leit* zu hirem *Recht* *verhollef*

verhënnern [feh'ənɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verhënnert*) » **transitiv DE** *verhindern*, *vermeiden* • **FR** *empêcher, éviter* • **EN** *to avoid, to prevent* • **PT** *impedir, evitar* **Beispiller** déi *tragesch* *Attentater* hätte kënne *verhënnert* ginn; du kans net *verhënnern*, datt *deng Kanner* och *schlecht* *Erfarunge* maachen **Synonymen** *evitéieren*, *vermeiden*

verherrlechen [feh'ɛrləçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verherrlecht*) » **transitiv DE** *verherrlichen* • **FR** *faire l'éloge de, faire l'apologie de, prôner* • **EN** *to glorify, to extol* • **PT** *fazer o elogio de, fazer a apologia de, exaltar* **Beispiller** vill *Dichter* *verherrlechen* d'*Natur* an hire *Wierker*; déi *Museksgrupp* gétt *kritiséiert*, well se an hiren *Texter* *Drogen* a *Gewalt* *verherrlecht*

Verherrlechung [feh'ɛrləçʊŋ] Femininum (Pluriel *<seelen>* *Verherrlechungen*) **DE** *Verherrlichung* • **FR**

éloge, apologie • EN *glorification* • PT *elogio, apologia*
Beispill dee Film ass vu vir bis hannen déi rengste Verherrlechung vun der Gewalt

verhexen [feh'æksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verhext) » **transitiv DE** *verhexen* • FR *ensorceler, envoûter* • EN *to cast a spell over, to bewitch* • PT *enfiteçar, embruxar* **Beispiller** am Märchen huet eng béis Fee d'Prinzessin verhext; eis Kanner sinn ewéi verhext, fir an de Kino ze goen [égs] [eis Kanner si benzeg, fir an de Kino ze goen]; et ass ewéi verhext, datt et all Kéier reent, wa mir wëlle grillen [égs] [et ass ewéi e Fluch, datt et all Kéier reent, wa mir wëlle grillen]

verhieden [feh'idən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verhitt) - Variant vun ↗verhüten

Verhiddungsmëttel Neutrum (Pluriel Verhiddungsmëttelen / Verhiddungsmëttel) - Variant vun ↗Verhütungsmëttel

verhiewen [feh'ivəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verhuewen) » **reflexiv DE** *sich verheben* • FR *se faire mal (en soulevant) [un poids, un fardeau]* • EN *to strain oneself, to hurt oneself [while lifting]* • PT *magorar-se (ao levantar) [um peso, uma carga]* **Beispiller** verhief dech net mat deem Sak Zement!; ech hu mech verhuewen, wéi ech déi schwéier Këscht wollt an d'Camionnette droen

verhonzen [feh'ontsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verhonzt) » **transitiv 1. [égs] DE** *verschandeln, vermasseln* • FR *bousiller [enlaidir, gâcher]* • EN *to blight, to louse up* • PT *estragar [desfeiar, deitar a perder]* **Beispiller** dës elle Stroosseluuchte verhonzen déi ganz Landschaft; verhonzt der deng Zukunft net! **Synonym** versauen **2. [graft] DE** *zur Sau machen* • FR *engueuler, déchirer* • EN *to bawl out [to reprimand]* • PT *dar uma en-saboadela a, descompor* **Beispill** de Meeschter huet säi Léierbof weinst enger Klenggekeet verhonzt **Synonym** zur Sau maachen

verhouert [feh'əvət] Adjektiv [graft] DE *verhurt* • FR *(sexuellement) débauché, dépravé* • EN *debauched, (sexually) depraved* • PT *(sexualmente) desregrado* **Beispill** deen Typ war schonn am Lycée esou eppes vu verhouert!

verhüten [feh'y:tən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verhüt) » **intransitiv DE** *verhüten* • FR *se protéger [lors de rapports sexuels]* • EN *to protect oneself [during sex]* • PT *proteger-se [numa relação sexual]* **Beispill** et ass wichteg, deene Jonken ze vermëttelen, wéi se solle verhüten

Variant: verhieden

Verhütung [feh'y:tʊŋ] Femininum (kee Pluriel) DE *Verhütung, Empfängnisverhütung* • FR *contraception* • EN *contraception, birth control* • PT *contraceção* **Beispill** et ass wichteg, déi Jonk iwuer Verhütung opzeklären

Verhütungsmëttel [feh'y:tʊŋsmətəl] Neutrum (Pluriel Verhütungsmëttelen / Verhütungsmëttel) DE *Verhütungsmittel* • FR *moyen de contraception* • EN *contraceptive, birth control (method)* • PT *contraceção, método contraceutivo* **Beispill** fir eng Schwangerschaft ze verhënneren, ass e wierksaamt Verhütungsmëttel néideg

Variant: Verhiddungsmëttel

verieren [fe'i:ɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé veriert) » **reflexiv DE** *sich verirren* • FR *se perdre, s'égarer* • EN *to get lost* • PT *perder-se, ir dar [por ter-se enganado no caminho]* **Beispill** mir haten eis am Bësch veriert

verierwen [fe'i:ɛvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé vererben) » **transitiv 1. DE** *vererben, vermachten* • FR *laisser à, léguer à* • EN *to leave to, to bequeath to* • PT *deixar a, legar a* **Beispill** deen ale Jonggesell huet wëlles, dem Déierenasyl säi ganz Verméigen ze verierwen **Synonym** vermaachen **2. DE** *vererben [durch Vererbung weitergeben]* • FR *transmettre [héritairement]* • EN *to pass on to [by heredity]* • PT *transmitir [hereditariamente]* **Beispill** de Papp huet sengem Jong déi rout Hoer verierft » **reflexiv 3. DE** *sich vererben [sich übertragen]* • FR *se transmettre (par hérédité)* • EN *to be passed on [to be hereditary]* • PT *transmitir-se (por hereditariedade)* **Beispill** et gëtt Krankheeten, déi sech nëmme vum Papp op de Jong verierwen

Verb, dat verierwen als Basis huet: ↗weiderverierwen

verifizéieren [verifits'ɛiərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verifiziert)

Hei entsteet en neien Artikel.

verimpfen Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verimpft)

Hei entsteet en neien Artikel.

veriwuelen [fe'ivələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé veriwwelt) » **transitiv DE** *verübeln* • FR *en vouloir (à) pour* • EN *to take offence at, to be annoyed at* • PT *levar a mal (a)* **Beispiller** ech konnt him seng Reaktioun net veriwuelen; veriwwelt eis et net, wa mer net kënne laanschtkommen! **Synonym** iwuelhuelen

verjären [fej'ɛ:rən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé verjært) » **intransitiv DE** *verjähren* • FR *se prescrire [être abrogé par prescription]* • EN *to fall under the statute of limitations, to become time-barred* • PT *prescrever [procedimento penal]* **Beispill** dat Verbriche verjært no 30 Joer

Verjörung [fej'ɛ:ruŋ] Femininum (Pluriel Verjörungen) DE *Verjörung* • FR *prescription (pénale)* • EN *statute of limitations* • PT *prescrição (penal)* **Beispill** fir dat schlëmmt Verbriche gëtt et keng Verjörung

verjéngen [fej'ɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verjéngt) » **reflexiv DE** *sich verjüngen [den Altersdurchschnitt senken]* • FR *se rajeunir [par une baisse de la moyenne d'âge]* • EN *to rejuvenate oneself* • PT *rejuvenescer [baixar a faixa etária média]* **Beispill** et wier esou lues un der Zäit, datt eise Kommittee sech géif verjéngen

verjoen [fej'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verjot) » **transitiv DE** *verjagen, verscheuchen* • FR *chasser [faire fuir]* • EN *to drive away, to chase away* • PT *afugentar [fazer fugir]* **Beispiller** den Hënn hiert Gebills huet d'Abriecher verjot; du hues besser, d'Harespelen net mat engem brüsker Beweegung ze verjoen **Synonym** verdreiwen

verjubbelen [fej'ubələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verjubbelt) - Variant vun ↗verjuppen

verjuppelen [fej'upələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verjuppelt) - Variant vun ↗verjuppen

verjuppen [fej'upən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verjuppt) » **transitiv** [ëgs] **DE** *verjubeln* • **FR** *claquer* [gaspiller] • **EN** *to squander, to blow* • **PT** *estafar* [gastar] **Beispill** eisen Noper huet seng ganz Ierfschaft am Casino verjuppt **Synonym** dropmaachen

Varianten: verjubbelen, verjuppelen

verkabelen [fek'a:bələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verkabelt) » **transitiv** **DE** *verkabeln* • **FR** *câbler* [réaliser le câblage de], *connecter* [par câble(s)] • **EN** *to wire, to connect* • **PT** *cablar, conectar* [por cabo(s)] **Beispiller** d'Techniker sinn amgaang, déi verschidde Serveren ze verkabelen; fir d'Tester beim Kardiolog gouf ech ganz verkabelt [ëgs] [fir d'Tester beim Kardiolog gouf ech mat Kabelen un allméiglech Apparaten ugeschloss]

verkachen [fek'aχən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé verkacht) » **intransitiv** **1.** **DE** *verkothen* [zu lange kochen] • **FR** *cuire trop* (longtemps) • **EN** *to overcook* • **PT** *cozer* (tempo) demais **Beispill** iwverdeems ech telefonéiert hunn, sinn d'Grompere mer verkacht **2.** **DE** *verkothen* [verdampfen] • **FR** *s'évaporer* [en bouillant] • **EN** *to boil away, to evaporate* • **PT** *evaporar* [fervendo] **Beispill** wéi d'Waasser ganz verkacht war, sinn d'Gromperen ugebrannt

verkacken [fek'akən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verkackt) » **transitiv** [graff] **DE** *verkacken* [vermasseln] • **FR** *foirer, merder à* • **EN** *to mess up, to fuck up* • **PT** *fracassar em, fazer merda em* **Beispiller** deen Dräibiz verkackt awer och alles, wat en upaakt; deen Examen hunn ech awer esou eppes vu verkackt **Synonymmen** an de Sand setzen, vermasselen

Verkaf [fek'a:f] Maskulinum (Pluriel <seelen> Verkeef) **1.** **DE** *Verkauf* [das Verkaufen] • **FR** *vente* [acte de vente] • **EN** *sale, selling* • **PT** *venda* [ato de vender] **Beispiller** um Fest hunn ech beim Verkaf vu Lotterieselouse gehollef; mam Verkaf vun eisem Haus hu mer en décke Benefice gemaach **Synonym** Vente **2.** am Verkaf **DE** *zum Verkauf* • **FR** *en vente* • **EN** (up) *for sale* • **PT** *à venda* **Beispiller** dat Buch ass net méi am Verkaf; d'Ierwe wëllen d'Haus an de Verkaf ginn **Synonym** an der Vente

verkafen [fek'a:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verkaaft / verkaf) » **transitiv** **1.** **DE** *verkaufen* • **FR** *vendre* • **EN** *to sell* • **PT** *vender* **Beispiller** wa meng Aktie bis geklomme sinn, verkafen ech sel; op den Tankstelle verkafen se och Blummen; den Händler wollt mech fir domm verkafen [ëgs] [den Händler huet gehofft, ech géif op seng Tricken erafalen]; mir mussen de Leit déi Iddi richteg verkafen [ëgs] [mir brauchen déi richteg Argumenter, fir datt d'Leit déi Iddi gutt fannen]; elo si mer verkaaft! [ëgs] [elo si mer an enger schlëmmer Situatioun, an där sech näischt méi ännere léisst] » **reflexiv** **2.** **DE** *sich verkaufen* [Käufer finden] • **FR** *se vendre* [trouver preneur] • **EN** *to sell* [to be purchased] • **PT** *vender* [ter procura] **Beispiller** zënter datt mir de Logo geännert hunn, verkeeft eise Produkt

sech besser; dat Buch gouf e puermol nogedrëckt, well et sech gutt verkeeft; hie weess sech gutt ze verkafen [ëgs] [hie weess, wéi en sech beléift mécht]

V Verben, déi **verkafen** als Basis hunn: ↗ausverkafen an ↗weiderverkafen

Verkafspolitik [fek'a:fsolitik] Femininum (Pluriel <seelen> Verkafspoliticken) **DE** *Verkaufspolitik* • **FR** *politique commerciale* • **EN** *sales policy* • **PT** *politica comercial* **Beispill** dës Firma ass bekannt fir eng aggressiv Verkafspolitik

Verkafsstrategie [fek'a:fstRate:zi:] Femininum (Pluriel Verkafsstrategien) **DE** *Verkaufsstrategie* • **FR** *stratégie de vente* • **EN** *sales strategy* • **PT** *estratégia de venda* **Beispill** eis Startup huet eng flott Verkafsstrategie entwéckelt

Verkafsziel [fek'a:fstsuəl] Femininum (Pluriel Verkafszielen) (meeschtens Pluriel) **DE** *Verkaufszahl* • **FR** *chiffre de vente* • **PT** *volume de vendas* **Beispill** eis Verkafsziele vun dësem Joer sinn nach net statistesch erfaasst ginn

verkäilen [fek'æ:ɪlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verkält) » **reflexiv** **DE** *sich verkeilen* • **FR** *s'encaster* • **PT** *encaixar-se, enfeixar-se* **Beispill** beim Zuchaccident hunn zwee Waggone sech anenee verkält

verkalkuléieren [fekalkul'ziəRən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verkalkuléiert) » **reflexiv** **DE** *sich verkalkulieren* • **FR** *se mettre le doigt dans l'œil* • **EN** *to be mistaken, to miscalculate* • **PT** *estar muito enganado* **Beispill** wann s de mengs, ech géif der Sue léinen, dann hues de dech verkalkuléiert **Synonym** sech verrechnen

verkalleken [fek'alekən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé verkallekt) » **intransitiv** **1.** **DE** *verkalken* [Kalk ansetzen] • **FR** *s'entartrer* • **EN** *to calcify, to fur up* • **PT** *ganhar calcário* **Beispill** kee Wonner, datt d'Kaffinmaschinn net méi geet, se ass komplett verkallekt **2.** **DE** *verkalken* [Gewebe] • **FR** *se scléroser* • **EN** *to become calcified, to become sclerosed* • **PT** *esclerosar-se* **Beispiller** d'Doktesch huet bei der Untersuchung festgestallt, datt meng riets Schëller staark verkallekt ass; du wäerts dach net schonn ufänken ze verkalleken [ëgs] [du wäerts dach net schonn ufänken ze verkennen]

verkasematuckelen [fekazəmat'ukələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verkasematuckelt) » **transitiv** **1.** [ëgs] **DE** *zurichten, bearbeiten* • **FR** (mal) *traiter, arranger* • **EN** *to botch, to rough up* • **PT** *deixar em (mau) estado, maltratar* **Beispiller** dee Coiffer hat mech esou verkasematuckelt, ech hunn erausgesinn ewéi eng Vullschäich!; bei där Kläpperei haten se hie schéi verkasematuckelt; hien zielt, op der Party hätt en eng Fra verkasematuckelt [hien zielt, op der Party hätt e Sex mat enger Fra gehat] **2.** [ëgs] **DE** *verdrücken, verputzen, kippen* • **FR** *bouffer, dévorer, engloutir, lamper* • **EN** *to polish off* • **PT** *papar, devorar, despachar, emborcar* **Beispiller** wéi mer fäerdig waren, hate mir zwee dee ganze Kuch verkasematuckelt; elo gi mer nach séier e puer Pätt verkasematuckelen!

Verkeefer [fek'e:fe] Maskulinum (Pluriel Verkeefer)
1. DE Verkäufer [Beruf] • **FR** vendeur [professionnel] • **EN** salesperson [profession] • **PT** vendedor [profissional]
Beispiller de Verkeefer sot, et kéint een déi eenzel Dealer vum Apparat nobestellen; mäin Neveu mécht eng Léier als Verkeefer **Synonym** Vendeur **2. DE** Verkäufer [Eigentümer] • **FR** vendeur [propriétaire] • **EN** seller [owner] • **PT** vendedor [proprietário] **Beispill** de Verkeefer vum Auto war esou éierlech, fir eis op eng kleng Téitsch hinzeweisen

i Weiblech Form: ↗Verkeeferin

Verkeeferin [fek'e:fərin] Femininum (Pluriel Verkeeferinnen) **1. DE** Verkäuferin [Beruf] • **FR** vendeuse [professionnelle] **Synonym** Vendeuse **2. DE** Verkäuferin [Eigentümerin] • **FR** vendeuse [propriétaire]

i Männlech Form: ↗Verkeefer

Verkéier [fek'ʒiɛ] Maskulinum (kee Pluriel) - Kuerzform vun ↗Geschlechtsverkéier **1. DE** Verkehr [Straßenverkehr] • **FR** trafic [circulation routière] • **EN** traffic • **PT** trânsito [rodoviário], tráfego [rodoviário] **Beispiller** op der Autobunn gétt de Verkéier den Ament weinst engem Accident émgleet; während dem Chantier gétt de Verkéier mat Roude Luuchte gereegelt; an der Grousser Vakanz ass manner Verkéier an eiser Strooss **Synonym** Trafick **2. DE** Verkehr [von Kapital, Waren, Personen und Dienstleistungen] • **FR** circulation [de capitaux, de biens, de personnes et de services] • **PT** circulação [de capitais, de bens, de pessoas e de serviços] **Beispiller** ee vun den Atoute vun der EU ass de fräie Verkéier vu Wuereen téschent de verschiddene Länner; en neien Accord mat Dréttstaate soll de Verkéier vun Kapital besser reegelen **Synonym** Zirkulatioun **3.** aus dem Verkéier zéien **DE** aus dem Verkehr ziehen • **FR** retirer de la circulation • **EN** to withdraw from circulation • **PT** retirar da circulação **Beispiller** déi al Geldschäiner ginn aus dem Verkéier gezunn; d'Police huet e puer Drogenhändler aus dem Verkéier gezunn [égs] [d'Police huet e puer Drogenhändler festgeholl]

verkéieren [fek'ʒiɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verkéiert) » **intransitiv** verkéieren an **DE** verkehren in [Kontakt pflegen mit] • **FR** fréquenter [avoir commerce avec] • **EN** to associate with, to keep company with • **PT** frequentar [conviver com] **Beispill** dee Moler verkéiert nëmmen an elitäre Kreesser

Verkéiersaccident [fek'ʒiɛzaksidənt] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Verkéiersaccidenter) **DE** Verkehrsunfall • **FR** accident de la route • **EN** traffic accident • **PT** acidente de viação **Beispiller** duerch den Asaz vu Radare solle Verkéiersaccidenter verhënnert ginn; d'Zuel vun de Verkéiersaccidenter huet dëst Joer en trauerege Rekord erreecht

Verkéiersdoudegen Maskulinum (Pluriel Verkéiersdoudeg / Verkéiersdoudeger) **DE** Verkehrstoter • **FR** victime de la route • **PT** vítima mortal em acidente rodoviário **Beispill** duerch de Sécherheetsgurt an den Autoe konnt d'Zuel vun de Verkéiersdoudege staark reduzéiert ginn

Verkéiersnetz Neutrum (Pluriel Verkéiersnetzer) **DE** Verkehrsnetz • **FR** réseau de transport(s) • **EN** transport network • **PT** rede de transportes **Beispill** mir sichen no

Léisungen, fir d'Grenzregioune besser un eist öfentlecht Verkéiersnetz unzebannen

Verkéiersregel [fek'ʒiɛsre:zəl] Femininum (Pluriel Verkéiersreegelen) **DE** Verkehrsregel • **FR** règle du code de la route • **EN** Highway Code, traffic regulation • **PT** regra do trânsito **Beispill** du krus scho méi ewéi ee Protokoll, well s de dech net un d'Verkéiersreegelen häls!

Verkéiersschëld [fek'ʒiɛsfəlt] Neutrum (Pluriel Verkéiersschëlter / Verkéiersschëlde) **DE** Verkehrsschild • **FR** panneau de signalisation • **EN** road sign • **PT** sinal de trânsito, placa de sinalização **Beispiller** de Chauffeur huet dat Verkéiersschëld net respektéiert a krut dofir e Protokoll; nach e Verkéiersschëld op dëser Plaz bréngt näischt

Verkéiersverhältnes [fek'ʒiɛsfəhæltənəs] Neutrum (Pluriel Verkéiersverhältnesser) - Variant vun ↗Verkéiersverhältnis

Verkéiersverhältnis Neutrum (Pluriel Verkéiersverhältnisser) (meeschtens Pluriel) **DE** Verkehrsverhältnis, Verkehrslage • **FR** situation routière, conditions de circulation • **EN** traffic conditions • **PT** situação do trânsito [rodoviário], condições de circulação **Beispill** während dem Berufstrafick sinn d'Verkéiersverhältnisser op den Autobunne katastrophal

i Variant: Verkéiersverhältnes

verkéiert [fek'ʒiɛt] Adjektiv **DE** verkehrt • **FR** mauvais, de travers [mal choisi, inapproprié] • **EN** wrong [inapproprié], back to front, the wrong way around • **PT** errado, contrário [linexato, desapropriado] «Adverb ao contrário» **Beispiller** et wier net verkéiert, an där Saach en zweeten Avis unzefroen; du hues däi Pullover de verkéierte Wee ugedoen; de Léierbouf mécht nach villes verkéiert!

i „verkéiert“ kann och de Participe passé vum Verb ↗verkéieren sinn.

verkënnegen [fek'ənəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verkënnegt) » **transitiv** **1. DE** verkünden • **FR** proclamer • **EN** to announce [to make public] • **PT** proclamar, proferir **Beispiller** um sechs Auer ginn d'Walresultater verkënnegt; de Richter verkënnegt d'Urteel **2.** d'Evangelium verkënnegen **DE** das Evangelium verkündigen • **FR** prêcher l'Évangile • **EN** to preach the gospel • **PT** pregar o Evangelho **Beispill** an der Zäit sinn d'Missionaren an d'ganz Welt gezunn, fir d'Evangelium ze verkënnegen

Verkënnegung [fek'ənəzɔŋ] Femininum (Pluriel Verkënnegungen) **1. DE** Verkündigung • **FR** proclamation • **EN** announcement [public statement] • **PT** proclamação, proferição **Beispill** d'Medie waarden ongedëlleg op d'Verkënnegung vum Urteel **2.** Verkënnegung vum Evangelium **DE** Verkündigung des Evangeliums • **FR** pêche de l'Évangile • **EN** preaching of the gospel • **PT** pregação do Evangelho **Beispill** d'Verkënnegung vum Evangelium war fréier d'Aufgab vun de Missionaren

verkennen [fek'ənən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verkannt) » **transitiv** **DE** verkennen • **FR** méconnaître, sous-estimer • **EN** to underrate, to underestimate • **PT** desconhecer, subestimar **Beispiller** deem Moler säin Talent gouf laang verkannt; ech mengen, du

verkënn den Eescht vun der Situatioun!

verkënnen [fek'ənən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé verkënn) » **intransitiv DE** verkalken, kindisch werden • **FR** devenir gâteux • **EN** to go gaga, to become senile • **PT** caducar, ficar senil, ficar caquético **Beispiller** elo hunn ech schonn nees eppes vertässelt, ech fänken un ze verkënnen; reeg dech net op iwwer de Bopa, du weess jo, en ass verkënn!

verkierperen [fek'iəpəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verkierpert) » **transitiv DE** verkörpern [symbolisieren] • **FR** représenter, personnifier, incarner • **EN** to embody, to personify • **PT** representar, personificar, encarnar **Beispill** déi Statu verkierpert d'Iddi vun der Fräiheet

Verkierperung [fek'iəpəɾuŋ] Femininum (Pluriel Verkierperungen) **DE** Verkörperung [Darstellung] • **FR** représentation, personnification, incarnation • **EN** embodiment, personification • **PT** representação, personificação, encarnação **Beispill** déi Statu géllt als d'Verkierperung vun der Fräiheet

verkierzen [fek'i:çtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verkierzt) » **transitiv 1. DE** verkürzen [verringern] • **FR** raccourcir [rendre plus court] • **EN** to shorten, to reduce • **PT** encurtar, reduzir, diminuir **Beispill** gutt Pnueve verkierzen de Bremswee » **reflexiv 2. DE** sich verkürzen • **FR** se raccourcir [se réduire] • **EN** to become shorter, to be reduced • **PT** encurtar, reduzir-se **Beispill** duerch déi nei Strooss huet mäi Wee fir op d'Aarbecht sech ëm siwe Kilometer verkierzt

Verkierzung [fek'i:çtsuŋ] Femininum (Pluriel Verkierzungen) **DE** Verkürzung • **FR** raccourcissement • **EN** shortening, reduction • **PT** encurtamento, redução **Beispill** déi nei Maschinne féieren zu enger Verkierzung vum Aarbechtsprozess

verklappen [fekl'apən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verklappt) » **transitiv [égs] DE** verklappen, losschlagen [verkaufen] • **FR** refourguer à, bazarder • **EN** to flog [to sell] • **PT** vender (a), desfazer-se de **Beispiller** wíem hues de dāin alen Auto verklappt?; d'Studente verklappen hir Bicher um Bichermaart

verklausuléieren [feklausul'ɛtəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verklausuléiert) » **transitiv DE** verklausulieren [verkomplizieren] • **FR** rédiger de façon incompréhensible • **PT** redigir de maneira incompreensível **Beispill** hiren Affekot huet verschidde Formulatiounen am Kontrakt esou verklausuléiert, datt ee kee Wuert verstee

verkleeden [fekl'e:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verkleet) » **transitiv 1. DE** verkleiden [kostümieren] • **FR** déguiser [travestir] • **EN** to dress up, to disguise • **PT** disfarçar, fantasiar **Beispiller** d'Mamm huet d'Kanner als Clowne verkleet; fir op de Fuesbal verkleeden ech mech gär als Banann; wat ass si nees verkleet! [égs] [wat ass si nees komesch ugedoen!] **2. DE** verkleiden [bedecken] • **FR** revêtir [couvrir d'un vêtement] • **EN** to cover, to clad • **PT** revestir [aplicar revestimento em] **Beispill** mir lossen d'Reesäit vun eisem Haus mat Leeë verkleeden

Verkleedung [fekl'e:duŋ] Femininum (Pluriel Verkleedungen) **DE** Verkleidung [Dekoration, Schutz] •

FR revêtement [de décoration, de protection], protection • **EN** cover, covering [protection, decoration] • **PT** revestimento [de decoração, de proteção], cobertura, invólucro **Beispill** den Elektriker huet d'Verkleedung vum Apparat erofgeholl, fir un d'Kabelen ze kommen

verklemt [fekl'æmt] Adjektiv **DE** verklemt • **FR** coincé, complexe, inhibé • **EN** uptight, inhibited • **PT** complexo, inibido, acanhado **Beispill** seng streng Erzéiung ass schold drun, datt hien esou verklemt ass

verkléngen [fekl'eŋən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé verkléngen / verklong) » **intransitiv DE** verkléngen • **FR** s'éteindre, s'évanouir, expirer [son, note] • **EN** to fade away [sound] • **PT** extinguir-se, desvanecer-se [som, nota] **Beispill** de begeescherte Publikum huet scho geklappt, nach ier déi lescht Nout verkléngen war

verklengeren [fekl'æŋəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verklengert) » **transitiv DE** verkleinern • **FR** réduire [rendre plus petit] • **PT** reduzir [tornar menor] **Beispiller** verklengeren mer dee Portrait, datt ech d'Foto an de Portmonni kréien; aus medezinesche Grënn huet d'Fra sech d'Brëscht verklengere gelooss

Verklengerung [fekl'æŋəɾuŋ] Femininum (Pluriel Verklengerungen) **DE** Verkleinerung, Reduzierung • **FR** réduction [en superficie, en volume] • **PT** redução [em superficie, em volume] **Beispiller** d'Verklengerung vum natierleche Liewensraum féiert bei villen Déieren derzou, datt se ausstierwen; de Chirurg huet d'Patientin iwwer eng Verklengerung vum Mo informéiert; ech hunn eng Verklengerung vun dëser grousser Foto op mengem Schreiffdësch stoen

verklöen [fekl'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verklöt) » **transitiv DE** verklagen • **FR** porter plainte contre, poursuivre en justice • **EN** to sue • **PT** pôr um processo a, intentar uma ação contra **Beispill** den Aarbechter huet säi Patron verklöt, well deen en net bezuelt huet **Synonym** kloer géint

verknacksen [fekn'aksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verknackst) » **transitiv** sech de Fouss verknacksen **DE** sich den Fuß verknacksen • **FR** se fouler le pied [légerement] • **EN** to sprain, to twist one's ankle • **PT** torcer o pé **Beispill** ech hu mer an der Trap de Fouss verknackst

verknalen [fekn'alən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verknalt) - Variant vun ↗verknallen

verknallen [fekn'alən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verknallt) » **reflexiv [égs]** sech verknallen (an) **DE** sich verknallen (in) [sich verlieben (in)] • **FR** s'amouracher (de), s'enticher de • **EN** to have a crush on, to fall for • **PT** apaixonar-se (por), enamorar-se de **Beispill** ech hunn d'Gefill, wéi wa meng kleng Schwëster sech an dech verknallt hätt

i Variant: verknalen

verknäppen [fekn'æpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verknäppt) » **reflexiv DE** sich beim Zucknöpfen vertun • **FR** se tromper en boutonnant, boutonner à l'envers, boutonner lundi avec mardi • **PT** abotoar-se mal [não acertar os botões nas casas] **Beispill** de Col vun dengem Hiem steet ewech, hues de dech iere verknäppt?

verknaschten [fɛkn'aʃtən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verknascht) » **transitiv 1.** DE verschmutzen • FR salir [souiller], encrasser, polluer • EN to dirty, to pollute • PT sujar, engordurar, poluir **Beispiller** wie soll déi Toiletten esou verknascht hunn?; d'Police mécht eng Enquête fir erauszefannen, wien d'Baach verknascht huet ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé verknascht) » **intransitiv 2.** DE verschmutzen • FR s'encrasser • EN to get dirty, to become dirty • PT sujar-se, engordurar-se **Beispiller** de Schäffchen ass mat der Zäit komplett verknascht; den Donst zitt net of, well de Filter vun der Hott verknascht ass

verknätzelen [fɛkn'ætsələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verknätzelt)

I Hei entsteeet en neien Artikel.

verknauteren Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verknautert) » **transitiv** DE verknütern, zerknütern • FR chiffonner, froisser • PT amarrotar, amarfanhar **Beispiller** verknauter d'Landkaart net esou, mee fal se uerdentlech zesummen!; an deem verknauterten Hiem kanns de net ënner d'Leit goen! **Synonymmen** verknüwelen, verknüjelen

verknëppen [fɛkn'əpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verknëppt) » **transitiv** verknëppen (mat) DE verknüpfen (mit) [verbinden (mit)] • FR mettre en rapport, relier • EN to link (to) • PT relacionar, ligar **Beispiller** mat dësem Gesetz wëllt d'Regierung d'Wirtschaftspolitik an d'Sozialpolitik besser matenee verknëppen; déi zwee Internetsitte sinn iwwer e Link verknëppt

Verknëppung [fɛkn'əpuŋ] Femininum (Pluriel Verknëppungen) DE Link, Hyperlink • FR lien, hyperlien • EN link [hypertext] • PT link, hipertigação **Beispill** iwwer dës Verknëppung kommt Dir op déi gewünschten Internetsäit **Synonym** Link

verknüwelen [fɛkn'ivələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verknüwelt) » **transitiv** DE verknütern, zerknütern • FR chiffonner, froisser • PT amarrotar, amarfanhar **Beispiller** verknüwel de Brëif net, soss kann ech en net méi uerdentlech kopéieren!; an deem verknüwelten Hiem kanns de net ënner d'Leit goen! **Synonymmen** verknauteren, verknüjelen

verknüjelen [fɛkn'uzələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verknüjelt) » **transitiv** DE verknütern, zerknütern • FR chiffonner, froisser • PT amarrotar, amarfanhar **Beispiller** setz dech emol riicht, du verknüjels däi Paltong hanne ganz!; den Automat wëllt mäi verknüjelte Schäin net huelen **Synonymmen** verknauteren, verknüwelen

verkolen [fɛk'o:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verkoolt) » **transitiv 1.** [ëgs] DE verkohlen, veräppeln • FR se payer la tête de, faire marcher • PT gozar com, troçar de, entrar com **Beispill** gleef deem net alles, dat do ass een, deen d'Leit gäre verkoolt! **2.** [ëgs] DE den Kopf verdrehen • FR tourner la tête à • PT fazer perder a cabeça a **Beispill** looss dech net vun deem Fraleitsgeck verkolen!

verkommen [fɛk'omən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé verkomm) » **intransitiv 1.** DE verkommen, verfallen, verwildern • FR se délabrer, se détériorer, tom-

ber en ruine • EN to fall into disrepair, to decay • PT desmoronar-se, degradar-se, arruinar-se **Beispiller** well keng Suen do waren, fir et ze renovéieren, ass d'Schlass mat der Zäit ganz verkomm; mengem Bop säi Gaart ass an de leschte Joren uerg verkomm **2.** DE verkommen, verwahrlosen, verlottern • FR tomber bien bas, tomber dans la déchéance • EN to go to pieces, to go to seed • PT decair, entrar em decadência **Beispill** zënter e gescheet ass, verkënnt mäi Brudder ëmmer méi

verkoppelen [fɛk'opələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verkoppelt) » **transitiv** verkoppelen (mat) DE verkuppeln (mit) [zusammenbringen] • FR faire se rencontrer [en vue d'une relation amoureuse] • EN to marry off (to), to pair off (with) • PT arranjar um encontro entre, alcovitar [um casal] **Beispill** ech hu wëlles, meng Schwëster mat mengem beschte Kollege ze verkoppelen

verkraaften [fɛk'r'a:ftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verkraaft) - Variant vun ʷverkraaften

verkraften [fɛk'r'aftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verkraft) » **transitiv** DE verkraften • FR se remettre de, digérer • EN to cope with, to recover from • PT restabelecer-se de, superar **Beispiller** eise Betrib hat dee finanzielle Verloscht séier verkraft; mäi Papp huet d'Trennung vu menger Mamm ni richteg verkraft

I Variant: verkraaften

verkrämpen [fɛk'r'æmpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verkrämt)

I Hei entsteeet en neien Artikel.

verkrampfen [fɛk'r'ampfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verkrampft) » **reflexiv** DE sich verkrampfen • FR se contracter, se crispser • EN to cramp, to become tense • PT contrair-se, crispasar • **Beispiller** bei enger epileptescher Kris verkrampft sech dee ganze Kierper; du sëtzt esou verkrampft do, geet et der net gutt?

Verkrampfung [fɛk'r'ampfʊŋ] Femininum (Pluriel Verkrampfungen) DE Verkrampfung • FR contraction, crispation, spasme • EN tension, cramp • PT contração, crisação, espasmo **Beispill** Äre Kappwéi kënt vun enger Verkrampfung am Genéck

verkrasch [fɛk'r'aʃ] Adjektiv DE verweint • FR noyé de pleurs, gonflé de pleurs • EN red with crying, tear-stained • PT afogado em lágrimas, inchado de choro **Beispiller** d'Kand motzt a bleift mat verkraschenen Aen um Buedem sëtzen; wéi meng Schwëster erakoum, hat se e ganz verkraschent Gesiicht

verkrauchen [fɛk'r'æ:ʊxən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé verkrocht) » **reflexiv** DE sich verkriechen • FR se terrer, se cacher, se retirer (du monde) • EN to hide away • PT recolher-se, encafuar-se, retirar-se (do mundo) **Beispiller** de Fuuss huet sech a säi Bau verkrocht; nom Doud vu senger Fra huet de Mann sech laang Zäit verkrocht

verkrämmt [fɛk'r'əmt] Adjektiv DE verkrümmt • FR déformé [extrémité(s) du corps] • EN crooked, deformed • PT deformado [extremidade(s) do corpo] **Beispill** mat senger verkrämmt Fingere ka mäi Bop net méi gutt

schreiwén

verkrëppelt [fekr'əpəlt] Adjektiv **1.** **DE** *verkrüppelt* [Körperteil] • **FR** *mutilé* [partie du corps] • **EN** *crippled* [part of the body] • **PT** *aleijado* [parte do corpo] **Beispill** zënter sengem Accident huet eise Schoulmeeschter eng **verkrëppelt** Hand **2.** **DE** *verkrüppelt* [Mensch] • **FR** *in-firme* • **EN** *crippled* [person] • **PT** *aleijado* [pessoa] **Beispill** mäi Grousspapp ass **verkrëppelt** aus dem Krich erëmkomme **3.** **DE** *verkrüppelt* [Pflanze] • **FR** *rabougri* [plante] • **EN** *stunted* [plant] • **PT** *atrofiado* [planta] **Beispill** dee **verkrëppelten** Äppelbam dréit nach ëmmer

verkucken [fek'ukən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé *verkuckt*) » **reflexiv 1.** **DE** *sich irren* [beim Schauen, beim Lesen] • **FR** *se tromper, se méprendre* [en regardant, en lisant] • **EN** *to misread, to get wrong* • **PT** *enganar-se a ler, ler mal, ver mal* **Beispill** ech **hunn** dee flotte Film verpasst, well ech mech am Programm **verkuckt** hat **Synonym** sech versinn **2.** sech **verkucken** an **DE** *sich vergucken in, sich verknallen in* • **FR** *se toquer de, s'amouracher de, s'enticher de* • **EN** *to have a crush on, to fall in love with* • **PT** *engraçar-se por, embeicar-se por* **Beispiller** eist Meedchen **huet** sech an den Nopeschbouf **verkuckt**; ech **hu** mech an dat aalt Bauerenhaus **verkuckt** [eggs] [dat aalt Bauerenhaus gefält mer besonnesch gutt]

verkuelen [fek'uelən] ♦ Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé *verkuelt*) ♦ Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé *verkuelt*)

Hei entsteet en neien Artikel.

verkuerbelen [fek'u:gbələn] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé *verkuerbelt*) » **transitiv DE** *verwirren, aus dem Konzept bringen* • **FR** *décontenancer, déconcerter, troubler* • **EN** *to distract, to confuse* • **PT** *atrapalhar, desconcertar, confundir* **Beispiller** **verkuerbelen** mech net, ech maache grad d'Steiererklärung; no deene sëllegen Ënnerbriechunge war ech esou **verkuerbelt**, datt ech komplett de Fueдем verluer **hunn**

verlaangen [fel'a:ŋən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé *verlaangt*) » **transitiv 1.** **DE** *verlangen, fordern* • **FR** *exiger, demander, revendiquer* • **EN** *to demand* [to insist on having] • **PT** *exigir, pedir, reivindicar* **Beispill** d'Cheffin **verlaangt** absolut Loyalitéit vun hire Mataarbechter; ech bieden dech net dorëm, ech **verlaangen** et; et ass onerhéiert, esou vill Sue fir déi Aarbecht ze **verlaangen**!; du **verlaangs** dat Onméiglecht!; d'Gewerkschafte **verlaangen** dräi Prozent méi Loun **Synonym** fuerderen **2.** **DE** *verlangen* [erfordern] • **FR** *exiger* [nécessiter] • **EN** *to demand, to require* • **PT** *exigir* [requerer] **Beispill** esou eng Aarbecht **verlaangt** vill Gedold **Synonym** erfuerderen

verlaangere [fel'a:ŋəɾən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé *verlaangert*) » **intransitiv** **verlaangere** (no) **DE** *sich sehnen nach, Heimweh haben* • **FR** *souffrir de l'absence de, avoir le mal du pays* • **EN** *to miss, to be homesick* (for) • **PT** *ter saudades* (de) [de uma pessoa, de casa] **Beispiller** an der Vakanzekolonie **hunn** e puer Kanner no hirer Mamm **verlaangert**; wéi ech am Ausland am Internat war, **hunn** ech dacks **verlaangert**; kommt Äre Jong op de Camp sichen, e **verlaangert** ze vill!

Verlaf [fel'a:f] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Verlauf* [geografisch, topografisch] • **FR** *tracé* [géographique, topographique] • **EN** *course, line* [topographical, geographical] • **PT** *traçado* [geográfico, topográfico] **Beispiller** op dëser Kaart gesäit een de **Verlaf** vun der Rennstreck; de **Verlaf** vun der Grenz ass ëmstridden **Synonym** **Tracé 2.** **DE** *Verlauf* [Entwicklung] • **FR** *déroulement, cours, suivi* • **EN** *progress, headway* [development] • **PT** *desenvolvimento, decurso* **Beispill** d'Police wäert eis iwwe de weidere **Verlaf** vun der Enquête informéieren

verlafen [fel'a:fən] ♦ Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé *verlaf*) » **reflexiv 1.** **DE** *sich verlaufen* [sich verirren] • **FR** *se perdre, s'égarer* • **EN** *to get lost, to lose one's way* • **PT** *perder-se, enganar-se no caminho* **Beispiller** ech **hu** mech **verlaf** a weess net, wou ech soll higoen; dat Gebai ass esou grouss, datt ech mech reegelméisseg dra **verlafen** **Synonym** sech verieren **2.** **DE** *sich verlaufen* [auseinandergehen] • **FR** *se disperser* [partir] • **EN** *to disperse, to scatter* • **PT** *dispersar(-se), debandar* **Beispill** wéi et ugefaangen **huet** mat reenen, **hunn** d'Leit sech séier **verlaf** ♦ Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé *verlaf*) » **intransitiv 3.** **DE** *verlaufen* [sich erstrecken, führen] • **FR** *passer* [voie, tracé] • **EN** *to run* [road, path, route] • **PT** *correr, passar* [via, traçado] **Beispill** de Vëloswee **verleeft** parallel zum Floss **4.** **DE** *verlaufen* [ablaufen] • **FR** *se dérouler* [se passer d'une certaine manière] • **EN** *to run, to proceed* [plan, project] • **PT** *decorrer, correr* [passar-se de um certo modo] **Beispiller** bis elo **verleeft** eise Projet esou ewéi **geplangt**; d'Operatioun **ass** gutt **verlaf**; den Accident **ass** déidelech **verlaf** [beim Accident gouf et op d'mannst een Doudegen] **5.** **DE** *verlaufen* [auseinanderfließen] • **FR** *couler, baver* • **EN** *to run, to smudge* [make-up] • **PT** *escorrer, borrar* **Beispill** vum ville Kräischen **ass** dem Meedche säi Makeup **verlaf**

verlafen [fel'a:fən] Adjektiv [eggs] **DE** (moralisch) *verkommen, verdorben* [Frau] • **FR** *coureuse, dévergondée* • **EN** *loose, wanton* [woman] • **PT** *promiscua, depravada* **Beispill** d'Leit halen hatt fir e **verlafent** Framënsch

Verlag [fel'a:χ] Maskulinum (Pluriel *Verlåg / Verlagen / Verlager*) **DE** *Verlag* • **FR** *maison d'édition, éditeur* • **EN** *publisher, publishing house* • **PT** *casa editora, editora* **Beispiller** a wéi engem **Verlag** koum däi Buch eraus?; et gëtt net vill **Verlagen**, déi hir eegen Dréckerei **hunn**

verlagere [fel'a:bəɾən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé *verlagert*) » **transitiv 1.** **DE** *verlagern, verlegen* • **FR** *déplacer, transférer, délocaliser* • **EN** *to shift, to relocate, to transfer* • **PT** *deslocar, transferir, deslocalizar* **Beispiller** um Moto muss ee säi Gewiicht an de Kéiere richteg **verlagere**; d'Bank **huet** hire Sëtz an d'Haaptstad **verlagert**; d'Produktioun gëtt an d'Ausland **verlagert** » **reflexiv 2.** **DE** *sich verlagern* • **FR** *se déplacer* [changer de place] • **EN** *to relocate, to move* • **PT** *deslocar-se* [mudar de lugar] **Beispill** d'Prostitutioun **huet** sech an en anere Quartier **verlagert**

Verlagerung [fel'a:bəɾən] Femininum (Pluriel *Verlagerungen*) **DE** *Verlagerung* • **FR** *déplacement, transfert, délocalisation* • **EN** *shifting, relocation, transfer* • **PT** *deslocação, transferência, deslocalização* **Beispiller** deng Propos ass keng Léisung, mee eng **Verlagerung** vum Problem; eng **Verlagerung** vum Wuerentransport **vun**

der Strooss op d'Schinn ass wünschenswäert; d'Verlagerung vun der Autosproduktioun an d'Ausland huet d'Land vill Aarbechtsplaze kascht

Verlagskatalog [fel'a:χskatalo:χ] Maskulinum (Pluriel Verlagskatalogen) **DE** *Verlagskatalog* • **FR** *catalogue d'éditeur* • **EN** *publisher's catalogue* • **PT** *catálogo de editora* **Beispill** d'Säitenzuel an de Präis vun de Bicher stinn an eisem Verlagskatalog

verlängeren [fel'æŋəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verlängert) » **transitiv 1. DE** *verlängern* [räumlich] • **FR** *allonger, rallonger* • **EN** *to lengthen, to extend* [spatially] • **PT** *alongar* [tornar mais comprido] **Beispiller** d'Landepist um Flughafen soll verlängert ginn; mat Rallongë kënnen mer eisen Dësch verlängeren **2. DE** *verlängern* [zeitlich] • **FR** *prolonger* [la durée de] • **EN** *to extend, to prolong* [temporally] • **PT** *prolongar* [fazer durar] **Beispill** d'Vakanz huet eis esou gutt gefall, datt mer se em e puer Deeg verlängert **hunn 3. DE** *verlängern* [die Gültigkeit] • **FR** *prolonger* [la validité de] • **EN** *to extend, to renew* [the validity of] • **PT** *prolongar* [a validade de] **Beispiller** den immigréierten Aarbechter krut seng Aarbechtserlabnes em ee Joer verlängert; ech muss mäi Führerschäi verlängere loosse

Verlängerung [fel'æŋəɾuŋ] Femininum (Pluriel Verlängerungen) **1. DE** *Verlängerung* [räumliche Ausdehnung] • **FR** *prolongement, allongement* [dans l'espace] • **EN** *extension, lengthening* [spatial] • **PT** *prolongamento, alongamento* [no espaço] **Beispill** d'Verlängerung vun der Landepist um Flughafen gouf geneemegt **2. DE** *Verlängerung* [zeitliche Ausdehnung] • **FR** *prolongation* [dans le temps] • **EN** *extension, lengthening* [temporally] • **PT** *prolongamento* [no tempo] **Beispill** d'Ministesesch schléit eng Verlängerung vun der obligatorescher Schoulzäit vir **3. DE** *Verlängerung* [der Laufzeit, der Gültigkeit] • **FR** *prolongement* [de la validité] • **EN** *extension* [of a period, of validity] • **PT** *revalidação* [prolongamento da validade] **Beispill** hues de dech schonn em d'Verlängerung vun dengem Führerschäi gekëmmert? **4. DE** *Verlängerung* [der Spielzeit] • **FR** *prolongation* [d'un match] • **EN** *extra time* [in sport] • **PT** *prolongamento* [de jogo] **Beispiller** beim Fussball dauert d'Verlängerung zweemol eng Véierelstonn; no 90 Minutten ass de Match an d'Verlängerung gaangen **5. DE** *Verlängerungskabel* • **FR** *rallonge* [câble] • **EN** *extension* [lead] • **PT** *extensão* [elétrica] **Beispill** de Kabel vun der Buermaschinn ass ze kuerz, géi sich eng Verlängerung! **Synonym** Rallonge

verläschen [fel'æʃən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé verläscht) » **intransitiv DE** *schal werden* [Getränk] • **FR** *s'éventer* [boisson] • **EN** *to go flat* [drink] • **PT** *ficar choco* [bebida] **Beispiller** dréink däi Champes, ier e verläscht!; schëtt dee verläschte Béier an de Waassersteen!

verlauden [fel'auðən] Verb » **intransitiv** verlaude loosse **DE** *durchblicken lassen* • **FR** *laisser entendre* • **EN** *to intimate, to make known* • **PT** *dar a entender, deixar entrever* **Beispill** d'Beamte krute verbueden, eppes iwwe de Skandal verlauden ze loosse

verlauschteren [fel'æʊ:ʃtəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verlauschtert) » **intransitiv 1. DE** *zufällig mitbekommen* [vom Hörensagen] • **FR** *apprendre*

par hasard [par l'écoute] • **EN** *to overhear* • **PT** *ouvir dizer, apanhar no ar* [pela audição] **Beispill** ech hu gëschter am Bistro verlauschtert, eisen Usträicher wier esou wäit faillite » **reflexiv 2. DE** *sich verhören* • **FR** *entendre de travers* • **EN** *to mishear* • **PT** *ouvir mal, entender mal* **Beispill** du hues dech do bestëmmt verlauschtert, ech ka mer net virstellen, datt hien dat esou gesot huet **Synonym** sech verhéieren

verleeden [fel'e:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verleet) » **transitiv DE** *verleiten* zu • **FR** *inciter* à [porter à] • **EN** *to tempt* (to), *to entice* (to) • **PT** *incitar a, instigar a* **Beispiller** ech hoffen, däin neie Sportswon verleet dech net derzou, fir ze séier ze fueren!; loosse dech net zu eppes verleeden, wat s de herno bereis **Synonym** verféieren zu

verleeën [fele:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verluecht) » **transitiv 1. DE** *verlegen, legen* [eine Leitung] • **FR** *poser* [une conduite] • **EN** *to lay* [to put in position] • **PT** *colocar, instalar* [uma conduta] **Beispill** d'Post léisst all hir Leitungen ënnerierdesch verleeën **Synonym** leeën **2. DE** *verlegen* [weglegen und nicht mehr finden] • **FR** *égarer* [perdre] • **EN** *to mislay* • **PT** *extraviar, pôr fora do lugar* [perder] **Beispill** ech hu schonn erëm mäi Brëll verluecht! **Synonym** vertässelen **3. DE** *verlegen* [an einen anderen Ort] • **FR** *transférer, déplacer* [faire changer de lieu] • **EN** *to relocate* • **PT** *transferir, mudar* [de lugar] **Beispiller** eis Firma huet dëst Joer en Deel vun der Produktioun an d'Ausland verluecht; sollt et reenen, verleeë mer eist Fest an den Turnsall **4. DE** *verlegen* [auf einen anderen Zeitpunkt] • **FR** *reporter, avancer* [la date de], *décaler* [changer à une date antérieure ou ultérieure] • **EN** *to postpone, to bring forward* • **PT** *adiar* [a data de], *antecipar* [a data de], *mudar* [a data de] [agendar para uma data anterior ou posterior] **Beispiller** weinst engem Stierfall an der Famil hu mer eis Rees (no hannen) verluecht; well d'Braut erwaart huet, gouf d'Hochzäit no vir verluecht **Synonym** verréckelen

i Verb, dat verleeën als Basis huet: ↗verleeën

verleeën [fel'e:ən] Adjektiv **1. DE** *verlegen* • **FR** *embarassé, gêné* <Adverb de façon embarrassée> • **EN** *embarrassed* • **PT** *embaraçado, constrangido* <Adverb de forma embaraçada> **Beispill** du brauchts net verleeën ze sinn, esou eppes ka jidderengem passéieren!; de Schüler huet verleeën dragekuckt, wéi e virun der ganzer Klass gelueft gouf **2. net verleeë** sinn em **DE** *nicht verlegen sein um* • **FR** *ne pas être à court de* [de répartition] • **EN** *to not be at a loss for* • **PT** *não deixar de ter, ter pronto* [resposta] **Beispill** hie war kee Moment em eng Äntwert verleeën

Verleeënheet [fel'e:ənhe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Verlegenheit* [Unsicherheit] • **FR** *embarras, gêne* • **EN** *embarrassment* • **PT** *embaraço, constrangimento* **Beispiller** vun elauter Verleeënheet gouf d'Fra rout am Gesiicht; entschëllegt, ech wollt Iech mat menger Bemierkung net a Verleeënheet bréngen!; ech kann der keng Sue léinen, ech si selwer a Verleeënheet [ech kann der keng Sue léinen, ech hu selwer finanziell Schwierigkeiten]

verleegnen [fel'e:znən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verleegent) » **transitiv DE** *verleugnen* • **FR** *renier* [ne plus reconnaître comme sien] • **EN** *to deny,*

to disown • **PT** *renegar* [deixar de reconhecer como seul] **Beispill** hie verleeigent de soziale Milieu, aus deem e kennt

verléieren [fel'ʒiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verluer) » **transitiv 1.** **DE** *verlieren* [einen Gegenstand] • **FR** *perdre* [un objet] • **EN** *to lose* [an object] • **PT** *perder* [um objeto] **Beispiller** wat muss ee maachen, wann ee säi Pass am Ausland verléiert?; ech fäerten, ech hu mäin Ouerrank am Bësch **verluer 2.** **DE** *verlieren* [Mittel, Reserven, Besitz] • **FR** *perdre* [des ressources, des biens] • **EN** *to lose* [resources, goods] • **PT** *perder* [recursos, bens] **Beispiller** mäi Monni huet op der Bourse vill Sue verluer; maach der näischt draus, du hues bei deem Handel näischt verluer!; verléier net esou vill Zäit mat telefonéieren!; hien huet näischt méi ze verléieren [hie brauch op näischt méi Rücksicht ze huelen] **3.** **DE** *verlieren* [einbüßen] • **FR** *perdre* [se voir privé de] • **EN** *to lose* [to suffer a loss, to be deprived of] • **PT** *perder* [ficar sem] **Beispiller** ech hu meng Eltere fréi verluer; den Zaldot huet am Krich e Bee verluer; d'Beem verléieren hir Blieder schon **4.** (aus den Aen) verléieren **DE** (aus den Augen) *verlieren* • **FR** *perdre* (des yeux) • **EN** *to lose* (sight of) • **PT** *perder* (de vista) **Beispill** géff mer d'Hand, hir datt mer eis an deem Gewulls net verléieren! **5.** [əgs] näischt verluer hunn **DE** *nichts* verloren haben, *nichts* zu suchen haben • **FR** *ne rien avoir à faire* [à un certain endroit] • **EN** *to have no business* [in a place, in a situation] • **PT** *não ter nada que estar* [em determinado lugar] **Beispill** dir hutt hei näischt verluer, gitt ärer Wee! **Synonym** näischt ze sichen hunn **6.** **DE** *verlieren* [die Gewalt über] • **FR** *perdre* [ne plus avoir d'emprise sur] • **EN** *to lose* [control over] • **PT** *perder* [o domínio sobre] **Beispiller** de Chauffeur ass esou brüsk ugefuert, datt d'Leit am Bus d'Gläichgewicht verluer hunn; mäi Papp verléiert souzesoen ni d'Gedold; d'Pilotin huet d'Kontroll iwwer hir Maschin **verluer 7.** **DE** *verlieren* [Verlierer sein bei] • **FR** *perdre* [être perdant lors de] • **EN** *to lose* [to fail to win] • **PT** *perder* [ser mal sucedido em] **Beispiller** well mäi Monni de Prozess verluer huet, muss hien d'Gerichtskäschten droen; eis Ekipp huet de Match verluer; et ass nach näischt verluer [et besteet nach eng gewëssen Hoffnung] » **intransitiv 8.** verléieren un **DE** *verlieren* an [abnehmen an] • **FR** *perdre de* (son), *perdre en* • **EN** *to lose* [to decrease in] • **PT** *perder em* [ficar pior em] **Beispiller** al Traditiounen a Gebräicher verléiere mat der Zäit u Bedeitung; en neien Auto verléiert dat éischt Joer am meeschten u Wäert **9.** verluer goen **DE** *verloren* gehen [verschwinden] • **FR** *se perdre* [disparaître] • **EN** *to be lost* [to disappear] • **PT** *perder-se, desaparecer* [acabar] **Beispill** wann dee Betrieb zoumécht, da ginn 200 Aarbechtsplaze verluer **10.** verluer goen **DE** *verloren* gehen [vermisst werden] • **FR** *se perdre* [(en venir à) manquer à l'appel] • **EN** *to get lost* [to go missing] • **PT** *perder-se* [ser dado como desaparecido] **Beispill** bleibt schéin zesummen, Jongen, datt kee verluer geet! » **reflexiv 11.** **DE** *sich verirren* • **FR** *se perdre, s'égarer* [dans un lieu] • **EN** *to get lost, to lose one's way* • **PT** *perder-se* [no caminho] **Beispill** an där grousser Stad hate mer eis ouni Plang no kuerzer Zäit verluer **12.** **DE** *sich verlieren, sich verrennen* • **FR** *se perdre, s'égarer* [mentalement] • **EN** *to get carried away, to get lost, to go astray* • **PT** *perder-se* [baralhar-se] **Beispill** de Riedner huet sech an topegen Iwwerleunge verluer

verléieren [fel'ʒiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verléiert) » **transitiv DE** *verlernen* • **FR** *perdre, désapprendre* [une faculté acquise] • **EN** *to lose* (the skill of), *to forget* (how to) • **PT** *perder, desaprender* [uma facultade adquirida] **Beispill** d'Vëlofuere verléiert een ni, wann een et bis eng kéier geléiert huet

Verléierer [fel'ʒiəɾɛ] Maskulinum (Pluriel Verléierer) **DE** *Verlierer* • **FR** *perdant* • **EN** *loser* • **PT** *perdedor* **Beispiller** bei där Reform sinn d'Aarbechter déi grouss Verléierer; de Verléierer vun dëser Partie gëtt an der Coupe eliminéiert; hien ass e schlechte Verléierer [hie kann et net verquëssen, wann e verléiert]

1 Weiblech Form: ↗Verléierin

Verléierin [fel'ʒiəɾin] Femininum (Pluriel Verléierinnen) **DE** *Verliererin* • **FR** *perdante* • **PT** *perdedora* **Beispiller** d'Verléierin vum Concours krut en Trouschtpräis; d'Verléierin vun dëser Partie gëtt am Tournoi eliminéiert

1 Männlech Form: ↗Verléierer

verléift [fel'ʒift] Adjektiv **DE** *verliebt* • **FR** *amoureux* • **EN** *in love, loved-up* • **PT** *apaixonado* <Adverb *apaixonadamente*: **Beispiller** wann ee verléift ass, gesäit een deem anere seng Feeler net; déi zwee hunn sech ganz verléift an d' Ae gekuckt; kuck, hei kommen déi zwee Verléift!

1 „verléift“ kann och de Participe passé vum Verb ↗verléiwen sinn.

Verléiftheet [fel'ʒifthe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Verliebtheit* • **FR** *sentiments amoureux* • **PT** *enamoramento, paixão* **Beispill** an der éischter Verléiftheet mécht een allerhand Dommheeten

verléinen [fel'ʒinən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verléint) » **transitiv DE** *ausleihen, verleihen* • **FR** *prêter* (à), *mettre à disposition* (de), *louer* (à) • **EN** *to lend, to rent out* • **PT** *emprestar* (a), *pôr à disposição* (de), *alugar* (a) **Beispiller** ech verléine meng Bicher ni; am Zoo verléinen se neierdengs Poussetté fir Leit mat Kanner; wou verléinen se hei an der Stad Fueskostümer?

verléiwen [fel'ʒivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verléift) » **reflexiv** sech verléiwen (an) **DE** *sich verlieben* (in) • **FR** *tomber amoureux* (de) • **EN** *to fall in love* (with) • **PT** *apaixonar-se* (por) **Beispiller** déi zwee Frënn krute Sträit, well se sech an dat selwecht Meedche verléift haten; eist Meedchen huet sech an de Schoulmeeschter verléift; ech hu mech an dat aalt Bauerenhaus verléift [eggs] [dat aalt Bauerenhaus gefält mer besonnesch gutt]

verlétzebuergeschen [fel'ətsəbu:ɕjəfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verlétzebuergescht)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Verlétzebuergeschung [fel'ətsəbu:ɕjəfʊŋ] Femininum (Pluriel <seelen> Verlétzebuergeschungen)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

verletzen [fel'ætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verletzt) » **transitiv 1.** **DE** *verletzen* [verwunden] • **FR** *blessé* [causer une blessure à] • **EN** *to injure, to*

hurt • **PT** *ferir* [causar ferimento a] **Beispiller** beim Accident gouf glécklecherweis kee *verletzt*; ech hu mech um Knéi *verletzt*, mee ech hu mer näischt gebrach; beim Training *huet* eis bescht Spillerin sech *verletzt* **Synonymmen** blesséieren, verwonnen **2. DE** *verletzen* [kränken] • **FR** *blessier* [offenser, froisser] • **EN** *to hurt* [somebody's feelings], *to offend* • **PT** *ofender, melindrar* **Beispill** et war net meng Absicht, dech mat menger Bemierkung ze *verletzen* **Synonymmen** blesséieren, kränken, toufen, vexéieren **3. DE** *verletzen* [verstoßen gegen, missachten] • **FR** *violier* [porter atteinte à] • **EN** *to violate* • **PT** *ir contra, violar* [desrespeitar, infringir] **Beispill** dat neit Reglement *verletzt* eis Grondrechter **Synonym** violéieren

Verletzung [fel'ætsʊŋ] Femininum (Pluriel Verletzungen) **1. DE** *Verletzung, Blessur* • **FR** *blessure* [lésion] • **EN** *injury* • **PT** *ferimento, ferida* [lesão] **Beispiller** de Blesséierten ass an der Nuecht u senge *Verletzung* gestuerwen; wéinst enger *Verletzung* um Fouss fällt eise Golkipp déi nächst Matcher aus **Synonym** Blessur **2. DE** *Verletzung* [Verstoß, Missachtung] • **FR** *violation* [atteinte] • **EN** *violation, breach* • **PT** *violação* [desrespeito, infração] **Beispill** dat neit Reglement ass eng *Verletzung* vun eise Grondrechter **Synonym** Violatioun

verlieft [fel'liæft] Adjektiv **DE** *verlebt* • **FR** *vieilli, marqué* [avant l'âge, par une vie relâchée] • **EN** *raddled, aged* [before time] • **PT** *envelhecido, acabado* [antes do tempo, por uma vida solta] **Beispill** Alkohol an Droge sueren derfir, datt ee schonn a jonke Jore ka *verlieft* ausgesinn

verlinken Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verlinkt)

I Hei entsteet en neien Artikel.

verloben [fel'o:bən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verloobt) » **reflexiv** **DE** *sich verloben* • **FR** *se fiancer* • **EN** *to get engaged* • **PT** *ficar noivos* **Beispill** fréier war et Usus, sech eng Zäit virun der Hochzäit ze *verloben* **Synonym** sech fiancéieren

Verlobung [fel'o:bʊŋ] Femininum (Pluriel Verlobungen) **DE** *Verlobung* • **FR** *fiançailles* • **EN** *engagement, betrothal* • **PT** *noivado* [compromisso] **Beispill** hien hat senger Freiesch fir d'*Verlobung* e Rank mat engem Brillant geschenkt

Verlooss [fel'o:s] Maskulinum (kee Pluriel) et ass Verlooss op **DE** *es ist Verlass auf* • **FR** *on peut compter sur, on peut se fier à* • **EN** *one can rely on* • **PT** *pode-se contar com, pode-se confiar em* **Beispiller** op deen Hallwerweis do ass kee *Verlooss*; op déi pensionéiert Mataarbechterin war ëmmer *Verlooss*

verloossen [fel'o:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verlooss) » **transitiv** **1. DE** *verlassen* [einen Ort] • **FR** *quitter* [un lieu] • **EN** *to leave* [a place] • **PT** *sair de, abandonar* [um local, um sitio] **Beispiller** de Minister ass voller Roserei opgesprongen an *huet* de Sall *verlooss*; déi meescht Auswanderer hunn d'Land am 19. Joerhonnert *verlooss* **2. DE** *verlassen* [sich trennen von, im Stich lassen] • **FR** *quitter, abandonner* [une personne] • **EN** *to leave, to abandon* [a person] • **PT** *deixar, abandonar* [uma pessoa] **Beispiller** meng Fra *huet* mech *verlooss*; hien *huet* Fra a Kanner *verlooss*; de Mutt *huet*

déi jonk Sängerin *verlooss*, wéi se déi vill Leit gesouch [ëgs] [déi jonk Sängerin hat kee Mutt méi, wéi se déi vill Leit gesouch] » **reflexiv** **3. sech** *verloossen* op **DE** *sich verlassen auf* • **FR** *compter sur, se fier à* • **EN** *to rely on, to count on* • **PT** *contar com, confiar em* **Beispiller** ech ka mech ëmmer op hie *verloossen*; an eiser Ekip kann ee sech op deen anere *verloossen*; d'Alpiniste muss sech op hiert Ekipement kënne *verloossen*; du kanns dech drop *verloossen*, datt ech der Hëllef kommen; wien sech op sech selwer *verléisst*, ass selwer *verlooss* [et *verléisst* een sech am bescht-en op sech selwer]; esou e Behuele looschen ech net méi duerchgoen, *verlooss* dech drop! [⇒ seet ee fir ze ënnersträchen, wéi entschloss een ass] **Synonym** zielen op

Verloscht [fel'oʃt] Maskulinum (Pluriel Verloschter) **1. DE** *Verlust* [durch Trennung, durch Tod] • **FR** *perte* [par séparation, par décès] • **EN** *loss* [due to separation, due to death] • **PT** *perda* [por separação, por morte] **Beispiller** den Doud vum President ass e grouse *Verloscht* fir d'Land; mäi Papp ass ni iwuer de *Verloscht* vu menger Mamm ewechkomm **Synonym** Perte **2. DE** *Verlust, Einbuße* • **FR** *perte* [préjudice] • **EN** *loss* [disadvantage] • **PT** *perda* [prejuízo] **Beispiller** hatt *huet* de *Verloscht* vu sengem Verméigen ni verquësst; duerch de *Verloscht* vun Territoiré krut eist Land d'Form vun engem Schong; eis Firma muss dëst Joer mat engem grouse *Verloscht* rechnen **Synonymmen** Abouss, Perte **3. DE** *Verlust* [Schwund] • **FR** *perte* [diminution, appauvrissement] • **EN** *loss* [decline] • **PT** *perda* [diminuição, decréscimo] **Beispill** de Bëschof bedauert de *Verloscht* vu chrëschtliche Wäerter an eiser Gesellschaft

verlounen [fel'əʊnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verlount) » **transitiv** *verlounen* (un) **DE** *vermieten* (an) • **FR** *louer* (à) [donner en location (à)] • **EN** *to let* (to), *to rent* (to) • **PT** *alugar* (a) [dar de alugar (a)] **Beispiller** d'Appartement *gëtt* fir 700 Euro ouni Chargé *verlount*; de Proprietär wëllt seng Wunneng net u Studente *verlounen*; mir *verlounen* dem Noper eis Garage; um Flughafen sinn zwou Firmaen, déi Autoe *verlounen*

I Verb, dat **verlounen** als Basis *huet*: ↗weiderverlounen

verlousen [fel'əʊzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verloust) » **transitiv** **DE** *verlosen* • **FR** *offrir* [par tirage au sort, mettre en jeu [un lot]] • **EN** *to raffle* (off) • **PT** *sortear, rifar* **Beispill** um Zeltfest *gëtt* eng Rees *verloust*

Verlousung [fel'əʊsʊŋ] Femininum (Pluriel Verlousungen) **DE** *Verlosung* • **FR** *tirage* (au sort) • **EN** *raffle, draw* • **PT** *sorteio* **Beispill** d'Personal vum Garage dierf net bei der *Verlousung* vum Auto matmaachen

verlueden [fel'uədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verlueden) » **transitiv** **DE** *verladen* [Güter] • **FR** *charger, embarquer* [des marchandises] • **EN** *to load* [goods] • **PT** *carregar, embarcar* [mercadorias] **Beispill** d'Containere *gi* mat Kranen op grouss Schëffer *verlueden*

verluer [fel'u:ɐ̯] Adjektiv **DE** *verloren, überfordert* • **FR** *perdu, dépassé, déboussolé* • **EN** *lost, at a loss* • **PT** *perdido, atrapalhado, desorientado* **Beispill** ech si ganz *verluer*, ech versti guet net, ëm wat et am Virtrag geet

i „verluer“ kann och de Participe passé vum Verb **verléieren** sinn.

Verluerekascht [fel'u:grɛkaʃt] Eegennumm **DE** Verlorenkost • **FR** Verlorenkost • **EN** Verlorenkost • **PT** Verlorenkost **Beispiller** ech wunnen um Verluerekascht; fiert dëse Bus op de Verluerekascht?

verlugen [fel'ʊɐ̯ən] Adjektiv **DE** verlogen • **FR** menteur, hypocrite • **EN** lying, insincere • **PT** mentiroso, hipócrita **Beispill** deem verlugenen Typ kanns de näischt gleewen!

vermaachen [fɛm'ʰa:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vermaach / vermaacht) » **transitiv 1. DE** vermachen • **FR** léguer à, laisser à, céder à • **EN** to leave to, to bequeath to • **PT** legar a, deixar a, ceder a **Beispiller** de Bopa huet sengen Enkelkanner d'Haus vermaach; hien huet dem Déierenasyl säi ganz Verméige vermaach; ech kann der mäin ale Computer vermaachen (ech kann der mäin ale Computer schenken) **Synonymmen** verierwen, verschreien **2.** näischt vermaache mat **DE** nichts falsch machen (können) mit • **FR** ne rien risquer à ..., ne pas risquer de (faire un) faux pas en ... • **EN** impossible to go wrong with • **PT** não correr o risco de dar um passo em falso com ..., não há que enganar com ... **Beispill** huel e klenge Bouquet Blumme mat, domat verméchs de näischt!

vermaarten [fɛm'ʰa:rtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vermaart) » **transitiv DE** vermarkten • **FR** commercialiser, vendre • **EN** to market • **PT** comercializar, vender **Beispiller** esou en ausgefalene Produit ass net einfach ze vermaarten; duerch den Internet kann all Betrib seng Produkter weltwäit vermaarten

Vermaartung [fɛm'ʰa:rtuŋ] Femininum (Pluriel Vermaartungen) **DE** Vermarktung • **FR** commercialisation, vente • **EN** marketing • **PT** comercialização, venda **Beispill** eng spezialiséiert Agence beréit eis bei der Vermaartung vun eisem neie Produit

Vermächtnis [fɛm'æçtnis] Neutrum (Pluriel Vermächtnisser) **DE** Vermächtnis [Hinterlassenschaft] • **FR** legs [objets d'art, de valeur], héritage [culturel, politique] • **EN** legacy, bequest • **PT** legado [objetos de arte, de valor], herança [cultural, política] **Beispiller** dem Moler säi Vermächtnis besteet zum groussen Deel aus Uelegbiller an Zeechnungen; vun deem beléifte Staatsmann sengem politesche Vermächtnis ass net vill iwwereg bliwwen

i Variant: Vermiechtnes

vermasselen [fɛm'ʰasələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vermasselt) » **transitiv [ëgs] DE** vermasseln • **FR** gâcher [compromettre] • **EN** to mess up, to louse up • **PT** estragar [prejudicar] **Beispill** well s du deng Roll net geléiert has, hues de eis dee ganzen Optrétt vermasselt

vermeiden [fɛm'ʰaidən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vermieden / vermeit) » **transitiv DE** vermeiden, verhindern • **FR** éviter [empêcher] • **EN** to avoid [to prevent] • **PT** evitar [impedir] **Beispiller** schreift ären Numm an d'Bicher, fir Verwiesslungen ze vermeiden!; déi doten Diskussioun war net ze vermeiden **Synonymmen** evitéieren, verhënnere

Verméigen [fɛm'ʰizəŋ] Neutrum (Pluriel Verméigen) **DE** Vermögen [Besitz] • **FR** fortune [biens] • **EN** fortune [possessions] • **PT** fortuna [bens] **Beispiller** hien ass beim Spekuléieren ëm säi ganz Verméige komm; eiser Duechter hiert Studium huet e Verméige kascht [ëgs] [leiser Duechter hiert Studium huet ganz vill Sue kascht]

verméipelen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verméipelt)

i Hei entstee en neien Artikel.

vermengt [fɛm'æŋt] Adjektiv [vereezt] **DE** eingebildet, von sich eingenommen • **FR** infatué, prétentieux, imbu de soi • **EN** conceited, full of oneself • **PT** convencido, pretensioso, cheio de si **Beispill** deem vermengten Typ géif e bësse Bescheidenheet guttduen! **Synonymmen** agebild, arrogant

verméschen [fɛm'əʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verméscht) » **transitiv 1. DE** vermischen [untereinander mischen] • **FR** mélanger [unir dans un mélange] • **EN** to mix [to combine] • **PT** misturar [juntar num todo] **Beispill** du muss d'Eegiel mam Zocker verméschen, ier s de d'Miel derbäiméchs **2. DE** vermischen [durcheinander bringen, vermengen] • **FR** mélanger [confondre] • **EN** to mix (up) [to confuse] • **PT** misturar [confundir] **Beispill** him gëtt virgehait, dat Berufflecht mat deem Private verméscht ze hunn » **reflexiv 3. DE** sich vermischen • **FR** se mélanger • **EN** to blend, to mix • **PT** misturar-se **Beispill** du muss laang réieren, fir datt d'Faarwen sech gutt (mateneen) verméschen

vermessen [fɛm'əsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vermésst) » **transitiv 1. DE** vermessen [sich sehnen nach] • **FR** regretter (l'absence de) [éprouver un manque de] • **EN** to miss [to long for] • **PT** sentir a falta de, ter saudades de **Beispiller** ech hu meng Elteren an där flotter Vakanz guer net vermésst; no dräi Deeg um Camping vermésst ee säi Bett! **2. DE** vermessen [nicht finden] • **FR** ne pas (re)trouver [constater la disparition, l'absence de] • **EN** to be unable to find • **PT** não (re)encontrar [dar pela falta de] **Beispiller** ech vermessen zënter gëschter meng Autoschlësselen; an dengem Rapport vermessen ech déi nei Projeten, déi beschwat goufen **3.** vermésst ginn **DE** vermisst werden • **FR** être porté disparu • **EN** to be missing • **PT** ser dado como desaparecido **Beispill** dat jonkt Meedche gëtt schonn e ganz Joer laang vermésst

vermessen [fɛm'əsən] Adjektiv **1. DE** vermessen, anmaßend • **FR** présomptueux • **EN** presumptuous • **PT** atrevido, presunçoso **Beispill** et wier vermessen ze behaupten, datt ech mech ni ieren **2. DE** bockig, widerspenstig • **FR** têtu, récalcitrant • **EN** stubborn, wilful • **PT** teimoso, recalcitrante **Beispill** dee vermessene Bouf wollt erëm näischt iessen **3. DE** boshaft • **FR** méchant, malveillant • **EN** nasty, malicious • **PT** mau, malicioso **Beispill** dat vermessen Framéensch ass dee ganzen Owend iwwer déi aner Leit hiergefall

Vermessenheet [fɛm'əsənhe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Trotz, Verstocktheit • **FR** entêtement • **EN** stubbornness, wilfulness • **PT** teimosia, birra **Beispill** vun elauter Vermessenheet wollt d'Kand näischt iessen

i Variant: Vermiesseenheet

Vermésstemeldung Femininum (Pluriel Vermésstemeldungen) **1.** DE *Vermissenanzeige, Vermissenmeldung* [Vorgang] • FR *signalement de disparition* • EN *missing person report* • PT *participação de desaparecimento* [de uma pessoa] **Beispill** ech sinn am Leed, well mer näischt vun eisem Bouf héieren, ech gi bei d'Police eng **Vermésstemeldung** maachen **2.** DE *Vermissenanzeige* [Suchanzeige] • FR *avis de recherche* [suite à une disparition] • EN *missing person appeal* • PT *notícia de desaparecimento* [de uma pessoa] **Beispill** d'Police huet fir zwee Jugendlecher, déi vun doheem fortgelaf sinn, zwou **Vermésstemeldungen** erausginn

verméttelen [fem'ətələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verméttelt*) » **transitiv 1.** DE *vermitteln* [beibringen, weitergeben] • FR *transmettre* [des connaissances] • EN *to pass on, to convey* [knowledge] • PT *transmitir* [conhecimentos] **Beispill** déi eeler Generatioun kann där jonker och haut nach villes **verméttelen** **2.** DE *vermitteln* [verhelfen zu] • FR *aider à trouver, procurer à* [comme intermédiaire] • EN *to find* [to help to find] • PT *ajudar a encontrar, arranjar a* [como intermediário] **Beispiller** d'Aarbechtsamt huet eis en neie Portier **verméttelt**; mäi Cousin huet mer eng nei Plaz **verméttelt** » **intransitiv 3.** DE *vermitteln* • FR *servir de médiateur, aider à trouver un accord* • EN *to mediate* [to arbitrate] • PT *servir de mediador, ajudar a encontrar um acordo* **Beispill** de Mediateur versicht, bei därege Sträitfäll ze **verméttelen** **Synonymmen** arbitréieren, schlichten

i Verb, dat **verméttelen** als Basis huet: » **weiderverméttelen**

Vermëttler [fem'ətəl] Maskulinum (Pluriel *Vermëttler*) DE *Vermittler* [Schlichter] • FR *médiateur* • EN *mediator* • PT *mediador* **Beispill** déi zwou Parteien hunn hien als **Vermëttler** akzeptéiert **Synonym** Mediateur

i Weiblech Form: » **Vermëttlerin**

Vermëttlerin [fem'ətəlɛrɪn] Femininum (Pluriel *Vermëttlerinnen*) DE *Vermittlerin* [Schlichterin] • FR *médiatrice* • PT *mediadora* **Beispill** hir Roll als **Vermëttlerin** ass et, en Accord tëschent deenen zwou Parteien ze fanen **Synonym** Mediatrice

i Männlech Form: » **Vermëttler**

Vermëttlung [fem'ətəlʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **1.** DE *Vermittlung* [das *Vermitteln*] • FR *placement* [de *chercheurs d'emploi*], *aide* [offerte par une agence spécialisée] • EN *placement* [by an agency] • PT *colocação* [de *peessoas à procura de emprego*], *intermediação* [por uma agência especializada] **Beispiller** d'Aarbechtsamt ass zoustänneg fir d'**Vermëttlung** vun Aarbechtslosen un d'Patronen; ouni **Vermëttlung** hätt ech meng nei Plaz ni kritt **2.** DE *Vermittlung* [von Wissen, von Fertigkeiten] • FR *transmission* [de connaissances, de compétences] • EN *imparting, promulgating* [knowledge, skills] • PT *transmissão* [de conhecimentos, de competências] **Beispill** den Educatiounsministère huet didaktescht Material fir d'**Vermëttlung** vun eiser Sprooch zur Verfügung gestallt **3.** DE *Vermittlung, Schlichtung* • FR *médiation* [entremise, arbitrage] • EN *mediation* [arbitration] • PT *mediação* [interferência, arbitragem] **Beispill** fir d'**Vermëttlung** tëschent deenen zwou Parteie gouf e Mediateur genannt

Vermiechtnes [fem'iæçtnəs] Neutrum (Pluriel *Vermiechtnesser*) - Variant vun » **Vermächtnis**

Vermierk [fem'i:çk] Maskulinum (Pluriel *Vermierker*) DE (offizieller) *Vermerk* • FR *indication, mention* (officielle) • EN (official) *note* • PT *indicação, menção* (oficial) **Beispill** a mengem Füersschäin ass e **Vermierk**, datt ech e Brëll brauch, wann ech mam Auto fueren

vermierken [fem'i:çkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *vermierkt*) » **transitiv** DE *vermerken* [notieren] • FR *noter, indiquer, mentionner* [par écrit] • PT *anotar, indicar, mencionar* [por escrito] **Beispill** ob s de an der Schoul Latäin has, ass um **Premièresdiplom** **vermierkt**

vermiessen [fem'iəsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *vermiess*) - Variant vun » **vermoossen**

Vermiessenheet [fem'iəsənheit] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun » **Vermessenheet**

Vermiessung [fem'iəsʊŋ] Femininum (Pluriel *Vermiessungen*) DE *Vermessung* • FR *mesurage* • PT *medição, levantamento* **Beispill** esoubal d'**Vermiessung** vun den Terrainen ofgeschloss ass, kann de **Promoteur** ufänke mat plangen

verminnen [fem'inən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *verminnt*) » **transitiv** DE *verminen* • FR *miner* [garnir de mines explosives] • EN *to mine* [to lay explosive mines] • PT *minar* [colocar minas explosivas em] **Beispiller** am leschte Krich hate feindlech Zaldoten dee ganzen Hang **verminnt**; dëst Gebitt ass gespaart, well et **verminnt** ass

vermiwwelen [fem'ivələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *vermiwwelt*) » **transitiv** [əgs] DE *vermöbeln* • FR *tabasser* • EN *to beat up, to duff up* • PT *desancar, espancar* **Beispill** um Fuesbal **gouf** en esou **vermiwwelt**, datt en huet missen an d'Klinick gefouert ginn **Synonymmen** zerschloen, zourichten

vermoossen [fem'o:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *vermooss*) » **transitiv 1.** DE *vermessen* • FR *mesurer, établir le métré de* • EN *to measure, to survey* • PT *medir, fazer o levantamento de* **Beispiller** de Geometer kënnt de **Mëtteg** eisen Terrain **vermoossen**; esoubal d'**Vermoosse** vum Terrain ofgeschloss ass, kann de **Promoteur** ufänke mat plangen » **reflexiv 2.** DE *sich vermessen, falsch messen* • FR *se tromper* (en mesurant) • EN *to mismeasure, to make a mistake in measuring* • PT *medir mal* **Beispill** dat **Stéck** Holz ass ze kuerz, ech muss mech **vermooss** hunn

i Variant: **vermiessen**

vermoschteren [fem'oʃtɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *vermoschert*) » **transitiv** DE *geschmacklos kleiden* • FR *affubler, accoutrer* • EN *to dress badly* • PT *aperaltar, arrebicar* **Beispill** wat huet d'Nopesch hir Kanner erëm **vermoschert**? **Synonymmen** moschteren, verrëschten

vermudden [fem'udən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *vermudd*) - Variant vun » **vermuten**

Vermuddung Femininum (Pluriel *Vermuddungen*) - Variant vun » **Vermutung**

vermummen [fem'umən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vermummt) » **reflexiv** DE sich vermummen • **FR** se masquer, dissimuler son visage • **EN** to wear a mask, to mask one's face • **PT** embaçar-se, tapar a cara **Beispiller** well d'Bankraiber sech vermummt haten, notzen d'Videosopnamen net vill; op der Manifestation hunn e puer vermummt Demonstrante mat Steng op d'Police gehäit

vermurksen [fem'u:ɣksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vermurkst) » **transitiv** ^[égs] DE vermurksen • **FR** bousiller [rendre inutilisable en forçant] • **EN** to deform, to distort • **PT** dar cabo de [aplicando demasiada força] **Beispill** wann s de nach en Tour dréis, hues de d'Schrauf vermurkst **Synonym** verbrueden

vermuten Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vermut) » **transitiv** DE vermuten • **FR** supposer [présumer] • **PT** supor, suspeitar, presumir **Beispiller** ech vermuten, datt déi doten Aktioun scho méi laang geplangt war; meng Schwëster vermutt schon eng Zäitchen, datt se erwaart; mir vermuten dat all, mee mer hu keng Gewëssheet **Synonymmen** dervun ausgoen, unhuelen

i Variant: vermudden

Vermutung Femininum (Pluriel Vermutungen) DE Vermutung [Annahme] • **FR** supposition, présomption **Beispiller** hues de Beweiser oder berout deng Ausso op enger Vermutung?; wat Dir mir do ennerstellt, sinn alles nëmme Vermutungen! **Synonym** Suppositioun

i Variant: Vermuddung

vermuuschten [fem'u:ftən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé vermuuscht) » **intransitiv** 1. DE vermodern • **FR** pourrir, moisir • **EN** to go mouldy • **PT** apodrecer, decompor-se **Beispiller** dee Keller ass esou ficht, do vermuuscht alles!; de Kullang läit voll mat vermuuschem Laf 2. ^[égs] DE versauern [verbittern] • **FR** croupir, moisir • **EN** to moulder, to rot • **PT** apodrecer [ficar inativo] **Beispill** ech hu keng Loscht, an dësem Kaff ze vermuuschten **Synonym** versauern

vernäipen [fen'æ:ɪpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vernäipt) » **reflexiv** sech vernäipen (virun) DE sich verbeugen (vor), sich verneigen (vor) • **FR** s'incliner (devant), faire une révérence (devant) • **EN** to bow (to), to bow down (before) • **PT** inclinar-se (perante), fazer uma reverência (a) **Beispiller** iwverdeems d'Leit geklappt hunn, huet den Dirigent sech e puermol vernäipt; d'Staatscheffin huet e Kranz niddergeluecht a sech virun Monument vernäipt **Synonym** sech verneigen

verneelen [fen'e:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verneelt) » **transitiv** DE vernageln [ein Pferd] • **FR** enclouer [un cheval] • **PT** encravar [um cavalo] **Beispill** och engem gudden Houf schmadd kann et virkommen, datt en d'Päerd verneelt

vernéieren [VERN'ziə:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vernéiert) » **transitiv** DE firnissen • **FR** vernir, vernisser • **EN** to varnish • **PT** envernizar **Beispill** a mengem Congé hunn ech all d'Dieren an d'Fënsteren am Haus frësch vernéiert

verneigen [fen'ɑ:zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verneigt) » **reflexiv** sech verneigen (virun) DE sich verbeugen (vor), sich verneigen (vor) • **FR** s'incliner

(devant), faire une révérence (devant) • **EN** to bow (to) • **PT** inclinar-se (perante), fazer uma reverência (a) **Beispiller** iwverdeems d'Leit geklappt hunn, huet den Dirigent sech e puermol verneigt; de Staatschef huet e Kranz niddergeluecht a sech virun Monument verneigt **Synonym** sech vernäipen

verneinen [fen'ɑ:ɪnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verneint)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

vernennen [fen'æ:nən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vernannt) » **transitiv** 1. DE ausschimpfen, schelten • **FR** gronder [réprimander] • **EN** to tell off, to scold • **PT** repreender, ralhar com **Beispill** d'Kanner gi vernannt, wann se mat dreckege Schong an d'Haus kommen 2. DE schimpfen [nennen] • **FR** traiter de [qualifier de, appeler] • **EN** to call, to dub [to insult as] • **PT** chamar (de) [qualificar de, tachar de] **Beispiller** seng Bridder vernennen hie Boxeschësser, well e fäert, eleng an de Keller ze goen; et gött Leit, déi vernennen den Antiquaire ëmmer „Antiquaire“ let gött Leit, déi nennen den Antiquaire ëmmer iertemlecherweis „Antiquaire“]

vernetzen [fen'æ:tsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vernetzt) » **transitiv** vernetzen (mat) DE vernetzen (mit) • **FR** mettre en réseau • **EN** to link (with), to connect (with) [in a network] • **PT** ligar em rede, interligar **Beispiller** kann een déi zwee Servicen net mateene vernetzen?; et ass wichteg, Schoul a Berufsmilieu während der Ausbildung besser (mateneen) ze vernetzen

Vernetzung [fen'æ:tsun] Femininum (Pluriel Vernetzungen) DE Vernetzung • **FR** mise en réseau • **EN** linking, connection [in a network] • **PT** ligação em rede, interligação **Beispiller** et ass eng Vernetzung vun deene verschiddenen Institutione virgesinn; mir brauchen eng besser Vernetzung vun den aktuelle Strukturen

vernichten [fen'i:çtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vernicht) » **transitiv** DE vernichten • **FR** anéantir, détruire, supprimer • **EN** to destroy [to eliminate] • **PT** aniquilar, destruir, suprimir **Beispill** dat Land ass bereet, seng cheemesch Waffen ze vernichten

Vernichtung [fen'i:çtun] Femininum (Pluriel Vernichtungen) DE Vernichtung • **FR** destruction [suppression] • **EN** destruction [elimination] • **PT** destruição, aniquilamento **Beispill** e puer Länner hunn d'Vernichtung vun allen Atomwaffe gefuerdert

Vernis [V'ɛ:ɾni:] Maskulinum (Pluriel Vernisen) DE Firnis • **FR** vernis • **EN** varnish • **PT** verniz [substância para polir] **Beispill** wat hunn ech mech gebascht, fir de Vernis vun deem ale Schaf erofzekerien!

Vernissage [VERNIS'a:] Maskulinum (Pluriel Vernissagen) DE Vernissage • **FR** vernissage [inauguration] • **EN** vernissage • **PT** vernissage **Beispill** de Kënchtler war emol net um Vernissage vu senger ee-genger Ausstellung!

verneléisseggen [fen'o:lɪsɪsɛzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verneléisseggt) » **transitiv** DE vernachlässigen [sich nicht sorgen um] • **FR** négliger [porter trop peu d'attention à] • **EN** to neglect [to fail to care

for] • **PT** *desleixar, negligenciar* **Beispiller** wéinst sengem Beruff huet hie seng Famill a leschter Zäit vernoléis-segt; du solls deng Gesondheet net esou vernoléis-segen!; et gëtt Fäll, wou d'Elteren hir Kanner vernoléisseggen **Synonym** negligéieren

veronglücken [fə'ɔŋglekən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé veronglückt) » **intransitiv DE** *verunglücken, einen Unfall haben* • **FR** *avoir un accident* • **EN** *to have an accident* • **PT** *sofrer um acidente* **Beispiller** den Alpinist ass veronglückt, well sâi Seel gerass ass; de Moien ass e Fliger bei der Landung veronglückt; hien ass déidlech veronglückt

veronsécheren [fə'ɔnzeçəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé veronsécher) » **transitiv DE** *verunsichern* • **FR** *déconcerter, embarrasser* • **EN** *to disconcert, to unsettle* • **PT** *desconcertar, embaraçar* **Beispill** déi nei Verkéiersschëlter veronsécheren d'Automobilisten

Veronsécherung [fə'ɔnzeçəɾuŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Verunsicherung* • **FR** *doutes, incertitudes* • **EN** *uncertainty, confusion* • **PT** *dúvidas, incertezas* **Beispill** beim Streik huet een eng grouss Veronsécherung bei den Aarbechter gespuert

verontreien [fə'ɔntrɔiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verontreit) » **transitiv DE** *veruntreuen* • **FR** *détourner [des fonds]* • **PT** *desviar [fundos]* **Beispill** d'Enquête huet erginn, datt Suen aus der Keess verontreit goufen

Verontreiung [fə'ɔntrɔiɔŋ] Femininum (Pluriel Verontreiungen) **DE** *Veruntreuung* • **FR** *détournement [de fonds]* • **PT** *desvio [de fundos]* **Beispill** de Beamte gouf wéinst Verontreiung vun öffentleche Gelder verurteelt

verpaaft Adjektiv 1. [pejorativ] **DE** *bigott* • **FR** *bigot, bon-dieusard* • **PT** *beato, carola* **Beispill** eis verpaaft Nopere schwätzen net mat eis, well mer net an der Kierch bestuet goufen **Synonym** pafeg 2. [pejorativ] **DE** *christlich-konservativ, erzkonservativ* • **FR** *chrétien conservateur, ultraconservateur* • **PT** *cristão conservador, ultraconservador* **Beispill** eis sozialisteschesch Buergermeeschtesch huet sécher keng Stëmm vu menge verpaaften Nopere kritt! **Synonym** pafeg

verpachten [fəp'axtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verpacht) » **transitiv DE** *verpachten* • **FR** *affermer, donner à bail* • **EN** *to lease (out), to rent (out)* • **PT** *arrendar, dar de arrendamento* **Beispiller** mäi Bop huet all seng Stécker a Wise verpacht; vill Bistron an der Stad gi vun där selwechter Brauerei verpacht

Verpackung [fəp'akuŋ] Femininum (Pluriel Verpackungen) **DE** *Verpackung [Material]* • **FR** *emballage [ce qui sert à emballer]* • **EN** *packaging, wrapping* • **PT** *embalagem [invólucro]* **Beispill** d'Verpackung ass beim Transport futtigaangen **Synonym** Emballage

i Variant: Verpackung

verpaken [fəp'a:kən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verpaakt / verpak) » **transitiv DE** *verpacken* • **FR** *emballer* • **EN** *to pack, to wrap* • **PT** *embalar, embulhar* **Beispiller** verpak d'Bicher gutt, fir datt se beim Plënneren net beschiedegt ginn!; d'Kaddoe sinn all

eenzel verpaakt; wann s de deng Iddi gutt verpécks, da gëtt se bestëmmt ugehall [égs] [wann s de deng Iddi interessant duerstells, da gëtt se bestëmmt ugehall]

Verpackung [fəp'a:kuŋ] Femininum (Pluriel Verpackungen) - Variant vun ↗Verpackung

verpassen [fəp'asən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verpasst) » **transitiv 1. DE** *verpassen [wegen Verspätung]* • **FR** *rater [pour cause de retard]* • **EN** *to miss [because one is late]* • **PT** *perder [por não chegar a tempo]* **Beispill** tommelech, soss verpasse mer de leschte Metro! **2. DE** *verpassen [nicht treffen, nicht begegnen]* • **FR** *rater [ne pas rencontrer]* • **EN** *to miss [to fail to meet]* • **PT** *não encontrar, desencontrar-se de* **Beispill** mir sollten eis op der Gare treffen, mee mir hunn eis verpasst **3. DE** *verpassen [sich entgehen lassen]* • **FR** *rater [une occasion, une opportunité]* • **EN** *to miss [an opportunity]* • **PT** *perder [uma ocasião, uma oportunidade]* **Beispill** hie verpasst keng Geleeënheet, fir sech wichteg ze maachen

verpechen [fəp'æçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verpecht) » **transitiv DE** *verkleben [aneinanderkleben]* • **FR** *coller [l'un à l'autre]* • **EN** *to glue together* • **PT** *colar (um ao outro), grudar (um ao outro)* **Beispill** d'Wimperntusch huet meng Wimpere verpecht

verpennen [fəp'æɳən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verpennt) » **transitiv 1. [égs] DE** *verpennen [schlafend verbringen]* • **FR** *passer à dormir* • **EN** *to sleep through, to miss [by oversleeping]* • **PT** *passar a dormir* **Beispiller** stéi elo op, du verpenns nach de ganze Moien!; ech hunn den Delai fir d'Umeldung verpennt [ech hunn den Delai fir d'Umeldung verpasst] **Synonym** verschlofen » **reflexiv 2. [égs] DE** *verpennen [nicht pünktlich aufwachen]* • **FR** *se réveiller trop tard, se lever trop tard* • **EN** *to oversleep* • **PT** *adormecer, não acordar a horas* **Beispill** stell de Wecker, net, datt mer eis erëm verpennen! **Synonym** sech verschlofen

verpeschten [fəp'æftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verpescht) » **transitiv DE** *verpesten* • **FR** *empêter, empuantir* • **EN** *to stink out, to pollute* • **PT** *empestar [com mau cheiro]* **Beispill** de Bauer verpescht dat ganz Duerf mat senger Schwéngszichterei

Verpflegung [fəpfl'e:zuŋ] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Verfleegung

verpflichten [fəpfl'içtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verpflichtet) - Variant vun ↗verpflichten

verpflichtend Adjektiv - Variant vun ↗verpflichtend

Verpflichtung [fəpfl'içtuŋ] Femininum (Pluriel Verpflichtungen) - Variant vun ↗Verpflichtung

verpissen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verpisst)

i Hei entsteet en neien Artikel

verplangen [fəp'l'aŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verplangt) » **transitiv DE** *verplanen [einplanen, vorsehen]* • **FR** *faire des projets détaillés pour [un budget, un emploi du temps]* • **EN** *to plan [to budget, to schedule]* • **PT** *planear [até ao último pormenor], fazer*

planos para **Beispiller** mir **hunn** eise ganze Budget scho **verplangt**; ech kann net matgoen, mäi ganze Weekend ass scho **verplangt**

verplanzen [fep'l'antsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verplantz**) » **transitiv DE** *verpflanzen* [eine Pflanze] • **FR** *transplanter* [un végétal] • **EN** *to replant, to transplant* • **PT** *transplantar* [uma planta] **Beispill** mir müssen de Beemche **verplanzen**, hei huet en net genuch Plaz

verplapperen [fep'l'apərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verplappert**) » **reflexiv** [égs] **DE** *sich verplappern* • **FR** *vendre la mèche* • **EN** *to blab* [a secret] • **PT** *dar com a língua nos dentes* **Beispill** aus der Iwwerraschung gouf näischt, well ech mech **verplappert** hat **Synonym** sech verbabbelen

verpléischteren [fep'l'ɛɪftərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verpléischtert**) » **transitiv 1. DE** *verarzt* [eine Person, eine Wunde] • **FR** *panser, soigner* [tant bien que mal] [une personne, une plaie] • **PT** *cuidar de, tratar de* [uma pessoa, uma ferida] **Beispill** wéi de Bouf mam Vélo gefall war, huet d'Mamm säin Ielebou misse **verpléischteren** **Synonym** pléischteren **2. DE** *ausbessern* [eine Oberfläche] • **FR** *réparer* [tant bien que mal], *réparer* [sommairement] [une surface] • **PT** *consertar* [de qualquer maneira], *remendar* [uma superfície] **Beispill** et huet kee Wäert, déi Réss an der Fassad ze **verpléischteren**, looss dat vun engem Spezialist maachen!

verplempere [fep'l'æmpərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verplempert**) » **transitiv** [égs] **DE** *verplempern* [Zeit] • **FR** *gaspiller* [du temps] • **EN** *to waste* [time] • **PT** *desperdiçar* [tempo] **Beispill** mir **verplempere** vill Zäit virun der Tëlee **Synonym** verträntelen

verpolveren [fep'olfərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verpolvert**) » **transitiv** [égs] **DE** *verpulvern* • **FR** *dilapider, gaspiller* • **EN** *to fritter away, to squander, to expend* • **PT** *esbanjar, desperdiçar* **Beispiller** dofir gi Sue **verpolvert** a fir eise Projéit si keng dol; de Coureur huet direkt am éischte Bierg seng ganz Energie **verpolvert**

verpoppen [fep'opən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verpoppt**) » **reflexiv DE** *sich verpuppen* • **FR** *se changer en chrysalide* • **EN** *to pupate* • **PT** *crisalar* **Beispill** de Raup **verpoppt** sech, fir kënnen e Päiperlek ze ginn

verproviantéieren [feprov'iant'ɛərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verproviantéiert**) » **transitiv DE** *verproviantieren* • **FR** *approvisionner* [ravitailier] • **EN** *to supply* [to provide with] • **PT** *aprovisionar* **Beispill** d'Arméi huet d'Leit aus dem Krisegebitt mat Waasser a Liewensmëttel **verproviantéiert**

verpuffen [fep'ufən] Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé **verpufft**) » **intransitiv 1. DE** *verpuffen* [schwach explodieren] • **FR** *s'en aller en fumée* [explosif] • **EN** *to go phut, to go pop* • **PT** *desfazer-se em fumo* [explosivo] **Beispill** amplaz ze explodéieren, **sinn** d'Knuperte **verpufft 2. [égs] DE** *verpuffen* [Wirkungslos vorübergehen] • **FR** *ne pas faire long feu, faire l'effet d'un pétard mouillé* • **EN** *to fizzle out* • **PT** *ser sol de pouca dura, ser fogo-fátuo* **Beispill** den éischten Äifer **war** séier **ver-**

pufft

verquëssen [fekw'əsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verquësst**) » **transitiv 1. [égs] DE** *verwinden, verschmerzen, wegstecken* • **FR** *digérer* [accepter, se faire à], *surmonter* • **EN** *to get over* • **PT** *digerir* [aceitar, suportar], *recuperar de* **Beispiller** ech **hunn** nach ëmmer net **verquësst**, datt hien d'Plaz kritt huet an ech net; hatt hat seng Gripp knapps **verquësst**, du krut et eng **Longenentzündung**; ech kann dee Kärel net **verquëssen**! lech kann dee Kärel net ausstoen] **2. sech eppes net kënnen verquëssen DE** *sich etwas nicht verkneifen können* • **FR** *ne pas pouvoir s'empêcher de faire quelque chose* • **EN** *to be unable to refrain from* (doing) something • **PT** *não conseguir abster-se de fazer algo* **Beispill** ech konnt mer déi Remark net **verquëssen 3. [vereezt] [égs] DE** *verdrücken* [essen] • **FR** *ingurgiter, dévorer* [manger gloutonnement] • **EN** *to polish off* • **PT** *despachar* [comer], *devorar* **Beispill** no fënnef Minutten **haten** d'Gäscht e ganze Plättel Ham **verquësst** **Synonymmen** baffen, erafeieren, verkasematuckelen

verräissen [fep'æ:ɪsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verräiss**) » **transitiv** sech eppes **verräissen** **DE** *sich etwas zerren* [sich eine Zerrung zuziehen an] • **FR** *se froisser* [quelque chose, se claquer] [quelque chose] [un muscle, un tendon] • **EN** *to pull something, to strain something* • **PT** *distender* algo lum músculo, um tendão] **Beispiller** ech **hu** mer beim Stemmen d'Schëller **verräiss**; d'Turnerin huet sech eppes am Réck **verräiss** **Synonym** sech eppes zerren

verraschten [fep'ɔftən] Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé **verrascht**) » **intransitiv DE** *verrosten* • **FR** *être rongé par la rouille* • **EN** *to rust, to go rusty* • **PT** *enferrujar(-se)* **Beispiller** den ale Plou **verrascht** lues a lues an der Wiss; däin Auto ass ganz **verrascht**

Verräter [fep'ɛ:tə] Maskulinum (Pluriel **Verräter**) - Variant vun ↗Verréider

Verräterin [fep'ɛ:tərin] Femininum (Pluriel **Verräterinnen**) - Variant vun ↗Verréiderin

verrauen [fep'ɔsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verraut**) » **reflexiv DE** *vor Verzweiflung außer sich sein, untröstlich sein* • **FR** *mourir de chagrin, pleurer à chaudes larmes* • **EN** *to cry one's eyes out, to be inconsolable* • **PT** *morir de desgosto, chorar lágrimas de sangue* **Beispill** d'Kand huet sech (bal) **verraut**, wéi seng Kaz gestuerwen ass

verrechnen [fep'æçnən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verrechent**) » **transitiv 1. DE** *verrechnen* • **FR** *mettre en compte* • **EN** *to credit against, to charge for* [work, materials] • **PT** *lançar em conta* **Beispiller** mir **verrechnen** de Bong mat Ärer nächster Commande; den Usträicher huet eis nëmmen d'Material **verrechent**, dat e verschafft huet » **reflexiv 2. DE** *sich verrechnen* [falsch rechnen] • **FR** *se tromper* [en calculant] • **EN** *to miscalculate* • **PT** *errar no cálculo, enganar-se* (nas contas) **Beispiller** ech **hat** mech nobäi em d'Hallschent **verrechent**; de Schoulmeeschter huet sech un der Tafel **verrechent 3. DE** *sich verrechnen, sich verkalkulieren* • **FR** *se mettre le doigt dans l'œil* • **EN** *to be mistaken* • **PT** *estar muito enganado* **Beispiller** ech mengen, dës Kéier **hues** de dech fatzeg **verrechent!**; wann s de mengs, ech géif der Sue léinen, dann **hues** de dech

verrechent **Synonym** sech verkalkuléieren

verréckelen [fɛr'ɛkələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verréckelt) » **transitiv DE** verschieben [auf einen anderen Zeitpunkt] • **FR** reporter, avancer (la date de), décaler [changer à une date antérieure ou ultérieure] • **EN** to postpone, to defer • **PT** adiar (a data de), antecipar (a data de), mudar (a data de) [agendar para uma data anterior ou posterior] **Beispill** ech muss eise Rendez-vous verréckelen, well ech d'nächst Woch am Ausland sinn **Synonymmen** verleeën, verschiben

verréckt [fɛr'ɛkt] Adjektiv **1.** [égs] **DE** verrückt [geisteskrank] • **FR** fou [mentalement malade] • **EN** mad, insane [mentally ill] • **PT** doido [mentalmente doente] **Beispill** nodeem seng ganz Famill an engem Accident émkomme war, gouf de Mann vun elauter Misär verréckt **Synonym** geckeg **2.** [égs] **DE** verrückt [nährisch, unvernünftig] • **FR** fou [dérisonnable] • **EN** nuts, barmy, nutty • **PT** doido [insensato] **Beispill** du bass jo verréckt, fir vun esou enger héijer Mauer erfeszsprangen!; mir haten e séier vu senge verréckten Iddien ofbruecht **Synonym** geckeg

Verrécktheet [fɛr'ɛkthe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Verrücktheit [Haltung, Eigenschaft] • **FR** folie, extravagance • **EN** craziness, quirkiness • **PT** loucura, extravagância **Beispill** seng Verrécktheet mécht en zwar onberechenbar, mee awer och iergendwéi sympathesch

verreent [fɛr'e:nt] Adjektiv **DE** verregnet • **FR** (très) pluvieux • **EN** rainy [with a lot of rain] • **PT** (muito) chuvoso [em que chove muito] **Beispill** déi lescht Woch vun eiser Vakanz war komplett verreent

verreesen [fɛr'e:zən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé verreeset) » **intransitiv DE** verreisen • **FR** partir en voyage • **EN** to travel, to go on holiday • **PT** partir de viagem, viajar **Beispill** wa mer verreesen, loosse mer eis de Courier noschécken

Verréider [fɛr'zɪdɛ] Maskulinum (Pluriel Verréider) **DE** Verräter • **FR** traître • **EN** traitor • **PT** traidor **Beispill** seng Komplizen hu geschwuer, de Verréider émzebréngen

i Variant: Verräter

i Weiblech Form: ↗Verréiderin

Verréiderin [fɛr'zɪdɛrɪn] Femininum (Pluriel Verréiderinnen)

i Variant: Verräterin

i Männlech Form: ↗Verréider

verréieren [fɛr'zɪəɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verréiert) » **transitiv DE** verrühren • **FR** mélanger (en remuant), diluer • **EN** to mix, to stir • **PT** misturar (remexendo), diluir **Beispill** dës Faarf muss ee gutt veréieren, ier een dermat usträcht

verreiwien [fɛr'aɪvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verriwwen) » **transitiv DE** verreiben [verteilen und eindringen lassen] • **FR** appliquer (en frictionnant) • **EN** to rub in • **PT** aplicar (esfregando) **Beispill** déi Sonnecrème do kritt een net gutt verriwwen

verrenken [fɛr'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verrenkt) » **transitiv 1. DE** verrenken, verdre-

hen [ein Gelenk] • **FR** tordre à [un membre du corps] • **EN** to twist [a joint] • **PT** torcer [uma articulação] **Beispill** beim Rolzen huet mäi Brudder mer den Aarm verrenkt **Synonym** verdréien » **reflexiv 2. DE** sich verrenken • **FR** se contorsionner • **PT** torcer-se, contorcer-se **Beispill** wat hunn ech mech misse verrenken, fir dee Läffel ënnerem Schaf erauszekréien!; d'Ekip huet sech misse verrenken, fir de Projet matzäit fäerdegzekréien [d'Ekip huet misse grouss Efforte maachen, fir de Projet matzäit fäerdegzekréien] **Synonym** sech dréien a kéieren

Verrenkung [fɛr'æŋkʊŋ] Femininum (Pluriel Verrenkungen) **1. DE** Verrenkung [starke Biegung] • **FR** contorsion • **EN** contortion • **PT** contorção [movimento acrobático] **Beispill** d'Akrobatin huet de Publikum mat hire Verrenkunge begeeschtert **2. DE** Verrenkung [Verletzung] • **FR** entorse [lésion] • **EN** dislocation, sprain • **PT** entorse **Beispill** den Turner koum mat enger Verrenkung vun der Schéller an d'Klinik

verrennen [fɛr'ænən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verrannt) » **transitiv 1. DE** verfahren • **FR** consommer (en roulant) [du carburant] • **EN** to use up [by driving around] • **PT** consumir (a conduzir), gastar (a conduzir) **Beispill** ech hunn d'lescht Woch fir de Veräi vill Bensinn verrannt **Synonym** verfuieren » **reflexiv 2. DE** sich verfahren • **FR** se tromper de route [conducteur, véhicule] • **EN** to get lost, to lose one's way • **PT** enganar-se no caminho [conductor, veículo] **Beispill** wann s du d'Kaart richtig gelies häss, hätte mer eis net verrannt **Synonymmen** sech verfuieren, sech verieren **3. DE** sich verrennen • **FR** s'embrouiller, s'empêtrer • **EN** to get muddled up • **PT** atrapalhar-se, embrulhar-se **Beispill** de Pompjeeskommandant huet sech a senger Ried komplett verrannt

verrëschten [fɛr'əʃtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verrëscht) » **transitiv DE** geschmacklos kleiden • **FR** fagoter, accoutrer • **EN** to dress badly • **PT** vestir ridiculamente **Beispill** déi exzentresch Elteren hunn hir Kanner erëm schéi verrëscht! **Synonym** vermoschteren

verrëtschen [fɛr'ətʃən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé verrëtscht) » **intransitiv DE** verrutschen • **FR** bouger, glisser [quitter sa position initiale] • **EN** to move, to shift [out of place] • **PT** deslocar-se, deslizar [sair da posição inicial] **Beispill** tässel d'Wallissen esou an d'Mall, datt se net kenne verrëtschen!

i Variant: verrutschen

Verrière Femininum (Pluriel Verrièren)

i Hei entsteet en neien Artikel.

verrigelen [fɛr'izələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verriegelt) » **transitiv DE** verriegeln • **FR** verrouiller [fermer] • **EN** to bolt [to lock] • **PT** aferrolhar, trançar **Beispill** eis Garagëpaart léisst sech just vu banne verriegelen

verroden [fɛr'o:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verroden) » **transitiv 1. DE** verraten [preisgeben, hinterbringen] • **FR** révéler [dévoiler] • **EN** to disclose, to reveal • **PT** revelar [divulgar] **Beispill** de Journalist verréit net, vu wíem e seng Informatiounen huet; de Code vu senger Bankkaart soll ee kengem verroden

2. DE verraten [die Treue brechen] • **FR** trahir [dénoncer, manquer de loyauté à l'égard de] • **EN** to betray • **PT** atraiçoar, trair [denunciar, ser desleal a] **Beispiller** den Abriecher **gouf** vun engem gudden Frënd **verroden**; hie kritt virgeworf, d'Idealer vu senger Partei **verroden** ze **hunn** » **reflexiv 3. DE** sich verraten • **FR** se trahir • **EN** to give oneself away • **PT** trair-se **Beispill** duerch eng oniwuerluecht Remark **huet** hie sech **verroden**

Verrot [fɛr'ɔ:t] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Verrat • **FR** trahison, trahise • **EN** betrayal, treason • **PT** traição [perfidia] **Beispill** d'Militärgericht huet den Offizier wéinst **Verrot** zum Doud verurteilt

Verruff [fɛr'uf] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Verruf • **FR** discrédit • **EN** disrepute • **PT** descrédito **Beispiller** d'Firma ass duerch déi vill Skandalen a **Verruff** komm; hie versicht mat alle Méttelen, seng Géigner a **Verruff** ze bréngen

verruff [fɛr'uf] Adjektiv **DE** verrufen • **FR** de mauvaise réputation, mal famé • **EN** disreputable • **PT** de má fama, de má reputação, mal-afamado **Beispiller** mat esou engem **verruffene** Framensch häss de besser, dech net opzehalen!; an déi **verruffe** Bar setzen ech kee Fouss!

verruutschen [fɛr'utʃən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé verrutscht) - Variant vun **verruetschen**

Vers [vɛrs] Maskulinum (Pluriel Versen) **1. DE** Vers [Gedichtzeile] • **FR** vers • **EN** verse [line of a poem] • **PT** verso [de um poema] **Beispill** all Stroph vun dësem Gedicht huet véier **Versen 2. Relioun** **DE** Vers • **FR** verset • **EN** verse [in the Bible] • **PT** versículo **Beispill** de Paschtouer huet e **Vers** aus der Bibel virgelies

versäckelen [fɛz'ækələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé versäckelt) » **transitiv** **graf** **DE** zusammenstauchen • **FR** engueuler, déchirer • **EN** to give a dressing-down • **PT** dizer as últimas a, desancar **Beispill** wat goufe mir versäckelt, wéi de Patron d'Téitsch an der Camionnette gesinn huet! **Synonym** d'Panz rappen

versacken [fɛz'akən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé versackt) » **intransitiv** **DE** versacken [versinken] • **FR** s'enliser • **EN** to get bogged down • **PT** atolar-se [afundar-se] **Beispiller** duerch dee ville Reen war de Summerwee esou opgeweecht, datt ech bal mam Auto dra **versackt** sinn; déi lescht Zäit **versacke** mir an der Aarbecht **égs** [déi lescht Zäit hu mir ganz vill Aarbecht]

versalzen [fɛz'altsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé versalzt) » **transitiv** **DE** versalzen • **FR** trop saler • **EN** to oversalt • **PT** pôr sal a mais **Beispill** pass op, datt s de d'Nuddelen net erëm **versalz**!

versammelen [fɛz'amələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé versammelt) » **transitiv 1.** (ronder)ëm sech versammelen **DE** um sich versammeln • **FR** rassembler autour de soi, réunir autour de soi • **EN** to gather around oneself • **PT** reunir à sua volta **Beispill** de Schoulmeeschter huet d'Kanner ëm sech **versammelt**, fir en eng Geschicht ze verzielen » **reflexiv 2. DE** sich versammeln • **FR** se rassembler [se réunir] • **EN** to gather, to come together • **PT** juntar-se, reunir-se **Beispiller** d'Demonstranten **hu** sech virun der Gemeng **versammelt**; fir d'Mass **haten** sech vill Pilger an der Kierch **versammelt**

Versammlung [fɛz'amlung] Femininum (Pluriel Versammlungen) **DE** Versammlung [Zusammenkunft] • **FR** réunion, rencontre, assemblée • **EN** meeting, gathering • **PT** reunião, encontro, assembleia **Beispiller** no der **Versammlung** gi mer ëmmer zesummen een huelen; d'nächst Woch ass eng ausseruerdentlech **Versammlung** vun eise Memberen; d'Scouter hunn den éischten Dënschdeg am Mount **Versammlung** **Synonym** Reunioun

versauen [fɛz'auən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé versaut) » **transitiv 1.** **égs** **DE** versauen [verdrecken] • **FR** souiller, encrasser • **EN** to soil, to (make) dirty • **PT** emporcalhar, sujar **Beispiller** d'Dauwen hunn déi ganz Terrass **versaut**; dain Hond **versaut** mer mat sengen dreckege Patten de ganze Mantel! **2. égs** **DE** versauen [verderben] • **FR** foutre en l'air [gâcher, troubler] • **EN** to spoil, to louse up • **PT** lixar, estragar [arruinar, prejudicar] **Beispiller** du hues et erëm fäerdegbruecht, mir e schéinen Dag ze **versauen**!; mat där Aktioun huet hien sech seng Karriär **versaut** **Synonym** verhonzen

versauern [fɛz'auərən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé versauert) » **transitiv 1. DE** versauern [die Freude nehmen an] • **FR** gâcher, gêter [priver de son effet agréable] • **EN** to spoil [the pleasure of] • **PT** estragar, arruinar [tornar desagradável] **Beispill** dee Mënsch mécht alles, fir engem d'Liewen ze **versauern**! » **intransitiv 2. DE** versauern [säuerlich werden] • **FR** s'acidifier • **EN** to acidify • **PT** acidificar-se **Beispill** duerch d'Loftverschmutzung **versauert** de Buedem lues a lues **3. DE** versauern [verbittern] • **FR** croupir, moisir • **EN** to rot, to go sour • **PT** apodrecer [ficar inativo] **Beispill** ech hu keng Loscht, an dësem Kaff ze **versauern**

versaufen [fɛz'æ:ʊfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé versoff) » **transitiv** **égs** **DE** versaufen • **FR** claquer, dépenser [pour boire] • **EN** to drink away [to spend on booze] • **PT** beber [gastar em bebidas] **Beispiller** hien huet meeschtens schonn ufangs des Mounts seng ganz Pai **versoff**; dee Rendez-vous **hat** ech tatsächlech **versoff** [dee Rendez-vous **hat** ech tatsächlech vergiess]

verschachern [fɛʃ'axərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschachert) » **transitiv** **pejorativ** **DE** verschachern • **FR** vendre rapidement [de façon douteuse] • **PT** vender rapidamente [de modo duvidoso] **Beispill** knapps war d'Bom dout, schonn hunn d'Ierwen hiren Haff un e Promoteur **verschachert**

verschäerfen [fɛʃ'ɛ:ɣfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschäerft) » **transitiv 1. DE** verschärfen • **FR** intensifier, renforcer, rendre plus sévère • **EN** to toughen, to reinforce • **PT** intensificar, reforçar, tornar mais severo **Beispiller** d'Police huet ugekënnegt, datt d'Vitesskontrolle **verschäerft** ginn; d'Globaliséierung huet d'Konkurrenz um Weltmaart **verschäerft**; am neie Gesetz ginn d'Konditiounen fir eng Naturalisatioun **verschäerft** » **reflexiv 2. DE** sich verschärfen • **FR** s'aggraver, s'intensifier • **EN** to worsen, to come to a head • **PT** agravar-se, intensificar-se **Beispill** an de leschte Joren huet de Problem vun der Schwaarzaarbecht sech **verschäerft** **Synonymen** sech verschlëmmeren, sech zouspëtzen

Verschäerfung [feʃ'ɛ:ɣfʊŋ] Femininum (Pluriel Verschäerfungen) **1.** DE Verschärfung [Verstärkung] • FR intensification [renforcement] • EN stiffening, toughening up • PT reforço, intensificação **Beispiller** soll eng Verschäerfung vun de Gesetzer wierklech déi gewünschte Resultater bréngen?; d'Ministesch huet eng Verschäerfung vun de Policekontrollen ugekënnegt **2.** DE Verschärfung [Steigerung] • FR intensification [accentuation, augmentation] • EN increase, reinforcement • PT exacerbação, agravamento **Beispiller** deen dramatische Virfall huet zu enger Verschäerfung vun de Spannungen tëscht den zwou Communautéiten gefeiert; et däreft net zu enger Verschäerfung vun de sozialen Ongerechtegkeete kommen

verschafen [feʃ'a:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschafft) » **transitiv** DE verschaffen [beschaffen] • FR procurer à [faire obtenir à] • EN to procure, to get • PT arranjar a, conseguir **Beispiller** mäi Schwéierpapp huet mir eng nei Aarbechtsplaz verschafft; ier ech der Hëllef kann, muss ech mer en Iwwerbléck iwwer deng Situatioun verschafen

verschaffen [feʃ'afən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschafft) » **transitiv** **1.** DE verarbeiten [als Ausgangsstoff] • FR travailler, traiter, transformer • EN to use [to utilize], to process • PT trabalhar, tratar, transformar **Beispiller** eise Schräiner verschafft nëmmen Holz aus der Géigend; mir loossen d'Pelzer vun eise Schof an enger Gierwerei verschaffen **Synonym** veraarbechten **2.** DE verarbeiten, (wieder)verwerten • FR utiliser [des produits de récupération] • EN to use up [remains] • PT utilizar, aproveitar [restos de comida, de produtos] **Beispill** d'Boma huet d'Reschter vu gëschter an der Zopp verschafft **3.** DE verarbeiten [bewältigen] • FR venir à bout de [réussir à surmonter] • EN to come to terms with • PT superar, ultrapassar [vencer os efeitos de] **Beispill** heiansdo mengen ech, ech kréich dee Verloscht ni verschafft **4.** DE verarbeiten [digitale Daten] • FR traiter [des données numériques] • EN to process [digital data] • PT tratar, processar [dados digitais] **Beispill** eisen Informatiker huet eng effizient Method ausgeschafft, fir d'Donnéeën ze verschaffen **Synonymen** traitéieren, veraarbechten » **reflexiv** **5.** [ëgs] sech net verschaffen DE sich nicht überarbeiten [faul sein] • FR ne pas se surmener, ne pas se crever à la tâche [être paresseux] • EN to not overwork, to not overdo it [to be lazy] • PT não se matar a trabalhar, não mexer uma palha [ser mandrião] **Beispill** dee Lidderhanes do huet sech nach ni verschafft **Synonym** sech net iwwerschaffen

i Verb, dat verschaffen als Basis huet: ↗weiderverschaffen

verschäissen [feʃ'æ:ɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschass) » **transitiv** **1.** [graff] DE versauen [verderben] • FR foutre en l'air [gâcher] • EN to bugger up, to shit up • PT lixar, estragar [arruinar, prejudicar] **Beispiller** du hues et erëm fäerdegbruecht, mir e schéinen Dag ze verschäissen!; mat där Dommheet huet hien sech seng Karriär verschass **Synonymen** verhonzen, vermässelen, versauen **2.** [graff] sech et verschäisse mat DE es sich verderben mit • FR se discréditer auprès de • EN to get on the wrong side of, to lose someone's favour • PT desacreditar-se perante **Beispill** duerch deng knaschteg Witzen hues de der et mat der Schwéiermamm ee fir alle Mol verschass **Synonym**

(sech) et verdierwe mat

verschalen [feʃ'a:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschalt) » **transitiv** DE verschalen • FR coffrer [munir d'un coffrage] • EN to put up shuttering • PT fazer a cofragem de **Beispiller** am Neibau gëtt d'Trap verschalt; esoubal d'Handwierker mam Verschale fäerdeg sinn, kann d'Dall gegoss ginn

Verschaltung [feʃ'a:luŋ] Femininum (Pluriel Verschaltungen) **1.** DE Verschaltung [Vorgang] • FR coffrage [action de coffrer] • EN shuttering [process] • PT colocação da cofragem **Beispill** no zwee Deeg waren d'Aarbechter mat der Verschaltung vun der Dall fäerdeg **2.** DE Verschaltung [Verkleidung] • FR coffrage [dispositif] • EN shuttering [structure] • PT cofragem **Beispill** d'Veerschaltung däreft eréischt lassgemaach ginn, wann de Bëtong gedréchent ass

verschampeléieren [feʃampəl'ɛ:ɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschampeléiert) » **transitiv** DE verschandeln, veranstalten, entstellen • FR défigurer, enlaidir • EN to ruin, to spoil [the appearance of], to disfigure • PT desfigurar, deturpar, desfear **Beispiller** déi elle Stroosseluuchte verschampeléieren d'Landschaft; zënter sengem Accident ass säi Gesiicht ganz verschampeléiert **Synonymen** entstellen, verschandelen

verschandelen [feʃ'andələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschandelt) » **transitiv** DE verschandeln • FR défigurer, enlaidir • EN to ruin, to spoil [the appearance of] • PT desfigurar, deturpar **Beispill** dës elle Stroosseluuchte verschandelen d'Landschaft **Synonym** verschampeléieren

verschanzen [feʃ'antsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschanzt) » **reflexiv** DE sich verschanzen • FR se retrancher [se mettre à l'abri, se protéger] • EN to barricade oneself in • PT refugiar-se, fechar-se [labrigar-se, proteger-se] **Beispiller** d'Rebellen hunn sech an engem onbewunnten Haus verschanzt; meng kleng Schwëster huet sech an hirer Kummer verschanzt; verschanz dech net ëmmer hanner bëllegen Excusen! [benotz net ëmmer bëlleg Excusen!]

verschären [feʃ'ɛ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschäert) » **transitiv** **1.** DE verscharren [vergraben] • FR enfouir, enterrer • EN to bury [shallowly] • PT enterrar [esconder na terra] **Beispill** d'Kaweichelcher verschären Nöss fir de Wanter **2.** [pejorativ] DE verscharren [leinen Toten] • FR enterrer [sans cérémonie] [un mort] • EN to bury [unceremoniously] • PT enterrar [sem cerimónia] [um morto] **Beispill** wien net gedeeft war, gouf frëier baussent dem Kierfecht verschäert **Synonym** ennerschären

verschätzen [feʃ'ætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschat) » **reflexiv** DE sich verschätzen • FR se tromper [dans une estimation], commettre une erreur d'appréciation • EN to misjudge, to misestimate • PT enganar-se [numa estimativa], cometer um erro de apreciação **Beispiller** wann ech mech net verschätzen, passt de Schaf genee hier an den Eck; mir hunn eis bei der Distanz verschat, et ass méi wäit, ewéi mer duechten; eisen Tresorier huet sech am Budget verschat

verschécken [feʃ'ekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschéckt) » **transitiv DE** *verschicken* [ver-senden] • **FR** *envoyer, expédier* • **EN** *to send (out) [to post]* • **PT** *enviar, expedir* **Beispiller** de Communiqué ass nach net un d'Zeitunge verschéckt ginn; hues de d'Invitatioune scho verschéckt? **Synonym** schécken

verschëdden [feʃ'ədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschött) » **transitiv DE** *verschütten* [begraben] • **FR** *ensevelir, engloutir* • **EN** *to bury (alive), to engulf* • **PT** *soterrar* [enterrar, esmagar] **Beispill** et sinn zwee Alpiniste vunenger Lawin verschött ginn **Synonym** begruween

verscheeden [feʃ'e:dən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé verscheet) » **intransitiv** [gehuewen] **DE** *verscheiden* • **FR** *décéder, s'éteindre* • **EN** *to pass away* • **PT** *falecer, expirar* **Beispill** seng Groussmamm ass am Alter vun 99 Joer verscheet

verschëffen [feʃ'əfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschëfft) » **transitiv DE** *verschiffen* • **FR** *embarquer (et transporter), expédier* [par voie d'eau] • **PT** *embarcar (e enviar)* [por navio] **Beispiller** d'Container sti prett am Hafen, fir verschëfft ze ginn; de Lëtzebuurger Stol gétt an déi ganz Welt verschëfft

verschéineren [feʃ'ʒinərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschéinert) » **transitiv 1. DE** *verschönern* • **FR** *embellir, agrémenter* • **EN** *to beautify, to embellish* • **PT** *embeleazar, amenizar* **Beispiller** d'Maartplaz soll mat e puer Blummebacke verschéinert ginn; meng net, e Gaardenzweg géif däi Virgäertche verschéineren!; de Chouer huet d'Fest mat passende Lidder verschéinert **2. DE** *beschönigen* • **FR** *embellir* [un récit, la réalité] • **EN** *to whitewash, to gloss over* • **PT** *embeleazar lum relato, a realidade* **Beispill** d'Situatioun ass nun emol kritesch, et hëlleft näischt, se ze verschéineren!

Verschéinerung [feʃ'ʒinərʊŋ] Femininum (Pluriel Verschéinerungen) **1. DE** *Verschönerung* • **FR** *embellissement* [action, manière d'embellir] • **EN** *improvement, embellishment* • **PT** *embelezamento* [ato, maneira de embelezar] **Beispill** déi nei Lüsteren droen zur Verschéinerung vum Festsall bái **2. DE** *Beschönigung* • **FR** *embellissement* [d'un récit, de la réalité] • **EN** *cover-up, whitewash* • **PT** *embelezamento* [de um relato, da realidade] **Beispill** ech halen dës Duerstellung fir eng Verschéinerung vun den historieschen Tatsaachen

verschëssen [feʃ'ʒisən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschoss) » **transitiv 1. DE** *verschießen* [verbrauchen] • **FR** *utiliser, tirer* [des projectiles, des munitions] • **EN** *to shoot, to use up* [arrows, ammunition] • **PT** *esgotar, disparar* [projéteis, munições] **Beispill** wéi de Gangster am Film seng Munitioun verschoss hat, huet en sech erginn **2. DE** *verschießen* [danebenschießen] • **FR** *rafer* [un tir] • **EN** *to miss* [a goal, a target] • **PT** *falhar, errar* [um tiro] **Beispiller** wann de Spiller deen Eefemeter net verschoss hätt, da wiere mer elo Landesmeeschter!; de Bouschéisser huet säin éischte Versuch verschoss

verschëlden [feʃ'əldən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschëlt / verscholt) » **reflexiv DE** *sich verschulden* • **FR** *s'endetter* • **EN** *to get into debt* • **PT** *endividar-se* [contrair dívidas] **Beispiller** mir hunn eis verschëlt, fir den Daach neizemaachen; fir datt de Bud-

get am Equiliber ass, muss de Staat sech dëst Joer verschëlden; Bekannte vun eis sinn esou verschëlt, datt se riskéieren, hiert Haus ze verléieren

i Varianten: verschëllen, verscholden

Verschëldung Femininum (kee Pluriel) **DE** *Verschuldung* • **FR** *endettement* • **EN** *indebtedness* • **PT** *endividamento* **Beispill** eis Gemeng huet eng ganz niddereg Verschëldung, well se an der Zäit Reserven ugeluecht hat

verschëllen [feʃ'ələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschëllt) - Variant vun verschëlden

verschëmmelen [feʃ'əmələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschëmmelt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: verschummelen

verschenken [feʃ'æŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschenkt) » **transitiv DE** *verschenken* [weggeben] • **FR** *donner* [offrir] • **EN** *to give away* [to make a gift of] • **PT** *dar* [oferecer] **Beispill** well ech selwer net ka goen, hunn ech zwee Tickete fir de Rockconcert vun den Owend ze verschenken

verschieben [feʃ'i:bən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verschibbt) » **transitiv DE** *verschieben* [auf einen anderen Zeitpunkt] • **FR** *reporter, avancer* [la date de], *décaler* [changer à une date antérieure ou ultérieure] • **EN** *to postpone, to bring forward* [to a different date or time] • **PT** *adiar* [a data de], *antecipar* [a data de], *mudar* [a data de] [agendar para uma data anterior ou posterior] **Beispill** mir mussen d'Ouverture vun eisem Geschäft ëm ee Mount verschieben **Synonymen** verleeën, verréckelen

verschidden [feʃ'idən] Adjektiv **1. DE** *verschieden* [unterschiedlich] • **FR** *différent* [distinct] • **EN** *different* [not the same] <Adverb differently> • **PT** *diferente* [distinto] <Adverb de maneira diferente> **Beispiller** bei de Verhandlung goufe ganz verschidde Meenunge vertrueden; dee Rucksak gétt et an dräi verschiddene Faarwen; mäi Papp a meng Mamm hu ganz verschidde reagiert **2. DE** *verschiedene* [einige] • **FR** *quelques, un certain nombre de, certain(els)* • **EN** *some, a number of* • **PT** *alguns, algumas, vários, várias* **Beispiller** verschidde Leit sinn ze spéit komm; ech muss den Owend nach verschidden E-Maile schreiwen

verstänneg [feft'ænnɛç] Adjektiv **1.** **DE** vernünftig [durchdacht] • **FR** raisonnable [sensé] • **EN** sensible, reasonable • **PT** razoável, sensato **Beispill** dat ass eng verstänneg Decisioun, déi do geholl gouf **Synonym** rasonabel **2.** **DE** vernünftig [bedacht] • **FR** raisonnable [sérieux, sage] • **EN** sensible, reasonable • **PT** razoável, ajuizado **Beispill** mat der Zäit gouf de Lausbouf ëmmer méi verstänneg **3.** **DE** vernünftig [ordentlich, einsichtig] • **FR** posé, pondéré, réfléchi • **EN** composedly, reasonably • **PT** pausado, ponderado **Beispill** mir mussen emol verstänneg matenee schwätzen!

verstännegen [feft'ænnɛzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verstännegt) » **reflexiv** **DE** sich verständigen [sich verständlich machen] • **FR** communiquer, se faire comprendre • **EN** to communicate, to make oneself understood • **PT** comunicar, fazer-se entender **Beispill** ech ka seng Sprooch net gutt schwätzen, mee et geet duer, fir mech ze verstännegen

Verstännegung [feft'ænnɛzʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Verständigung [Kommunikation] • **FR** communication, échange • **EN** communication, communicating, making oneself understood • **PT** comunicação, entendimento **Beispill** ouni gemeinsam Sprooch ass d'Verstännegung schwierig **Synonym** Kommunikatioun

verstatlechen [feft'a:tɛçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verstatlecht) - Variant vun ↗verstaatlechen

Verstatlechung [feft'a:tɛçʊŋ] Femininum (Pluriel Verstatlechungen) - Variant vun ↗Verstaatlechung

verstauchen [feft'æ:ʊçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verstaucht) » **transitiv** sech eppes verstauchen **DE** sich etwas verstauchen • **FR** se fouler quelque chose, se luxer quelque chose [une articulation, un membre] • **EN** to sprain something • **PT** torcer alguma coisa, luxar alguma coisa [uma articulação, um membro] **Beispill** eng vun eise beschte Spillerinnen huet sech beim Training den Enkel verstaucht

Verstauchung [feft'æ:ʊçʊŋ] Femininum (Pluriel Verstauchungen) **DE** Verstauchung • **FR** foulure, entorse • **EN** sprain • **PT** entorse, distorção **Beispiller** meng Ver-

stauchung schwëllt einfach net of; eng Verstauchung kann e Patient laang ausser Gefecht setzen

verstauen [fejt'ʌʊən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verstaute) » **transitiv** **DE** *verstauen* • **FR** *faire entrer [ranger]* • **EN** *to stow, to pack* • **PT** *fazer caber [arrumar]* **Beispill** ech froe mech, wéi mer all déi Wallisse sollen an der Mall verstauen!

verstëbsen [fejt'əpsən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé verstëbst) » **intransitiv** **DE** *verstauben* • **FR** *se (re)couvrir de poussière, prendre la poussière* • **EN** *to get dusty, to gather dust* • **PT** *cobrir-se de pó, apanhar pó* **Beispiller** wann s de d'Bicher esou am Keller stoe léiss, da verstëbsen se komplett; du wollts onbedéngt eng Gittar an elo verstëbst se do am Eck! [du wollts onbedéngt eng Gittar an elo spills de ni drop!]

versteëën [fejt'e:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé versteet) » **transitiv** **DE** *versteigern* • **FR** *vendre aux enchères, laisser au plus offrant* • **EN** *to auction, to put up for auction* • **PT** *vender em leilão, vender ao que mais oferecer* **Beispiller** well d'Terwen sech net eens goufen, huet dee gréisste Wéngert misse versteet ginn; no der Faillite gouf de Betrib versteet

Versteesdemech [fejt'e:sdəmɛç] Neutrum (kee Pluriel) **1. DE** *Verständnis [Fähigkeit zu verstehen, Einfühlungsvermögen]* • **FR** *compréhension [tolérance, empathie]* • **EN** *understanding, empathy* • **PT** *compreensão [tolerância, empatia]* **Beispiller** an der Famill muss een dacks Versteesdemech weisen; ech hu kee Versteesdemech fir d'äin egoistescht Behuelen **Synonym** Verständnis **2. DE** *Verständnis [Akzeptanz]* • **FR** *compréhension [acte d'acceptation]* • **EN** *understanding [acceptance]* • **PT** *compreensão [disposição para aceitar]* **Beispill** d'Leit hu ganz weíneg Versteesdemech fir d'Reformen am Gesondheetswiesen **Synonym** Akzeptanz

versteieren [fejt'ʌiəɐən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé versteiert) » **transitiv** **DE** *versteuern* • **FR** *déclarer [des revenus], payer des impôts sur* • **EN** *to pay tax on* • **PT** *declarar [rendimentos], pagar imposto sobre* **Beispill** muss een d'Iwwerstonnen och versteieren?

verstéiert [fejt'ziət] Adjektiv **DE** *verstört* • **FR** *troublé, traumatisé* • **EN** *distracted, traumatized* • **PT** *transtornado, traumatizado* **Beispiller** eist klengt Meedchen ass ganz verstéiert aus der Schoul komm; d'Kanner hu verstéiert op déi schlëmm Noricht reagéiert

Versteierung [fejt'ʌiəɐuŋ] Fëmininum (kee Pluriel) **DE** *Versteuerung* • **FR** *déclaration [de revenus], paiement d'impôts* • **EN** *taxation, payment of tax* • **PT** *declaração [de rendimentos], pagamento de impostos* **Beispill** wéi funktionéiert d'Vesteierung vum Akommes bei enger onbestueter Koppel?

versteiwen [fejt'ʌivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé versteift)

I Hei entsteet en neien Artikel.

verstellen [fejt'æləən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verstellt) » **transitiv** **1. DE** *verstellen [anders einstellen]* • **FR** *régler, ajuster [changer le réglage de]* • **EN** *to adjust [to adapt]* • **PT** *regular, ajustar [alterar a regulação de]* **Beispill** déi nei Pulter loossen sech an der

Héicht **verstellen** **2. DE** *verstellen [falsch einstellen]* • **FR** *dérégler* • **EN** *to set incorrectly* • **PT** *desajustar, desregular* **Beispiller** ech hunn aus Versinn d'Spullmaschinn verstellt; meng nei Auer ass komplett verstellt **3. DE** *verstellen [verfremden]* • **FR** *contrefaire, rendre méconnaissable* • **EN** *to disguise [to make unfamiliar]* • **PT** *contrafazer, disfarçar* **Beispill** hien huet aus Jux seng Stëmm um Telefon verstellt » **reflexiv** **4. DE** *sich verstellen [vertauschen]* • **FR** *jouer la comédie, faire semblant* • **EN** *to put on an act* • **PT** *fingir, dissimular* **Beispill** ech trauen deem Kärel net, ech mengen, dee verstellt sech **Synonym** sech maachen

verstëmmen [fejt'əmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verstëmmt) » **transitiv** **1. DE** *verstimmen [ein Musikinstrument]* • **FR** *désaccorder [un instrument de musique]* • **EN** *to detune [to put out of tune]* • **PT** *desafinar [fazer perder a afinação]* **Beispill** de Bouf huet senger Mamm hir Gei verstëmmt, wéi en dru geknéchelt huet » **reflexiv** **2. DE** *sich verstimmen [Musikinstrument]* • **FR** *se désaccorder [instrument de musique]* • **EN** *to go out of tune* • **PT** *desafinar [perder a afinação]* **Beispiller** d'Uergel an der Kierch huet sech mat der Zäit verstëmmt; déi déif Téin vun dengem Piano si verstëmmt

verstengeren [fejt'æŋɐəən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé verstengert) » **intransitiv** **DE** *versteinern* • **FR** *se fossiliser, se pétrifier* • **EN** *to fossilize* • **PT** *fossilizar-se, petrificar-se* **Beispiller** wéi laang brauch en Dinosaurierskelett fir ze verstengeren?; hie stoung do ewéi verstengert ^[əgs] [hie war esou getraff, datt en net méi konnt bougéieren]

verstoen [fejt'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verstanen / verstan) » **transitiv** **1. DE** *verstehen [eine Bedeutung]* • **FR** *comprendre [déchiffrer, décoder]* • **EN** *to understand [the meaning of]* • **PT** *compreender [abarcar o sentido de]* **Beispiller** fir deen Text ze verstoen, hunn ech dacks am Dictionnaire missen nokucken; ech versti kee Englesch **2. DE** *verstehen [begreifen]* • **FR** *comprendre, saisir* • **EN** *to understand, to get* • **PT** *compreender, apreender* **Beispiller** ech hu laang gebraucht, ier ech déi Reegel verstanen hat; dat versteet sech um selwen [dat ass selbstverständlech] **Synonym** begräifen **3. DE** *verstehen [deuten, auffassen]* • **FR** *comprendre [interpréter]* • **EN** *to understand [to interpret]* • **PT** *entender [interpretar]* **Beispiller** d'Leit hate Problemer, fir déi nei Schëlter richtig ze verstoen; ech hunn déi Aufgab net als Strof verstanen; wat verstees du ënner Humor? [wat bedeit fir dech Humor?]; verstéi mech gutt!; verstéi mech net falsch! [⇒ seet een, fir en aneren drop opmierksam ze maachen, datt ee kéint falsch verstane ginn] **4. ze verstoe ginn** **DE** *ze verstehen geben* • **FR** *faire comprendre [suggérer]* • **EN** *to give to understand* • **PT** *dar a entender [insinuar]* **Beispill** ech hunn him ze verstoe ginn, datt ech net vill vun em halen **5. DE** *verstehen, mitbekommen* • **FR** *comprendre, entendre [percevoir par l'ouïe]* • **EN** *to catch, to understand [to hear]* • **PT** *entender [perceber pela audição]* **Beispill** well grad e Camion laanschgefeuer ass, hunn ech net verstanen, wat se um Radio soten **Synonymmen** héieren, matkréien **6. DE** *verstehen [Verständnis zeigen für]* • **FR** *comprendre [se montrer compréhensif à l'égard de, accepter]* • **EN** *to understand, to have understanding for* • **PT** *compreender [ter compreensão para com, aceitar]* **Beispiller** heiansdo hunn ech den An-

drock, meng Eltere géife mech net **verstoen**!; **verstéi**, datt ech och muss u meng Famill denken; mir zwee krute Sträit, well hie kee Spaass **versteet** **7. DE** *verstehen* [beherrschen, fertig bringen] • **FR** *connaître* [maîtriser, être habile en] • **EN** *to understand, to know, to be skilled in* • **PT** *conhecer* [ser versado em], *saber* [ter habilidade para] **Beispiller** eise Metzler **versteet** säin Handwerk!; dee Vendeur **versteet** et, de Leit egal wat unzedréien **Synonym** kennen **8.** eppes verstoe vun **DE** *etwas verstehen von* • **FR** *s'y connaître en* • **EN** *to know something about* • **PT** *perceber alguma coisa de* **Beispill** déi nei Mataarbechterin **versteet** vill vu Computeren » **reflexiv 9.** sech verstoen (mat) **DE** *sich verstehen (mit)* • **FR** *s'entendre (avec)* • **EN** *to get along (with)* • **PT** *entender-se (com), dar-se (com)* **Beispiller** de Patron **versteet** sech gutt mat senge Leit; déi zwee **hunn** sech vum éischte Moment un net **verstanen**; d'Kanner **hunn** sech direkt gutt **verstanen** **Synonymmen** eens ginn (mat), sech verdroen (mat)

Verstoppches [fɛʃt'opɕəs] Neutrum (kee Pluriel) **Verstoppches** spillen **DE** *Verstecken spielen* • **FR** *jouer à cache-cache* • **EN** *to play hide-and-seek* • **PT** *escondidas* **Beispill** an der Paus **hunn** d'Kanner **Verstoppches** gespillt **Synonym** Stoppches spillen

verstoppen [fɛʃt'opən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verstoppt**) » **transitiv 1. DE** *verstecken* • **FR** *cacher* [dérober à la vue, mettre en lieu sûr] • **EN** *to hide* [to keep out of sight] • **PT** *esconder* [subtrair às vistas, pôr em lugar seguro] **Beispiller** eisen Hond huet e Lach gewullt, fir seng Schank ze **verstoppen**; wat **verstopps** de do hanner dengem Rëck?; wa mer fortginn, **verstoppen** ech meng Bijouen **2. DE** *verheimlichen, vorenthalten* • **FR** *cacher à l'idrober à la connaissance de* • **EN** *to conceal from, to keep (secret) from* • **PT** *esconder a* [manter fora do conhecimento de] **Beispill** den Dokter huet der Patientin net **verstoppt**, wéi eescht hir Krankheet wier **Synonym** verheemlechen » **reflexiv 3. DE** *sich verstecken* • **FR** *se cacher* • **EN** *to hide* • **PT** *esconder-se* **Beispill** d'Bouwen **hu** sech hanner den Hecke **verstoppt**, fir d'Leit ze erfëieren

verstoppen [fɛʃt'opən] ♦ Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verstoppt**) » **transitiv 1. DE** *verstopfen* [unpassierbar machen] • **FR** *boucher, obstruer* • **EN** *to block up* • **PT** *entupir, obstruir* **Beispill** déi dier Blieder **verstoppen** de Kullang ♦ Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé **verstoppt**) » **intransitiv 2. DE** *verstopfen* [unpassierbar werden] • **FR** *se boucher* • **EN** *to become blocked up* • **PT** *entupir(-se)* [obstruir-se] **Beispill** pass op, datt den Offloss net **verstoppt**! **3. DE** *verstopfen* [an Verstopfung leiden] • **FR** *souffrir de constipation* • **EN** *to become constipated* • **PT** *sofrer de prisão de ventre* **Beispiller** vum Schockela **verstoppt** ee liicht; déi éischt Deeg vun enger Rees **sinn** ech ëmmer **verstoppt**

Verstouss [fɛʃt'əʊs] Maskulinum (Pluriel **Verstéiss**) **DE** *Verstoß* • **FR** *infraction* • **EN** *violation, breach* • **PT** *infração* **Beispiller** de Proprietär ass wéinst engem **Verstouss** géint d'Bautereglement op d'Gericht komm; a menger Positionn kann ech mir keng **Verstéiss** géint d'Reglement erlaben

verstoussen [fɛʃt'əʊsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verstouss**) » **transitiv 1. DE** *verstoßen* [ausschließen] • **FR** *rejeter, repousser, exclure* • **EN** *to*

shun, to reject • **PT** *rejeitar, repelir, excluir* **Beispill** wéi ech am Chômage war, **sinn** ech mer mat Amenter **verstouss** virkomm » **intransitiv 2.** **verstouss** géint **DE** *verstoßen gegen* • **FR** *enfreindre, transgresser* • **EN** *to infringe, to break* • **PT** *infringir, transgredir* **Beispill** wie géint d'Reegele **verstéiss**, muss d'Konsequenzen droen!

verstralen [fɛʃt'r'a:lən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verstraalt**) » **transitiv DE** *verstrahlen* [durch Radioaktivität verseuchen] • **FR** *irradier* [contaminer] • **EN** *to expose to (radioactive) radiation* • **PT** *irradiar* [contaminar] **Beispill** bei engem Tëschefall an der Atomzentral **goufen** e puer Aarbechter **licht verstraalt**

verstrécken [fɛʃt'r'ekən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verstréckt**) » **reflexiv** sech **verstrécken** an **DE** *sich verstricken in* • **FR** *s'empêtrer dans* [dans une situation] • **EN** *to become entangled in* [a situation] • **PT** *enredar-se em* [numa situação] **Beispill** den Ugekloten huet sech viru Gericht an eng Rei **Widderspréich verstréckt**

verstreëen [fɛʃt'r'e:ən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verstreet**) » **transitiv DE** *verstreuen* [ausstreuen] • **FR** *disperser* [répandre] • **EN** *to scatter* • **PT** *espalhar* [dispersar] **Beispill** d'Äsche vum **Verstuerwene** **goufe verstreet**

verstriewen [fɛʃt'r'iävən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verstriefert**) » **transitiv DE** *verstreben* • **FR** *moiser* • **PT** *pôr travessas, escorar* **Beispill** fir datt se stabil ass, muss een eng **Stee verstriewen**

Verstriewung [fɛʃt'r'iävʊŋ] Femininum (Pluriel **Verstriewungen**) **DE** *Verstreuung* [Strebewerk] • **FR** *chevalement* • **EN** *abutment system, bracing struts* • **PT** *escoramento* **Beispill** den Ingenieur kontrolléiert, ob d'**Verstriewung** vun der Bréck den Normen entsprécht

verstuerwen [fɛʃt'u:ɣvən] Adjektiv **DE** *verstorben* • **FR** *défunt* • **EN** *deceased, late* • **PT** *falecido, defunto, finado* **Beispiller** déi jonk Wittfra huet hirem **verstuerwene** Mann net laang nogetrauert; op Allerséile gött fir déi **Verstuerwe** gebiet

verstümmelen [fɛʃt'ymələn] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **verstümmelt**) » **transitiv DE** *verstümmeln* • **FR** *mutiler, estropier* • **EN** *to mutilate* • **PT** *mutilar, estropiar* **Beispill** an deem Krich **goufen** Dausende vun Zaldoten duerch Granaten a Minne **verstümmelt** **Synonym** mutiléieren

Verstümmelung Femininum (Pluriel **Verstümmelungen**) **DE** *Verstümmelung* • **FR** *mutilation* [physique] • **EN** *mutilation* • **PT** *mutilação* [de uma parte do corpo] **Beispill** nom Attentat si vill Blesséierter mat **Verstümmelungen** an d'Spidol ageliwwert ginn **Synonym** Mutilatioun

Versuch [fɛz'ʊx] Maskulinum **1.** (Pluriel **Versich**) **DE** *Versuch* [Bemühung, Handlung] • **FR** *tentative, essai* • **EN** *attempt, try* • **PT** *tentativa, ensaio* **Beispiller** all eis **Versich** waren ëmsoss; et ass mer beim éischte **Versuch** gelongen, richteg anzeparken **2.** (Pluriel **Versucher**) **DE** *Versuch, Experiment* • **FR** *expérience* [scientifique] • **EN** *experiment* • **PT** *experiência* [científica] **Beispill** d'Wäerter baséieren op **Versucher** mat Zellkulturen **Synonym** Experiment

Versuchung [fez'u:χuŋ] Femininum (Pluriel Versuchungen) **DE** Versuchung • **FR** tentation, désir • **EN** temptation • **PT** tentação [desejo, vontade] **Beispiller** bei deem schéine Wieder war d'Ve Versuchung einfach ze grouss, fir eraus an d'fréisch Loft ze goen; ech konnt der Versuchung net widerstoen, fir menger Frëndin alles weiderzezielen

versuergen [fez'u:gzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé versuergt) » **transitiv 1. DE** aufbewahren • **FR** garder, conserver [en lieu sûr] • **EN** to keep, to store • **PT** guardar, conservar [em lugar seguro] **Beispiller** ech versuerge meng Bréiwer an engem Tirang vu mengem Schreifdësch; mir versuergen de Kaffi an enger spezieller Dous **2. DE** reservieren, freihalten, aufheben • **FR** garder à [réserver à, mettre de côté pour] • **EN** to save, to reserve, to keep • **PT** guardar para [reservar para, pôr de parte para] **Beispiller** ech versuergen der eng Plaz an der éischter Rei; mir hunn de Kanner e Stéck Taart versuergt **3. DE** betreuen, umsorgen • **FR** garder, prendre en charge, s'occuper de • **EN** to look after, to take care of [la person] • **PT** cuidar de, tomar conta de **Beispiller** eis Kanner ginn daagsiwwer an enger Crèche versuergt; d'Personal aus dem Spidol huet eis Boma wonnerbar versuergt; dat Kand versuergt sech selwer [dat Kand ass ganz brav]; no sengem Leidenswee ass eis Bopa elo gutt versuergt [no sengem Leidenswee gouf eise Bopa duerch säin Doud erléist] **4. DE** schonen, achtgeben auf • **FR** prendre soin de, faire attention à • **EN** to look after, to take care of [to be mindful] • **PT** cuidar de, tomar atenção a **Beispiller** du muss deng Spillsaache besser versuergen!; versuerg dech [gutt]! **5. versuerge** mat **DE** versorgen mit [zukommen lassen] • **FR** approvisionner en, ravitailler en • **EN** to supply with • **PT** prover de, abastecer de **Beispiller** déi ganz Regioun gëtt mat Stroum aus engem Atomkraaftwierk versuergt; d'Arméi huet d'Bevëlkerung aus dem Krisengebitt mat Dréinkwaasser versuergt **Synonymmen** approvisionéiere mat, beliwwere mat

Versuergung [fez'u:gzuŋ] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** Versorgung [im sozialen, medizinischen Bereich] • **FR** prise en charge [sociale, médicale] • **EN** care [social, medical] • **PT** assistência, cuidados **Beispiller** d'Krankekeese sinn de Garant fir eng gutt medezinesch Versuergung **2. DE** Versorgung [mit notwendigen Gütern] • **FR** approvisionnement [ravitaillement] • **EN** supply [of vital goods] • **PT** aprovisionamento, abastecimento **Beispiller** d'Versuergung mat Dréinkwaasser ass am Krisengebitt net garantéiert

versuppen [fez'u:pən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé versuppt) » **intransitiv DE** versumpfen • **FR** devenir marécageux • **EN** to become marshy, to become boggy • **PT** tornar-se pantanoso **Beispiller** duerch dee ville Ree versuppt d'Wiss hanner eisem Haus ëmmer méi

vertässelen [fet'æsələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vertässelt) » **transitiv DE** verlegen [weglegen und nicht mehr finden] • **FR** égarer [perdre] • **EN** to mislay • **PT** perder [deixar em lugar desconhecido] **Beispiller** ech hunn d'Tickete fir an den Theater vertässelt; hues du däin Hausschlüssel schonn erëm vertässelt?

vertauschen [fet'æ:ʊfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vertosch) » **transitiv 1. DE** vertauschen,

verwechself • **FR** échanger (par erreur) • **EN** to mix up [to confuse] • **PT** trocar (por engano) **Beispiller** nom Theater huet en Här säi Mantel an der Garderob vertosch **2. DE** vertauschen [austauschen, auswechself] • **FR** échanger, inverser, intervertir • **EN** to swap, to switch • **PT** trocar, inverter, permutar **Beispiller** bei hinnen doheem sinn déi traditionell Rolle vu Mann a Fra vertosch

verteidegen [fet'aidəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verteidegt) » **transitiv 1. DE** verteidigen [gegen einen Angriff] • **FR** défendre [contre une attaque] • **EN** to defend [against an attack] • **PT** defender [contra um ataque] **Beispiller** d'Arméi ass do, fir d'Land ze verteidigen; d'Elteren hunn hirem Bouf säi Behuele vis-à-vis vum Schoulmeeschter verteidegt; zéck net, fir dech ze verteidigen, wann een dech ugräift!; d'Ekipp huet hir éischt Plaz am Klassement verteidegt [d'Ekipp konnt hir éischt Plaz halen] **2. DE** verteidigen [eintreten für] • **FR** défendre [prendre fait et cause pour] • **EN** to defend [to stand up for] • **PT** defender [manifestar-se a favor de] **Beispiller** verschidde Länner hunn sech zesummegeedoen, fir hir gemeinsam Interessent ze verteidigen **3. DE** verteidigen [vor Gericht] • **FR** défendre [en justice] • **EN** to defend [in a legal proceeding] • **PT** defender [em tribunal] **Beispiller** den Affekot huet säi Client net gutt verteidegt; den Ugekloten huet decidéiert, sech selwer ze verteidigen » **intransitiv 4. DE** verteidigen [in einem Mannschaftswettkampf] • **FR** défendre [jouer la défense] • **EN** to defend [in sport] • **PT** defender [num jogo de equipa] **Beispiller** eis Ekipp huet zwar kee Gol geschoss, se huet awer gutt verteidegt

i Variant: verdeedegen

Verteideger [fet'aidəzə] Maskulinum (Pluriel Verteideger) **1. DE** Verteidiger [Verfechter] • **FR** défenseur [partisan] • **EN** defender [advocate] • **PT** defensor [partidário] **Beispiller** dee Politiker ass en iwwerzeegte Verteideger vum Liberalismus **Synonym** Verfechter **2. DE** Verteidiger [in einem Mannschaftssport] • **FR** défenseur [dans une équipe sportive] • **EN** defender [in sport] • **PT** defesa [jogador] **Beispiller** fir e blesséierte Verteideger huet beim leschte Match e Stiermer missen asprangen

i Variant: Verdeedeger

i Weiblech Form: \nearrow Verteidegerin

Verteidegerin [fet'aidəzərin] Femininum (Pluriel Verteidegerinnen)

i Variant: Verdeedegerin

i Männlech Form: \nearrow Verteideger

Verteidigung [fet'aidəzʊŋ] Femininum (Pluriel Verteidigungen) **1. DE** Verteidigung [gegen einen Angriff] • **FR** défense [contre une attaque] • **EN** defence [against an attack] • **PT** defesa [contra um ataque] **Beispiller** ouni d'Hëllef vun de Bierger wier d'Veteidigung vun der Festung net méiglech gewiescht; an enger Diskussioun ass Ugrëff dacks déi bescht Verteidigung **2. DE** Verteidigung [Sicherheit] • **FR** défense [garantie, protection, sauvegarde] • **EN** defence [protection, safeguarding] • **PT** defesa [proteção, salvaguarda] **Beispiller** verschidde Länner hunn sech zesummegeedoe fir d'Veteidigung vu gemeinsamen Interessent; den Zweck vun eiser Associatioun ass d'Veteidigung

gung vun de Mënscherechter **Synonym** Defense **3. DE** Verteidigung [vor Gericht] • **FR** défense [en justice] • **EN** defence [on behalf of a defendant in court] • **PT** defesa [em tribunal] **Beispill** d’Affekotin huet sech bei der Verteidigung vun hirem Client op e Prezedenzfall beruff **Synonym** Defense **4. DE** Verteidigung [in einem Mannschaftswettkampf] • **FR** défense [dans une équipe sportive] • **EN** defence [in a team sport] • **PT** defesa [numa equipa desportiva] **Beispill** mäi Brudder spillt an eiser Fussballsekkipp an der Verteidigung **Synonym** Defense

i Variant: Verdeedegung

vertelefonéieren [fɛtələfɔn'ɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vertelefonéiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

vertikal [vɛrtik'a:l] Adjektiv **DE** vertikal • **FR** vertical <Adverb à la verticale, verticalement> • **EN** vertical <Adverb vertically> • **PT** vertical <Adverb na vertical, verticalmente> **Beispiller** vill Fändelen hunn dräi vertikal Sträifen; en Helikopter ka vertikal starten a landen **Synonym** senkrecht

vertippen [fɛt'ipən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vertippt) » **reflexiv DE** sich vertippen • **FR** faire une faute de frappe • **EN** to mistype, to make a mistake in typing • **PT** cometer um erro datilográfico **Beispiller** d’Sekretärin huet sech beim Datum vertippt; ech vertippe mech dacks, wann ech an der Hetz sinn

vertounen [fɛt'əʊnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vertount) » **transitiv 1. DE** vertonen [einen Text] • **FR** mettre en musique [adapter] • **EN** to set to music [a text] • **PT** pôr em música, musicar [um texto] **Beispill** fir dem Schréftsteller säin 100. Gebuertsdag goufen zwee vu senger Gedichter vertount **2. DE** vertonen [einen Film] • **FR** faire la bande-son de, sonoriser • **EN** to dub, to add a soundtrack • **PT** gravar a banda sonora de, sonorizar **Beispill** vill Stummfilmer goufen nodréiglech vertount

Vertounung [fɛt'əʊnuŋ] Femininum (Pluriel Vertounungen) **1. DE** Vertonung [eines Texts] • **FR** mise en musique, adaptation musicale • **EN** setting to music • **PT** musicalização [de um texto] **Beispill** den Auteur sicht e Komponist fir d’Vertounung vu senger Gedichter **2. DE** Vertonung [eines Films] • **FR** sonorisation [d’un film] • **EN** musical setting [of a film] • **PT** sonorização [de um filme] **Beispill** eréischt duerch d’Vertounung gëtt e Film richtig lieweg **3. DE** Vertonung [vertonte Fassung] • **FR** adaptation musicale [œuvre] • **EN** musical setting [piece of work] • **PT** adaptação musical [obra] **Beispill** vun dësem Gedicht gëtt et zwou Vertounungen, eng klassesch an eng modern

Vertrag [fɛtr'a:χ] Maskulinum (Pluriel Verträge) **1. DE** Vertrag [vertragliche Vereinbarung] • **FR** contrat [engagement mutuel] • **EN** contract [legal agreement] • **PT** contrato [compromisso mútuo] **Beispill** mir hunn de Vertrag mat der Botzfirma gekënnegt **Synonym** Kontrakt **2. DE** Vertrag [Dokument] • **FR** contrat [document] • **EN** contract [document] • **PT** contrato [documento] **Beispill** schéckt eis de Vertrag bis Enn der Woch ënnerschriwwen zeréck! **Synonym** Kontrakt **3. DE** Vertrag, Abkommen [Übereinkunft] • **FR** traité [accord] • **EN** treaty [agreement] • **PT** tratado [acordo] **Beispill** dëse Vertrag verstärkt

déi international Kooperatioun **Synonymmen** Accord, Ofkommen, Traité **4. DE** Vertrag, Abkommen [Dokument] • **FR** traité [document] • **EN** treaty [document] • **PT** tratado [documento] **Beispill** d’Ausseministere sinn zesummekomm, fir de Vertrag ze ënnerschreiwén **Synonymmen** Accord, Ofkommen, Traité

vertraglech [fɛtr'a:χlɔç] Adjektiv **DE** vertraglich • **FR** contractuel <Adverb par contrat> • **EN** contractual <Adverb contractually> • **PT** contratual <Adverb por contrato> **Beispiller** mir brauchen eng vertraglech Reegelung, déi seet, wéi d’Onkäschten opgedeelt ginn; d’Affekotin huet eis geroden, eis vertraglech ofzesécheren

Vertragspartner [fɛtr'a:χspɑrtne] Maskulinum (Pluriel Vertragspartner) **DE** Vertragspartner • **FR** partie contractante, cosignataire • **EN** contracting partner, cosignatory • **PT** parte contratante, cossignatário **Beispill** d’Vertragspartner hu sech verpflichtet, sech eemol d’Joer fir Gespréicher ze treffen

i Weiblech Form: ↗Vertragspartnerin

Vertragspartnerin [fɛtr'a:χspɑrtnərin] Femininum (Pluriel Vertragspartnerinnen) **DE** Vertragspartnerin • **FR** partie contractante, cosignataire [femme] • **PT** parte contratante, cossignatária **Beispill** als Vertragspartnerin muss de d’Konditioune vum Kontrakt respektéieren

i Männlech Form: ↗Vertragspartner

verträntelen [fɛtr'æntələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verträntelt) » **transitiv [ëgs] DE** verträdeln, verplempern [Zeit] • **FR** gaspiller, perdre [du temps] • **EN** to idle away, to waste [time] • **PT** desperdiçar, perder [tempo] **Beispill** amplatz eppes ze schaffen, huet eis Mataarbechterin de ganze Moie verträntelt **Synonym** verplempere

Vertrauen [fɛtr'ʌʊən] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Vertrauen • **FR** confiance • **EN** trust, confidence • **PT** confiança **Beispiller** d’Vertraue vun de Bierger an d’Institutionen ass intakt; du hues mäi Vertraue verluer

vertrauen [fɛtr'ʌʊən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vertraut) » **intransitiv DE** vertrauen • **FR** faire confiance (à), avoir confiance (en) [dans une situation donnée] • **EN** to trust, to have confidence (in) • **PT** confiar (em), ter confiança (em) [numa determinada situação] **Beispill** mir kënnen eisem Babysitter vertrauen

i Verb, dat vertrauen als Basis huet: ↗vertrauen

Vertrauensbroch [fɛtr'ʌʊənsbrɔχ] Maskulinum (Pluriel Vertrauensbréch) **DE** Vertrauensbruch • **FR** rupture de confiance • **PT** quebra de confiança **Beispill** säin Interview ass e Vertrauensbroch vis-à-vis vu senger Partei

Vertrauenspersoun [fɛtr'ʌʊənspɛrsəʊn] Femininum (Pluriel Vertrauenspersounen) **DE** Vertrauensperson • **FR** personne de confiance • **EN** person of trust, confidant • **PT** pessoa de confiança **Beispill** den Hausdokter ass fir vill Leit eng Vertrauenspersoun

vertrauensvoll [fɛtr'ʌʊənsfɔl] Adjektiv **DE** vertrauensvoll • **FR** basé sur la confiance <Adverb en toute confiance> • **EN** based on trust, trustful <Adverb with full

trust, confidently • **PT** *baseado na confiança* <Adverb com toda a confiança> **Beispiller** d'Cheffin huet hire Mataarbechter fir déi vertrauensvoll Zesummenaarbecht Merci gesot; Dir kënnt Iech vertrauensvoll un eise Mataarbechter wenden

vertrauenswierdeg [fɛtr'ʌʊənsvi:ɔdɔɕ] Adjektiv **DE** *vertrauenswürdig* • **FR** *fiable, digne de confiance* • **PT** *fiável, digno de confiança* **Beispiller** deen Zeie wierkt net ganz vertrauenswierdeg; dës Associatioun ass fir eis e vertrauenswierdege Partner **Synonym** fiable

i Variant: vertrauenswürdeg

vertrauenswürdeg [fɛtr'ʌʊənsvɥɪdɔɕ] Adjektiv - Variant vun **vertrauenswierdeg**

vertraulich [fɛtr'ʌʊləɕ] Adjektiv **DE** *vertraulich* [Geheim] • **FR** *confidentiel* <Adverb confidentiellement> • **EN** *confidential* <Adverb confidentially> • **PT** *confidencial* [secret] <Adverb confidencialmente> **Beispiller** vertraulich Dokumenter dierfen net a friem Hänn geroden; d'Kandidature gi vertraulich behandelt **Synonym** confidentiel

Vertraulichkeit Femininum (kee Pluriel) **DE** *Vertraulichkeit* [Geheimhaltung] • **FR** *confidentialité* • **PT** *confidencialidade* **Beispiller** bei finanziellen Transaktiounen sinn d'Sécherheet an d'Vertraulichkeit besonnesch wichteg; bei eis am Service ass d'Vertraulichkeit vun den Donnéeën garantéiert **Synonym** Confidentialitéit

vertraut [fɛtr'ʌʊt] Adjektiv **1. DE** *vertraut* [gewohnt] • **FR** *familier, connu* • **EN** *familiar* • **PT** *familiar, conhecido* **Beispill** de Patient wier am léifsten a sengem vertraute Milieu am Spidol **2. vertraut** mat **DE** *vertraut* mit • **FR** *familiarisé avec, au courant de* • **EN** *familiar with, acquainted with* • **PT** *familiarizado com, a par de* **Beispiller** eisen neie Mataarbechter ass nach net mat eise Computerprogramm vertraut; d'Léierpersonal muss sech mat der Problematik vun der Legasthenie vertraut maachen

i „vertraut“ kann och de Participle passé vum Verb **vertrauen** sinn.

Vertrautheit [fɛtr'ʌʊthe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Vertrautheit* • **FR** *familiarité, intimité* • **EN** *intimacy, familiarity* • **PT** *familiaridade, intimidade* **Beispill** tëschent deenen zwou Frëndinne spiert een direkt eng grouss Vertrautheit

vertréischen [fɛtr'ʒi:tən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *vertréischt*) » **transitiv DE** *vertrösten* • **FR** *faire patienter, faire de vagues promesses à* • **EN** *to put off* [to obstruct, to delay] • **PT** *fazer esperar, embarcar com promessas* **Beispiller** déi zoustänneg Instanze *vertréischen* eis schonn zënter Méint, mee si huele keng Decisioun; mir goufen alt nees op d'nächst Joer *vertréischt*

vertrëppelen [fɛtr'əpələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *vertrëppelt*) » **transitiv 1.** sech d'Bee vertrëppelen / sech d'Féiss vertrëppelen **DE** *sich die Beine vertreten, sich die Füße vertreten* • **FR** *se dégoûdir les jambes* [en marchant] • **EN** *to stretch one's legs* • **PT** *desentorpecer as pernas* [a caminhar] **Beispiller** nom Iesse ginn ech mer gären d'Bee *vertrëppelen*; um Parking sinn d'Touristen aus dem Bus geklommen, fir sech d'Féiss ze *vertrëppelen*; o mei, elo hunn ech

mech *vertrëppelt*! [o mei, elo hunn ech mech geiert!] » **reflexiv 2. DE** *sich den Fuß vertreten, falsch auftreten* • **FR** *mal poser le pied, se fouler légèrement le pied* • **EN** *to twist one's ankle* • **PT** *pôr o pé em falso, torcer o pé* **Beispill** ech hu mech op dësem knubbelege Pawee *vertrëppelt*

vertrieden [fɛtr'ɪədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *vertrueden* / *vertratt*) » **transitiv 1. DE** *vertreten* [repräsentieren] • **FR** *représenter* [être représentant de, agir au nom de, défendre les intérêts de] • **EN** *to represent* [to act for] • **PT** *representar* [ser representante de, agir em nome de, defender os interesses de] **Beispiller** zënter dësem Joer *vertrëtt* dem Chef säi Jong de Betrieb am Ausland; de Geschiedegte gëtt duerch seng Affekotin *vertrueden*; d'Pianistin gëtt vun enger bekannter Agence *vertrueden*; déi Jonk waren déck *vertrueden* [egs] [et ware vill Jonker do] **2. DE** *vertreten* [verteidigen] • **FR** *défendre* [un point de vue] • **EN** *to defend* [a point of view] • **PT** *defender* [um ponto de vista] **Beispiller** a sengem neie Buch *vertrëtt* den Auteur nationalistes Theesen; d'Delegéiert hu kontrovers Positionen *vertrueden*; däi Behuelen ass moralesch net ze *vertrieden*! [däi Behuelen ass moralesch inakzeptabel!]

Vertrieder [fɛtr'ɪədə] Maskulinum (Pluriel *Vertrieder*) **DE** *Vertreter* [Repräsentant] • **FR** *représentant* [délégué] • **EN** *representative, delegate* • **PT** *representante* [delegado] **Beispill** am Gremium, deen iwwer d'Subsidien decidéiert, sëtze *Vertrieder* vu verschiddene Ministären **Synonym** Representant

i Weiblech Form: **Vertriederin**

Vertriederin [fɛtr'ɪədərɪn] Femininum (Pluriel *Vertriederinnen*) **DE** *Vertreterin* [Repräsentantin] • **FR** *représentante* [déléguée] • **PT** *representante* [delegada] **Beispill** ech war als *Vertriederin* vu mengem Ministère mat an där Reunioun **Synonymen** Repräsentantin, Representante

i Männlech Form: **Vertrieder**

Vertriedung [fɛtr'ɪədʊŋ] Femininum (Pluriel *Vertriedungen*) **1. DE** *Vertretung* [Abordnung] • **FR** *représentation* [délégation] • **EN** *representation, delegation* • **PT** *representação* [delegação] **Beispill** d'Personal huet zënter dësem Joer eng *Vertriedung* am Verwaltungsrot vun der Firma **2. DE** *Vertretung* [Institution] • **FR** *représentation* [institution] • **EN** *mission* [institution] • **PT** *representação* [instituição] **Beispill** d'Regierung huet eng diplomatesch *Vertriedung* bei verschiddenen internationalen Organisatiounen **3. DE** *Vertretung* [Handelsvertretung] • **FR** *représentation commerciale* [d'une marque] • **EN** *dealership* • **PT** *representação comercial* [de uma marca] **Beispiller** et gëtt Garagen, déi hunn d'*Vertriedung* fir e puer Autosmarken; eist Geschäft huet zënter drëseg Joer d'*Vertriedung* fir dës professionell Kaffimaschinen

vertuddelen Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *vertuddelt*) » **reflexiv** [egs] **DE** *sich versprechen* [sich irren] • **FR** *se tromper* [en parlant] • **PT** *enganarse* [a falar] **Beispill** den Noriichtesprecher huet sech haut e puermol hannerenee *vertuddelt* **Synonym** *verschwätzen*

vertuschen [fɛt'ʊʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vertuscht) » **transitiv DE** vertuschen • **FR** étouffer, dissimuler, cacher • **EN** to cover up, to hush up, to conceal • **PT** encobrir, dissimular, esconder **Beispill** d'Direktioun huet émsoss versicht, de Skandal ze vertuschen

veruechten [fɛ'ʊəçtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé veruecht) » **transitiv DE** verachten • **FR** mépriser, dédaigner • **EN** to despise, to look down on • **PT** desprezar, desdenhar **Beispiller** fréier war et geleefeg, datt déi räich Leit déi aarm veruecht hunn; déi Drëpp do ass net ze veruechten [déi Drëpp do muss ee probéiert hunn]

Veruechtung [fɛ'ʊəçtuŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Verachtung • **FR** mépris, dédain • **PT** desprezo, desdém **Beispill** seng Schréfte si geprägt vun Haass a Veruechtung

veruerdnen [fɛ'ʊ:ɣdnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé veruerdent)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Veruerdung [fɛ'ʊ:ɣdnun] Femininum (Pluriel Veruerdungen) **Administratioun** **DE** Verordnung [Erlass] • **FR** règlement, ordonnance • **PT** regulamento, ordem **Beispill** duerch dat neit Gesetz gëtt déi europäesch Veruerdung iwwer d'Kläranlagen ëmgesat

verursaachen [fɛ'ʊ:ɣza:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verursaacht) » **transitiv DE** verursachen, hervorrufen • **FR** causer, provoquer • **EN** to cause • **PT** causar, provocar **Beispiller** den Accident gëschter Owend huet e risege Stau op der Autobunn verursaacht; et gëtt vill Liewensmëttel, déi Bläunge verursaachen

verurteilen [fɛ'ʊ:ɣte:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verurteilt) » **transitiv 1. DE** verurteilen [bestrafen] • **FR** condamner [infliger une peine à] • **EN** to sentence • **PT** condenar [impor uma pena a] **Beispiller** d'Gericht huet den Abriecher zu dräi Joer Prisong verurteilt; den Ugekloten ass fir seng Verbrische verurteilt ginn; de verurteelten Deserteur gouf direkt erschoss; et soll ee keen ze fréi verurteelen [et soll ee keen ze fréi fir schëlleg halen] **2. DE** verurteilen [missbilligen] • **FR** condamner [désapprouver] • **EN** to condemn [to censure] • **PT** condenar [desaprovar] **Beispill** déi international Gemeinschaft huet d'Invasioun vum Land verurteilt

Verurteilung [fɛ'ʊ:ɣte:lun] Femininum (Pluriel Verurteilungen) **DE** Verurteilung • **FR** condamnation [jugement] • **EN** conviction [sentencing] • **PT** condenação [sentença] **Beispill** den Ugeklote muss mat enger Verurteilung weinst Korruptioun rechnen

veruzen [fɛ'ʊ:tsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé veruuzt) » **transitiv DE** verulken • **FR** se moquer de, se payer la tête de • **EN** to make fun of • **PT** fazer troça de, gozar com **Beispiller** hie mécht sech e Spaass draus, seng Kolllege bei all Geleeeënheet ze veruzen; hal op, mech ze veruzen! **Synonym** de Geck maache mat

Verveine Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **W**erbeen

vervollstännegen [fɛf'ol|tænzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé vervollstännegt) » **transitiv DE** vervollständigen • **FR** compléter • **EN** to complete • **PT** completar [acrescentando] **Beispiller** et feele mer nach zwou Tasen, fir mäin anticken Iesszerwiss ze vervollstännegen; de Gesetzesprojet muss a verschiddene Punkten nach vervollstännegt ginn **Synonym** completéieren

verwackelen [fɛv'akələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verwackelt) » **transitiv DE** verwackeln • **FR** rater [lune photo en bougeant lors de la prise] • **EN** to blur [by camera shake] • **PT** tirar mal [luma fotografia, deixando-a ficar tremida] **Beispiller** ech hunn d'Fotoen, déi ech aus dem Bus geholl hunn, bal all verwackelt; meng Fotoe vun der Vëloscourse si verwackelt

verwäerten [fɛv'ɛ:ɣtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verwäert) » **transitiv DE** verwerten • **FR** (re)utiliser, mettre à profit, exploiter • **EN** to reuse, to make use of • **PT** (re)utilizar, aproveitar, explorar **Beispiller** en Deel vun den Offäll kann nach verwäert ginn; fir d'Donnéeën ze verwäerten, muss de se an de Computer aginn; wann d'Leit fréier geschluecht hunn, gouf alles vum Déier verwäert

verwalten [fɛv'altən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé verwalt) » **transitiv DE** verwalten • **FR** administrer, gérer • **EN** to administer, to manage • **PT** administrar, gerir **Beispiller** deen neien nationalen Zenter fir Kriibsfuerschung soll vun der Universitéit verwalt ginn; eis Datebanke ginn all intern vun eisem eegenen Informatiker verwalt **Synonymmen** administrieren, geréieren

Verwalter [fɛv'altɛ] Maskulinum (Pluriel Verwalter) **DE** Verwalter • **FR** administrateur, gestionnaire, régisseur • **EN** administrator, manager • **PT** administrador, gestor **Beispiller** dem Verwalter vun de Fonge gëtt virgehäit, en hätt Suen ënnerschloen; de Verwalter vum Baron senge Lännereien ass a Pensioun gaangen

I Weiblech Form: **Verwalterin**

Verwalterin [fɛv'altɛrɪn] Femininum (Pluriel Verwalterinnen) **DE** Verwalterin • **FR** administratrice, gestionnaire, régisseuse • **PT** administradora, gestora **Beispill** déi nei Verwalterin geréiert d'Konte mat grousser Virsicht

I Männlech Form: **Verwalter**

Verwaltung [fɛv'altun] Femininum **1.** (Pluriel Verwaltungen) **DE** Verwaltung [Behörde] • **FR** administration [service] • **EN** administration [service] • **PT** administração [serviço] **Beispill** dës Verwaltung ënnersteet direkt dem Ministère **Synonym** Administratioun **2.** (kee Pluriel) **DE** Verwaltung [Führung] • **FR** administration [gestion] • **EN** administration [management] • **PT** administração [gestão] **Beispill** d'Universitéit huet eng autonom Verwaltung

Verwaltungsgericht [fɛv'altunsgɛrɪ:çt] Neutrum (Pluriel Verwaltungsgerichter) **1.** **DE** Verwaltungsgericht [Behörde] • **FR** tribunal administratif [instance] • **EN** administrative court [authority] • **PT** tribunal administrativo [órgão] **Beispill** d'Affekotin referéiert sech op en Urteel vum Verwaltungsgericht **2.** **DE** Verwaltungsgericht [Gebäude] • **FR** tribunal administratif [bâtiment] • **EN**

administrative court [building] • **PT** *tribunal administrativo* [edificio] **Beispill** d'Fassad vum **Verwaltungsgericht** gëtt frëschgemaach

Verwaltungsrot [fɛv'altuŋsʁo:t] Maskulinum (Pluriel **Verwaltungsréit**) **DE** *Verwaltungsrat, Vorstand* [eines Unternehmens] • **FR** *conseil d'administration* [d'une entreprise] • **EN** *board of directors* • **PT** *conselho de administração* [de uma empresa] **Beispiller** de **Verwaltungsrot** ernannt haut en neie President; d'Personal ass säit engem Joer am **Verwaltungsrot** vun der Firma vertraued; d'**Verwaltungsréit** hunn iwwer d'Fusioun vun deenen zwou Entreprises diskutéiert **Synonym** **Conseil d'administration**

verwandelen [fɛv'andələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **verwandelt**) » **transitiv 1.** **verwandelen** an **DE** *verwandeln in* [umwandeln in] • **FR** *transformer en* [convertir en] • **EN** *to convert into, to turn into, to transform into* • **PT** *transformar em* [converter em] **Beispiller** bei där Technik gëtt Biogas a Stroum **verwandelt**; bei der Gärung gëtt den Zocker an Alkohol **verwandelt**; de Pränz gouf vum Hexemeeschter an e Fräsch **verwandelt** » **reflexiv 2.** sech **verwandelen** (an) **DE** *sich verwandeln (in)* • **FR** *se transformer (en)* • **EN** *to transform (into), to turn (into)* • **PT** *transformar-se (em)* **Beispiller** de Raup huet sech an e schéine Päiperlek **verwandelt**; dat Duerf huet sech seier an eng beléift touristesch Destinatioun **verwandelt**

verwannen [fɛv'anən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **verwonnen** / **verwonnen**) » **transitiv DE** *verwinden* • **FR** *parvenir à accepter, surmonter* • **EN** *to get over, to recover from* • **PT** *conseguir aceitar, superar* **Beispill** eis Nopesch huet de stënterlechen Doud vun hirem Mann nach ëmmer net **verwonnen**

verwarnen [fɛv'arɲən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **verwarnt**) » **transitiv DE** *verwarnen* • **FR** *avertir* [instruire, sermonner] • **EN** *to caution, to warn* [to give a formal warning] • **PT** *advertir, avisar, admoestar* **Beispill** noodem den Employé fir d'drëtt **verwarnt** gouf, ass en an d'Direktioun geruff ginn

Verwarnung [fɛv'arɲuŋ] Femininum (Pluriel **Verwarnungen**) **DE** *Verwarnung* • **FR** *avertissement* • **EN** *caution, (formal) warning* • **PT** *advertência, aviso, admoestação* **Beispill** den Employé ass no der drëtter **Verwarnung** bei d'Direktioun geruff ginn

verwäsch [fɛv'æʃ] Adjektiv **DE** (*wie*) *verwaschen* • **FR** *délavé* [tissu], *passé* [couleur] • **EN** *faded, washed-out* • **PT** *deslavado* [tecido], *desbotado* [cor] **Beispiller** d'Faarf vu sengem neie Pullover wierkt elo scho **verwäsch**; am léifsten dinn ech meng al, **verwaschen** Jeans un

verwässeren [fɛv'æsərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **verwässert**) » **transitiv DE** *verwässern* [abschwächen] • **FR** *atténuer, affaiblir* • **EN** *to water down, to dilute* [to make less forceful] • **PT** *diluir* [fazer perder a força], *atenuar* **Beispill** duerch déi vill Kierzungen am **Text** gouf den eigentleche Message staark **verwässert**

Verwässerung [fɛv'æsərɲuŋ] Femininum (Pluriel **Verwässerungen**) **DE** *Verwässerung* [Abschwächung] • **FR** *affaiblissement, atténuation* • **EN** *watering down, weakening* • **PT** *diluição* [enfraquecimento] **Beispill** d'Op-

positioun fäert eng **Verwässerung** vun hirem Gesetzesprojet

verwéckelen [fɛv'ekələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **verwéckelt**) » **transitiv 1.** **verwéckelen** an **DE** *verwickeln in* [hineinziehen in] • **FR** *mêler à, impliquer dans* • **EN** *to involve in, to embroil in* • **PT** *envolver em, implicar em* **Beispill** ech gouf deslescht an eng domm **Geschicht** **verwéckelt** **Synonym** **eranzéien** an » **reflexiv 2.** sech **verwéckelen** an **DE** *sich verwickeln in* • **FR** *se prendre dans, s'empêtrer dans* • **EN** *to get tangled up in, to get caught in* • **PT** *ficar preso em, enredar-se em* **Beispill** den Hond huet sech ganz an der Längt **verwéckelt 3.** sech a **Widderspréch** **verwéckelen** **DE** *sich in Widersprüche verwickeln* • **FR** *s'empêtrer dans des contradictions* • **EN** *to get tangled up in contradictions, to contradict oneself* • **PT** *enredar-se em contradições* **Beispill** den Ugekloten huet sech stänneg a **Widderspréch** **verwéckelt 4.** **DE** *sich verwickeln* [sich verschlingen] • **FR** *s'emmêler, s'embrouiller* • **EN** *to get twisted, to get tangled up* • **PT** *emaranhar-se, embarçar-se* **Beispill** déi bëlleg **Verlängerung** huet sech schonn nees **verwéckelt**

Verwécklung [fɛv'ekluŋ] Femininum (Pluriel **Verwécklungen**) **DE** *Verstrickung, Verwicklung* • **FR** *implication* [fait d'être impliqué] • **EN** *involvement, implication* • **PT** *implicação, envolvimento* **Beispill** weinst senger **Verwécklung** an dee Skandal huet hie seng **Aarbecht** verluer

verweigere [fɛv'aizərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **verweigert**) » **transitiv DE** *verweigern* • **FR** *refuser à* [ne pas accorder à] • **EN** *to refuse* • **PT** *recusar a* [não permitir a] **Beispiller** mir halen net vill vun hirem **Decisioun**, mee mir **verweigere** hinnen eis **Hëllef** net; d'**Oppositioun** huet hir **Zoustëmmung** **verweigert** **Synonym** **refuséieren**

Verweigerung [fɛv'aizərɲuŋ] Femininum (Pluriel **Verweigerungen**) **DE** *Verweigerung* • **FR** *refus* • **EN** *refusal* • **PT** *recusa* **Beispill** der **Affekotin** no ass d'**Verweigerung** vun der **Baugeneemegung** net zoulässeg **Synonym** **Refus**

Verweis [fɛv'aiz] Maskulinum (Pluriel **Verweiser**) **1.** **DE** *Verweis* [auf eine Textstelle] • **FR** *renvoi* [référence] • **EN** *reference* [link] • **PT** *remissão* [referência] **Beispill** de **Staatsrot** huet drop gehalen, datt an d'**Gesetz** e **Verweis** op zwee **Artikelen** vun der **Verfassung** stoe kënn **Synonymmen** **Referenz**, **Renvoi 2.** **DE** *Verweis* [Verwarnung] • **FR** *blâme* [avertissement] • **EN** *warning, reprimand* • **PT** *repreensão* [aviso] **Beispill** deen ee **Spiller** ass **gespaart** ginn, deen anere **krut** just e **Verweis**

verweisen [fɛv'aizən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **verwisen**) » **transitiv 1.** **DE** *verweisen* [ausweisen] • **FR** *expulser* [exclure d'un lieu] • **EN** *to expel* [from a place] • **PT** *expulsar* [excluir, fazer sair de um sítio] **Beispill** de **Mann** gouf aus dem **Sall** **verwisen**, well en d'**Gerichtsverhandlung** ëmmer nees **gestéiert** huet **2.** **DE** *verweisen* [an eine andere Person, an eine andere Stelle] • **FR** *renvoyer* [à une autre personne, devant une autre instance] • **EN** *to refer* [to direct to a different person, to a different place] • **PT** *remeter* [para outra pessoa, para outra instituição] **Beispill** mir **goufe** mat eiser **Affär** vum **Friddensrichter** un en anert **Gericht** **verwisen** »

intransitiv 3. verweisen op **DE** *verweisen auf* • **FR** *se reporter à, se référer à* • **EN** *to refer to [to make reference to]* • **PT** *reportar-se a, referir-se a, remeter para* **Beispill** an hirem Artikel **verweist** d'Journalistin op en interne Rapport vun der Police

Verweisuert [fɛv'aisvu:ɔt] Neutrum (Pluriel Verweiswierder)

i Hei entsteet en neien Artikel.

verwëlderen [fɛv'ældəɾən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **verwëldert**) » **intransitiv 1.** **DE** *verwildern [zur Wildnis werden]* • **FR** *tomber en friche, devenir broussaillieux* • **EN** *to become overgrown* • **PT** *tornar-se uma selva, tornar-se bravio* **Beispiller** zënter datt kee méi an deem Haus wunnt, ass de Gaart mat der Zäit **verwëldert**; d'Kanner spille gär an eisem **verwëlderte** Bongert Stoppches **Synonym** zouwuessen **2.** **DE** *verwildern [Haustier]* • **FR** *devenir sauvage [animal domestique]* • **EN** *to go wild, to return to the wild [pet]* • **PT** *tornar-se selvagem [animal doméstico]* **Beispill** nodeem d'Fra dout war, sinn hir zwou Kaze mat der Zäit **verwëldert**

Verwëllef [fɛv'ələf] Neutrum (Pluriel Verwëllef) **DE** *Gewölbe [Wölbung]* • **FR** *voûte* • **EN** *vault [roof, ceiling]* • **PT** *abóbada* **Beispill** d'Verwëllef vun der aler Kapell gëtt restauréiert

i Verben, déi **vir-** als Partikel hunn: *virbauen, virbehalen, virbehandelen, virbereeden, virbestellen, virbieden, virbréngen, virbueren, virdansen, virdatéieren, virdrängen, virdrécken, virdrécken, virdroen, virenthalen, virfalten, virfannen, virféieren, virfinanzéieren, virfueren, virgeheien, virgesinn, virgoen, virgräifen, virhalten, virhuelen, virhunn, virknaen, virknäppen, virkommen, virlafen, virleeën, virleien, virleien, virliesen, virliwen, virloossen, virmaachen, virmolen, virrechnen, virsangen, virschaffen, virschécken, virschloen, virschneiden, virschreiwien, virschwärmen, virschwätzen, virschwiewen, virsetzen, virsoen, virspillen, virstellen, virstoussen, virstrecken, virsuergen, virtäuschen, virturnen, virverleeën, virwarnen, virweisen, virwerfen, virzeechnen, virzéien*

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: *vir* Adverb

Viraarbecht [f'i:ɣ̥ra:bœçt] Femininum (Pluriel Viraarbechten) **DE** *Vorarbeit* • **FR** *travaux préliminaires, travaux préparatoires* • **EN** *groundwork* • **PT** *trabalho preliminar, trabalho preparatório* **Beispill** well deng Ekipp eng gutt Viraarbecht geleescht hat, konnte mir de Projet séier ofschléissen

Viraarbechter [f'i:ɣ̥ra:bœçtɐ] Maskulinum (Pluriel Viraarbechter) **DE** *Vorarbeiter* • **FR** *contremaître* • **EN** *foreman* • **PT** *capataz, contramestre* **Beispill** um Chantier ass de Viraarbechter verantwortlech fir d'Sécherheet vun senge Leit

i Weiblech Form: *Viraarbechterin*

Viraarbechterin [f'i:ɣ̥ra:bœçtɐrin] Femininum (Pluriel Viraarbechterinnen) **DE** *Vorarbeiterin* • **FR** *contre-maitresse*

i Männlech Form: *Viraarbechter*

viral Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

viralgoen [vir'a:lgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *viralgaangen / viralgaang*) » **intransitiv DE** *viralgehen* • **FR** *devenir viral [sur les réseaux sociaux]* • **EN** *to go viral* • **PT** *tornar-se viral [nas redes sociais]* **Beispill** de Video vu mengem Monni senger Kaz ass an de soziale Medie *viralgaang*

Viranung [f'i:ɣ̥a:nun] Femininum (Pluriel *Viranungen*) **DE** *Vorahnung* • **FR** *pressentiment* • **EN** *premonition* • **PT** *pressentimento* **Beispiller** ech hoffen, datt meng Viranung sech net bestätegt!; ech hunn esou eng Viranung, datt dat do net riicht räisst

Virus [f'i:ræ:ʊs] Substantiv am *Virus* **DE** *im Voraus* • **FR** *à l'avance, d'avance, au préalable* • **EN** *in advance* • **PT** *antecipadamente, de antemão* **Beispiller** ass et méiglech, Plazen am *Virus* ze reservéieren?; Merci am *Virus*, datt der meng Kaz fiddert, wann ech an der Vakanz sinn; e Fest dobausse kann een ni laang

am *Virus* plangen

virus [f'i:ræ:ʊs] Adverb **1. DE** *vorne, an der Vorderseite [eines Gebäudes]* • **FR** *devant, sur la face avant [d'un immeuble]* • **EN** *in front [of the part of a building]* • **PT** *na frente [de um edifício]* **Beispill** mueres hu mir d'Sonn *virus*, owes hannenaus op der Terrass **2. DE** *vorne, im vorderen Teil* • **FR** *devant [dans la partie avant]* • **EN** *in front [in the front part of a building]* • **PT** *na parte da frente* **Beispill** mir schlofen neierdénge hannenaus, *virus* ass ze vill Kaméidi

i Variant: *virausser*

virus [f'i:ræ:ʊs] Adverb *virus* sinn **DE** *voraus sein [besser sein als, weiter sein als]* • **FR** *devancer, surpasser* • **EN** *to be in front, to be ahead* • **PT** *estar à frente de, estar avançado em relação a* **Beispill** mir sinn eise Konkurrenten an allem wäit *virus*

virus- Verbpartikel **DE** [abtrennbares Erstglied eines Verbs] • **FR** [particule séparable d'un verbe] • **EN** [separable verb particle] • **PT** [particula separável de um verbo] **Beispiller** d'Experte plange *virus*, fir méiglechst vill Imprevuen ze verhënnere; fir Engpäss an Zukunft ze evitéieren, muss mer méi wäit *viruskucken*

i Verben, déi **virus-** als Partikel hunn: *virusbestimmen, virusausgesinn, virusaugoen, viruskucken, virusplangen, virusausgeschécken, virussetzen, virussoen*

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: *virus* Adverb

i Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: *virus* Adverb

virusbestimmen [fir'æ:ʊsbəçtəmən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *virusbestimmt*) » **transitiv DE** *vorausbestimmen* • **FR** *déterminer (à l'avance)* • **EN** *to predetermine* • **PT** *predeterminar* **Beispill** et gëtt Leit, déi mengen, eist Liewe wier *virusbestimmt*

virusausgesinn [fir'æ:ʊsgəzin] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *virusausgesinn*) » **transitiv DE** *voraussehen* • **FR** *prévoir [anticiper, pressentir, pronostiquer]* • **EN** *to foresee, to anticipate* • **PT** *prever [antecipar, presenciar, prognosticar]* **Beispiller** et si Saache geschitt, déi mir net *virusausgesinn* haten; beim Bau vum Tunnel war d'Héicht vun de Käschten net *viruszegesinn*; et war *viruszegesinn*, datt dee Film e Flopp géif ginn

virusaugoen [fir'æ:ʊsgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *virusgaangen / virusgaang*) » **intransitiv DE** *vorausgehen [zeitlich]* • **FR** *précéder [dans le temps]* • **EN** *to precede [in time]* • **PT** *preceder [no tempo]* **Beispill** där doter Decisioun si laang kontrovers Diskussioun *virusgaangen*

viruskucken [f'i:ræ:ʊskukən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *virusgekuckt*) » **intransitiv DE** *vorausblicken, vorausschauen* • **FR** *anticiper, se projeter vers [l'avenir]* • **EN** *to look ahead [into the future]* • **PT** *olhar para o futuro, ser providente* **Beispill** fir an Zukunft Engpäss ze evitéieren, muss mer méi wäit *viruskucken* ewéi bis elo **Synonym** no *vir kucken*

virusplangen [fir'æ:ʊspləŋən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *virusgeplangt*) » **transitiv DE** *vorausplanen* • **FR** *planifier (à l'avance), prévoir* • **PT** *planear [com antecedência], prever* **Beispill** et ass schwéier

viruszeplangen, wéi d'Verkéiserspolitik an zéng Joer soll ausgesinn

virausschécken [fɪr'æ:ʊsʃekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **virausgeschéckt**) » **transitiv** DE *vorausschicken* [vorwegnehmen] • FR *indiquer au préalable que, dire d'emblée* • EN *to make clear at once* • PT *começar por dizer que, dizer desde já* **Beispill** ech wëll direkt **virausschécken**, datt mir mat där Prozedur net zefridde sinn

virausser [fɪ'i:ɐ̯ræ:ʊse] Adverb - Variant vun *viraus*

viraussetzen [fɪr'æ:ʊszætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **virausgesat**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Viraussetzung [fɪr'æ:ʊszætsuŋ] Femininum (Pluriel **Viraussetzungen**) DE *Voraussetzung* [Bedingung] • FR *condition* [préalable] • EN *precondition* • PT *condição* [prévia] **Beispiller** fir dës Aarbecht ass eng vun de **Viraussetzungen**, datt een en Diplom an der Chimie huet; hie bréngt all d'**Viraussetzung** mat, fir dës Plaz ze kréien

viraussichtlech [fɪ'ræ:ʊszɪçtlɛç] Adverb - Variant vun *viraussichtlech*

viraussichtlech [fɪr'æ:ʊszɪ:çtlɛç] Adverb DE *voraussichtlich* • FR *probablement* [pour un événement à venir] • EN *probably* • PT *provavelmente* [relativamente a um acontecimento futuro] **Beispill** d'Recherchen iwwer d'Migratioun vun de Fräsche si **viraussichtlech** an e puer Méint ofgeschloss **Synonym** *warscheinlech*

i Variant: **viraussichtlech**

viraussoen [fɪr'æ:ʊszɔ:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **virausgesot**) » **transitiv** DE *voraussagen* • FR *prédire* • EN *to predict* • PT *predizer* **Beispill** ech hu mer meng Zukunft aus de Karte **viraussoe** gelooss

virbäi [fɪ:ɐ̯b'æ:i] Adverb **virbäi** sinn DE *vorneweg sein, ganz vorne sein, nahe dran sein* [am Geschehen] • FR *être aux premières loges, être parmi les premiers* • EN *to be in the front line* • PT *estar na primeira fila, estar entre os primeiros* **Beispiller** wann eng gesticht gëtt, bass du ëmmer mat (der Nues) **virbäi**; du muss awer och iwwerall (mat der Nues) **virbäi** sinn!

Virbau [fɪ'i:ɐ̯bæ:ʊ] Maskulinum (Pluriel **Virbauten**) DE *Vorbau* [Gebäudeteil] • FR *avant-corps* • EN *porch* • PT *parte saliente* [de um edifício], *antecorpo* **Beispill** wéi mir d'Haus renovéiert hunn, hu mer eisen Hall duerch e **Virbau** vergréissere gelooss

virbauen [fɪ'i:ɐ̯baʊən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **virgebaut**) » **intransitiv** DE *vorbauen* [vorsorgen] • FR *prendre ses dispositions* • EN *to make provision for* • PT *tomar providências* **Beispill** ech hu fir meng Zukunft **virgebaut** an eng Zousazpensioun ofgeschloss

Virbedéngung [fɪ'i:ɐ̯bædeŋuŋ] Femininum (Pluriel **Virbedéngungen**) DE *Vorbedingung* • FR *condition préalable* • PT *condição prévia* **Beispill** verschidde **Virbedéngunge** mussen erfëllt sinn, ier een eng Autorisatioun kann ufroen

virbehalen [fɪ'i:ɐ̯bæha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **virbehalen** / **virbehal**) » **transitiv** sech eppes **virbehalen** DE *sich etwas vorbehalten* • FR *se réserver quelque chose* [une possibilité] • EN *to reserve for oneself* • PT *reservar-se algo* [luma possibilidade] **Beispill** ech hu mer d'Méiglechkeet **virbehalen**, zu all Moment kënnen aus mengem Kontrakt erauszeklappen

virbehalen [fɪ'i:ɐ̯bæha:lən] Adjektiv DE *vorbehalten* • FR *réserve* [privilège] • EN *to reserve* [a privilege] • PT *reservado* [privilégio] **Beispill** den éischten Tanz ass dem Brautpuer **virbehalen**

i „virbehalen“ kann och de Participe passé vum Verb *virbehalen* sinn.

Virbehalt [fɪ'i:ɐ̯bæhalt] Maskulinum (Pluriel **Virbehalter**) DE *Vorbehalt* • FR *réserve, réticence* • PT *reserva, ressalva* **Beispill** ech hat vun Ufank un e gewëssene **Virbehalt** vis-à-vis vun denge Methoden **Synonymmen** *Reserven, Retizenzen*

virbehandelen [fɪ'i:ɐ̯bæhandələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **virbehandelt**) » **transitiv** DE *vorbehandeln* • FR *traiter d'avance* [avec une substance, pour préparer une intervention] • EN *to pretreat* • PT *tratar previamente* [com uma substância, para preparar uma intervenção] **Beispiller** esou en ellene Fleck muss ee **virbehandelen**, ier d'Hiem gewäsch gëtt; ier d'Zändoktesch mer den Implant konnt asetzen, huet d'Plaz am Kifer misse **virbehandelt** ginn

Virbehandlung Femininum (Pluriel **Virbehandlungen**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

virbelaascht [fɪ'i:ɐ̯bæla:ft] Adjektiv DE *vorbelastet* • FR *prédisposé* • EN *predisposed* • PT *predispuesto, propenso* **Beispiller** well déi béid Elteren Zocker hunn, sinn d'Kanner (ierflech) **virbelaascht**; als Jong aus enger politesch engagierter Famill sinn ech **virbelaascht**

virbereeden [fɪ'i:ɐ̯bære:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **virbereet**) » **transitiv** 1. DE *vorbereiten* [planen, ausarbeiten] • FR *préparer* [lélaborer] • EN *to prepare for, to make ready for* • PT *preparar* [laborar] **Beispiller** de Speaker **bereet** seng Emissioun am léifste mueres fréi vir; ech menge ganz, eise Proff hat säi Cours haut net **virbereet** **Synonym** *preparéieren* 2. **virbereeden** op DE *vorbereiten auf* • FR *préparer à* • EN *to prepare for, to make ready for* • PT *preparar para* **Beispiller** de Professor **bereet** d'Schüler gutt op den Exame vir; d'Schüler hu sech op de leschte Stéppel op hir Prüfung **virbereet**; de Coureur huet sech mental op déi nächst Etapp **virbereet**; op eng schlecht Nouvelle ass een ni richteg **virbereet** **Synonym** *preparéieren* op

Virbereedung [fɪ'i:ɐ̯bære:dun] Femininum 1. (Pluriel **Virbereedungen**) DE *Vorbereitung, Vorkehrungen* • FR *préparation, préparatifs* • EN *preparation* [planning] • PT *preparação, preparativos* **Beispiller** esou e Fest brauch eng laang **Virbereedung**; d'**Virbereedunge** fir d'Expeditioun hu wochelaang gedauert **Synonym** *Preparatioun* 2. (kee Pluriel) DE *Vorbereitung* [Training] • FR *préparation* [entraînement] • EN *preparation* [training] • PT *preparação* [treino] **Beispiller** et gëtt extra Coursen als **Virbereedung** op den Examen; et soll ee keng Ried

ouni Virbereedung halen **Synonym** Preparatioun **3.** (Pluriel Virbereedungen) **DE** Vorbereitung, Entwurf [Dokument] • **FR** brouillon [document] • **EN** rough copy, draft • **PT** (folha de) rascunho **Beispiller** fir dee Bréif braucht de keng Virbereedung; d'Schüler mussen d'Virbereedung mat ofginn

virbestellen [f'i:ɣbɛftɛlən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virbestallt) » **transitiv DE** vorbestellen • **FR** précommander • **EN** to pre-order • **PT** encomendar *previamente* **Beispill** wann Der d'Buch virbestellt, kritt Der et méi bëlleg

Virbestellung [f'i:ɣbɛftɛlung] Femininum (Pluriel Virbestellungen) **DE** Vorbestellung • **FR** précommande • **EN** pre-order • **PT** encomenda *prévia* **Beispill** de Verlag krut schonn eng Rei Virbestellung fir den neie Lexikon

virbestrooft [f'i:ɣbɛftʁo:ft] Adjektiv **DE** vorbestraft • **FR** qui a un casier judiciaire (chargé) • **EN** previously convicted, with a criminal record • **PT** cadastrado [que tem registo criminal] **Beispill** beim Staat kritt keen eng Plaz, dee scho virbestrooft ass

Virbeugung [f'i:ɣbɔ:ʒung] Femininum (kee Pluriel) **DE** Vorbeugung, Prophylaxe • **FR** prévention [mesures préventives] • **EN** prevention, prophylaxis • **PT** prevenção [medidas preventivas] **Beispill** als Virbeugung géint Osteoporos soll ee Mëllechprodukt iessen **Synonymen** Preventioun, Prophylax

virbieden [f'i:ɣbiədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgebiet) » **intransitiv** ^[Kierchesprooch] **DE** vorbeten [beim Wechselgebet] • **FR** faire les répons [lors de la prière] • **EN** to lead the prayer(s) • **PT** recitar as la-dainhas **Beispill** beim Rousekranz hunn d'Frae virgebet, an d'Männer hunn ofgeholl

Virbild [f'i:ɣbilt] Neutrum (Pluriel Virbiller) **DE** Vorbild • **FR** modèle, exemple (à suivre) • **EN** role model • **PT** modelo, exemplo (a seguir) **Beispill** huet der deng Schwëster emol als Virbild!

virbildlech [f'i:ɣbiltlɛç] Adjektiv **DE** vorbildlich • **FR** exemplaire, irréprochable <Adverb de façon exemplaire, irréprochablement> • **EN** exemplary <Adverb in an exemplary manner> • **PT** exemplar [modelar] <Adverb exemplarmente> **Beispiller** d'Membere vun der Kommissioun hunn eng virbildlech Aarbecht geleescht; eis Kanner hunn sech am Concert virbildlech beholl

virbréngen [f'i:ɣbrɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virbruecht) » **transitiv DE** vorbringen • **FR** présenter [oralement] • **EN** to put forward [as an argument] • **PT** alegar, apresentar [oralmente] **Beispiller** wat hut Dir zu Ärer Entlaaschtung virbréngen?; dat do wäert ech bei der nächster Sëtzung vum Komitee virbréngen

virbueren [f'i:ɣbu:ɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgebuert) » **transitiv DE** vorbohren • **FR** faire un pré-perçage • **EN** to pre-drill • **PT** fazer uma pré-perfuração **Beispill** du muss d'Lach virbueren, soss rässt d'Holz, wann s de d'Schrauf andréis

Virdaach [f'i:ɣda:χ] Maskulinum (Pluriel Virdiech) **DE** Vordach • **FR** auvent • **EN** porch, canopy, awning • **PT** alpendre **Beispill** de Portier stoung ënner dem Virdaach

vum Hotel eng ze fëmmen

virndanzen [f'i:ɣdantsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgedanzt) » **intransitiv 1. DE** vortanzen [um sich prüfen zu lassen] • **FR** passer une audition de danse • **EN** to audition to dance • **PT** passar uma audição de dança **Beispill** ech ginn de Mëtteg an d'Oper virndanzen **2. DE** vortanzen [einen Tanz zeigen] • **FR** présenter une danse [en démonstration] • **EN** to demonstrate a dance • **PT** apresentar uma dança, fazer uma demonstração de dança **Beispill** am Danzcours fir Ufänger gouf et ëmmer eng Koppel, déi virgedanzt huet

virdatéieren [f'i:ɣdatɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virdatéiert) » **transitiv 1. DE** vordatieren • **FR** postdater • **EN** to postdate [to write a future date] • **PT** pós-datar **Beispill** datéier de Bréif vir, ech geheien en eréischt déi nächst Woch an d'Boite! **2. DE** zurückerdatieren [mit einem früheren Datum versehen] • **FR** antidater • **EN** to backdate [to write an earlier date] • **PT** antedatar **Beispill** datéier deng Demande vir, da mierkt keen, datt s de den Delai net agehalen hues! **Synonym** zeréckdatéieren

Virdeel [f'i:ɣde:l] Maskulinum (Pluriel Virdeeler) **DE** Vorteil • **FR** avantage [atout] • **EN** advantage • **PT** vantagem [benefício, proveito] **Beispiller** déi Method huet Virdeeler an Nodeeler; duerch dëst Investissement hues de e steierleche Virdeel; duerch säin excellenten Ekipement huet dee Coureur e Virdeel; et ass vu Virdeel, wann een an dësem Job friem Sprooch kunn

Virdenker [f'i:ɣdæŋkɛ] Maskulinum (Pluriel Virdenker) **DE** Vordenker • **FR** maître à penser • **EN** forward thinker, forward-looking thinker • **PT** mestre pensador **Beispill** de fréiere Premier gétt nach haut a senger Partei vu ville Leit als Virdenker ugesinn

virdrängen [f'i:ɣdræŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgedrängt) » **reflexiv DE** sich (rück-sichtslos) vordrängen • **FR** ne pas attendre son tour, passer devant sans égard • **EN** to jump the queue, to push in • **PT** não esperar a sua vez, meter-se à frente **Beispiller** amplatz sech wéi d'Leit an d'Rei ze stellen, huet deen Eefalt sech virgedrängt; ech ka Chaufferen net ausstoen, déi sech am Verkéier virdrängen **Synonym** sech virdrécken

virdrécken [f'i:ɣdrɛkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgedréckt) » **reflexiv DE** sich (rück-sichtslos) vordrängen • **FR** resquiller, ne pas attendre son tour, ne pas respecter sa file • **EN** to push in, to jump the queue • **PT** meter-se à frente, não esperar a sua vez, não respeitar a fila **Beispiller** amplatz sech wéi d'Leit an d'Rei ze stellen, huet deen Eefalt sech virgedréckt; d'Leit si rose ginn, wéi se gesinn hunn, datt eng Fra sech wollt virdrécken **Synonym** sech virdrängen

virdrécken Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgedréckt)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

Virdrock Maskulinum (Pluriel Virdréck)

I Hei entsteeft en neien Artikel.

virdroen [f'i:ɣdʁo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgedroen) » **transitiv DE** vortragen [münd-

lich) • **FR** *présenter, réciter [devant un public]* • **EN** *to cite, to perform, to present* • **PT** *apresentar, recitar [perante público]* **Beispiller** hien huet d'Gedicht iwverdrivwe feierlech virgedroen; de Schauspiller huet dem Jury e bekannte Monolog virgedroen; d'Direktesch huet de Bilan vum Joer virgedroen

virdrun [f'i:ɔdrun] Adverb **1. DE** *davor [räumlich]* • **FR** *devant [dans l'espace]* • **EN** *in front [spatially]* • **PT** *à frente [no espaço]* **Beispiller** mir hate kee gudden Hotel, virdru war d'Strooss, hannendru war d'Bunn; wéinst dem Bam virdru kann een d'Schëld nëmme schlecht liesen **2. DE** *davor [zeitlich], zuvor* • **FR** *auparavant* • **EN** *before [temporally]* • **PT** *antes [no tempo]* **Beispill** ech hunn en neien Auto, awer net dee selwechte wéi virdrun **3. DE** *vorhin* • **FR** *tout à l'heure [récemment]* • **EN** *earlier, just now* • **PT** *há bocado, há pouco* **Beispill** wéi ech virdru bei der laanschkoum, waars de net doheem **Synonym** (d')éinescht

i Variant: virdrunner

virdrunner [f'i:ɔdr'unɛ] Adverb - Variant vun **vir**drun

viereg [f'i:rɛɔ] Adjektiv - Variant vun **viereg**t

viereg [f'i:rɛɔt] Adjektiv **DE** *vorig, vorherig* • **FR** *dernier [précédent]* • **EN** *previous, last* • **PT** *precedente, passado* **Beispiller** de leschte Komitee huet alleguer d'Deci-sioun vum vieregte Komitee anuléiert; de vieregten Dirigent war méi streng mat de Musikanten

i Variant: viereg

viereleg [f'i:ɔaiɛɔ] Adjektiv **DE** *voreilig* • **FR** *hâtif, précipité* <Adverb de façon précipitée, hâtivement> • **EN** *hasty, rash* <Adverb hastily, rashly> • **PT** *precipitado, apressado* <Adverb precipitadamente> **Beispiller** mir als Deputéiert dærf keng viereleg Conclusiounen aus där Statistik zéien!; hien huet seng Decisioun viereleg an oniwuerluecht geholl

Virement [v'irɛmã:] Maskulinum (Pluriel **Vire**menten) **1. DE** *Überweisung [Zahlung]* • **FR** *virement [paiement]* • **EN** *credit transfer, bank transfer* • **PT** *transferência [pagamento]* **Beispill** hu mir de Virement fir de Loyer scho gemaach? **Synonym** Iwwerweisung **2. DE** *Überweisung [Formular]* • **FR** *virement [formulaire]* • **EN** *bank transfer form, credit transfer form* • **PT** *transferência [formulário]* **Beispill** un der Rechnung hânt e Virement, deen ee just brauch ze ènnerschreien

virenthalen [f'i:ɔrɛnthɑ:lɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virenthalen / virenthal) » **transitiv** **DE** *vorenthalten* • **FR** *priver de, cacher de* • **EN** *to withhold from, to keep from* • **PT** *privar de, ocultar de* **Beispiller** dem Banquier gëtt reprochéiert, en hätt senge Clientë wichteg Informatiounen virenthalen; ech wollt dir déi schéin Nouvelle op kee Fall virenthalen

Virentscheedung [f'i:ɔrɛntʃe:duŋ] Femininum (Pluriel **Virentscheedungen**) **DE** *Vorentscheidung* • **FR** *décision préliminaire* • **EN** *preliminary decision* • **PT** *decisão prévia* **Beispill** am Verwaltungsrot goufen e puer Virentscheedungen iwver déi zukünfteg Strategie vum Betrib geholl

vireran [f'i:ɔrɛrɑ:n] Adverb vu **vireran** **DE** *von vorn*herein • **FR** *d'emblée, aussitôt* • **EN** *right away, at once,*

from the start • **PT** *desde o principio, de antemão* **Beispill** ech hunn der vu **virera** gesot, datt dat do näischt gëtt!

Virerkrankung [f'i:ɔkɛrɔŋkʊŋ] Femininum (Pluriel **Virerkrankungen**) **DE** *Vorerkrankung* • **FR** *antécédent(s) [d'un patient]* • **EN** *pre-existing condition* • **PT** *doença pre-existente* **Beispill** d'Doktesch huet sech d'Lëscht vum Patient senge Virerkrankungen ugekuckt **Synonym** Antecedent

virerlaanscht Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

Virfaart [f'i:ɔfɑ:rt] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Vorfahrt* • **FR** *priorité (de passage)* • **EN** *right of way, priority* • **PT** *prioridade (de passagem)* **Beispiller** den ëmgedreiten Dräieck seet engem, datt ee keng Virfaart huet; dee Bëlles huet mer einfach d'Virfaart geholl! **Synonym** Prioritéit **2.** (Pluriel **Virfaarten**, kee Singulier) [ɛg] **DE** *Vorfahrtsregelung* • **FR** *priorités, règles de priorité [du code de la route]* • **EN** *rules of priority [in traffic]* • **PT** *prioridades, regras de prioridade [do código da estrada]* **Beispill** du muss deng Virfaarte besser léieren, soss fäls de am Fùrerschäin duerch

virfalen [f'i:ɔfɑ:lɛn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé virgefall) » **intransitiv** **DE** *vorfallen, geschehen* • **FR** *se passer, arriver* • **EN** *to happen, to occur* • **PT** *passar-se, acontecer* **Beispill** wat soll nëmme virgefall sinn, datt meng zwee Kollegeen net méi matenee schwätzen? **Synonym** geschéien

Virfall [f'i:ɔfɑ] Maskulinum (Pluriel **Virfäll**) **DE** *Vorfall [Ereignis]* • **FR** *incident, événement* • **EN** *incident* • **PT** *incidente, ocorrência* **Beispiller** dee Virfall huet d'ganz Aktioun an e schlecht Liicht geréckelt; de Parquet gouf mat der Enquête iwver déi zwee Virfäll befasst

virfannen [f'i:ɔfanɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virfonnt) » **transitiv** **DE** *vorfinden* • **FR** *trouver, tomber sur* • **EN** *to find, to come across* • **PT** *encontrar, achar, descobrir* **Beispill** fir keng Spueren ze verwëschen, hu mer alles esou gelooss, wéi mer et virfonnt hunn

Virfar [f'i:ɔfɑ:r] Maskulinum (Pluriel **Virfaren**) (meeschtens Pluriel) **DE** *Vorfahr* • **FR** *ancêtre [personne]* • **EN** *ancestor* • **PT** *antepassado [pessoa]* **Beispill** vill vu menge Virfare ware Wënzer

i Weiblech Form: **Virfarin**

Virfarin [f'i:ɔfɑ:rɪn] Femininum (Pluriel **Virfarinnen**) **DE** *Vorfahrin* • **FR** *ancêtre [femme]* • **PT** *antepassada [mulher]* **Beispill** wéi ech mäi Familjestammbam gemaach hunn, hunn ech eng adeleg Virfarin entdeckt

i Männlech Form: **Virfar**

virféieren [f'i:ɔfɛiɛrɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgeféiert / virgefouert) » **transitiv** **1. DE** *vorführen, zeigen, präsentieren, darbieten* • **FR** *présenter [exécuter, montrer]* • **EN** *to present [to perform, to show]* • **PT** *apresentar, mostrar, exibir* **Beispiller** den Akrobat huet allerhand Konschtstécker virgeféiert; d'Mannequine féieren déi nei Summerkollektioun vir **Synonym** presentéieren **2.** dem Richter virféieren **DE** *dem Richter vorführen* • **FR** *présenter au juge* • **EN** *to bring before the judge* • **PT** *apresentar ao juiz* **Beispill** den Ugek-

lote gouf dem Riichter **virgeféiert**

Virféierung [f'i:ɛfʒɪəʀŋ] Femininum (Pluriel **Virféierungen**) **DE** *Vorführung* [*Vorstellung, Demonstration*] • **FR** *présentation* [*de promotion*], *démonstration* • **EN** *demonstration* [*exhibition*] • **PT** *apresentação* [*para promover*], *demonstração* **Beispiller** meng Frëndin organiséiert bei sech doheem **Virféierung** vun inox Dëppen; bei de **Virféierung** kann ee sech iwwer den neiste Stand vun der Technik informéieren **Synonym** Presentatioun

Virfeld [f'i:ɛfælt] Neutrum am **Virfeld** **DE** *im Vorfeld* • **FR** *au préalable* • **EN** *first, beforehand, in advance* • **PT** *previamente* **Beispill** am **Virfeld** muss gekläert ginn, wie fir déi verschidden Aarbechte responsabel ass **Synonym** am **Virus**

virfinanzéieren [f'i:ɛfɪnɔntsɪəʀən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **virfinanzéiert**) » **transitiv** **DE** *vorfinanzieren* • **FR** *préfinancer* • **EN** *to provide advance financing* • **PT** *pre-financiar* **Beispill** de Staat huet zougesécher, dës Projekte **virfinanzéieren**

Virfreed [f'i:ɛfʀe:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Vorfreude* • **FR** *joie* (*anticipée*) • **EN** *anticipation, expectancy* • **PT** *alegria* (*antecipada*) **Beispiller** de Kanner hir **Virfreed** op Niklosdag ass ëmmer ganz grouss; d'**Virfreed** ass dacks déi schéinste **Freed**

virfuere [f'i:ɛfʊ:ɛʀən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **virgefuer**) » **intransitiv** **1.** **DE** *vorfahren* [*bei feierlichem Anlass*] • **FR** *avancer, arriver* [*en voiture officielle*] • **EN** *to drive up, to arrive* [*at a formal occasion*] • **PT** *avançar, chegar* [*em viatura oficial*] **Beispill** kuerz virun dräi Auer ass den Auto mam Groussherzog virun der Cathedral **virgefuer** **2.** **DE** *vorfahren* [*vorausfahren*] • **FR** *partir devant* [*conducteur, véhicule*] • **EN** *to drive on ahead* • **PT** *partir adiante* [*conductor, veiculo*] **Beispill** well mir net wollten op déi aner waarden, si mir alt scho **virgefuer**

Virgab Femininum (Pluriel **Virgaben**)

Hei entsteeft en neien Artikel.

Virgäertchen [f'i:ɛgɛ:ɛtɕən] Maskulinum (Pluriel **Virgäertercher**) **DE** *Vorgarten* • **FR** *jardin* [*de devant*] • **EN** *front garden* • **PT** *jardim* [*à frente da casa*] **Beispill** an eiser Strooss huet all Haus e **Virgäertchen**

Virgang [f'i:ɛgəŋ] Maskulinum (Pluriel **Virgäng**) **DE** *Vorgang* • **FR** *déroulement, processus* • **EN** *event, process* • **PT** *desenvolvimento, processo* **Beispiller** de ganze **Virgang** gouf duerch Zoufall vun engem Zeie gefilmt; un der Verdauung sinn eng Rei biocheemesch **Virgäng** bedeelegt

Variant: **Virgank**

Virgänger [f'i:ɛgæŋɐ] Maskulinum (Pluriel **Virgänger**) **DE** *Vorgänger* • **FR** *prédécesseur* • **EN** *predecessor* • **PT** *predecessor* **Beispill** eisen neie Chef huet sengem **Virgänger** seng Iddien einfach opgegraff an ëngesat

Weiblech Form: **Virgängerin**

Virgängerin [f'i:ɛgæŋɐrɪn] Femininum (Pluriel **Virgängerinnen**) **DE** *Vorgängerin* • **FR** *prédécesseur* [*femelle*] • **PT** *predecessora* **Beispill** meng **Virgängerin**

huet wierklech eng gutt Aarbecht geleescht

Männlech Form: **Virgänger**

Virgank [f'i:ɛgəŋk] Maskulinum (Pluriel **Virgäng**) - Variant vun **Virgang**

virgefaasst [f'i:ɛgəfa:st] Adjektiv **DE** *vorgefasst* [*auf Vorurteilen beruhend*] • **FR** *préconçu* [*basé sur des préjugés*] • **PT** *preconcebido* [*baseado em preconceitos*] **Beispill** esou **virgefaasste** Meenunge kann een net emol mat Zuele widerleeën

virgeheien [f'i:ɛgəhe:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **virgeheit** / **virgehäit**) » **transitiv** **DE** *vorwerfen* [*anlasten*] • **FR** *reprocher à* • **EN** *to reproach, to criticize* • **PT** *lançar em rosto a, censurar* **Beispiller** firwat schwätzt du net mat mir, hues de mer eppes **virgeheien**?; de Jury huet him Noléissegkeet an senger Aarbecht **virgehäit** **Synonymmen** reprochéieren, **virwerfen**

Virgeschicht [f'i:ɛgəʃɪçt] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Vorgeschichte* [*Prähistorie*] • **FR** *préhistoire* • **EN** *prehistory* • **PT** *pré-história* **Beispill** am neien Departement vum Musée ginn Objeten aus der **Virgeschicht** gewisen **Synonymmen** Prehistoire, **Urgeschicht** **2.** (Pluriel **Virgeschichten**) **DE** *Vorgeschichte* [*vorherige Gegebenheiten*] • **FR** *antécédents* [*faits antérieurs*] • **EN** *history* [*background*] • **PT** *antecedentes* [*factos anteriores*] **Beispiller** den Dokter wollt alles iwwer d'**Virgeschicht** vun der Patientin hirer Krankheet wëssen; de Sträit mat eisen Noperen huet eng laang **Virgeschicht**

Virgeschmaach [f'i:ɛgəʃma:ç] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Vorgeschmack* • **FR** *avant-goût, idée* • **EN** *foretaste* • **PT** *antegosto, ideia* **Beispiller** d'Ouverture gëtt engem direkt e **Virgeschmaach** op déi ganz Oper; d'Steiererhéijunge ware just e **Virgeschmaach** op déi finanziell Aschnëtter, déi d'Regierung decidéiert huet

virgëscht [f'i:ɛg'əʃt] Adverb - Variant vun **Virgëschter**

virgëschter [f'i:ɛgəʃtɛ] Adverb **DE** *vorgestern* • **FR** *avant-hier* • **EN** *day before yesterday* • **PT** *anteontem* **Beispiller** **virgëschter** koum e gudde Film op der Tëlee; d'Buch, dat ech **virgëschter** bestallt hat, ass haut schonn ukomm

Variant: **virgëscht**

Virgesetzten [f'i:ɛgəzætstən] Maskulinum (Pluriel **Virgesetzter**) **DE** *Vorgesetzter* • **FR** *supérieur, chef* • **EN** *superior* [*chief, supervisor*] • **PT** *superior* [*chefe*] **Beispill** wien ass dän direkte **Virgesetzten**? **Synonym** Chef

virgesinn [f'i:ɛgəzɪn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **virgesinn**) » **transitiv** **DE** *vorsehen* [*planen*] • **FR** *prévoir, projeter* • **EN** *to foresee, to envisage, to plan* • **PT** *prever, planear* **Beispiller** mir hu fir dese Sonndeg en Ausfluch an d'Eislek **virgesinn**; op deem Terrain ass e Lotissement mat zéng Bauplaze **virgesinn**; et war net **virgesinn**, datt esou vill Leit kéimen **Synonym** plangen

virgoen [f'i:ɛgo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **virgaangen** / **virgaang**) » **intransitiv** **1.** **DE** *vorgehen, vorausgehen* • **FR** *partir devant* [*à pied*] • **EN** *to go on ahead* • **PT** *ir andando, partir adiante* [*à pé*] **Beispill** wann et iech ze laang dauert, da gitt alt scho **vir!** **2.** **DE**

vorangehen [an der Spitze] • **FR** *aller devant, ouvrir [un cortège]* • **EN** *to walk at the head, to walk in front* • **PT** *ir à frente, abrir [um cortejo]* **Beispill** wie soll am Cortège virgoen? **3. DE** *vorgehen, Vorrang haben* • **FR** *avoir la priorité [être important]* • **EN** *to come first, to have priority* • **PT** *ter prioridade [ser importante]* **Beispiller** d'Schoul geet ëmmer vir; maach net esou vill Iwwerstonnen, d'Gesondheet geet vir **4. DE** *vorgehen [Uhr]* • **FR** *avancer [montre]* • **EN** *to be fast [watch, clock]* • **PT** *estar adiantado, adiantar-se [relógio]* **Beispill** meng Auer geet e puer Minutte vir **5. DE** *vorgehen [sich abspielen]* • **FR** *se passer [se produire]* • **EN** *to go on [inside someone's head]* • **PT** *passar-se [acontecer]* **Beispiller** ech froe mech, wat an dir virgaangen ass, wéi s du déi Dommheet gemaach hues; wann ech nach wéisst, wat an deem Kand sengem Kapp virgeet! **6. DE** *vorgehen [handeln, verfahren]* • **FR** *procéder, agir* • **EN** *to proceed [to act]* • **PT** *proceder, agir* **Beispiller** de Problem kann net an enger Kéier geléist ginn, mir mussen an Etappe virgoen; d'Police huet wëlles, systematesch géint Drogendealer virze-goen

virgräifen [f'i:ɣræ:ɪfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgegraff) » **intransitiv DE** *vorgreifen [zuvorkommen]* • **FR** *anticiper sur* • **EN** *to anticipate* • **PT** *anticipar-se a* **Beispill** d'Enquête leeft nach an d'Police wëll de Resultater net virgräifen

virhalen [f'i:ɣha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgehalen / virgehal) » **transitiv DE** *vorhalten, vorwerfen* • **FR** *reprocher à* • **EN** *to reproach* • **PT** *lançar em rosto a [censurar, criticar]* **Beispiller** ech kréie stänneg virgehalen, datt ech net fei wier mat de Leit; de Géigner vum Autobunnprojekt gouf virgehalen, se wieren aus Prinzip géint alles **Synonymmen** reprochéieren, virgeheien, virwerfen

Virherrschaft [f'i:ɣhɛrʃaft] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Vorherrschaft* • **FR** *suprématie [position dominante]* • **EN** *supremacy* • **PT** *supremacia [posição dominante]* **Beispill** deem grouse Land seng wirtschaftlech a militäresch Virherrschaft gött ëmmer méi a Fro gestallt

virhuelen [f'i:ɣhuələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgeholl) » **transitiv 1. DE** *als Erste(n) abfertigen, als Erste(n) behandeln* • **FR** *faire passer en premier, faire passer en priorité* • **EN** *to take first [to give precedence to]* • **PT** *atender em primeiro lugar, dar prioridade a* **Beispiller** well ech esou eng Péng hat, war ech frou, datt d'Doktesch mech virgeholl huet; huel deem Dossier hei wannechgelift vir! **2.** sech eppes virhuelen **DE** *sich etwas vornehmen [etwas vorhaben]* • **FR** *prévoir de faire quelque chose, prendre la résolution de faire quelque chose, se proposer de faire* • **EN** *to plan, to undertake, to resolve* • **PT** *propor-se fazer alguma coisa, tomar a resolução de fazer alguma coisa* **Beispiller** huel der net méi vir, wéi s de packs; eis Kanner hunn dat erreecht, wat se sech virgeholl haten; mäi Papp huet sech virgeholl, mam Fëmmen opzehalen

virhunn [f'i:ɣhun] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgehat) » **transitiv 1. DE** *vorhaben [beabsichtigen]* • **FR** *envisager (de faire), avoir l'intention (de faire)* • **EN** *to plan [to intend]* • **PT** *planear (fazer), tencionar (fazer)* **Beispiller** haut hunn ech allméiglech Saache vir, ech weess net, ob ech alles gemaach kréien; ech hu vir, dësen Dossier haut ofzeschleissen; mir hate vir,

spadséieren ze goen, mee leider reent et **2.** eppes virhunn **DE** *etwas vorhaben* • **FR** *avoir quelque chose de prévu, avoir des projets* • **EN** *to have something planned, to have plans* • **PT** *ter algo previsto, ter planos* **Beispiller** ech kann op är Feier kommen, ech hunn e Sonndeg nach näischt vir; hutt der e Samschdeg den Owend schonn eppes vir? **Synonymmen** eppes wëlles hunn, eppes wëlles sinn

Virkéierung [f'i:ɣkɛɪəʀuŋ] Femininum (Pluriel Virkéierungen) (meeschens Pluriel) **DE** *Vorkehrung* • **FR** *mesure (préventive), disposition (préventive)* • **PT** *providência, disposição (preventiva)* **Beispill** d'Gemeng huet déi néideg Virkéierung getraff, fir wann et zu gréisseren Iwwerschwemmunge kéim

virknaen [f'i:ɣkna:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgeknat) » **transitiv 1. DE** *vorkauen [um zu füttern]* • **FR** *prémâcher [mâcher les aliments au préalable]* • **EN** *to pre-chew [food for feeding]* • **PT** *mastigar previamente [para dar de comer]* **Beispill** a munchen Naturvëlker kréien d'Puppelcher d'Iessen haut nach virgeknat **2. DE** *vorkauen [erklären]* • **FR** *mâcher [expliquer]* • **EN** *to spoon-feed [to explain]* • **PT** *fazer a papinha a, esmiuçar [lexical]* **Beispill** spéitstens op der Universtitéit kritt een net méi alles virgeknat

virknäppen [f'i:ɣknæpən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgeknäppt) » **transitiv** [égs] sech ee virknäppen **DE** *sich jemanden vorknöpfen* • **FR** *prendre quelqu'un à part, passer un savon à quelqu'un, dire deux mots à quelqu'un* • **EN** *to take somebody to task, to take somebody to one side* • **PT** *chamar alguém à pedra* **Beispill** meng Mamm huet sech déi zwee Spëtzbouwe virgeknäppt, fir hinnen d'Lewitten ze liesen **Synonymmen** sech een erbäihuelen, sech ee plécken

virkommen [f'i:ɣkomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé virkomm) » **intransitiv 1. DE** *vorkommen [zu finden sein]* • **FR** *se trouver, figurer* • **EN** *to occur, to be found* • **PT** *constar, figurar, encontrar-se* **Beispiller** hanen am Buch ass en Index mat den Uertschaften, déi am Text virkommen; dës Planz kënnt nëmmen a waarme Länner vir **2.** sech ... virkommen **DE** *sich ... vorkommen [sich ... fühlen]* • **FR** *se sentir ... [avoir l'impression d'être ..., se trouver ...]* • **EN** *to feel [to have the feeling of being]* • **PT** *sentir-se ..., achar-se ...* **Beispiller** hei kënnt ee sech vir wéi an der Spillschoul; hie kënnt sech besonnesch dichteg vir **3. DE** *vorkommen [passieren]* • **FR** *arriver, se produire* • **EN** *to happen* • **PT** *acontecer, ocorrer* **Beispiller** esou e klenge Mëssel kann emol virkommen; maach, datt dat net méi virkënnt!; et ass mir nach ni virkomm, datt ech verschlof hunn **Synonymmen** geschéien, passéieren **4. DE** *vorkommen [scheinen, anmuten]* • **FR** *sembler à, paraître à* • **EN** *to seem, to appear [to somebody]* • **PT** *parecer a, dar a impressão a, afirmar-se* **Beispiller** déi doten Affär ass mir vun Ufank u bosseg virkomm; et kënnt mir vir, wéi wann ech deem Här géif kennen **Synonym** schéngen

virlaanscht Adverb

I Hei entsteet en neien Artikel.

Virlaf [f'i:ɣla:f] Maskulinum (Pluriel Virleef) **1. DE** *Vorlauf [beim Sport]* • **FR** *course éliminatoire* • **EN** *heat [preliminary race]* • **PT** *corrida eliminatória* **Beispill** de Sprinter ass iwwerraschend am zweete Virlaf eliminéiert

ginn **2.** **DE** Vorlauf [Alkohol] • **FR** tête de distillation [al-cool] • **EN** foreshot, head [distillation] • **PT** destilado de cabeça [álcool] **Beispill** de Brenner huet de Virlaf separat opgefaangen an nach eng Kéier gebrannt

virlafen [f'i:glɑ:fən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé virgelaf) » **intransitiv** **DE** vorauseilen • **FR** partir devant [en courant] • **EN** to run ahead • **PT** correr adiante **Beispill** meng Schwëster ass scho virgelaf, fir eis Bill-jeën ze kafen

Virlag [f'i:glɑ:χ] Femininum (Pluriel Virlagen) **DE** Vorlage, Muster, Grundmodell • **FR** modèle, ...-type • **EN** template [guide, preset format] • **PT** modelo, ...-tipo **Beispiller** um Internet fënns de all méiglech Virlage fir Bréiwer; d'Deputéiert haten dat aalt Agrargesetz als Virlag geholl

virleeën [f'i:gle:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgeluecht) » **transitiv** **DE** vorlegen [unterbreiten] • **FR** présenter [soumettre] • **EN** to present, to submit • **PT** apresentar [submeter] **Beispill** d'Kommissioun huet dem President e Rapport iwwer hir Aarbechte virgeluecht

virleefeg [f'i:gle:fəç] Adjektiv **DE** vorläufig • **FR** provisoire [transitoire] <Adverb en attendant, provisoirement> • **EN** temporary, provisional <Adverb provisionally, for the time being> • **PT** provisório, transitório <Adverb por agora, provisoriamente> **Beispiller** d'Bensinnspräisser hunn e virleefegen Héichpunkt erreecht; **virleefeg** soll d'Reglement esou bleiwen, ewéi et ass **Synonym** provisoresh

Virleefer [f'i:gle:fə] Maskulinum (Pluriel Virleefer) **1.** **DE** Vorläufer, Bahnbrecher • **FR** précurseur, pionnier • **EN** pioneer • **PT** precursor, pioneiro **Beispill** dëse Mathematiker ass ee vun de Virleefer um Gebitt vun der Informatik **Synonym** Pionéier **2.** **DE** Vorläufer [Sache, Erscheinung] • **FR** précurseur [objet] • **EN** forerunner • **PT** precursor [objeto] **Beispill** et ass interessant, wat d'Virleefer vun de modernen Technologië schonn alles konnten

W Weiblech Form: ♀Virleeferin

Virleeferin [f'i:gle:fərin] Femininum (Pluriel Virleeferinnen) **DE** Vorläuferin, Bahnbrecherin • **FR** précurseur, pionnière • **PT** precursora, pioneira **Beispill** dës Fuerscherin ass eng Virleeferin um Gebitt vun der Physik

W Männlech Form: ♂Virleefer

virleien [f'i:glɑ:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgeleeën) » **intransitiv** **1.** **DE** vorliegen • **FR** exister [être disponible] • **EN** to exist [to be available] • **PT** existir, haver **Beispiller** et leie stéchhaltig Beweiser géint den Ugeklote vir; fir de Bau vun der Bréck leien zwee Projekte vir **2.** **DE** führen, in Führung liegen • **FR** être en tête, faire la course en tête • **PT** estar à frente, liderar **Beispill** an de Sondagë louch eis Partei laang vir **Synonym** un der Spëtz sinn

virléien [f'i:glɔ:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgeluun) » **transitiv** **DE** vorlügen • **FR** raconter des histoires à, mentir à • **EN** to lie to, to tell lies to • **PT** vir com histórias, mentir a **Beispill** du brauchs eis näischt virzeléien, mir wësse genee, wat s de gesticht hues

Virléift [f'i:glɔ:ft] Femininum (Pluriel Virléiften) **DE** Vorliebe • **FR** préférence [prédilection] • **EN** preference • **PT** predileção, preferência **Beispill** so mer emol, wat beim Essen deng Virléifte sinn! **Synonym** Preferenz

virlescht [f'i:glæft] Adjektiv **DE** vorletzte • **FR** avant-dernier • **EN** before last, penultimate • **PT** penúltimo **Beispiller** de virleschte Wanter war et absënns kal; de Kulturbudget ass d'virlescht Joer gekierzt ginn; an dësem Wuert gëtt déi virlescht Silb betount; hie wunnt am virleschten Haus op eiser Säit vun der Strooss

virliessen [f'i:gliəzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgelies) » **transitiv** **DE** vorlesen • **FR** lire à haute voix (à) [devant public], donner lecture (à) • **EN** to read aloud, to read out • **PT** ler em voz alta (a) [perante público], fazer a leitura de **Beispiller** den Auteur huet en Extrait aus sengem Buch virgelies; eis Kanner kréie fir hiert Liewe gär (eng Geschicht) virgelies; kanns de mer d'SMS virliessen, ech hu mäi Brëll vergiess; d'Not-tär huet d'Testament virgelies

Virliessung [f'i:gliəzʊŋ] Femininum (Pluriel Virliessungen) **DE** Vorlesung • **FR** cours (en faculté) • **EN** lecture [in a university] • **PT** aula (em faculdade) **Beispill** de Professor ass a senge Virliessungen op déi aktuell Theorien agaangen

virliewen [f'i:gliəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgelieft) » **transitiv** **DE** vorleben • **FR** apprendre à (par le bon exemple) • **EN** to set an example • **PT** ensinar a (através do bom exemplo) **Beispill** wéi sollen d'Kanner Manéiere léieren, wann d'Elteren hinnen se net virliewen?

virloossen [f'i:glɔ:sən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgelooss) » **transitiv** **DE** vorlassen [den Vortritt lassen] • **FR** laisser passer devant, laisser le passage à • **EN** to let go first • **PT** deixar passar à frente, dar a sua vez a **Beispill** wann ech gutt Zäit hunn, loossen ech presséiert Leit an der Keess vir

virmaachen [f'i:gma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgemaach / virgemaacht) » **transitiv** **1.** **DE** vormachen [zeigen] • **FR** montrer [comment faire à, donner l'exemple à] • **EN** to show, to demonstrate [as an example] • **PT** mostrar [como se faz a, dar o exemplo a] **Beispiller** den Dänzer huet eis virgemaach, wéi een eng Pirouette dréit; kee Wonner, datt d'Kanner fëmmen, wann d'Elteren hinnen et virmaachen **Synonym** weisen **2.** eppes virmaachen **DE** etwas vormachen [täuschen] • **FR** mentir à, duper • **EN** to fool, to lie to • **PT** mentir a, enganar **Beispiller** hien huet laang Zäit probéiert, sengen Elteren eppes virzemaachen; maach der näischt vir! [maach der keng Illusiounen!]; deem kanns de keen X fir en U virmaachen [dee kanns de net täuschen]

virmolen [f'i:gmo:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgemoolt) » **transitiv** **DE** vorzeichnen [als Vorlage, als Entwurf] • **FR** dessiner [un modèle à copier], tracer [une ébauche] • **EN** to draw [as a draft, as a pattern], to sketch • **PT** desenhar [um modelo para copiar], esboçar **Beispiller** dat Klengt versicht, de Päiperlek esou nozemolen, ewéi seng Mamm em e virgemoolt huet; fir unzufänken huet de Stroossemoler sech säi Motiv graff um Trottoir virgemoolt

Virnumm [f'i:ɣnum] Maskulinum (Pluriel Virnimmm) DE Vorname • FR prénom • EN first name, forename, given name, Christian name • PT nome próprio, nome de baptismo, prenome **Beispiller** schreift Äre Virnumm an déi éischt Kolonn an Äre Familjenumm an déi zweet!; wéi heescht däi Brudder scho méi mam Virnumm?

Virolog [virol'o:k] Maskulinum (Pluriel Virologen) DE Virologe • FR virologue • PT virologista **Beispill** ech schaffe säit e puer Joer als Virolog an engem private Laboratoire

! Weiblech Form: \nearrow Virologin

Virologie [virolɔʒ'i:] Femininum (kee Pluriel) DE Virologie • FR virologie • PT virologia **Beispill** d'Virologie beschäftigt sech och mat de Krankheeten, déi duerch d'Virussen ausgeléist ginn

Virologin [virol'o:gin] Femininum (Pluriel Virologinnen) DE Virologin • FR virologue [femme] • PT virologista [mulher] **Beispill** d'Gesondheetsministesch huet sech op den Avis vun ënner anerem enger Virologin baséiert, fir déi nei Mesuren ze decidéieren

! Männlech Form: \nearrow Virolog

virop [fir'op] Adverb **1.** [vereezlt] DE vorauf, voran • FR en tête • EN first, at the front • PT à frente **Beispill** an der Pressessioun goug d'Musek virop **Synonym** un der Spëtzt **2.** [vereezlt] DE zuerst, zu Beginn • FR pour commencer • EN first, first of all • PT antes de mais, para começar **Beispiller** virop huet de Minister dem Rapportier fir säi Bericht Merci gesot; verziel eis déi gutt Nouvelle virop a versuerg déi schlecht Nouvelle fir dono! **Synonym** fir d'éischt

Virowend [f'i:RO:vənt] Maskulinum (Pluriel Virowenter / Virowender) DE Vorabend • FR veille (au soir) • EN eve • PT véspera (à noite) **Beispill** mir ginn all Joer um Virowend vum Nationalfeierdag d'Freedefeier kucken

virprogramméiert [f'i:ɣprogramɛiɛt] Adjektiv DE vorprogrammiert [sehr wahrscheinlich] • FR assuré, sûr et certain, garanti • EN guaranteed, predetermined • PT seguro, certo, garantido **Beispiller** bei esou bekannten Artisten ass de Succès vum Festival virprogramméiert; esoubal déi zwee Klatzkäpp sech begéinen, ass Sträit virprogramméiert

Virrang Maskulinum (kee Pluriel)

! Hei entsteet en neien Artikel.

virrangeg [f'i:ɣraŋɛɔ] Adjektiv DE vorrangig • FR prioritaire [en termes d'importance] <Adverb prioritairement> • EN of prime importance, paramount <Adverb as a matter of priority> • PT prioritário [quanto à importância] <Adverb prioritariamente> **Beispiller** wat ass fir dech virrangeg, d'Famill oder de Beruff?; dësen Dossier soll virrangeg behandelt ginn! **Synonym** prioritär

virrechnen [f'i:ɣræɕnɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgerechent) » **transitiv** DE vorrechnen [durch eine Rechnung verdeutlichen] • FR (dè)montrer par un calcul • PT mostrar por meio de cálculo, demonstrar por meio de cálculo **Beispill** meng Fra huet mer virgerechent, datt ech méi fir Zigaretten ausginn ewéi si fir Schong

Virrecht [f'i:ɣræɕt] Neutrum (Pluriel Virrechter) DE Vorrecht • FR droit [priorité (garantie)] • EN prerogative • PT direito [prioridade (garantida)] **Beispiller** mat senger Anciennetéit huet hien d'Virrecht op den nächste Sëtz am Verwaltungsrot; hien huet d'Plaz kritt, obwuel anerer d'Virrecht drop haten

Virreider Maskulinum (Pluriel Virreider)

! Hei entsteet en neien Artikel.

Virreiderin Femininum (Pluriel Virreiderinnen) - weiblech Form vun \nearrow Virreider

Virriedner [f'i:ɣriədne] Maskulinum (Pluriel Virriedner) DE Vorredner • FR prédécesseur [en tant qu'intervenant, en tant qu'orateur] • EN previous speaker • PT orador anterior, interveniente anterior **Beispill** de Minister ass guer net op d'Argumenter vun sengem Virriedner agaangen

! Weiblech Form: \nearrow Virriednerin

Virriednerin [f'i:ɣriədnerin] Femininum (Pluriel Virriednerinnen) DE Vorrednerin • FR prédécesseur [en tant qu'intervenante, en tant qu'oratrice]

! Männlech Form: \nearrow Virriedner

Virronn [f'i:ɣron] Femininum (Pluriel Virronnen) DE Vorrunde • FR éliminatoires, premier tour [d'une compétition sportive] • EN qualifying round • PT eliminatórias, primeira volta **Beispill** déi zwou Ekippen hunn an der Virronn gläichgespillt

virsangen [f'i:ɣzəŋɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgesongen / virgesong) » **transitiv 1.** DE vorsingen [zur Nachahmung] • FR montrer comment chanter à • EN to sing first [as an example] • PT mostrar como cantar a **Beispill** d'Joffer huet de Kanner dat neit Lidd eng Kéier virgesongen » **intransitiv 2.** DE vorsingen [um sich prüfen zu lassen] • FR chanter [devant un jury] • EN to sing [before a jury], to audition • PT cantar [perante um júri] **Beispill** de jonken Tenor séngt haut an der Oper fir d'Haaptroll vir

Virsänger [f'i:ɣzəŋɛ] Maskulinum (Pluriel Virsänger) DE Vorsänger • FR chanteur [chanteur] • PT antifoneiro **Beispill** nom Seegen huet de Virsänger d'Schlusslied ugestëmmt

! Weiblech Form: \nearrow Virsängerin

Virsängerin [f'i:ɣzəŋɛrin] Femininum (Pluriel Virsängerinnen) DE Vorsängerin • FR chanteur [femme] • PT antifoneira **Beispill** um Enn vun der Mass huet d'Virsängerin d'Schlusslied ugestëmmt

! Männlech Form: \nearrow Virsänger

Virsatz [f'i:ɣza:ts] Maskulinum (Pluriel Virsätze) DE Vorsatz [Entschluss] • FR résolution [intention] • EN resolution [resolve, intention] • PT resolução [intenção] **Beispiller** mäi Papp wollt schonn dacks ophale mat fëmmen, mee et bleift ëmmer beim Virsatz; op Neijoerschdag huelen ech ëmmer eng ganz Rei gutt Virsatz

virschaffen [f'i:ɣɔfəŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgeschafft) » **reflexiv** DE vorarbeiten [im Voraus arbeiten] • FR prendre de l'avance [dans son travail] • EN to work ahead • PT adiantar o trabalho **Beispill** ech hu mech virgeschafft, da kann ech muer mat iech

spadséiere goen

Virschäin [f'i:ɣʃæ:ɪn] Maskulinum (kee Pluriel) zum Virschäi kommen **DE** zum *Vorschein kommen* • **FR** *apparaître* [ce qui était caché, ce qui était couvert] • **EN** to appear, to be revealed • **PT** *aparecer, desportar* [o que estava escondido, o que estava tapado] **Beispill** ënner där décker Kusch Faarf koume schéin al Fresken zum Virschäin

virschécken [f'i:ɣʃekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé virgeschéckt) » **transitiv 1. DE** *voraus-schicken* [im Voraus schicken] • **FR** *envoyer au préalable* • **EN** to send ahead • **PT** *enviar previamente* **Beispill** mir hunn dëst Joer fir d'Vakanz eist Gepäck mam Zuch virgeschéckt **2. DE** *vorschicken* [beauftragen] • **FR** *envoyer, déléguer* • **EN** to send ahead [as a delegate] • **PT** *enviar, delegar* **Beispill** si hunn hire beschte Mann virgeschéckt fir ze verhandelen

Virschlag [f'i:ɣʃla:ɣ] Maskulinum (Pluriel Virschléi) **DE** *Vorschlag* [Anregung] • **FR** *proposition, suggestion* • **EN** *suggestion, proposition* • **PT** *proposta* [oferta, sugestão] **Beispiller** mir si frou, fir mat an d'Vakanz ze fueren, maacht eis emol e konkreete Virschlag!; déi lescht Virschléi vum President hu fir Diskussioun gesuergt **Synonymmen** Propos, Proposition, Suggestioun

virschloen [f'i:ɣʃlo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé virgeschloen) » **transitiv DE** *vorschlagen* • **FR** *proposer (à), suggérer (à)* • **EN** to suggest, to propose • **PT** *propor (a), sugerir (a)* **Beispiller** ech schloe vir, datt mir elo mol eng Paus maachen; mir schloen dech als Keessjee vum Veräi vir **Synonym** proposéieren

virschneiden [f'i:ɣʃnaɪdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé virgeschnidden) » **transitiv DE** *vorschneiden* • **FR** *précouper, couper au préalable* • **EN** to cut in advance • **PT** *cortar previamente* **Beispill** fir datt et herno nët séier geet, hunn ech d'Baguetten alt scho virgeschnidden

Virschotz [f'i:ɣʃots] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Vorlauf* [Alkohol] • **FR** *tête de distillation* [alcool] • **PT** *destilado de cabeça* [alcool] **Beispill** meng Boma huet mer mäi verstaucht Handgelenk mat Virschotz agerwwen, fir datt d'Geschwill zeréckgeet

Virschréft [f'i:ɣʃræft] Femininum (Pluriel Virschréften) **DE** *Vorschrift* • **FR** *règlement, règle, prescription, instruction* • **EN** *regulation, rule, instruction* • **PT** *regulamento, regra, prescrição, instrução* **Beispiller** deen nächste Mount trieden nei Virschréften a Kraaft; wann dat d'Virschréfte sinn, muss mir eis drun halen; dëst Medikament muss ee genee no Virschréft huelen; du hues mir keng Virschréften ze maachen; de Sécherheetsgurt ass Virschréft let ass virgeschriwwen, datt een de Sécherheetsgurt undeet]

virschréftsméisseg Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

virschreiwen [f'i:ɣʃraɪvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé virgeschriwwen) » **transitiv DE** *vorschreiben* [befehlen] • **FR** *dicter (à), prescrire (à), imposer (à)* • **EN** to tell, to stipulate, to require • **PT** *ditar (a), prescrever (a), impor (a)* **Beispiller** hie léisst sech vu kengem virschreiwen, wéi e sech ze behuelen huet; dat neit

Reglement schreift genee vir, wéi mir eis an esou enger Situatioun muss behuelen; den Äiskonschtleefer huet déi virgeschriwwen Figure gutt ausgeféiert

virschwäermen [f'i:ɣʃwæ:ɣmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé virgeschwäermt) » **transitiv DE** *vorschwärmen* • **FR** *dire avec enthousiasme que* • **EN** to rave, to enthuse • **PT** *dizer com entusiasmo que* **Beispill** mäin Noper huet mir virgeschwäermt, datt de Wäin an där Géigend esou gutt wier

virschwätzen [f'i:ɣʃwætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé virgeschwat) » **transitiv 1. DE** *vorsprechen* [zum Nachsprechen] • **FR** *dire, articuler* [pour faire répéter] • **PT** *dizer, articular* [para fazer repetir] **Beispill** d'Kanner kruten e puer Sätz virgeschwat, déi se hu missen noschwätzen **Synonym** virsoen » **intransitiv 2.** virschwätze bei **DE** *vorsprechen bei* • **FR** *se présenter chez, faire une démarche auprès de* • **PT** *ter uma conferência com, fazer uma diligência junto de* **Beispiller** eisen Direkter muss déi nächst Woch beim Minister virschwätzen; de President huet beim Schäfferot virgeschwat, fir datt de Veräin eng finanziell Ënnerstützung krit

virschwiewen [f'i:ɣʃwiävən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé virgeschwieft) » **intransitiv DE** *schwieben* • **FR** *trotter par la tête de, passer par la tête de* • **EN** to have in mind • **PT** *ter em mente, vir ao pensamento* **Beispiller** déi Rees, déi eis virschwief, ass e bëssen deier; wat schwieft Iech als Präis vir?; fir den Auto schwieft mir eng Zomm ëm déi 3000 Euro vir

Virsetz [f'i:ɣzəts] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Vorsitz* • **FR** *présidence* • **EN** *presidency, Chairmanship* • **PT** *presidência* **Beispill** eist Land iwwerhëlt dëst Joer fir sechs Méint de Virsetz an deem Gremium **Synonym** Presidence

virsetzen [f'i:ɣzætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé virgesat) » **transitiv DE** *vorsetzen* [anbieten] • **FR** *servir à, présenter à* [des boissons, de la nourriture] • **EN** to serve (to), to place before [food, drink] • **PT** *servir a, apresentar a* [bebidas, comida] **Beispiller** d'Kanner hu missen iessen, wat se virgesat kruten; ech si gespaant, wat mer an deem Restaurant virgesat kréien!

Virsiicht [f'i:ɣziçt] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun ^ΛVirsiicht

virsiichteg [f'i:ɣziçtəç] Adjektiv - Variant vun ^Λvirsiichteg

Virsiicht [f'i:ɣzi:çt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Vorsicht, Umsicht* • **FR** *prudence, précaution, circonspection* • **EN** *caution, care* • **PT** *cuidado, prudência, cautela* **Beispiller** mir si mat Virsiicht un dee kriddlegen Dossier erugaangen; bei der Aarbecht mat Drogenofhängege si Virsiicht a Fingerspëtzegefyll drofet; déi Nouvelle ass mat Virsiicht ze genëssen [egs] let ass net sécher, datt déi Nouvelle stëmmt]

i Variant: Virsiicht

virsiichteg [f'i:ɣzi:çtəç] Adjektiv **DE** *vorsichtig, um-sichtig* • **FR** *prudent, circonspect* <Adverb prudemment> • **EN** *cautious, careful* <Adverb carefully> • **PT** *cauteloso, cuidadoso, prudente* <Adverb com cuidado, com prudência> **Beispiller** ech si méi virsiichteg ginn, zënter ech bei

engem Handel ugeschmiert gouf; den Dokter huet d'Sonde ganz virsichtig an de Mo ageféiert

i Variant: virsichtig

virsoen [f'i:ɣzo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgesot) » **transitiv** **DE** vorsprechen [zum Nachsprechen] • **FR** dire, articuler [pour faire répéter] • **EN** to say first [as an example for repetition] • **PT** dizer, articular [para fazer repetir] **Beispill** d'Schüler hunn d'Sätz no-gesot, déi d'Joffer op Franséisch virgesot huet

Virspan Maskulinum (Pluriel Virspänn) - Variant vun **Virspänn**

Virspänn [f'i:ɣʃpɑn] Maskulinum (Pluriel Virspänn) **DE** Vorspann [im Film] • **FR** générique (de début) • **EN** opening credits, opening titles • **PT** genérico (inicial) **Beispill** am Virspänn stoung, datt d'Handlung vum Film op reelle Faite baséiert **Synonym** Generique

i Variant: Virspan

Virspill [f'i:ɣʃpil] Neutrum (Pluriel Virspiller) **1. DE** (musikalischer) Einstieg • **FR** introduction (musicale) [d'un spectacle, d'un concert] • **EN** (musical) introduction, prelude • **PT** introdução (musical) [de um espetáculo, de um concerto] **Beispill** no engem klenge Virspill um Piano hunn d'Kanner ugefaange mat sängen **2. DE** Vorspiel [vor dem Geschlechtsakt] • **FR** préliminaires [amoureux] • **EN** foreplay • **PT** preliminares [sexuais] **Beispill** vill Fraen hu gâr en zäertlecht Virspill

virspillen [f'i:ɣʃpilən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgespillt) » **transitiv** **1. DE** vorspielen [zum Nachsingen, zum Nachspielen] • **FR** (montrer comment) chanter, (montrer comment) jouer [de la musique, un rôle de théâtre] • **EN** to play first [as an example for repetition] • **PT** (mostrar como) cantar, (mostrar como) tocar, (mostrar como) representar **Beispill** de Pianist huet dem Chouer d'Melodie kuerz virgespillt **2. DE** vorspielen [zum Zeigen] • **FR** présenter, faire écouter, faire voir [de la musique, un rôle de théâtre] • **EN** to act (a scene) [in order to show] • **PT** apresentar, fazer ouvir, fazer ver [uma música, um papel de teatro] **Beispill** wëlls de der Bomi net e Stéck aus denger Theaterroll virspillen? **3. DE** vorspielen [vortäuschen] • **FR** simuler, feindre • **EN** to feign, to fake • **PT** simular, fingir **Beispill** ech kennen d'Wouerecht, du brauchst mer elo hei näischt virspillen! **Synonym** virtäuschen » **intransitiv** **4. DE** vorspielen • **FR** passer une audition [musicien, acteur] • **EN** to audition • **PT** fazer uma audição [músico, ator] **Beispill** de Perkussionist geet de Mëtteg bei eng Jazzband virspillen

Virsprong [f'i:ɣʃprɔŋ] Maskulinum (Pluriel <seelen> Virspréng) **DE** Vorsprung [Abstand] • **FR** avance [écart, distance] • **EN** lead [gap, margin] • **PT** avanço [dianteira, vantagem] **Beispiller** de Gewënner vun der eischer Etapp hat fénnef Minutte Virsprong; hien huet d'Wale mat engem Virsprong vun e puer dausend Stëmme gewonnen; kënne mir deen technesche Virsprong vun der Konkurrenz nach ophuelen?; bei der Course kruten d'Kanner honnert Meter Virsprong op déi Grouss **Synonym** Avance

i Variant: Virsprong

Virsprong [f'i:ɣʃprɔŋk] Maskulinum (Pluriel Virspréng) - Variant vun **Virsprong**

virstellen [f'i:ɣʃtælən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé virgestallt) » **transitiv** **1. DE** vorstellen [eine Person] • **FR** présenter [une personne] • **EN** to introduce, to present [a person] • **PT** apresentar [uma pessoa] **Beispiller** d'Meedchen huet sengen Eltere säin neie Frënd virgestallt; fir unzufänken huet de Riedner sech kuerz virgestallt **Synonym** presentéieren **2. DE** vorstellen [vorführen, präsentieren] • **FR** présenter [un projet, une nouveauté] • **EN** to present [a project, something new] • **PT** apresentar [um projeto, uma novidade] **Beispiller** d'Ministesche wëllt dee Projet selwer virstellen; den Auteur huet der Press säin neit Buch virgestallt; um Autofestival ginn dëst Joer vill nei Modeller virgestallt **Synonym** presentéieren **3. sech eppes virstellen** **DE** sich etwas vorstellen • **FR** (s')imaginer quelque chose [se représenter quelque chose, croire quelque chose] • **EN** to imagine something • **PT** imaginar alguma coisa [fazer ideia de alguma coisa, crer alguma coisa] **Beispiller** hautdesdaags kann ee sech en Auto ouni Airbag bal net méi virstellen; wéi stells du dir dat vir?; esou hat d'Koppel sech hir Hochzäitsrees net virgestallt; ech ka mer iwwehhaapt net virstellen, datt hien eis déi ganzen Zäit soll belunn hunn » **reflexiv** **4. DE** sich vorstellen [für eine Stelle, einen Posten] • **FR** se présenter [pour briger un emploi, une fonction] • **EN** to present oneself [for a job, for a position] • **PT** apresentar-se [para concorrer a um emprego, a uma função] **Beispill** de Mëtteg kommen zwee Kandidaten sech fir dee Poste bei d'Direktesch virstellen **Synonym** presentéieren

Virstellung [f'i:ɣʃtælun] Femininum (Pluriel Virstellungen) **1. DE** Vorstellung [Präsentation] • **FR** présentation [d'un projet, d'une nouveauté] • **EN** presentation [of a project, of an idea] • **PT** apresentação [de um projeto, de uma novidade] **Beispill** bei der Virstellung vum Projet huet de Responsabelen alleguer d'Mataarbechter ernimmt **2. DE** Vorstellung [Idee, Auffassung, Einbildung] • **FR** idée, conception, imagination • **EN** idea, concept, imagination • **PT** ideia, conceção, imaginação **Beispiller** ech hunn nach keng kloer Virstellung vum Projet; de Mann huet sech un d'Virstellung geklamert, seng Fra kéim enges Daags erëm; a menger Virstellung huet alles ganz anescht ausgesinn **3. DE** Vorstellung [Aufführung] • **FR** représentation [d'un spectacle], séance [de cinéma] • **EN** performance, showing • **PT** apresentação [de um espetáculo], sessão [de cinema] **Beispiller** de Clown schminkt sech virun der Virstellung selwer; fir déi Virstellung sinn nach zwou Plazen ze kréien **Synonym** Representatioun

Virstellungsgespréich [f'i:ɣʃtælunɡsɣɛʃpɹɪːç] Neutrum (Pluriel Virstellungsgespréicher) **DE** Vorstellungsgespräch • **FR** entretien (d'embauche) • **EN** (job) interview • **PT** entrevista (de emprego) **Beispiller** beim Virstellungsgespréich huet de Kandidat e schlechten Androck hannerloos; behuel dech beim Virstellungsgespréich esou natierlech ewéi méiglech! **Synonymmen** Entretien, Interview

virstoussen [f'i:ɣʃtəʊsən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé virgestouss) » **intransitiv** **DE** vorstoßen • **FR** avancer, faire une avancée • **EN** to advance, to move

forward • **PT** *progredir, avançar* [em terreno] **Beispill** d'Zaldote si bis un déi feindlech Stellung virgestouss

virstrecken [f'i:ɛftrækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *virgestreckt*) » **transitiv DE** *vorstrecken* [Geld] • **FR** *avancer* [de l'argent] • **EN** *to advance* [money] • **PT** *adiantar* [dinheiro] **Beispill** fir däin Handy strecken ech der d'Sue gâr vir

virsuergen [f'i:ɛzuzɛʒən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *virgesuergt*) » **intransitiv DE** *vorsorgen* • **FR** *être prévoyant* [en constituant des réserves financières, matérielles] • **EN** *to take precautions, to make provisions* • **PT** *tomar providências* **Beispill** well mer *virgesuergt* haten, si mer trotz där schwiereger Situatoun gutt iwwer d'Ronne komm

virtäuschen [f'i:ɛtʃʊʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *virgetäuscht*) » **transitiv DE** *vortäuschen* • **FR** *simuler, feindre* • **EN** *to fake, to feign* • **PT** *simular, fingir* **Beispill** et gëtt Schüler, déi täusche Krankheete vir, fir net misse mat schwammen ze goen **Synonym** simulieren

Virtrag [f'i:ɛtʁa:χ] Maskulinum (Pluriel *Virträg*) **DE** *Vortrag* [Rede] • **FR** *conférence, exposé* • **EN** *lecture, presentation, talk* • **PT** *conferência, palestra* **Beispiller** den Archeolog huet um Kongress zwee *Virträg* gehalen; komm, hal elo kee *Virtrag*! [komm, faass dech elo kurz!] **Synonym** Exposé

Virtrëtt [f'i:ɛtʁət] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Vortritt* • **FR** *droit de passage, droit de passer en premier* • **EN** *precedence* [right to go first] • **PT** *direito de passagem, direito de passar em primeiro lugar* **Beispiller** fir an de Sall hunn ech der Buergermeeschtesch de *Virtrëtt* gelooss; well si scho méi laang waarden, hunn si de *Virtrëtt*

virtuell Adjektiv

i Hei entstee en neien Artikel.

virtuos [vɪrtu'o:s] Adjektiv **DE** *virtuos* • **FR** *virtuose* <Adverb avec *virtuosité*> • **EN** *virtuoso, virtuosic* <Adverb with *virtuosity*> • **PT** *virtuoso* [de grande talento] <Adverb com *virtuosidade*> **Beispiller** mat zéng Joer war eisen Dirigent schonn e *virtuose* Pianist; de Pianist huet säi Solo *virtuos* gespilt

Virtuos [vɪrtu'o:s] Maskulinum (Pluriel *Virtuosen*) **DE** *Virtuose* • **FR** *virtuose* • **EN** *virtuoso* • **PT** *virtuoso* **Beispill** eist Klengt ass schonn e richtege *Virtuos* am Piano

i Weiblech Form: ♀*Virtuosin*

Virtuosin [vɪrtu'o:zin] Femininum (Pluriel *Virtuosinnen*) **DE** *Virtuosin* • **FR** *virtuose* [femme] • **PT** *virtuosa* **Beispill** déi jonk *Virtuosin* huet de Publikum verzaubert

i Männlech Form: ♂*Virtuos*

Virtuositéit [vɪrtuozit'ʒit] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Virtuosität* • **FR** *virtuosité* • **EN** *virtuosity* • **PT** *virtuosidade* **Beispill** de jonke Violonist huet de Public mat senger *Virtuositéit* begeeschtert

virturnen [f'i:ɛtʁnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *virgeturnt*) » **transitiv DE** *vorturnen* • **FR** *montrer* (à) [un exercice de gymnastique] • **EN** *to show, to demonstrate* [a gymnastic exercise] • **PT** *mostrar* (a)

[um exercício de ginástica] **Beispill** d'Turnproff huet der Klass d'Übung virgeturnt

virubestoen [f'i:rubəfto:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *virubestanen* / *virubestan*) » **intransitiv DE** *weiterbestehen* • **FR** *continuer d'exister* • **EN** *to continue to exist* • **PT** *continuar a existir* **Beispiller** eise Betrib kann nach just mat der finanzieller Hëllef vum Staat *virubestoen*; trotz der Demissioun vum ganze Komitee *bestee* de Veräi virun **Synonym** *weiderbestoen*

virubrëngen [f'i:rubrɛŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *virubruecht*) » **transitiv DE** *voranbringen* • **FR** *(faire) avancer* [être utile à] • **EN** *to advance, to further* • **PT** *fazer avançar, adiantar* [ser útil a] **Beispiller** ech hoffen, datt mäin Tuyau dech an denger Aarbecht *virubrëngt*; deng pessimistesche Astellung *brëngt* eis net virun! **Synonym** *weiderbrëngen*

Viruert Femininum (Pluriel *Viruerten*) **DE** *Vorort* • **FR** *banlieue* • **PT** *subúrbio* **Beispill** mäi Brudder wunnt an engem *Viruert* vu London **Synonym** *Faubourg*

viruféieren [f'i:rufɛiəʁən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *viruféiert* / *virufefuert*) » **transitiv DE** *weiterführen, fortführen, fortsetzen* • **FR** *poursuivre* [continuer] • **EN** *to pursue, to carry on with* • **PT** *continuar* [retomar, prosseguir] **Beispiller** d'Direktioun huet hiren Accord ginn, datt mir eis *Recherché* kënne *viruféieren*; nom Doud vun hirem Mann huet d'Wittfra d'Geschäft eleng *viruféiert* **Synonym** *weiderféieren*

virufueren [f'i:rufu:ɛʁən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé *virufefuer*) » **intransitiv 1. DE** *weiterfahren* [die Fahrt fortsetzen] • **FR** *continuer, poursuivre sa route* [conducteur, véhicule] • **EN** *to drive on, to continue driving* • **PT** *continuar, seguir viagem* [condutor, veículo] **Beispill** amplaz beim Stoppschëld stoen ze bleiwen, ass de Chauffer einfach *virufefuer* **Synonym** *weiderfueren 2. virufueren* (mat) **DE** *fortfahren* (mit), *weitermachen* (mit) • **FR** *continuer* [dans une activité, un comportement] • **EN** *to continue* (with), *to go on* (with) • **PT** *continuar* [com uma atividade, um comportamento] **Beispiller** mir kënne eréischt mat eiser Aarbecht *virufueren*, wann dat néidegt Material geliwwert gouf; wann s du esou *virufiers*, da kréie mer *Sträit*! **Synonymmen** *virumaachen* (mat), *weiderfueren* (mat), *weidermaachen* (mat)

viruginn [f'i:rugin] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé *viruginn*) » **transitiv 1. DE** *weiterreichen* [von Hand zu Hand] • **FR** *(faire) passer* [de main en main] • **EN** *to hand, to pass* (on) • **PT** *(fazer) passar* [de mão em mão] **Beispill** kanns de de Platto mam Kéis wannechgelift *viruginn*? **Synonymmen** *virureeche*, *weiderginn*, *weidereeche 2. DE* *weiterreichen*, *weiterleiten* • **FR** *faire passer, transmettre, transférer* • **EN** *to pass on* [to transmit] • **PT** *fazer seguir, transmitir, transferir* **Beispiller** fréier huet de Mënsch säi Wësse mëndlech *viruginn*; ech ginn Är Demande un deen zoustännege Service virun **Synonymmen** *virureeche*, *weiderginn*, *weidereeche*

virugoen [f'i:rugo:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé *virugaangen* / *virugaang*) » **intransitiv 1. DE** *weitergehen* [seinen Weg fortsetzen] • **FR** *poursuivre son chemin, continuer* • **EN** *to continue on one's way* • **PT** *seguir o seu caminho, prosseguir* **Beispiller** no enger

kuerzer Paus sinn d'Wanderer **virugaangen**; de Polizist sot zu de Leit, se sollte **virugoen** amplatz ze afen **Synonym** weidergoen **2. DE** *weitergehen, weiterführen, weiterreichen* [sich erstrecken] • **FR** *continuer* [se prolonger, s'étendre plus loin] • **EN** *to continue, to go on* [to extend further] • **PT** *continuar* [prolongar-se, estender-se no espaço] **Beispiller** am Bësch **goung** de Wee op eemol net méi **virun**; eisen Terrain **geet** hanner dem Hiwwel nach **viru** bis un d'Baach **Synonym** weidergoen **3. DE** *weitergehen* [sich entwickeln, sich fortsetzen] • **FR** *continuer* [évoluer, avoir une suite] • **EN** *to continue, to go on* [to develop further] • **PT** *continuar* [desenrolar-se, ter seguimento] **Beispiller** d'Kanner wëlle wëssen, wéi déi spannend Geschicht **virugeet**; mir waren eis eens, datt et esou net kéint **virugoen** **Synonym** weidergoen » **intransitiv** - och **onperséinlech** **4. DE** *vorangehen* [fortschreiten] • **FR** *avancer* [progresser] • **EN** *to make progress* • **PT** *avançar* [progredir] **Beispiller** de Chantier **geet** gutt **virun** a misst bis Enn des Joers **fäerdeg** sinn; ech gi mech all Dag **iwwerzeegen**, datt et op mengem Chantier **virugeet** **Synonym** weidergoen

virukommen [f'i:rukómən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **virukomm**) » **intransitiv** **1. DE** *vorankommen* [sich bewegen] • **FR** (*réussir à*) *avancer* [se déplacer] • **EN** *to make headway, to progress* [towards a destination] • **PT** (*consequir*) *avançar* [deslocar-se] **Beispill** mir sinn trotz deene ville Stauen op der Autobunn nach gutt **virukomm** **Synonym** weiderkommen **2. DE** *vorankommen* [Fortschritte machen] • **FR** *avancer, progresser* [faire des progrès] • **EN** *to make headway, to make progress* [in a development] • **PT** *avançar, progredir* [fazer progressos] **Beispiller** d'Aarbechten um Bau komme gutt **virun**; mir si mat eisem Projet scho gutt **virukomm** **Synonym** weiderkommen

viruleeden [f'i:rule:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **virugeleet**) » **transitiv** **viruleeden** (un) **DE** *weiterleiten* (an), *weiterreichen* (an) • **FR** *transmettre* (à) [faire suivre (à)] • **EN** *to forward* (to), *to send on* (to) • **PT** *transmitir* (a) [fazer seguir (para)] **Beispill** der Patientin hiren Dossier **gouf** un de Kontrolldokter **virugeleet** **Synonymmen** **virureeche**n (un), **weiderleeden** (un), **weiderreeche**n (un)

virulent [virul'ænt] Adjektiv **DE** *virulent* [ansteckend] • **FR** *virulent* • **EN** *virulent, highly infective* • **PT** *virulento* [extremamente contagioso] **Beispill** et ass grad eng **extrem** **virulent** **Mogripp** **ënner** de Leit

virum [f'i:rum] ↗ **virun** + ↗ **dem**

virumaachen [f'i:ruma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **virugemaach** / **virugemaacht**) » **intransitiv** **1. virumaachen** (mat) **DE** *fortfahren* (mit), *weitermachen* (mit) • **FR** *continuer* [dans une activité, un comportement] • **EN** *to continue* (with) • **PT** *continuar* [com uma atividade, um comportamento] **Beispiller** mir können **eréischt** mat eiser Aarbecht **virumaachen**, wann datt néidegt Material **geliiwert** **gouf**; wann s du esou **viruméchs**, da **kréie** mer **Sträit**! **Synonymmen** **virufueren** (mat), **weiderfueren** (mat), **weidermaachen** (mat) **2. DE** *sich beeilen, voranmachen* • **FR** *se dépêcher, se hâter, ne pas trainer* • **EN** *to hurry* (up) • **PT** *despacharse, aviar-se, não ficar para trás* **Beispill** **maach** **virun**, soss **kriss** de de Bus **net**! **Synonymmen** **sech** **begannen**, **sech** **druggn**, **sech** **fläissen**, **sech** **presséieren**, **sech**

tommelen

virun [f'i:run] Prepositioun » **mam** **Akkusativ** / **mam** **Dativ** **1. DE** *vor* [räumlich] • **FR** *devant* [dans l'espace] • **EN** *in front of, outside* [spatially] • **PT** *à frente de, diante de* **Beispiller** et jot ee keen **Hond** **virun** d'Dier, wann e **Wieder** **ass**!; d'Aarbechter souze **virun** der **Camionnette**, hir **Kuuscht** **z'iessen**; mir **hunn** nach **masseg** **Aarbecht** **virun** eis [mir **hunn** nach **masseg** **Aarbecht** **ze** **maachen**] **2. DE** *vor* [in einer Reihenfolge] • **FR** *devant* [dans un ordre] • **EN** *in front of, ahead of* • **PT** *à frente de* [numa ordem] **Beispiller** **kommt** **roueg** **viru** **mech**, ech **sinn** **net** **presséiert**!; hie **louch** am **Klassement** **viru** **mir** **3. DE** *vor* [zeitlich] • **FR** *avant* [une échéance temporaire] • **EN** *before* [an event, a time] • **PT** *antes de* [em tempo anterior a] **Beispiller** **virun** der **Prüfung** **huet** de **Professor** d'**Rechemaschinnen** **agesammelt**; **komm**, **mer** **leeën** **déi** **nächst** **Reunioun** **virun** d'**Ouschtervakanz** » **mam** **Dativ** **4. DE** *vor* [im Beisein von] • **FR** *devant* [en présence de] • **EN** *in front of* [in the presence of] • **PT** *dian-te de* [na presença de] **Beispill** d'**Fra** **huet** **hirem** **Mann** **virun** **alle** **Leit** **eng** **geklaakt** **Synonym** **bei** ... **zou** **5. DE** *vor* [einer bestimmten Zeit] • **FR** *il y a* [un certain temps] • **EN** *ago* • **PT** *há* [algum tempo] **Beispiller** ech **hunn** hie **virun** **engem** **Joer** **fir** d'**lescht** **gesinn**; **viru** **laanger**, **laanger** **Zäit** **huet** an **deem** **Schlass** **eng** **Prinzessin** **gewunnt** **6. virun** **allem** **DE** *vor allem* • **FR** *surtout, avant tout* • **EN** *first and foremost, above all* • **PT** *acima de tudo, antes de mais nada* **Beispill** an **dësem** **Beruff** **ass** **virun** **allem** **Kreativitéit** **verlaangt** **Synonymmen** **an** **eischer** **Linn**, **besonnesch**, **haaptsächlech**

Variant: **vrun**

virun- **Verbpartikel** **DE** [abtrennbares Erstglied eines Verbs] • **FR** [particule séparable d'un verbe] • **EN** [separable verb particle] • **PT** [partícula separável de um verbo] **Beispiller** d'Aarbechten um Bau komme gutt **virun**; mir **hunn** et **fäerdegbruecht**, eise **Projet** **mat** der **Ënnerstëtzung** **vun** der **Gemeng** **virunzedreiw**; mir **waren** eis eens, datt et esou **net** kéint **virugoen**

Verben, **déi** **virun-** **als** **Partikel** **hunn**: ↗ **virubestoen**, ↗ **virubrén-gen**, ↗ **viruféieren**, ↗ **virufueren**, ↗ **viruginn**, ↗ **virugoen**, ↗ **virukommen**, ↗ **viruleeden**, ↗ **virumaachen**, ↗ **virundreiw**, ↗ **virunhëllef**, ↗ **virunzielen**, ↗ **virureeche**n, ↗ **virusetzen**, ↗ **viruso**, ↗ **viru-verzielen**

Dës **Verbpartikel** **steet** **och** **am** **Zesammenhang** **mat** **enger** **anerer** **Wuertart**: ↗ **virun** **Prepositioun**

Bei **dëser** **Verbpartikel** **gëllt** **d'n-Reegel**: **virundreiw**, **viru_reeche**n

virundreiw [f'i:rundraivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **virugedriwwen**) » **transitiv** **1. DE** (zur Eile) *antreiben* • **FR** *faire avancer* [des personnes, des animaux] • **EN** *to hurry along* [people], *to drive* [animals] • **PT** *fazer avançar, fazer apressar o passo a* [pessoas, animais] **Beispill** **fir** datt se de **Bus** **net** sollte **verpassen**, **huet** d'**Joffer** d'**Kanner** **virugedriwwen** **2. DE** *vorantreiben* [ein Vorhaben] • **FR** *faire avancer* [un projet, une entreprise] • **EN** *to move forward, to further* [a project] • **PT** *fazer avançar, levar por diante* [um projeto, um empreendimento] **Beispill** mir **hunn** et **fäerdegbruecht**, eise **Projet** **mat** der **Ënnerstëtzung** **vun** der **Gemeng** **virunzedreiw**

virunhëllef [f'i:runhələfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **virugehollef**) » **intransitiv** **DE** **wei-**

terhelfen • **FR** *avancer, aider [apporter son concours (à), être utile (à)]* • **EN** *to help (along)* • **PT** *adiantar, ajudar [prestar ajuda (a), ser útil (a)]* **Beispiller** déi zoustänneg Verwaltungen hunn eis bei dësem Problem vill virugehollef; däi gudder Rot hëllef mer net virun; wéi se gebaut hunn, hu mer eise Kanner (finanziell) virugehollef **Synonym** weiderhëlfe

virunzielen [f'i:runtsiələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *virugezielt*) » **transitiv 1. DE** *weitererzählen [fortfahren zu erzählen]* • **FR** *continuer à raconter, reprendre (l'histoire)* • **EN** *to carry on telling, to continue recounting* • **PT** *continuar a contar, retomar (a história)* **Beispill** elo muss du virunzielen, well vun deem Ament u war ech net méi dobäi **Synonymmen** weidererzielen, weiderverzielen, weiderzielen **2. DE** *weitererzählen [weetersagen]* • **FR** *rapporter, répéter* • **EN** *to repeat, to pass on* • **PT** *contar, repetir* **Beispill** so där Klaatsch näischt, well se zielt alles virun **Synonymmen** virusoen, viruverzielen, weidererzielen, weidersoen, weiderverzielen, weiderzielen

virureeche [f'i:ru:re:çən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *virureechecht*) » **transitiv 1. DE** *weiterreichen [von Hand zu Hand]* • **FR** *(faire) passer [de main en main]* • **EN** *to pass, to hand on* • **PT** *(fazer) passar [de mão em mão]* **Beispill** kanns de de Platto mam Kéis wannechgelift virureeche? **Synonymmen** viruginn, weiderginn, weiderreeche **2. DE** *weiterreichen, weiterleiten* • **FR** *faire passer, transmettre, transférer* • **EN** *to pass on [to transmit]* • **PT** *fazer seguir, transmitir, transferir* **Beispill** ech reeche ÄR Demande un déi verantwortelech Instanz virun **Synonymmen** viruginn, viruleeden, weiderginn, weiderreeche

Virurteel [f'i:ru:gte:l] Neutrum (Pluriel *Virurteeler*) **DE** *Vorurteil* • **FR** *préjugé [opinion préconçue]* • **EN** *prejudice [preconception]* • **PT** *preconceito [opinião preconcebida]* **Beispill** datt d'Männer besser Auto fueren ewéi d'Fraen, dat ass e classescht **Virurteel** **Synonym** Prejugé

Virus [v'i:rus] Maskulinum (Pluriel *Viren / Virussen*) **1. DE** *Virus [Krankheitserreger]* • **FR** *virus [pathogène]* • **EN** *virus [pathogen]* • **PT** *virus [agente infeccioso]* **Beispiller** géint e **Virus** hëllef keen Antibiotique; duerch Mutationen entstinn ëmmer nei **Viren** **2. DE** *Virus [Computervirus]* • **FR** *virus [informatique]* • **EN** *virus [computer virus]* • **PT** *virus [informático]* **Beispill** jidderee sollt op sengem Computer e Programm hunn, dee **Virussen** ofwiert

virusetzen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *virugesat*)

i Hei entstee en neien Artikel.

Virusinfektioun [v'i:ruzinfæksjəʊn] Femininum (Pluriel *Virusinfektiounen*) **DE** *Virusinfektion* • **FR** *infection virale* • **EN** *virus infection* • **PT** *infecção viral* **Beispill** géint dës **Virusinfektioun** gëtt et nach keng Impfung

virusoer [f'i:ru:zə:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *virugesot*) » **transitiv DE** *weetersagen* • **FR** *rapporter (à), répéter (à)* • **EN** *to pass on [to repeat]* • **PT** *contar (a), repetir (a)* **Beispiller** so dat nëmnen net virun!; firwat sees de dengen Elteren alles virun? **Synonymmen** weidersoen, virunzielen, viruverzielen

viruverzielen [f'i:rufetsiələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *viruverzielt*) » **transitiv DE** *weitererzählen, weetersagen* • **FR** *rapporter (à), répéter (à)* • **PT** *contar (a), repetir (a)* **Beispiller** verziel dat nëmnen net virun!; firwat verziels de dengen Elteren alles virun?; du kanns dee Witz roueg **viruverzielen** **Synonymmen** virunzielen, virusoen, weidersoen, weiderzielen, weiderverzielen

Virverkauf [f'i:ɣfeka:f] Maskulinum (Pluriel *Virverkeef*) **DE** *Vorverkauf* • **FR** *prévente* • **PT** *venda antecipada, pré-venda* **Beispill** am **Virverkauf** sinn d'Ticketen normalerweis méi bëlleg

virverleeën [f'i:ɣfele:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *virverluecht*) » **transitiv DE** *vorverlegen [auf einen früheren Zeitpunkt]* • **FR** *avancer [la date de]* • **EN** *to bring forward [a date, a time]* • **PT** *antecipar [a data de], adiantar [a data de]* **Beispiller** aus organisatoresche Grënn **gouf** de Rendez-vous ëm zwee Deeg **virverluecht**; well d'Renovatioun méi fréi ofgeschloss ginn ass ewéi erwaart, **gouf** d'Ouverture vum Buttek ëm zwou Woche **virverluecht**

Virwal [f'i:ɣva:l] Femininum (Pluriel *Virwalen*) **DE** *Vorwahl [Vorwahlnummer]* • **FR** *préfixe [téléphonique], indicatif [téléphonique]* • **EN** *prefix, dialling code* • **PT** *indicativo [telefónico], prefixo [telefónico]* **Beispill** am Telefonsbuch ass eng Tabell mat de **Virwale** vun deene verschiddene Länner

Virwand [f'i:ɣvant] Maskulinum (Pluriel *Virwänn*) **DE** *Vorwand* • **FR** *prétexte* • **EN** *pretext, excuse* • **PT** *pretexto* **Beispiller** d'Gewerkschafte behaupten, d'Kris wier just nëmnen e **Virwand**, fir Leit ze entloossen; dee Lidderhanes hëlt all klenge Schnapp als **Virwand**, fir net mussen ze schaffen

virwarnen [f'i:ɣvɑrnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *virgewarnt*) » **transitiv DE** *vorwarnen* • **FR** *avertir, prévenir* • **EN** *to (fore)warn* • **PT** *avisar, prevenir* **Beispiller** du häss eis kënne **virwarnen**, datt de Chef haut schlecht gelaunt ass; beklo dech net, ech hat dech **virgewarnt**!

Virwarnung [f'i:ɣvɑrnʊŋ] Femininum (Pluriel *Virwarnungen*) **DE** *Vorwarnung* • **FR** *mise en garde, avertissement* • **EN** *(advance) warning* • **PT** *aviso prévio, advertência* **Beispill** d'Police huet ouni **Virwarnung** op d'Terroriste geschoss

virweisen [f'i:ɣvaizən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *virgewisen*) » **transitiv DE** *vorzeigen, vorweisen* • **FR** *présenter, produire, faire état de [montrer]* • **EN** *to present, to show, to produce* • **PT** *mostrar, apresentar, dispor de* **Beispill** hien huet d'Plaz am Ministère net kritt, well en déi néideg Diplomer net konnt **virweisen**

Virwëlz [f'i:ɣvəlts] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** *Neugier* • **FR** *curiosité [désir de savoir]* • **EN** *nosiness, curiosity* • **PT** *curiosidade [desejo de saber]* **Beispill** de Mann huet aus **Virwëlz** d'Baatsch vum Unhänger eng Grimm gelicht **2. de** **Virwëlz** stëppelen **DE** *seine (übertriebene) Neugier befriedigen* • **FR** *assouvir une curiosité (malsaine)* • **EN** *to satisfy one's curiosity* • **PT** *saciar a sua curiosidade (malsã)* **Beispill** wéi et gebrannt huet, koume vill Leit de **Virwëlz** stëppelen

i Variant: **Virwëtz**

virwëlzeg [f'i:ɣvɛltsəç] Adjektiv DE *neugierig* • FR *curieux, intéressé* • EN *nosy, curious* • PT *curioso, interessado* **Beispiller** dee *virwëlzege* Lausbouf souz hanner der Heck eis nozekucken; *virwëlzeg* Kanner sinn u villem interesséiert; sief dach net ëmmer esou *virwëlzeg*!

i Variant: *virwëlzeg*

virwëlzen [f'i:ɣvɛltsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gevirwëlzt*) » **intransitiv** DE *seine Neugier stillen* • FR *satisfaire sa curiosité, faire le badaud* • EN *to nose around, to satisfy one's curiosity* • PT *satisfazer a sua curiosidade* **Beispiller** déi ganz Woch iwwer kourcen d'Leit an eist neit Geschäft *virwëlzen*; ech si gëschter bei de Chantier *virwëlze* gaange fir ze gesinn, wéi wäit se mat den Aarbechte sinn

i Variant: *virwëtzen*

Virwëlztut [f'i:ɣvɛltsu:t] Femininum (Pluriel *Virwëlztuten*) DE *Wundertüte* • FR *pochette-surprise* • EN *lucky bag, grab bag* • PT *pacote-surpresa* **Beispiller** ech hat eng Lutsch an eng kleng Päif a menger *Virwëlztut*; wat hues du *Virwëlztut* a mengem Tirang ze koschteren? [ɛ̃s] [wat hues du Knätzel a mengem Tirang ze koschteren?]

i Variant: *Virwëtztut*

virwerfen [f'i:ɣvɛrfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *virgeworf*) » **transitiv** DE *vorwerfen [anlassen]* • FR *reprocher à* • EN *to reproach* • PT *censurar por, acusar de* **Beispiller** meng Fra *wërft* mer ëmmer *vir*, ech géif schnaarchen!; eleng hiert komescht Behuele weist, datt se sech eppes *virzwerfen* hunn; ech hu mer an där Affär näischt *virzwerfen* **Synonymmen** *reprochéieren, virgeheien*

Virwëtz [f'i:ɣvɛts] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun *Virwëlz*

virwëlzeg [f'i:ɣvɛltsəç] Adjektiv - Variant vun *Virwëlzeg*

virwëtzen [f'i:ɣvɛtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gevirwëtzt*) - Variant vun *Virwëlzen*

Virwëtztut [f'i:ɣvɛtsu:t] Femininum (Pluriel *Virwëtztuten*) - Variant vun *Virwëlztut*

Virwurf [f'i:ɣvɛrf] Maskulinum (Pluriel *Virwërf*) DE *Vorwurf* • FR *reproche* • EN *reproach* • PT *censura, acusação* **Beispiller** ech fannen et ganz normal, datt hie sech géint dës *Virwërf* wiert; hal op, mir stänneg *Virwërf* ze maachen! **Synonym** *Reproche*

Virwuert [f'i:ɣvu:ɣt] Neutrum (Pluriel *Virwierder*) DE *Vorwort* • FR *préface, avant-propos* • EN *preface, foreword* • PT *prefácio [preâmbulo]* **Beispiller** an der neier Editioun vum Roman ass e *Virwuert* vun der Autorin; am *Virwuert* vun eiser Broschür geet de Minister op d'Ëmweltproblematik an **Synonym** *Preface*

virzäiteg [f'i:ɣtsæ:itəç] Adjektiv DE *vorzeitig* • FR *prématuré, anticipé* <Adverb plus tôt que prévu> • PT *prematuro, anticipado* <Adverb antes do tempo, prematuramente> **Beispiller** mat 57 Joer kann een eng *virzäiteg* Rent ufroen; aus Protest huet eis Delegatioun d'Konferenz *virzäiteg* verlooss

Virzeechen [f'i:ɣtse:çən] Neutrum (Pluriel *Virzeechen*) DE *Vorzeichen [Anzeichen]* • FR *indice (avant-coureur), signe (précurseur)* • EN *sign, forewarning* • PT *indício (anunciador), sinal (precursor)* **Beispiller** esou däischter Wolleke sinn e *Virzeeche* vun engem Donnerwieder; déi vill *Demonstratioune* waren e *Virzeeche* vum Biergerkrich

virzeechnen [f'i:ɣtse:çən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *virgezeechent*) » **transitiv** 1. DE *vorzeichnen, skizzieren* • FR *esquisser, dessiner* • EN *to sketch (out), to outline* • PT *fazer um esboço de, desenhá* **Beispill** de *Kënschtler huet* d'Motiv fir d'éischt mam *Bläistëft virgezeechent* 2. DE *vorzeichnen [vorausbestimmen]* • FR *esquisser [déterminer, prévoir d'avance]* • PT *esboçar, traçar [determinar, prever de antemão]* **Beispiller** am Kontrakt *gouf* d'Lösung scho *virgezeechent*; als *Duechter* vun engem *Museker* war hire *Wee gewëssermoose virgezeechent*

virzéien [f'i:ɣtsɛiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *virgezunn*) » **transitiv** 1. DE *vorziehen [vorverlegen]* • FR *avancer (la date de)* • EN *to bring forward [a date, a time]* • PT *antecipar (a data de), adiantar (a data de)* **Beispiller** aus medezinesche Grënn wëllt d'Doktesch d'Operatioun ëm dräi Woche *virzéien*; bei de *virgezunne* *Chamberwalen* huet eis Partei fënnf Sëtz *bäikritt* **Synonym** *virverleeën* 2. DE *vorziehen [den Vorzug geben]* • FR *donner la préférence à [choisir de préférence]* • EN *to prefer, to favour* • PT *dar preferência a [escolher preferencialmente]* **Beispill** de Jury zitt de Kandidat mat där laanger *Beruffserfarung* deem méi jonke *vir*

Virzelt Neutrum (Pluriel *Virzelter*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Visa [v'i:za:] Maskulinum (Pluriel *Visaen*) DE *Visum* • FR *visa* • EN *visa* • PT *visto* **Beispill** fir eis Rees muss ech nach e *Visa* beim Konsulat ufroen

vis-à-vis [vizav'i:] Prepositioun » **mam Dativ** 1. *vis-à-vis* vun DE *gegenüber [jenseits]* • FR *vis-à-vis de [en face de]* • EN *opposite, facing* • PT *em frente a, defronte de* **Beispill** hien huet *vis-à-vis* vun der Gare e Restaurant opgemaach **Synonym** *géintiwwer* vun 2. *vis-à-vis* (vun) DE *gegenüber [in Bezug auf]* • FR *envers, à l'égard de* • EN *towards [with regard to]* • PT *para com, em relação a* **Beispiller** et ass en *Affront vis-à-vis* vun dengen *Elteren*, datt s de se net op deng *Hochzäit* *invitéiers*!; mir *vis-à-vis* war den *Nopeschjong* ëmmer frëndlech **Synonym** *géintiwwer*

vis-à-vis [vizav'i:] Adverb DE *gegenüber* • FR *vis-à-vis* • EN *opposite* • PT *em frente, defronte* **Beispiller** d'Madamm vu *vis-à-vis* kuckt zur *Fënster* eraus; den *Parking* vum Hotel läit direkt *vis-à-vis*

Vis-à-vis Maskulinum (Pluriel *Vis-à-visen*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Visiéier [viz'ɛiɛ] Neutrum (Pluriel *Visiéier*) 1. DE *Visier [eines Ritterhelms]* • FR *visière [d'un casque de chevalier]* • EN *visor [on a knight's helmet]* • PT *viseira [de um elmo]* **Beispill** ech froe mech, wéi e *Ritter* *duerch* esou e *schmuelt Visiéier* konnt kucken! 2. DE *Visier [einer Schusswaffe]* • FR *viseur [d'une arme à feu]* • EN *sights*

[on a gun] • **PT** *mira* [de uma arma de fogo] **Beispiller** de Jeer huet duerch d'Visiéer gebiicht, fir d'Réi ze gero-den; d'Police huet deen Dealer scho méi laang am Visiéer ^[eggs] [d'Police iwwerwaacht deen Dealer scho méi laang]

viséieren [viz'zi:əɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé viséiert) » **transitiv DE** zielen auf [sich richten an] • **FR** *viser, cibler* [susciter l'intérêt de] • **EN** *to target, to aim at* • **PT** *visar, ter como alvo* [despertar o interesse de] **Beispill** d'Publicitéit vun deem Gedréknks viséiert virun allem déi Jonk **Synonymmen** cibl'éieren, ausgeriicht sinn op, zilen op

visibel [viz'i:bəl] Adjektiv **1. DE** sichtbar [zu sehen] • **FR** *visible* [à l'œil] • **EN** *visible* [easily seen] • **PT** *visível* [exposto à vista] **Beispill** hänk d'Schëld esou op, datt et vun alle Säite **visibel** ass! **Synonym** sichtbar **2. DE** sichtbar [wahrgenommen, bekannt] • **FR** *visible* [manifeste, connu] • **EN** *visible* [recognizable] • **PT** *visível* [manifesto, conhecido] **Beispill** d'Resultat vun eiser Aarbecht muss no bausen hi méi **visibel** ginn

Visibilitéit [vizi:bilit'ɛ:t] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** Sicht, Sichtweite • **FR** *visibilité* [perception par l'œil] • **EN** (range of) *visibility* • **PT** *visibilidade* [alcance visual] **Beispill** an deem décken Niwwel louch d'Visibilitéit énnér fofzeg Meter **2. DE** Wahrnehmung [Image] • **FR** *visibilité* [perception commerciale] • **EN** *visibility* [image, prominence] • **PT** *visibilidade* [comercial] **Beispill** eng nei Campagne soll eisem Land eng besser Visibilitéit am Ausland verschafen

Visière [v'izjɛ:r] Femininum (Pluriel Visiëren) **DE** Visier [Gesichtsschutz] • **FR** *visière* [protection du visage] • **EN** *visor* [face protection] • **PT** *viseira* [de proteção facial] **Beispiller** fir d'Motocyclisten ass eng zerkraazt Visière e grouse Sécherheetsrisiko; fir d'Fleegepersonal ass eng Visière en zousätzlechen effikasse Schutz géint de Coronavirus; eng Visière verhënnert, datt engem Dreck an d'Ae flitt, wann ee mam Freischneider schafft

Visionär [vizjɔn'ɛ:r] Maskulinum (Pluriel Visionären) **DE** Visionär [Vordenker] • **FR** *visionnaire* [qui a la prescience de l'avenir] • **EN** *visionary* • **PT** *visionário* [que tem a presciência do futuro] **Beispill** vill Leit halen dee Schrëftsteller fir e grouse Visionär

1 Weiblech Form: [↗]Visionärin

Visionärin [vizjɔn'ɛ:rɪn] Femininum (Pluriel Visionärinnen) **DE** Visionärin [Vordenkerin] • **FR** (femme) *visionnaire* [qui a la prescience de l'avenir] • **PT** *visionária* [que tem a presciência do futuro] **Beispill** dës Theoretikerin gétt als Visionärin gefeiert

1 Männlech Form: [↗]Visionär

visionéieren [vizjɔn'zi:əɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé visionéiert)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Visioun [vizj'əʊn] Femininum (Pluriel Visiounen) **1. DE** Vision, Vorstellung • **FR** *vision, représentation, projection* • **EN** *vision, picture* • **PT** *visão* [representação mental] **Beispiller** déi Politikerin huet eng prezis Visioun, wéi eist Land soll a 50 Joer ausgesinn; dëse Moler hat eng ganz grujeleg Visioun vun der Häll **2. DE** Vision, Auffas-

ung • **FR** *vision* (des choses), *conception* • **EN** *vision, conception* • **PT** *visão* (das coisas), *conceção* **Beispill** trotz viller Énnerscheeder haten déi zwee Staatsmänner déi selwecht Visioun vun Demokratie **Synonymmen** Opfaassung, Virstellung **3. DE** Vision, Erscheinung • **FR** *vision, apparition* • **EN** *vision* [in a trance, in a dream] • **PT** *visão, aparição* **Beispill** vun deem Hellege gétt verzielt, en hätt Visiounen gehat **Synonym** Erscheinung

Visite guidée [viz'itgid'e:] Femininum (Pluriel Visite-guidéeën) **DE** Führung [Besichtigung] • **FR** *visite guidée* • **EN** *guided tour* • **PT** *visita guiada* **Beispill** e Grupp vun zéng Leit huet sech fir eng Visite guidée vum Palais ugemellt **Synonym** Féierung

Visiteur [v'izitœ:r] Maskulinum (Pluriel Visiteuren) **1. DE** Besucher • **FR** *visiteur* [d'un lieu, d'un événement] • **EN** *visitor* • **PT** *visitante* [de um lugar, de um evento] **Beispill** am Prisong muss all Visiteur sech an eng Léischt androen **2.** (kee Singulier) **DE** Auswärtsmannschaft • **FR** *équipe visiteuse* • **EN** *away team* • **PT** *equipa visitante* **Beispill** d'Visiteure ginn als klore Favorit an de Match **Synonym** Auswärtsekipp

1 Weiblech Form: [↗]Visiteuse

Visiteuse Femininum (Pluriel Visiteusen) **1. DE** Besucherin • **FR** *visiteuse* [d'un lieu, d'un événement] • **EN** *visitor* • **PT** *visitante* [frequentadora de um lugar, de um evento] **Beispill** de Gardien huet eng Visiteuse drop higewisen, datt een am Musée keng Fotoen därer maachen **2.** (kee Singulier) **DE** (weibliche) Auswärtsmannschaft • **FR** *équipe visiteuse* [équipe de femmes] • **EN** *away team* [female] • **PT** *equipa visitante* [equipa feminina] **Beispill** weis de Visiteusen, wou hire Vestiär ass **Synonym** Auswärtsekipp

1 Männlech Form: [↗]Visiteur

Visitt [viz'it] Femininum (Pluriel Visitten) **1. DE** Besuch [Höflichkeitsbesuch] • **FR** *visite* [de courtoisie] • **EN** *visit* [courtesy call] • **PT** *visita* [de cortesia] **Beispiller** Neijoerschdag komme mer net laansch eng kleng Visitt bei der Tatta am Altersheem; de belsche Kinnek war dräi Deeg op Visitt bei eis am Land **2. DE** Besuch, Besichtigung • **FR** *visite* [d'un lieu, d'un site] • **EN** *visit* [tour of a site] • **PT** *visita* [de um local de atração] **Beispill** bei eisem Ausfluch hate mer d'Visitt vun der Cathedral ageplangt **3. DE** Arztbesuch • **FR** *visite* [chez un médecin, un thérapeute] • **EN** *visit* [to a doctor] • **PT** *visita* [a um médico, a um terapeuta], *consulta* **Beispill** eng Visitt beim Spezialist kascht méi ewei eng beim Generalist **4. DE** Krankenbesuch, Patientenbesuch, Visite • **FR** *visite* [chez un malade, d'un médecin, d'un thérapeute] • **EN** (home) *visit* [to a patient] • **PT** *visita* [a um doente, de um médico, de um terapeuta] **Beispiller** d'Doktesch mécht nëmmen am Nomëtteg Visitten; de Kannerdokter huet säin Assistent mat op d'Visitt geholl

Visittekkaart [viz'itəka:r] Femininum (Pluriel Visittekaarten) **DE** Visitenkarte • **FR** *carte de visite* • **EN** *visiting card, business card* • **PT** *cartão de visita* **Beispill** ech ginn Iech meng Visittekaart, fir wann Der mech wéilt kontaktéieren

Visittekärtchen [viz'itəke:ɛtçən] Femininum (Pluriel Visittekertercher) - Diminutivform vun [↗]Visittekaart

visuell [vɪzuˈæɫ] Adjektiv **DE** *visuell* • **FR** *visuel* <Adverb *visuellement*> • **EN** *visual* <Adverb *visually*> • **PT** *visual* <Adverb *visualmente*> **Beispiller** d'Elektronik vun haut gëtt dem Film nei **visuell** Méiglechkeeten; bei där Opfeierung huet mech dat **Visuell** méi impressiounéiert ewéi den Text an d'Musek; de Kënschtler wëllt weisen, datt ee Musek och **visuell** kann duerstellen

Vitalfunktoun Femininum (Pluriel Vitalfunktoune)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Vitamin [vɪtamˈɪn] Maskulinum/Femininum (Pluriel Vitaminnen) **DE** *Vitamin* • **FR** *vitamine* • **EN** *vitamin* • **PT** *vitamina* **Beispiller** am Uebst si vill Vitaminnen; am Wanter kann ee roueg e bënne Vitamin D huelen; ech huelen all Dag Vitaminnen (ech huelen all Dag Pëlle mat Vitaminnen dran)

Vitess [vɪˈtæs] Femininum (Pluriel Vitessen) **1. DE** *Geschwindigkeit* [einer Fortbewegung] • **FR** *vitesse* [de déplacement] • **EN** *speed* [of movement] • **PT** *velocidade* [de deslocação] **Beispiller** de Chauffeur krut e Protokoll, well en déi erlaabte **Vitess** iwwerschritt hat; de Coureur konnt bei där **Vitess** net mathalen; den Zuch ass mat voller **Vitess** entgleist **Synonym** Geschwindegkeet **2. DE** *Geschwindigkeit, Schnelligkeit* • **FR** *vitesse* [rapidité d'exécution] • **EN** *speed* [of reaction, of action] • **PT** *rapidez, velocidade* [com que se age] **Beispiller** beim Quiz gouf mat extremer **Vitess** op d'Froe geäntwert; well ech de Wecker net héieren hat, hunn ech missen an aller **Vitess** Kaffi drénken **3. DE** *Gang, Übersetzung* [eines Fahrrads] • **FR** *vitesse, braquet* [d'un vélo] • **EN** *gear* [on a bike] • **PT** *mudança* [de bicicleta] **Beispill** ech hu mer en neie Vëlo mat sechs **Vitesse** kaaft

Vitesslimitatioun [vɪˈtæsliˈmitasjəʊn] Femininum (Pluriel Vitesslimitatioune) **DE** *Geschwindigkeitsbegrenzung, Geschwindigkeitsbeschränkung* • **FR** *limitation de vitesse* • **EN** *speed limit* • **PT** *limite de velocidade* **Beispill** esoubal de Chantier eriwwer ass, gëtt d'**Vitesslimitatioun** opgehewen

Vitesslimit [vɪtæsliˈmɪt] Femininum (Pluriel Vitesslimiten) **DE** *Geschwindigkeitsbegrenzung* • **FR** *limitation de vitesse* • **EN** *speed limit* • **PT** *limite de velocidade* **Beispill** de Chauffeur huet d'**Vitesslimit** net agehalten

Vitrinn [vɪtrɪˈɪn] Femininum (Pluriel Vitrinnen) **1. DE** *Schaufenster* • **FR** *vitrine* [devanture] • **EN** *(shop) window* • **PT** *montra, vitrina* **Beispiller** ech hunn e Puer Schong an Ärer **Vitrinn** gesinn, dat ech nawell wéilt umoossen; fir d'**Vitrinn** vun eisem Geschäft ze arrangéieren, engagéiere mer en Dekorateur **Synonym** Fënster **2. DE** *Vitrine* • **FR** *vitrine* [meuble] • **EN** *showcase, display cabinet* • **PT** *vitrina* [armário] **Beispiller** an eiser **Vitrinn** leien Dokumenter aus dem 17. Joerhonnert; ech hunn d'Vas zeréck an d'**Vitrinn** gestallt

viv [viːf] Interjektion **DE** *hoch lebe* • **FR** *vive* • **EN** *long live* • **PT** *viva* **Beispiller** *viv de Grand-Duc!*; *viv d'Geburtsdagskand!*

viv Adverb

I Hei entsteet en neien Artikel.

Viz [fiːts] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** *frischer Apfelsaft* [Getränk] • **FR** *jus de pomme* [artisanal] [boisson] •

Waardelëscht [v'a:rdələft] Femininum (Pluriel Waardelëschten) **DE** Warteliste • **FR** liste d'attente • **EN** waiting list • **PT** lista de espera **Beispill** de Patient steet op der Waardelëscht, fir eng nei Liewer ze kréien **Synonym** Liste d'attente

waarden [v'a:rdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gewaart) » **intransitiv** **DE** warten • **FR** attendre, patienter • **EN** to wait • **PT** esperar, aguardar **Beispiller** waart, bis de geruff gëss!; waart net, bis et ze spët ass!; well méi Personal agestallt ginn ass, mussen d'Clienten net méi esou laang op d'Esse waarden; mir waarde mam Iessen, bis datt eis Gäscht all ukomm sinn; an der Klinik sinn ech vun engem Service an deen anere geschéckt ginn an hunn iwwerall misse waarden; meng Doktesch waart nach op déi lescht Resultater a ruff mech dann un; du kanns nach laang waarden, bis een der hëllefle kënnst (et kënnst keen der hëllefle); op wat waarts de nach? (fir-wat fänks de net un?)

I Verb, dat **waarden** als Basis huet: ↗ofwaarden

Waardezäit [v'a:rdətsæ:it] Femininum (Pluriel Waardezäiten) **DE** Wartezeit • **FR** délai d'attente • **EN** waiting time • **PT** tempo de espera **Beispiller** wéinst deene villen Demandé muss mat laange Waardezäite fir eng Äntwert gerechent ginn; et ass eisem Service gelongen, d'Waardezäit fir e Rendez-vous op fënnf Schaffdeeg ze reduzéieren

Waark [va:rk] Eegennumm **DE** Wark • **FR** Wark • **EN** Wark • **PT** Wark **Beispill** d'Waark leeft zu Ettelbréck an d'Uelzecht

Waarken [v'a:rkən] Eegennumm **DE** Warken • **FR** Warken • **EN** Warken • **PT** Warken **Beispiller** ech wunnen zu Waarken; fiert dëse Bus op Waarken?

waarm [va:m] Adjektiv **1.** **DE** warm, heiß • **FR** chaud [de température élevée] • **EN** hot, warm • **PT** quente [com elevada temperatura] **Beispiller** fir ze spullen, brauch ee waarmt Waasser; fir datt den Hiefdeeg opgeet, muss e waarm stoen; ech si kal a waarm gewinnt lech reege mech fir näischt méi op!; elo war et mir aw-

er waarm ginn (elo war ech awer erfieert) **2.** **DE** warm [wärmend] • **FR** chaud [qui tient chaud] <Adverb chaudent> • **EN** warm [that keeps warm] <Adverb warmly> • **PT** quente [que resguarda do frio] <Adverb com roupa quente> **Beispiller** am Wanter geet näischt iwwer e gudde waarmen Anorak; do dech waarm un, et ass kal dobaussen! **3.** **DE** warm [warmherzig] • **FR** chaleureux, affectueux • **EN** warm-hearted, caring • **PT** quente, caloroso, afetuoso **Beispiller** déi nei Spillschoulsjoffer huet eng ganz waarm Manéier, fir mat de Kanner ze schwätzen; eise Grupp krut am Hotel e ganz waarmen Empfang

waarmginn Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé waarmginn)

I Hei entsteet en neien Artikel.

waarmhärzeg [v'a:mhɛ:çtsəç] Adjektiv **DE** warmherzig • **FR** chaleureux [affectueux] <Adverb chaleureusement> • **EN** warm-hearted <Adverb warmly> • **PT** caloroso [afetuoso] <Adverb calorosamente> **Beispiller** meng Bomi ass dee waarmhärzegste Mënsch, deen ech kennen; mir goufe ganz waarmhärzeg empfaangen

waarm maachen [v'a:m'a:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé waarm gemaach / waarm gemaacht) » **transitiv** **DE** aufwärmen, erwärmen, erhitzen • **FR** (faire) chauffer, réchauffer • **EN** to heat (up) • **PT** (re)aquecer **Beispiller** ech hunn d'Tomatenzooss an der Mikrowell waarm gemaach; d'Schrauwe souzen esou fest, datt ech se mam Chalumeau hu misse waarm maachen

Waarz [va:rts] Femininum (Pluriel Waarzen) - Variant vun ↗Waarzel

Waarzel [v'a:rtsəl] Femininum (Pluriel Waarzelen) **DE** Warze • **FR** verrue • **EN** wart • **PT** verruga **Beispiller** et huet laang gedauert, bis meng Waarzel ganz verschwonnen war; mol der Hex eng déck Waarzel op d'Nues

I Variant: Waarz

Waasser [v'a:sɛ] Neutrum **1.** (kee Pluriel) **DE** Wasser [Flüssigkeit] • **FR** eau [substance, liquide] • **EN** water [liquid] • **PT** água [substância, líquido] **Beispiller** dëse Stoff léisst kee Waasser duerch; géff mer e Glas Waasser, ech sinn hallef erdischtert!; mir hunn doheem haart Waasser; muer gétt fir zwou Stonnen d'Waasser gespaart (muer hu mir fir zwou Stonne kee Leitungswaasser); nom Training ass d'Waasser nëmmen esou laanscht mech gelaf (nom Training ass de Schweess nëmmen esou laanscht mech gelaf!); well ech Waasser an de Been hunn, muss ech ouni Salz iessen (well sech Flëssegkeet an de Bee staut, muss ech ouni Salz iessen); ech zéien d'Hiem eng kéier duerch d'Waasser (ech wäschen d'Hiem kuerz op der Hand!); déi aner kachen och nëmme mat Waasser! (déi aner sinn och net méi dichteg ewéi mir!); wat d'Kachen ubelaangt, ka kee mengem Papp d'Waasser reechen (et ka keen esou gutt kachen ewéi mäi Papp!); dee Virfall ass Waasser op d'Mille vun eise Kritiker (dee Virfall kënnst eise Kritiker zupaass!); dee muss nach vill Waasser a säi Wäi schédden (dee muss nach léieren, Kompromësser ze schléissen!); wéi

et drëm gaangen ass, eng Decisioun ze huelen, huet hie **Waasser** gezunn [wéi et drëm gaangen ass, eng Decisioun ze huelen, war hien ze feigl]; bei deem Plat ass mer d'**Waasser** am Mond zesummegeleef [vun deem Plat ginn ech schrecklech gléschtereg] **2.** (Pluriel **Waasser**) **DE** (Glas) *Wasser*, (Flasche) *Wasser* • **FR** (verre d'eau, (bouteille d')eau • **EN** (glass of) *water*, (bottle of) *water* • **PT** (copo de) *água*, (garrafa de) *água* **Beispill** bestell nach zwee **Waasser**, wannechgelift! **3.** (kee Pluriel) **DE** *Wasser* [Gewässer] • **FR** *eau* [étendue d'eau, courant d'eau] • **EN** *water* [stretch of water] • **PT** *água(s)* [extensão de água, águas correntes] **Beispiller** mir hu missen iwwer d'Fielse knéchelen, fir bei d'**Waasser** ze kommen; déi verzweiwelt Fra ass an d'**Waasser** gaangen [déi verzweiwelt Fra huet sech ëmbruecht]; dést Joer hate mer zweemol d'**Waasser** [dést Joer hate mer zweemol eng Iwwerschwemmung]; déi kleng Pai geet just duer, fir sech iwwer **Waasser** ze halen [déi kleng Pai geet just duer fir ze iwwerliewen]; déi Saach ass an d'**Waasser** gefall [aus där Saach ass näischt ginn]; meng Mamm huet no um **Waasser** gebaut [meng Mamm kräischt liicht]; d'**Waasser** steet dem Geschäftsmann bis un den Hals [de Geschäftsmann steet virun der Faillit]; de Mound steet am **Waasser** [de Mound ass duerch den Niwwel verdeckt] **4.** (kee Pluriel) **DE** *Urin* • **FR** *urine* • **EN** *water* [urine] • **PT** *urina* **Beispiller** Äert **Waasser** muss ënnersicht ginn; ech krut Antibiotiquë verschriwwen, well ech Bakterien am **Waasser** hat; no senger Operatioun hat hie Problemer, fir d'**Waasser** ze halen; ziel deem näischt virun, dee kann d'**Waasser** net halen [ziel deem näischt virun, dee kann näischt fir sech halen] **5.** (kee Pluriel) **DE** *Fruchtwasser* • **FR** *eaux* [liquide amniotique] • **EN** *waters* [amniotic fluid] • **PT** *água* [líquido amniótico] **Beispill** ech hu meng Fra an d'Maternité gefouert, wéi se d'**Waasser** verluer hat

Waasseranalys [v'a:seanali:s] Femininum (Pluriel **Waasseranalysen**) **1.** **DE** *Wasseranalyse*, *Wasseruntersuchung* • **FR** *analyse des eaux* • **EN** *water analysis* • **PT** *análise da água* **Beispill** d'Resultater vun der leschter **Waasseranalys** weisen, datt d'Pollutioun zeréckgaangen ass **2.** **DE** *Urinuntersuchung* • **FR** *analyse des urines* • **EN** *urinalysis* • **PT** *análise da urina* **Beispill** d'**Waasser**-analys huet gewisen, datt ech eng Blosenentzündung hunn

Waasserauer Femininum (Pluriel **Waasseraueren**)

i Hei entstee en neien Artikel.

Waasserbaseng [v'a:sebazɛŋ] Maskulinum (Pluriel **Waasserbasengen**) **DE** *Trinkwasserbecken*, *Wasserspeicher* • **FR** *réservoir (d'eau potable)* • **EN** *water reservoir* • **PT** *tanque (de água potável)* **Beispill** um Fong vum **Waasserbaseng** hu sech Mineralien ofgesat, déi elo mussen erausgefiltrert ginn

Waasserbëlleg [va:seb'ələɕ] Eegennumm **DE** *Wasserbillig* • **FR** *Wasserbillig* • **EN** *Wasserbillig* • **PT** *Wasserbillig* **Beispiller** ech wunnen zu **Waasserbëlleg**; fiert dëse Bus op **Waasserbëlleg**?

Waasserdamp [v'a:sedamp] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Wasserdampf* • **FR** *vapeur d'eau* • **EN** *steam* • **PT** *vapor de água* **Beispill** déi al Lokomotiv gëtt mat **Waasserdamp** ugedriwwen

waasserdicht [v'a:sediçt] Adjektiv **DE** *wasserdicht* • **FR** *étanche*, *impermeable* • **EN** *waterproof* • **PT** *impermeável*, *à prova de água* **Beispiller** meng nei Jackett war zwar deier, mee se ass emol net **waasserdicht**; du muss deng Schong behandelen, fir datt se **waasserdicht** sinn

i Variant: wasserdicht

Waasserdrëps [v'a:sedrəps] Femininum (Pluriel **Waasserdrëpsen**) **DE** *Wassertropfen* • **FR** *goutte d'eau* • **EN** *drop of water* • **PT** *gota de água* **Beispill** d'**Waasser**-drëpsen hielegen de Steen ëmmer méi aus

Waasserfaarf [v'a:sɛfa:f] Femininum (Pluriel **Waasserfaarwen**) **DE** *Wasserfarbe* • **FR** *aquarelle* [peinture délavable] • **EN** *watercolour* • **PT** *aguarela* [tinta] **Beispill** haut hunn d'Kanner an der Spillschoul mat **Waasserfaarwe** gemoolt

Waasserfaass [v'a:sɛfa:s] Neutrum (Pluriel **Waasserfässer**) **1.** **DE** *Wasserfass* [Viehtränke] • **FR** *citerne à eau* [abreuvoir mobile] • **EN** *water tank*, *water trough* [mobile] • **PT** *cisterna de água* [bebedouro móvel] **Beispill** de Bauer huet de Béischen e **Waasserfaass** an d'Perch gefouert **2.** **DE** *Regentonne* • **FR** *cuve pour eau de pluie*, *cuve à eau* • **EN** *rain barrel*, *water butt* • **PT** *bidão para a água da chuva*, *tonel de água* **Beispill** hanner eisem Gaardenhaische steet e **Waasserfaass**, fir d'Reewaasser opzefänken

Waasserfall [v'a:sɛfal] Maskulinum (Pluriel **Waasserfäll**) **DE** *Wasserfall* • **FR** *chute (d'eau)* • **EN** *waterfall* • **PT** *queda-d'água* **Beispiller** op eiser Rees hu mir e gewaltege **Waasserfall** gesinn; hie riet ewéi e **Waasserfall** [hie riet, ouni eng Paus ze maachen]

i Variant: Wasserfall

Waasserfläsch [v'a:sɛflæʃ] Femininum (Pluriel **Waasserfläschchen**) **1.** **DE** *Wasserflasche* • **FR** *bouteille à eau* • **EN** *water bottle* • **PT** *garrafa de água* **Beispill** fir ze näzen huelen ech eng **Waasserfläsch** amplaz eng Strenz **2.** **DE** *Ente* [Uriniergefäß] • **FR** *urinal* • **EN** *urinal*, *bed-bottle* • **PT** *urinol* [vaso portátil] **Beispill** wéi ech am Streckverband louch, war ech op d'**Waasserfläsch** ugewisen

Waasserfliedermaus [v'a:sɛfliədɛmæ:ʊs] Femininum (Pluriel **Waasserfliedermais**) **Myotis daubentonii** **DE** *Wasserfledermaus* • **FR** *murin de Daubenton* • **EN** *Daubenton's bat* • **PT** *morcego-de-água* **Beispill** d'**Waasserfliedermaus** flitt nëmmen e puer Zentimeter iwwer dem **Waasser**, fir Insekten an esouguer kleng Fësch ze fänken

Waasserfuite [v'a:sɛfuit] Femininum (Pluriel **Waasserfuitten**) **DE** *Wasserleck* • **FR** *fuite d'eau* • **EN** *water leak* • **PT** *fuga de água* **Beispill** de Kuerzschluss ass méiglecherweis duerch eng **Waasserfuite** ausgeléist ginn

Waasserglace Femininum (Pluriel **Waasserglacen**)

i Hei entstee en neien Artikel.

Waassergruief Maskulinum (Pluriel **Waassergrief**) **DE** *Wassergraben* • **FR** *douve* [fossé rempli d'eau] • **EN** *moat* • **PT** *fosso*, *vala* **Beispill** fir d'Stad besser ze verteidegen, war fréier e **Waassergruief** virun der Festungsmauer

Waasserhaushalt [v'a:sehæ:ʊshalt] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *Wasserhaushalt* [eines Organismus] • FR *équilibre hydrique* [d'un organisme] • PT *balanço hídrico* [de um organismo] **Beispill** a menger Dokteraar-becht hunn ech mech mam Waasserhaushalt vu verschidde Planze beschäftegt **2.** DE *Wasserhaushalt* [Wasserwirtschaft] • FR *consommation en eau* • PT *gestão dos recursos hídricos* **Beispill** duerch de Klimawandel gëtt en ausgeglachene Waasserhaushalt ëmmer méi wichteg

Waasserhéngchen [v'a:sehɛŋçən] Neutrum (Pluriel Waasserhéngercher) *Gallinula chloropus* DE *Teichhuhn* • FR *poule d'eau* • EN *common moorhen* • PT *galinha-d'água* **Beispill** wéi laang bréien d'Waasserhéngercher?

Waasserjërferchen Femininum (Pluriel Waasserjërfercher) - Diminutivform vun ↗ **Waasserjoffer**

Waasserjoffer [v'a:sejofɛ] Femininum (Pluriel Waasserjofferen) DE *Wasserjungfer*, *Libelle* • FR *démouille*, *libellule* • EN *damsel* • PT *libelinha*, *libélula* **Beispill** am Summer gesäit ee bei eisem Weier vill Waasserjofferen **Synonym** Libell

Waasserleitung [v'a:selaɪtʊŋ] Femininum (Pluriel Waasserleitungen) DE *Wasserleitung* • FR *conduite d'eau* • EN *water pipe* [tube] • PT *conduta de água* **Beispill** hënt war et esou kal, datt bei eis d'Waasserleitung an der Garage zougefruer ass

i Variant: **Wasserleitung**

Waasserloossen [v'a:selo:sən] Neutrum (kee Pluriel) DE *Wasserlassen*, *Urinieren* • FR *miction* • EN *passing water*, *urination* • PT *micção* **Beispill** datt Brennen, datt ech beim Waasserloossen hunn, gëtt ëmmer méi staark

Waassermangel [v'a:sɛmɑŋɐl] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Wassermangel*, *Wasserknappheit* • FR *pénurie d'eau* • EN *water shortage* • PT *falta de água* **Beispill** duerch déi laang Dréchent leit d'Géigend un akutem Waassermangel **Synonym** Waassermanktem

Waassermanktem [v'a:sɛmɑŋktɛm] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Wassermangel*, *Wasserknappheit* • FR *pénurie d'eau* • EN *water shortage* • PT *falta de água* **Beispill** duerch déi laang Dréchent leit d'Géigend un akutem Waassermanktem **Synonym** Waassermangel

Waassermann [v'a:sɛmɑn] Maskulinum (Pluriel Waassermänner) DE *Wassermann* [Sternzeichen] • FR *Verseau* [signe astrologique] • EN *Aquarius*, *the Water Carrier*, *the Water Bearer* [sign of the zodiac] • PT *Aquário* [signo do zodíaco] **Beispiller** de Waassermann ass ent vum den zwielef Stärezeichen; meng Eltere sinn allen zwee Waassermann am Horoskop; ech versti mech gutt mat Waassermänner

Waassermärel [v'a:sɛmɛ:rəl] Femininum (Pluriel Waassermärelen) *Cinclus cinclus* DE *Wasseramsel* • FR *cincle plongeur* • EN *white-throated dipper* • PT *melro-d'água* **Beispill** wéi laang bréien d'Waassermärelen?

Waassermeloun [v'a:sɛmɛ:ləʊn] Femininum (Pluriel Waassermelounen) DE *Wassermelone* • FR *pastèque* • EN *watermelon* • PT *melancia* **Beispill** bei där Hézt geet näischt iwuer e gutt Stéck Waasser-

meloun

Waassermillen [v'a:sɛmilən] Femininum (Pluriel Waassermillen) DE *Wassermühle* • FR *moulin à eau* • PT *azenha*, *moínho de água* **Beispill** déi al Waassermille gëtt restauréiert

Waasserpegel [v'a:sɛpɛ:zəl] Maskulinum (Pluriel Waasserpegelen) DE *Wasserpegel* • FR *niveau des eaux* • PT *nível das águas* **Beispill** aktuell läit de Waasserpegel vun der Baach bei 90 Zentimeter

Waasserpiipert [v'a:sɛpi:pɛt] Maskulinum (Pluriel Waasserpiiperten) *Anthus spinoletta* DE *Bergpieper* • FR *pipit spioncelle* • EN *water pipit* • PT *petinha-ribeirinha* **Beispill** wéi laang bréien d'Waasserpiiperten?

Waasserpouken [v'a:sɛpəʊkən] Substantiv (kee Singulier) DE *Windpocken* • FR *varicelle* • EN *chickenpox* • PT *varicela* **Beispill** d'Kanner hu sech mat de Waasserpouken ugestach

Waasserprouf [v'a:sɛprəʊf] Femininum (Pluriel Waasserprouwen) **1.** DE *Wasserprobe* [Entnahme, Untersuchung] • FR *prélèvement d'eau*, *analyse de l'eau* • EN *water sample* [procedure] • PT *recolha de água*, *análise da água* **Beispill** well verschidde Fabriken hieert Ofwaasser an d'Baach lafe gelooss hunn, gi reegelméisseg Waasserprouwe geholl **2.** DE *Wasserprobe* [Teilmenge] • FR *échantillon d'eau* • EN *water sample* [specimen] • PT *amostra de água* **Beispill** d'Waasserprouwe goufen an de Laboratoire geschéckt

Waasserrall [v'a:sɛrəl] Femininum (Pluriel Waasserrallen) *Rallus aquaticus* DE *Wasserralle* • FR *râle d'eau* • EN *water rail* • PT *frango-d'água* **Beispill** wéi laang bréien d'Waasserrallen?

Waasserreserv [v'a:sɛrɛzɛrf] Femininum (Pluriel Waasserreserven) DE *Wasserreserve* • FR *réserve d'eau* • EN *water reserve* • PT *reserva de água* **Beispill** fir méi Waasserreserven ze hunn, ginn uechter d'Welt ëmmer méi grouss Stauséei geplangt

Waasserrouer [v'a:sɛrəʊɐ] Maskulinum (Pluriel Waasserréier) DE *Wasserrühr* • FR *conduite d'eau* • PT *cano de água*, *conduta de água* **Beispiller** den ale Waasserrouer gëtt ersat, wann d'Afaart nei gemaach gëtt; an de Waasserréier hu sech vill Kallek ofgesat

Waasserschued [v'a:sɛʃuət] Maskulinum (Pluriel Waasserschied) DE *Wasserschaden* • FR *dégât des eaux* • PT *dano causado pelas águas* **Beispill** mell dee Waasserschued léiwer direkt bei der Assurance!

Waasserspëtzmäus [v'a:sɛʃpɛtsmæ:ʊs] Femininum (Pluriel Waasserspëtzmäis) *Neomys fodiens* DE *Wasserspitzmaus* • FR *crossope aquatique* • EN *water shrew* • PT *musaranho-aquático-europeu* **Beispill** d'Waasserspëtzmäus fänkt gréisser Déieren ewéi Fräschen, Fësch oder Molche mat engem Gëft, dat fir dës Déieren déidlech ass

Waasserstand Maskulinum (Pluriel Waasserstänn)

i Hei entsteet en neien Artikel

Waassersteen [v'a:sɛfte:n] Maskulinum (Pluriel Waassersteng) DE *Spüle*, *Spülbecken* • FR *évier* • EN *sink* [basin] • PT *lava-louça*, *pia* **Beispill** dréck de Schwamp

iwwerem Waassersteen aus! **Synonym** Spullsteen

Waasserstoff [v'a:seftɔf] Maskulinum (kee Pluriel)
1. [Chimie] **DE** Wasserstoff [chemisches Element] • **FR** hydrogène [élément chimique] • **EN** hydrogen [chemical element] • **PT** hidrogénio [elemento químico] **Beispill** d'Element Waasserstoff gehéiert zum Grupp vun den Netmetaller **2.** **DE** Wasserstoff [Gas] • **FR** hydrogène [gaz] • **EN** hydrogen [gas] • **PT** hidrogénio [gás] **Beispiller** mir hunn e Motor vun engem Auto esou ëmgebaut, datt e mat Waasserstoff funktionéiert; bei Autoen, déi mat Waasserstoff ugedriwwen ginn, kënnt aus dem Auspuff nëmme Waasserdamp eraus

Waassertuerm [v'a:setu:gm] Maskulinum (Pluriel Waassertiern) **DE** Wasserturm • **FR** château d'eau • **EN** water tower • **PT** reservatório elevado de água **Beispiller** den neie Waassertuerm packt 500.000 Liter; vum Waassertuerm aus kanns de iwwer d'ganz Stad kucken

Waasserverbrauch [v'a:sɛfɛbræ:ʊx] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Wasserverbrauch • **FR** consommation d'eau • **EN** water consumption • **PT** consumo de água **Beispill** weinst der Dréchent goufen d'Leit derzou opgefuerdert, hire Waasserverbrauch ze reduzéieren

Waasserverdrängung [v'a:sɛfedræŋŋ] Femininum (Pluriel Waasserverdrängungen) **DE** Wasserverdrängung • **FR** déplacement (d'eau) • **PT** deslocamento (de água) **Beispill** et passe Schëffer mat enger maximaler Waasserverdrängung vun 3500 Tonnen an d'Schleis

Waasserwierk [v'a:sevi:gk] Neutrum (Pluriel Waasserwierker) **DE** Wasserwerk • **FR** services de distribution d'eau • **EN** waterworks • **PT** serviços de distribuição de água **Beispill** d'Waasserwierk huet eng nei Quell faasst

Wab [va:p] Femininum (Pluriel Waben) **DE** Wabe • **FR** rayon [d'une ruche] • **EN** honeycomb • **PT** favo [de uma colmeia] **Beispill** an der Schleider gött den Hunneg vun de Wabe getrennt

Wach [vax] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Bewegungsfreiheit [Möglichkeit sich zu rühren, Spielraum] • **FR** liberté de bouger, liberté de mouvement, liberté de circuler, liberté d'agir • **EN** room to move, elbow room • **PT** liberdade para se mover, liberdade de movimentos, liberdade para circular, liberdade para agir **Beispiller** wa mer zerguttst geraumt hunn, kréie mer och nees méi Wach an eisem Keller; an dëser butzeger Dusch huet ee kee Wach; wann d'Kanner bis aus dem Haus sinn, hu mer erëm méi Wach am Haus; fir dëst Joer hu mer kee Wach méi an eisem Budget

Wachkoma [v'axko:ma:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Wachkoma • **FR** coma vigile • **EN** coma vigil, persistent vegetative state • **PT** coma vigil **Beispill** am Wachkoma huet de Patient zwar d'Aen op, mee hie reagéiert net op Reizer vu baussen

Variant: Waachkoma

wackeleg [v'akələç] Adjektiv **DE** wackelig [instabil] • **FR** bancale, branlant [instable] • **EN** wonky, wobbly • **PT** manco [instável], a abanar **Beispiller** pass op, dee Stull ass wackeleg!; eist Krappetg spillt ëmmer mat der

Zong un engem wackelegen Zant; no där laanger Krankheet ass hien nach wackeleg op de Been [égs] [no där laanger Krankheet ass hien nach schwach]; de Kompromëss steet op wackelege Féiss [égs] [de Kompromëss ass ongewëss]

wackelen [v'akələŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewackelt) » **intransitiv 1.** **DE** wackeln [lose sein, schwanken] • **FR** bouger, branler • **EN** to wobble • **PT** abanar, vacilar **Beispiller** dee Klengen huet en Zant, dee wackelt; ech hält gär en anere Stull, deen heite wackelt; wann den Zuch laanschtfiert, da wackele bei eis d'Tasen am Schaf **2.** wackele mat **DE** wackeln mit, wedeln mit • **FR** remuer, bouger [une partie du corps] • **EN** to wiggle, to wag • **PT** abanar [uma parte do corpo] **Beispiller** kanns du och mat den Ouere wackelen?; den Hond wackelt mam Schwanz

Wackelkontakt [v'akələkontakt] Maskulinum (Pluriel Wackelkontakter) **DE** Wackelkontakt • **FR** faux contact • **EN** loose connection • **PT** mau contacto **Beispiller** d'Luucht huet e Wackelkontakt; de Wackelkontakt huet en technesche Problem ausgeléist

Wärmt [vɛ:gmt] Femininum (kee Pluriel) **1.** **DE** Wärme [Temperatur] • **FR** chaleur [température] • **PT** calor [temperatura] **Beispill** am Mäerz huet een d'Wärmt vun der Sonn scho gespuert **Synonym** Hëtz **2.** **DE** Wärme [Herzlichkeit] • **FR** chaleur [affection] • **PT** calor [afeto] **Beispill** d'Kanner brauchen doheem Wärmt an Ënnerstützung

Wäert [vɛ:gt] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Wert [Marktwert] • **FR** valeur [marchande] • **EN** value [monetary worth] • **PT** valor [de mercado] **Beispiller** de Proprietär huet de Wäert vu senger Bauplach schätze gelooss; meng Aktien hunn d'lescht Woch vill u Wäert verluer **Synonym** Valeur **2.** (kee Pluriel) **DE** Wert [Bedeutsamkeit, Wichtigkeit, Gewicht] • **FR** valeur, importance • **EN** value [worth, importance] • **PT** valor, importância **Beispiller** de kënschtleresche Wäert vun dësem Tablo gött staark iwwerschat; déi Auer, déi ech vu mengem Papp geierft hunn, huet just e perséinleche Wäert; ech leeë grouse Wäert op Pénktlechkeet [fir mech ass d'Pénktlechkeet ganz wichteg]; et huet kee Wäert, sech weinst esou enger Klenggekeet opzereegen [et ass net derwäert, sech weinst esou enger Klenggekeet opzereegen] **Synonym** Valeur **3.** (Pluriel Wäerter) **DE** Wert [Grundsatz, Ideal] • **FR** valeur, principe • **EN** value [principle, ideal] • **PT** valor, principio **Beispill** d'Meenungsfräiheet an d'Chancëgläichheet sinn zwee wichteg Wäerter an eiser Gesellschaft **Synonym** Valeur **4.** (Pluriel Wäerter) **DE** Wert [Messwert] • **FR** valeur [mesure] • **EN** (measured) value, measurement • **PT** valor [quantidade medida] **Beispill** wann d'Radioaktivitéit e bestëmmte Wäert erreecht, muss d'Bevëlkerung evaküiert ginn **Synonym** Valeur

wäert [vɛ:gt] Adjektiv wäert sinn **DE** wert sein [kosten] • **FR** valoir [couûter] • **EN** to be worth • **PT** valer [custar] **Beispiller** dee raren Timber wier méi wäert, wann e seng Zacken nach all hält; wat ass esou en Oldtimer wäert?; probéier, deng Aktien ofzestoussen, ier se guer näischt méi wäert sinn!; deen ass seng Sue wäert [deen ass en Unikum; deen ass ganz kompetent]; deen ass kee Schotz Polver wäert [op dee kanns de dech net verlooßen]

wäerten [v'ɛ:ɣtən] Modalverb **1.** DE werden {drückt eine Möglichkeit, eine Wahrscheinlichkeit, eine Vermutung, eine Hoffnung, eine Befürchtung aus} • FR *exprime une éventualité, une probabilité, une hypothèse, un espoir, une crainte* • EN *will* {expressing a possibility, a propability, a wish, a fear} • PT *exprime uma eventualidade, uma probabilidade, uma hipótese, uma esperança, um receio* **Beispiller** si wäerten ni en Amateur fanen, wann se de Präis vum Haus net erfsetzen; däin Dram wäert sech wuel ni erfüllen; e wäert jo keen Accident gehat hunn; ech wäert mech gëschter am Bus ugestach hunn; ech huet vill geschneit, si wäerte sech verspéiden; et hunn d'Bild mat engem eenzege Noll opgehaangen, dat wäert jo alt halen **2.** DE werden {drückt eine Gewissheit über Zukünftiges, eine Drohung aus} • FR *aller* {exprime une certitude pour le futur, un avertissement} • EN *will* {expressing an assertion about the future, a warning} • PT *ir, haver de* {exprime a certeza de uma ação futura, uma advertência} **Beispiller** d'Wieder wäert sech änneren; ech wäert Är Demande un déi verantwortlech Instanz weiderreechen; fir Iessen an Drénke wäert beschdens gesuert sinn; du wäerts dech nach wonneren, wat geschitt, wann s de mer net d'Wouerecht sees!; du wäerts dech dach elo packen! [gëff dech elo!]

Wäertpabeier [v'ɛ:ɣtpabɛiɐ] Maskulinum (Pluriel Wäertpabeieren) DE *Wertpapier* • FR *titre* {produit bancaire} • EN *bond, security* • PT *título, papel de crédito* **Beispill** d'Ierwen hunn all dem Monni seng Wäertpabeiere verkaaft

Wäertsach [v'ɛ:ɣtʒa:χ] Femininum (Pluriel Wäertsachen) (meeschtens Pluriel) DE *Wertsache* • FR *objet de valeur* • EN *valuable* • PT *objeto de valor* **Beispiller** d'Gäschtt kënnen hir Wäertsachen am Safe vum Hotel deponéieren; looss keng Wäertsachen am Auto leien!

wäertschätzen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé wäertgeschätzt)

 Hei entsteet en neien Artikel.

Wäertschätzung Femininum (Pluriel Wäertschätzungen)

 Hei entsteet en neien Artikel.

wäertvoll [v'ɛ:ɣtfol] Adjektiv **1.** DE *wertvoll* {kostbar} • FR *précieux, de grande valeur* {d'un prix élevé} • EN *valuable* {precious} • PT *precioso, valioso* {de preço elevado} **Beispill** hien huet a senger Timberesammlung e puer wäertvoll Eenzelstécker **2.** DE *wertvoll* {nützlich} • FR *précieux* {utile} • EN *valuable* {useful} • PT *precioso, valioso* {útil} **Beispill** ech soen Iech Merci fir Är wäertvoll Hëllef!

Waff [vaf] Femininum (Pluriel Waffen) DE *Waffe* • FR *arme* • EN *weapon, arm* • PT *arma* **Beispiller** dem Gangster seng Waff war nëmmen eng Attrapp; dee pensionéierten Offizéier sammelt Waffe vu verschiddene Kalibren

Waffegewalt [v'afəɣəvalt] Femininum (kee Pluriel) DE *Waffengewalt* • FR *force des armes* • EN *armed force* • PT *força das armas* **Beispill** d'Rebellen hu mat Waffegewalt probéiert, d'Regierung ze stierzen

Wäffelchen [v'æfəlçən] Femininum (Pluriel Wäffelcher) DE *Wäffelhörnchen* • FR *gaufrette* {roulée en cornet} • EN *cone waffle* • PT *bolacha belga* {enrolada}, {cone de} waffle **Beispill** mir krute beim Kaffi Wäffelcher zerweiert

Wäffelcherseisen [v'æfəlçɛzɛizən] Neutrum (Pluriel Wäffelcherseisen) DE *Wäffelhörnchenseisen* • FR *gaufrier à gaufrettes fines* • EN *cone waffle maker* • PT *máquina de bolachas belgas, máquina de waffles* **Beispill** mat mengem neie Wäffelcherseise verbrenne mer d'Wäffelcher net méi esou séier

Waffenexport [v'afənækspɔɐt] Maskulinum (Pluriel Waffenexporter) DE *Waffenexport* • FR *exportation d'armes* • EN *weapons export, arms export* • PT *exportação de armas* **Beispill** de Waffenexport a Krichsgebieder misst verbuede ginn

Waffenhandel [v'afənhandəl] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Waffenhandel* • FR *commerce d'armes, trafic d'armes* • EN *arms trade* • PT *comércio de armas, tráfico de armas* **Beispill** d'Regierung wëllt méi staark géint den illegale Waffenhandel virgoen

Waffenindustrie [v'afənindustri:] Femininum (kee Pluriel) DE *Waffenindustrie* • FR *industrie de l'armement* • EN *arms industry* • PT *indústria de armamento* **Beispill** duerch dee Krich konnt d'Waffenindustrie hiren Émsaz staark verbesseren

Wafferou [v'afəɐʊ] Femininum (Pluriel Wafferouen) DE *Waffenruhe* • FR *cessez-le-feu, trêve* • EN *cease-fire* • PT *cessar-fogo, trégua* **Beispill** d'Wafferou gouf gebrauch an déi zwou Parteie gi sech géigesäiteg d'Schold

Waffeschäin [v'afəʃæ:ɪn] Maskulinum (Pluriel Waffeschäiner) **1.** DE *Waffenschein* {Zulassung} • FR *permis de port d'armes* {licence} • EN *gun licence* {permission} • PT *licença de uso e porte de arma* {permissão} **Beispill** Dir erfëllt net déi néideg Konditiounen, fir e Waffeschäin ze kréien **2.** DE *Waffenschein* {Dokument} • FR *permis de port d'armes* {document} • EN *gun licence* {document} • PT *licença de uso e porte de arma* {documento} **Beispill** mäi Bop huet säi Waffeschäin am Safe agespaart

Waffestëllstand Maskulinum (kee Pluriel) DE *Waffenstillstand* • FR *armistice* • EN *armistice* • PT *armistício* **Beispill** e Waffestëllstand ass d'Viraussetzung fir Gespräicher tëscht de Géigner

Waggon [v'agɔ̃:] Maskulinum (Pluriel Waggonen) DE *Waggon, Eisenbahnwagen* • FR *wagon* {véhicule} • EN *wagon, carriage* {railway}, *wagon* {cart} • PT *vagão, carruagem* **Beispiller** de Waggon ass fir eng maximal Charge vu véierzeg Tonnen zougelooos; déi lescht Waggone ginn ofgekoppelt; den éischte Waggon ass reservéiert fir d'éischt Klass; fir d'Bauere gouf e ganze Waggon (voll) Konschtdünger geliiwert

Wäibau [v'æ:ɪbæ:ʊ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Weinbau* • FR *viticulture* • EN *viniculture, viticulture* • PT *viticultura* **Beispill** de Landwirtschaftsminister ass och zoustänneg fir de Wäibau

wäichen [v'æ:ɪçən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gewach) » **intransitiv** DE *weichen* {weggehen} • FR

s'écarter, bouger • EN *to budge, to move* • PT *afastar-se, mexer-se* **Beispiller** den Hond ass de ganze Moien net vun der Hausdier gewach; well d'Demonstranten net gewach sinn, huet d'Police zu méi drastesche Methode gegruff

i Verben, déi **wäichen** als Basis hunn: **auswäichen** an **ofwäichen**

Wäicherdang [v'æ:ɪçɛdɑŋ] Eegennumm DE *Weicherdingen* • FR *Weicherdange* • EN *Weicherdange* • PT *Weicherdange* **Beispiller** ech wunnen zu Wäicherdang; fiert dese Bus op Wäicherdang?

Wäifaass [v'æ:ɪfa:s] Neutrum (Pluriel Wäifässer) DE *Weinfass* • FR *fût, tonneau (de vin)* • EN *wine cask, wine barrel* • PT *pipa (de vinho), barril (de vinho)* **Beispill** de Kellermeschter huet d'Wäifässer geschwiewelt

Wäifest [v'æ:ɪfæst] Neutrum (Pluriel Wäifester) DE *Weinfest* • FR *fête du vin* • EN *wine festival, wine fest* • PT *feira do vinho* **Beispiller** um Wäifest hate vill Leit een iwwer den Duuscht gedronk; all d'Wënzer aus dem Duerf ware mat engem Stand um Wäifest vertrueden

Wäifläsch [v'æ:ɪflæʃ] Femininum (Pluriel Wäifläschchen) DE *Weinflasche* • FR *bouteille à vin* • EN *wine bottle* • PT *garrafa de vinho* **Beispill** ech muss nach d'Wäifläschchen an de Glascontainer féieren

Wäifleck [v'æ:ɪflæk] Maskulinum (Pluriel Wäiflecken) **1.** DE *Weinfleck* • FR *tache de vin [marque salissante]* • EN *wine stain* • PT *mancha de vinho [nódoa]* **Beispiller** de Wäifleck ass an der Botzerei net erausgaangen; Salz ass e gutt Mëttel géint Wäiflecken **2.** DE *Feuermal* • FR *tache de vin [envie]* • EN *port wine stain* • PT *mancha de vinho do Porto [nevo]* **Beispill** hien huet e Wäifleck am Gesiicht

Wäigéigend [v'æ:ɪgɛizənt] Femininum (Pluriel Wäigéigenden) DE *Weingegend* • FR *région viticole* • EN *wine-producing region* • PT *região vinícola* **Beispill** mir ginn am léifsten an eng Wäigéigend an d'Vekand

Wäiglas [v'æ:ɪgla:s] Neutrum (Pluriel Wäiglieser) DE *Weinglas* • FR *verre à vin* • EN *wine glass* • PT *copo de vinho [recipiente]* **Beispill** mir krute fir d'Hochzäit zwou Dose kristalle Wäiglieser geschenkt

Wäikeller [v'æ:ɪkæle] Maskulinum (Pluriel Wäikelleren) DE *Weinkeller* [zur Lagerung] • FR *cave à vin* • EN *wine cellar* • PT *adega, garrafeira [cave]* **Beispiller** am Wäikeller vum neie Restaurant leien e puer ganz rar Fläschchen; mäi Schwéierpapp huet e schéine Wäikeller [mäi Schwéierpapp huet ganz gutt Fläsche Wäin a sengem Wäikeller leien]

Wäikëscht [v'æ:ɪkæft] Femininum (Pluriel Wäikëschten) DE *Weinkiste* • FR *caisse de vin* • PT *caixa de vinho* **Beispiller** meng Kolleegin huet sech aus enger aler Wäikëscht en Nuetsdësch gebaut; dese Wënzer liwwert säi Wäin nach an hëlze Wäikëschten aus

Wäin [væ:ɪn] Maskulinum (Pluriel Wäiner) **1.** DE *Wein* [Getränk] • FR *vin [boisson]* • EN *wine [drink]* • PT *vinho [bebida]* **Beispiller** ech drénke beim Iesse gären e Pättche Roude Wäin; déi meescht Wäiner vun deem Joergang si besonnesch gutt; fir e Kompromëss ze fangen, hu mer vill Waasser an eise Wäi misse schëdden

[ɛɡs] [fir e Kompromëss ze fangen hu mer missen op ville Positiounen noginn]; ech hunn em klore Wäin erausgeschott [ɛɡs] [lech hunn em déi ganz Wouerecht gesot] **2.** Wëlle Wäin DE *Wilder Wein, Wilde Rebe* [Zierpflanze] • FR *vigne vierge* • EN *Virginia creeper* • PT *vinha-virgem* **Beispill** déi ganz Pergola ass bewuess mat Wëllem Wäin **Synonym** Wëll Rief **3.** offene Wäin DE *offener Wein* • FR *vin au verre, vin au pichet* • EN *wine by the glass, wine by the carafe* • PT *vinho a copo, vinho a jarro* **Beispill** an deem Restaurant kriss de offene Wäin

Wäinamateur [v'æ:ɪnamatœ:r] Maskulinum (Pluriel Wäinamateuren) DE *Weinliebhaber* • FR *amateur de vin* • EN *wine connoisseur, wine lover* • PT *apreciador de vinho* **Beispill** mat deem Cru mécht een all Wäinamateure eng Freed

Wäinhandel [v'æ:ɪnhændəl] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Weinhandel* • FR *négoce de vin* • EN *wine business* • PT *comércio de vinho* **Beispill** de Restaurateur bedreift niewelaanscht e klenge Wäinhandel

Wäinhändler [v'æ:ɪnhændlə] Maskulinum (Pluriel Wäinhändler) DE *Weinhändler* • FR *négociant en vins* • EN *wine merchant* • PT *negociante de vinhos* **Beispiller** mäi Papp ass Reesender bei engem Wäinhändler; déi lokal Kellerei huet e puer grouss auslännesch Wäinhändler an hirer Clientèle

i Weiblech Form: **Wäinhändlerin**

Wäinhändlerin [v'æ:ɪnhændlərin] Femininum (Pluriel Wäinhändlerinnen) DE *Weinhändlerin* • FR *négociante en vins* • PT *negociante de vinhos [mulher]* **Beispill** meng Wäinhändlerin huet mer e gudde Roude Wäin proposéiert

i Männlech Form: **Wäinhändler**

Wäinheffebrantewäin Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Wäinheffen Femininum (Pluriel Wäinheffen) - Kuerzform vun **Wäinheffendrépp**

Wäinheffendrépp Femininum (Pluriel Wäinheffendréppen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Kuerzform: **Wäinheffen**

Wäinzoossiss Femininum (Pluriel Wäinzoossissen) DE *Weinwurst* • FR *saucisse au vin (blanc)* • EN *wine-infused sausage* • PT *salsicha de vinho (branco)* **Beispill** samschdes huet eis Boma ëmmer Wäinzoossiss mat Moschterzooss, Püree a Kompott gemaach

Wäipress Femininum (Pluriel Wäipressen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Wäiprouf [v'æ:ɪprœʊf] Femininum (Pluriel Wäiprouwen) DE *Weinprobe* • FR *dégustation de vins* • PT *prova de vinhos, degustação de vinhos* **Beispill** bei eis-er leschter Wäiprouf hu mer en excellenten Auxerrois geschmaacht

Wäirauch [v'æ:ɪræ:ʊχ] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun **Weirauch**

Wäirauchfaass [v'æ:ɪRæ:ʊχfa:s] Neutrum (Pluriel Wäirauchfässer) - Variant vun ↗Weirauchfaass

Wäirauchfässchen [v'æ:ɪRæ:ʊχfæsçən] Neutrum (Pluriel Wäirauchfässercher) - Diminutivform vun ↗Weirauchfaass

Wäirief [v'æ:ɪRiəf] Femininum (Pluriel Wäiriewen) DE *Weinrebe* • FR (*pied de*) *vigne, cep* • EN *grapevine* • PT *videira, cepa* **Beispill** mäi Papp huet eng Wäirief bei d'Pergola geplanz; déi krank Wäiriewe goufe vum Wënzer duerch neier ersat

Wäisheet Femininum (Pluriel Wäisheeten) - Variant vun ↗Weisheet

Wäisheetszant [v'æ:ɪshe:tstʰant] Maskulinum (Pluriel Wäisheetszänn) DE *Weisheitszahn* • FR *dent de sagesse* • EN *wisdom tooth, third molar* • PT *dente do siso, terceiro molar* **Beispill** ee vu mengen ieweschte Wäisheetszänn huet misse gerappt ginn, well e schif an de Bak gewuess ass

wäismaachen [v'æ:ɪsma:χən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé wäisgemaach / wäisgemaacht) » **transitiv** DE *weismachen* • FR *faire croire à* • EN *to make believe, to lead to believe* • PT *fazer crer a* **Beispill** eis Kanner wollten eis wäismaachen, datt se näischt mat deem Sträit ze dinn hätten

wäiss [væ:ɪs] Adjektiv **1**. DE *weiß* [Farbe] • FR *blanc* [*couleur*] • EN *white* [*colour*] • PT *branco* [*cor*] **Beispill** eng wäiss Dauf symboliséiert de Fridden; am Krichsgebitt hunn d'Ziviliste mat engem wäisse Fändel op sech opmierksam gemaach; ech kann der dat schwaarz op wäiss ginn lech kann der dat schrëftlech ginn; mengt der, et gëtt dëst Joer e wäisse Chrëschttag? Imengt der, et läit dëst Joer Schnéi fir Chrëschttag?; dat ass esou rar ewéi déi wäiss Mais [dat ass ganz rar]; am Ausgang vum Duerf stinn d'Wäiss Mais [ég] [am Ausgang vum Duerf steet d'Police]; an der Prüfung hunn ech e wäisst Blat ofginn [an der Prüfung hunn ech en eidelt Blat ofginn]; ech hu kee Rouden a kee Wäisse méi! [ég] [lech hu guer keng Sue méi] **2**. DE *weiß* [*von heller Hautfarbe*] • FR *blanc* [*de peau*] • EN *white* [*skin colour*] • PT *branco* [*de pele clara*] **Beispill** eis Fussballsekipp besteet zur Hallschent aus schwaarzen an zur Hallschent aus wäisse Spiller

Wäissbaartséischemuebel [v'æ:ɪsba:rtzɪf-muəbəl] Femininum (Pluriel Wäissbaartséischemuebelen) *Chlidonias hybrida* - Variant vun ↗Wäissbaartséischemuewel

Wäissbaartséischemuewel [v'æ:ɪsba:rtzɪf-muəvəl] Femininum (Pluriel Wäissbaartséischemuewelen) *Chlidonias hybrida* DE *Weißbart-See-schwalbe* • FR *guifette moustac* • EN *whiskered tern* • PT *gaivina-de-faces-brancas* **Beispill** wéi laang bréien d'Wäissbaartséischemuewelen?

i Variant: Wäissbaartséischemuebel

Wäissbandkräizschniewel [v'æ:ɪsbantkræ:ɪt-sfniəvəl] Maskulinum (Pluriel Wäissbandkräizschniewelen) *Loxia leucoptera* DE *Bindenkreuzschnabel* • FR *bec-croisé bifascié* • EN *white-winged crossbill* • PT *cruza-bico-franjado* **Beispill** wéi laang bréien d'Wäissbandkräizschniewelen?

Wäisse Milan [v'æ:ɪsəmil'a:n] Maskulinum (Pluriel Wäiss Milanen) *Elanus caeruleus* DE *Gleitaar* • FR *élanion blanc* • EN *black-shouldered kite* • PT *peneireiro-cinzento* **Beispill** wéi laang bréien d'Wäiss Milanen?

wäissen [v'æ:ɪsən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gewäisst) » **transitiv** DE *weißen* [*tünchen, kalcken*] • FR *blanchir à la chaux* • EN *to whitewash* [*to paint*] • PT *branquear com cal, caiar* **Beispill** fréier goufen d'Haiser dacks virun der Kiermes gewäisst

Wäissen [v'æ:ɪsən] Maskulinum (kee Pluriel) [ég] - Kuerzform vun ↗Wäisse Wäin

Wäissenhaff [v'æ:ɪsənhaf] Eegennumm DE *Weissenhaff* • FR *Weissenhaff* • EN *Weissenhaff* • PT *Weissenhaff* **Beispill** ech wunnen um Wäissenhaff; fiert dëse Bus op de Wäissenhaff?

Wäiss Erenz [v'æ:ɪs'e:rənts] Eegennumm - Variant vun ↗Wäiss Iernz

Wäiss Ern [v'æ:ɪs'ɛrnts] Eegennumm - Variant vun ↗Wäiss Iernz

Wäisse Storch [v'æ:ɪsəftɔʁç] Maskulinum (Pluriel Wäiss Storchen) *Ciconia ciconia* DE *Weißstorch* • FR *cigogne blanche* • EN *white stork* • PT *cegonha-branca* **Beispill** wéi laang bréien d'Wäiss Storchen?

i Variant: Wäisse Stuerk

Wäisse Stuerk [v'æ:ɪsəftu:çk] Maskulinum (Pluriel Wäiss Stuerken) *Ciconia ciconia* - Variant vun ↗Wäisse Storch

Wäisse Wäin [væ:ɪsəv'æ:ɪn] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Weißwein* • FR *vin blanc* • EN *white wine* • PT *vinho branco* **Beispill** bei dëse Plat passt e secke Wäisse Wäin

i Kuerzform: Wäissen

Wäissfilleksséischemuebel [v'æ:ɪsfilleksɜɪf-muəbəl] Femininum (Pluriel Wäissfilleksséischemuebelen) *Chlidonias leucopterus* - Variant vun ↗Wäissfilleksséischemuewel

Wäissfilleksséischemuewel [v'æ:ɪsfilleksɜɪf-muəvəl] Femininum (Pluriel Wäissfilleksséischemuewelen) *Chlidonias leucopterus* DE *Weißflügel-Seeschwalbe* • FR *guifette leucoptère* • EN *white-winged tern* • PT *gaivina-d'asa-branca* **Beispill** wéi laang bréien d'Wäissfilleksséischemuewelen?

i Variant: Wäissfilleksséischemuebel

Wäissfloss [v'æ:ɪsflos] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Weißfluss, Leukorrhö* • FR *pertes blanches* [*leucorrhées*] • EN *leucorrhoea, whitish vaginal discharge* • PT *perdas brancas* [*leucorreia*] **Beispill** Wäissfloss ass en harmlosen Ausfluss aus der Scheed, deen all gesond Fra huet

Wäiss Iernz [v'æ:ɪs'jɛnts] Eegennumm DE *Weißer Ern* • FR *Ernz Blanche* • EN *Ernz Blanche* • PT *Ernz Blanche* **Beispill** d'Wäiss Iernz leeft zu Reisduerf an d'Sauer

i Lokalvariant: Wäiss Erenz

i Lokalvariant: Wäiss Ern

Wäisskapp Maskulinum (Pluriel Wäisskäpp) Leuciscus cephalus **1.** **DE** Döbel [Tier] • **FR** chevesne [animal] • **EN** chub [animal] • **PT** escalo [animal] **Beispill** d'Wäisskapp läichen téschent Abrëll a Juni **Synonymmen** Déckkappsminn, Minn **2.** **DE** Döbel [Nahrungsmittel] • **FR** chevesne [aliment] • **EN** chub [food] • **PT** escalo [alimento] **Beispill** de Wäisskapp gëtt weinst deene ville Sprenzen net méi vill giess **Synonymmen** Déckkappsminn, Minn

Wäissruss [væ:ISR'US] Maskulinum (Pluriel Wäissrussen) **DE** Belarusse • **FR** Biélorusse • **EN** Belarussian • **PT** bielorrusso **Beispill** mäi beschte Frënd ass Wäissruss **Synonym** Belaruss

wäissrussesch [væ:ISR'USəʃ] Adjektiv **DE** belarussisch • **FR** biélorusse • **EN** Belarussian • **PT** bielorrusso **Beispill** op eiser Rees hu mir déi wäissrussesch Kultur kenne geléiert **Synonym** belarussesch

Wäissrussin [væ:ISR'usin] Femininum (Pluriel Wäissrussinnen) **DE** Belarussin • **FR** Biélorusse • **EN** Belarussian [female] • **PT** bielorrussa **Beispill** meng bescht Frëndin ass Wäissrussin **Synonym** Belarussin

Wäissrusland [væ:ISR'uslant] Eegennumm, Neutrum **DE** Weißrussland, Belarus • **FR** Biélorussie, Bélarus • **EN** Belarus, White Russia • **PT** Bielorrússia, (República de) Belarus **Beispiller** ech war schonn dräimol a Wäissrusland; ech fueren d'nächst Woch a Wäissrusland; ech kommen aus Wäissrusland **Synonym** Belarus

1 männlech Persoun: **Wäissruss** weiblech Persoun: **Wäissrussin** Adjektiv: **wäissrussesch**

Wäistuff [v'æ:1ʃtuf] Femininum (Pluriel Wäistuffen) **DE** Weinstube • **FR** bar à vins, salle de dégustation [pour vins] • **EN** wine bar • **PT** bar de vinhos, sala de degustação [de vinhos] **Beispill** an där Wäistuff hate mer schonn e puer geselle Owender mat eise Frënn

Wäiswampech [væ:ISv'ampəç] Eegennumm **DE** Weiswampach • **FR** Weiswampach • **EN** Weiswampach • **PT** Weiswampach **Beispiller** ech wunnen zu Wäiswampech; fiert dese Bus op Wäiswampech?

1 Lokalvariant: Wäiswampich

Wäiswampich [væ:ISv'ampiç] Eegennumm - Variant vun **Wäiswampech**

wäit [væ:it] Adjektiv **1.** **DE** weit [Distanz] • **FR** long [distance] <Adverb loin> • **EN** long [distance] <Adverb far> • **PT** longo [distância] <Adverb longe> **Beispiller** dat war e wäite Wee, mee et huet sech gelout, bis heihin ze kommen!; vill Frontaliere mussen wäit fueren, fir op hir Aarbecht ze kommen; gehei de Ball esou wäit, wéi s de kanns!; et war wäit a breet kee Mënsch ze gesinn [et war néierens e Mënsch ze gesinn]; mat Frëndleckeet kënnt ee meeschtens méi wäit ewéi mat Grant [mat Frëndleckeet erreecht ee méi ewéi mat Grant] **2.** vu wäit / vu Wäitem **DE** von Weitem • **FR** de loin [d'un lieu éloigné] • **EN** from far away, from afar • **PT** de longe [de um lugar distante] **Beispiller** si hunn esou gebrëllt, datt ee se scho vu wäit héieren huet; vu Wäitem huet een den Dimmer héieren **3.** bei Wäitem **DE** bei Weitem • **FR** de loin [de beaucoup] • **EN** by far • **PT** de longe [com grande diferença] **Beispill** eis Ekipp huet bei Wäitem net esou gutt gespillt ewéi déi leschte Kéier

wäit [væ:it] Adverb **DE** weit [groß] • **FR** grand [en parlant d'une ouverture, d'un écartement] • **EN** wide [to the full extent] • **PT** de par em par, escancaradamente, amplamente **Beispiller** ech hu mer erlaabt eranzekommen, d'Hausdier stoung wäit op; grad wéi ech e wollt knipsen, huet den Aadler seng Flüleke wäit ausgebreet an ass fortgefloss; et strengt un, beim Zändokter de Mond wäit opzehalen

wäitaus [v'æ:itæ:əs] Adverb

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Wäitbléck [v'æ:itbleç] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Weitblick [Weitsicht] • **FR** (esprit de) prévoyance, vision à long terme • **EN** far-sightedness, vision • **PT** (espírito de) previdência, visão de longo prazo **Beispiller** him feelt deen néidege Wäitbléck, fir de Betrib weiderzeentwéckelen; esou eng grouss Reform erfuerdert Kohärenz a Wäitbléck; bei der Erzéiung ass Wäitbléck e wichtegt Element **Synonym** Wäitsicht

wäitleefeg [v'æ:itle:fəç] Adjektiv **DE** weitläufig, entfernt [Verwandschaft] • **FR** éloigné [sans lien de parenté direct] • **EN** distant [relation] • **PT** afastado [com grau de parentesco indireto] **Beispiller** dee riets op der Foto ass e wäitleefege Cousin vu mir; mir hunn esouguer eis wäitleefeg Famill invitéiert

Wäitsicht [v'æ:itziçt] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **Wäitsicht**

wäitsichteg [v'æ:itsiçtəç] Adjektiv - Variant vun **Wäitsichteg**

Wäitsicht [v'æ:itziçt] Femininum (kee Pluriel) **DE** Weitsicht [Weitblick] • **FR** prévoyance, vision à long terme • **EN** far-sightedness, vision • **PT** previdência, visão de longo prazo **Beispill** déi Reform erfuerdert Kohärenz a Wäitsicht **Synonym** Wäitbléck

1 Variant: Wäitsicht

wäitsichteg [v'æ:itsiçtəç] Adjektiv **1.** **DE** weitsichtig [fehlsichtig] • **FR** presbyte • **EN** long-sighted • **PT** presbíta **Beispill** ech si wäitsichteg, fir ze liese brauch ech e Brëll **2.** **DE** weitsichtig [vorausschauend] • **FR** prévoyant [qui voit à long terme] • **EN** far-sighted, foresighted • **PT** providente [que pensa no futuro] **Beispiller** eis Regierung brauch engagéiert a wäitsichteg Politiker; de verantwortleche Minister kritt virgehait, datt en net wäitsichteg genuch war

1 Variant: wäitsichteg

Wäitsprong [v'æ:itʃprɔŋ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Weitsprung • **FR** saut en longueur • **EN** long jump • **PT** salto em comprimento **Beispill** wien huet am Ament de Weltrekord am Wäitsprong?

1 Variant: Wäitspronk

Wäitspronk [v'æ:itʃprɔŋk] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun **Wäitsprong**

Wäiwaasser [v'æ:iva:sə] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Weihwasser • **FR** eau bénite • **EN** holy water • **PT** água benta **Beispiller** wann se gedeefet ginn, kréien d'Kanner e bësse Wäiwaasser iwwer de Kapp geschott; mäi Brudder fäert d'Hënn ewéi der Däiwel d'Wäiwaasser [egs] [mäi Brudder fäert d'Hënn ganz vill]

Variant: Weiwaasser

Wäiwaasserdëppchen [v'æ:iva:sədəpçən] Neutrum (Pluriel Wäiwaasserdëppcher) - Variant vun ↗Wäiwaasseschdëppchen

Wäiwaasseschdëppchen [v'æ:iva:səfjəpçən] Neutrum (Pluriel Wäiwaasseschdëppcher) DE *Weihwasserschale* • FR *petit bénitier mural* • EN *small holy-water stoup* • PT (*pequena*) *pia de água benta* **Beispiller** am Wäiwaasseschdëppche läit eng Strauss Pällem fir ze seenen; meng Bomi hat ëmmer e Wäiwaasseschdëppchen aus Parzeläin iwwerem Nuetsdësch hänken

Varianten: Wäiwaasserdëppchen, Weiwaasserdëppchen, Weiwaasseschdëppchen

Wak [va:k] Maskulinum **1.** (Pluriel Waken) DE *dicker Kieselstein* • FR (*gros*) *caillou arrondi, galet* • EN *big pebble* • PT *cathau (arredondado), seixo* **Beispiller** ech hunn e Camion **Wake** fir ronderëm d'Haus bestallt; d'Esse louch mer ewéi e **Wak** um Mo [ech hunn d'Esse schlecht verdaut] **2.** (Pluriel Wäck / Waken) DE *Murmel* • FR *bille [jouet]* • EN *marble [glass ball]* • PT *berlinde* **Beispill** an der Paus hunn d'Kanner am Schoulhaff mat de Wäck gespillt **Synonym** Jick **3.** (kee Pluriel) [égs] DE *Heller, Pfennig* • FR *rond, sou* • EN *penny* • PT *tostão, chavo* **Beispiller** hien huet ni e **Wak** an der Täscher, wa mir e Patt drénke ginn; dat aalt Gemaier ass kee **Wak** méi wäert **Synonym** Su **4.** (Pluriel Wäck) [graif] DE *Eier [Hoden]* • FR *couilles [testicules]* • EN *balls [testicles]* • PT *bolas [testiculos]* **Beispiller** an där enker Box kréien ech d'Wäck wéi!; elo hänke mer mat de Wäck! [elo hu mer en décke Problem] **Synonym** Jicken

Wakelter [v'a:kəltɛ] Maskulinum **1.** (Pluriel Wakelter) DE *Wacholder [Pflanze]* • FR *genévrier [plante]* • EN *juniper [tree]* • PT *zimbro [planta]* **Beispill** laanscht de Feldwee stinn e puer **Wakelter** **2.** (kee Pluriel) DE *Wacholder [Gewürz]* • FR *genièvre [épice]* • EN *juniper [spice]* • PT *zimbro [condimento]* **Beispill** d'Zooss schmaacht no **Wakelter** **3.** (Pluriel Wakelter) DE *Wacholderbeere* • FR *baie de genièvre* • EN *juniper berry* • PT *baga de zimbro* **Beispill** ech hat vergiess, e puer **Wakelter** an d'Sauermais ze maachen **4.** (kee Pluriel) DE *Wacholderschnaps* • FR *genièvre [eau-de-vie]* • EN *gin [spirits]* • PT *genebra [aguardente]* **Beispill** als Drëpp hunn ech léiw'er Quetsch wéi **Wakelter**

Wakelterkär [v'a:kəltɛ:kɛ:g] Maskulinum (Pluriel Wakelterkären) DE *Wacholderbeere* • FR *baie de genièvre* • EN *juniper berry* • PT *baga de zimbro* **Beispill** ech hat vergiess, e puer **Wakelterkären** an d'Sauermais ze maachen

wakereg [v'a:kəRɛç] Adjektiv **1.** DE *wach [im Wachzustand]* • FR *éveillé [réveillé]* • EN *awake* • PT *acordado [desperto do sono]* **Beispiller** no där Opreegung louch ech déi ganz Nuecht **wakereg**; no enger Operatioun bleiwen d'Patienten an der Salle de réveil, bis se richteg **wakereg** sinn **2.** **wakereg** ginn DE *aufwachen* • FR *se réveiller [sortir du sommeil]* • EN *to wake up* • PT *acordar [sair do sono]* **Beispiller** ech gi vum selwen um siwen Auer **wakereg**; den Infirmier klappt d'Patientin ëmmer nees op d'Baken, fir datt se soll **wakereg** ginn **Synonym** erwächen **3.** **wakereg** maachen DE *wecken, aufwecken* • FR *tirer du sommeil* • EN *to wake*

[to rouse from sleep] • PT *acordar [tirar do sono]* **Beispill** dee Kaméidi huet mech de Moie scho fréi **wakereg** gemaach **Synonym** erwächen **4.** DE *aufgeweckt, lebhaft* • FR *éveillé, vif [physiquement, mentalement]* • EN *bright, alert* • PT *esperto, vivo [fisicamente, mentalmente]* **Beispill** eisem Noper säi Klengt ass e ganz **wakereg** Kand, niewent der Schoul geet et nach an de Conservatoire

Wal [va:l] Femininum (Pluriel Walen) DE *Wahl [Abstimmung]* • FR *élection* • EN *election* • PT *eleição* **Beispiller** déi nei Partei huet bei de **Walen** eelef Prozent vun de Stëmme kritt; an der Generalversammlung sinn dës Kéier d'Wale fir den neie Komitee; mäi Brudder mécht mat bei der **Wal** vum schéinste Mann vu Lëtzebuerg; ech gi mat an d'Walen [ech si Kandidat bei den nächste Walen]

Wal [va:l] Maskulinum (Pluriel Walen) DE *Wal* • FR *baleine [mammifère]* • EN *whale* • PT *baleia [mamífero]* **Beispill** ech kucken den Owend en Documentaire iwwer d'Juegd op d'Walen **Synonym** Walfësch

Wal [va:l] Eegennumm DE *Wahl* • FR *Wahl* • EN *Wahl* • PT *Wahl* **Beispiller** ech wunnen zu **Wal**; fiert dëse Bus op **Wal**?

Walbezierk [v'a:lβetsi:çk] Maskulinum (Pluriel Walbezierker) DE *Wahlbezirk* • FR *circonscription électorale* • EN *constituency* • PT *circunscrição eleitoral* **Beispiller** eist Land ass a véier **Walbezierker** agedeelt; ech sinn am **Walbezierk** Zentrum Kandidat fir d'Chamberwalen **Synonym** Circonscription

Walbureau [v'a:lby:ro:] Maskulinum (Pluriel Walbureauen) - Variant vun ↗Walbüro

Walbüro [v'a:lby:ro:] Maskulinum (Pluriel Walbüroen) **1.** DE *Wahlausschuss* • FR *bureau de vote [instance]* • EN *election committee* • PT *mesa de voto [órgão]* **Beispill** bei deene leschten dräi Wale war ech Member vum **Walbüro** **2.** DE *Wahllokal* • FR *bureau de vote [local]* • EN *polling station* • PT *seção de voto [local]* **Beispill** an eiser Gemeng ass de **Walbüro** an der aler Schoul

Walcampagne [v'a:lka:mpaŋ] Femininum (Pluriel Walcampagnen) DE *Wahlkampagne* • FR *campagne électorale* • PT *campanha eleitoral* **Beispiller** dës Kéier huet d'Walcampagne scho ganz fréi ugefaangen; eis **Walcampagne** war en décken Erfolg!

Waldag [v'a:lɔa:ç] Maskulinum (Pluriel <seelen> Waldeeg) DE *Wahltag* • FR *journée électorale* • PT *dia eleitoral, dia das eleições* **Beispill** bei eis läit de **Waldag** ëmmer op engem Sonndeg

Waldbëlleg [valtβ'əlɛç] Eegennumm DE *Waldbillig* • FR *Waldbillig* • EN *Waldbillig* • PT *Waldbillig* **Beispiller** ech wunnen zu **Waldbëlleg**; fiert dëse Bus op **Waldbëlleg**?

VLokalvariant: Bëlleg

Waldberg [v'altβɛɾç] Eegennumm DE *Waldbierg* • FR *Waldbierg* • EN *Waldbierg* • PT *Waldbierg* **Beispiller** ech wunnen um **Waldberg**; fiert dëse Bus op de **Waldberg**?

Waldbriedemes [valtβr'iədəmɛs] Eegennumm DE *Waldbredimus* • FR *Waldbredimus* • EN *Waldbredimus*

• **PT** *Waldbredimus* **Beispiller** ech wunnen zu Wald-briedemes; fiert dëse Bus op Waldbriedemes?

Waldhaff [v'alth'af] Eegennumm **DE** *Waldhof* • **FR** *Waldhof* • **EN** *Waldhof* • **PT** *Waldhof* **Beispiller** ech wunnen um Waldhaff; fiert dëse Bus op de Waldhaff?

Waldiesel [vald'izəʃ] Maskulinum [égs] ewéi e Waldiesel **DE** *wie am Spieß* • **FR** *à tue-tête* • **EN** *to scream blue murder* • **PT** *a plenos pulmões, como um possessor, como um louco* **Beispiller** hal dach op ze jäizen ewéi e Waldiesel; hien deet Kreesch ewéi e Waldiesel

Wales Eegennumm, Neutrum **DE** *Wales* • **FR** *Pays de Galles* • **EN** *Wales* • **PT** *Pais de Gales* **Beispiller** ech war schonn dräimol a **Wales**; ech fueren d'nächst Woch a **Wales**; ech kommen aus **Wales**

i männlech Persoun: ↗**Waliser** weiblech Persoun: ↗**Waliserin**
Adjektiv: ↗**walisesch** Hauptstadt: ↗**Cardiff**

Walfer [v'alfe] Eegennumm **DE** *Walferdingen* • **FR** *Walferdange* • **EN** *Walferdange* • **PT** *Walferdange* **Beispiller** ech wunnen zu **Walfer**; fiert dëse Bus op **Walfer**?

Walfësch [v'a:lfəʃ] Maskulinum (Pluriel **Walfësch**) **DE** *Wal* • **FR** *baleine [mammifère]* • **EN** *whale [mammal]* • **PT** *baleia [mamífero]* **Beispill** ech kucken den Owend en Documentaire iwwer d'Juegd op d'**Walfësch** **Synonym** **Wal**

walflichteg [v'a:flɪçtəç] Adjektiv **DE** *wahlpflichtig* • **FR** *dans l'obligation de voter* • **EN** *(legally) obliged to vote* • **PT** *obrigado a votar* **Beispiller** mat 18 Joer ass ee **walflichteg**; ass äre Jong schonn am **walflichtegen** Alter? [ass äre Jong schonn am Alter, wou ee muss stëmme goen?]

i Variant: **walpflichteg**

Walgesetz [v'a:lçəzəts] Neutrum (Pluriel **Walgesetz**) **DE** *Wahlgesetz* • **FR** *loi électorale* • **PT** *lei eleitoral* **Beispill** de geneeën Oflaf vun de Chamberwale gëtt duerch d'**Walgesetz** festgeluecht

Waliser Maskulinum (Pluriel **Waliser**) **DE** *Waliser* • **FR** *Gallois* • **PT** *galês* **Beispill** mäi beschte Frënd ass **Waliser**

Waliserin Femininum (Pluriel **Waliserinnen**) **DE** *Waliserin* • **FR** *Galloise* • **EN** *Welsh [female]* • **PT** *galesa* **Beispill** meng bescht Frëndin ass **Waliserin**

walisesch Adjektiv **DE** *walisisch* • **FR** *gallois* • **PT** *galês* **Beispill** op eiser Rees hu mir déi **walisesch** Kultur kenne geléiert

Waljoer Neutrum (Pluriel **Waljoer** / **Waljoren**) **DE** *Wahljahr* • **FR** *année électorale* **Beispill** eis Partei ass vun de Kandidaten hier gutt opgestallt fir d'**Waljoer**, dat virun eis läit

Walkabinn Femininum (Pluriel **Walkabinnen**) **DE** *Wahlkabine* • **FR** *isoloir [pour les élections]* • **EN** *polling booth* • **PT** *cabina de voto* **Beispill** d'Wieler mussen eenzel an d'**Walkabinn** goen

Walkampf [v'a:lkampf] Maskulinum (Pluriel **Walkämpf**) **DE** *Wahlkampf* • **FR** *débat électoral* • **EN** *election campaign* • **PT** *debate eleitoral* **Beispill** d'Ekologie spillt an dësem **Walkampf** eng wichteg Roll

Walkie-Talkie [w'ɔ:ki:t'ɔ:ki:] Maskulinum (Pluriel **Walkie-Talkie**) **DE** *Walkie-Talkie* • **FR** *talkie-walkie* • **EN** *walkie-talkie* • **PT** *walkie-talkie* **Beispill** als Kand hat ech e **Walkie-Talkie**, fir mat den Nopeschkanner ze schwätzen

Wall Maskulinum (Pluriel **Wallen**) **DE** *Wall [Erdaufschüttung]* • **FR** *talus [remblai]* • **EN** *rampart* • **PT** *talude, escarpa* **Beispill** fréier waren d'Festungen heefeg duerch e **Wall** an e Gruef viru Feinde geschützt

Wallenduerf [v'aləndu:ɛf] Eegennumm **DE** *Wallendorf* • **FR** *Wallendorf* • **EN** *Wallendorf* • **PT** *Wallendorf* **Beispiller** ech wunnen zu **Wallenduerf**; fiert dëse Bus op **Wallenduerf**?

Wallenduerfer Bréck [v'aləndu:ɛfɛbr'ek] Eegennumm **DE** *Wallendorferbrück* • **FR** *Wallendorf-Pont* • **EN** *Wallendorf-Pont* • **PT** *Wallendorf-Pont* **Beispiller** ech wunnen op der **Wallenduerfer Bréck**; fiert dëse Bus op d'**Wallenduerfer Bréck**?

i Lokalvariant: **Wuelendréffer Bréck**

Wallfaart [v'alfa:ɾt] Femininum (Pluriel **Wallfaarten**) **DE** *Wallfahrt* • **FR** *pèlerinage* • **EN** *pilgrimage* • **PT** *peregrinação, romaria* **Beispill** d'**Wallfaart** bei dem Hellege säi Graf gëtt et zënter dem Mëttelalter

Wallis [v'alɪs] Femininum (Pluriel **Wallissen**) **DE** *Koffer, Reisekoffer* • **FR** *valise [bagage]* • **EN** *suitcase* • **PT** *mala [de viagem]* **Beispiller** hues du deng **Wallis** scho gepaakt?; mir hunn d'Gezei séier an d'**Wallisse** gedruddelt; d'Leit sëtzen op de **Wallissen** [d'Leit si prett, fir sech all Moment a Sécherheet ze bréngen]

wallos [v'a:lɔ:s] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Walmodus [v'a:lmo:dus] Maskulinum (Pluriel **Walmodussen**) **DE** *Wahlmodus, Wahlverfahren* • **FR** *mode électoral, procédure électorale* • **PT** *modo de votação, processo eleitoral* **Beispill** d'Gesetz leet fest, no wéi engem **Walmodus** bei de Gemengewale gewielt gëtt

walpflichteg [v'a:l'pflɪçtəç] Adjektiv - Variant vun ↗**walflichteg**

Walprogramm [v'a:l'pɾogram] Maskulinum (Pluriel **Walprogrammen** / **Walprogrammer**) **DE** *Wahlprogramm* • **FR** *programme électoral* • **EN** *election manifesto* • **PT** *programa eleitoral* **Beispill** déi nei Partei huet nach kee richteg **Walprogramm**

Walrecht [v'a:lɾɛçt] Neutrum (Pluriel **Walrechter**) **DE** *Wahlrecht [Recht zur Teilnahme an einer Wahl]* • **FR** *droit de vote [actif, passif]* • **EN** *right to vote* • **PT** *direito de voto, direito de elegibilidade* **Beispill** hei am Land kritt een dat aktiivt **Walrecht** mat 18 Joer

Walresultat [v'a:lɾɛzulta:t] Neutrum (Pluriel **Walresultater**) **DE** *Wahlergebnis* • **FR** *résultat du scrutin, résultat des élections, résultat de l'élection* • **EN** *election result* • **PT** *resultado de escrutínio, resultado das eleições, resultado de eleição* **Beispill** d'**Walresultat** gëtt eréischt da bekannt gemaach, wann d'Stëmme all ausgezielt sinn

Walsproch [v'a:lfprɔχ] Maskulinum (Pluriel *Wal-spréch*) **DE** (*politischer*) *Wahlspruch* • **FR** *slogan (politique)* • **PT** *slogan (politico)* **Beispill** vill Leit haten de *Wal-sproch* vun der Partei leider net richtig verstanen

Walstëmm [v'a:lfɔm] Femininum (Pluriel *Walstëmmen*) **DE** *Wählerstimme* • **FR** *voix, suffrage, vote* • **EN** *vote (in an election)* • **PT** *voto, sufrágio* **Beispill** dat endgülteg Resultat hu mer eréischt, wann all d'*Walstëmmen* ausgezilt sinn

Walsystem [v'a:lsiste:m] Maskulinum (Pluriel *Wal-systemer*) **DE** *Wahlsystem* • **FR** *système électoral, mode de scrutin* • **PT** *sistema eleitoral, modo de escrutínio* **Beispill** eenzel Parteie verlaangen eng Ännerung vum *Walsystem*

walten [v'altən] Verb » **intransitiv** schalten a *walten* **DE** *schalten und walten* • **FR** *faire à sa guise* • **EN** *to do as one wishes, to have a free hand* • **PT** *pôr e dispor* **Beispiller** wann d'Elteren an der Vakanz sinn, kënnen d'Kanner doheem schalten a *walten*, wéi et hinne passt; de Chef léisst seng Aarbechter schalten a *walten*, wéi se grad wëllen

Walter [v'altɛ] Eegennumm **DE** *Walter* • **FR** *Watrange* • **EN** *Watrange* • **PT** *Watrange* **Beispiller** ech wunnen zu *Walter*; fiert dëse Bus op *Walter*?

Walversprieche [v'a:lfeʃpɾiɛçən] Neutrum (Pluriel *Walversprieche*) **DE** *Wahlversprechen* • **FR** *promesse électorale* • **EN** *election promise* • **PT** *promessa eleitoral* **Beispill** esoubal d'Walen eriwwer sinn, gi vill *Walversprieche* nees séier vergiess

Walz [valts] Femininum (Pluriel *Walzen*) **DE** *Walzer [Musikstück, Tanz]* • **FR** *valse* • **EN** *waltz* • **PT** *valsa* **Beispiller** d'Bräutpauer danzt traditionell déi éischt *Walz*; op allgemenge Wonsch spillt den Orchester elo eng *Walz*

i Variant: *Walzer*

Walz [valts] Femininum **1.** (Pluriel *Walzen*) **DE** *Walze [Geräteteil]* • **FR** *rouleau [pièce d'un mécanisme]* • **EN** *platen, roller* • **PT** *rolo, cilindro [de um mecanismo]* **Beispill** ech hunn um Floumaart eng *Walz* fir meng al Schreifmaschinn fonnt **2.** (Pluriel *Walzen*) **DE** *Walze, Straßenwalze* • **FR** *rouleau compresseur* • **EN** *roadroller, steamroller* • **PT** *cilindro das estradas* **Beispill** fir de Belag op der Autobunn schéi glat ze kréien, sinn dräi *Walzen* niewenteneegefuert **Synonym** *Dampwalz* **3.** (Pluriel *Walzen*) **DE** *Walze, Ackerwalze* • **FR** *rouleau d'ameur* • **EN** *land roller, field roller* • **PT** *cilindro agrícola* **Beispill** well et gereent huet, mussen mir virum Match nach eng *Kéier* mat der *Walz* iwwe den Terrain fuere **4.** (kee Pluriel) **DE** *Walz* • **FR** *Tour de France du compagnonnage* • **EN** *journeyman years* • **PT** *anos de aprendizagem itinerante* **Beispiller** jonk Handwierkerinnen oder Handwierker, déi op der *Walz* sinn, erkenne een an hirem spezieller Kleedung; wéi hien no dräi *Jore* vun der *Walz* erëmkoum, hat e vill bäigeléiert

walzen [v'altsən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gewalzt*) » **transitiv** **DE** *walzen* • **FR** *damer, laminar* • **EN** *to roll [to flatten, to laminate]* • **PT** *compactar, laminar, cilindrar* **Beispiller** et ass impressionnant ze gesinn, wéi de gliddege *Stol* *gewalzt* gëtt; dräi *déck* Maschinne fuere niewentenee, fir de *Makadam*

ze *walzen*

Walzer [v'altse] Maskulinum (Pluriel *Walzer*) - Variant vun *Walz*

Walziedel [v'a:ltsiədəl] Maskulinum (Pluriel *Walziedelen*) **DE** *Wahlzettel* • **FR** *bulletin de vote* • **EN** *ballot paper, voting slip* • **PT** *boletim de voto* **Beispill** dës *Kéier* ware vill *Walziedelen* ongültig **Synonymen** *Bulletin, Stëmmziedel*

Walzstrooss [v'altsfɔrɔ:s] Femininum (Pluriel *Walzstroossen*) **DE** *Walzstraße* • **FR** *train de laminaires* • **EN** *rolling mill [machine]* • **PT** *trem de laminagem* **Beispill** déi nei *Walzstrooss* gëtt nach dës *Woch* a *Betrieb* geholl

Walzwierk [v'altsvi:gk] Neutrum (Pluriel *Walzwierker*) **DE** *Walzwerk* • **FR** *laminoir, usine de laminage* • **EN** *rolling mill [factory]* • **PT** *laminador, fábrica de laminagem* **Beispill** vun där ganzer *Schmelz* ass just d'*Walzwierk* stoe bliwwen

Wampes Maskulinum (Pluriel *Wampessen*) ^[ɛg] **DE** *Wanst [Bauch]* • **FR** *panse, bedaine* • **PT** *pança, bandulho* **Beispiller** wat huet deen e *Wampes* kritt!; iwwe d'*Feierdeeg* hu mer eis schéin de *Wampes* gelueden iwwe d'*Feierdeeg* hu mer vill *giess*!

Wand [vant] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Wind* • **FR** *vent, brise* • **EN** *wind* • **PT** *vento [deslocação do ar]* **Beispiller** säit de *Moie* bléist en äiskale *Wand*; de *Wand* huet déi *dier* *Blieder* an den *Haff* gejt; d'*Konkurrenz* därerf op kee *Fall* *Wand* vun eisem *Projet* kréien [d'*Konkurrenz* därerf op kee *Fall* eppes vun eisem *Projet* gewuer ginn] **Synonym** *Loft*

Wand [vant] Femininum (Pluriel *Wänn*) **1.** **DE** *Wand [Trennwand]* • **FR** *paroi, cloison* • **EN** *wall, partition* • **PT** *parede, divisória* **Beispiller** mir hunn eis *Stuff* mat enger *hëlze* *Wand* an zwee gedeelt; hie fillt sech wuel a senge véier *Wänn* [hie fillt sech wuel a sengem *Doheem*] **2.** **DE** *Wand [Fläche]* • **FR** *paroi [surface]* • **EN** *wall [surface]* • **PT** *parede [superfície]* **Beispill** un de *Wänn* vun der *Hiel* hu sech *Kristalle* gebilt

Wandel [v'andəl] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Wandel [in der Gesellschaft]* • **FR** *mutation [dans la société]* • **EN** *change [in society]* • **PT** *mudança [na sociedade]* **Beispill** dee gesellschaftleche *Wandel* geet ville *Leit* ze séier

wandere [v'andəɾən] Verb (Hëllefverb *sinn*, Participe passé *gewandert*) » **intransitiv** **1.** **DE** *wandern [eine Wanderung machen]* • **FR** *faire de la randonnée* • **EN** *to hike, to go for a hike* • **PT** *fazer caminhadas* **Beispill** gees de am *Summer* mat an d'*Bierger* *wandere*? **2.** **DE** *wandern [an einen anderen Ort, an eine andere Stelle]* • **FR** *migrer* • **EN** *to migrate, to move around* • **PT** *migrar* **Beispiller** *Nomade* *wandere* mat hirem *Véi* *dohin*, wou et eppes ze *friesse* fënt; esoubal mäi *Galestee* *wandert*, mécht e mer *Problemer*; d'*Reklamme* *wandere* bei eis doheem direkt an d'*Drecks* *këscht* ^[ɛg] [mir geheien d'*Reklamme* bei eis doheem direkt an d'*Drecks* *këscht*]; dee *Spëtz* *bouf* do *wandert* fréier oder *spéider* an de *Prisong* ^[ɛg] [dee *Spëtz* *bouf* do kënnt fréier oder *spéider* an de *Prisong*]

i Verben, déi **wandere** als Basis hunn: *auswandere*, *awandere* an *hin-* an *hierwandere*

Wanderer [v'andərə] Maskulinum (Pluriel Wanderer) DE *Wanderer* • FR *randonneur* • EN *hiker* • PT *caminhante* **Beispill** d'Wanderer ware frou, wéi se no hirem laange Marsch an der Jugendherberg ukoumen

W Weiblech Form: ↗Wanderin

Wanderfallek [v'andəfalek] Maskulinum (Pluriel Wanderfalleken) Falco *peregrinus* DE *Wanderfalke* • FR *faucon pèlerin* • EN *peregrine* • PT *falcão-peregrino* **Beispill** wéi laang bréien d'Wanderfalleken? **Synonym** Spuervull

Wanderin [v'andərin] Femininum (Pluriel Wanderinnen) DE *Wanderin* • FR *randonneuse* • PT *caminhante* [mulher] **Beispill** ouni GPS hält d'Wanderin sech an deene Bierger sécher verlaf

W Männlech Form: ↗Wanderer

Wanderschong [v'andəʃoŋ] Maskulinum (Pluriel Wanderschong) DE *Wanderschuh* • FR *chaussure de randonnée* • EN *walking shoes, hiking boots* • PT *calçado de caminhada* **Beispill** fir en Tour am Éislek dees de am beschten deng Wanderschong un

W Variant: Wanderschung

Wanderschung Maskulinum (Pluriel Wanderschung) - Variant vun ↗Wanderschong

Wandertour Maskulinum (Pluriel Wandertier) DE *Wanderung* [Ausflug] • FR *randonnée, marche* • PT *passaio a pé, caminhada* **Beispiller** de Wandertour war flott, mee déi aner Leit si mer e Strapp ze séier gaangen; an der Vakanz hu mer e puer flott Wandertier duerch d'Bierger gemaach **Synonymmen** Fousstour, Tréppeltour, Wanderung

Wanderung [v'andərʊŋ] Femininum (Pluriel Wanderungen) **1.** DE *Wanderung* [Ausflug] • FR *randonnée, marche* • EN *walk, hike* • PT *passaio a pé, caminhada* **Beispiller** d'Wanderung war flott, mee déi aner Leit si mer e Strapp ze séier gaangen; an der Vakanz hu mer e puer flott Wanderungen duerch d'Bierger gemaach **Synonymmen** Fousstour, Tréppeltour, Wandertour **2.** DE *Wanderung* [an einen anderen Ort] • FR *migration* • EN *migration* [to a different place] • PT *migração* [deslocação periódica] **Beispill** mir ginn an der Vakanz an Afrika, fir d'Wanderung vun den Antilopen ze gesinn **Synonym** Migration

Wanderwee Maskulinum (Pluriel Wanderweeër) DE *Wanderweg* • FR *chemin de randonnée, sentier de randonnée* • EN *walking trail, hiking trail* • PT *caminho pedestre, percurso pedestre* **Beispiller** wéi laang ass de Wanderwee, dee vu Butschebuerg op Téiteng geet?; am Mëllerdall gött et eng Hellewull Wanderweeër

Wandhaff [vanth'af] Eegennumm DE *Windhof* • FR *Windhof* • EN *Windhof* • PT *Windhof* **Beispiller** hei si mer um Wandhaff bei Käerch; fiert dese Bus op de Wandhaff?

Wandhaff [vanth'af] Eegennumm DE *Windhof* • FR *Windhof* • EN *Windhof* • PT *Windhof* **Beispiller** hei si mer um Wandhaff bei Welschent; fiert dese Bus op de Wandhaff?

Wandjang Maskulinum (Pluriel Wandjangen)

W Hei entsteet en neien Artikel.

Wandlung [v'andlʊŋ] Femininum (Pluriel Wandlungen) DE *Wandlung* [Teil der Messe] • FR *consécration* [transsubstantiation] • EN *consecration* [transubstantiation] • PT *consagração* [transubstanciação] **Beispill** bei der Wandlung ginn d'Broust an de Wäi konsekriert

Wandmécher [v'antmeçɛ] Maskulinum (Pluriel Wandmécher) Philomachus *pugnax* DE *Kampfläufer* • FR *combattant varié* • EN *ruff* • PT *combatente* **Beispill** wéi laang bréien d'Wandmécher? **Synonym** Kampfleefer

Wandmillen [v'antmilən] Femininum (Pluriel Wandmillen) **1.** DE *Windmühle* • FR *moulin à vent* • EN *windmill* [mill] • PT *moinho de vento* **Beispill** an där restaurierter Wandmille ginn haut nach ëmmer Käre gemuel **2.** DE *Windrad* • FR *éolienne* • EN *windmill, wind turbine* • PT *aerogerador, turbina eólica* **Beispill** wat d'Loft méi bléist, wat d'Wandmille méi Stroum produzéiert **Synonym** Wandrad **3.** DE *Windrädchen* • FR *moulinet à vent* • EN *windmill, whirlyig* [toy] • PT *cata-vento* [brinquedo] **Beispill** haut hunn d'Kanner an der Schoul eng Wandmille gebastelt

Wandmolerei [v'antmo:ləraɪ] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Wandmalerei* [Kunst] • FR *peinture murale* [art] • EN *mural, wall painting* [art] • PT *pintura mural* [arte] **Beispill** am Cours kruten d'Studenten déi verschidden Technique vun der Wandmolerei erkläert **2.** (Pluriel Wandmolereien) DE *Wandmalerei* [Gemälde] • FR *peinture murale* [représentation picturale] • EN *mural, wall painting* [picture] • PT *pintura mural* [representação pictórica] **Beispill** an der aler Kierch goufe Wandmolereien aus dem 18. Joerhonnert restauréiert

Wandrad [v'antra:t] Neutrum (Pluriel Wandrieder) DE *Windrad* • FR *éolienne* • EN *windmill, wind turbine* • PT *aerogerador, turbina eólica* **Beispill** de Bauer huet véier Wandrieder opriichte gelooss, fir Stroum ze produzieren **Synonym** Wandmillen

Wandriedchen [v'andriətçən] Neutrum (Pluriel Wandriedercher) - Diminutivform vun ↗Wandrad

Wandschaf [vantʃ'a:f] Maskulinum (Pluriel Wandschief) DE *Wandschrank* • FR *placard* (mural) • EN *built-in cupboard, built-in wardrobe* • PT *armário* (embutido) **Beispill** mir hunn eis vum Schräiner e Wandschaf maache gelooss

Wandschiet [v'antʃiət] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Windschatten* • FR *côté abrité* [d'un lieu], (effet d'aspiration [d'un corps en mouvement]), *sillage* • PT *lado abrigo do vento* [de um lugar], (cone de) *aspiração* [de um corpo em movimento] **Beispiller** mir hunn eis Zelter am Wandschiet vun den Hecken opgeriicht; de Coureur huet déi ganz Course iwwe vu sengem Konkurrent sengem Wandschiet profitéiert

Wandstäerkt [v'antʃtɛ:ɛkt] Femininum (Pluriel Wandstäerkten) DE *Windstärke* • FR *force du vent* • EN *wind force* • PT *força do vento* **Beispill** wann d'Wandstäerkt ze héich ass, ass et verbueden, um Séi ze seegelen

Wandstouss [v'antʃtəʊs] Maskulinum (Pluriel Wandstéiss) DE *Windstoß*, Bô • FR *coup de vent, rafale* (de vent) • EN *gust* (of wind) • PT *golpe de vento, rajada*

(de vento) **Beispiller** e kräftege Wandstouss huet d'Blummestäck vun der Mauer gehäit; fir de Mëtteg si Reeschaueren a staark Wandstéiss gemellt

wann [v'an] Konjunktioun **1.** **DE** wenn [falls] • **FR** si [au cas où] • **EN** if [in case] • **PT** se [no caso de] **Beispiller** hie mécht seng Gesondheet drop, **wann** e weider esou vill schafft; hei ass e Mëttel, fir **wann** s de dech erkaalt hues; komm **wa** méiglech direkt heem! **2.** **DE** wenn [so bald] • **FR** quand [dès que, au moment où] • **EN** when [as soon as] • **PT** quando [logo que, assim que] **Beispiller** so mer Bescheed, **wann** de Bréifdréier kënnt; **wann** de Papp déi futtis Fënster gesäit, bottert et! **3.** **DE** wenn [während] • **FR** quand [pendant que] • **EN** when [while] • **PT** quando [enquanto] **Beispiller** **wa** mir iessen, ass bei eis d'Télee aus; dreeem net, **wann** s de iwwer d'Strooss gees!; **wann** ee mam Auto fiert, däréf een net mam Handy am Grapp telefonéieren **Synonym** während **4.** wéi **wann** **DE** wie wenn, als ob • **FR** comme si • **EN** as if • **PT** como se **Beispill** maach net, wéi **wann** s de näischt géifs bekäppen! **5.** och **wann** **DE** auch wenn, obwohl • **FR** même si • **EN** even if, even though • **PT** mesmo que, apesar de **Beispiller** mir grillen den Owend, och **wann** et reent; mer parken hei um Glacis, och **wa** mer e Stéck mussen zu Fouss goen **6.** **wann** och **DE** wenn auch • **FR** quoique, bien que, il est vrai • **EN** although, even though • **PT** embora, porém **Beispiller** ech ka Piano spillen, **wann** och net ganz gutt; et huet an der Nuecht gereent, **wann** och net vill

Wann [van] Femininum (Pluriel Wannen) **DE** Winde [Vorrichtung] • **FR** treuil • **EN** winch • **PT** guincho [mecanismo] **Beispill** d'Depanneuse huet den Auto mat enger **Wann** aus dem Bulli gezunn

Wann [van] Maskulinum/Femininum (kee Pluriel) **DE** Ackerwinde, Zauwinde • **FR** liseron • **EN** field bindweed • **PT** corriola(-campestre) **Beispill** ech ginn de **Wann** am Gaart net méi Meeschter

wannechgelift [vanəçgəl'ift] Partikel **DE** bitte • **FR** s'il vous plaît, s'il te plaît • **EN** please • **PT** se faz favor, por favor **Beispiller** schwätzt e bèsse méi haart, **wannechgelift**, ech verstinn dech net!; dréi **wannechgelift** de Radio méi lues!; wéi vill Auer ass et, **wannechgelift**?

Kuerzform: wgl.

wannen [v'anən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gewonnen / gewonnen) - Variant vun ↗gewannen

Wanseler [v'anzələ] Eegennumm **DE** Winseler • **FR** Winseler • **EN** Winseler • **PT** Winseler **Beispiller** ech wunnen zu **Wanseler**; fiert dëse Bus op **Wanseler**?

Wansinn [v'a:nzɪn] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Wahnsinn [Aberwitz] • **FR** délire, folie [aberration] • **EN** madness, foolishness • **PT** disparate, loucura [insensatez] **Beispill** wat deen do virhuet, ass de rengste **Wansinn**

wansinneg [v'a:nzɪnɛç] Adjektiv [əçs] **DE** wahnsinnig [übermäßig] • **FR** fou [excessif, démesuré] <Adverb très> • **EN** crazy, extreme, excessive <Adverb extremely, excessively> • **PT** louco [excessivo, desmedido] <Adverb imenso, loucamente> **Beispiller** an der Qualitéit vun dësem Produkt gëtt et **wansinneg** Ënnerscheeder; d'Aarmut an

deem Land huet **wansinneg** zougeholl **Synonymmen** extreem, mega, onheemlech, terribel

Wanter [v'antə] Maskulinum (Pluriel Wanteren) **DE** Winter • **FR** hiver • **EN** winter • **PT** inverno **Beispiller** am **Wanter** gëtt et fréi däischter; mat engem Tank Mazout komme mer gutt iwwer de **Wanter**; dëst Joer waren d'Leit schon am Oktober an de **Wanter** gekleet [dëst Joer haten d'Leit schon am Oktober **Wanter**tergezei un]; de Pätter ass gutt duerch de **Wanter** komm [de Pätter ass am **Wanter** net krank ginn]

Wanterdepressioun [v'antədepræsɪʊn] Femininum (Pluriel **Wanterdepressiounen**) **DE** Winterdepression • **FR** dépression saisonnière, (coup de) blues hivernal • **EN** seasonal affective disorder (SAD), winter depression, winter blues • **PT** depressão sazonal de inverno **Beispill** bei enger **Wanterdepressioun** ass ee gereizt, driibseg an ëmmer midd

Wantergaart Maskulinum (Pluriel **Wantergäert**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Wantergezei [v'antegətsaɪ] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Winterkleidung • **FR** vêtements d'hiver • **EN** winter clothes • **PT** roupa de inverno **Beispiller** mir hunn eist **Wantergezei** dëst Joer ze fréi ewechgehangen; eise Veräi sammelt **Wantergezei** fir d'Flüchtlingen

Wantergréng [v'antegreg] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) **DE** Efeu • **FR** lierre • **EN** ivy • **PT** hera **Beispill** de Bam ass ganz mat **Wantergréng** bewuess **Synonym** Eefeue

I Variant: **Wantergring**

Wantergring Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) - Variant vun ↗**Wantergréng**

Wanterhénkeldéif [v'antə'hɛŋkəldɛɪf] Maskulinum (Pluriel **Wanterhénkeldéif**) **Circus cyaneus** **DE** Kornweihe • **FR** busard Saint-Martin • **EN** northern harrier • **PT** tartaranhão-azulado **Beispill** wéi laang bréien d'**Wanterhénkeldéif**? **Synonym** **Wanterwei**

Wanterint [v'anteint] Femininum (Pluriel **Wanterinten**) **Anas crecca** **DE** Krickente • **FR** sarcelle d'hiver • **EN** Eurasian teal • **PT** marrequina-comum **Beispill** wéi laang bréien d'**Wanterinten**? **Synonym** **Krickint**

Wanterjackett [v'antəʒakæɪt] Femininum (Pluriel **Wanterjacketten**) **DE** Winterjacke • **FR** veste d'hiver • **EN** winter jacket • **PT** casaco de inverno **Beispill** bei deenen äiskalen Temperature muss de deng déck **Wanterjackett** undoen

Wanterkleeder [v'antekle:de] Neutrum (kee Singulier) **DE** Winterkleidung • **FR** vêtements d'hiver • **EN** winter clothes • **PT** roupa de inverno **Beispill** mir hunn eis **Wanterkleeder** dëst Joer ze fréi ewechgehangen **Synonym** **Wantergezei**

Wanterkollektioun [v'antekolæksɪʊn] Femininum (Pluriel **Wanterkollektiounen**) **DE** Winterkollektion • **FR** collection d'hiver • **EN** winter collection • **PT** coleção de inverno **Beispiller** vill Kleedergeschäfte kruten d'**Wanterkollektioun** schon eran; um Defilé hunn d'**Mannequinen** déi nei **Wanterkollektioun** virgefieert

wanterlech [v'anteləç] Adjektiv **DE** *winterlich* • **FR** *hivernal* • **EN** *wintry* • **PT** *invernal* **Beispill** bei *wanterleche* Wiederkonditiounen si Wanterpneue virgeschriwwen

Wantermount [v'anteməʊnt] Maskulinum (Pluriel *Wanterméint*) **DE** *Wintermonat* • **FR** *mois de l'hiver* • **EN** *winter month* • **PT** *mês de inverno* **Beispiller** meteorologesch gesinn ass den Dezember den éischte *Wantermount*; déi lescht Joren hate mer aussergewöhnlech méll *Wanterméint*

Wanternuecht [v'antenuəçt] Femininum (Pluriel *Wanternuechten*) **DE** *Winternacht* • **FR** *nuit d'hiver* • **EN** *winter night* • **PT** *noite de inverno* **Beispill** no där äiseger *Wanternuecht* war de Séi zougefruer

Wanterpanewippchen [v'antepa:nəvɪpçən] Maskulinum (Pluriel *Wanterpanewippercher*) **Motacilla cinerea** **DE** *Gebirgsstelze* • **FR** *bergeronnette des ruisseaux* • **EN** *grey wagtail* • **PT** *alvéola-cinzenta* **Beispill** wéi laang bréien d'*Wanterpanewippercher*?

Wanterpous Femininum (Pluriel *Wanterpousen*) **DE** *Winterpause* • **FR** *pause d'hiver* • **PT** *pausa de inverno* **Beispill** virun der *Wanterpous* stoung eis Ekipp op der zweeter Plaz an der Tabell

Wanterpneu [v'antepnø:] Maskulinum (Pluriel *Wanterpneuen*) **DE** *Winterreifen* • **FR** *pneu hiver* • **EN** *winter tyre* • **PT** *pneu de inverno* **Beispill** de Garagist huet mer nei *Wanterpneue* montéiert

Wanterschlof [v'anteflo:f] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Winterschlaf* • **FR** *hibernation* • **EN** *hibernation* • **PT** *hibernação* **Beispiller** d'Igele sinn nach am *Wanterschlof*; d'Bieren halen e *Wanterschlof*

Wanterschong Maskulinum (Pluriel *Wanterschong*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: *Wanterschung*

Wanterschung Maskulinum (Pluriel *Wanterschung*) - Variant vun *Wanterschong*

Wanterspiller [v'antepjilə] Neutrum (kee Singulier) (Olympesch) *Wanterspiller* **DE** (*Olympische*) *Winterspiele* • **FR** *Jeux (olympiques) d'hiver* • **EN** *Winter Games, Winter Olympics* • **PT** *Jogos (Olimpicos) de inverno* **Beispill** wien huet op den (Olympeschen) *Wanterspiller* d'Goldmedail am Äiskonschtlaaf gewonnen?

Wantersport [v'antepʃɔʁt] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** *Wintersport, Skiurlaub* • **FR** *sports d'hiver (vacances)* • **EN** *winter sports (holiday)* • **PT** *férias de esqui* **Beispiller** mir ginn an de *Wantersport*; mäi Brudder huet sech am *Wantersport* d'Bee gebrach **2.** **DE** *Wintersport (Sportarten)* • **FR** *sports d'hiver (activités sportives)* • **EN** *winter sports (activities)* • **PT** *desportos de inverno* **Beispiller** well ech de *Wantersport* immens gär hunn, fueren ech dës Saison zweemol an d'Schivakanz; an de *Wanterméint* kucken ech de Weekend net just Fussball, ma och emol *Wantersport* op der Télé

Wanterufank Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Winteranfäng* • **FR** *début de l'hiver* • **PT** *início do inverno* **Beispiller** weinst de Schaltjore fält de kalendaresche *Wanterufank* entweder op den 21. oder op den 22. Dezember; de meteorologesche *Wanterufank* ass ëmmer den éischten Dezember

Wanterwei [v'antevəi] Femininum (Pluriel *Wanterweien*) **Circus cyaneus** **DE** *Kornweihe* • **FR** *busard Saint-Martin* • **EN** *northern harrier* • **PT** *tartaranhão-azulado* **Beispill** wéi laang bréien d'*Wanterweien*? **Synonym** *Wanterhénkeldéif*

Wanterwieder Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Winterwetter* • **FR** *temps hivernal* • **EN** *winter weather* • **PT** *tempo invernal* **Beispill** dëst Joer hate mer guer kee richtegt *Wanterwieder*

Wanterzäit Femininum (kee Pluriel) **DE** *Winterzeit (Uhrzeit)* • **FR** *heure d'hiver* • **EN** *winter time (standard time)* • **PT** *hora de inverno* **Beispill** weess du, wéini d'Auer nees op d'*Wanterzäit* ëmgestallt gëtt?

Wanz [vants] Femininum (Pluriel *Wanzen*) **DE** *Wanze (Abhörgerät)* • **FR** *puce (micro espion)* • **EN** *bug (listening device)* • **PT** *aparelho de escuta (microfone espião)* **Beispill** de Spëtzeldeingscht huet an der Ambassade *Wanzen* installéiert

Wapp [vɑp] Maskulinum (kee Pluriel) **égs** **DE** *Schiss (Angst)* • **FR** *trouille (peur)* • **EN** (*in a blue*) *funk* • **PT** *cagaço (medo)* **Beispill** mir ass de *Wapp* gaangen, wéi ech sollt iwuer déi wackeleg Bréck goen

wärend [v'ɛ:rənt] Prepositioun » **mam Dativ** **DE** *während* • **FR** *durant, pendant* • **EN** *during* • **PT** *durante* **Beispill** de Monni huet *wärend* der ganzer Rees geschlof

wärend [v'ɛ:rənt] Konjunktioun **DE** *während (zur gleichen Zeit)* • **FR** *pendant que* • **EN** *while* • **PT** *enquanto (ao mesmo tempo que)* **Beispill** *wärend* ech den Deeg maachen, kanns du d'*Geméis* schneiden **Synonym** *wann*

wärenddeem Adverb - Variant vun *wärenddeems*

wärenddeem Konjunktioun - Variant vun *wärenddeems*

wärenddeems Adverb **DE** *währenddessen* • **FR** *pendant ce temps* • **EN** *meanwhile (at the same time)* • **PT** *enquanto isso, ao mesmo tempo* **Beispill** ech kann net d'*Zeitung* liesen a *wärenddeems* mat dir schwätzen **Synonym** *iwwerdeems*

i Variant: *wärenddeem*

wärenddeems Konjunktioun **1.** **DE** *während (zur gleichen Zeit)* • **FR** *pendant que* • **EN** *while* • **PT** *enquanto (durante)* **Beispill** *wärenddeems* hien d'*Zeitung* gelies huet, ass en entschlof **Synonymmen** *iwwerdeems*, *wärend* **2.** **DE** *wohingegen* • **FR** *alors que, tandis que* • **EN** *whereas* • **PT** *enquanto, ao passo que* **Beispill** eist Eelst ass ganz sportlech, *wärenddeems* säi Klänge Brudder stänneg d'*Nues* an de *Bicher* huet **Synonym** *wougéint*

i Variant: *wärenddeem*

Warndräieck [v'arndræ:iæk] Maskulinum (Pluriel *Warndräiecken / Warndräiecker*) **DE** *Warndreieck* • **FR** *triangle de présignalisation* • **EN** *hazard warning triangle* • **PT** *triângulo de pré-sinalização* **Beispill** all *Chauffer* muss a sengem *Auto* e *Warndräieck* hunn

warnen [v'arɲən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gewarnt*) » **transitiv** *warnen* (virun) **DE** *warnen (vor)* • **FR** *prévenir (de), avertir (de), mettre en garde (contre)* • **EN** *to warn (of), to warn (against)* • **PT** *avisar (de),*

prevenir (de) **Beispiller** ech hat dech gewarnt, elo muss de d'Konsequenzen droen!; de Gesondheetsministère lancéiert eng nei Campagne, fir déi Jonk virun de Gefore vum Tubak ze warnen

I Verb, dat warnen als Basis huet: *virwarnen*

Warnschëld [v'ɑrnʃɛlt] Neutrum (Pluriel Warnschëlter / Warnschëlde) **DE** Warnschild • **FR** panneau d'avertissement, signal d'avertissement • **EN** warning sign [panel] • **PT** placa de aviso, sinal de aviso **Beispill** op där geféierlecher Streck goufen elo Warnschëlter operéiert

Warnung [v'ɑrnʊŋ] Femininum (Pluriel Warnungen) **DE** Warnung • **FR** avertissement, mise en garde • **EN** warning • **PT** aviso, advertência **Beispiller** ech hoffen, datt si eis Warnung eescht huelen; dëst ass déi lescht Warnung, hal dech drun, soss kriss de eng Strof!

Warnwest Femininum (Pluriel Warnwesten) **DE** Warnweste • **FR** gilet de sécurité, gilet (de) haute visibilité • **PT** colete refletor **Beispiller** ech doen ëmmer eng Warnwest un, wann ech mam Vélo fueren; et ass obligatoresch, eng Warnwest am Auto ze hunn

Warnzeechen [v'ɑrntʃe:çən] Neutrum (Pluriel Warnzeechen) **DE** Warnzeichen [warnende Erscheinung] • **FR** signe d'alerte, signal d'alerte • **EN** warning sign, danger signal • **PT** sinal de advertência, sinal de alerta **Beispiller** wann s de an der éischter Prüfung eng Datz hues, solls de dat als Warnzeeche gesinn; d'Opposition monéiert, datt d'Regierung net op eendeiteg Warnzeeche virun där Kris reagéiert huet

Warrel [v'ɑrəl] Femininum (Pluriel Warrelen) **1. DE** wulstige Narbe • **FR** cicatrice boursouflée, cicatrice hypertrophique • **PT** cicatriz saliente, cicatriz hipertrófica **Beispill** zënter mengem schwéieren Accident hunn ech déi zwee Been voller Warrelen **2. DE** Wucherung [am Baum] • **FR** (bourgeon) épicormique • **PT** (rebento) epicórmico **Beispill** dës Bamkrankheet weist sech a Form vum Warrelen um Stamm

Warsager Maskulinum (Pluriel Warsager / Warsageren)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Warsagerin Femininum (Pluriel Warsagerinnen) - weiblech Form vun *Warsager*

Warschau Eegennumm **DE** Warschau • **FR** Varsovie • **PT** Varsóvia **Beispill** Warschau ass d'Haaptstad vu Polen

warscheinlech [va:ʃ'ɑɪnlɛç] Adjektiv **DE** wahrscheinlich • **FR** probable <Adverb probablement> • **EN** probable, likely <Adverb probably, likely> • **PT** provável [possível] <Adverb provavelmente> **Beispiller** Wëssenschaftler a Medezinner warne bei dësem Mëttel viru warscheinleche Kriibsriskien an anere Gesondheitsgeforen; warscheinlech kréie mer alt erëm kee wässe Chrëschtadg

Warscheinlechkeet [va:ʃ'ɑɪnlɛçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Wahrscheinlichkeit • **FR** probabilité • **EN** probability • **PT** probabilidade **Beispiller** d'Warscheinlechkeet, datt se d'Abriecher kréien, ass minim; ëm dës Zäit leien ech mat grousser Warscheinlechkeet schonn am Bett; wéi grouss ass d'Warscheinlechkeet,

datt de Blëtz zweemol op där selwechter Plaz aschléit? **Synonym** Probabilitéit

Wärter [v'ɛ:ɔtɛ] Maskulinum (Pluriel Wärter) **DE** Wächter • **FR** gardien [garde, veilleur] • **EN** guard, caretaker, attendant • **PT** guarda, vigia **Beispill** wéi ech mäi Schlëssel vergiess hat, huet de Wärter mer d'Dier ogespaart

Wartesall [v'ɑrtɛzəl] Maskulinum (Pluriel Wartesäll) **DE** Wartezimmer, Wartesaal • **FR** salle d'attente • **EN** waiting room • **PT** sala de espera **Beispiller** setzt Iech nach ee Moment an de Wartesall, d'Doktesch kennt gläich!; well den Zuch Verspéidung hat, souz ech eng hallef Stonn am Wartesall

Wärung [v'ɛ:ruŋ] Femininum (Pluriel Wärunge) **DE** Währung • **FR** monnaie [unité monétaire] • **EN** currency • **PT** moeda [unidade monetária] **Beispill** an Europa goufen déi meescht Wärunge duerch den Euro ersat

Wärungsfong [v'ɛ:ruŋsfɔŋ] Maskulinum (Pluriel Wärungsfongen) **DE** Währungsfonds • **FR** fonds monétaire • **EN** monetary fund • **PT** fundo monetário **Beispill** d'Experte vum Wärungsfong gi vun engem Wuessstum vun 2 % aus

Wärungsunion [v'ɛ:ruŋsunjən] Femininum (Pluriel Wärungsunionen) **DE** Währungsunion • **FR** union monétaire • **EN** monetary union • **PT** união monetária **Beispill** an enger Wärungsunion soll et keng grouss ekonomesch Differenzen tëschent deene verschiddene Memberstaate ginn

Wäsch [væʃ] Femininum (Pluriel Wäschen) **1. DE** Wäsche [Textilien] • **FR** lessive, linge à laver, linge lavé • **EN** wash, washing, laundry [textiles] • **PT** roupa (por lavar), roupa (lavada) **Beispiller** fréier gouf d'Wäsch op der Hand ageseeft a geschruppt; ech hunn d'Wäsch de Moien ausgehaangen, se misst elo dréche sinn; hëllef de mer d'Wäsch falen?; ech hunn dräi Wäschen do leien, déi ech nach muss maachen; gehei däin Hiem an d'Wäsch [gehei däin Hiem bei déi Saachen, déi muss gewäsch ginn]; bei der Scheedung koum viru Gericht vill knaschteg Wäsch op d'Tapéit [bei der Scheedung huet een deen anere viru Gericht mat privaten Detailler bloussgestallt] **2. DE** Wäsche [das Wäschewaschen] • **FR** lessive [action de laver le linge], lavage • **EN** wash, washing, laundry [process] • **PT** lavagem (de roupa) [ato de lavar] **Beispiller** wie këmmert sech bei iech am Stot ëm d'Wäsch?; meng Kleeder sinn all an der Wäsch, ech hunn näischt méi fir unzedoen!; meng Box ass an der Wäsch agaangen; ech fuere mam Auto an d'Wäsch [ech loossen den Auto wäschen]

Waschanlag [v'æzɑnla:ç] Femininum (Pluriel Waschanlagen) **DE** Waschanlage, Waschstraße • **FR** station de lavage, tunnel de lavage • **EN** car wash • **PT** centro de lavagem (automóvel), túnel de lavagem (automóvel) **Beispill** ech fueren de Mëtteg mam Auto an d'Waschanlag

I Variant: Waschanlag

Waschanlag [v'æzɑnla:ç] Femininum (Pluriel Waschanlagen) - Variant vun *Waschanlag*

Wäschbier [v'æʃbi:ɔ] Maskulinum (Pluriel Wäschbieren) Procyon lotor **DE** Waschbär • **FR** raton laveur • **EN** raccoon • **PT** guaxinim **Beispill** de Wäschbier ass eng aus Nordamerika ageféiert Aart, déi problematesch fir eenheemesch Déierenarte kéint ginn

Wäschbuer [v'æʃbu:ɔ] Maskulinum (Pluriel Wäschbueren) **DE** (öffentliches) Waschhaus • **FR** lavoir (public) • **EN** (public) wash house • **PT** lavadouro (público) **Beispiller** haut ka kee sech méi virstellen, wéi beschwéiert de Fraen hir Aarbecht um Wäschbuer war; déi Geschicht sinn ech um Wäschbuer gewuer ginn [déi Geschicht sinn ech duerch Beschass gewuer ginn]

wäschen [v'æʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewäsch) » **transitiv** **DE** waschen, putzen • **FR** laver [nettoyer] • **EN** to wash, to clean • **PT** lavar [limpar] **Beispiller** géi wäsch deng knaschteg Fangeren!; dee Pullover wäschen ech léiwer am Lavabo op der Hand; et soll ee sech dräimol den Dag d'Zänn wäschen; ech krut eng Panzrappecht, déi sech gewäsch hat! [ech krut eng hefteg Panzrappecht]

i Verben, déi **wäschen** als Basis hunn: ↗auswäschen, ↗erauswäschen an ↗ofwäschen

Wäschfra [v'æʃfra:] Femininum (Pluriel Wäschfrauen) **1. DE** Wäscherin, Waschfrau • **FR** lavandière, laveuse (de linge) • **EN** laundress, washerwoman • **PT** lavadeira [mulher que lava roupa] **Beispill** an der Zäit hunn d'Wäschfraen d'Gezei um Buer gewäsch **2. [égs pejorativ]** **DE** Waschweib, Klatschbase • **FR** commère, pipelette [femme, homme] • **EN** gossip [person] • **PT** cusca, gralha [mulher, homem] **Beispill** ziel deem näischt, dat ass eng richteg Wäschfra!

Wäschkichen [væʃk'içən] Femininum (Pluriel Wäschkichen) **DE** Waschküche • **FR** buanderie • **EN** laundry room, utility room • **PT** lavanderia [divisão de uma casa] **Beispill** deng Box hänkt nach an der Wäschkichen

Wäschkuerf [v'æʃku:ɛf] Maskulinum (Pluriel Wäschkierf) **DE** Wäschkorb [für schmutzige Wäsche] • **FR** panier à linge (sale) • **EN** laundry basket • **PT** cesto da roupa suja **Beispill** déi zwee Wäschkierf si voll, et gétt Zäit, datt mer eng Wäsch maachen

Wäschlängt [væʃ'lɛŋt] Femininum (Pluriel Wäschlängten) **DE** Wäscheleine • **FR** corde à linge • **EN** washing line, clothes line • **PT** corda de estender a roupa, varal **Beispill** deng Box ass gewäsch, mee se hänkt nach op der Wäschlängt

Wäschmaschinn [v'æʃmafɪn] Femininum (Pluriel Wäschmaschinnen) **DE** Waschmaschine • **FR** machine à laver, lave-linge • **EN** washing machine • **PT** máquina de lavar roupa **Beispill** de Filter vun eiser Wäschmaschinn ass verstoppt

Wäschmëttel Neutrum (Pluriel Wäschmëttelen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Wäschpulver [v'æʃpolfɛ] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) **DE** Waschpulver • **FR** lessive en poudre, poudre à laver • **EN** washing powder • **PT** detergente em pó **Beispill** dat Wäschpulver däerf net fir Woll benotzt ginn **Synonym** Seefepulver

Wäschstrooss [v'æʃʃtro:s] Femininum (Pluriel Wäschstroossen) **DE** Waschstraße • **FR** tunnel de lavage • **EN** car wash • **PT** túnel de lavagem (automóvel) **Beispill** ech fueren de Mëtteg mam Auto an d'Wäschstrooss

Washington Eegennumm **DE** Washington • **FR** Washington • **PT** Washington **Beispill** Washington ass d'Haaptstad vun Amerika

Wässerchen [v'æʃɛçən] Neutrum (kee Pluriel) - Diminutivform vun ↗Waasser

wasserdicht [v'asɛdɪçt] Adjektiv - Variant vun ↗waasserdicht

wässereg [v'æʃɛrɛç] Adjektiv **DE** wässrig • **FR** dilué, sans goût • **EN** watery, thin • **PT** aguado, insípido **Beispiller** en Terzebulli däerf net wässereg sinn; du kanns dach de Gäscht keng esou wässereg Britt zerwéieren!; mat dengem Gespréich iwver Fierkelshämmercher méchs de mir de Mond wässereg [mat dengem Gespréich iwver Fierkelshämmercher méchs de mir Gloscht]; d'Bomi huet mat wässeregen Aen nogelauschtert, wéi hiren Enkel d'Mammendagslied gesongen huet [d'Bomi huet mat Tréinen an den Aen nogelauschtert, wéi hiren Enkel d'Mammendagslied gesongen huet]

wässeren [v'æʃɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewässert) » **transitiv** **DE** wässern [Lebensmittel] • **FR** dessaler [dans l'eau] • **EN** to soak in water [food] • **PT** demolhar, pôr de molho **Beispill** du muss d'Ham wässeren, ier s de se kachs, se ass zimmlech gesalzt

Wasserfall [v'asɛfal] Maskulinum (Pluriel Wasserfäll) - Variant vun ↗Waasserfall

Wasserleitung [v'asɛlaɪtʊŋ] Femininum (Pluriel Wasserleitungen) - Variant vun ↗Waasserleitung

wässreg [v'æʃrɛç] Adjektiv - Variant vun ↗wässereg

wat [va:t] Interrogativpronomen » **Nominativ 1. DE** was • **FR** qu'est-ce qui, que • **EN** what • **PT** o que (é que) **Beispill** wat ass wärend menger Absence geschitt? **2. wat fir** **DE** welche(r,s), was für • **FR** quel(s), quelle(s), quel type de • **EN** what, which, what kind of • **PT** que, qual, quais, que tipo de **Beispiller** wat fir en Iesel huet säin Auto dohi geparkt?; wat fir eng Apdiikt huet haut den Owend Déngscht?; wat fir (eng) Acteure spillen an deem Film mat?; wat fir (eng) Leit gi Moudedefiléé kucken? **3. wat (fir)**; **wat** **DE** was für, was [exklamativ] • **FR** quel, qu'est ce que [exclamatif] • **EN** what [exclamatory] • **PT** que, quanto [exclamativo] **Beispiller** wat (ass dat fir) e léiwe Männchen!; wat en Duercherneen!; wat schéi Biller!; wat hu mir eis do ameséiert! » **Akkusativ 4. DE** was • **FR** (qu'est-ce) que • **EN** what • **PT** o que (é que), que **Beispiller** wat hues de haut gekacht?; op wat muss een hei oppassen? **5. wat fir** **DE** welche(n,s), was für • **FR** quel(s), quelle(s), quel type de • **EN** what, which, what kind of • **PT** que, qual, quais, que tipo de **Beispiller** wat fir e Buch hues de an der Vakanz gelies?; op wat fir e Bierg sidd dir an der Vakanz geklommen?; wat fir (eng) Taxe muss den Exporteur bezuelen?; wat fir eng Musek lauschters du am Auto? » **Dativ 6. DE** was, wo... • **FR** quoi • **EN** what • **PT** que **Beispill** mat wat hues du d'Kachplack gebotzt? **7. wat fir** **DE** welchem, welcher,

welchen, was für • FR *quel(s), quelle(s), quel type de* • EN *what, which, what kind of* • PT *que, qual, quais, que tipo de* **Beispiller** wat fir engem Topert hu mer dat do ze verdanken?; mat wat fir (engen) Blumme wëllt Der Are Bouquet hunn?

wat [va:t] Relativpronomen » Singulier / sächlech / Nominativ **1.** DE *was* • FR *(ce) qui* • EN *what* • PT *(o) que* **Beispiller** (dat) hei ass nëmmen e Brochdeel vun deem, wat nach op eis duerkënn; ech kucken, wat mir nach afällt » Singulier / sächlech / Akkusativ **2.** DE *was* • FR *(ce) que* • EN *what* • PT *(o) que* **Beispiller** si hunn (dat) erreecht, wat se sech virgeholl haten; wat ech nach wollt soen, hunn ech erëm vergiess » Singulier / sächlech / Dativ **3.** DE *was, wo...* • FR *quoi* • EN *what* • PT *(o) que* **Beispill** et huet kee verstanen, vu wat ech geschwat hunn

i De Relativpronome „wat“ gëtt och heiansdo amplaz vum Relativpronomen „dat“ gebraucht, fir op en Neutrum Singulier (Nominativ oder Akkusativ) ze verweisen: en Hiem, wat/dat der gutt geet.

wat [va:t] Konjunktioon wat (méi) ..., wat (méi) DE *je (mehr) ..., desto (mehr)* • FR *plus ..., plus ..., d'autant (plus) ..., que ...* • EN *the more ..., the more* • PT *quanto (mais) ..., tanto (mais)* **Beispiller** wat een de Kanner méi eppes verbitt, wat et se méi beschäftegt; wat méi, wat besser! **Synonymmen** jee (méi) ..., desto (méi), jee (méi) ..., émsou (méi)

Watchparty [w'atʃpa:rti:] Femininum (Pluriel Watchpartyen) DE *Watch-Party* • FR *watch party, co-visionnage de vidéos* • EN *watch party* • PT *watch party, visualização de vídeos em grupo* **Beispill** well mer den Ament net kënnen an de Kino goen, organiséieren ech mat Kollegeen eng online Watchparty

watgelift [va:tgəl'ift] Interjektioon **1.** watgelift? DE *wie bitte?* • FR *pardon ?, comment ?, plait-il ?* • PT *desculpa?, desculpe?, como?, diga?* **Beispill** watgelift? (Wat hutt Der gesot?) **Synonym** pardon? **2.** DE *also bitte (als Ausdruck der Empörung)* • FR *pardon (pour exprimer son indignation)* • PT *perdão (para exprimir indignação)* **Beispiller** watgelift, dat do ass inakzeptabel; watgelift, hues de se nach all?; wann s de dech net geschwë gëss, da soen ech der watgelift! [égs] [= seet een zu engem, vun deem ee genervt gëtt, fir em ze weisen, datt ee geschwë mat der Gedold um Enn ass] **Synonym** pardon

i Kuerzform: gelift

watschelen [v'atʃələn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gewatschelt) » intransitiv DE *watscheln* • FR *se dandiner, marcher en se dandinant* • EN *to waddle* • PT *bambolar(-se), caminhar a bambolar(-se)* **Beispill** déi kleng Inte sinn, eng hanner där anerer, iwwer d'Wiss gewatschelt

Watschenterhaff [v'atʃəntəhaf] Eegennumm DE *Watschenterhaff* • FR *Watschenterhaff* • EN *Watschenterhaff* • PT *Watschenterhaff* **Beispiller** ech wunnen um Watschenterhaff; fiert dëse Bus op de Watschenterhaff?

Watt [vat] Maskulinum (Pluriel Watt) DE *Watt (Maßeinheit)* • FR *watt* • EN *watt, W* • PT *watt* **Beispill** an deem Raum geet eng Bier vun 20 Watt duer

i Watt gëtt mat W ofgekierzt.

Watt [vat] Femininum (kee Pluriel) DE *Watte* • FR *coton, ouate* • EN *cotton wool* • PT *algodão (hidrófilo), algodão (em rama)* **Beispill** wann s de de Kaméidi net verdréis, da stiech der Watt an d'Oueren

Wealerhaff [vea:leh'af] Eegennumm DE *Wealerhaff* • FR *Wealerhaff* • EN *Wealerhaff* • PT *Wealerhaff* **Beispiller** ech wunnen um Wealerhaff; fiert dëse Bus op de Wealerhaff?

Web Maskulinum (kee Pluriel)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Webeschaff [v'e:bəʃhaf] Eegennumm DE *Webeschaff* • FR *Webeschaff* • EN *Webeschaff* • PT *Webeschaff* **Beispiller** ech wunnen um Webeschaff; fiert dëse Bus op de Webeschaff?

Webinaire Maskulinum (Pluriel Webinaren) - Variant vun ↗Webinar

Webinar [wæbin'a:r] Maskulinum (Pluriel Webinaren) DE *Webinar* • FR *webinaire* • EN *webinar* • PT *conferência virtual, webinar* **Beispill** fir deen interessante Webinar waren 300 Leit agelogg

i Variant: Webinaire

Websäit Femininum (Pluriel Websäiten)

i Hei entsteet en neien Artikel.

wéchentlech [v'ecəntləç] Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

Weck [væk] Maskulinum (Pluriel Weck) DE *Spaltkeil* • FR *coin de bûcheron* • EN *splitting wedge* • PT *cunha para rachar* **Beispill** fir déckt Holz ze räissen, brauch een en Hummer a Weck

Wéckel [v'ekəl] Maskulinum (Pluriel Wéckelen) DE *Wickel (Umschlag)* • FR *compresse (humide)* • EN *(wet) compress* • PT *compressa (úmida)* **Beispill** kal Wéckele sinn en effikasst Mëttel bei Féiwer

Wéckeldësch [v'ekəldəʃ] Maskulinum (Pluriel Wéckeldësch) DE *Wickeltisch* • FR *table à langer* • EN *(baby) changing table* • PT *mesa de mudar as fraldas* **Beispiller** mir missten eise Kleng frëschmaachen, hutt Dir e Wéckeldësch?; haut stellt praktesch all Restaurant e Wéckeldësch zur Verfügung

wéckelen [v'ekələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewéckelt) » transitiv **1.** DE *wickeln (herumwickeln)* • FR *mettre (autour de)* • EN *to wrap (around), to wind (around)* • PT *colocar (à volta de)* **Beispill** den Infirmier huet mer de Verband ze fest gewéckelt **2.** wéckelen an DE *wickeln in (einpacken in)* • FR *envelopper dans, emballer dans* • EN *to wrap (up) in* • PT *embrulhar em, envolver em* **Beispill** den Epicier huet mer meng Porretten an eng Zeitung gewéckelt **3.** DE *wickeln (einen Säugling einwickeln)* • FR *langer, emmailloter (un bébé)* • EN *to swaddle (a baby)* • PT *pôr cueiros a lum bebé* **Beispiller** fréier goufen d'Kanner esou gewéckelt, datt se net méi konnte bougiieren; du bass schif gewéckelt [égs] [du iers dech] **4.** [égs] DE *hereinlegen (übers Ohr hauen)* • FR *rouler (mener en bateau)* • EN *to trick, to take for a ride* • PT *enrolar (levar à certa)* **Beispill**

si hunn hie schéi **gewéckelt** » **reflexiv 5. DE** *sich winden, sich ranken* • **FR** *s'entortiller (autour de)* • **EN** *to wind around* • **PT** *trepar, enrosar-se* **Beispill** de Wantergréng huet sech ëm de Bam **gewéckelt**

I Verben, déi **wéckelen** als Basis hunn: *↗awéckelen, ↗lasswéckelen, ↗ofwéckelen an ↗opwéckelen*

Wecker [v'æke] Maskulinum (Pluriel **Weckeren**) **1. DE** *Wecker* [Gerät] • **FR** *réveil* [appareil] • **EN** *alarm* [clock] • **PT** *despertador* [aparelho] **Beispiller** wann de **Wecker** rabbelt, ginn ech direkt wakereg; de Moien hunn ech de **Wecker** net héieren; meng Nopesch geet mer op de **Wecker!** **[ëgs]** [meng Nopesch geet mer op d'Nerven!] **2. DE** *Wecker* [Weckfunktion] • **FR** *réveil* [fonction] • **EN** *alarm* [function] • **PT** *despertador* [função] **Beispill** du hues e **Wecker** um Handy

Wecker [v'æke] Eegennumm **DE** *Wecker* • **FR** *Wecker* • **EN** *Wecker* • **PT** *Wecker* **Beispiller** ech wunnen zu **Wecker**; fiert dese Bus op **Wecker**?

Wecker Gare [v'ækeɡ'a:r] Eegennumm **DE** *Wecker-Gare* • **FR** *Wecker-Gare* • **EN** *Wecker-Gare* • **PT** *Wecker-Gare* **Beispiller** ech wunnen op der **Wecker Gare**; fiert dese Bus op d'**Wecker Gare**?

weder [v'e:de] Konjunktioun - Variant vun *↗weeder*

Wee [ve:] Maskulinum **1.** (Pluriel **Weeër**) **DE** *Weg* [zum Begehen, zum Befahren] • **FR** *chemin* [voie de circulation], *sentier* • **EN** *path, track* • **PT** *caminho, vereda, carroiro* **Beispiller** d'Bänke laanscht dem **Wee** ginn nei ugestrach; an de Bierger sinn d'**Weeër** heiansdo schmuel; nom Stuerm louch e Bam um **Wee**; réckel e bëssen, du stees mer am **Wee** [réckel e bëssen, du hënners]; zënter eisem Sträit geet hie mir aus dem **Wee** [zënter eisem Sträit evitéiert hie mech]; ech trauen deem Typ net iwuer de **Wee** [ech trauen deem Typ net]; do féiert kee **Wee** derlaanscht [do gëtt et nëmmen eng Méiglechkeet]; hien ass scho laang vum richtege **Wee** ofkomm [hie mécht scho laang net méi, wat ee soll]; deen do steet sech selwer am **Wee** [hien ass selwer Schold, datt en am Liewen net virukënnt]; ech krut vill Steng an de **Wee** gehäit [ech krut vill Schwierigkeete gemaach]; dat neit Gesetz huet de **Wee** fräigemaach fir d'Bestietnes vu gläichgeschlechtliche Koppelen [dat neit Gesetz huet d'Bestietnes vu gläichgeschlechtliche Koppelen méiglech gemaach] **2.** (Pluriel **Weeër**) **DE** *Weg* [Strecke] • **FR** *chemin, route* [itinéraire], *trajet* • **EN** *way, route* [itinerary] • **PT** *caminho, trajeto* [itinerário] **Beispiller** ech fueren all Dag dee selwechte **Wee** op d'Aarbecht; um **Wee** fir heem krut ech e Platten; d'Apdikt läit op mengem **Wee**; iess nach eng Schmier, fir datt s de de **Wee** packs; um hallwe **Wee** hu mir eng Paus gemaach; spuer der dee **Wee** [deplacéier dech net fir näischt]; d'Enquête gouf vun der Richterin an d'**Weeër** geleet [d'Richterin huet derfir gesuergt, datt mat der Enquête ugefaange gouf]; hatt geet säin eegene **Wee** [hatt këmmert sech net ëm dat, wat déi aner maachen]; de Jong wäert säi **Wee** goen [de Jong wäert et zu eppes bréngen]; hien ass um beschte **Wee**, fir Alkoholiker ze ginn [wann hien esou weidermécht, gëtt en Alkoholiker]; ech ginn der e puer gutt Réit mat op de **Wee** [ech ginn der e puer gutt Réit, déi der kënne weiderhëlafen] **3.** senger **Wee** goen **DE** *seiner Wege gehen* • **FR** *s'en aller, partir* [dans une situation de mécontente-

ment] **Beispiller** de Virtrag war esou langweileg, datt déi Éischt schon no zéng Minutten hirer **Wee** gaange sinn; géi denger **Wee!** [verschwann!]; mäi Mann ass senger **Wee** gaang [mäi Mann huet mech verlooss] **4.** **Wee** fir dohin ; **Wee** fir zeréck **DE** *Hinweg, Rückweg* • **FR** *aller, retour* [trajet] • **EN** *way there, way back* • **PT** *caminho da ida, caminho da volta* **Beispill** de **Wee** fir zeréck ass mer méi kuerz virkomm ewéi de **Wee** fir dohin **5.** (kee Pluriel) **DE** *Richtung, Weise* • **FR** *sens* [direction, orientation, position] • **EN** *way* [direction, sense] • **PT** *sentido* [direção, orientação, posição] **Beispiller** du muss d'Kabelen ëmpolen, soss dréit de Motor de falsche **Wee**; déi Dëlpessen haten de Fändel de verkéierte **Wee** opgehaangen; du hues de Pullover de verkéierte **Wee** ugedoen; ech sinn de laange **Wee** duer getrollt [ech sinn a menger ganzer Längt duer getrollt] **6.** (Pluriel **Weeër**) **DE** *Weg* [Vorgehensweise] • **FR** *moyen, voie* [manière de procéder], *procédure* • **EN** *way* [method] • **PT** *meio, via* [maneira de proceder] **Beispiller** si huet hir Decisioun als deen eenzeg richtege **Wee** ugesinn; mir bleift keen anere **Wee**, ewéi eng **Plainte** ze maachen; de **Projet** muss elo op de legislative **Wee** kommen [de **Projet** muss elo gesetzlech ëngesat ginn]; mat eiser **Iddi** si mer um gudden **Wee** [eis **Iddi** kann zu engem **Succès** féieren]

weech [ve:ç] Adjektiv **DE** *übel, schwindlig* • **FR** *nau-séeux, étourdi* • **EN** *sick, dizzy* • **PT** *maldisposto, tonto* **Beispiller** et gëtt mer all **Kéier weech**, wann ech **Blutt** gesinn; mir ass et **weech**, ech muss mech ee **Moment** setzen

weechen [v'e:çən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **geweecht**) » **intransitiv DE** *weichen, weich werden* • **FR** *tremper* • **EN** *to soak* • **PT** *ficar de molho* **Beispiller** d'Lëse mussen eng **Nuecht weechen**, ier s de se kachs; de **Fleck** ass net erausgaangen, well ech d'**Blus** net laang genuch **weeche** gelooss hunn

I Verben, déi **weechen** als Basis hunn: *↗aweechen an ↗opweechen*

Weechen [v'e:çən] Maskulinum (Pluriel **Weeërcher**) - Diminutivform vun *↗Wee*

Weed [ve:t] Femininum (Pluriel **Weeden**) **DE** *Weide* [Weideland] • **FR** *pâturage, pâture* [surface] • **EN** *meadow, pasture* • **PT** *pasto, pastagem* [terreno] **Beispiller** den **Hiert** verbréngt de ganzen **Dag** mat senger **Schof** op der **Weed**; looss d'**Ranner** an eng aner **Pierch**, se hu keng **Weed** méi [looss d'**Ranner** an eng aner **Pierch**, op hirer **Weed** hu se net méi genuch ze friessen]; looss der d'**Féiss** splécken a géi op d'**Weed!** **[graff]** [du bass domm ewéi eng **Kouf**]

Weed Femininum (Pluriel **Weeden**) - Variant vun *↗Weid*

weeden [v'e:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **geweet**) » **transitiv 1. DE** *weiden* • **FR** *pâturer, paître* • **EN** *to graze* [to eat] • **PT** *pastar* **Beispill** looss d'**Ranner** an eng aner **Perch**, se **hunn** alles **geweet** » **intransitiv 2. DE** *weiden* • **FR** *pâturer, paître* • **EN** *to graze* [to feed] • **PT** *pastar* **Beispill** dem **Bauer** seng **Ranner** hunn eng **grouss Perch** fir ze **weeden**

weeder [v'e:de] Konjunktioun **weeder** ... nach **DE** *weder ... noch* • **FR** *ne ... ni ... ni* • **EN** *neither ... nor* • **PT** *nem ... nem* **Beispill** erstaunlech vill **Leit** kënne **weeder** liesen

nach schreiwen

Weekend [w'i:kænt] Maskulinum (Pluriel *Weekender*) **1.** DE *Wochenende* • FR *week-end* • EN *weekend* • PT *fim de semana* **Beispiller** ech fuere fir de verlängerte Weekend op d'belsch Plage; mir mussen nach ofmaachen, wat mer de Weekend ënnerhuelen **2.** DE *Wochenendhaus* • FR *maison(nette) de vacances* • EN *weekend home* • PT *casa de fim de semana* **Beispill** mir hunn e Weekend am Éislek **Synonym** Weekendhaischen

Weekendhaischen [w'i:kænthaisjən] Neutrum (Pluriel *Weekendhaischer*) DE *Wochenendhaus* • FR *maison(nette) de vacances* • EN *weekend home* • PT *casa de fim de semana* **Beispill** mäi Monni huet eis fir e puer Deeg a säi Weekendhaischen invitéiert **Synonym** Weekend

Weekend-Haischen [w'i:kænthaisjən] Neutrum (Pluriel *Weekend-Haischer*) - Variant vun **Weekendhaischen**

Weekräiz [v'e:kræ:its] Neutrum (Pluriel *Weekräizer*) DE *Wegkreuz* • FR *calvaire* [croix] • PT *calvário* [cruccif-xol] **Beispill** d'Gemeng huet dat aalt stengt Weekräiz restauréiere gelooss

Weeltzer Schlass [v'e:ltsej'las] Eegennumm - Variant vun **Wëlzer Schlass**

weem Interrogativpronomen - Variant vun **wiem**

weem Relativpronomen - Variant vun **wiem**

ween Interrogativpronomen - Variant vun **wien**

ween Relativpronomen - Variant vun **wien**

Weenchen [v'e:ŋçən] Maskulinum (Pluriel *Weencher*) - Diminutivform vun **Won** **1.** DE *Handwagen* • FR *chariot à main* • EN *handcart* • PT *carro de mão, carro de transporte* **Beispill** mat engem *Weenche* si mer an d'Stéck d'Gromperen eraushuele gaangen **2.** DE *Ein-kaufswagen* • FR *chariot, caddie* • EN *trolley* • PT *carrinho de compras* **Beispiller** an der Reception vum Supermarché kriss de e Stong fir an de *Weenchen*; wéi mer an der Keess ukoumen, war de *Weenche* geféllt bis uewenhin **Synonymmen** Akafsweenchen, Caddie

Weeschësser [v'e:ʃesɛ] Maskulinum (Pluriel *Weeschësser*) DE *Gerstenkorn* [Entzündung] • FR *orgelet* • EN *sty, stye* [infection] • PT *terçolho* **Beispill** wann s de e *Weeschësser* hues, kanns de der d'A mat Kamillentéi plätschen

Weesekand [v'e:zəkant] Neutrum (Pluriel *Weesekanner*) DE *Waise, Vollwaise* • FR *orphelin(e)* [de père et de mère] • EN *orphan* • PT *órfão, órfã* [que perdeu pai e mãe] **Beispiller** well se keng eege Kanner konnt kréien, huet d'Koppel e *Weesekand* adoptéiert; hien huet sech et zur Aufgab gemaach, de *Weesekanner* ze hëllefen

Weesenhaischen Neutrum (Pluriel *Weesenhaiser*)

I Hei entsteet en neien Artikel.

weesentlech [v'e:zəntlɛç] Adjektiv DE *wesentlich* [ausschlaggebend] • FR *essentiel* [principal] • EN *essential* [principal] • PT *essencial* [principal] **Beispiller** an der Versammlung gouf just iwwer déi *weesentlech* Punk-

te geschwat; konzentréier dech an denger Ried op dat *Weesentlech* a verléier dech net an *Detailer*!

weesentlech [v'e:zəntlɛç] Adverb DE *wesentlich* [sehr, viel] • FR *considérablement, beaucoup* • EN *considerably, much* • PT *consideravelmente, muito* **Beispiller** dem Patient säin Zoustand huet sech *weesentlech* gebessert; ech hu beim Exame *weesentlech* besser ofgeschnidden ewéi erwaart **Synonym** vill

Weess [ve:s] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Weizen* • FR *blé, froment* • EN *wheat* • PT *trigo* **Beispill** de Bauer huet dräi Hektar *Weess* gedresch

Weessekär Maskulinum (Pluriel *Weessekären*) DE *Weizenkorn* • FR *grain de blé* • EN *wheat grain* • PT *grão de trigo* **Beispill** de Mëller huet de Schoulkanner gewisen, wéi aus *Weessekäre* Miel gemaach gëtt

Wegdichen [v'ægdiçən] Eegennumm DE *Weidingen* • FR *Weidingen* • EN *Weidingen* • PT *Weidingen* **Beispiller** ech wunnen zu *Wegdichen*; fiert dëse Bus op *Wegdichen*?

wéi [v31] Adjektiv **1.** DE *weh, schmerzend* • FR *douloureux* [endolori] • EN *sore, painful* • PT *dorido* [que dói] **Beispill** du kanns däi *wéie* Fanger am Kamillentéi bueden **2.** wéi hunn DE *Schmerzen haben* • FR *avoir mal* (à) [physiquement] • EN *to be in pain, to have an ache, to hurt* • PT *ter dores* (de) [no corpo] **Beispiller** gëschter hat ech de ganzen Dag de Kapp *wéi*; hues de nach *wéi*?; wann s de laang virum Computer sëtzt, kriss de d'Ae *wéi*

wéi [v31] Konjunktioun DE *als* [zu der Zeit, in dem Augenblick] • FR *quand* [au moment où] • EN *as, when* • PT *quando* [no momento em que] **Beispiller** grad *wéi* ech virum Haus laantschtgaange sinn, ass den Hond zur Dier erausgesprongen; *wéi* ech kleng war, sinn ech ëmmer zu Fouss an d'Schoul gaangen

wéi [v31] Interrogativpronomen **1.** DE *wie* [auf welche Art und Weise] • FR *comment, la façon dont, la manière dont* • EN *how* [in what way] • PT *como, de que maneira, a maneira como* **Beispiller** *wéi* kann ech mech an deem Gespéich méiglechst diplomatesch uleeën?; *wéi* kann ech Iech hëllefen?; ech géif iech gär hëllefen, mee *wéi*?; et ass net an der Rei, *wéi* s du mech behandels!; *wéi* mengs de dat?; *wéi*? [wat gelift?] **2.** DE *wie* [welche Merkmale aufweisend] • FR *quel* • EN *what ... like, how* • PT *como, que* [que tipo de] **Beispiller** *wéi* soll d'Wieder Enn der Woch ginn?; *wéi* ass d'Stëmmung um Büro zënter dem Sträit mam Chef? **3.** DE *wie* [in welchem Grade, in welchem Maß] • FR *combien* • EN *how* [to what amount, to what degree] • PT *quanto, quão* [em que medida, em que intensidade] **Beispiller** d'Bremsspuer weist, *wéi* séier den Auto ënnerwee war; *wéi* laang kanns du d'Loft anhalen?; mooss emol, *wéi* grouss dat Zëmmer ass!; *wéi* dacks gees du bei den Zännokter?; du gleefs net, *wéi* gär ech de Schockela hunn! **4.** *wéi* vill DE *wie viel* • FR *combien* (de) • EN *how much, how many* • PT *quanto(s), quant(a)s*) **Beispiller** *wéi* vill Zocker soll ech an den Téi maachen?; et ass debil, *wéi* vill Geld verschidde Leit fir Luxus ausginn!; *wéi* vill Mol den Dag muss ech dat Medikament anhuelen?; *wéi* vill Auer ass et? [⇒ seet een, fir no der Auerzäit ze froen] **5.** *wéi* en / *wéi* eng DE *welche(r)s, was für* • FR *quel(s), quelle(s), quel type de* • EN

which, what, what kind of • **PT** *que, qual, quais* [para introduzir uma pergunta sobre alguém ou algo] **Beispiller** wéi en Hellegen ass däi Patréiner?; weess du, aus wéi enger Epoch déi heite Miwwele sinn?; wéi eng Musek lauschters du am Auto? **Synonym** wat fir en(g) **6. DE** *wie* (um alles in der Welt) • **FR** *comment* (diable) • **EN** *how* (on earth) • **PT** *como* (diabo) **Beispiller** wéi kann e Mënsch nëmmen esou onsénneg argumentéieren!; wéi kanns de dat soen! **Synonym** wou **7. DE** *wie* [exclamativ] • **FR** *comme, qu'est-ce que, que, comment* [exclamatif] • **EN** *how* [exclamatory] • **PT** *quanto, quão, que, como* [exclamativo] **Beispiller** wéi gär wier ech méi laang bliwwen!; wéi (gutt) hu mir eis ameséiert!; nee, wéi schéin!; „sidd der vernannt ginn?“ – „a (fro net) wéi!“

Wei [vaɪ] Femininum (Pluriel Weien) Relioun **DE** *Weihe* [einer Person] • **FR** *ordination, consécration* [d'une personne] • **EN** *ordination, consecration* [of a person] • **PT** *ordenação, consagração* [de uma pessoa] **Beispiller** no der Wei huet de Geeschtlechen d'Primiz a senger Por gefeiert; deen neie Bëschof huet d'Wei vu sengem Vorgänger empfaangen

Wéi [vɜɪ] Femininum (Pluriel Wéien) **DE** *Wiege* • **FR** *berceau* • **EN** *cradle* • **PT** *berço* **Beispill** d'Mamm huet de Puppelchen an d'Wéi geluecht an him e Schloflidd gesongen

Wéi [vɜɪ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Schmerz(en)* • **FR** *douleur* • **EN** *pain, ache* • **PT** *dor* **Beispill** d'Doktesch huet mer eppes géint de Wéi opgeschriwwen **Synonym** Péng

Wéi [vɜɪ] Femininum (Pluriel Wéien) (meeschtens Pluriel) **DE** *Wehe* [Geburtswehe] • **FR** *contraction* (utérine) • **EN** *contraction* [during childbirth] • **PT** *contração* (do útero) **Beispiller** wéi menger Fra hir Wéien ëmmer méi staark goufen, sinn ech mat hir an d'Maternité gefuer; no stonnelaange Wéien ouni Resultat huet de Gynekolog decidéiert, der Fra eng Cesarienne ze maachen

wéi [vɜɪ] Konjunktioun - Variant vun **weéi**

Weibchen [v'ɑɪpçən] Neutrum (Pluriel Weibercher) **DE** *Weibchen* [Tier] • **FR** *femelle* [animal] • **EN** *female* [animal] • **PT** *fêmea* [animal] **Beispill** ass däi Mierschwéngchen e Männchen oder e Weibchen?

Weibëschof Maskulinum (Pluriel Weibëscheef)

i Hei entsteet en neien Artikel.

weiblech [v'ɑɪbləç] Adjektiv **1. DE** *weiblich* [weiblichen Geschlechts] • **FR** *féminin* [femme] • **EN** *female* • **PT** *feminino* [do sexo feminino] **Beispill** eise Veräin huet bal nëmme weiblech Memberen **2. DE** *weiblich* [feminin, einer Frau entsprechend] • **FR** *féminin* [propre à la femme, caractéristique de la femme] <Adverb de manière féminine> • **EN** *feminine* <Adverb in a feminine way> • **PT** *feminino* [próprio da mulher] <Adverb de forma feminina> **Beispiller** dëst Fréijoer ass d'Moud fir Dammen nees ganz weiblech; vill vun där Kënschtlerin hire Skulpturen hu betounte weiblech Formen; eis Cheffin deet sech gäre weiblech un **Synonym** feminin **3. DE** *weiblich* [Genus] • **FR** *féminin* [genre grammatical] • **EN** *feminine* [grammatical gender] • **PT** *feminino* [género gramatical] **Beispiller** déi weiblech Form vu „Bäcker“ ass „Bäckesch“; am Lëtzebuergeresche gëtt et Substantiven, déi

esouwuel männlech ewéi och weiblech sinn

Weiblechkeet [v'ɑɪbləçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Weiblichkeit* • **FR** *féminité* • **EN** *femininity* • **PT** *feminilidade* **Beispill** fir mech ass dës Schauspillerin d'Verkierperung vun der Weiblechkeet

Weich [vaɪç] Femininum (Pluriel Weichen) **DE** *Weiche* [Schienenvorrichtung] • **FR** *aiguillage, aiguille, dispositif des rails* • **EN** *points* [railway] • **PT** *agulhagem, agulha, sistema de carris* **Beispiller** den Zuch ass aus de Schinne gesprongen, well d'Weiche falsch gestallt waren; mat dëser Decisioun huet d'Regierung d'Weiche fir d'Reform am Enseignement gestallt [mat dëser Decisioun huet d'Regierung d'Richtung vun der Reform am Enseignement festgeluecht]

Weid [vaɪt] Femininum (Pluriel Weiden) **DE** *Weide* [Pflanze] • **FR** *saule* • **EN** *willow* • **PT** *salgueiro* **Beispill** d'Weid an eisem Gaart hat dëst Joer vill Kätzercher

i Variant: Weed

Weidemees [v'ɑɪdəmə:s] Femininum (Pluriel Weidemeesen) **Parus montanus** **DE** *Weidenmeise* • **FR** *mésange boréale* • **EN** *willow tit* • **PT** *chapim-sibilino* **Beispill** wéi laang bréien d'Weidemeesen?

Weidemësch [v'ɑɪdəməʃ] Femininum (Pluriel Weidemëschen) **Emberiza schoeniclus** **DE** *Rohrhammer* • **FR** *bruant des roseaux* • **EN** *common reed bunting* • **PT** *escrevedeira-dos-caniços* **Beispill** wéi laang bréien d'Weidemëschen?

Weidemillen [v'ɑɪdəmilən] Eegennumm **DE** *Weidemillen* • **FR** *Weidemillen* • **EN** *Weidemillen* • **PT** *Weidemillen* **Beispiller** ech wunnen op der Weidemillen; fiert dëse Bus op d'Weidemillen?

weidenaffen [vaɪdə'n'afən] Adverb vereeltz **DE** *sperrangelweit* • **FR** *grand* (ouvert) • **EN** *wide open* • **PT** (aberto) *de par em par* **Beispill** wéi ech heemkouw, stoung d'Visicht Dier weidenaffen op **Synonymen** grouss, wäit

Weidendall [v'ɑɪdəndal] Eegennumm **DE** *Weidendall, Val des Oseraies* • **FR** *Weidendall, Val des Oseraies* • **EN** *Weidendall, Val des Oseraies* • **PT** *Weidendall, Val des Oseraies* **Beispiller** ech wunnen am Weidendall; fiert dëse Bus an de Weidendall?

weider [v'ɑɪde] Adverb **1. DE** *weiter* [weiterhin] • **FR** *en-core, à l'avenir* • **EN** *further, in the future* • **PT** *ainda, de futuro* [também daqui em diante] **Beispiller** wann s du dech weider esou stress, da kriss de nach e Moschwier!; dat ass eng flott Initiativ, déi mir och weider ënnerstëtzen **Synonym** weiderhin **2. net weider** **DE** *nicht weiter, nicht mehr, nicht länger* • **FR** *pas davantage* • **EN** *not further, no more, no longer* • **PT** *não mais* **Beispiller** kommt, mir ginn elo net weider op déi quokeleg Fro do an!; mir kënnen elo net weider waarden **3. weider net** **DE** *nicht weiter* [nicht besonders] • **FR** *pas particulièrement* • **EN** *not particularly, not all that* • **PT** *não muito* **Beispill** déi kleng Verspéidung ass weider net schlëmm **4. weider keen** (ewéi) **DE** *niemand* (außer) • **FR** *personne d'autre* (que) • **EN** *nobody* (else) *but* • **PT** *ninguém* (senão) **Beispill** et war weider keen do ewéi d'Membere vum Komitee **Synonym** soss keen (ewéi) **5. weider näischt** **DE** *nichts weiter* • **FR** *rien* • **EN** *nothing* (else) • **PT** *nada* **Beispiller** den Dokter huet wei-

der näischt fonnt; wéi ech mat der schlechter Prüfung heemkomm sinn, hu meng Eltere **weider** näischt gesot **6.** **weider** näischt ewéi **DE** *nichts außer* • **FR** *rien d'autre que* • **EN** *nothing (else) but* • **PT** *nada senão* **Beispiller** ech hunn am Gaart **weider** näischt ewéi steiwe Buedem; hie mécht **weider** näischt ewéi de ganzen Dag domm schwätzen **Synonym** soss näischt ewéi

weider [v'aɪde] Adjektiv **1.** **DE** *weiter, zusätzlich* • **FR** *supplémentaire* • **EN** *additional* • **PT** *suplementar, adicional* **Beispiller** mir huelen nach e **weidere** Member an de Jury op; domat hu mer nach e **weidere** Problem **Synonym** zousätzlech **2.** **DE** *weiter [nachfolgend]* • **FR** *ultérieur, à venir* • **EN** *further, coming* • **PT** *ulterior, seguinte* **Beispill** elo erklären ech Iech de **weideren** Oflaf vum Programm **3.** ouni **Weideres** **DE** *ohne Weiteres* • **FR** *sans problème, sans contestation* • **EN** *without further ado* • **PT** *sem mais, sem contestação* **Beispill** hie war ouni **Weideres** mat eiser Decisioun averstanen **4.** bis op **Weideres** **DE** *bis auf Weiteres* • **FR** *jusqu'à nouvel ordre* • **EN** *for the time being, until further notice* • **PT** *até nova ordem* **Beispill** bis op **Weideres** fuere mer mat dëser Method virun **5.** des **Weideren** **DE** *des Weiteren* • **FR** *en outre, par ailleurs* • **EN** *furthermore, in addition* • **PT** *além disso, por outro lado* **Beispiller** et ass des **Weideren** onverständlech, datt déi betreffen Awunner vun esou enger Aktioun net a Kenntnis gesat goufen; des **Weidere** misst een doriwwer nodenken, ob dës Approche nach zäitgeméiss ass

weider- Verbpartikel **DE** [*abtrennbares Erstglied eines Verbs*] • **FR** [*particule séparable d'un verbe*] • **EN** [*separable verb particle*] • **PT** [*partícula separável de um verbo*] **Beispiller** däi Rot bréngt mech guer net **weider**; frëier hunn d'Leit hiert Wësse mëndlech **weiderginn**

i Verben, déi **weider-** als Partikel hunn: ↗weiderbauen, ↗weiderbestoen, ↗weiderbezuelen, ↗weiderbilden, ↗weiderbréngen, ↗weiderdreiwien, ↗weiderentwéckelen, ↗weidererzielen, ↗weiderfeieren, ↗weiderféien, ↗weiderfuieren, ↗weiderginn, ↗weidergoen, ↗weiderhëlfen, ↗weiderkommen, ↗weiderleeden, ↗weiderléieren, ↗weiderliewen, ↗weidermaachen, ↗weiderreechen, ↗weiderschaffen, ↗weiderschécken, ↗weiderschleefen, ↗weiderschlofen, ↗weiderschwätzen, ↗weidersoen, ↗weiderspillen, ↗weiderverbreeden, ↗weiderverfollegen, ↗weidervierwen, ↗weiderverkafen, ↗weiderverlouen, ↗weiderverméttelen, ↗weiderverschaffen, ↗weiderverzielen, ↗weiderwëssen, ↗weiderwuessen, ↗weiderzielen

i Dës Verbpartikel steet och am Zesammenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗weider Adverb

weiderbauen [v'aɪdebauən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **weidergebaut**) » **intransitiv** **DE** *weiterbauen* • **FR** *reprendre les travaux [dans le secteur de la construction]* • **EN** *to continue building* • **PT** *retomar as obras [no setor da construção]* **Beispill** wéinst dem haarde Wanter konnten d'Steemetzer laang net um Haus **weiderbauen**

weiderbestoen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **weiderbestanen** / **weiderbestan**) » **intransitiv** **DE** *weiterbestehen* • **FR** *continuer d'exister* • **EN** *to continue to exist* • **PT** *continuar a existir* **Beispiller** eise Betrib kann nach just mat der finanzieller Hëllef vum Staat **weiderbestoen**; trotz der Demissioun vum ganze Komitee besteet de Veräi **weider** **Synonym** virubestoen

weiderbezuelen [v'aɪdebətsuələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **weiderbezuelt**) » **transitiv** **DE** *weiterzahlen* • **FR** *continuer à payer* • **EN** *to continue paying* • **PT** *continuar a pagar* **Beispill** d'Pensionskeess huet d'Rent nach **weiderbezuelt**, obwuel de Mann dout war

weiderbilden [v'aɪdebildən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **weidergebilt**) » **reflexiv** **DE** *sich weiterbilden, sich fortbilden* • **FR** *suivre une formation continue, continuer à se former* • **EN** *to continue one's education, to take further training* • **PT** *seguir uma formação continua, continuar a atualizar-se* **Beispiller** mäi Papp huet sech säi Liewe laang **weidergebilt**; hautdesdaags gëtt verlaangt, datt ee sech **weiderbilt**

Weiderbildung [v'aɪdebilduŋ] Femininum (Pluriel **Weiderbildungen**) **DE** *Weiterbildung, Fortbildung* • **FR** *formation continue, formation continuée* • **EN** *further education, vocational training* • **PT** *formação continua, formação ao longo da vida* **Beispiller** d'Gemeng offrëiert Computercoursé fir Ufänger an als **Weiderbildung**; d'Mataarbechter aus eisem Betrib mussen reegelméisseg eng **Weiderbildung** maachen

weiderbréngen [v'aɪdebɾeŋən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **weiderbruecht**) » **transitiv** **DE** *weiterbringen* • **FR** *(faire) avancer [aider, être utile à]* • **EN** *to help along, to be useful to* • **PT** *adiantar [fazer avançar, ser útil a]* **Beispill** däi Rot bréngt mech guer net **weider** **Synonym** virubréngen

weiderdreiwien [v'aɪdedɾaɪvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **weidergedriwwen**) » **transitiv** **DE** *vorantreiben* • **FR** *faire avancer, faire progresser* • **EN** *to push ahead, to speed up* • **PT** *fazer avançar, fazer progredir* **Beispill** dee Projet soll d'Entwécklung vun den alternativen Energië **weiderdreiwien**

weiderentwéckelen [v'aɪdəræntveklən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **weiderentwéckelt**) » **transitiv** **1.** **DE** *weiterentwickeln* • **FR** *développer, perfectionner* • **EN** *to develop further* • **PT** *desenvolver, aperfeiçoar* **Beispill** ouni nei Iddie kann eise Projet net **weiderentwéckelt ginn** » **reflexiv** **2.** **DE** *sich weiterentwickeln [wachsen]* • **FR** *se développer [croître]* • **EN** *to develop [to grow]* • **PT** *desenvolver-se [crescer]* **Beispill** d'Fra huet d'Kand verluer, well den Embryo sech net méi **weiderentwéckelt** huet **3.** **DE** *sich weiterentwickeln [Fortschritte machen]* • **FR** *évoluer, progresser* • **EN** *to make progress, to advance* • **PT** *evoluir, progredir* **Beispill** de Mecanicien huet sech beruflech **weiderentwéckelt**

Weiderentwécklung [v'aɪdəræntveklʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Weiterentwicklung [das Weiterentwickeln]* • **FR** *développement [progrès, perfectionnement]* • **EN** *(further) development [advance, progress]* • **PT** *desenvolvimento [progresso, aperfeiçoamento]* **Beispill** d'Weiderentwécklung vun der Technik huet eis d'Liewe méi einfach gemaach

weidererzielen [v'aɪdərɛtsiələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **weidererzielt**) » **transitiv** **1.** **DE** *weitererzählen [fortfahren zu erzählen]* • **FR** *continuer à raconter, reprendre (l'histoire)* • **EN** *to continue telling, to carry on telling* • **PT** *continuar a contar, retomar (a história)* **Beispill** lauschter mol no a looss hien (d'Geschicht)

weidererzielen! **Synonymmen** virunzielen, weiderverzielen, weiderzielen **2. DE** weitererzählen [weiter-sagen] • **FR** rapporter, répéter • **EN** to repeat, to pass on • **PT** contar, repetir **Beispill** dat, wat ech der elo uvertrauen, däärfes de net weidererzielen! **Synonymmen** virunzielen, weiderverzielen, weidersoen, weiderzielen

weiderféieren [v'aɪdeʒɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergeféiert / weidergefouert) » **transitiv DE** weiterführen, fortführen, fortsetzen • **FR** continuer à gérer [une entreprise, un commerce], continuer à pratiquer [une activité] • **EN** to carry on with, to continue (to run) • **PT** dar seguimento a, continuar [uma empresa, um negócio, uma atividade] **Beispiller** eis Nopesch féiert de Familljebetrieb zesumme mat hire Geschwëster weider; déi jonk Generatioun féiert déi al Traditioun weider **Synonym** viruféieren

weiderfléien [v'aɪdeʒɪərən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé weidergeflunn) » **intransitiv DE** weiterfliegen • **FR** reprendre le vol • **EN** to fly on, to continue one's flight • **PT** retomar o voo **Beispill** eise Fliger ass nëmmen téschegelangt a flitt gläich nees weider

weiderfuieren [v'aɪdefu:ɹərən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé weidergefuer) » **intransitiv 1. DE** weiterfahren [die Fahrt fortsetzen] • **FR** continuer, poursuivre sa route [conducteur, véhicule] • **EN** to drive on • **PT** continuar, seguir viagem [condutor, veículo] **Beispill** de Chauffer huet d'Stoppschëld ignoréiert an ass einfach weidergefuer **Synonym** virufuieren **2. weiderfuieren** (mat) **DE** fortfahren (mit), weitermachen (mit) • **FR** continuer (à faire) [une activité] • **EN** to continue (with) [an activity] • **PT** continuar [uma atividade] **Beispiller** wéi et opgehale hat mat reenen, konnt de Bauer mat senger Aarbecht weiderfuieren; wann s de an deem Tempo weiderfiers, da méchs de dech nach krank; looss dech net bei denger Aarbecht stéieren, fuer einfach weider! **Synonymmen** virufuieren (mat), virumaachen (mat), weidermaachen (mat)

weiderginn [v'aɪdegin] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weiderginn) » **transitiv DE** weitergeben • **FR** faire passer, transmettre • **EN** to pass on [to transmit] • **PT** (fazer) passar, transmitir **Beispiller** kéint Der dëse Brëif haut nach un deen zoustännege Service weiderginn?; huet iech eng Kopie a gitt de Pak Blieder weider!; fréier hunn d'Leit hiert Wësse mëndlech weiderginn **Synonym** viruginn

weidergoen [v'aɪdego:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé weidergaangen / weidergaang) » **intransitiv 1. DE** weitergehen [seinen Weg fortsetzen] • **FR** poursuivre son chemin, passer, circuler (sans s'arrêter), continuer • **EN** to go on, to walk on, to move on • **PT** seguir o seu caminho, prosseguir **Beispiller** déi zwee Kollegen hu sech zoufälleg begéint a sinn zesumme weidergaangen; de Polizist sot zu de Leit, se sollte weidergoen, amplaz ze afen **Synonym** virugoen **2. DE** weitergehen [weiterführen, verlaufen, reichen] • **FR** continuer, s'étendre [se prolonger] • **EN** to go on, to continue [to extend] • **PT** continuar [prolongar-se, estender-se no espaço] **Beispiller** hei geet de Wee net méi weider; dëse Bësch geet weider bis op d'Grenz **Synonym** virugoen **3. DE** weitergehen [sich entwickeln, sich fortsetzen] • **FR** continuer [évoluer, avoir une suite] • **EN** to go on, to con-

tinue [to evolve, to develop] • **PT** continuar [desenrolar-se, ter seguimento] **Beispiller** vill Kanner wollte wëssen, wéi déi spannend Geschicht weidergeet; esou kann et dach net weidergoen!; d'Leit am Krisegebitt wëssen net, wéi et soll weidergoen **Synonym** virugoen

weiderhëllef [v'aɪdehələfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergeholfen) » **intransitiv DE** weiterhelfen • **FR** aider, apporter son concours (à), être utile (à) • **EN** to help (along) [to be useful (to)] • **PT** ajudar, adiantar, ser útil (a) **Beispiller** déi zoustännege Verwaltung huet eis vill weidergeholfen; e Gläichspill hëlleft eiser Ekipp net weider; kann ech Tech vläicht weiderhëllef? **Synonym** virunhëllef

weiderhin [v'aɪdehin] Adverb **DE** weiterhin [auch zukünftig] • **FR** toujours [encore à l'avenir] • **EN** still [also in the future] • **PT** ainda, de futuro [também daqui em diante] **Beispiller** dat Theema bleift weiderhin aktuell; wie weiderhi vun deene Subventioun wëllt profitéieren, muss eng schrëftlech Demande maachen **Synonym** weider

weiderkommen [v'aɪdekomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé weiderkomm) » **intransitiv 1. DE** weiterkommen [sich nach vorne bewegen] • **FR** avancer [se déplacer] • **EN** to progress, to advance [to move forwards] • **PT** avançar [deslocar-se] **Beispill** wéinst dem Schnéi si mer nëmme lues weiderkomm **Synonym** virukommen **2. DE** weiterkommen, vorankommen [Fort-schritte machen] • **FR** avancer, faire des progrès, réussir [avoir du succès] • **EN** to get on, to make progress • **PT** avançar, progredir [vencer etapas, ter êxito] **Beispiller** d'Kanner brauchen eng gutt Allgemengbildung, fir am Liewe weiderzekommen; d'Aarbechten um Chantier komme gutt weider; wien an dësem Betrib wëllt weiderkommen, muss léieren, sech ze fügen **Synonym** virukommen

weiderleeden [v'aɪdele:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergeleet) » **transitiv DE** weiterleiden (un) **DE** weiterleiten (an) • **FR** transmettre (à) [faire suivre (à)] • **EN** to pass on (to), to forward (to) • **PT** transmitir (a) [fazer seguir (a)] **Beispill** eisen Aarbechts-grupp huet seng Recommendatiounen un d'Ministesch weidergeleet **Synonymmen** viruginn, viruleeden (un)

weiderléieren [v'aɪdele:ɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergeléiert) » **intransitiv 1. DE** weiterlernen [mit dem Lernen fortfahren] • **FR** continuer à réviser, continuer ses préparations scolaires [après une interruption] • **EN** to continue studying [after a break] • **PT** continuar a estudar [depois de uma interrupção] **Beispill** nom Owesiessen hunn d'Kanner nach weidergeléiert **2. DE** weiterlernen [seine Ausbildung fortsetzen] • **FR** continuer sa formation, continuer ses études • **EN** to continue one's education • **PT** continuar a formação, continuar os estudos **Beispill** hien huet gutt Viraussetzunge fir weiderzeléieren

weiderliewen [v'aɪdeliəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergelieft) » **intransitiv DE** weiterleben • **FR** continuer à vivre • **EN** to continue living • **PT** continuar a viver **Beispiller** wann ee richtig behandelt gëtt, kann ee mat där Krankheet nach laang weiderliewen; wéi kann ee mat esou enger Schold wei-

derliewen?

weidermaachen [v'ɑɪdema:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergemaach / weidergemaacht) » **intransitiv DE** weidermachen (mit) • **FR** continuer (à faire) [une activité] • **EN** to continue (with) [an activity] • **PT** continuar [uma atividade] **Beispiller** wéi et opgehale hat mat reenen, konnten d'Leit mat hirer Aarbecht weidermaachen; looss dech net deouragéieren a maach weider! **Synonymmen** viruieren (mat), virumaachen (mat), weiderfueren (mat)

weiderreechen [v'ɑɪdɛrɛ:çən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergereecht) » **transitiv DE** weiterreichen, weiterleiten • **FR** (faire) passer, transmettre • **EN** to pass (on) [to transfer] • **PT** (fazer) passar, transmitir **Beispiller** kanns de de Platto mam Kéis wannechgelift weiderreechen?; ech reechen Är Demande un déi verantwortlech Instanz weider **Synonymmen** viruginn, virureechen

weiderschaffen [v'ɑɪdɛʃafən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergeschafft) » **intransitiv DE** weiterarbeiten • **FR** continuer à travailler, poursuivre son travail • **EN** to continue working, to carry on working • **PT** continuar a trabalhar **Beispill** ouni Material kënnen d'Aarbechter net weiderschaffen

weiderschécken [v'ɑɪdɛʃekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergeschéckt) » **transitiv DE** weiterschicken • **FR** transmettre, transférer, réorienter [vers une personne, un service] • **EN** to forward, to send on • **PT** transmitir, reencaminhar [para uma pessoa, um serviço] **Beispiller** d'Demandé sinn un déi verschidde Servicer weidergeschéckt ginn; de Portier konnt mer net hëllef an huet mech an d'Sekretariat weidergeschéckt

weiderschleefen [v'ɑɪdɛʃle:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergeschleeft) » **transitiv 1. DE** weiterschleppen • **FR** emmener [en trainant] • **EN** to drag further, to carry further • **PT** levar [larrastando] **Beispill** d'Zaldoten hunn de Verwonnte gestäipt a mat weidergeschleeft **Synonym** viruschleefen » **reflexiv 2. DE** sich weiterschleppen • **FR** se trainer, avancer avec peine • **EN** to drag oneself further • **PT** arrastar-se, avançar penosamente **Beispill** ech krut mech no deem laange Marsch knapps nach weidergeschleeft **Synonym** sech viruschleefen

weiderschlofen [v'ɑɪdɛʃlo:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergeschlof) » **intransitiv DE** weiterschlafen • **FR** continuer à dormir • **EN** to continue sleeping, to carry on sleeping • **PT** continuar a dormir **Beispiller** ech hu mech nom Kaffi nees an d'Bett geluecht fir weiderzeschlofen; wéi kanns du dech bei esou engem Donnerwieder einfach ëmdreien a weiderschlofen?

weiderschwätzen [v'ɑɪdɛʃwætən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergeschwat) » **intransitiv DE** weitersprechen • **FR** continuer (à parler) • **EN** to continue to speak, to continue to talk • **PT** continuar (a falar) **Beispill** wéi d'Leit sech berouegt haten, huet de Riedner weidergeschwat

weidersoen [v'ɑɪdɛzo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergesot) » **transitiv DE** weitersagen

• **FR** répéter [divulguer] • **EN** to repeat, to pass on • **PT** repetir [divulgar] **Beispiller** ech versprieche der, datt ech näischt weidersoen; wann eise Restaurant Iech gefält, da sot et weider! [wann eise Restaurant Iech gefält, da recommandéiert e weider] **Synonymmen** virunzielen, virusoen, viruverzielen, weidererzielen, weiderverzielen, weiderzielen

weiderspillen [v'ɑɪdɛʃpilən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergespillt) » **transitiv 1. DE** weiterspielen • **FR** continuer à jouer • **EN** to continue playing • **PT** continuar a jogar **Beispill** de Spiller ass esou onglécklech gefall, datt en de Match net konnt weiderspillen » **intransitiv 2. DE** weiterspielen • **FR** continuer à jouer • **EN** to continue playing • **PT** continuar a brincar, continuar a jogar **Beispill** trotz dem Reen hunn d'Kanner dobausse weidergespillt

Weiderutt [v'ɑɪdɛrʊt] Femininum (Pluriel Weiderutten) **DE** Weidenrute • **FR** baguette d'osier • **EN** willow rod • **PT** vime, verga **Beispill** mäi Monni flecht a senger Fräizäit Kierf aus Weiderutten

Weiderveraarbechtung [v'ɑɪdɛfɛa:bɛçtʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Weiterverarbeitung • **FR** transformation (complémentaire) [d'un produit] • **EN** further processing [of a product] • **PT** transformação (posterior) [de um produto] **Beispill** eise Betrib huet sech an der Weiderveraarbechtung vu Metall weltwäit en Numm gemaach

weiderverbreeden [v'ɑɪdɛfɛbrɛ:dən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weiderverbreet) » **transitiv 1. DE** weiterverbreiten • **FR** propager, répandre • **EN** to spread [to circulate] • **PT** propagar, difundir **Beispill** eis Nopesch huet déi schänderlech Gerüchter iwuer eis am ganzen Duerf weiderverbreet » **reflexiv 2. DE** sich weiterverbreiten • **FR** se propager, se répandre • **EN** to spread [to reach a wider area] • **PT** propagar-se, difundir-se **Beispiller** d'Regierung huet Mesurë geholl, fir datt d'Epidemie sech net weiderverbreet; d'Rumeur huet sech duerch déi sozial Medie séier weiderverbreet

Weiderverbreedung [v'ɑɪdɛfɛbrɛ:dʊŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Weiterverbreitung • **FR** propagation, diffusion • **PT** propagação, difusão **Beispill** den Internet huet d'Weiderverbreedung vu falschen Informatiounen staark vereinfacht

weiderverfollegen [v'ɑɪdɛfɛfolɛzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weiderverfollegt) » **transitiv 1. DE** weiterverfolgen [fortführen] • **FR** poursuivre, donner suite à • **EN** to follow up, to pursue • **PT** dar seguimento a, perseguir **Beispiller** dacks verfollegt de Parquet esou Plainten net weider; well hie krank ginn ass, konnt hien seng Ziler net weiderverfollegen **2. DE** weiterverfolgen [beibehalten] • **FR** poursuivre [maintenir] • **EN** to keep up, to maintain • **PT** continuar a seguir [manter] **Beispill** d'Campagne „Chauffer fir den Owend“ ass e flott Konzept, dat och an Zukunft muss weiderverfollegt ginn **3. DE** weiterverfolgen [beobachten] • **FR** suivre [observer] • **EN** to follow [to observe] • **PT** seguir, acompanhar [observar] **Beispill** et ass interessant, déi Entwécklung weiderverfollegen

weiderverierwen [v'ɑɪdɛfɛi:ɛvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weiderverierft) »

transitiv **DE** weitervererben • **FR** transmettre [à des descendants] • **EN** to pass on [by inheritance] • **PT** transmitir [aos descendentes] **Beispill** dëst Rezept ass vu Generatioun zu Generatioun **weiderverierft ginn**

Weiderverkaf [v'ɑɪdefeka:f] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Weiterverkauf • **FR** revente • **EN** resale • **PT** revenda **Beispill** de Weiderverkaf vu soziale Wunnengen ass ganz streng reglementéiert

weiderverkafen [v'ɑɪdefeka:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weiderverkaaft / weiderverkaf) » **transitiv** **DE** weiterverkaufen • **FR** revendre • **EN** to resell, to sell on • **PT** revender **Beispill** eisen Noper keeft al Autoen, restauréiert se a verkeeft se **weider**

weiderverlounen [v'ɑɪdefeləʊnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weiderverlount) » **transitiv** **DE** weitervermieten • **FR** sous-louer • **EN** to sublet • **PT** sublocar, subarrendar **Beispill** well ech d'Garage beim Appartement net brauch, hunn ech se weiderverlount

weidervermëttelen [v'ɑɪdefemətələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidervermëttelt) » **transitiv** **DE** weitervermitteln • **FR** transmettre, (re)placer, trouver un patron à, trouver un acquéreur à • **EN** to pass on to, to arrange a transfer to • **PT** arranjar um trabalho a, arranjar um comprador a **Beispill** mir hunn eis Botzfra un eisen Noper weidervermëttelt

weiderverschaffen [v'ɑɪdefəʃafən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weiderverschaft) » **transitiv** **DE** weiterverarbeiten • **FR** transformer [vers un produit final] • **EN** to process (further) • **PT** transformar [num produto final] **Beispill** den Offall gëtt zortéiert, zerklengert an duerno weiderverschaft

weiderverzielen [v'ɑɪdefetsiələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weiderverzielt) » **transitiv** **1. DE** weitererzählen [fortfahren zu erzählen] • **FR** continuer à raconter, reprendre (l'histoire) • **EN** to continue telling, to carry on telling • **PT** continuar a contar, retomar (a história) **Beispill** so mol näischt a looss hien (d'Geschicht) **weiderverzielen!** **Synonymmen** virunzielen, weidererzielen, weiderzielen **2. DE** weitererzählen [weilersagen] • **FR** rapporter, répéter • **EN** to repeat, to pass on • **PT** contar, repetir **Beispill** dat gëtt net weiderverzielt! **Synonymmen** virunzielen, viruverzielen, weidererzielen, weidersoen, weiderzielen

weiderwëssen [v'ɑɪdevəsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergewusst) » **intransitiv** net weiderwëssen **DE** nicht weiterwissen • **FR** ne pas s'en sortir, ne pas voir de solution, ne pas voir d'issue • **EN** to be at one's wits' end • **PT** não saber o que fazer, não ver solução, não ver saída **Beispill** mir wëssen net méi weider mat eisem Bouf, deen näischt wéi Dommheeten am Kapp huet

weiderwuessen [v'ɑɪdevuəsən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé weidergewuess) » **intransitiv** **DE** weiterwachsen • **FR** (continuer à) croître, (continuer à) grandir • **EN** to continue growing • **PT** (continuar a) crescer, (continuar a) medrar **Beispill** an de leschte Joren ass d'Weltpopulatioun permanent weidergewuess; mir haten net geduecht, dass eise Jéngsten no sengen 18 Joer nach géing weiderwuessen

weiderzielen [v'ɑɪdetsiələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weidergezielt) » **transitiv** **1. DE** weitererzählen [fortfahren zu erzählen] • **FR** continuer à raconter, reprendre (l'histoire) • **EN** to continue telling, to carry on telling • **PT** continuar a contar, retomar (a história) **Beispill** hal dech emol zeréck a looss hien (d'Geschicht) **weiderzielen!** **Synonymmen** virunzielen, weidererzielen, weiderzielen **2. DE** weitererzählen [weilersagen] • **FR** rapporter, répéter • **EN** to repeat, to pass on • **PT** contar, repetir **Beispill** dat gëtt net weidergezielt! **Synonymmen** virunzielen, viruverzielen, weidererzielen, weidersoen, weiderverzielen

wéidinn [v'ɔɪdin] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé wéigedoen) - Variant vun ↗wéidoen

wéidoen [v'ɔɪdo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé wéigedoen) » **intransitiv** **1. DE** wehtun, schmerzen • **FR** faire mal (à) [causer des douleurs (à)] • **EN** to hurt [to cause pain] • **PT** doar [causar dor (a)] **Beispiller** d'Féiss di mer esou wéi, dass ech d'Schong direkt muss ausdoen; et deet gutt wéi, wann ee sech op d'Zong bäisst! **2. DE** wehtun, verletzen [körperlich] • **FR** faire mal à, blesser • **EN** to hurt [to injure] • **PT** magoar, ferir [físicamente] **Beispiller** looss dat Messer lass a géff mir et, ier s de nach engem wéigedoen hues!; d'Kand kräisch, well et sech wéigedoen huet **3. DE** wehtun, verletzen [seelisch] • **FR** faire de la peine à, blesser moralement • **EN** to hurt [to distress, to upset] • **PT** magoar, melindrar, ferir moralmente **Beispill** et war net meng Absicht, der wéizedoe mat menger Bemierkung

i Variant: wéidinn

weien [v'ɑɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geweit) » **transitiv** **1. [Relioun]** **DE** weihen [einen Gegenstand] • **FR** consacrer [un objet] • **EN** to consecrate [an object] • **PT** consagrar [um objeto] **Beispiller** d'Kierch gouf am 12. Joerhonnert geweit; op Kiermessonndeg goufen déi zwou nei Klacke geweit; de Fändel vun eiser Musek gouf vum Deche geweit; hien huet säi ganzt Liewen deenen Arme geweit [hien huet sech säi ganzt Liewen nëmmen ëm déi Aarm bekëmmert] **Synonym** konsekrieren **2. [Relioun]** **DE** weihen [eine Person] • **FR** ordonner, sacrer [une personne] • **EN** to ordain [a priest], to crown [a monarch] • **PT** ordenar, sagrar [uma pessoa] **Beispiller** d'Seminarist gouf zum Geeschtleche geweit; fréier goufen déi franséisch Kinneken zu Reims geweit

i Verben, déi **weien** als Basis hunn: ↗aweien, ↗noweien an ↗ofweien

weien [v'ɑɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewien) » **transitiv** **1. DE** wiegen [abwiegen, das Gewicht feststellen] • **FR** peser [déterminer le poids de] • **EN** to weigh [to find out the weight of] • **PT** pesar [determinar o peso de] **Beispiller** d'Vendeuse huet d'Ham mam Pabeier gewien; op där Bascule ginn d'Camione vun der Douane gewien; ech weie mech eemol d'Woch » **intransitiv** **2. DE** wiegen • **FR** peser [avoir comme poids] • **EN** to weigh [to have a specified weight] • **PT** pesar [ter certo peso] **Beispiller** wat soll esou en ausgewuesenen Elefant weien?; dëse Brot weit 740 Gramm

i Verben, déi **weien** als Basis hunn: ↗aweien, ↗noweien an ↗ofweien

wéien [v'zɔɪən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gewéit**) » **transitiv DE** *wiegen* [ein Kind] • **FR** *bercer* [un enfant] • **EN** *to rock* [a child] • **PT** *embalar* [uma criança] **Beispill** de Papp huet de Bëbee an de Schlof gewéit

Weier [v'aɪɛ] Maskulinum (Pluriel **Weieren**) **DE** *Weier*, *Teich* • **FR** *étang* • **EN** *pond* • **PT** *lago*, *lagoa* **Beispiller** mir **hunn** hannen am Gaart e kleng **Weier** ugeluecht; dëst Joer hu mer vill **Kauzekäpp** an eisem **Weier**

weigeren [v'aizəɾən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **geweigert**) » **reflexiv** sech **weigeren** (ze) **DE** *sich weigern* (zu) • **FR** *refuser* (de) • **EN** *to refuse* (to) • **PT** *recusar-se* (a) **Beispill** ech **weigere** mech, esou e **Kontrakt** ze **ënnerschreiw**en **Synonym** **refuséieren**

Weil [vɑɪ] Femininum (kee Pluriel) **1.** eng **Weil** **DE** *eine Weile* • **FR** *un petit moment* [à passer] • **EN** *a while* • **PT** *algum tempo*, *um bocado* **Beispill** et huet eng **Weil** gedauert, ier **jidderee** sech un **deen** neie **Programm** gewinnt hat **Synonym** eng **Weilchen** **2.** op d'laang **Weil** **DE** *auf die Dauer* • **FR** *à la longue*, *à long terme* • **EN** *in the long run* • **PT** *com o tempo*, *a longo prazo* **Beispill** op d'laang **Weil** fiert och déi **bescht** **Maschinn** **futti**

Weilchen [v'aɪlçən] Femininum (kee Pluriel) eng **Weilchen** **DE** *ein Weilchen* • **FR** *un tout petit moment* [à passer] • **EN** *a little while* • **PT** *um bocadinho* [um momento] **Beispill** Dir **musst** nach eng **Weilche** **Gedold** **hunn**, bis **Der** un d'**Rei** **kommt**

Weiler [v'aɪlɛ] Eegennumm **DE** *Weiler* • **FR** *Weiler* • **EN** *Weiler* • **PT** *Weiler* **Beispiller** ech **wunnen** zu **Weiler**; fiert dëse **Bus** op **Weiler**?

Weilerbaach [v'aɪlebaːχ] Eegennumm **DE** *Weilerbach* • **FR** *Weilerbach* • **EN** *Weilerbach* • **PT** *Weilerbach* **Beispiller** ech **wunnen** an der **Weilerbaach**; fiert dëse **Bus** an d'**Weilerbaach**?

Weiler zum Tuer [v'aɪletsuːt'uːɐ̯] Eegennumm **DE** *Weiler zum Turm* • **FR** *Weiler-la-Tour* • **EN** *Weiler-la-Tour* • **PT** *Weiler-la-Tour* **Beispiller** ech **wunnen** zu **Weiler zum Tuer**; fiert dëse **Bus** op **Weiler zum Tuer**?

wéimeren [v'zɪmərən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gewéimert**) » **intransitiv DE** *wimmern* • **FR** *geindre*, *gémir* • **EN** *to whimper* • **PT** *gemer*, *vagir* **Beispiller** wéi eise **Jéngsten** **Zänn** **gemaach** **huet**, **huet** e vill **gewéimert**; wa mer eisen **Hond** **eleng** **loossen**, da **wéimert** en **hanner** der **Hausdier**

Weimeschhaff [vaɪmɛʃ'h'af] Eegennumm **DE** *Weimershof* • **FR** *Weimershof* • **EN** *Weimershof* • **PT** *Weimershof* **Beispiller** ech **wunnen** um **Weimeschhaff**; fiert dëse **Bus** op de **Weimeschhaff**?

Weimeschkierch [v'aɪmɛʃkiːçç] Eegennumm **DE** *Weimerskirch* • **FR** *Weimerskirch* • **EN** *Weimerskirch* • **PT** *Weimerskirch* **Beispiller** ech **wunnen** zu **Weimeschkierch**; fiert dëse **Bus** op **Weimeschkierch**?

wéineg [v'zɪnɛç] Adverb **DE** *wenig* • **FR** *peu* • **EN** *little*, *not much* • **PT** *pouco* **Beispiller** säi **Geschwätz** **interesséiert** mech **häerzlech** **wéineg**; op dësem **Stoff** **gesäit** een de **Fleck** **relativ** **wéineg**

wéineg [v'zɪnɛç] Indefinitpronomen » **Singulier** / **männlech** / **Nominativ** **1.** **DE** *wenig* • **FR** *peu* (de) • **EN**

little [not much] • **PT** *pouco* **Beispill** de **leschte** **Mount** **ass** **wéineg** **Ree** **gefall** » **Singulier** / **männlech** / **Akkusativ** **2.** **DE** *wenig* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *pouco* **Beispill** **géff** de **Päerd** **dës** **Woch** **just** **wéineg** **Huewer!** » **Singulier** / **männlech** / **Dativ** **3.** **DE** *wenig* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *pouco* **Beispill** si si mat **wéineg** **Enthusiasmus** un **déi** **Saach** **erugaangen** » **Singulier** / **weiblech** / **Nominativ** **4.** **DE** *wenig* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *pouca* **Beispill** et **fält** **nëmme** **wéineg** **Luucht** **duerch** **déi** **kleng** **Luck** **eran** » **Singulier** / **weiblech** / **Akkusativ** **5.** **DE** *wenig* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *pouca* **Beispill** dee **Film** **huet** **wéineg** **Substanz** » **Singulier** / **weiblech** / **Dativ** **6.** **DE** *wenig* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *pouca* **Beispill** mat **esou** **wéineg** **Woll** **kanns** de **kee** **Pullover** **strécken** » **Singulier** / **sächlech** / **Nominativ** **7.** **DE** *wenig* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *pouco*, *pouca* **Beispill** an **där** **Regioun** **ass** **just** **nach** **wéineg** **Broochland** **ze** **fannen** » **Singulier** / **sächlech** / **Akkusativ** **8.** **DE** *wenig* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *pouco*, *pouca* **Beispill** d'**Direktioun** **hat** **wéineg** **Versteesdemech** **fir** d'**Uleies** **von** den **Aarbechter** » **Pluriel** / **männlech/weiblech/sächlech** / **Nominativ** **9.** **DE** *wenig* • **FR** *peu* (de) • **EN** *few* [not many] • **PT** *poucos*, *poucas* **Beispill** **wéineg** **Kënschtler** **kënne** **von** **hirer** **Konscht** **liewen** » **Pluriel** / **männlech/weiblech/sächlech** / **Akkusativ** **10.** **DE** *wenig* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *poucos*, *poucas* **Beispill** hei **kritt** ee **gutt** **Qualitéit** **fir** **wéineg** **Suen** » **Pluriel** / **männlech/weiblech/sächlech** / **Dativ** **11.** **DE** *wenig* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *poucos*, *poucas* **Beispill** **déi** **Famill** **muss** **all** **Mount** **mat** **wéineg** **Suen** **auskommen**

wéinegem [v'zɪnɛzəm] Indefinitpronomen » **Singulier** / **sächlech** / **Dativ** **DE** *wenigem* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *pouco*, *pouca* **Beispiller** **Leit** **mat** **wéineg(em)** **Akommes** **kënne** **von** **dëser** **Mesure** **profitéieren**; hie **gëtt** **sech** **mat** **wéineg(em)** **zefridden**

wéinegen [v'zɪnɛzən] Indefinitpronomen » **Singulier** / **männlech** / **Nominativ** **1.** **DE** (der) *wenige* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *pouco* **Beispill** dee **wéinege** **Sputt**, **dee** **mir** **bleift**, **erlaabt** **et** **leider** **net**, **datt** **mir** **zesummen** **iesse** **ginn** » **Singulier** / **männlech** / **Akkusativ** **2.** **DE** (den) *wenigen* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *pouco* **Beispill** **fir** **dee** **wéinegen** **Opwand** **gi** **keng** **zousätzlech** **Fraise** **facturéiert** » **Singulier** / **männlech** / **Dativ** **3.** **DE** (dem) *wenigen* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *pouco* **Beispill** **wéinst** **deem** **wéinege** **Reen** **ass** **de** **Buedem** **bal** **ganz** **ausgedréchent** » **Singulier** / **sächlech** / **Dativ** **4.** **DE** (dem) *wenigen* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *pouco*, *pouca* **Beispill** **mat** **deem** **wéinege** **Personal**, **dat** **mir** **hunn**, **kënne** **mir** **keng** **nei** **Missioun** **mei** **unhuelen** » **Pluriel** / **männlech/weiblech/sächlech** / **Dativ** **5.** **DE** (den) *wenigen* • **FR** *peu* (de) • **EN** *few* [not many] • **PT** *poucos*, *poucas* **Beispill** **hien** **ass** **ee** **von** **de** **wéinege** **Produzente** **vu** **Garagépaarten** **hei** **an** der **Géigend**

wéinegst [v'zɪnɛçst] Indefinitpronomen

i Hei entstee en neien Artikel.

wéinegt [v'zɪnɛçt] Indefinitpronomen » **Singulier** / **sächlech** / **Nominativ** **1.** **DE** *wenig* • **FR** *peu* (de) • **EN** *little* [not much] • **PT** *pouco*, *pouca* **Beispill** **dat** **wéinegt** **Vertrauen**, **wat** **ech** **nach** **an** **hien** **hat**, **ass** **elo** **definitiv** **fort**

» Singulier / sächlech / Akkusativ **2. DE** *wenig* • **FR** *peu (de)* • **EN** *little [not much]* • **PT** *pouco, pouca* **Beispill** ech hunn dat **wéinegt** Fleesch, wat nach Rescht bliwwen ass, op de Kompost gehäit

wéini [v'ɛini:] Adverb **1. DE** *wann [zu welchem Zeitpunkt]* • **FR** *quand [à quel moment]* • **EN** *when [at what time]* • **PT** *quando [em que momento]* **Beispiller** **wéini** bass de erëm?; deelt eis wannechgelift mat, **wéini** Der an d'Vakanz fuert! **2. DE** *wann [unter welchen Bedingungen]* • **FR** *dans quel cas [dans quelles circonstances]* • **EN** *when [in what circumstances]* • **PT** *quando [em que caso]* **Beispiller** **wéini** muss een eng extra Geneemegung ufroen?; an dëser Broschür steet genee, **wéini** ee Recht op dee Service huet

wéinst [v'ɛinst] Prepositioun » **mam Dativ DE** *wegen* • **FR** *à cause de, en raison de* • **EN** *because of* • **PT** *por causa de, devido a* **Beispiller** **wéinst** engem Accident gouf de Verkéier ëmgeleet; de Clown gouf **wéinst** frappanter Inkompetenz vum Zirkusdirekter entlooss

i Variant: **wéint**

wéinstens [v'ɛinstəns] Adverb **DE** *wenigstens* • **FR** *au moins* • **EN** *at least* • **PT** *pelo menos* **Beispill** an eiser Cité muss tëschent den Haiser en Ofstand vu **wéinstens** sechs Meter sinn **Synonymmen** mindestens, op d'mannst

wéint Prepositioun - Variant vun **wéinst**

Weirauch [v'airæ:ʊχ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Weihrauch* • **FR** *encens* • **EN** *incense* • **PT** *incenso* **Beispill** ech verdroen de Geroch vum **Weirauch** net gutt

i Variant: **Wäirauch**

Weirauchfaass [v'airæ:ʊχfa:s] Neutrum (Pluriel *Weirauchfässer*) **DE** *Weihrauchfass* • **FR** *encensoir* • **EN** *censer* • **PT** *incensário* **Beispill** d'Massendénger mussen virun der Mass d'**Weirauchfaass** preparéieren

i Variant: **Wäirauchfaass**

Weirauchfässchen [v'airæ:ʊχfæsʃən] Neutrum (Pluriel *Weirauchfässercher*) - Diminutivform vun **wäirauchfaass**

Weis [vais] Femininum **1.** Aart a **Weis DE** (*Art und Weise*) • **FR** *façon, manière* • **EN** *way [manner, method]* • **PT** *maneira, modo, forma* **Beispiller** all wichteg Ënnerlage sinn op eng mysteriéis Aart a **Weis** verschwonnen; hien huet eng gelungen Aart a **Weis**, fir mat de Leit ëmzegoen **Synonym** Manéier **2.** (Pluriel *Weisen*) **DE** *Weise [Melodie]* • **FR** *air, mélodie* • **EN** *tune, melody* • **PT** *melodia [linha melódica]* **Beispill** dee Refrain erënnert mech un d'**Weis** vun engem ale Volleksslied **Synonym** Melodie

wéischt [vɛiʃt] Adjektiv **DE** *boshaft* • **FR** *méchant, malveillant* • **EN** *nasty, malicious* <Adverb *nastily, maliciously*> • **PT** *mau, maldoso* **Beispiller** **wéinst** sengem **wéischte** Charakter wëllt kee méi eppes mat him ze dinn hunn; meng lescht Remark war net **wéischt** gemengt **Synonymmen** béis, béisaarteg

weisen [v'airæ:n] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gewisen*) » **transitiv 1. DE** *zeigen [sehen lassen]* • **FR** *montrer [faire voir]* • **EN** *to show [to allow to look at]* • **PT** *mostrar [fazer ver]* **Beispiller** ech **weisen** der de

Plang vum Haus, fir datt s de der kanns eng Iddi dervu maachen; de **Chauffer huet** dem Douanier déi gefroten Dokumenter **gewisen**; du muss engem Dokter déi Wonn do **weisen**!; **weis** emol, wat s de kanns!; alkéiers wann de Brëifdréier kënnt, **weist** den Hond d'Zänn; déi doten Aarbecht léisst sech **weisen** [op déi doten Aarbecht kanns de houfereg sinn] **2. DE** *zeigen, vormachen* • **FR** *montrer comment, apprendre comment à [par l'exemple]* • **EN** *to show [to demonstrate]* • **PT** *mostrar como (a), ensinar como a [pelo exemplo]* **Beispiller** de **Moniteur weist** de Kanner, wéi ee mat Kaart a Kompass ëmgeet; **weis** mer, wéi déi nei Kaffisemaschinn funktionéiert **3. DE** *zeigen [ausstellen]* • **FR** *montrer, exposer* • **EN** *to show [in an exhibition]* • **PT** *mostrar, expor* **Beispiller** et ass net duergaange mat der Plaz, fir am Musée déi ganz Kollektioun ze **weisen**; op der Ausstellung **ginn** d'Wierker vu jonken Artiste **gewisen** **Synonym** ausstellen **4. DE** *zeigen, zur Schau stellen* • **FR** *afficher [donner à voir]* • **EN** *to show off [to exhibit]* • **PT** *mostrar, ostentar, exhibir* **Beispill** dee räiche Geschäftsmann **weist** gâr, wat en huet **5. DE** *zeigen [senden, vorführen]* • **FR** *montrer, présenter, diffuser* • **EN** *to show [on a screen]* • **PT** *mostrar, apresentar, passar [transmitir, exhibir]* **Beispiller** dee **Sender weist** ze vill Reklammen; um Festival **gëtt** eng ongekierzt **Version** vum Film **gewisen** **6. DE** *zeigen [zum Ausdruck bringen]* • **FR** *montrer [exprimer], manifester* • **EN** *to show [a quality or emotion]* • **PT** *mostrar [exprimir], manifestar* **Beispiller** **weis** emol e bësse méi **Begeescherung** bei der Aarbecht!; hien **huet** keng Grëtz **gudde Wëlle gewisen**; a sengem **Behuele weist** d'Kand autistesches Symptomer; ville Männer fält et **schwéier**, hir **Gefiller** ze **weisen** **7. DE** *zeigen [hervortreten lassen]* • **FR** *montrer, mettre en évidence, révéler, signaler* • **EN** *to show [to reveal]* • **PT** *mostrar, evidenciar, revelar, assinalar* **Beispiller** d'Blutanalys **huet gewisen**, datt de Sportler sech gedoppt hat; d'Reform **weist** schonn éischt Resultater; d'Wolleke **weise** Reen [d'Wolleke **weisen** drop hin, datt et Ree gëtt] **8. DE** *zeigen, anzeigen [einen Wert]* • **FR** *afficher, indiquer [une mesure]* • **EN** *to show [a measurement]* • **PT** *mostrar, indicar, marcar [um valor]* **Beispiller** d'Auer **weist** d'Zäit; den Thermometer **weist** 35 Grad; d'Geschier **weist** d'Aarbecht **lun** Geschier erkennt een, firwat et geduecht ass! » **intransitiv 9. DE** *zeigen* • **FR** *montrer, pointer [indiquer]* • **EN** *to point* • **PT** *mostrar, apontar [indicar]* **Beispiller** firwat **weist** dee Feil no ënnen?; et **weist** een net mam **Fanger** op d'Leit! » **reflexiv 10. DE** *sich zeigen, sich blicken lassen* • **FR** *se montrer, se faire voir* • **EN** *to show one's face, to be seen* • **PT** *mostrar-se, aparecer [comparcer, pôr-se à vista]* **Beispiller** déi **Toz** soll sech net méi hei **weisen**!; si hunn hir **Kanner** esou schlecht **gewinnt**, datt se sech néierens kënne mat hinne **weisen** **11. DE** *sich zeigen [erscheinen]* • **FR** *apparaître [se manifester]* • **EN** *to show [to appear]* • **PT** *aparecer [despontar, surgir]* **Beispiller** déi éischt **Schnéigläckelcher weisen** sech; bei mir **weisen** sech déi éischt gro **Hoer** **12. DE** *sich zeigen, sich herausstellen* • **FR** *se montrer, s'avérer* • **EN** *to emerge, to become apparent* • **PT** *revelar-se, verificar-se* **Beispiller** et wäert sech nach **weisen**, ob eis **Entscheidung** richtig war; et **huet** sech **gewisen**, datt ech um **Enn** **Recht** hat **Synonym** sech erausstellen

i Verben, déi **weisen** als Basis hunn: **ausweisen**, **hiweisen**, **noweisen**, **ofweisen**, **uweisen**, **virweisen**, **zeréckweisen**,

↗zouweisen an ↗zurechtweisen

Weisheet [v'aɪshe:t] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Weisheit [Klugheit, Erfahrung] • **FR** sagesse, intelligence, raison • **EN** wisdom, intelligence • **PT** sapiência, inteligência **Beispiller** elo sinn ech mat menger Weisheet um Enn; hie mengt, hien hätt d'Weisheet gepacht l'he mengt, hien hätt ëmmer Recht] **2.** (Pluriel Weisheeten) **DE** Weisheit [weiser Spruch, Lebensweisheit] • **FR** sagesse (populaire), conseil de bon sens • **EN** a piece of wisdom, a saying • **PT** sabedoria (popular), ditado sábio **Beispiller** ech hu mer e Kalenner mat Weisheeten aus aller Welt kaaft; wat s du nees Weisheete vun der gëss! Iech zweiwelen un deem, wat s de do sees!

i Variant: Wäisheet

Weisheetszant [v'aɪshe:tstzant] Maskulinum (Pluriel Weisheetszänn) - Variant vun ↗Wäisheetzant

weismaachen [v'aɪsma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé weisgemaach / weisgemaacht) » **transitiv** **DE** weismachen • **FR** faire croire à • **EN** to fool into believing • **PT** fazer crer a **Beispill** eis Kanner wollten eis weismaachen, datt se näischt mat deem Sträit ze dinn hätten

wéisou [v'ɔɪz'əʊ] Adverb **DE** wieso • **FR** pourquoi [pour quelle raison] • **EN** why [for what reason] • **PT** porque [por que razão] **Beispill** wéisou weess ech näischt dovun? **Synonym** firwat

i Variant: wisou

weit Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

wéitschen [v'ɔɪtʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewéitscht) » **transitiv** **1.** wéitsche mat **DE** schwenken mit • **FR** remuer [agiter] • **EN** to flick, to swing one's tail [cow], to wag one's tail [dog] • **PT** sacudir [agitar] **Beispill** d'Kou wéitscht mam Schwanz, fir d'Méckchen ze verdreiwen **2.** eng gewéitscht kréien **DE** einen leichten elektrischen Schlag erhalten • **FR** prendre du jus [recevoir une faible décharge électrique] • **EN** to get an electric shock • **PT** apanhar um choque [receber uma ligeira descarga elétrica] **Beispill** um Drot vun der Perch kanns de eng gewéitscht kréien **3.** [ɛɡs] engem eng wéitschen **DE** jemandem eine scheuern • **FR** flanquer une baffe à quelqu'un • **EN** to give somebody a smack, to give somebody a clip around the ear • **PT** dar uma chapada a alguém **Beispill** du kriss elo gläich eng gewéitscht! **Synonymmen** engem eng diksen, engem eng praffen

wéivillmol Adverb **DE** wievielmol • **FR** combien de fois • **PT** quantas vezes **Beispiller** wéivillmol ware mer scho mat de Kanner an den Zoo?; wéivillmol den Dag muss ech dat Medikament anhuelen?; ech weess net, wéivillmol ech der dat do scho gesot hunn!

wéivillt [v'ɔɪfɪlt] Adjektiv **DE** wievielte • **FR** quantième, le combien, quel [place, rang dans un classement] • **EN** how many, what place • **PT** que [lugar, posição numa ordem] **Beispiller** déi wéivillt Ännerung ass dat eigentlech an eisem Zäitplang?; déi wéivillt ass eis Ekipp beim Turnéier ginn?

Weiwasser [v'aɪva:sə] Neutrum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Wäiwasser

Weiwasserdëppchen [v'aɪva:sədɛpʃən] Neutrum (Pluriel Weiwasserdëppcher) - Variant vun ↗Wäiwasserschdëppchen

Weiwasserschdëppchen [v'aɪva:səfɛpʃən] Neutrum (Pluriel Weiwasserschdëppcher) - Variant vun ↗Wäiwasserschdëppchen

Wëld [vɔlt] Neutrum (kee Pluriel) **1.** **DE** Wild [Tier] • **FR** gibier [animaux] • **EN** game [animals] • **PT** caça [animais] **Beispill** d'Klapper dreiwen de Jeeër d'Wëld virun d'Flënt **2.** **DE** Wild [Fleisch] • **FR** gibier [viande] • **EN** game [meat] • **PT** carne de caça **Beispill** déi meescht Restauranten hunn am Hierscht Wëld op hির Kaart

Wëldpark [v'ɔltpɑrk] Maskulinum (Pluriel Wëldparken) **DE** Wildpark • **FR** parc à gibier • **EN** game preserve, wildlife park • **PT** reserva de animais, tapada **Beispill** mir ginn e Sonndeg mat de Kanner an de Wëldpark d'Déiere kucken

wëldsen [v'ɔltzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewëldst)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Welfreng [v'ælfreŋ] Eegennumm **DE** Welfringen • **FR** Welfrange • **EN** Welfrange • **PT** Welfrange **Beispiller** ech wunnen zu Welfreng; fiert dëse Bus op Welfreng?

wëll [vəl] Adjektiv **1.** **DE** wild [ungezähmt] • **FR** sauvage [non domestiqué] • **EN** wild [not domesticated] • **PT** bravo [não domesticado] **Beispill** déi do Kaz kënnt net bei dech, se ass wëll **2.** **DE** wild [ungestüm] • **FR** fougueux, impétueux • **EN** wild [unruly] • **PT** endiabrado, fogoso, impetuoso **Beispiller** d'Kanner waren haut esou wëll, ech krut se net gebändegt; d'Leit hunn sech op de Buffet gestierzt ewéi déi Wëll op d'Banannen [ɛɡs] [d'Leit hunn sech ewéi benzeg op de Buffet gestierzt]; déi Wëll lafen am Bësch [ɛɡs] [⇒ seet een zu engem Kand, dat seet, datt et eppes „wëll“] **3.** wëll sinn **DE** wild sein [schlimm sein] • **FR** être grave, être préoccupant • **EN** to be bad, to be serious • **PT** ser grave, ser preocupante **Beispill** dat ass net esou wëll, wéi s de mengs! **Synonym** schlëmm sinn **4.** wëll ginn **DE** wütend werden • **FR** piquer une colère, piquer une crise, se mettre dans tous ses états • **EN** to kick off [to become very angry] • **PT** ficar furioso, enraivecer-se, descontrolar-se **Beispill** wéi hien dat héieren huet, gouf e wëll ewéi eng Spann

i * Opgepasst! Dës Riedensart kann als rassistesch empfongt ginn.

well [væl] Konjunktioun **DE** weil • **FR** parce que, car • **EN** because, as • **PT** porque, pois, visto que **Beispiller** d'Verhandlung sinn ausgesat ginn, well den Ugek-lote krank ginn ass; well ech net genuch Sue bei mer hat, hunn ech en Akkont vu fofzeg Euro ginn

Well [væl] Femininum (Pluriel Wellen) **1.** **DE** Welle [Bewegung, Form] • **FR** vague, ondulation • **EN** wave [movement, form] • **PT** onda, vaga, ondulação **Beispiller** am Stuerm ware meterhéich Wellen um Mier; de Wand huet schéi Wellen an d'Düne gezeechent **2.** **DE** Welle [Ausbreitung einer Schwingung] • **FR** onde [propagation d'une vibration] • **EN** wave [propagation of vibration] • **PT** onda [propagação de uma vibração] **Beispill** den Tech-

niker huet d'Intensitéit vun den elektromagnéitesche Welle gemooss **3. DE Welle, Drehstange** • **FR** *arbre laxe de rotation* • **EN** *shaft [rotating rod]* • **PT** *árvore, veio*
Beispill d'Well vun der Turbinn ass aus Titan **4. DE Welle** [größere Menge] • **FR** *vague [masse importante]* • **EN** *wave [large number]* • **PT** *onda, vaga [grande quantidade]*
Beispiller der Ministesch hir Aussoen hunn eng Well vu Protester ausgeléist; den Hierscht ass mat enger Well vun Infektiounen ze rechnen

well [væɪ] Adverb - Variant vun *æwell*

Wëllefchen [v'æləfçən] Maskulinum (Pluriel Wëllefcher) - Diminutivform vun *æWollef* **DE** *Wölfling [Pfadfinder]* • **FR** *louveteau [scout]* • **EN** *Wolf Cub, Cub Scout* • **PT** *lobito [escuteiro]*
Beispill meng Schwëster ass Chef-taine bei de Wëllefcher

wëlleg [v'æləç] Adjektiv **DE** *willig* • **FR** *bien disposé (à), docile* • **EN** *willing [eager, ready]* • **PT** *solicito (em), dócil*
Beispill hien ass ganz wëlleg, wann een e weess unzepaken

Wellelängt [v'ælelæŋt] Femininum (Pluriel Wellelängten) **DE** *Wellenlänge* • **FR** *longueur d'onde* • **EN** *wavelength* • **PT** *comprimento de onda*
Beispiller wéi gétt d'Wellelängt vum Liicht gemooss?; mir sinn op enger Wellelängt [mir hunn déi selwecht Usiichten]

Welleleef [v'ælele:fe] Maskulinum (Pluriel Welleleef) Oceanodroma leucorhoa **DE** *Wellenläufer* • **FR** *océanite cul-blanc* • **EN** *Leach's storm petrel* • **PT** *painho-de-cauda-forcada*
Beispill wéi laang bréien d'Welleleef?

wëllen [v'ælən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewollt / wollt) » **transitiv 1. DE** *wollen [verlangen]* • **FR** *vouloir [demander]* • **EN** *to want [to request]* • **PT** *querer [exigir]*
Beispill de Chef wëllt, datt mir haut méi laang schaffen **2. ëmmer am Conditionnel DE** *wollen [wünschen]* • **FR** *vouloir [souhaiter]* • **EN** *to wish* • **PT** *querer [desejar]*
Beispill ech wëilt, et wier scho Vakanz! **3. DE** *(haben) wollen* • **FR** *vouloir avoir* • **EN** *to want (to have)* • **PT** *querer (ter)*
Beispiller d'Kanner wëllen eng Glace; ech wëll nëmmen en Auto mat véier Dieren; hie weess net, wat e wëllt; ech mengen, deen Typ wëllt eppes vun dir lech mengen, deen Typ huet (sexuellen) Interessi un; ech wëll! [égs] [⇒ seet een, wann ee mat eppes d'accord ass] » **intransitiv 4. [égs]** net méi wëllen **DE** *nicht mehr mitmachen wollen [den Dienst versagen]* • **FR** *flancher, ne plus fonctionner* • **EN** *to give out, to pack up* • **PT** *estar a falhar, não querer funcionar*
Beispiller meng Knéie wëllen net méi esou richtig; mäin Auto wëllt net méi; do war näischt méi ze wëllen [do war näischt méi ze maachen]

i Verben, déi **wëllen** als Basis hunn: *æ*erauswëllen an *æ*erawëllen

Wëllen [v'ælən] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Wille* • **FR** *volonté* • **EN** *will [wish, preference, intent]* • **PT** *vontade [força de vontade, querer]*
Beispiller si hunn hie géint säi Wëllen op d'Lëscht gesat; hie probéiert ëmmer, säi Wëllen duerchzusetzen; hien huet keng Grätz gude Wëlle gewisen; ech kréie réie Fësch beim beschte Wëllen net erof [lech kréie réie Fësch, och wann ech et wëll, net erof]

wëllen [v'ælən] Modalverb (Hëllefverb hunn, Participe passé wëllen) **1. DE** *wollen [die Absicht haben zu, den Wunsch haben zu]* • **FR** *vouloir* • **EN** *to want [to do something]* • **PT** *querer*
Beispiller trotz staarke Protester wëllt d'Regierung un der Reform festhalen; mäin Agent wollt mer onbedéngt eng Liewensversicherung opschwätzen; den Hond huet net wëlle follegen; firwat wëlls de net méi matmaachen?; ech wëilt net an enger Grousstad liewen; wat wëllt der hunn! [dat ass eeben esou!]; wëlls de wuel roueg sinn! [sief elo endlech roueg!]
2. DE *wollen [behaupten]* • **FR** *prétendre* • **EN** *to call oneself, to claim* • **PT** *pretender [afirmar]*
Beispiller hie wëllt e grouse Spezialist sinn; hie wëllt dat schon ëmmer gesot hunn

i Verben, déi **wëllen** als Basis hunn: *æ*erauswëllen an *æ*erawëllen

i Amplaz vun engem Participe passé fënnt ee bei dësem Verb en Ersatzinfinitiv (huet wëlle froen). Donieft existéieren och hybrid Formen (wëllten, wollten, wëllten), déi sech strukturell um Imparfait resp. um Conditionnel orientéieren.

wëllen [v'ælən] Adjektiv **DE** *wollen, Woll...* • **FR** *en laine, de laine* • **EN** *woollen* • **PT** *de lã*
Beispiller et ass kal dobaussen, déi deng wëlle Mutz un!; ech dinn dee wëllene Pullover net méi un, well e kraazt

i „wëllen“ kann och de Participe passé vum Verb *æwëllen* sinn.

i Variant: *wollen*

Weller [v'æle] Eegennumm **DE** *Weiler* • **FR** *Weiler* • **EN** *Weiler* • **PT** *Weiler*
Beispiller ech wunnen zu Weller; fiert dëse Bus op Weller bei Pëtschent?

Weller [v'æle] Eegennumm **DE** *Weiler* • **FR** *Villerupt* • **EN** *Villerupt* • **PT** *Villerupt*
Beispiller ech wunnen zu Weller; fiert dëse Bus op Weller?

wëlles [v'æləs] Adverb wëlles hunn / wëlles sinn **DE** *vorhaben [beabsichtigen]* • **FR** *avoir l'intention de* • **EN** *to plan, to intend* • **PT** *tencionar*
Beispiller meng Frëndin huet wëlles, sech fir d'Gemengewalen opzesetzen; d'Direktesch vun der Dréckerei ass wëlles, zwou nei Filialen am Ausland opzemaachen; dee Lausbouf huet bestëmmt eng wëlles [égs] [dee Lausbouf wëllt bestëmmt eng stiichten] **Synonym** virhunn

Welleschten [v'æləftən] Eegennumm **DE** *Wellenstein* • **FR** *Wellenstein* • **EN** *Wellenstein* • **PT** *Wellenstein*
Beispiller ech wunnen zu Welleschten; fiert dëse Bus op Welleschten?

i Lokalvariant: *Wellesteen*

Wëlle Schwan [v'æləfwa:n] Maskulinum (Pluriel Wëll Schwanen) **Cygnus cygnus** **DE** *Singschwan* • **FR** *cygne chanteur* • **EN** *whooper swan* • **PT** *cisne-bravo*
Beispill wéi laang bréien d'Wëll Schwanen?

i Variant: *Wëlle Schwunn*

Wëlle Schwunn [v'æləfwun] Maskulinum (Pluriel Wëll Schwunnen) **Cygnus cygnus** - Variant vun *æWëlle Schwan*

Wellesteen [v'æləfte:n] Eegennumm - Variant vun *æWelleschten*

Wellington Eegennumm **DE** *Wellington* • **FR** *Wellington* • **EN** *Wellington* • **PT** *Wellington*
Beispill Wellington ass d'Haaptstad vun Neuseeland

Wëll Int [vəl'ɪnt] Femininum (Pluriel Wëll Inten) Anas platyrhynchos **DE** Stockente • **FR** canard colvert • **EN** mallard • **PT** pato-real **Beispill** wéi laang bréien d'WëllInten? **Synonym** Stackint

Wëll Kanéngchen [vəlkan'ɛŋçən] Femininum (Pluriel Wëll Kanéngercher) Oryctolagus cuniculus **DE** Wildkaninchen • **FR** lapin de garenne • **EN** rabbit • **PT** coelho-bravo **Beispill** am Géigesaz zum Hues huet d'Wëll Kanéngche méi kuerz Oueren an ass och insgesamt méi kleng

Wëllkar [v'əlka:ɾ] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Buchweizen [Heidekorn] • **FR** sarrasin [céréale] • **EN** buckwheat • **PT** trigo-sarraceno, trigo-mourisco **Beispill** de Bauer zillt ausser dem Weess och nach Wëllkar

Wëllkarmiel [v'əlka:ɾmiəl] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Buchweizenmehl • **FR** farine de sarrasin • **EN** buckwheat flour • **PT** farinha de trigo-sarraceno **Beispill** ech hunn am léifste Paangecher, déi mat Wëllkarmiel gemaach ginn

i Variant: Wëllkeschmiel

Wëll Kaz [vəl'k'a:ts] Femininum (Pluriel Wëll Kazen) Felis silvestris **DE** Wildkatze • **FR** chat sauvage • **EN** wildcat • **PT** gato-bravo **Beispill** d'Wëll Kaz ass méi schwéier ewéi eis Hauskazen, kann sech awer mat hinne kräizen

Wëllkaz [v'əlka:ts] Femininum (Pluriel Wëllkazen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Wëllkeschmiel Neutrum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Wëllkarmiel

wëllkomm [v'əlkom] Adjektiv **DE** willkommen • **FR** bienvenu • **EN** welcome • **PT** bem-vindo **Beispiller** deen Ausfluch war eng wëllkommen Ofwiesslung; hei am Haus ass jidderee wëllkomm; mir heeschen Iech härerlech wëllkomm

Wellness [w'ælnəs] Maskulinum 1. (kee Pluriel) **DE** Wellness • **FR** soins de bien-être • **EN** wellness treatment • **PT** tratamentos de bem-estar **Beispill** an eisem Hotel bidde mer elo och Wellness un 2. (Pluriel Wellnessen / Wellneser) **DE** Wellnessbereich • **FR** espace bien-être, (complexe) spa • **EN** wellness centre, spa [facilities] • **PT** espaço de bem-estar, spa **Beispill** an der Vakanz verbréngen ech ëmmer vill Zäit am Wellness

Wëllsau [v'əlzæ:ʊ] Femininum (Pluriel Wëllsai) - Variant vun ↗Wëll Sau

Wëll Sau [vəlz'æ:ʊ] Femininum (Pluriel Wëll Sai) **DE** Wildsau • **FR** laie • **EN** wild sow • **PT** javalina **Beispill** d'Wëll Sau ass mat hirer Hickecht am Bësch verschwonnen

i Variant: Wëllsau

Wëllschwäin [vəlʃw'æ:ɪn] Neutrum (Pluriel Wëllschwäin) - Variant vun ↗Wëllt Schwäin

Wëllt Schwäin [vəltʃw'æ:ɪn] Neutrum (Pluriel Wëll Schwäin) Sus scrofa **DE** Wildschwein • **FR** sanglier • **EN** wild boar • **PT** javali **Beispill** d'Wëll Schwäi sinn no der Gebuert vun deene Jongen immens aggressiv, esou datt an Europa reegelméisseg Mënschen duerch Ugrëff stierwen

i Variant: Wëllschwäin

Wels Maskulinum (Pluriel Welsen) Silurus glanis 1. **DE** Wels, Flusswels [Tier] • **FR** silure [animal] • **EN** catfish [animal] • **PT** siluro, peixe-gato-europeu [animal] **Beispill** de Wels ass dee gréisste Seïsswaasserfësch an Europa **Synonym** Kazefësch 2. **DE** Wels, Flusswels [Nahrungsmittel] • **FR** silure [aliment] • **EN** catfish [food] • **PT** siluro [alimento] **Beispill** de Wels kann een op vill verschidde Manéiere preparéieren

Welschent [v'ælfənt] Eegennumm **DE** Welscheid • **FR** Welscheid • **EN** Welscheid • **PT** Welscheid **Beispiller** ech wunnen zu Welschent; fiert dese Bus op Welschent?

Welsdref [v'ælsdræf] Eegennumm **DE** Welsdorf • **FR** Welsdorf • **EN** Welsdorf • **PT** Welsdorf **Beispiller** ech wunnen zu Welsdref; fiert dese Bus op Welsdref?

Welt [vælt] Femininum 1. (kee Pluriel) **DE** Welt [Universum] • **FR** monde, univers • **EN** world, universe • **PT** mundo [Universo] **Beispiller** vill Leit gleewen haut nach drun, datt den Herrgott d'Welt a siwen Deeg erschafen huet; wéinst esou enger Klenggekeet geet d'Welt net ënner lesou eng Klenggekeet ass weider net schlëmm; esou en Apparat kascht net d'Welt [esou en Apparat ass net ganz deier]; hie géing net matgoe fir alles an der Welt [hie géif ënner kengen Ëmstänn matgoen] 2. (Pluriel Welten) **DE** Welt [Teil des Universums] • **FR** monde [composant de l'univers] • **EN** world [part of the universe] • **PT** mundo [parte do Universo] **Beispiller** d'Astronome sichen no neie Welten am Universum; tëschent hinne leie Welten [si si grondverschidden] 3. (kee Pluriel) **DE** Welt [Erde] • **FR** monde [terre] • **EN** world [earth] • **PT** mundo [terra] **Beispiller** mir brauchen net bis un d'Enn vun der Welt ze fueren, heiheem ass et och schéin; eisen Enkel ass d'lescht Woch op d'Welt komm [eisen Enkel ass d'lescht Woch gebuer ginn]; dat ass net aus der Welt [dat ass net wäit ewech]; do ass d'Welt mat Brieder zougeeneelt [do ass näischt lass; do gött et net vill]; hie wunnt un Aasch vun der Welt [graf] [hie wunnt ganz entleeën] 4. (kee Pluriel) **DE** Welt [Menschheit] • **FR** monde [humanité] • **EN** world [humanity] • **PT** mundo [humanidade] **Beispiller** esou eng Erfindung huet d'Welt bis elo net gesinn; d'hallef Welt huet no dir gefrot [vill Leit hunn no dir gefrot]; hien ass vu Gott an der Welt verlooss [hie spiert sech eleng gelooss]; si hu sech virun aller Welt zerschloen [si hu sech an der Ëffentlechkeet zerschloen] 5. (Pluriel Welten) **DE** Welt, Milieu, Bereich, Reich • **FR** monde, milieu, secteur, domaine • **EN** world [field of activity], region • **PT** mundo, meio, setor, domínio **Beispiller** Musek ass seng Welt; meng Aarbechtskolleegin interesséiert sech fir all Neiegkeeten aus der Welt vum Sport; Länner aus der drëtter Welt ginn haut Entwécklungslänner genannt; fir seng Elteren ass eng Welt zesummegebrach, wéi hien den Examen net gepackt huet [fir seng Elteren ass et ganz schlëmm, datt hien den Examen net gepackt huet] 6. (kee Pluriel) **DE** Welt, Dasein, Wirklichkeit • **FR** monde, réalité, existence • **EN** world [reality, existence] • **PT** mundo, realidade, existência **Beispiller** ech verstinn d'Welt net méi; wien huet dat Gerücht an d'Welt gesat?; mir mussen dee Mëssel aus der Welt schafen; d'Welt geet bei der Däiwel; du gëss der Welt Steïss! [⇒ seet een zu engem, deem seng Iddien een

ameséieren); et ass eng ells **Welt** [d'Liwwen ass net schéin]; hien hält sech fir den Nuebel vun der Welt [hien hält sech fir extreem wichteg]

Weltall [v'ældal] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Weltall* • **FR** *univers, cosmos* • **EN** *universe* • **PT** *universo, cosmos*
Beispill d'Distanzen am **Weltall** ginn a Liichtjore gemooss **Synonymmen** All, Universum

Weltausstellung [v'ældæ:ʊsftæluŋ] Femininum (Pluriel **Weltausstellungen**) **DE** *Weltausstellung* • **FR** *exposition universelle* • **EN** *world fair* • **PT** *exposição universal* **Beispiller** op de **Weltausstellungen** ginn déi neisten Technologien aus alle Länner presentéiert; eise Pavillon op der **Weltausstellung** huet ville Leit gutt gefall

weltbekannt [væltbək'ant] Adjektiv **DE** *weltbekannt* • **FR** *mondialement connu* • **PT** *mundialmente conhecido* **Beispiller** d'Tickete fir där **weltbekannter** Musekerin hir Concerte waren direkt ausverkaaft; dee Musée huet eng **weltbekannt** Fossiliesammlung

weltberümt [væltbər'y:mt] Adjektiv **DE** *weltberühmt* • **FR** *mondialement connu* • **EN** *world famous* • **PT** *mundialmente conhecido* **Beispiller** an der Nuecht ass e **weltberümt** Tablo aus dem Musée geklaut ginn; de Komponist gouf mat dëser Sinfonie **weltberümt**

Weltbevölkerung Femininum (kee Pluriel) **DE** *Weltbevölkerung* • **FR** *population mondiale* • **PT** *população mundial* **Beispill** wéinst deene ville Gebuerten an den Entwécklungslänner wüsst d'**Weltbevölkerung** nach ëmmer staark

Weltelite [v'ældelit] Femininum (kee Pluriel) - Variant vun **Weltelit**

Weltelit [v'ældel:lit] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Weltelite* • **FR** *élite mondiale* • **EN** *world elite* • **PT** *elite mundial* **Beispill** duerch säin intensiven Training huet eisen nationale Champion am Tennis et bis an d'**Weltelit** gepackt

Weltënnegang [v'ældənegəŋ] Maskulinum (Pluriel **Weltënnegäng**) **DE** *Weltuntergang* • **FR** *fin du monde, apocalypse* • **EN** *end of the world* • **PT** *fim do mundo* **Beispill** et gëtt ëmmer erëm Leit, déi e **Weltënnegang** prophezeien

Variant: Weltënnegank

Weltënnegank [v'ældənegəŋk] Maskulinum (Pluriel **Weltënnegäng**) - Variant vun **Weltënnegang**

Weltgeschichte [v'æltgəʃiçt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Weltgeschichte* • **FR** *histoire universelle* • **EN** *world history* • **PT** *história universal* **Beispiller** an der **Weltgeschichte** gëtt et genuch **Beispiller** vu bluddege Revolutionen; zënter hien d'Pensioun huet, reest en duerch d'**Weltgeschichte** [əgs] [zënter hien d'Pensioun huet, reest en duerch d'ganz Welt]

Weltgesundheitsorganisatioun [væltgəz'on:the:tsʊʁganizatsjəʊn] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Weltgesundheitsorganisation* • **FR** *Organisation mondiale de la Santé* • **PT** *Organização Mundial da Saúde* **Beispiller** d'**Weltgesundheitsorganisatioun** koordinéiert d'Efforte géint de Coronavirus; d'Verbreede vum Ebolaféiwier gouf mat der Hëllef vun der **Welt-**

gesundheitsorganisatioun gestoppt

Kuerzform: WHO

weltgewant [v'æltgəvant] Adjektiv

Hei entsteet en neien Artikel.

Weltkaart [v'æltka:rt] Femininum (Pluriel **Weltkaarten**) **DE** *Weltkarte* • **FR** *mappemonde* • **EN** *map of the world, world map* • **PT** *mapa-mundo* **Beispiller** de Schoulmeeschter huet de Kanner op der **Weltkaart** déi verschidde Kontinenter gewisen; an den Archive si **Weltkaarten** aus dem 14. bis an d'19. Joerhonnert ausgestallt

Weltklass [v'æltklas] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Weltklasse* • **FR** *élite mondiale [au niveau des capacités]* • **EN** *world class* • **PT** *elite mundial [quanto às capacidades]* **Beispiller** déi jonk Turnerin gehéiert schonn zur **Weltklass**; deng Gromperekichelcher si **Weltklass!** [deng Gromperekichelcher sinn excellent]

Weltklima [v'æltkli:ma:] Maskulinum/Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Weltklima* • **FR** *climat mondial* • **EN** *global climate* • **PT** *clima mundial* **Beispill** d'Wiederspezialisten halen d'Entwécklung vum **Weltklima** fir alarmant

Weltkrich [v'æltkriç] Maskulinum (Pluriel **Weltkriecher**) **DE** *Weltkrieg* • **FR** *guerre mondiale* • **EN** *world war* • **PT** *guerra mundial* **Beispill** meng Grousselteren hunn zwee **Weltkriecher** iwuerliefert

weltlech [v'æltləç] Adjektiv **DE** *weltlich [nicht geistlich]* • **FR** *séculier, civil* • **EN** *civil [secular]* • **PT** *secular, civil* **Beispiller** kierchlech a **weltlech** Autoritéiten hunn un de Feierlechkeeten deelgeholl; mat senge **weltlechen** Iddie kënt hie bei senge gleewegen Elteren net gutt un

Weltmaart [v'æltma:rt] Maskulinum (Pluriel <seen> **Weltmäert**) **DE** *Weltmarkt* • **FR** *marché mondial* • **EN** *global market* • **PT** *mercado mundial* **Beispill** d'Konkurrenz um **Weltmaart** gëtt ëmmer méi grouss

Weltmacht [v'æltmaçt] Femininum (Pluriel **Weltmächten**) - Variant vun **Weltmuecht**

Weltmeeschter [v'æltme:ʃte] Maskulinum (Pluriel **Weltmeeschteren**) **DE** *Weltmeister* • **FR** *champion du monde* • **EN** *world champion* • **PT** *campeão do mundo* **Beispiller** dee Boxer do war e puermol hannerenee **Weltmeeschter**; du bass **Weltmeeschter** am Kritiséieren! [du kritiséiers nawell vill!]

Weiblech Form: **Weltmeeschterin**

Weltmeeschterin [v'æltme:ʃtərin] Femininum (Pluriel **Weltmeeschterinnen**) **DE** *Weltmeisterin* • **FR** *championne du monde* • **EN** *world champion [female]* • **PT** *campeã do mundo* **Beispill** ech konnt der **Weltmeeschterin** am Sprangreide beim Training nokucken

Männlech Form: **Weltmeeschter**

Weltmeeschterschaft [v'æltme:ʃteʃaft] Femininum (Pluriel **Weltmeeschterschaften**) **DE** *Weltmeeschterschaft* • **FR** *championnat du monde* • **EN** *world championship* • **PT** *campeonato do mundo* **Beispiller** eise Landesmeeschter ass ee vun de Finalisten op der **Weltmeeschterschaft**; wien huet dést Joer d'**Weltmeeschterschaft** am Fichte gewonnen?

Kuerzform: WM

Weltmierer [v'æltmi:ɣrɐ] Neutrum (kee Singulier) DE *Weltmeere, Ozeane* • FR *mers du monde, océans* • PT *mares do mundo, oceanos* **Beispill** eis Flott fiert op alle Weltmiererer

Weltmuecht [v'æltmuəçt] Femininum (Pluriel Weltmuechten) DE *Weltmacht* • FR *puissance mondiale [État]* • EN *world power* • PT *potência mundial [Estado]* **Beispill** d'Weltmuechte vun haut sinn net onbedéngt déi vu muer

Variant: Weltmacht

welttoppen Adjektiv

Hei entsteet en neien Artikel.

Welträich [v'æltræ:ɪç] Neutrum (Pluriel Welträicher) DE *Weltreich* • FR *empire mondial* • EN *empire* • PT *império mundial* **Beispill** England huet iwwer e Welträich regéiert

Weltraum [v'æltræ:ʊm] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Weltraum* • FR *espace [univers]* • EN *space [universe]* • PT *espaço [universo]* **Beispill** an de Fofzegejore sinn déi éischt Rakéiten an de Weltraum geschoss ginn

Weltrees [v'æltre:s] Femininum (Pluriel Weltreesen) DE *Weltreise* • FR *tour du monde* • EN *(round the) world trip* • PT *volta ao mundo* **Beispiller** ech dreeme scho laang dovunner, fir eng Kéier eng Weltrees ze maachen; mat all deene Chantiere war et eng Weltrees, fir bei iech ze kommen [mat all deene Chantiere war et éimständlech, fir bei iech ze kommen]

Weltrekord [v'æltrəkɔ:rt] Maskulinum (Pluriel Weltrekorden / Weltrekorder) DE *Weltrekord* • FR *record du monde* • EN *world record* • PT *recorde mundial* **Beispill** deen Athleet huet de Weltrekord am Stafhéichsprong gebrach

Weltrelioun [v'æltrə:ljəʊn] Femininum (Pluriel Weltreliounen) DE *Weltreligion* • FR *grande religion [du monde]* • EN *world religion* • PT *grande religião [do mundo]* **Beispill** de Buddhismus ass eng vun de Weltreliounen

Weltsicht Femininum (Pluriel Weltsichten) - Variant vun *Weltsiicht*

Weltsiicht [v'æltzi:çt] Femininum (Pluriel Weltsichten) DE *Weltsicht* • FR *vision du monde* • EN *world view* • PT *visão do mundo* **Beispill** e Kapitalist an e Kommunist hunn zwou verschidde Weltsichten

Variant: Weltsicht

weltwäit [v'æltvæ:ɪt] Adjektiv DE *weltweit* • FR *mondial* <Adverb *dans le monde entier, à l'échelle mondiale*> • EN *worldwide* • PT *mundial* <Adverb *em todo o mundo, a nível mundial*> **Beispiller** d'Faillite vun där grousser Bank huet eng weltwäit Kris ausgeléist; dés Mark Nuddele féinnt ee méttlerweil weltwäit

Weltwunner [v'æltvone] Neutrum (Pluriel Weltwunner) DE *Weltwunder* • FR *merveille du monde* • EN *wonder of the world* • PT *maravilha do mundo* **Beispill** dee bekuckt mech, wéi wann ech eent vun de siwe Weltwunner wier

Wëlwerwolz [v'əlvevolts] Eegennumm DE *Wilwerwiltz* • FR *Wilwerwiltz* • EN *Wilwerwiltz* • PT *Wilwerwiltz* **Beispiller** ech wunnen zu Wëlwerwolz; fiert dese Bus op Wëlwerwolz?

Wëlzer Schlass [v'əltsej'las] Eegennumm DE *Wiltz-Château* • FR *Wiltz-Château* • EN *Wiltz-Château* • PT *Wiltz-Château* **Beispiller** ech wunnen um Wëlzer Schlass; fiert dese Bus op d'Wëlzer Schlass?

Lokalvariant: Weeltzer Schlass

Wemperhaart [væmpə'h'a:rt] Eegennumm DE *Wemperhardt* • FR *Wemperhardt* • EN *Wemperhardt* • PT *Wemperhardt* **Beispiller** ech wunnen op der Wemperhaart; fiert dese Bus op d'Wemperhaart?

Wëncher [v'ənce] Eegennumm DE *Wincheringen* • FR *Wincheringen* • EN *Wincheringen* • PT *Wincheringen* **Beispiller** ech wunnen zu Wëncher; fiert dese Bus op Wëncher?

Wëndel [v'əndəl] Femininum (Pluriel Wëndelen) **1.** DE *Windel [Stoffwindel]* • FR *couche [lavable]* • EN *cloth nappy [reusable, washable]* • PT *cueiro, fralda [lavável]* **Beispill** ech mengen, däi Klengt brauch eng frësch Wëndel **Synonym** Lomp **2.** DE *Windel [Einmalwindel]* • FR *couche [jetable]* • EN *nappy [disposable]* • PT *fralda [descartável]* **Beispill** ech mengen, däi Klenge brauch eng frësch Wëndel

Wendeltrap [v'ændəltra:p] Femininum (Pluriel Wendeltrape) DE *Wendeltreppe* • FR *escalier en colimaçon* • EN *spiral staircase* • PT *escada em caracol* **Beispill** du kënns nëmmen iwwer eng schmuel Wendeltrap erop an de Kierchtuerm

wenden [v'ændən] Verb (Hëllefverb *hunn*, Participe passé *gewant*) » **reflexiv** sech wenden un DE *sich wenden an* • FR *s'adresser à [avoir recours à]* • EN *to turn to [for help, for information]* • PT *dirigir-se a [recorrer a]* **Beispill** dem Heeschemann ass soss näischt iwwereng bliwwen, wéi sech un den Aarmebüro ze wenden **Synonymmen** sech adresséieren un, sech richten un

Verben, déi wenden als Basis hunn: *zwenden an* *zowenden*

Variant: wennen

Wendung [v'ændur] Femininum (Pluriel Wendungen) **1.** DE *Wendung [Veränderung]* • FR *tourmure [évolution inattendue], revirement* • PT *virada [evolução inesperada], reviravolta* **Beispill** déi Geschicht huet zum Schluss eng Wendung geholl, mat där kee gerechent hat **Synonym** Tournure **2.** DE *Wendung, Redewendung* • FR *tourmure [locution]* • PT *expressão [locução]* **Beispill** idiomatesch Wendunge sinn dacks schwéier ze iwwersetzen **Synonym** Tournure

Wéngert [v'ɛŋet] Maskulinum (Pluriel Wéngerten) DE *Weinberg* • FR *vignoble, vigne* • EN *vineyard* • PT *vinha, vinhedo* **Beispiller** de Wénzer huet dese Wéngert nei uegeplant; eist Duerf läit matzen an de Wéngerten

Wénk [vɛŋk] Maskulinum (Pluriel Wénk) DE *Wink [Hinweis]* • FR *signe [message]* • EN *hint [tip, suggestion]* • PT *sinal, aceno* **Beispiller** hien huet mer e Wénk ginn, an ech hunn direkt verstanen; dat war e Wénk mat der Scheierpaart [dat war e ganz däitlechen Hiwäis] **Synonym** Hiweis

Wénkel [v'ɛŋkəl] Maskulinum (Pluriel Wénkelen) **1.** **DE** Winkel [geometrische Form] • **FR** angle [figure géométrique] • **EN** angle [geometrical shape] • **PT** ângulo [figura geométrica] **Beispiller** bei engem Dräieck ass d'Zomm vun de Wénkelen ëmmer 180 Grad; ech sinn am pickegen Drot hänke bliwwen, elo hunn ech e Wénkel an der Box [ech sinn am pickegen Drot hänke bliwwen, elo hunn ech e Rass a Form vun engem Wénkel an der Box] **2.** **DE** Winkelmaß • **FR** équerre [d'artisan] • **EN** set square, T-square [for workmen] • **PT** esquadro [de pedreiro] **Beispill** d'Mauer ass kromm, et mengt een, de Gipser hätt de Wénkel vergiess gehat **3.** **DE** Winkel [Ecke, Platz] • **FR** recoin • **EN** corner, nook and cranny • **PT** canto, recanto **Beispill** d'Police huet all Wénkel vum Haus duerchsicht **4.** **DE** Chevron [Rangabzeichen] • **FR** chevron [galon] • **EN** chevron, stripe [denoting rank] • **PT** divisa [galão] **Beispill** wéi vill Wénkelen huet de Generol op senger Uniform? **5.** **DE** Winkel [Blickwinkel, Blickfeld] • **FR** angle de vue, angle de tir • **EN** angle [field of view] • **PT** ângulo visual, ângulo de tiro **Beispill** de Fußballist huet missen aus engem onméigleche Wénkel schéissen **6.** Doudege Wénkel **DE** toter Winkel • **FR** angle mort • **EN** blind spot • **PT** ângulo morto **Beispill** ech hunn eng Téitsch gemaach, well ech den Auto am Doudege Wénkel iwwersinn hat

wénken [v'ɛŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewénkt / gewonk) » **intransitiv** **DE** winken • **FR** faire signe (à), saluer • **EN** to wave (to) [in greeting, as a signal] • **PT** fazer sinal (a), acenar (a) **Beispiller** ech wollt him wénken, mee en huet mech net gesinn; d'Schoukanner stounge laanscht d'Strooss an hu mat de Fändele gewénkt

i Verben, déi **wénken** als Basis hunn: ↗erëmwénken, ↗eriwuerwénken an ↗zeréckwénken

Wënn Maskulinum (kee Singulier)

i Hei entsteet en neien Artikel.

wennen [v'æənən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewannt) - Variant vun ↗wenden

i Verben, déi **wennen** als Basis hunn: ↗uennen an ↗zouennen

wënsch [vənʃ] Adjektiv **DE** windschief • **FR** tordu, de travers • **EN** warped, not straight • **PT** torto, de través **Beispiller** d'Rumm vun der Dier ass wënsch; hien huet wënsch dragekuckt [hie war schlecht gelaunt]

wënschen [v'ənʃən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewënscht) » **transitiv** **1.** **DE** wünschen • **FR** souhaiter [à autrui] • **EN** to wish [for somebody else] • **PT** desejar [a outrem] **Beispiller** ech wënschen der, datt deng Droom sech eng Kéier erfëllen; ech wënschen Iech e gudden Appetit!; mir wënschen Iech vill Gléck am neie Joer! **2.** sech eppes wënschen **DE** sich etwas wünschen [etwas begehren] • **FR** souhaiter quelque chose, désirer quelque chose • **EN** to wish [for oneself] • **PT** desejar algo [querer algo para si] **Beispiller** d'Leit wënschen sech en dauerhafte Fridden op der Welt; all Patron géif sech esou e fläisegen Aarbechter wënschen » **intransitiv** **3.** wënschen (goen) **DE** Glückwünsche überbringen • **FR** aller présenter ses vœux • **EN** to go and offer good wishes • **PT** desejar felicidades, dar as boas-festas, dar os parabéns **Beispiller** Neijoerschdag si mer bei d'Famill wënsche gaangen; mir

hunn dem Noper gewënscht

wënschenswäert [v'ənʃənsvɛ:ɐ̯t] Adjektiv **DE** wünschenswert • **FR** souhaitable • **EN** desirable • **PT** desejável **Beispill** et ass wënschenswäert, déi administrativ Weeër ze vereinfachen

Wëntger [v'əntʃɛ] Eegennumm **DE** Wintger • **FR** Wintrange • **EN** Wintrange • **PT** Wintrange **Beispiller** ech wunnen zu Wëntger; fiert dëse Bus op Wëntger?

Wëntreng [v'əntʃɛŋ] Eegennumm **DE** Wintringen • **FR** Wintrange • **EN** Wintrange • **PT** Wintrange **Beispiller** ech wunnen zu Wëntreng; fiert dëse Bus op Wëntreng?

wenzelen [v'æntsələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewenzelt) » **intransitiv** **1.** **DE** sich wälzen, sich herumwälzen • **FR** se rouler, se tourner et se retourner • **EN** to wallow • **PT** rolar, revolver-se [dar voltas sobre si] **Beispiller** ech hunn déi ganz Nuecht gewenzelt, ech kuum net u mat schlofen; dat hënnescht Rad wenzelt [dat hënnescht Rad dréit net ronn] » **reflexiv** **2.** **DE** sich wälzen, sich herumwälzen • **FR** se vautrer • **EN** to wallow • **PT** rebolar-se, chafurdar **Beispill** d'Fierkel huet sech am Mätsch gewenzelt

Wënzer [v'əntʃɛ] Maskulinum (Pluriel Wënzer) **DE** Winzer • **FR** vigneron, viticulteur • **EN** winegrower • **PT** vinicultor, viticultor **Beispiller** de Wënzer waart op e puer sonnig Deeg virun der Lies; meng Schwéiesch ass vum Wënzer ^[eggs] [meng Schwéiesch kënnt aus enger Famill vu Wënzer]

i Weiblech Form: ↗Wënzerin

Wënzerbetrib [v'əntʃɛbɛtri:p] Maskulinum (Pluriel Wënzerbetriber) **DE** Winzerbetrieb, Weingut • **FR** exploitation viticole • **EN** wine producer, winery • **PT** exploração vinícola **Beispill** mäi Schwoer ass eenzegen Ierwe vun engem grouse Wënzerbetrib

Wënzerin [v'əntsərin] Femininum (Pluriel Wënzerinnen) **DE** Winzerin • **FR** vigneronne, viticultrice • **PT** vinicultora, viticultora **Beispill** d'Wënzerin weess iwwe all hir Wäiner eppes ze zielen

i Männlech Form: ↗Wënzer

Werbeen Femininum (kee Pluriel) **DE** Eisenkraut, Verbene • **FR** verveine [plante] • **EN** verbena • **PT** verbena [planta] **Beispiller** Werbeen ass gutt fir d'Verdauung; wann ech net kann aschlofen, drénken ech en Téi mat Werbeen **Synonym** Eisekraut

i Variant: Verveine

werfen [v'ɛrfən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geworf) » **transitiv** **1.** **DE** werfen [schleudern], schmeißen • **FR** jeter, lancer • **EN** to throw [to propel] • **PT** atirar, lançar, arremessar **Beispiller** werf de Ball esou wäit, wéi s de kanns!; esoubal d'Grouss Vakanz ugeet, werfen ech de Schoulsak an den Eck; du kanns d'Leit net all an een Dëppe werfen [d'Leit sinn net all d'selwecht]; hues de de Bréif an d'Boite geworf? [hues de de Bréif an d'Boite gehäit?]; de Cyclist huet d'Handuch geworf [de Cyclist huet opginn]; déi grouss Dänn wërft vill Schiet [déi grouss Dänn mécht vill Schiet]; dat schlecht Wieder huet eis Pläng op d'Kopp geworf [dat schlecht Wieder huet eis Pläng duerchernee bruecht]; kanns du e Bléck op mäin Text

werfen? [kannst du mäin Text eng Kéier duerchkucken?]; wéi se dat gewuer ginn ass, **huet** d'Fra hire Frënd virun d'Dier **geworf** [wéi se dat gewuer ginn ass, huet d'Fra sech vun hirem Frënd getrennt]; hien huet geschwënn näischt méi, wann en esou mat Suen ëm sech **wërf**t [hien huet geschwënn näischt méi, wann en d'Suen esou sënnslos ausgëtt]; ech mengen, hatt **huet** en A op dech **geworf** [ech mengen, du gefäls him] **Synonym** **geheien** **2. DE** *werfen* [*Junge zur Welt bringen*] • **FR** *mettre bas* [*animal*] • **EN** *to drop* [*to give birth*] • **PT** *parir* [*animal*] **Beispill** d'Sau **huet** zwielef Fierkel **geworf** » **reflexiv** **3. DE** *sich werfen* [*sich verziehen*] • **FR** *se soulever* [*se déformer*] • **EN** *to warp* [*due to heat or damp*] • **PT** *empenar* [*deformar-se*] **Beispill** de Parquet **huet** sech wéinst der Fiichtegkeet **geworf** **4. sech ... werfen** **DE** *sich ... werfen* [*impulsartig*] • **FR** *se jeter ...* [*se laisser tomber ...*, *se précipiter ...*] • **EN** *to throw oneself* • **PT** *atirar-se ...* [*com impeto*] **Beispiller** a senger Verzweiflung **huet** de Mann sech op d'Knéie **geworf**; dat bockegt Kand **huet** sech op de Buedem **geworf** an haart gejaut; hien **huet** sech mir ëm den Hals **geworf**; an där Diskussioun **huet** hie sech an d'Broscht **geworf** an där Diskussioun **huet** hie sech wichtig **gemaach**

i Verben, déi **werfen** als Basis hunn: **auswerfen**, **awerfen**, **ëmwerfen**, **erauswerfen**, **ewechwerfen**, **nowerfen**, **ofwerfen**, **opwerfen**, **uwerfen**, **virwerfen** an **zeréckwerfen**

Werjem Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Wirsing* • **FR** *chou de Milan* • **EN** *savoy cabbage* • **PT** *couve-lombarda* **Beispill** wann s de de **Werjem** gewäsch hues, kanns de d'Blieder a Sträife schneiden **Synonym** **Gekrauselte Kabes**

i Variant: **Wirsing**

Wermischel [VERM'ʃjæ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Fadennudeln* • **FR** *vermicelle* • **EN** *vermicelli* [*pasta*] • **PT** *aletria* **Beispill** wëlls du **Wermischel** oder **Buschtawen** an d'Rëndfleeschbritt?

Werwolf Maskulinum (Pluriel **Werwëllef**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: **Werwollef**

Werwollef Maskulinum (Pluriel **Werwëllef**) - Variant vun **Werwolf**

Wësch Maskulinum (Pluriel **Wëschen** / **Wëscher**) - Kuerzform vun **Krautwësch**

wëschen [v'əʃən] ♦ **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé **gewësch**) » **intransitiv** **1. wëschen** (mat) iwuer **DE** *wischen* (*mit*) *über* [*reiben*] • **FR** *passer un coup* (*de ...*) *sur* [*essuyer*] • **EN** *to wipe* (*with*) • **PT** *passar* (*a pano*) *em*, *passar ... em* [*esfregar*] **Beispiller** wann ech fäerdeg gespult hunn, **wëschen** ech nach eng Kéier séier iwuer de Buedem; **wësch** mat enger fichter Lomp iwuer den Dësch, en ass ganz knaschteg!; Lénkshänner mussen Uecht ginn, datt se beim Schreiwien net mat der Hand iwuer déi frësch Tënt **wëschen** **Synonym** **fueren** (mat) » **transitiv** **2. DE** *wegwischen* [*reiben*] • **FR** *enlever* [*en essayant*] • **EN** *to wipe* *from* • **PT** *limpar* [*retirar esfregando*] **Beispiller** **wësch** d'Grimmele vum Dësch; d'Kand **huet** sech d'Tréinen aus den Ae **gewësch** ♦ **Verb** (Hëllefverb sinn, Participe passé **gewësch**) » **intransitiv** **3. DE** *wischen* [*laufen*] • **FR** *filer* [*aller vite*] • **EN** *to dash*, *to dart* • **PT** *esgueirar-se*,

fugir **Beispiller** elo just ass eng Maus ënner de Schaf **gewësch**; hie koum ëm den Eck **gewësch**, wéi wann een hannerun em wier **Synonym** **huschen**

i Verben, déi **wëschen** als Basis hunn: **auswëschen**, **ewechwëschen**, **ofwëschen** an **opwëschen**

wesentlech [v'e:zəntləç] Adjektiv - Variant vun **weesentlech**

wesentlech [v'e:zəntləç] Adverb - Variant vun **weesentlech**

Wëssen [v'əsən] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Wissen*, *Kenntnisse* • **FR** *connaissances*, *savoir* • **EN** *knowledge*, *learning* • **PT** *conhecimentos*, *saber* **Beispiller** op deem Gebitt hunn ech nëmmen e fragmentarescht **Wëssen**; kéints de eis hëllef, hei ass däi **Wësse** **gefrot**!

wëssen [v'əsən] **Verb** (Hëllefverb hunn, Participe passé **gewosst**) » **transitiv** **1. DE** *wissen* [*Kenntnisse haben*] • **FR** *savoir* [*avoir des connaissances*] • **EN** *to know* [*be knowledgeable*] • **PT** *saber* [*ter conhecimentos*] **Beispiller** eise Professor **weess** vill iwuer déi griiches Mythologie; wie mengt, dee **weess** näischt [wien iwuer eng Saach näischt Geneeës **weess**, dee soll net driwwer schwätzen] **2. DE** *wissen* [*Kenntnis haben*] • **FR** *savoir* [*avoir connaissance*] • **EN** *to know* [*to have knowledge*] • **PT** *saber* [*ter conhecimento, estar a par*] **Beispiller** **wësst** Dir, wou heierëmmer eng Apdikt ass?; ech **wouss** net, datt s du esou gutt sange kanns; ech **weess** keen, deen a menger Plaz den Dadder net gehat hätt; **weess** de kee Mëttel géint de Gréngesoun?; ech **weess** den Horaire vum Bus net ausweneg; hie mécht, wéi wann e vun näischt eppes **wësst**; ech **weess** net méi wouhi mat all deenen alen Zäitschrëften; net datt ech **wësst** [esouwäit ech informéiert sinn, net]; no deem Sträit wollt ech näischt méi vun em **wëssen** [no deem Sträit wollt ech näischt méi mat him ze dinn hunn]; si **wouss**ten hirer Hänn kee Röt méi [si konnte sech net méi hëllef] **3. DE** *wissen* [*sich sicher sein*] • **FR** *savoir* [*pertinemment*], *être sûr que* • **EN** *to know* [*to be sure*] • **PT** *saber* [*ao certo*], *ter a certeza de que* **Beispiller** ech **weess** net, ob ech d'Kaffinemaschinn ausgemaach hunn; vu mir kriss de kee Su, datt s de et **weess** [vu mir kriss de kee Su, do kanns de sécher sinn] **4. DE** *wissen* [*sich erinnern*] • **FR** *se rappeler*, *se souvenir* • **EN** *to know* [*to remember*] • **PT** *lembrarse*, *recordar-se* **Beispill** ech **weess** net méi, wat ech him deemools geschenkt hat **5. wëssen** ze **DE** *wissen* [*verstehen*] • **FR** *savoir* [*être à même de*] • **EN** *to know how to* • **PT** *saber* [*ser capaz de*] **Beispiller** hie **weess** sech ze behuelen; hie **weess** mat ale Leit ëmzegoen; ech **weess** e Lidd dovun ze sängen [ech kann aus Erfahrung dovun schwätzen]; huel him dat net iwuel, hie **weess** et net besser [huel him dat net iwuel, hien **huet** et net schlecht gemengt] **6. et** besser **wëssen** / alles besser **wëssen** **DE** *es besser wissen*, *alles besser wissen* • **FR** *donner des leçons* [*être pédant*] • **EN** *to know better* • **PT** *julgar saber muito*, *ser um sabe-tudo* **Beispiller** hie **weess** et ëmmer besser; hie **weess** ëmmer alles besser **7. weess** de wat! **DE** *weißt du was!*, *sag mal!* • **FR** *tu sais quoi!*, *écoute!* • **EN** *you know what!* • **PT** *sabes que mais!*, *olha!* **Beispill** **weess** de wat, komm, mir maachen haut eischter Feierwend! » **intransitiv** **8. (Bescheed)** **wëssen** **DE** (*Bescheid*) *wissen* • **FR** *être au courant*, *être informé* • **EN** *to know* [*to be informed*] • **PT**

estar ao corrente, estar informado **Beispill** esouwäit ech (Bescheed) **wëess**, sinn eis Noperen an der Vakanz

1 Verb, dat **wëssen** als Basis huet: *↗weiderwëssen*

Wëssenschaft [v'əsənʃaft] Femininum (Pluriel **Wëssenschaften**) **DE** *Forschung* • **FR** *science* [*domaine, discipline*] • **EN** *science* • **PT** *ciência* [*domínio, disciplina*] **Beispiller** am leschte Joerzängt huet d'Wëssenschaft grouss Fortschrëttler gemaach; d'Astronomie ass d'Wëssenschaft vum Universum

wëssenschaftlech [v'əsənʃaftləç] Adjektiv **DE** *wissenschaftlich* • **FR** *scientifique* <Adverb *scientifiquement*> • **EN** *scientific* <Adverb *scientifically*> • **PT** *científico* <Adverb *cientificamente*> **Beispiller** fir dee Phenomeen gëtt et nach eng wëssenschaftlech Erklärung; déi Entdeckung ass eng wëssenschaftlech Sensatioun; goufen déi nei Donnéeë scho wëssenschaftlech ausgewäert?

Wëssenschaftler [v'əsənʃaftlə] Maskulinum (Pluriel **Wëssenschaftler**) **DE** *Wissenschaftler* • **FR** *scientifique* • **EN** *scientist* • **PT** *cientista* **Beispill** déi meescht Wëssenschaftler warne virun de Konsequenze vum Klimawandel

1 Weiblech Form: *↗Wëssenschaftlerin*

Wëssenschaftlerin [v'əsənʃaftlərin] Femininum (Pluriel **Wëssenschaftlerinnen**) **DE** *Wissenschaftlerin* • **FR** *scientifique* [*femme*] • **PT** *cientista* [*mulher*] **Beispill** déi studéiert Wëssenschaftlerin analyséiert d'Zesummenhäng tëschent dem Wuesstum vun der Weltbevëlkerung an dem Klimawandel

1 Männlech Form: *↗Wëssenschaftler*

Wëssensstand Maskulinum (Pluriel <seelen> **Wëssensstänn**) **DE** *Wissensstand* • **FR** *état des connaissances* • **PT** *estado de conhecimentos* **Beispill** fir e Professor ass et wichteg, ëmmer um aktuellste Wëssensstand a senger Matière ze sinn

wëssenswäert [v'əsənsvɛ:çt] Adjektiv **DE** *wissenswert* • **FR** *intéressant, utile* [*à savoir*] • **EN** *worth knowing* • **PT** *interessante, útil* [*saber-se*] **Beispiller** an där Broschür kréien d'Patiente wëssenswäert Informatiounen iwwer nei Behandlungsmethoden; dee Virtrag huet net vill Wëssenswäertes bruecht

Westen [v'æstən] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** *Westen* [*Himmelsrichtung*] • **FR** *ouest* [*point cardinal*] • **EN** *west* [*cardinal point*] • **PT** *oeste* [*ponto cardeal*] **Beispill** d'Sonn geet am Osten op an am **Westen** ënner **2. DE** *Westen* [*westlicher Teil*] • **FR** *ouest* [*région, territoire située*] à l'ouest] • **EN** *west* [*western part*] • **PT** *Oeste* [*região situada a ocidente*] **Beispill** um Radio hu se fir de **Weste** vum Land Donnerwiedere gemellt **3. DE** *West, Westen* [*westlicher Staatenblock*] • **FR** (*bloc géopolitique des*) *États de l'Ouest* • **EN** *the West* [*western state bloc*] • **PT** (*bloco geopolítico do*) *Oeste* **Beispill** tëschent dem Osten an dem **Weste** gouf et laang Zäit Spannungen

1 **Westen** gëtt mat **W** ofgekierzt.

westlech [v'æstləç] Adjektiv **1. DE** *westlich* [*die Himmelsrichtung betreffend*] • **FR** (*de l'*)*ouest* • **EN** *westerly, western* • **PT** (*de*) *oeste* **Beispiller** de Wand bléist aus westlecher Richtung; am westlechen Deel vum Land

gëtt et vill Buergen **2. DE** *westlich* [*nach westlicher Art*] • **FR** *occidental* <Adverb à l'*occidentale*> • **EN** *western* <Adverb *in a western way*> • **PT** *occidental* <Adverb à l'*occidental*> **Beispiller** a villen asiatesche Länner ass **westlech** Musek populär; déi räich Leit an deene Länner kleede sech **westlech**

westlech vun [v'æstləçfun] Prepositioun » **mam Dativ** **DE** *westlich* (*von*) • **FR** à l'*ouest* *de* • **EN** *west of* • **PT** *a oeste* *de* **Beispill** **westlech** vum Park entsteet en neie Quartier

Wett [væt] Femininum (Pluriel **Wetten**) **1. DE** *Wette* • **FR** *pari* • **EN** *bet* • **PT** *aposta* **Beispiller** ech hu mat menger Cheffin eng **Wett** gemaach, datt den neie Stagiaire net laang bei eis bleift; ech maachen all **Wett**, datt s de dech iers [ech si fest iwuerzeegt, datt s de dech iers] **2. em d'Wett** **DE** *um die Wette* • **FR** *à qui mieux mieux* • **EN** *against each other, in competition with each other* • **PT** *ao desafio* **Beispiller** meng Bridder sinn em d'Wett gelaf; déi zwee Eefalten hunn em d'Wett gesoff

wetten [v'ætən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **gewett**) » **transitiv 1. DE** *wetten* [*in einer Wette*] • **FR** *parier* [*dans un pari*] • **EN** *to bet* [*to wager*] • **PT** *apostar* [*fazer aposta* *de*] **Beispiller** wat **wette** mer, datt ech d'Mëtt vun der Zilscheif geroden?; komm, mer **wetten** eng Këscht Béier, datt eis Ekipp de Match gewënnt; ech **wette** mäi Kapp, datt déi Firma do geschwé failite ass **2. DE** *wetten* [*sicher sein*] • **FR** *parier* [*être sûr et certain*] • **EN** *to bet* [*to be sure*] • **PT** *apostar* [*estar certo*] **Beispiller** mäi Brudder huet ëmmer Verspéidung, ech **wetten**, en daucht och haut net matzäit op; ech kéint **wetten**, datt déi Vendeuse gëscht nach blond Hoer hat » **intransitiv 3. DE** *wetten* [*bei einem Buchmacher*] • **FR** *parier* [*auprès d'un bookmaker*] • **EN** *to place a bet* [*with a bookmaker*] • **PT** *apostar, fazer uma aposta* [*numa casa de aposta*] **Beispill** fir bei enger Reitcourse ze **wetten**, muss de groussjäreg sinn

wettmaachen [v'ætma:çən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé **wettgemaach** / **wettgemaacht**)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Weydeg [w'ɔɪdɛç] Eegennumm **DE** *Weidig* • **FR** *Weydig* • **EN** *Weydig* • **PT** *Weydig* **Beispiller** ech wunnen zu Weydeg; fiert dese Bus op Weydeg?

Weyderter Haff [v'ɔɪdɛtɐ'h'af] Eegennumm **DE** (*la Ferme*) *Weydert* • **FR** (*la Ferme*) *Weydert* • **EN** (*la Ferme*) *Weydert* • **PT** (*la Ferme*) *Weydert* **Beispiller** ech wunnen um Weyderter Haff; fiert dese Bus op de Weyderter Haff?

Weyer [v'ɔɪɐ] Eegennumm **DE** *Weyer* • **FR** *Weyer* • **EN** *Weyer* • **PT** *Weyer* **Beispiller** ech wunnen zu Weyer; fiert dese Bus op Weyer?

WG Femininum (Pluriel **WGen**) - Kuerzform vum *↗Wunngemeinschaft*

wgl. [vənəçgəl'ift] Partikel - Kuerzform vum *↗wannechgelift*

Whatsappapero [wɔdz'æpəpəro:] Maskulinum (Pluriel **Whatsappaperoen**) [ɛçs] **DE** *virtueller Umtrunk über WhatsApp* [zum gemeinsamen Anstoßen trotz räumlicher Distanz] • **FR** *whatsappéro, apéro* *WhatsApp*

[apéritif virtuel par WhatsApp] • **PT** videoconferência por WhatsApp para tomar o aperitivo [reunião virtual em situação de distância física] **Beispill** well mer am Confinement kee mat de Kollegee kënnen huele goen, organiséiere mer all Weekend e Whatsapppapero

Whatsapp-Apero [wadz'æp'apero:] Maskulinum (Pluriel Whatsapp-Aperoen) - Variant vun ↗Whatsappapero

Whirlpool Maskulinum (Pluriel Whirlpoolen / Whirlpools)

i Hei entsteht en neien Artikel.

Whiskey [w'iski:] Maskulinum (Pluriel Whiskeyen) - Variant vun ↗Whisky

Whisky [w'iski:] Maskulinum **1.** (kee Pluriel) **DE** Whisky [Getränk] • **FR** whisky [boisson] • **EN** whisky [drink] • **PT** uísque [bebida] **Beispill** ech drénken de Whisky ëmmer mat Äis **2.** (Pluriel Whisky / Whiskeyen) **DE** (Glas) Whisky • **FR** (verre de) whisky • **EN** whiskey [glass of whisky] • **PT** (copo de) uísque **Beispill** nom Iessen hu mer an der Bar nach zwee Whiskeye gedronk

Whistleblower [w'isəlbloʊə] Maskulinum (Pluriel Whistlebloweren / Whistleblower) **DE** Whistleblower • **FR** lanceur d'alerte • **PT** lançador de alerta **Beispill** de Whistleblower muss sech op e laange Prozess gefaasst maachen

i Weiblech Form: ↗Whistleblowerin

Whistleblowerin [w'isəlbloʊərin] Femininum (Pluriel Whistleblowerinnen) **DE** Whistleblowerin • **FR** lanceuse d'alerte • **PT** lançadora de alerta **Beispill** d'Whistleblowerin muss sech op e laange Prozess gefaasst maachen

i Männlech Form: ↗Whistleblower

WHO [ve:ha:'o:] Femininum (kee Pluriel) - Kuerzform vun ↗Weltgesundheitsorganisatioun

Wibbel [v'ibəl] Femininum (Pluriel Wibbelen) ^[ëgs] **DE** Zappelliese, Zappelphilipp • **FR** gamin(e) agité(e), gamin(e) qui a la boueotte • **EN** (little) fidget • **PT** criança irrequieta, criança com bichos-carpinteiros **Beispill** déi kleng Wibbel ka keng Minutt roueg um Stull sëtze bleiwen

Wibbeldewapp Maskulinum (Pluriel Wibbeldewappen) ^[ëgs] **DE** Zappelphilipp, Zappelliese, Wirbelwind • **FR** enfant remuant, enfant turbulent, enfant qui ne tient pas en place • **PT** criança irrequieta, criança buliçosa **Beispill** dee klenge Wibbeldewapp ka keng zwou Minutte roueg op engem Stull sëtze bleiwen

wibbeleg [v'ibələç] Adjektiv **DE** zappelig, quirlig • **FR** agité, excité, frétilant • **EN** fidgety • **PT** buliçoso, irrequieto **Beispiller** dee wibbelege Bouf ass mam Stull hanerzeg ëmgefall; wéi de Kleesche sollt kommen, sinn d'Kanner ëmmer méi wibbeleg ginn

Wibbelegkeet [v'ibələçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Zappeligkeit • **FR** boueotte, agitation • **PT** agitação, irrequietismo **Beispill** duerch seng Wibbelegkeet ass dat en zimmlech ustrengend Kand

wibbelen [v'ibələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewibbelt) » **intransitiv 1.** **DE** sich bewegen,

sich rühren • **FR** remuer, bouger • **EN** to move, to stir • **PT** mexer-se, mover-se **Beispill** ech hu gemengt, d'Spann wier futti, mee se wibbelt nach **2.** wibbelen un **DE** (prüfen) hin- und herbewegen • **FR** toucher à [(faire) bouger] • **EN** to touch [to move] • **PT** mexer em [fazer mover-se] **Beispill** géi net u mäin Tiermche wibbelen, soss fällt en ëm **3.** mam Schwanz wibbelen **DE** mit dem Schwanz wedeln • **FR** remuer la queue • **EN** to wag one's tail [animal] • **PT** abanar o rabo **Beispill** vu Freed wibbelt den Hond mam Schwanz **4.** um Wibbele sinn **DE** drauf un dran sein • **FR** être imminent, ne pas tarder • **EN** to be imminent • **PT** estar iminente, não tardar **Beispill** mir waarden op eng Geneemegung, wéi et schéngt, ass d'Saach um Wibbelen **5.** un d'Wibbele kommen **DE** in Bewegung kommen, ins Rollen kommen • **FR** être déclenché [être initié] • **EN** to be triggered (off) • **PT** ter andamento, ter prosseguimento **Beispill** duerch hien ass d'Affär un d'Wibbele komm » **intransitiv - onperséinlech 6.** wibbele vun **DE** wimmeln von • **FR** grouiller de, fourmiller de • **EN** to be full of, to crawl with • **PT** estar cheio de, fervilhar de **Beispill** bei eis am Keller wibbelt et vu Mais **Synonym** wimmelen

Wichs [viks] Femininum (Pluriel Wichsen) **DE** Wichse, Bohnerwachs, Schuhcreme • **FR** cire [encaustique], cire • **EN** wax, polish • **PT** cera [para dar brilho], graxa **Beispiller** ech hoffen, ech hunn déi richtig Wichs fir eise Parquet kaaft; ech bräicht en Dëppche schwaarz Wichs fir meng Schong; ech fäerten, d'Reparatur un eisem Auto gëtt eng deier Wichs ^[ëgs] lech fäerten, d'Reparatur un eisem Auto gëtt deier; fir haut hunn ech meng Wichs! ^[ëgs] [fir haut sinn ech erleedegt]; dee krut seng Wichs ^[ëgs] [dee krut déi Strof, déi e verdéngt huet]

Wichsbiischt [v'iksbi:jt] Femininum (Pluriel Wichsbiischten) **DE** Bohnerbesen, Schuhbürste • **FR** brosse à cirage • **EN** polishing brush, shoe-brush • **PT** escovão de encerar soalhos, escova de engraxar sapatos **Beispiller** stell d'Wichsbiischt nees zeréck an d'Wäschkichen, wann s de de Parquet poléiert hues; pass op, huel net déi schwaarz Wichsbiischt fir déi brong Schong!

wichsen [v'iksən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewichst) » **transitiv 1.** **DE** bohnen, wichsen [putzen] • **FR** cirer • **EN** to wax, to polish • **PT** encerar, engraxar **Beispiller** de Parquet an der Stuff misst emol nees gewichst ginn; virun der Parad hunn d'Rekrutten hir Stiwwele gewichst **2.** ^[ëgs] **DE** schlagen [besiegen] • **FR** battre [à plate couture] • **EN** to thrash, to hammer [to defeat utterly] • **PT** bater, derrotar [por completo] **Beispill** eis Ekip huet de Champion 3:0 gewichst **Synonym** klappen **3.** ^[vulgär] sech ee wichsen **DE** sich einen runterholen [onanieren] • **FR** se branler [se masturber] • **EN** to wank • **PT** bater uma punheta **Beispill** ech wichse mir all Dag een

i Verben, déi **wichsen** als Basis hunn: ↗dropwichsen an ↗uwichsen

wichtig [v'ɪçtəç] Adjektiv **DE** wichtig • **FR** important [essentiel, sérieux] • **EN** important • **PT** importante [essencial, sério] **Beispiller** ech muss nach haut iwwer eng wichtig Saach mat der schwätzen; ech hu keng Zäit, ziel mer just dat Wichtig!

Wichtigkeet [v'ɪçtəçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** Wichtigkeit • **FR** importance • **EN** importance • **PT** im-

portância [qualidade de importante] **Beispill** mat der Zäit hunn déi kierchlech Fester u Wichtigkeet verluer

wichtigmaachen [v'ɪçtəçma:χən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé wichtiggemaach / wichtiggemaacht)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Wichtel Maskulinum (Pluriel Wichtelen) - Variant vun **Wiichtelchen**

Wichtelchen Maskulinum (Pluriel Wichtelcher) - Variant vun **Wiichtelchen**

wichtelen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewichtelt) - Variant vun **wiichtelen**

Wick [vik] Femininum (Pluriel Wicken) **1. DE** *Docht* • **FR** *mèche [d'une bougie, d'une lampe]* • **EN** *wick* • **PT** *mecha [de uma vela, de um candéa]* **Beispiller** iergende Spëtzbouf huet d'Wick vun der Käerz ofgeschnidden; wou kritt een nach **Wicke** fir e Kenki ze kafen? **2. DE** *Zündschnur, Lunte* • **FR** *mèche [d'un explosif]* • **EN** *fuse [for explosives]* • **PT** *mecha [de um explosivo]* **Beispill** esoubal d'Wick vum Knuppert brennt, muss een e fale loossen **Synonym** Zündschnouer **3. [ɛg̃s]** **DE** *Joint* • **FR** *joint [cigarette de haschisch]* • **EN** *joint [cannabis cigarette]* • **PT** *charro [cigarro de haxixe]* **Beispill** ech hu gëschter e puer Jugendlecher erwëscht, wéi se sech eng Wick gedreit hunn **Synonymmen** Joint, Titchen **4. DE** *Wehe [Schneewehe]* • **FR** *congère* • **EN** *snowdrift* • **PT** *acumulação de neve [provocada pelo vento]* **Beispill** wéi et deslescht esou vill geschneit hat, ware mir mam Auto an enger Wick stieche bliwwen **Synonym** Schneewick

Wickreg [v'ikrɛŋ] Eegennumm **DE** *Wickringen* • **FR** *Wickrange* • **EN** *Wickrange* • **PT** *Wickrange* **Beispiller** ech wunnen zu Wickreg; fiert dëse Bus op Wickreg?

Widdebiereg [v'ɪdɔbi:ɛç] Eegennumm **DE** *Widdebiereg* • **FR** *Widdebiereg* • **EN** *Widdebiereg* • **PT** *Widdebiereg* **Beispiller** waars de schonn eng Kéier um **Widdebiereg**?; mir sinn de Weekend op de **Widdebiereg** gewandert

Widdem [v'ɪdɛm] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *lebenslanges Wohnrecht* • **FR** *droit d'habitation à vie [viager]* • **EN** *right of residence for life* • **PT** *direito de habitação vitalício* **Beispill** eis Nopesch kann am Haus wunne bliewen, well se de **Widdem** drop huet

widder [v'ɪdɛ] Prepositioun » **mam** **Akkusativ** / **mam** **Dativ** **DE** *gegen, an* • **FR** *contre [marque le contact, la proximité]* • **EN** *against, into [physical contact]* • **PT** *contra [indica contacto, proximidade]* **Beispiller** de Stiermer huet de Ball **widder** d'Lat geschoss; hatt huet sech **widder** seng Frëndin gekuschelt an ass direkt ageschlof; de Bus war esou voll, mir stoungen ee **widder** deem aneren

i Variant: widdert

Widder [v'ɪdɛ] Maskulinum (Pluriel Widderen) **1. DE** *Widder [Tier]* • **FR** *bélier [animal]* • **EN** *he-goat, ram, buck* • **PT** *carneiro [animal]* **Beispill** fir d'Inzucht ënner menge Schof ze vermeiden, hunn ech mer en anere **Widder** besuergt **Synonymmen** Bock, Schofsbock **2. DE** *Widder [Sternzeichen]* • **FR** *Bélier [signe astrologique]* • **EN** *Aries, the Ram [sign of the zodiac]* • **PT** *Carneiro [signo do zodiaco]* **Beispiller** de **Widder** ass eent vun den zwielef

Stärenzeechen; meng Kanner sinn allen zwee **Widder**; ech verst mech gutt mat **Widderen**

Widderbuscht Maskulinum (Pluriel **Widderbuschten**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

widderenaner [vidəɾən'a:nɐ] Adverb **↗** **widder** + **↗**-enaner

widdereneen [vidəɾən'e:n] Adverb **↗** **widder** + **↗**-eneen

i Varianten: widdertenaner, widderteneen

widderfueren [vidɛf'u:ɣrən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **widderfuer**) » **intransitiv** **DE** *widerfahren* • **FR** *arriver à l'événement inattendu* • **PT** *acontecer a [evento inesperado]* **Beispill** wéi schlëm esou en traumatescht Erliefnes ass, kann nëmmen dee soen, deem et **widderfuer** ass **Synonymmen** geschéien, passéieren

widderhuelen [vidɛh'uələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **widderholl**) » **transitiv** **1. DE** *wiederholen [nochmals sagen, nochmals tun]* • **FR** *répéter [redire, refaire]* • **EN** *to repeat [to say again, to do again]* • **PT** *repetir [tornar a dizer, tornar a fazer]* **Beispiller** kanns de däi leschte Saz wannechgelift **widderhuelen**?; de Cheemiker huet d'Experiment misse **widderhuelen**; beim Diktat **widderhëlt** de Schoulmeeschter all Saz dräimol **2. DE** *wiederholen [nachsprechen]* • **FR** *répéter [les paroles d'autrui]* • **EN** *to repeat [another's words]* • **PT** *repetir [as palavras de outrem]* **Beispill** deen Eefalt **widderhëlt** just dat, wat déi aner virsoen **Synonymmen** noschwätzen, nosoen **3. DE** *wiederholen [einüben]* • **FR** *répéter [réviser]* • **EN** *to revise [to practise, to learn]* • **PT** *re-capitular [rever]* **Beispill** virun der Prüfung huet d'Schülerin déi onreegelméisseg Verbe **widderholl** **4. DE** *wiederholen [eine Sendung]* • **FR** *rediffuser [une émission]* • **EN** *to repeat [a programme]* • **PT** *retransmitir [um programa]* **Beispill** de Reportage vu gëschter Owend gëtt haut **widderholl** » **reflexiv** **5. DE** *sich wiederholen [Gleiches mehrmals sagen]* • **FR** *se répéter [radoter]* • **EN** *to repeat oneself, to ramble* • **PT** *repetir-se [repisar as mesmas coisas]* **Beispill** ech kann deem Riedner net méi nolauschteren, dee **widderhëlt** sech stänneg **6. DE** *sich wiederholen [nochmals geschehen]* • **FR** *se répéter [se reproduire]* • **EN** *to be repeated [to happen again]* • **PT** *repetir-se [acontecer de novo]* **Beispill** esou eng **Katastroph** däerf sech op kee Fall **widderhuelen**!

Widderhuelung [vidɛh'uəlun] Femininum (Pluriel **Widderhuelungen**) **DE** *Wiederholung* • **FR** *répétition* • **EN** *repetition* • **PT** *repetição* **Beispiller** ech mengen, ech hunn dee Krimi schonns eng Kéier gesinn, dat ass sécher eng **Widderhuelung**; déi **Exercicen** do sinn eng gutt **Widderhuelung** fir d'Prüfung

widderkommen [v'ɪdekɔmən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **widderkomm**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

widderlafen [v'ɪdɛla:fən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé **widdergelaf**) » **intransitiv** **DE** *laufen gegen [sich stoßen]* • **FR** *heurter [en courant], se cogner [en courant]* • **EN** *to run into, to knock against* • **PT** *esbarrar, ir contra [a correr]* **Beispill** bass de anzwousch **widderge-**

laf, datt s de de Kapp verbonnen hues?

widdereeën [vɪdɛ'ɛ:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé widdereuecht) » **transitiv** DE *widerlegen* • FR *réfuter* • EN *to refute, to disprove* • PT *refutar* **Beispiller** seng Argumentatioun ass schweier ze widdereeën; esou virgefaasst Meenunge kann ee mat Zuele widdereeën

Widdermutt Maskulinum (kee Pluriel) DE *Widerwille* • FR *réticence, répugnance* • PT *má vontade, relutância* **Beispiller** et huet ee gemierkt, datt d'Kanner nëmme mat **Widdermutt** matgaange sinn; hien huet d'Zopp zwar giess, mee et huet een em de **Widdermutt** am Gesiicht ofgesinn

widderrennen [v'ɪdɛræ'nən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé widdergeannt) » **intransitiv** DE *rennen gegen* [sich stoßen] • FR *heurter* [se cogner] • EN *to run into, to knock against* • PT *bater* [ir contra, chocar] **Beispill** ech si mat der Schëller widdergeannt an elo hunn ech do eng déck blo Plaz

Widderried [v'ɪdɛriət] Femininum (kee Pluriel) DE *Widerrede* • FR *réplique* [protestation], *contestation, objection* • EN *objection, contradiction*, *PT* *protesto, contestação, objeção* **Beispiller** als Zaldot huet een all Uerder ouni **Widderried** auszeféieren; maul net, ech verdroen haut keng **Widderried**

Widderuff [v'ɪdɛruf] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Widerruf* • FR *révocation, annulation* • EN *withdrawal, revocation* • PT *revogação, anulação* **Beispill** mam **Widderuff** vum neie Reglement ass dat aalt nees automatesch a Kraaft

widderuffen [vɪdɛr'ufən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé widderruff) » **transitiv** DE *widerrufen* • FR *révoquer, retirer* • EN *to withdraw, to revoke* • PT *revogar, retirar* **Beispill** den Zeien huet virum Riichter seng Ausso widderruff

widdersetzen [vɪdɛz'ætsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé widdersat) » **reflexiv** DE *sich widersetzen* • FR *s'opposer à, faire obstacle à* • EN *to oppose* • PT *opor-se a, contrariar* **Beispiller** d'Kommissioun wëllt sech dem Bauprojet widdersetzen; ech hu mech als Eenzege dem Uerder widdersat

widderspensteg [vɪdɛsp'ænstɛç] Adjektiv DE *widderspenstig* • FR *rétif, récalcitrant* • EN *contrary, recalcitrant* • PT *renitente, recalcitrante, rebelde* **Beispiller** dee widderspenstege Bouf wëllt sech d'Neel einfach net schneiden loosse; ech gi meng widderspensteg Hoer einfach net Meeschter!

widderspréchelech [v'ɪdɛsprɛçlɛç] Adjektiv DE *widderspréchelech* • FR *contradictoire* [incohérent] • EN *contradictory* • PT *contraditório* [incoerente] **Beispill** dem Zeie seng Aussoe bei der Police ware widderspréchelech

widderspriechelech [vɪdɛspr'ɪɛçɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé widdersprach) » **intransitiv** 1. DE *widderspriechelech* [im Widerspruch stehen zu] • FR *être en contradiction avec, ne pas être conforme à* • EN *to conflict with, to contradict* • PT *contrariar, contradizer* [estar em contradição com] **Beispill** dat, wat s de méchs, widdersprécht deem, wat s de sees 2. DE *widderspriechelech* [Widerspruch erheben gegen] • FR *contredire* [s'opposer

à] • EN *to contradict* [to say the opposite] • PT *contradizer* [opor-se a] **Beispill** ech hat net de Courage, der Polizistin ze widderspriechelech

Widdersproch [v'ɪdɛsprɔç] Maskulinum 1. (Pluriel **Widderspréchelech**) DE *Widerspruch* [Widersprüchlichkeit] • FR *contradiction* [inconséquence] • EN *contradiction* • PT *contradição* [inconséquence] **Beispiller** a senger Argumentatioun si mir e puer **Widderspréchelech** opgefall; déi Persoun ass een eenzege **Widdersproch** [déi Persoun ass total inkonsequent] **Synonym** Kontradiktioun 2. am **Widdersproch** zu DE *im Widerspruch zu* • FR *en contradiction avec, en opposition avec* • EN *in contradiction with* • PT *em contradição com* **Beispill** déi Mesurë stinn am **Widdersproch** zu eisem Programm

Widderstand [v'ɪdɛftant] Maskulinum (kee Pluriel) 1. DE *Widerstand* [Gegenwehr] • FR *résistance, opposition* [attitude] • EN *resistance, opposition* • PT *resistência, oposição* [atitude] **Beispiller** dee Gesetzesprojet ass op grouse **Widderstand** gestouss; déi feindlech Truppen hunn net laang **Widderstand** gelescht 2. DE *Widerstand* [Widerstandsbewegung] • FR *(mouvement de) résistance* • EN *resistance (movement)* • PT *(movimento de) resistência* **Beispill** d'Geheimpolice huet eng Rei Leit aus dem **Widderstand** verhaft 3. DE *(elektrischer) Widerstand* • FR *résistance (électrique)* • EN *(electric) resistance* • PT *resistência (elétrica)* **Beispill** den Elektriker huet de **Widderstand** an der Steckdous gemooss 4. DE *Widerstand* [physikalische Kraft] • FR *résistance* [force] • EN *resistance* [physical force] • PT *resistência* [força] **Beispiller** rudder ass méiglech, well et de **Widderstand** vum Waasser gëtt; wat de **Widderstand** vun der Loft méi grouss ass, wat ee méi Bensinn brauch

widderstandsfäeg [v'ɪdɛftantsfɛ:əç] Adjektiv 1. DE *widderstandsfähig* [Material] • FR *résistant, solide* [matériau] • EN *resistant, durable* [material] • PT *resistente, sólido* [material] **Beispill** d'Gezei vun de Bëschaarbecher ass aus **widderstandsfäegem** Material **Synonymmen** robust, zolidd 2. DE *widderstandsfähig* [Lebewesen] • FR *résistant* [être vivant] • EN *robust* [living being] • PT *resistente* [ser vivo] **Beispill** déi Kanner, déi vill dobausse sinn, si méi **widderstandsfäeg** ewéi anerer **Synonym** robust

widderstoen [vɪdɛft'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé widdersanen / widdersan) » **intransitiv** 1. DE *widderstehen* [nicht schwach werden] • FR *résister* (à) [ne pas se laisser tenter (par)] • EN *to resist* [temptation] • PT *resistir* (a) [não se deixar tentar (por)] **Beispiller** bei Séissem kann ech schweier **widderstoen**; sengem Charme ka kee **widderstoen** **Synonym** resisteieren 2. DE *widderstehen, zuwider sein, anwidern* • FR *dégoûter, répugner* • PT *enjojar, repugnar* **Beispiller** zënter ech eng Kéier vu Mülle krank gouf, widdersit se mer; säin Drang, stänneg wëlle méi Suen ze hunn, **widdersteet** mer

widderstriewe [vɪdɛft'rɪəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé widderstrieft) » **intransitiv** DE *widderstreben* [zuwider sein] • FR *répugner, hérissier* [situation] • EN *to be loath to, to be reluctant to* • PT *repugnar, revoltar* [situação] **Beispill** et **widderstrieft** mer, fir an d'Reunioun ze goen, mee ech kommen net derlaansch

widdert [v'ɪdɛt] Prepositioun - Variant vun 7 **widder**

widdertenaner [vɪdɛdɐn'a:nɐ] Adverb - Variant vun \nearrow widdereneen

widderteneen [vɪdɛdɐn'e:n] Adverb - Variant vun \nearrow widdereneen

widderwëlleg [v'ɪdɛvələɕ] Adjektiv **DE** *widerwillig* • **FR** *réticent, résistant* <Adverb à contrecœur, de mauvaise grâce> • **EN** *reluctant, unwilling* <Adverb reluctantly, unwillingly> • **PT** *relutante, contrariado* <Adverb contrariadamente, de má vontade> **Beispiller** deng **widderwëlleg** Reaktioun huet mer gewisen, datt s de net mat mir averstane bass; d'Bouwe sinn nëmme **widderwëlleg** mat hirer Mamm akafe gaangen

widmen [v'ɪtmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gewidmet**) » **transitiv 1.** **DE** *widmen* [*zueignen*] • **FR** *dédier* [*dédicacer*] • **EN** *to dedicate* [*in honour of*] • **PT** *dedicar* [*uma obra, uma produção*] **Beispill** de Schrëftsteller huet säi lescht Buch senger Famill **gewidmet 2.** **DE** *widmen* [*in den Dienst stellen*] • **FR** *consacrer, vouer* • **EN** *to dedicate, to devote* [*time, effort*] • **PT** *dedicar, consagrar* [*por ao serviço de*] **Beispill** meng Bridder widmen der Hëllef fir Flüchtlingen e groussen Deel vun hirer Fräizäit

Widmung [v'ɪtmʊŋ] Femininum (Pluriel **Widmungen**) **DE** *Widmung* • **FR** *dédicace* [*par un auteur*] • **EN** *dedication* [*by an author*] • **PT** *dedicatória* **Beispill** den Auteur huet mer eng perséinlech **Widmung** an d'Buch geschriwwen **Synonym** *Dedicace*

Wiechter [v'ɪɕtɛ] Maskulinum (Pluriel **Wiechter**) **DE** *Wächter* • **FR** *gardien* [*garde, veilleur*] • **EN** *watchman, guard, (lighthouse) keeper* • **PT** *guarda* [*segurança, vigilante*] **Beispiller** wéi ech mäi Schlëssel vergiess hat, huet de **Wiechter** mer d'Dier opgespaart; fréier huet e **Wiechter** an deem Phar gelieft; zwee Onbekannter sinn an de Musée agebrach an hunn de **Wiechter** erschoss **Synonym** *Gardien*

1 Weiblech Form: \nearrow Wiechterin

Wiechterin [v'ɪɕtɛrɪn] Femininum (Pluriel **Wiechterinnen**) **DE** *Wächterin* • **FR** *gardienne* [*surveillante, veilleuse*] • **PT** *guarda* [*mulher segurança, vigilante*] **Beispill** d'lescht Nuecht huet eng **Wiechterin** déi wäertvoll Ausstellungsstécker bewacht

1 Männlech Form: \nearrow Wiechter

Wieder [v'ɪdɛ] Neutrum **1.** (kee Pluriel) **DE** *Wetter* [*Wetterlage*] • **FR** *temps* [*situation météorologique*] • **EN** *weather* • **PT** *tempo* [*condições meteorológicas*] **Beispiller** wa schéint **Wieder** ass, si vill Cyclisten op der Strooss; d'**Wieder** huet sech laang gehalten, dës Nuecht schléit et ëm; d'Kanner spille bei all **Wieder** dobaussen; d'**Wieder** spillt verréckt **2.** (Pluriel **Wiedereren**) **DE** *Gewitter* • **FR** *orage* • **EN** *thunderstorm* • **PT** *trovoada* **Beispiller** et ass esou dompeg, et gétt bestëmmt nach e **Wieder**; d'lescht Woch gouf et bei eis schro **Wiedereren** **Synonymmen** *Dimmer, Donnerwieder 3.* (kee Pluriel) **DE** *Wetter, Wettervorhersage* • **FR** *météo* [*prévision*] • **EN** *weather forecast* • **PT** *previsão do tempo* **Beispill** maach de Radio méi haart, ech wëll d'**Wieder** lauschteren!

Wiederconditiounen Femininum (kee Singulier) - Variant vun \nearrow Wiederconditiounen

1 Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: **Wiederconditiounen / Wiederconditiounen**

wiedereg [v'ɪdɛrɛɕ] Adjektiv **DE** *gewittrig* • **FR** *orageux* • **EN** *thundery* • **PT** *de trovoadra, trovejante* [*tempo*] **Beispiller** den Ausfluch sollte mer fale loossen, et ass **wiedereg** dobaussen; wann et esou **wiedereg** ass, sinn d'Mécke wéi benzeg

Wiederëmschwong [v'ɪdɛəmʃwɔŋ] Maskulinum (Pluriel <seelen> **Wiederëmschwéng**) **DE** *Wetterumschwung* • **FR** *changement de temps* [*changement météorologique*] • **EN** (*sudden*) *change in the weather* • **PT** *mudança do tempo* [*mudança meteorológica*] **Beispill** am Mee hat een net méi mat esou engem **Wiederëmschwong** gerechent

1 Variant: **Wiederëmschwonk**

Wiederëmschwonk [v'ɪdɛəmʃwɔŋk] Maskulinum (Pluriel <seelen> **Wiederëmschwéng**) - Variant vun \nearrow Wiederëmschwong

wiedereren [v'ɪdɛrɛn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé **gewiedert**)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Wiederfräsch Maskulinum (Pluriel **Wiederfräschen**)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Wiederhex Femininum (Pluriel **Wiederhexen**)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Wiederconditiounen [v'ɪdɛkondɪsjəʊnən] Femininum (kee Singulier) **DE** *Witterungsverhältnisse* • **FR** *conditions météorologiques* • **EN** *weather conditions* • **PT** *condições meteorológicas* **Beispill** haut si génschteg **Wiederconditiounen**, fir mam Draach ze fléien

1 Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: **Wiederconditiounen / Wiederconditiounen**

Wiederprevisioun [v'ɪdɛprevisjəʊn] Femininum (Pluriel **Wiederprevisiounen**) **DE** *Wettervorhersage* • **FR** *météo, prévisions météorologiques* • **EN** *weather forecast* • **PT** *previsão do tempo* **Beispill** trotz neie Methode bleibt bei de **Wiederprevisiounen** eng gewëssen Onsécherheet

Wiederspezialist [v'ɪdɛʃpɛtsjəlɪst] Maskulinum (Pluriel **Wiederspezialisten**) **DE** *Wetterexperte, Meteorologe* • **FR** *expert en météorologie, météorologiste* • **PT** *especialista de meteorologia, meteorologista* **Beispill** gëschter Owend huet en amerikanesche **Wiederspezialist** op der Tëlee iwwe d'Konsequenze vum Klimawiessele geschwat **Synonym** *Meteorolog*

Wiederspezialistin [v'ɪdɛʃpɛtsjəlɪstɪn] Femininum (Pluriel **Wiederspezialistinnen**) - weiblech Form vun \nearrow Wiederspezialist

Wiederstatioun [v'ɪdɛʃtastjəʊn] Femininum (Pluriel **Wiederstatiounen**) **DE** *Wetterstation* • **FR** *station météorologique* • **EN** *weather station* • **PT** *estação meteorológica* **Beispill** eis **Wiederstatioun** moost d'Temperatur, de Loftdruck an den Nidderschlag

wiedreg [v'ɪdɛrɛɕ] Adjektiv - Variant vun \nearrow wiedereg

Wiefstull [v'ɪəftʊl] Maskulinum (Pluriel Wiefstull) DE Webstuhl • FR métier à tisser • EN loom • PT tear [máquina para tecer] **Beispill** am Baueremusée gëtt gewisen, wéi mat engem Wiefstull geschafft gouf

Wiel [viəl] Femininum (kee Pluriel) 1. DE Wahl [Möglichkeit, Alternative] • FR choix [option] • EN option, choice [alternative] • PT escolha [opção] **Beispiller** mir hu keng aner Wiel, wéi den Taxi ze huelen; sich der eng Knip-pchen eraus, nach hues de d'Wiel!; mäi Papp huet d'Krawatten an der Wiel [mäi Papp huet vill verschid-de Krawatten] **Synonym** Choix 2. DE Wahl [das Auswäh-len] • FR choix [décision] • EN choice [decision] • PT esco-lha [decisão] **Beispill** bei der Wiel vu mengem neien Auto hunn ech mech schliisslech um Präis orientéiert **Synonym** Choix

wielbar [v'ɪəlbɑ:R] Adjektiv DE wählbar [über das pas-sive Wahlrecht verfügend] • FR éligible [qui a le droit de vote passif] • PT elegível [que tem direito de ser eleito] **Beispill** fir wielbar ze sinn, muss een den Dag vun de Wale groussjäreg sinn **Synonym** eligibel

wieleg [v'ɪələç] Adjektiv DE verwelkt, welk • FR fané • EN withered, faded • PT murcho **Beispiller** soll ech déi wie-leg Blumen op de Kompost geheien?; dës Blumme gi séier wieleg

wielen [v'ɪələŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewielt) » transitiv 1. DE wählen [sich für eine Op-tion entscheiden] • FR indiquer [un choix] • EN to pick, to choose • PT escolher [indicar uma opção] **Beispiller** bei der Reservatioun kann ee seng Plaz online wielen; um Geldautomat gëtt ee fir d'éischt opgefuerdert, fir d'Sprooch ze wielen; entschëllegt, ech hunn déi falsch Telefonsnummer gewielt [entschëllegt, ech hunn déi falsch Telefonsnummer aginn] 2. DE wählen [seine Stimme abgeben für] • FR élire • EN to elect [by vot-ing] • PT eleger [por meio de voto] **Beispiller** d'Pateren hunn en neien Abt gewielt; eisen Eedem gouf an de Gemengerot gewielt » intransitiv 3. DE wählen, eine Wahl treffen • FR choisir, faire son choix • EN to choose [to decide] • PT escolher, fazer a sua escolha **Beispiller** sich der en Däppchen eraus, du kanns wielen; d'Clientë konnten téschent dräi verschiddene Plate wielen 4. DE wählen [zur Wahl gehen] • FR voter • EN to vote, to cast a vote [in an election] • PT votar **Beispiller** du muss groussjäreg sinn, fir dærfte mat wielen ze goen; näch-ste Sonndeg gi mer wielen; hues de scho gewielt? **Synonym** stëmmen

i Verben, déi **wielen** als Basis hunn: ↗auswielen, ↗erëmwielen an ↗ofwielen

Wieler [v'ɪələ] Maskulinum (Pluriel Wieler) DE Wähler • FR électeur • EN voter • PT eleitor **Beispill** d'Wieler müssen eenzel an d'Walkabinn goen

i Weiblech Form: ↗Wielerin

Wielerin [v'ɪələrin] Femininum (Pluriel Wielerinnen) DE Wählerin • FR électrice • PT eleitora **Beispill** déi promi-nent Wielerin huet hire Stëmmziedel ganz opfällg an d'Urn gehäit

i Männlech Form: ↗Wieler

Wielerscht [v'ɪələleʃt] Femininum (Pluriel Wiel-erschten) DE Wählerliste, Wählerverzeichnis • FR liste électorale • EN electoral roll, electoral register, electoral

list • PT caderno eleitoral **Beispill** fir dærfte wielen ze goen, muss een op enger Wielerscht stoen

Wielerschaft [v'ɪələʃaft] Femininum (Pluriel Wiele-rschaften) DE Wählerschaft • FR électoralat [ensemble des électeurs] • EN electorate • PT eleitorado [conjunto dos eleitores] **Beispill** den Deputéierten hëlt sech reegelméisseg Zäit fir seng Wielerschaft

wiem [viəm] Interrogativpronomen » Dativ DE wem • FR qui (est-ce que) • EN who, whom • PT quem (é que) **Beispiller** wiem gehéiert dës Jackett?; mat wiem schwätzen ech?

i Variant: weem

wiem [viəm] Relativpronomen » Dativ DE wem • FR (ce-lui) à qui • EN who, whom • PT quem **Beispill** wiem dat net passt, dee ka jo goen

i Variant: weem

wien [viən] Interrogativpronomen » Nominativ 1. DE wer • FR qui (est-ce qui) • EN who • PT quem (é que) **Beispill** wien huet dës Kéier gewonnen? » Akkusativ 2. DE wen • FR qui (est-ce que) • EN who, whom • PT quem (é que) **Beispiller** u wie solle mer eis wenden?; wie solle mer em Rot froen?

i Variant: ween

wien [viən] Relativpronomen » Nominativ 1. DE wer • FR (celui) qui • EN who, whoever • PT quem **Beispill** wien am meeschte bitt, kritt den Zouschlag » Akkusativ 2. DE wen • FR (celui) qui • EN who, whom • PT quem **Beispiller** op wien et ukënnt, steet nach net fest; rot emol, wien ech gesinn hunn

i Variant: ween

Wien Eegennumm DE Wien • FR Vienne • EN Vienna • PT Viena **Beispill** Wien ass d'Hauptstad vun Eisträich

Wier [vi:ç] Neutrum (Pluriel Wierer) DE Wehr [Stauan-lage] • FR seuil de déversement [barrage] • EN weir • PT açude **Beispill** bei der Mille gëtt d'Baach duerch e Wier gestaut, fir datt d'Millerad genuch Waasser kritt

Wierbel [v'i:çbəl] Maskulinum (Pluriel Wierbelen) - Variant vun ↗Wirbel

i Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert än-neren: Wierbel / Wirbel

Wierbelsail [v'i:çbəlzaɪ] Femininum (Pluriel Wier-belsailen) - Variant vun ↗Wirbelsail

Wierbelstuerm [v'i:çbəlftu:çm] Maskulinum (Pluriel Wierbelstierm) - Variant vun ↗Wirbelstuerm

wierdeg [v'i:çdɛç] Adjektiv - Variant vun ↗würdeg

wierdegen [v'i:çdɛzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewierdegt) - Variant vun ↗würde-gen

Wiederbuch [v'i:çdɛbuç] Neutrum (Pluriel Wiederbicher) DE Wörterbuch • FR dictionnaire • EN dic-tionary • PT dicionário **Beispill** kanns de wannechgelift am Wiederbuch den Artikel „Zuch“ nosichen? **Syn-onym** Dictionnaire

wieren [v'i:çrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewiert) » intransitiv 1. DE eingreifen, einschreiten

• **FR** *intervenir, agir* [s'ingéer] • **EN** *to intervene, to step in* • **PT** *intervir, agir* [ingerir-se] **Beispill** ech hunn al misse wieren, soss hätten deng Bridder och nach däi Stéck Taart giess! **2.** den Duebelen net ze wiere wëssen **DE** *alle Hände voll zu tun haben* • **FR** *ne pas savoir où donner de la tête* • **EN** *to not know which way to turn, to have one's hands full* • **PT** *não ter mãos a medir* **Beispill** ech hunn esou vill Aarbecht, ech weess den Duebelen net méi ze wieren » **reflexiv** **3.** sech wiere (géint) **DE** *sich wehren (gegen)* • **FR** *se défendre (contre)* • **EN** *to defend oneself (against), to oppose* • **PT** *defender-se (de), opor-se (a)* **Beispiller** hien huet sech effentlech géint déi infam Lige gewiert; déi Biergerinitiativ wiert sech géint den neie Flughafen; déi zwee hunn eis attackéiert, mir hunn eis just gewiert!

i Verb, dat **wieren** als Basis huet: **zofwieren**

wieren Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewiert) - Variant vun **zawieren**

i Verb, dat **wieren** als Basis huet: **zofwieren**

Wierfel [v'i:ɣfəl] Maskulinum (Pluriel Wierfelen / <seelen> Wierfel) **1.** **DE** *Würfel* [Spielwürfel] • **FR** *dé* [de jeu] • **EN** *dice* [for games] • **PT** *dado* [de jogo] **Beispill** e Wierfel huet sechs Säiten an 21 Aen **2.** **DE** *Würfel* [Stück] • **FR** *dé, cube* • **EN** *dice* [small cube] • **PT** *cubo* [pedaço] **Beispill** de Kach schneit d'Gromperen a kleng Wierfelen

i Variant: **Würfel**

wierfelen [v'i:ɣfələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewierfelt) » **transitiv** **1.** **DE** *würfeln* [leine Augenzahl] • **FR** *faire* [au lancer de dés] • **EN** *to throw, to roll* [a number on a dice] • **PT** *lançar* [obter no lançar de dados] **Beispill** ech hunn elo schonn dräimol hanereneen eng Sechs gewierfelt » **intransitiv** **2.** **DE** *würfeln* • **FR** *lancer les dés, jouer aux dés* • **EN** *to dice* [to throw dice] • **PT** *lançar os dados, jogar aos dados* **Beispill** komm, mer wierfelen der Rei no

i Variant: **würfelen**

wiergen [v'i:ɣzən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewiergt)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Wierk [vi:ɣk] Neutrum (Pluriel Wierker) **1.** gutt Wierk **DE** *gutes Werk, gemeinnütziges Werk* • **FR** *bonne œuvre* • **EN** *good cause* • **PT** *obra de caridade* **Beispill** den Erléis vun der Tombola ass fir e gutt Wierk **Synonym** gudden Zweck **2.** um Wierk sinn **DE** *am Werk sein* • **FR** *être à l'œuvre* • **EN** *to be at work* • **PT** *estar em ação, estar ativo* **Beispiller** ruff d'Police, beim Noper sinn Abriecher um Wierk!; d'Kabelen a mengem Auto sinn zerbass, do war de Marder erëm um Wierk! **3.** **DE** *Werk* [Kunstwerk, Schöpfung] • **FR** *œuvre* [œuvre d'art, création] • **EN** *work* [work of art] • **PT** *obra* [obra de arte, criação] **Beispiller** op der Ausstellung ginn d'Wierker vu jonken Artiste gewisen; de Schrëftsteller ass duerch säi lescht Wierk berüümt ginn **4.** **DE** *Werk* [Fabrik] • **FR** *usine* [établissement industriel] • **EN** *works* [factory] • **PT** *fábrica* [estabelecimento industrial] **Beispill** de Pneuefabrikant huet en neit Wierk opgemaach **5.** **DE** *Werk* [Uhrwerk] • **FR** *rouages* [d'une horloge] • **EN** *works* [of a watch, of a clock] • **PT** *mecanismo* [de um relógio] **Beispill** eis Staudauer huet en neit Wierk krit

Wierkbänk Femininum (Pluriel Wierkbänken)

i Hei entsteet en neien Artikel.

wierken [v'i:ɣkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewierkt) » **intransitiv** **1.** **DE** *wirken* [wirksam sein] • **FR** *agir, faire* (de l'effet, être efficace) • **EN** *to work, to take effect* • **PT** *agir, fazer efeito, produzir efeito* **Beispiller** den Dosage muss stëmmen, fir datt d'Spréztmëttel wierkt; d'Medikament géint de Kappwéi huet gewierkt; däi Charme wierkt ëmmer bei denger Tatta **2.** **DE** *wirken* [den Anschein erwecken] • **FR** *paraître, avoir l'air* • **EN** *to seem, to appear* • **PT** *parecer* [aparentar, dar a impressão de] **Beispiller** hie wierkt an der Lescht eng Grimmele depriméiert; meng Bomi wierkt jonk fir hiren Alter; eise Chef wierkt op mech ëmmer e bëssen arrogant

i Verben, déi **wierken** als Basis hunn: **zawierken, zawierken, zentgéintwierken an znowierken**

wierklech [v'i:ɣkləç] Adjektiv **DE** *wirklich* • **FR** *vrai, réel* <Adverb vraiment> • **EN** *real* <Adverb really> • **PT** *verdadeiro, real* <Adverb realmente, mesmo> **Beispiller** déi wierklech Ursach vum Accident ass net bekannt; hien huet sech wierklech kräizdomm ugeluecht; war dat do wierklech néideg?

Wierklechkeit [v'i:ɣkləçke:t] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Wirklichkeit* • **FR** *réalité* [vérité] • **EN** *reality* • **PT** *realidade* [verdade] **Beispiller** deng Virstellung si ganz wäit vun der Wierklechkeit ewech; déi Leit gesi ganz sympathesch aus, mee a Wierklechkeit sinn et Brigangen **Synonym** Realitéit

wierksam [v'i:ɣkzɑ:m] Adjektiv **DE** *wirksam* • **FR** *efficace* [en tant que moyen] <Adverb efficacement> • **EN** *effective, efficient* <Adverb effectively, efficiently> • **PT** *eficaz* [que produz efeito] <Adverb eficazmente> **Beispiller** dëse Pudder ass e wierksaamt Mëttel géint Seejomessen; de Misär an der Welt misst méi wierksam bekämpft ginn **Synonym** effikass

Wierkstoff [v'i:ɣkʃtof] Maskulinum (Pluriel Wierkstoff) **DE** *Wirkstoff* • **FR** *substance active* • **EN** *active substance, active agent* • **PT** *substância ativa* **Beispill** an där Pëll si just zwee Milligramm vun deem Wierkstoff

Wierkung [v'i:ɣkʊŋ] Femininum (Pluriel Wierkungen) **DE** *Wirkung* • **FR** *effet* [action, impression] • **EN** *effect* • **PT** *efeito* [ação, impressão] **Beispiller** dëst Medikament huet bei mir keng Wierkung; dacks verfeelee gutt gemengte Rotschléi hir Wierkung

wiermen [v'i:ɣmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewiermt) » **transitiv** **1.** **DE** *wärmen* [aufwärmen, erhitzen] • **FR** *chauffer, réchauffer* • **EN** *to warm up, to heat* • **PT** *aquecer* [tornar quente] **Beispiller** d'Jeeër hu sech an d'Hänn gehaucht, fir se ze wiermen; d'Mamm wiermt d'Mëllech fir de Bëbee; nom Schifueer si mer eis an den Hotel wierme gaangen; komm mol heihin, ech wiermen dech! » **intransitiv** **2.** **DE** *wärmen* [Wärme produzieren] • **FR** *chauffer* [produire de la chaleur] • **EN** *to heat* [to produce heat] • **PT** *aquecer* [produzir calor] **Beispill** am Wanter wiermt d'Sonn manner ewéi am Summer

i Verb, dat **wiermen** als Basis huet: **zopwiermen**

Wiert [v'i:ɔt] Maskulinum (Pluriel Wiert / Wierten) **DE** Wirt [Gastwirt] • **FR** patron (de café), cafetier • **EN** landlord [publican], cafe owner • **PT** dono (de café), taberneiro **Beispiller** de Wiert huet de Bistrosdëscht mat engem Béierdeckel caléiert; no der Versammlung ware mer nach bei de Wiert (no der Versammlung ware mer nach an d'Wiertschaft!); mir hunn d'Rechnung ouni de Wiert gemaach! (mir hu gehandelt, ouni e wichtige Facteur oder eng wichtige Persoun ze berücksichtegen)

W Weiblech Form: **Wiertsfra**

Wiertchen [v'i:ɔtçən] Neutrum (Pluriel Wierdercher) - Diminutivform vun **Wuert**

Wierteg [v'i:ɔtɛç] Maskulinum (kee Pluriel) **vereeltz** **DE** Werktag • **FR** jour ouvrable • **EN** workday • **PT** dia útil **Beispill** ech dinn dach op engem **Wierteg** keng Krawatt un! **Synonymmen** Aarbechtsdag, Schaffdag

W Variant: Wierten

Wierten [v'i:ɔtən] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun **Wierteg**

wiertes [v'i:ɔtəs] Adverb **DE** werktags, unter der Woche • **FR** en semaine • **EN** on workdays, during the week • **PT** durante a semana **Beispill** wiertes riichten ech de Wecker an de Weekend schlafen ech mech aus

wiertes [v'i:ɔtəs] Adjektiv **DE** gewöhnlich [für den täglichen Gebrauch] • **FR** de tous les jours [des jours ouvrables], ordinaire [pour un usage ordinaire] • **EN** everyday, casual • **PT** de todos os dias [de uso diário], de cote **Beispill** der Braut hire Brudder koum am wiertesse Gezei op d'Hochzäit

Wiertesgezei [v'i:ɔtəsɣɛtsɔi] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Alltagskleidung • **FR** vêtements de tous les jours • **PT** roupa do dia a dia **Beispill** fréier hätt keen sech getraut, am Wiertesgezei an d'Mass ze goen

wiertlech Adjektiv **DE** wörtlich [wortwörtlich] • **FR** littéral, mot à mot, mot pour mot <Adverb littéralement, textuellement> • **EN** literal <Adverb literally> • **PT** literal, à letra, palavra por palavra <Adverb literalmente> **Beispiller** d'Administration verlaangt eng **wiertlech** Iwwersetzung vu mengem Diplom; de Journalist huet probéiert, der Politikerin hir Ausso **wiertlech** erëmzeginn; huel net alles, wat ech soen, esou **wiertlech**! [huel net alles, wat ech soen, esou eescht!] **Synonym** wuertwiertlech

Wiertschaft [v'i:ɔtʃaft] Femininum (Pluriel Wiertschaften) **DE** Gastwirtschaft • **FR** café, bistrot • **EN** pub, café, bar • **PT** café, taberna **Beispill** ech ginn all Sonndeg an d'Wiertschaft op de Stamminee **Synonymmen** Café, Bistro

Wiertsfra [v'i:ɔtʃfra:] Femininum (Pluriel Wiertsfraen) **DE** Wirtin [Gastwirtin] • **FR** patronne (de café) • **PT** dona (de café), taberneira **Beispill** ier se hu misse goen, huet d'Wiertsfra hire Clienten nach e leschten Humpen zerwéiert

W Männlech Form: **Wiert**

Wierzelchen [v'i:ɔtsɛlçən] Femininum (Pluriel Wierzelcher) - Diminutivform vun **Wuerzel**

wierzen [v'i:ɔtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewierzt) » **transitiv** **DE** wärzen • **FR** assaisonner, épicer (un plat) • **EN** to season [a dish] • **PT** temperar, condimentar **Beispiller** d'Fleesch kéint eng Grëtz méi gewierzt sinn; déi Zopp ass nawell gutt gewierzt!

W Variant: wärzen

Wiesen [v'i:ɔzən] Neutrum **1.** (kee Pluriel) **DE** Wesen [Essenz] • **FR** essence [nature, substance] • **EN** nature, essence • **PT** essência [natureza, substância] **Beispill** de Faschismus ass sengem **Wiesen** no ondemokratesch **2.** (kee Pluriel) **DE** Wesen [Eigenart, Charakter] • **FR** personnalité [caractère] • **EN** nature, character • **PT** personalidade [carácter] **Beispill** mir behalen dem Verstuerwenen säi bescheiden **Wiesen** a gudder Erënnerung **3.** (Pluriel **Wiesen**) **DE** Wesen [Lebewesen, Geschöpf] • **FR** créature, être • **EN** being, creature • **PT** criatura, ser **Beispill** et war kee liewegt **Wiese** wäit a breet **4.** (Pluriel **Wiesen**) **DE** Anwesen, Bauerngut • **FR** propriété agricole, domaine agricole • **EN** farm [farmland(s), farmstead] • **PT** propriedade agrícola, fazenda **Beispill** de Bauer huet e schéint, grousst **Wiese** geierft

Wiessel [v'i:ɔsəl] Maskulinum (Pluriel **Wiesselen**) **DE** Wechsel, Wandel • **FR** changement [substitution, alternance] • **EN** change [transition, swap] • **PT** mudança [substituição, alternância] **Beispiller** de **Wiessel** vum Frang op den Euro ass ville Leit schwéiergefall; dës Decisioun huet e politesche **Wiessel** agelaut

wiesselen [v'i:ɔsələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewiesselt) » **transitiv** **1.** **DE** wechseln [überwechseln zu] • **FR** changer de • **EN** to change [to change to, to switch to] • **PT** mudar de, trocar de **Beispiller** de Schrëftsteller huet de Verlag **wiesselt**; loos mer emol d'Theema **wiesselen**; mäi Papp huet dräimol a sengem Liewen de Beruff **wiesselt** **2.** **DE** wechseln [auswechseln, ersetzen] • **FR** changer [remplacer] • **EN** to change [to replace] • **PT** mudar, trocar [substituir] **Beispill** de Mecanicien huet d'Bougië vum Auto **wiesselt** **Synonymmen** austauschen, changéieren **3.** **DE** wechseln [Geld, Währung] • **FR** changer [de l'argent] • **EN** to change, to exchange [money] • **PT** trocar [dinheiro] **Beispiller** ier mir an Amerika geflu sinn, hu mer nach séier Sue **wiesselt**; kéint der mer zéng Euro **wiesselen**, ech brauch Mënz **Synonym** ëmwiesselen **4.** **DE** wechseln (mat) **DE** wechseln, tauschen (mit) • **FR** échanger (avec) • **EN** to swap (with) • **PT** trocar (com) **Beispiller** déi zwou Frëndinnen hunn hir Schalen (mateneen) **wiesselt**; ech setzen net gär an der éischer Rei, wëlls de deng Plaz net mat mer **wiesselen**? **Synonym** tauschen (mat) » **intransitiv** **5.** **DE** wechseln [ändern] • **FR** changer [être remplacé] • **EN** to change [to become different] • **PT** mudar [sofrer mudança] **Beispiller** zënter d'Direktioun vum Hotel **wiesselt** huet, ass de Service besser ginn; nodeem d'Gäschert gutt giess a gedronk haten, huet d'Stëmmung **wiesselt**; an der Klinik **wiesselt** d'Schicht dräimol den Dag

W Verben, déi **wiesselen** als Basis hunn: **auswiesselen**, **awies-selen**, **ëmwiesselen** an **ofwiesselen**

wiesselhaft [v'i:ɔsəlhaft] Adjektiv **DE** wechselhaft • **FR** instable [temps] • **EN** changeable • **PT** instável [tempo] **Beispill** de Mount Abrëll ass bekannt fir säi **wiesselhaft** Wieder **Synonym** onbestänneg

Wisseljoren [v'iasəljo:rən] Neutrum (kee Singulier) **DE** *Wechseljahre* • **FR** *ménopause, retour d'âge* • **EN** *menopause* • **PT** *menopausa* **Beispiller** et gëtt Fraen, déi gutt eens gi mat de **Wisseljoren**; ech si matzen an de **Wisseljoren**; ech huelen Hormonen, fir besser mat de Symptomer vun de **Wisseljoren** eens ze ginn **Synonym** Menopause

Wisselstroum Maskulinum (kee Pluriel)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

wiewen [v'ivəŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewieft) » **transitiv 1.** **DE** *weben* • **FR** *tisser* • **EN** *to weave* • **PT** *tecer* **Beispill** d'Kanner hunn an der Schoul fir Mammendag e Schal **gewieft** » **intransitiv 2.** **DE** *weben* • **FR** *tisser* • **EN** *to weave* • **PT** *tecer* **Beispill** ech sinn an engem Cours, fir **wiewen** ze léieren

Wiewer [v'ivə] Maskulinum (Pluriel **Wiewer**) **DE** *Weber* • **FR** *tisseur, tisserand* • **EN** *weaver* • **PT** *tecelão, tecedor* **Beispill** de **Wiewer** verschafft de Fluess zu Lén-gent

1 Weiblech Form: ↗**Wiewerin**

Wiewerei [viəvər'ɑi] Femininum (Pluriel **Wiewereien**) **DE** *Weberei [Betrieb]* • **FR** *(atelier de) tissage* • **EN** *weaving mill* • **PT** *(oficina de) tecelagem* **Beispill** am Buch gëtt erkläert, wéi fréier an de **Wiewerei** geschafft gouf

Wiewerin [v'ivərɪn] Femininum (Pluriel **Wiewerinnen**) **DE** *Weberin* • **FR** *tisseuse, tisserande* • **PT** *tecelã, tecedora* **Beispill** um Fest huet eng **Wiewerin** de Leit gewisen, wéi ee Fluess zu Lén-gent verschafft

1 Männlech Form: ↗**Wiewer**

Wifi Maskulinum (kee Pluriel)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Wi-Fi Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗**Wifi**

Wifi-Code Maskulinum (Pluriel **Wifi-Coden**)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Wi-Fi-Code Maskulinum (Pluriel **Wi-Fi-Coden**) - Variant vun ↗**Wifi-Code**

Wi-Fi-Reseau Maskulinum (Pluriel **Wi-Fi-Reseauen**) - Variant vun ↗**Wifi-Reseau**

Wifi-Reseau Maskulinum (Pluriel **Wifi-Reseauen**)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

wiheren Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewihert) » **intransitiv** **DE** *wiehern* • **FR** *hennir* • **EN** *to neigh* • **PT** *relinchar* **Beispill** ech ginn emol no de Päerd kucken, se halen net op mat **wiheren** **Synonym** hénkelen

Wiichtel Maskulinum (Pluriel **Wiichtelen**) - Variant vun ↗**Wiichtelchen**

Wiichtelchen Maskulinum (Pluriel **Wiichtelcher**) **DE** *Wichtel* • **FR** *lutin* • **EN** *elf* • **PT** *duende* **Beispill** a ville Soe komme **Wiichtelcher** vir, déi de Leit an Nout hëllegen

1 Varianten: **Wichtel, Wichtelchen, Wiichtel**

wiichtelen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewiichtelt)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

1 Variant: **wichtelen**

Wildnis [v'iltnis] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Wildnis* • **FR** *nature, brousse [terres sauvages]* • **EN** *wild, wilderness* • **PT** *natureza [espaço selvagem]* **Beispill** d'Zaldote kréie bäibruecht, wéi een an der **Wildnis** kann iwwerliewen

Willkür [v'ilk'y:ɔ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Willkür* • **FR** *arbitraire* • **EN** *arbitrariness, capriciousness* • **PT** *arbitrariedade* **Beispill** dat Land ass der **Willkür** vu sengem President ausgeliewert

willkürlech [v'ilk'y:ɔlɛç] Adjektiv **DE** *willkürlich* • **FR** *arbitraire* <Adverb *arbitrairement*> • **EN** *arbitrary* <Adverb *arbitrarily*> • **PT** *arbitrário* <Adverb *arbitrariamente*> **Beispiller** mengem Virgesetzte seng **willkürlech** Entschuedunge gi mer fatzeg op d'Strémp; eis Cheffin trëfft hir Entschuedunge ganz **willkürlech**

Wilspull [v'ilspul] Eegennumm **DE** *Wilspull* • **FR** *Wilspull* • **EN** *Wilspull* • **PT** *Wilspull* **Beispiller** ech wunnen um **Wilspull**; fiert dëse Bus op de **Wilspull**?

Wiltgeschaff [v'iltçəshaf] Eegennumm **DE** *Wiltgeschaff* • **FR** *Wiltgeschaff* • **EN** *Wiltgeschaff* • **PT** *Wiltgeschaff* **Beispiller** ech wunnen um **Wiltgeschaff**; fiert dëse Bus op de **Wiltgeschaff**?

Wilwerdang [v'ilvɛdɑŋ] Eegennumm **DE** *Wilwerdang* • **FR** *Wilwerdange* • **EN** *Wilwerdange* • **PT** *Wilwerdange* **Beispiller** ech wunnen zu **Wilwerdang**; fiert dëse Bus op **Wilwerdang**?

wimmelen [v'imələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewimmelt) » **intransitiv** - onperséinlech wimmelle vun **DE** *wimmeln von* • **FR** *grouiller de, fourmiller de* • **EN** *to seethe with, to be chock-a-block with* • **PT** *estar cheio de, fervilhar de* **Beispiller** wa gutt Wieder ass, **wimmelt** et nëmmen esou vu Leit an der Schwämm; an deem Schüler sengem Diktat **wimmelt** et vu Feeler

1 Verb, dat **wimmelen** als Basis huet: ↗**ofwimmelen**

Wimper [v'impe] Femininum (Pluriel **Wimperen**) **DE** *Wimper [Augenwimper]* • **FR** *cil* • **EN** *eyelash* • **PT** *pestana* **Beispiller** meng Frëndin huet schéi laang **Wimperen**; am Fall vun enger Chimiotherapie kënnen dem Patient esouguer d'**Wimperen** ausfalen; hie litt, ouni mat der **Wimper** ze zucken [hie litt, ouni ze zécken]

Wimperefliedermaus [v'impərəfliedemæ:ʊs] Femininum (Pluriel **Wimperefliedermais**) **Myotis emarginatus** **DE** *Wimperfliedermaus* • **FR** *murin à oreilles échanrées* • **EN** *Geoffroy's bat* • **PT** *morcego-lanudo* **Beispill** d'**Wimperefliedermaus** krut hiren Numm vun de feinen Hoer uewen op hirer Schwanzfluchhaut

Wimperntusch [v'impentuʃ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Wimperntusche* • **FR** *mascara* • **EN** *mascara* • **PT** *rimel, máscara (de pestanas)* **Beispill** wéi d'Meedche gekrasch huet, ass d'**Wimperntusch** him d'Baken erofgelaf

Windhoek Eegennumm - Variant vun ↗**Windhuk**

Windhuk Eegennumm **DE** *Windhuk* • **FR** *Windhoek* • **PT** *Vinduque* **Beispill** **Windhuk** ass d'Haaptstad vun Namibia

Windjack Femininum (Pluriel Windjacken) DE *Windjacke, Anorak* • FR *coupe-vent, anorak* • PT *corta-vento, anorake* **Beispill** wann et der dobaussen ze frësch ass, dann do eng Windjack un!

Windowaperitif [w'indəʊapɛritif] Maskulinum (Pluriel Windowaperitifer) DE *Umtrunk vor offenem Fenster [während der Coronakrise]* • FR *apéro-fenêtre, apéritif à la fenêtre [lors de la crise du coronavirus]* • PT *aperitivo tomado à janela [durante a crise do coronavirus]* **Beispill** méttwochs owes um 6 Auer hu mir an eis-er Strooss e Windowaperitif ënner Noperen

Window-Aperitif [w'indəʊapɛritif] Maskulinum (Pluriel Window-Aperitifer) - Variant vun ↗Windowaperitif

Winker [v'ɪŋkə] Maskulinum (Pluriel Winkeren) DE *Blinker [Fahrtrichtungsanzeiger]* • FR *clignotant* • EN *(direction) indicator [on a vehicle]* • PT *pisca-pisca* **Beispill** et mécht mech esou rosen, wann d'Leit hire Winker net umaachen, wa se ofbéien!

winnen [v'ɪnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gewinnt*) » **transitiv 1.** *winnen* un DE *gewöhnen* a • FR *habituer à, apprendre à* • EN *to get used to, to accustom to* • PT *habituar a, acostumar a* **Beispiller** den Dokter sot, ech sollt mech dru *winnen*, fir eischter schlofen ze goen; *winn* dâi jonken Hond direkt drun, e puer Stonnen eleng ze sinn **Synonym** gewinnen un **2.** DE *erziehen* • FR *éduquer, élever* • EN *to bring up [to raise, to look after]* • PT *educar, criar* **Beispiller** si hunn hir Kanner esou schlecht *gewinnt*, datt se sech néierens kënne mat hinne weisen; wéi een d'Kanner *winnt*, esou huet een se let spiert ee selwer d'Konsequenze vun der Erzéiung, déi ee senge Kanner gëtt! » **reflexiv 3.** *sech winnen* un DE *sich gewöhnen an* • FR *s'habituer à, s'adapter à* • EN *to get used to* • PT *habituar-se a, adaptar-se a* **Beispiller** meng Ae *winnen* sech nëmme lues un d'Däischtert; et *winnt* een sech un alles! **Synonym** sech gewinnen un

Verben, déi *winnen* als Basis hunn: ↗*ofwinnen* an ↗*uwinnen*

winzeg [v'ɪntʰsəɕ] Adjektiv **1.** DE *winzig [klein]* • FR *minuscule* • EN *tiny* • PT *minúsculo, miúdo, pequenino* **Beispiller** eist Land ass just e *winzege* Punkt op der Weltkaart; d'Lais sinn esou *winzeg*, datt een se mam bloussen A bal net gesäit; de Verfallsdatum ass esou *winzeg* gedréckt, datt een en net gesäit **2.** DE *winzig [unbedeutend, geringfügig]* • FR *infime [en nuance, en importance]* • EN *minor [insignificant]* • PT *minúsculo, infimo [insignificante]* **Beispill** déi *winzeg* Differenz am Toun vun der Faarf wäert kengem opfalen

Wipp Femininum (Pluriel Wippen) DE *Wippe* • FR *(balançoire à) bascule* • PT *sobe-e-desce, balancé* **Beispill** du bass ze schwéier, fir mat dengem klenge Brudder op d'Wipp ze goen

Wippchen [v'ɪpçən] Maskulinum (Pluriel Wippercher) - Diminutivform vun ↗Wupp

Wirbel [v'ɪrbəl] Maskulinum (Pluriel Wirbelen) DE *Wirbel [Knochen]* • FR *vertèbre* • EN *vertebra* • PT *vértebra* **Beispill** meng Groussmamm ass op de Réck gefall an huet sech e Wirbel gebracht

1 Jee no Aussprooch kann d'Schreifweis vun dësem Wuert änneren: Wirbel / Wierbel

Wirbel [v'ɪrbəl] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Wirbel [Aufregung]* • FR *agitation, remous [trouble, animation]* • EN *turmoil, stir, commotion* • PT *agitação, turbilhão [confusão, animação]* **Beispill** dës Diskussioun huet fir vill Wirbel gesuergt **Synonym** Opreegung

Wirbelsail [v'ɪrbəlsail] Femininum (Pluriel Wirbelsailen) DE *Wirbelsäule* • FR *colonne vertébrale* • EN *spine, spinal column* • PT *coluna vertebral* **Beispill** wéinst enger Deformatioun vun der Wirbelsail huet hie stänneg de Réck wéi **Synonym** Réckstrang

1 Variant: Wierbelsail

Wirbelsturm [v'ɪrbəlʰtu:ɕm] Maskulinum (Pluriel Wirbelstierm) DE *Wirbelsturm* • FR *cyclone [tempête]* • EN *hurricane, cyclone, tornado* • PT *ciclone [tempestade]* **Beispill** laanschdt déi ganz Küst huet de Wirbelsturm grouse Schued ugericht

1 Variant: Wierbelsturm

Wirschtchen [v'ɪrʰtçən] Maskulinum/Femininum (Pluriel Wirschtercher) DE *Knackwurst, Wiener Würstchen* • FR *saucisse de Francfort* • EN *hot dog, frankfurter* • PT *salsicha de Frankfurt* **Beispiller** op der Kiermes iessen ech gär e Wirschtche mat Sauermous; ech hunn elo Loscht op eng Koppel knackeg Wirschtercher

Wirsing Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Werjem

Wirtgensmillen [v'ɪrtçəns'milən] Eegennumm DE *Wirtgensmühle* • FR *Wirtgensmühle* • EN *Wirtgensmühle* • PT *Wirtgensmühle* **Beispiller** ech wunnen op der Wirtgensmillen; fiert dës Bus op d'Wirtgensmillen?

Wirtschaft [v'ɪrtʰaft] Femininum (kee Pluriel) **1.** DE *Wirtschaft [Ökonomie]* • FR *économie [système économique]* • EN *economy [economic system]* • PT *economia [sistema económico]* **Beispill** héich Energiepräisser schueden der Kompetitivitéit vun eiser **Wirtschaft** **Synonym** **Ekonomie 2.** DE *Wirtschaft [Hauswirtschaft, Haushaltung]* • FR *gestion au quotidien* • EN *housekeeping [home economics]* • PT *gestão doméstica, governo da casa* **Beispiller** wéi soll de Stot bei esou enger **Wirtschaft** senger Scholde lassginn?; wat ass dat bei deenen eng **Wirtschaft!** [wat si bei deene chaotesch Zoustänn!]

wirtschaften [v'ɪrtʰaftən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gewirtschaft*) » **intransitiv** DE *wirtschaften [haushalten]* • FR *gérer les finances, assurer la gestion* • EN *to manage one's finances, to budget* • PT *gerir as finanças, administrar [financeiramente]* **Beispiller** als Student hunn ech gutt misse *wirtschaften*, fir iwuer d'Ronnen ze kommen; well eise fréiere Patron net *wirtschaftete* konnt, steet de Betrib elo kuerz virun der Faillite

wirtschaftlech [v'ɪrtʰaftləɕ] Adjektiv DE *wirtschaftlich* • FR *économique [relatif à l'économie]* <Adverb *économiquement*> • EN *economic* <Adverb *economically*> • PT *económico [relativo à economia]* <Adverb *economicamente*> **Beispiller** déi grouss *wirtschaftlech* Problemer kennen nëmme global geléist ginn; déi meescht

kleng Betriber kënnen **wirtschaftlech** esou just iwuerliewen **Synonym** ekonomesch

Wirtschaftskris [v'irtʃaftskri:s] Femininum (Pluriel Wirtschaftskrisen) **DE** *Wirtschaftskrise* • **FR** *crise économique* • **EN** *economic crisis* • **PT** *crise económica* **Beispill** an der **Wirtschaftskris** hunn en ettlech Betriber Failite gemaach

Wirtschaftslag Femininum (Pluriel Wirtschaftslagen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Wirtschaftsminister [v'irtʃaftsmɪnɪstɐ] Maskulinum (Pluriel Wirtschaftsministeren) **DE** *Wirtschaftsminister* • **FR** *ministre de l'Économie* • **EN** *Minister of Economics* • **PT** *ministro da Economia* **Beispill** de Wirtschaftsminister huet d'Chamber informéiert, datt dräi nei Entreprisë sech zu Lëtzebuerg niddersloossen

I Weiblech Form: **Wirtschaftsministeresch**

Wirtschaftsministerin [v'irtʃaftsmɪnɪstərɪn] Femininum (Pluriel Wirtschaftsministerinnen) - Variant vun **Wirtschaftsministeresch**

Wirtschaftsministeresch [v'irtʃaftsmɪnɪstɐʃ] Femininum (Pluriel Wirtschaftsministeresch)

I Variant: **Wirtschaftsministerin**

I Männlech Form: **Wirtschaftsminister**

Wirtschaftsmissioun [v'irtʃaftsmɪsɪjən] Femininum (Pluriel Wirtschaftsmissiounen) **DE** *Mission zur Förderung der Wirtschaftsbeziehungen* • **FR** *mission économique* • **EN** *economic mission* • **PT** *missão econômica* **Beispill** eisen Ierfgroussherzog ass op enger Wirtschaftsmissioun am Ausland

Wirtschaftspolitik [v'irtʃaftspolitɪk] Femininum (Pluriel <seelen> Wirtschaftspolitikken) **DE** *Wirtschaftspolitik* • **FR** *politique économique* • **EN** *economic policy* • **PT** *política económica* **Beispill** d'Gewerkschafte kritiséieren déi liberal Wirtschaftspolitik

Wirtschaftsspezialist [v'irtʃaftspɛtʃsɪalɪst] Maskulinum (Pluriel Wirtschaftsspezialisten) **DE** *Wirtschaftsexperte* • **FR** *spécialiste en économie* • **EN** *economist* • **PT** *perito económico* **Beispill** d'Wirtschaftsspezialiste gi fir d'nächst Joer vun engem ekonomesche Wuesstum vun 3 % aus

I Weiblech Form: **Wirtschaftsspezialistin**

Wirtschaftsspezialistin [v'irtʃaftspɛtʃsɪalɪstɪn] Femininum (Pluriel Wirtschaftsspezialistinnen) **DE** *Wirtschaftsexpertin* • **FR** *spécialiste en économie [femme]* • **PT** *perita económica* **Beispill** um Radio huet eng Wirtschaftsspezialistin gesot, d'Inflatioun kéint nach eng Zäit an d'Luucht goen

I Männlech Form: **Wirtschaftsspezialist**

Wischer [v'ɪʃɛ] Maskulinum (Pluriel Wischeren) **DE** *Scheibenwischer* • **FR** *essuie-glace* • **EN** *windscreen wiper* • **PT** *limpa-para-brisas* **Beispill** de Pechert huet de Protokoll hanner de Wischer geklemmt; maach deng Wischeren un, et fänkt u mat reenen!

Wiseblumm [v'izəblʊm] Femininum (Pluriel Wiseblummen) **DE** *Wiesenblume* • **FR** *fleur des champs* • **EN**

meadow flower, wild flower • **PT** *flor dos prados* **Beispill** d'Kand huet der Mamm e schéine Bucki Wiseblumme gepléckt

Wisechampignon [v'izəʃɑ:mpjɔ̃:] Maskulinum (Pluriel Wisechampignonen) **DE** *Feldchampignon, Wiesenchampignon* • **FR** *champignon des prés* • **EN** *field mushroom* • **PT** *champignon* **Beispill** gees de mat Wisechampignone sichen? **Synonym** Dréischel

Wisefest [v'izəfæst] Neutrum (Pluriel Wisefester) **DE** *Sommerfest, Wiesenfest [Dorrfest]* • **FR** *fête champêtre [organisée par une association]* • **EN** *summer party, village fête* • **PT** *feira do campo [organizada por uma associação]* **Beispill** eise Veräin organiséiert all Summer e Wisefest

Wisel [v'izəl] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Wiselen) **DE** *Wiesel* • **FR** *belette* • **EN** *weasel* • **PT** *doninha* **Beispill** mäi Papp huet schonn e puermol e Wisel an eisem Gaart gesinn; hien ass flénk ewéi e Wisel

Wisenhénkeldéif [v'izənhɛŋkɛldɛɪf] Maskulinum (Pluriel Wisenhénkeldéif) **DE** *Circus pygargus* **DE** *Wiesenweihe* • **FR** *busard cendré* • **EN** *Montagu's harrier* • **PT** *tartaranhão-caçador* **Beispill** wéi laang bréien d'Wisenhénkeldéif? **Synonym** Wiseweie

Wisepanewippchen [v'izəpa:nəvɪpçən] Maskulinum (Pluriel Wisepanewippchen) **Motacilla flava** **DE** *Wiesenschafstelze* • **FR** *bergeronnette printanière* • **EN** *blue-headed yellow wagtail* • **PT** *alvéola-amarela* **Beispill** wéi laang bréien d'Wisepanewippchen?

Wisepiipert [v'izəpi:pɛt] Maskulinum (Pluriel Wisepiiperten) **DE** *Wiesenpieper* • **FR** *pipit farlouse* • **EN** *meadow pipit* • **PT** *petinha-dos-prados* **Beispill** wéi laang bréien d'Wisepiiperten?

Wiseschneppe [v'izəʃnæpɛ] Femininum (Pluriel Wiseschneppen) **DE** *Limosa limosa* **DE** *Uferschnepfe* • **FR** *barge à queue noire* • **EN** *black-tailed godwit* • **PT** *maçarico-de-bico-direito* **Beispill** wéi laang bréien d'Wiseschneppen?

Wiseweie [v'izəvɛɪ] Femininum (Pluriel Wiseweien) **DE** *Circus pygargus* **DE** *Wiesenweihe* • **FR** *busard cendré* • **EN** *Montagu's harrier* • **PT** *tartaranhão-caçador* **Beispill** wéi laang bréien d'Wiseweien? **Synonym** Wisenhénkeldéif

Wismut [v'ɪsmʊt] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** *Wismut [chemisches Element]* • **FR** *bismuth [élément chimique]* • **EN** *bismuth [chemical element]* • **PT** *bismuto [elemento químico]* **Beispill** d'Element Wismut gehéiert zum Grupp vun de Metaller

wisou Adverb - Variant vun **wéisou**

Wiss [vis] Femininum (Pluriel Wisen) **DE** *Wiese* • **FR** *pré, prairie* • **EN** *meadow, field* • **PT** *prado* **Beispill** de Bauer huet schonn de Moie fréi seng **Wiss** geméit; an deene **Wiss** fénnt ee masseweis Champignonen; eis Kanner spillen am léifste ronderëm d'Haus an der **Wiss** [eis Kanner spillen am léifste ronderëm d'Haus um Wues]

Wittfra [v'itʃra:] Femininum (Pluriel Wittfraen) **DE** *Witwe* • **FR** *veuve* • **EN** *widow* • **PT** *viúva* **Beispill** d'Wittfra muss eleng fir den Énnerhalt vum Stot suergen; meng Schwëster ass scho ganz jonk **Wittfra** ginn

Wittmann [v'itman] Maskulinum (Pluriel Wittmäner) DE *Witwer* • FR *veuf* • EN *widower* • PT *viúvo* **Beispiller** elo, wou hie Wittmann ass, muss e kucken, wéi en am Stot eens gëtt; meng Kusine huet e räiche Wittmann bestuet

Witz [vits] Maskulinum (Pluriel Witzten / Witzer) DE *Witz* [Geschichte] • FR *blague, plaisanterie, histoire pour rire* • EN *joke* [wisecrack] • PT *piada, anedota* **Beispiller** verziel emol e Witz!; ech hu mech iwver säi Witz krankgelaacht; dengem Kolleg seng Witzer hu wierklech keen Niveau; gëff dech mat deene bëllege Witzten!; wéi se ugefaangen hunn, knaschteg Witzer ze zielen, sinn ech heemgaangen; ech hunn dat am Witz gesot! [dat, wat ech gesot hunn, ass net eescht gemengt!]; ouni Witz! [dat ass esou, wéi ech et soen!]; dem neie President seng Pressekonferenz war een eenzege Witz! [dem neie President seng Pressekonferenz war lächerlech!]; dat ass hoffentlech e schlechte Witz [ech hoffen, datt dat net wouer ass]

Witzbold Maskulinum (Pluriel Witzbolden)

I Hei entsteet en neien Artikel.

witzeg [v'itsəç] Adjektiv DE *witzig* • FR *drôle, amusant* • EN *funny* [amusing] • PT *engraçado* [divertido] **Beispiller** ech muss der eng witzeg Geschicht verzielen; hal op ze grinsen, ech fannen dat guer net witzeg!; de Kabarettist war richtig witzeg, mir hunn eis bei sengem Optrëtt krankgelaacht

Witzfigur [v'itsfigu:r] Femininum (Pluriel Witzfiguren) DE *Witzfigur* • FR *guignol* [personne ridicule] • EN *figure of fun* • PT *palhaço* [pessoa ridiculosa] **Beispill** ass et net trauereg, datt mir an eiser Gemeng esou eng Witzfigur als Buergermeeschter hunn?

WM [ve:'æm] Femininum (Pluriel WMen) - Kuerzform vun ↗Weltmeeschterschaft

Wo [vo:] Femininum (Pluriel Woen) **1.** DE *Waage* [Gerät] • FR *balance* [instrument] • EN *scales* [device] • PT *balança* [instrumento] **Beispiller** déi Wo funktionéiert nach mechanesch; ass deng Wo iwverhaapt geeicht?; wéi vill bréngt dat Déier op d'Wo? [wéi vill weit dat Déier?]; dat fällt net an d'Wo [dat huet keng Bedeitung]; bei där Persoun muss een all Wuert op d'Wo leeën [bei där Persoun muss een oppassen, wéi ee sech ausdréckt] **2.** DE *Waage* [Sternzeichen] • FR *Balance* [signe astrologique] • EN *Libra, the Balance, the Scales* [sign of the zodiac] • PT *Balança, Libra* [signo do zodiaco] **Beispiller** d'Wo ass eent vun den zwielef Stärenzeechen; meng Kanner sinn allen zwee Wo; ech versti mech gutt mat Woen

Wobrëcken [vo:br'ekən] Eegennumm DE *Wobrecken* • FR *Wobrecken* • EN *Wobrecken* • PT *Wobrecken* **Beispiller** ech wunnen am Quartier Wobrëcken; fiert dese Bus an de Quartier Wobrëcken?

Woch [voχ] Femininum (Pluriel Wochen) **1.** DE *Woche* [Folge von sieben Tagen] • FR *semaine* [cycle de sept jours] • EN *week* [period of seven days] • PT *semana* [série de sete dias] **Beispiller** ech war d'lescht Woch bei menger Tatta op Besuch; et ka Wochen daueren, bis de eng Äntwert kriss; meng Gripp huet fënnef Woche laang geschleeft; dat wäert nach eng gutt Woch daueren; zënter Wochen a Méint waarde mir schonn

op eis Suen [mir waarde scho ganz laang op eis Suen]; mir hu véier Stonnen Däitsch d'Woch [mir hu véier Stonnen Däitsch pro Woch]; kucks de an déi aner Woch? [bass de a Gedanken?] **2.** DE *Woche* [Werktag] • FR *semaine* [jours ouvrables] • EN *week* [weekdays] • PT *semana* [dias úteis] **Beispiller** mir mussen eis an der Woch gesinn, ech hunn de Weekend keng Zäit; et ka Wochen daueren, bis de eng Äntwert kriss; ech sinn d'Woch iwver am Ausland

wochelaang [v'oχəla:ŋ] Adjektiv DE *wochenlang* • FR *de plusieurs semaines* <Adverb pendant des semaines, depuis des semaines, à longueur de semaines> • EN *(lasting) for weeks* • PT *de várias semanas* <Adverb durante semanas, há semanas> **Beispiller** no wochelaange Verhandlungen hunn déi zwou Parteien sech kënnen eenegen; ech gouf wochelaang vun engem Privatdektiv ausspionéiert; de Vulkan ass scho wochelaang aktiv

Wochendag [v'oχənda:χ] Maskulinum (Pluriel Wochendeeg) DE *Wochentag, Arbeitstag* • FR *jour de la semaine, jour ouvrable* • EN *weekday* • PT *dia da semana, dia útil* **Beispill** Chrëschttag fällt dëst Joer op e Wochendag

Wochenzeitung [v'oχəntsaituŋ] Femininum (Pluriel Wochenzeitungen) DE *Wochenzeitung* • FR *hebdomadaire* [journal] • EN *weekly* [newspaper] • PT *semanário* **Beispiller** dës Wochenzeitung huet hire Layout komplett geännert; déi bekannt Wochenzeitung kritt eng nei Chefredactrice

Wocheplang Maskulinum (Pluriel Wochepläng) DE *Wochenplan* • FR *planning hebdomadaire* • PT *plano semanal* **Beispill** mir hunn op der Aarbecht e Wocheplang hänken, an deen d'Leit androen, wéini se Homeoffice maachen

Wodka Maskulinum (Pluriel Wodkaen) - Variant vun ↗Vodka

woen [v'o:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewot) » transitiv DE *wagen* • FR *risquer, tenter, oser* • EN *to dare* • PT *arriscar, atrever-se, ousar* **Beispiller** mat dir géif ech alles woen!; ech hunn et net gewot, him ze widderstrieden

Wolfram [v'olfra:m] Maskulinum (kee Pluriel) Chimie DE *Wolfram* [chemisches Element] • FR *tungstène* [élément chimique] • EN *tungsten* [chemical element] • PT *tungsténio* [elemento químico] **Beispill** d'Element Wolfram gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller

Woll [vol] Femininum (Pluriel <seelen> Wollen) DE *Wolle* [Tierwolle, Garn] • FR *laine* [fibre animale, fil à tricoter] • EN *wool* [animal wool, yarn] • PT *lã* [fibra animal, fio de tricotar] **Beispill** fir mäin nächste Pullover ze strécken, brauch ech chinéiert Woll

Wollang Maskulinum (Pluriel Wollangen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Wollef [v'oləf] Maskulinum (Pluriel Wëllef) *Canis lupus* - Kuerzform vun ↗Fleeschwollef DE *Wolf* • FR *loup* • EN *wolf* • PT *lobo* **Beispiller** de Wollef ass e scheit Déier an evitéiert an der Reegel den direkte Kontakt mam Mënsch; hien hault mat de Wëllef Egg [hie passt sech

ëmmer deenen aneren hirer Meenung un)

Wollefsmillen [v'oləfsmilən] Eegennumm **DE** *Wollefsmillen* • **FR** *Wollefsmillen* • **EN** *Wollefsmillen* • **PT** *Wollefsmillen* **Beispiller** ech wunnen op der **Wollefsmillen**; fiert dëse Bus op d'**Wollefsmillen**?

Wollek [v'olek] Femininum (Pluriel **Wolleken**) **1. DE** *Wolke [am Himmel]* • **FR** *nuage [atmosphérique]* • **EN** *cloud [in the atmosphere]* • **PT** *nuvem [atmosférica]* **Beispiller** et war keng eenzeg **Wollek** um Himmel; d'Wieder war eng Mëschung aus Sonn a **Wolleken**; ech sinn aus alle **Wolleke** gefall, wéi ech dat héieren hunn lech war ganz erstaunt, wéi ech dat héieren hunn; ech mengen, du bass nees an de **Wolleken** lech mengen, du bass nees net konzentréiert, well s de un aner Saachen denks **2. DE** *Wolke [schwebende Partikel]* • **FR** *nuage [particules en suspension]* • **EN** *cloud [billowing mass]* • **PT** *nuvem [partículas em suspensão]* **Beispill** wéi mer deen ale Schaf opgemaach hunn, ass eis eng **Wollek** Stëbs entgéintkomm

wollen [v'olən] Adjektiv - Variant vun ↗wëllen

Wolper [v'olpə] Eegennumm - Variant vun ↗Wuelper

Wolven [v'olvən] Eegennumm **DE** *Wolwelingen* • **FR** *Wolwelage* • **EN** *Wolwelage* • **PT** *Wolwelage* **Beispiller** ech wunnen zu **Wolven**; fiert dëse Bus op **Wolven**?

Wolwener Klaus [v'olvənek'l'aus] Eegennumm **DE** *Klaus* • **FR** *Klaus* • **EN** *Klaus* • **PT** *Klaus* **Beispiller** ech wunnen op der **Wolwener Klaus**; fiert dëse Bus op d'**Wolwener Klaus**?

Wolz [volts] Eegennumm **DE** *Wiltz* • **FR** *Wiltz* • **EN** *Wiltz* • **PT** *Wiltz* **Beispiller** ech wunnen zu **Wolz**; fiert dëse Bus op **Wolz**?

I Lokalvariant: Wooltz

Wolz [volts] Eegennumm **DE** *Wiltz* • **FR** *Wiltz* • **EN** *Wiltz* • **PT** *Wiltz* **Beispill** d'Klierf leeft zu Kautebaach an d'**Wolz**

Wolz [volts] Eegennumm **DE** *Woltz* • **FR** *Woltz* • **EN** *Woltz* • **PT** *Woltz* **Beispill** d'**Wolz** entspréngt an der Géigend vun Huldang a wiesselt spéider hiren Numm a Klierf

Won [vo:n] Maskulinum (Pluriel **Ween**) **1. DE** *Wagen [gezogenes Fahrzeug]* • **FR** *char [tracté], chariot* • **EN** *wagon, cart, float* • **PT** *carro [puxado]* **Beispiller** fréier ass de **Won** mat de Béierfässer vu Pærd gezu ginn; bei der Kavalkad hu vill flott gerëschte **Ween** matgemaach; laf net virun de **Won!** ^[egs] [iwwerstierz näischt!] **2. DE** *Wagen [Auto]* • **FR** *voiture [auto]* • **EN** *car [motor car]* • **PT** *carro [automóvel]* **Beispiller** mir hunn eis missen no engem neie **Won** ëmkucken; déi zwee accidentéiert **Ween** hunn d'Kräizung blockéiert **Synonym** Auto

Won Maskulinum (Pluriel **Won**) **DE** *Won* • **FR** *won* • **EN** *won* • **PT** *won* **Beispiller** a Süd- an an Nordkorea gëtt mat **Won** bezuelt; mat wéi vill **Won** muss ee fir eng Nuecht am Hotel rechnen?; hues de nach e puer **Won** am Portmonni?

wond [vont] Adjektiv **DE** *wund* • **FR** *irrité, écorché [peau]* • **EN** *sore [painful]* • **PT** *irritado, em ferida [pele]* **Beispiller** pudder dem Bébee den Hënner, soss gëtt e **wond!**; de Kranken ass **wond** vum ville Leien; ech war an alle

Fächer gutt, just Mathematik war mäi **wonne** Punkt lech war an alle Fächer gutt, just an der Mathematik war ech schwach; domat hues de bei mir e **wonne** Punkt getraff! [domat hues de bei mir e sensible Punkt getraff!]; ech hu mech **wond** geriet, mee et huet näischt gedéngt lech hu mer all Méi ginn, hien ze iwwerzeegen, mee et huet näischt gedéngt!

Woner Maskulinum (Pluriel **Woner**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Wongemeinschaft Femininum (Pluriel **Wongemeinschaften**) - Variant vun ↗Wunngemeinschaft

Wonn [von] Femininum (Pluriel **Wonnen**) **DE** *Wunde* • **FR** *plaie, blessure* • **EN** *sore, wound* • **PT** *ferida [lesão]* **Beispiller** kraz de Roff net erof, soss heelt d'**Wonn** ni; esou eng **Wonn** muss gebitzt ginn; den Doud vu menger Fra ass eng **Wonn**, déi ni wäert heelen

Wonner [v'one] Neutrum (Pluriel **Wonner**) **DE** *Wunder* • **FR** *miracle [fait extraordinaire]* • **EN** *wonder [miracle]* • **PT** *milagre [facto extraordinário]* **Beispiller** et gëtt keen helleggesprach, ouni e **Wonner** vollbruecht ze hunn; wéi duerch e **Wonner** gouf beim Accident kee verwonnt; bei deem Wieder ass et kee **Wonner**, datt mir eis all erkaalt hunn [bei deem Wieder ass et normal, datt mir eis all erkaalt hunn]; wa kee **Wonner** geschitt, da falen ech am Exame riicht duerch [et ass esou gutt wéi sécher, datt ech am Examen duerchfalen]; dee wäert nach säi blot **Wonner** erliewen [dee wäert nach eng béis Iwwerraschung erliewen]

wonnerbar [v'oneba:r] Adjektiv **DE** *wunderbar [großartig]* • **FR** *fantastique, merveilleux, formidable, grandiose* <Adverb *formidablement (bien)*> • **EN** *wonderful* <Adverb *wonderfully*> • **PT** *magnífico, maravilhoso, formidável* <Adverb *maravilhosamente (bem)*> **Beispiller** menger Boma hiert Gebeess ass **wonnerbar**; vun hei aus huet een eng **wonnerbar** Vue op d'Stad; an der Sauna kann ee sech **wonnerbar** entspannen; wéi ëmmer huet alles **wonnerbar** geklappt

wonneren [v'onəɾən] Verb (Hëllefsvb hunn, Participe passé **gewonnen**) » **transitiv** **1. DE** *wundern* • **FR** *étonner [surprendre]* • **EN** *to surprise, to astonish* • **PT** *admirar [surpreender]* **Beispiller** et **wonnert** jiddereen, datt hie mat senger Guttheet nach net bäigelaft ass; datt hien dat do behaupt, datt **wonnert** mech; esou eng Bemierkung **wonnert** mech net vu senger Säit » **reflexiv** **2. DE** *sich wundern* • **FR** *s'étonner, être étonné* • **EN** *to be surprised, to be astonished* • **PT** *admirar-se, ficar admirado* **Beispiller** ech **wonnere** mech, datt nach keent vun eise Kanner sech gemellt huet; wien esou onverstänneg dréngt, brauch sech net iwwer en décke Kapp ze **wonneren**

Wonnermëttel [v'onemətəl] Neutrum (Pluriel **Wonnermëttelen** / **Wonnermëttel**) **DE** *Wundermittel* • **FR** *remède miracle* • **EN** *miracle cure* • **PT** *remédio milagroso* **Beispiller** dat neit Medikament gëtt vu ville Leit als **Wonnermëttel** ugesinn; déi nei Measure ass nach laang kee **Wonnermëttel** géint de Chômage

wonnerschéin [vonef'ʒɪn] Adjektiv **DE** *wunderschön* • **FR** *superbe, splendide, merveilleux* <Adverb *superbement, admirablement bien*> • **EN** *wonderful, marvellous* <Adverb *wonderfully, marvellously*> • **PT** *magnífico, lindíssimo* <Ad-

verb *magnificamente*. **Beispiller** d'Braut koum an engem wonnerschéine wäisse Rack; ech woussst net, datt s du esou wonnerschéi kanns sängen; déi Kapell ass wonnerschéin ausgemoolt

Wonsch [vɔnʃ] Maskulinum (Pluriel Wënsch) **1.** DE *Wunsch* • FR *souhait* [désir] • EN *wish* [desire] • PT *desejo* [vontade] **Beispiller** säi Wonsch ass leider net an Erfüllung gaangen; eng Fee huet him am Dram dräi Wënsch erfëllt; op allgemenge Wonsch spille mer elo eng Walz; d'Butteker hunn Interêt, sech no de Wënsch vun de Clienten ze riichten **2.** DE *Glückwunsch* • FR *vœu* • EN *wish* [of well-being, of congratulation] • PT *voto* [de parabéns] **Beispill** meng bescht Wënsch fir däi 50. Gebuertsdag

Wonschziedel [v'ɔnʃtsiədəl] Maskulinum (Pluriel Wonschziedelen) DE *Wunschzettel* • FR *liste des souhaits* • EN *wish list* • PT *lista de desejos* **Beispiller** déi Rees steet scho laang op eisem Wonschziedel; d'Kanner hunn hire Wonschziedel fir de Kleesche bei d'Schlappe geluecht

Wooltz [vo:lts] Eegennumm - Variant vun ↗Wolz

Wopen [v'o:pən] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Wopen) DE *Wappen* • FR *blason, armoiries* • EN *coat of arms* • PT *brasão, armas* **Beispill** eis Gemeng huet zwou Frellen an hirem Wopen

Wopendéier [v'o:pəndɛiɛ] Neutrum (Pluriel Wopendéieren) DE *Wappentier* • FR *animal héraldique* • EN *heraldic beast* • PT *animal heráldico* **Beispill** d'Wopendéier vun där adeleger Famill ass e Maulef

Worcestershirezooss [w'ustəʃetso:s] Femininum (kee Pluriel) DE *Worcestersauce* • FR *sauce Worcestershire* • EN *Worcestershire sauce, Worcester sauce* • PT *molho Worcestershire, molho inglês* **Beispill** maach nach e bësse Worcestershirezooss an deng Marinad, da kritt se nach méi e kräftege Goût!

Worf [vɔrf] Maskulinum (Pluriel Wërf) **1.** DE *Wurf* [Schuss, Stoß] • FR *lancer, jet* • EN *throw, shot* • PT *lançamento, arremesso* **Beispiller** de Basketspiller huet de Kierfche beim éischte Worf geroden; deng Wërf sinn ze héich, dofir ginn se net wäit genuch **2.** DE *Wurf* [leines Muttertiers] • FR *portée* [d'une femelle] • EN *litter* [brood] • PT *ninhada* [crias do mesmo parto] **Beispill** d'Kanner hunn an der Scheier e Worf jonk Kaze fonnt

Workflow Maskulinum (Pluriel Workflowen / Workflows)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Workout [w'œ:kəʊt] Maskulinum (Pluriel Workoutsen / Workouts) DE *Work-out, Training* • FR *entraînement* [physique] • EN *workout* • PT *exercício físico* **Beispill** e klenge Workout moies fréi bréngt een op Touren!

Workshop [w'œ:kʃɔp] Maskulinum (Pluriel Workshopsen / Workshops) DE *Workshop* • FR *atelier* [activité de groupe] • EN *workshop* [activity] • PT *oficina* (de formação), *workshop* **Beispill** fir Kanner organiséiert de Musée e Workshop iwwer Archeologie **Synonym** Atelier

Wormer [v'ɔrmɛ] Eegennumm - Variant vun ↗Wuermer

Wormerberreg [vɔrmɛb'ɛrɛɕ] Eegennumm - Variant vun ↗Wuermer Bierg

wotlech [v'o:tlɛɕ] Adjektiv DE *lauwarm* • FR *tiède* [légerement chaud] • EN *lukewarm* • PT *morno* [pouco quente] **Beispill** d'Hief muss een an der wotlecher Mël-lech opléisen

wou [vəʊ] Adverb **1.** DE *wo* [räumlich] • FR *où* [spatial] • EN *where* [spatially] • PT *onde* [espacial] **Beispiller** de Buedem läit voller Grimmelen, wou ass d'Biischt?; vu wou bléist de Wand?; do, wou déi zwou Stroossen zesummekommen, goufe Rout Luuchten installéiert; wou hat ech nëmme meng Gedanken? **2.** DE *wo* [zeitlich] • FR *où* [temporel] • EN *when* • PT *em que* [temporal] **Beispill** eist Klengt kënnt elo an den Alter, wou et muss an d'Schoul goen **3.** DE *wie* [drückt Empörung aus] • FR *comment* [exprime l'indignation] • EN *how* [expressing indignation] • PT *como* [exprime indignação] **Beispiller** wou kann e Mënsch nëmme esou onsënneg argumentéieren!; wou konnts de esou eppes maachen! **Synonym** wéi

wou- [vəʊ] (bei Pronominaladverben) DE *wo-* [vertritt ein Indefinitpronomen, ein Nomen oder einen Satz] • FR ... *quoi* [représente un pronom indéfini, un nom ou une phrase] • EN *what* ... [representing an indefinite pronoun, a noun or a sentence] • PT ... *que* [representa um pronome indefinido, um nome ou uma oração] **Beispiller** ech weess näischt, woumat ech deem eng Freed kéint maachen; wourop stäips de deng Aussoen?; wouduerch sinn esou vill Leit aarbechtslos ginn?; well et fir d'Hochzäit keen Dresscode gétt, weess een net genee, wouno een sech soll riichten; et gétt villes an Liewen, woufir ee kann dankbar sinn

woubäi [vəʊb'æ:i] Pronominaladverb ↗wou- + ↗bei

wouduerch [v'əʊdu:ɕ] Pronominaladverb ↗wou- + ↗duerch

i Variant: wouduerjer

wouduerjer [vəʊd'u:ɕɛ] Pronominaladverb - Variant vun ↗wouduerch

wouer [v'əʊɛ] Adjektiv **1.** wouer sinn DE *wahr sein* [stimmen] • FR *être vrai* [être conforme à la réalité] • EN *to be true* [to be correct] • PT *ser verdade* [estar conforme com a realidade] **Beispiller** ech kann net garantéieren, datt dat, wat ech der elo gezielt hunn, wouer ass; wann dat alt wouer ass!; ass et wouer, datt dir zwee iech wëllt bestueden? **Synonym** stëmmen **2.** DE *wahr* [wahrhaftig, zutreffend] • FR *vrai* [véritable] • EN *true* [factual] • PT *verdadeiro, verídico* **Beispiller** un all deem ass kee wouert Wuert; dee Film baséiert op enger wouerer Geschicht

Wouerecht [v'əʊɛrɛɕt] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE *Wahrheit* [das Wahre] • FR *vérité* [réalité] • EN *truth* [reality] • PT *verdade* [realidade] **Beispiller** so mir elo endlech d'Wouerecht!; dësen Artikel deforméiert d'Wouerecht **2.** (Pluriel Wouerechten) DE *Wahrheit* [Tatsache] • FR *vérité* [fait réel] • EN *truth* [real fact] • PT *verdade* [facto real] **Beispiller** ech si bei deem Gespréich e puer interessant Wouerechte gewuer ginn; meng Boma huet d'Gewunnecht, eng Ligen ze zielen, fir eng Wouerecht gewuer ze ginn

wouerhuelen Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé wouergeholl)

i Hei entsteet en neien Artikel.

wouerhunn Verb

i Hei entsteet en neien Artikel.

woufir [vəʊf'i:ɔ̃] Adverb DE *wozu* [zu welchem Zweck] • FR *pourquoi* [dans quel but, à quelle fin] • EN *why* [what for] • PT *porque* [com que fim] **Beispill** woufir fiers de muer an d'Äusland? **Synonym** firwat

woufir [vəʊf'i:ɔ̃] Pronominaladverb ↗wou- + ↗fir

i Variant: wuefir

wougéint [vəʊg'ɛɪnt] Pronominaladverb ↗wou- + ↗géint

wougéint [vəʊg'ɛɪnt] Konjunktioun DE *wohingegen* • FR *alors que, tandis que* • EN *whereas* • PT *enquanto, ao passo que* **Beispill** eist Eelst ass ganz sportlech, wougéint säi klenge Brudder stänneg d'Nues an de Bicher huet **Synonym** währenddeems

wouhanner [v'əʊhənə] Pronominaladverb ↗wou- + ↗hanner

i Variant: wouhannert

wouhannert [v'əʊhənət] Pronominaladverb - Variant vun ↗wouhanner

wouhier [vəʊh'i:ɔ̃] Adverb **1.** DE *woher* [von welchem Ort] • FR *d'où* [de quel endroit] • EN *from where, where ... from* [from what place, from what occasion] • PT *de onde, donde* [de que lugar] **Beispill** ech kennen dee Mann, awer ech weess net méi wouhier **Synonym** vu wou **2.** DE *woher* [wovon] • FR *d'où* [suite à quoi] • EN *from where, where ... from* [from what cause] • PT *donde* [por que razão] **Beispiller** ech froe mech, wouhier ech dee schlëmme Houscht hunn; wouhier kënnt dee battere Geschmaach an denger Zooss? **Synonym** vu wat

wouhier Interjektioun (an) wouhier DE *i wo, denkste, wo denkst du hin* • FR *penses-tu* • PT *pois sim, qual quê, nada disso* **Beispill** ech hått alt geduecht, hie géif mer fir den Hochzäitsdag Blumme schenken, a wouhier!

wouhin [vəʊh'in] Adverb DE *wohin* • FR *où* [vers quel endroit] • EN *where* [to what place] • PT *aonde* [para que lugar] **Beispiller** wouhi gi mer de Mëtteg iessen?; den Owend decidéiere mer, wouhi mer an d'Vakanz ginn **Synonym** wuer

i Variant: wouhinner

wouhinner [vəʊh'inə] Adverb - Variant vun ↗wouhin

woulaanscht [v'əʊla:nʃt] Pronominaladverb ↗wou- + ↗laanscht

woumadden [v'əʊmədən] Pronominaladverb - Variant vun ↗woumat

woumadder [vəʊm'ade] Pronominaladverb - Variant vun ↗woumat

woumat [vəʊm'at] Pronominaladverb ↗wou- + ↗mat

i Varianten: woumadden, woumadder

wounieft [v'əʊniəft] Pronominaladverb - Variant vun ↗wouniewent

wouniewent [v'əʊniəvənt] Pronominaladverb ↗wou- + ↗niewent

i Variant: wounieft

wouno [v'əʊno:] Pronominaladverb ↗wou- + ↗no

wouran [v'əʊrən] Pronominaladverb ↗wou- + ↗an

i Variant: wouranner

wouranner [vəʊr'anə] Pronominaladverb - Variant vun ↗wouran

wouraus [v'əʊræ:ʊs] Pronominaladverb ↗wou- + ↗aus

i Varianten: wourauser, wourausser

wourauser [vəʊr'æ:ʊzə] Pronominaladverb - Variant vun ↗wouraus

wourausser [v'əʊræ:ʊzə] Pronominaladverb - Variant vun ↗wouraus

Wourecht ['vəʊrɛçt] Femininum (Pluriel Wourecht-en) - Variant vun ↗Wourecht

wourëm [vəʊr'əm] Pronominaladverb ↗wou- + ↗ëm

i Varianten: wourëmmer, wourëms

wourëmmer Pronominaladverb - Variant vun ↗wourëm

wourëms [vəʊr'əms] Pronominaladverb - Variant vun ↗wourëm

wourënnner [v'əʊrənə] Pronominaladverb ↗wou- + ↗ënnner

wouriwwer [vəʊr'ivə] Pronominaladverb ↗wou- + ↗iwwer

wourobber [v'əʊrɔbə] Pronominaladverb - Variant vun ↗wourop

wourop [vəʊr'ɔp] Pronominaladverb ↗wou- + ↗ɔp

i Varianten: wourobber, wouopper

wouopper [v'əʊrɔpə] Pronominaladverb - Variant vun ↗wourop

wouropshin [vəʊrɔpsh'in] Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

wourun [vəʊr'un] Pronominaladverb ↗wou- + ↗un

i Variant: wourunner

wourunner [v'əʊrʊnə] Pronominaladverb - Variant vun ↗wourun

Wouscht [vəʊʃt] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** égs DE *Ramsch, (wertloses) Zeug* • FR *bazar, objets sans valeur, camelote* • EN *rubbish, junk* • PT *tralha, objetos sem valor, porcaria* **Beispiller** déi Këscht ass fir ewechzegeheien, do ass just Wouscht dran; wien huet der dee Wouscht do verkaaft? **Synonymmen** Kamelott, Krom, Rebbi **2.** graff pejorativ DE *Gesindel* • FR *racaille* • EN *riff-raff, trash* • PT *gentalha, ralé* **Beispill** hien hålt sech mat deem gréisste Wouscht op **Synonymmen** Krom, Pak, Rebbi

wouvun [ˈvøʊfun] Pronominaladverb ↗wou- + ↗vun

i Variant: wouvunner

wouvunner [ˈvøʊfunə] Pronominaladverb - Variant vun ↗wouvun

wouwéinst [vøʊvˈɛɪnst] Pronominaladverb ↗wou- + ↗wéinst

i Varianten: wouwéinster, wouwéint, wouwéinter

wouwéinster [vˈøʊvɛɪnstə] Pronominaladverb - Variant vun ↗wouwéinst

wouwéint Pronominaladverb - Variant vun ↗wouwéinst

wouwéinter Pronominaladverb - Variant vun ↗wouwéinst

wouzou [vøʊtsˈøʊ] Pronominaladverb ↗wou- + ↗zu

wow Interjektion DE *wow* • FR *waouh* • PT *uau* **Beispiller** dat doten hätt ech net fäerdegbruecht, wow!; wow, wat eng Vue! **Synonym** flütt

Wrack [vrak] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Wracken) **1.** DE *Wrack* [Fahrzeug] • FR *épave* [véhicule] • EN *wreck* [vessel, vehicle] • PT *destróços, carcaça* [de veículo] **Beispiller** dat Wrack läit zënter Joerzénge um Fong vum Mier; nom Accident war den Auto just nach e Wrack **2.** **[pejorativ]** DE *Wrack* [Mensch] • FR *épave, loque* [humaine] • EN **[Definitiv]** *wreck* [person] • PT *farrapo* (humano), *frangalho* **Beispill** no jorelaangem Drogekonsum war mäin Exmann just nach e Wrack

Wucher [vˈuχɛ] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Wucher* • FR *usure* [intérêt], *prix exorbitant* • EN *usury, extortionate price* • PT *usura* [juro excessivo], *preço exorbitante* **Beispiller** Zënse vun iwwer 30 Prozent fir dëse Prêt si Wucher!; 3000 Euro fir deen ale raschtagen Auto ze froen, dat ass Wucher!

wucheren [vˈuχɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewuchert) » **intransitiv** DE *wuchern* [sich ausbreiten] • FR *foisonner, pulluler, proliférer* • EN *to run wild, to grow rampant* • PT *alastrar, pulular, proliferar* **Beispiller** am Gaart wuchert d'Onkraut schonn erëm; d'Therapie soll verhënnere, datt d'Kriibszelle weider wucheren

Wucherzësen [vˈuχɛtsɛnzən] Maskulinum (kee Singulier) DE *Wucherzinsen* • FR *intérêts usuraires, taux usuraires* • PT *juros de usuário, taxa de juro usurária* **Beispill** bei deene Wucherzënse géif ech den Ament kee Prêt ophuelen

wudderen [vˈudɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewuddert) » **intransitiv** **[égs]** DE *rackern* • FR *trimer, se crever* • EN *to slave away, to slog (away)* • PT *labutar, matar-se a trabalhar* **Beispill** ech si futti, ech hunn de ganzen Dag am Gaart gewuddert

Wuecht [vuɛt] Femininum (kee Pluriel) Wuecht halen DE *Wache halten* • FR *monter la garde* • EN *to keep watch, to be on guard* • PT *montar guarda* **Beispiller** virun der Bijouterie hält zënter Kuerzem e Sécherheetsmann Wuecht; um Terrain vun der Fabrick hält den Hond Wuecht

Wuechtel [vˈuɛtəl] Femininum (Pluriel Wuechtelen) Coturnix coturnix DE *Wachtel* • FR *caille des blés* • EN *common quail* • PT *codorniz* **Beispill** wéi laang bréien d'Wuechtelen?

Wuechtelkinnek [vˈuɛtəlkinɛk] Maskulinum (Pluriel Wuechtelkinneken) Crex crex DE *Wachtelkönig* • FR *râle des genêts* • EN *corncrake* • PT *codornizão* **Beispill** wéi laang bréien d'Wuechtelkinneken?

Wuechthond [vˈuɛtθont] Maskulinum (Pluriel Wuechthënn) DE *Wachhund* • FR *chien de garde* • EN *watchdog, guard dog* • PT *cão de guarda* **Beispiller** den Abriecher huet sech vum Wuechthond net ofschrecke gelooss; wéi ech bei den Zonk vun der Proprietéit kouw, hunn d'Wuechthënn gebillt

Wued [vuɛt] Femininum (Pluriel Wueden) DE *Wade* • FR *mollet* • EN *calf* [at the back of the leg] • PT *barriga da perna* **Beispiller** ech krut beim Schwammen e Krämpchen an d'Wued; vum Lafe kritt ee schéi stramm Wueden; ech weise meng Been net méi gär, well ech d'Wuede voller Varicen hunn

Wuel [vuɛl] Neutrum (kee Pluriel) DE *Wohl* • FR *bien* [avantage, intérêt] • EN *well-being, welfare* • PT *bem* [vantagem, interesse] **Beispiller** bei den Diskussiounen iwwer d'Schoul muss d'Wuel vum Kand op éischer Plaz stoen; déi Decisioun gouf fir d'Wuel vun der Allgemengheet geholl

wuel [vuɛl] Partikel **1.** DE *wohl* [zwar] • FR *certes, il est vrai que* • EN *admittedly, certainly* • PT *é verdade que* **Beispill** hien téint wuel vill, mee et ass net vill dohanner **Synonym** zwar **2.** DE *wohl* [wahrscheinlich, vermutlich] • FR *probablement, sans doute* • EN *probably* • PT *provavelmente, certamente* **Beispiller** hien hat sech a senger Jugend wuel net genuch ausgelieft; däin Dram wäert sech wuel ni erfüllen

wuel [vuɛl] Adjektiv **1.** net wuel DE *nicht wohl* [nicht geheuer] • FR *pas rassuré* (du tout), *mal à l'aise* • EN *uneasy* • PT *nada tranquilo, pouco à vontade* **Beispill** bei där Saach ass et mer net wuel **2.** sech wuel fillen DE *sich wohlfühlen* • FR *être bien, être à l'aise, se sentir bien* • EN *to feel comfortable, to be at ease* • PT *estar bem, estar à vontade, sentir-se bem* **Beispiller** ech sinn émmër frou, wann de Besuch sech wuel fillt; an der Pubertéit fille jonk Leit sech dacks net wuel an hirer Haut

Wuelbefannen [vˈuɛlbəfanən] Neutrum (kee Pluriel) DE *Wohlbefinden* • FR *bien-être* • EN *well-being* • PT *bem-estar* **Beispill** op der Palliativstatioun gëtt ganz vill Wäert op d'Wuelbefanne vun de Schwéierkranke geluecht

Wuelendréffer Bréck [vˈuɛləndrɛfɛbrˈɛk] Eegennumm - Variant vun ↗Wallenduerfer Bréck

Wuelessen [vˈuɛləsən] Eegennumm DE *Wahlhausen* • FR *Wahlhausen* • EN *Wahlhausen* • PT *Wahlhausen* **Beispiller** ech wunnen zu Wuelessen; fiert dëse Bus op Wuelessen?

Wuelesser Déckt [vˈuɛləsɛdˈɛkt] Eegennumm DE *Wahlhausen Dickt* • FR *Wahlhausen Dickt* • EN *Wahlhausen Dickt* • PT *Wahlhausen Dickt* **Beispiller** ech wunnen op der Wuelesser Déckt; fiert dëse Bus op d'Wuelesser Déckt?

wuelgemierkt [vuəlgəm'i:çkt] Adverb **DE** wohlge-merkt • **FR** bien entendu, cela va de soi • **EN** of course, naturally • **PT** bem entendido, evidentemente **Beispill** wuelgemierkt ass déi Ausso net wuertwiertlech ze verstoen **Synonym** wuelverstan

Wuelmereng [v'uəlmərəŋ] Eegennumm **DE** Wollmeringen • **FR** Volmerange-les-Mines • **EN** Volmerange-les-Mines • **PT** Volmerange-les-Mines **Beispiller** ech wunnen zu Wuelmereng; fiert dëse Bus op Wuelmereng?

Wuelper [v'uəlpə] Eegennumm **DE** Wolper • **FR** Wolper • **EN** Wolper • **PT** Wolper **Beispiller** ech wunnen um Wuelper; fiert dëse Bus op Wuelper?

i Lokalvariant: Wolper

Wuelstand [v'uəljtənt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Wohlstand • **FR** prospérité, bien-être (matériel), aisance • **EN** prosperity, affluence • **PT** prosperidade, bem-estar (material) **Beispiller** vill Leit betruuechten den aktuelle Wuelstand als normal; meng Elteren hunn et an hirem Liewen zu engem gewëssene Wuelstand bruecht

wuelverstan [vuəlfɛt'a:n] Adverb **DE** wohlverstanden • **FR** bien entendu, cela va de soi • **EN** of course, naturally • **PT** bem entendido, evidentemente **Beispill** déi Ausso ass, wuelverstan, net wuertwiertlech ze verstoen **Synonym** wuelgemierkt

i Variant: wuelverstanen

wuelverstanen [vuəlfɛt'a:nən] Adverb - Variant vun ²wuelverstan

Wuer [vu:ç] Femininum (Pluriel Wueren) **DE** Ware • **FR** marchandise • **EN** goods, merchandise • **PT** mercadoria **Beispiller** de Client huet d'Wuer boer bezuelt; dee verlaangt nawell en zolitte Präis fir seng Wuer!; de Vendeur ass d'Wueren hannenaus an den Depot siche gaangen **Synonym** Marchandise

wuer [vu:ç] Adverb **DE** wohin • **FR** où [vers quel endroit] • **EN** where [to what place] • **PT** aonde [para que lugar] **Beispiller** wuer gi mer de Mëtteg iessen?; den Owend decidéiere mer, wuer mer an d'Vakanz ginn **Synonymmen** wouhin, wouhinner

Wuerentransport [v'u:çrəntrəspɔ:rt] Maskulinum (Pluriel Wuerentransporter) **DE** Gütertransport • **FR** transport de marchandises, (transport de) fret • **EN** goods transport, freight transport • **PT** transporte de mercadorias **Beispiller** déi zwou Eisebunnen hunn sech am Wuerentransport zesummegeedo; eis Gare ass eng international Plattform fir de Wuerentransport **Synonym** Giddertransport

wuerfir [vu:çf'i:ç] Pronominaladverb - Variant vun ²woufir

Wuerm [vu:çm] Maskulinum (Pluriel Wiern) **1.** **DE** Wurm [Tier] • **FR** ver [animal] • **EN** worm [animal] • **PT** verme [da terra] **Beispiller** ech eekle mech viru Wiern a Schleeken; déi Firma huet schonns e puer Leit entlooss, ech mengen, do ass de Wuerm dran! [égs] [déi Firma huet schonns e puer Leit entlooss, ech mengen, déi stécht a grouse Schwieregkeeten!] **2.** (kee Singulier) **DE** Würmer [Darmparasiten] • **FR** vers [para-

sites intestinaux] • **EN** worms [intestinal parasites] • **PT** vermes [parasitas intestinais] **Beispiller** den Hond huet Wiern; et huet laang keen Dokter erausfonnt, datt d'Kand Wiern hat

wuermen [v'u:çmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewuermt) » **transitiv** **DE** wurmen • **FR** pré-occuper, tracasser • **EN** to bug, to nag • **PT** preocupar, aborrecer **Beispiller** wat wuermt dech esou?; et wuermt mech, datt ech nëmmen den Zweeten an der Course gi sinn

Wuermer [v'u:çmɛ] Eegennumm **DE** Wormeldingen • **FR** Wormeldange • **EN** Wormeldange • **PT** Wormeldange **Beispiller** ech wunnen zu Wuermer; fiert dëse Bus op Wuermer?

i Lokalvariant: Wormer

Wuermer Bierg [v'u:çmɛb'i:çç] Eegennumm **DE** Oberwormeldingen • **FR** Wormeldange-Haut • **EN** Wormeldange-Haut • **PT** Wormeldange-Haut **Beispiller** ech wunnen um Wuermer Bierg; fiert dëse Bus op de Wuermer Bierg?

i Lokalvariant: Wormerberreg

Wuert [vu:çt] Neutrum **1.** (Pluriel Wierder) **DE** Wort [sprachliche Einheit] • **FR** mot [unité de langage] • **EN** word [unit of language] • **PT** palavra [unidade linguística] **Beispiller** an dësem Wuert gëtt déi virlescht Silb betount; setz e Bindestréch tëschent déi zwee Wierder **2.** (Pluriel Wierder / Wuert) **DE** Wort [Äußerung] • **FR** mot, parole, propos • **EN** word [comment, remark] • **PT** palavra, dito [afirmação] **Beispiller** d'Musek ass ze haart, et versteet ee säin eegent Wuert net méi; deng léif Wierder hu mer erëm Mutt gemaach; loosst mech e puer Wuert zu deem Thema soen; hie fält mir stänneg an d'Wuert [hien ënnerbrécht mech stänneg]; ech gleewen deem kee Wuert! [ech gleewen deem näischt!]; an elo kritt de President d'Wuert [an elo schwätzt de President]; hien huet kee Wuert iwuer seng Krankheet verluer [hien huet bewosst näischt iwuer seng Krankheet gesot]; déi Kanner follegen hiren Elteren op d'Wuert [déi Kanner follegen hiren Elteren direkt]; loosst mech dach emol zu Wuert kommen! [looss mech dach och emol schwätzen!]; firwat hues de mer kee Wuert vergonnt? [firwat hues de net mat mir doriwwer geschwat?]; eisen neie Chefredakter féiert gären d'grousst Wuert [eisen neie Chefredakter steet gären am Mëttelpunkt]; vun deem kriss de ni e gutt Wuert [vun deem kriss de kee Luef a kee Mercil]; déi jonk Fra kritt vun der Schwéiermamm kee gutt Wuert [déi jonk Fra gëtt vun der Schwéiermamm schlecht behandelt]; du verdréis mer d'Wierder am Mond [du verstees mech express falsch]; et muss een him all Wuert aus der Nues zéien [vu sech aus zielt hien net gär vill]; hien huet e gutt Wuert fir mech ageluecht [hien huet sech fir mech agesat]; du hëls mer d'Wierder aus dem Mond [du sees dat, wat ech och wollt soen]; hien huet Wuert fir Wuert widerholl, wat ech him gesot hunn [hien huet wuertwiertlech geholl, wat ech him gesot hunn]; hues de do nach Wierder? [wien hätt dat geduecht?]; hie muss ëmmer d'lescht Wuert hunn [hie muss ëmmer Recht behalen] **3.** (kee Pluriel) **DE** Wort, Versprechen • **FR** parole, promesse • **EN** word [promise] • **PT** pa-

lavra, promessa **Beispiller** hien huet säi **Wuert** gehalen; hien hat mer gesot, e géing mer gär hëllefen, mee e war paff, wéi ech en du beim **Wuert** geholl hunn [hien hat mer gesot, e géing mer gär hëllefen, mee e war paff, wéi ech en dunn u säi Verspriechehen erënnert hunn]; trau him net, en huet kee **Wuert** [trau him net, en hält sech net un dat, wat e seet!]; e Mann, e **Wuert** [wien e richtege Mann ass, deen hält sech u säi Verspriechehen]; mir hunn eis d'**Wuert** ginn, d'Rees dat nächst Joer nach eng **Kéier** ze maachen [mir hunn eis d'Veersprieche ginn, d'Rees dat nächst Joer nach eng **Kéier** ze maachen] **4.** (kee **Pluriel**) sech d'**Wuert** ginn **DE** *sich das Jawort geben, heiraten* • **FR** *se marier* • **EN** *to marry, to say I do* • **PT** *casar-se* **Beispill** d'**Televisioun** huet iwwerdroen, wéi déi kinneklech **Koppel** sech gëschter virum **Bëschof** d'**Wuert** ginn huet

Wuertaart [v'u:ɔ̃ta:Rt] **Femininum** (**Pluriel** **Wuertaarten**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Wuertbildung [v'u:ɔ̃tbilduŋ] **Femininum** (**Pluriel** **Wuertbildungen**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Wuertdeel [v'u:ɔ̃tde:l] **Maskulinum** (**Pluriel** **Wuertdeeler**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Wuertgrupp [v'u:ɔ̃tgru:p] **Maskulinum/Femininum** (**Pluriel** **Wuertgruppen**)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Wuertschatz [v'u:ɔ̃ʃats] **Maskulinum** (kee **Pluriel**) **DE** *Wortschatz* • **FR** *lexique, vocabulaire* [d'une langue, d'un groupe, d'une personne] • **EN** *vocabulary* [of a language, of people] • **PT** *léxico, vocabulário* [de uma língua, de um grupo, de uma pessoa] **Beispiller** de **Wuertschatz** vun enger lieweger **Sprooch** erweidert sech permanent; d'**Schoulbicher** sinn un de **Kanner** hire **Wuertschatz** ugepasst **Synonym** **Vocabulaire**

I Variant: **Wuertschaz**

Wuertschaz [v'u:ɔ̃ʃats] **Maskulinum** (kee **Pluriel**) - Variant vun ↗**Wuertschatz**

Wuertspill [v'u:ɔ̃ʃpil] **Neutrum** (**Pluriel** **Wuertspiller**) **DE** *Wortspiel* • **FR** *jeu de mots* • **EN** *wordplay, pun* • **PT** *jogo de palavras* **Beispiller** ech hunn dat **Wuertspill** net verstanen, well ech net gutt **Englesch** kann; dee **Komiker** ass bekannt fir seng subtil **Wuertspiller**

wuertwiertlech [vu:ɔ̃tv'i:ɔ̃tlɛç] **Adjektiv** **DE** *wortwörtlich* • **FR** *littéral, mot à mot, mot pour mot* <Adverb *littéralement, textuellement*> • **EN** *literal* <Adverb *literally*> • **PT** *literal, à letra, palavra por palavra* <Adverb *literalmente*> **Beispiller** d'**Administratioun** verlaangt eng **wuertwiertlech** **Iwwersetzung** vu mengem **Diplom**; de **Journalist** huet probéiert, der **Politikerin** hir **Ausso wuertwiertlech** erëmzeginn; huel net alles, wat ech soen, esou **wuertwiertlech**! [huel net alles, wat ech soen, esou eescht!] **Synonym** **wiertlech**

Wuerzel [v'u:ɔ̃tsəl] **Femininum** (**Pluriel** **Wuerzelen**) **1.** **DE** *Wurzel* [einer Pflanze, eines Zahns, eines Haares] • **FR** *racine* [d'une plante, d'une dent, d'un cheveu] • **EN** *root*

[of a plant, a tooth, a hair] • **PT** *raiz* [de uma planta, de um dente, de um cabelo] **Beispiller** du muss d'**Onkraut** mat der **Wuerzel** erausrappen; d'**Wuerzel** vum **Bakzant** ass entzünd; d'**Kriminalitéit** muss un der **Wuerzel** bekämpft ginn [d'**Kriminalitéit** muss un der **Basis** bekämpft ginn] **2.** **DE** *Wurzel* [Ursprung] • **FR** *racine, origine* • **EN** *root* [origin] • **PT** *raiz, origem* **Beispiller** de chrëschtliche **Glawen** huet seng **Wuerzelen** an der **jiddescher Relioun**; eis **Famill** huet hir **Wuerzelen** am **Éislek** **Synonym** **Originn** **3.** **DE** *Möhre* • **FR** *carotte* • **EN** *carrot* • **PT** *cenoura* **Beispill** mir hunn dëst **Joer** dräi **Reie Wuerzele** geséit **Synonym** **Muert**

Wuerzelskuch [v'u:ɔ̃tsəlskuχ] **Maskulinum** (**Pluriel** **Wuerzelskuchen**) **Gastronomie** **DE** *Karottenkuchen* • **FR** *gâteau aux carottes* • **EN** *carrot cake* • **PT** *bolo de cenoura* **Beispill** kanns de mir bei **Geleeënheet** d'**Rezept** vun dengem **Wuerzelskuch** mailen? **Synonym** **Muertekuch**

Wuerzelstack [v'u:ɔ̃tsəlʃtak] **Maskulinum** (**Pluriel** **Wuerzelstäck**) **DE** *Wurzelstock, Baumstumpf* • **FR** *souche* [d'un arbre] • **PT** *toco, cepo* [de uma árvore] **Beispill** ech hat **Méi**, de **Wuerzelstack** vum ale **Quetschebam** erauszehuelen

Wues [vuəs] **Maskulinum** (kee **Pluriel**) **DE** *Rasen* • **FR** *gazon* • **EN** *lawn* [grass] • **PT** *relva* **Beispill** de **Gäertner** huet de **Wues** geméit an d'**Hecke** geschnidden

Wuess [vuəs] **Maskulinum** (kee **Pluriel**) **DE** *Wachs* • **FR** *cire* • **EN** *wax* • **PT** *cera* **Beispiller** pass op mat der **Käerz**, de **Wuess** dréipst op d'**Dëschelduch**!; verschiede **Figuren** aus **Wuess** gesi ganz **realistes**ch aus; ech **epiléiere** mech mat **Wuess**

wuessen [v'u:əsən] **Verb** (**Hëllefverb** **sinn**, **Participe** **passé** **gewuess**) » **intransitiv** **1.** **DE** *wachsen* [sich körperlich, charakterlich entwickeln] • **FR** *grandir* [physique, personnalité] • **EN** *to grow* [physically, mentally] • **PT** *crescer* [físico, personalidade] **Beispiller** de **Bouf** ass erëm aus de **Kleeder** **gewuess**; zënter ech se fir d'**lescht** **gesinn** hunn, **ass** deng **kleng** **Schwëster** vill **gewuess**; ech hat him dat net **zougetraut**, mee hien **ass** u **senger** **Aufgab** **gewuess** [hien ass méi kompetent ginn duerch dat, wat hien huet misse maachen] **2.** am **Wuessen** **DE** *in der Wachstumsphase* • **FR** *en cours de croissance (physique)* • **EN** *in a growth stage* • **PT** *em fase de crescimento (físico)* **Beispill** wa se am **Wuesse** sinn, iessen d'**Kanner** méi **3.** **DE** *wachsen* [Pflanze] • **FR** *pousser* [végétal] • **EN** *to grow* [plant] • **PT** *medrar* [vegetal] **Beispill** no esou engem **Ree** **wiisst** d'**Zalot** bestëmmt gutt **4.** sech eppes **wuesse** **loossen** **DE** *sich etwas wachsen lassen* • **FR** *se faire pousser quelque chose* • **EN** *to grow* [to let grow] • **PT** *deixar crescer alguma coisa* **Beispiller** mäi **Brudder** léisst sech de **Baart** **wuessen**, fir méi al auszegesinn; **looss** der **keng** **gro** **Hoer** **wuessen** [maach der **keng** **Suergen**] **5.** **gewuess** **sinn** **DE** *gewachsen sein* [einer Sache] • **FR** *être à la hauteur de* [d'une situation] • **EN** *to be up to, to match up to* • **PT** *estar à altura de* [de uma situação] **Beispill** de **Stagiaire** **ass** den **Uspréich** net **gewuess** **6.** **DE** *sich ausdehnen* • **FR** *grandir, s'étendre* • **EN** *to grow bigger* [to extend] • **PT** *crescer, estender-se* **Beispill** d'**Stad** **wiisst** vu **Joer** zu **Joer** **7.** **DE** *wachsen* [steigen] • **FR** *augmenter* [monter] • **EN** *to grow* [to increase] • **PT** *aumentar* [subir] **Beispill** d'**Onze-friddenheet** **ënner** de **Leit** **wiisst** **ëmmer** méi

i Verben, déi **wuessen** als Basis hunn: *↗awuessen, ↗erauswuessen, ↗nowuessen, ↗opwuessen, ↗uneneewuessen, ↗uwuessen, ↗weiderwuessen, ↗zesummewuessen an ↗zouwuessen*

wuessen [v'ʊəsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gewuess*) » **transitiv** **DE** *wachsen* [mit *Wachs* überziehen] • **FR** *cirer, farter* • **EN** *to wax* [to treat with wax] • **PT** *encerer, pôr cera em* **Beispill** Ier mer an de Wintersport fueren, muss ech meng **Schi** frësch **wuessen**

wuessen [v'ʊəsən] Adjektiv **DE** *wächsern, aus Wachs* • **FR** *en cire* • **EN** *waxen* • **PT** *de cera* **Beispill** am Mëttelalter ware **wuesse** Kärzen e **Luxus**

Wuesstem [v'ʊəstəm] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun *↗Wuesstum*

Wuesstum [v'ʊəstum] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Wachstum* [Zuwachs] • **FR** *croissance* [progrès, expansion] • **EN** *growth* [increase, expansion] • **PT** *crecimento* [progresso, expansão] **Beispill** fir dëst Joer rechnen d'Ekonomiste mat engem **Wuesstum** vun dräi Prozent

i Variant: **Wuesstem**

wujeleg [v'ʊzələç] Adjektiv **DE** *wuschelig, wirr* • **FR** *ébouriffé, frisé* • **EN** *tousled, frizzy* • **PT** *desgrenhado, frisado* **Beispiller** eist Mierschwéngchen huet e **wujelege** Pelz; meng kleng Schwëster huet e **wujelege** blonde Krauselkapp

Wujelkapp Maskulinum (Pluriel **Wujelkäpp**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Wull [vul] Femininum (kee Pluriel) **1. DE** *Gewühl, Menschenmenge* • **FR** *foule* • **EN** *crowd* • **PT** *multidão* **Beispill** op der Braderie koume mer net duerch d'**Wull** **2. eng Wull** **DE** *ein Haufen, eine Menge* • **FR** *un tas de, plein de, un grand nombre de* • **EN** *loads of, lots of* • **PT** *uma data de, um grande número de* **Beispill** bei dësem Wuert fale mer eng **Wull** **Beispiller** an **3. DE** *Unordnung* • **FR** *désordre, fouillis* • **EN** *muddle, jumble, mess* • **PT** *desordem, barafunda* **Beispiller** eise Chef huet eng grouss **Wull** a sengem Büro; an denger **Wull** fënnt een näischt erëm!; eist Haus ass eng eenzeg **Wull** [an eisem Haus ass näischt geraumt] **Synonymmen** Duercherneen, Onuerdnung

wullen [v'ʊləŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gewullt*) » **intransitiv** **1. DE** *wühlen* [graben] • **FR** *fouiller* [creuser] • **EN** *to dig, to make a hole* • **PT** *esgaravator* [revolver a terra] **Beispill** Ären Hond huet nees bei eis am Gaart **gewullt** **2. DE** *wühlen* [stöbern, kramen] • **FR** *fouiller* [chercher, fureter] • **EN** *to rummage through* • **PT** *remexer* [procurar, vasculhar] **Beispiller** firwat **wulls** de esou an denger Posch, fënns de däin Handy net méi?; hal op, (mam Fanger) an der Nues ze **wullen**! [hal op, mam Fanger an der Nues no **Kozen** ze sichen!]

i Verben, déi **wullen** als Basis hunn: *↗duerchwullen an ↗opwullen*

Wullmaus [v'ʊlmæ:ʊs] Femininum (Pluriel **Wullmais**) **Arvicola amphibius** **DE** *Ostschermaus* • **FR** *campagnol terrestre* • **EN** *water vole* • **PT** *rato-dos-lameiros* **Beispill** d'**Wullmaus** grueft ausgedeent Gäng ënner dem Buedem, esou datt, wéi beim **Maulef**, kleng **Kéip** entstinn

Wunnberäich Maskulinum (Pluriel **Wunnberäicher**)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Wunnblock [v'unblok] Maskulinum (Pluriel **Wunnbléck**) **DE** *Häuserblock* • **FR** *pâté de maisons, pâté d'immeubles* • **EN** *block* [of buildings] • **PT** *bloco de casas, quarteirão* **Beispill** owes lafen ech gär mam **Hond** e puer **Tier** ronderëm de **Wunnblock**

Wunnecht Femininum (Pluriel **Wunnechten**) - Variant vun *↗Wunneng*

wunnen [v'unən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gewunnt*) » **intransitiv** **DE** *wohnen, seinen Wohnsitz haben* • **FR** *habiter, avoir son domicile, résider* • **EN** *to live* [to make one's home] • **PT** *morar, ter a sua residência, residir* **Beispiller** mir **wunnen** an enger aler **Millen**, déi mer restauréiert hunn; vill **Leit** **wunnen** um **Land** a fueren all **Dag** an d'**Stad** schaffen; mir **wunne** scho sechs **Joer** an dëser **Gemeng**; meng **Eltere** **wunne** scho laang **getrennt**; si **musse** **wunne** **goen** [si hu keng eege **Wunneng**, si **musse** **loune** **goen**]; mengs **de**, ech géif hei **wunne** **bleiwen**? [égs [looss mech net waarden!] **Synonym** **liewen**

Wunneng [v'unenç] Femininum (Pluriel **Wunnengen**) **1. DE** *Wohnung* [in einem Wohngebäude] • **FR** *appartement* • **EN** *flat, apartment* • **PT** *apartamento, andar* **Beispiller** meng **Wunneng** ass um **drëtte** **Stack**; mir hunn eng **Wunneng** mat **zwo** **Schlofkummeren**; am **Gebai** sinn **dräi** **Wunnengen** ze **verkafen** **Synonymmen** **Appartement, Quartier** **2. DE** *Wohnung* [Unterkunft] • **FR** *logement, habitation* • **EN** *accommodation, housing* • **PT** *alojamento, habitação* **Beispill** wéinst den **héije** **Präisser** ass et **haut** **schwéier**, eng **Wunneng** ze **fannen** **Synonym** **Logement** **3. DE** *Wohnsitz* • **FR** *domicile* • **EN** *domicile, residence* • **PT** *domicílio, morada* **Beispill** vill **Studenten** hunn **offiziell** hir **Wunneng** **nach** bei den **Elteren**

i Variant: **Wunnecht**

Wunnengsbau [v'unençsbæ:ʊ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Wohnungsbau* • **FR** *construction de logements, politique de logement* • **EN** *housing* [construction] • **PT** *construção de habitações, política habitacional* **Beispill** d'**Explosioun** vun der **Awunnerzuel** verlaangt en **neit** **Konzept** fir de **Wunnengsbau**

Wunnengssich Femininum (Pluriel <seelen> **Wunnengssichen**) **DE** *Wohnungssuche* • **FR** *recherche d'un logement* • **PT** *procura de alojamento, procura de casa* **Beispill** eis **Associatioun** hëlleft de **Studente** bei der **Wunnengssich**

Wunngemeinschaft [v'ʊŋgəmaɪnʃaft] Femininum (Pluriel **Wunngemeinschaften**) **DE** *Wohngemeinschaft, WG* • **FR** *(communauté de) colocation* • **EN** *houseshare, flat-share* • **PT** *habitação partilhada* **Beispill** als **Student** hunn ech an enger **Wunngemeinschaft** mat **zweief** **Leit** **gelieft**

i Variant: **Wongemeinschaft**

i **Kuerzform**: **WG**

wunnlech [v'unləç] Adjektiv **DE** *wohnlich* • **FR** *agréable (à habiter), cosy* • **PT** *agradável (para viver), acolhedor, confortável* **Beispill** si hunn e **grousst** **Appartement**, mee ech **fannen** et net **wunnlech**

Wunnraum [v'ʊnræ:ʊm] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Wohnraum [Wohnungen] • **FR** offre de logements, parc de logements • **EN** housing [housing stock] • **PT** oferta de habitações, parque habitacional **Beispill** de private Maart ass net kapabel, d'Problemer vum Wunnraum ze léisen

Wunnsëtz [v'ʊnzəts] Maskulinum (Pluriel Wunnsëtzer) **DE** (meldepflichtiger) Wohnsitz • **FR** domicile (officiel) • **EN** (official) residence • **PT** domicílio (oficial), residência (oficial) **Beispiller** hie leeft op der Strooss an huet kee feste Wunnsëtz; op dësem Formulaire muss de en Ënnerscheid maachen tëschent dem Wunnsëtz an dem Wunnuert

Wunnuert [v'ʊnu:ɐ̯t] Maskulinum (Pluriel Wunnuerter) **DE** Wohnort • **FR** lieu de résidence • **EN** place of residence • **PT** local de residência **Beispiller** wuer d'Kanner an d'Schoul ginn, hântk vum hirem Wunnuert of; op dësem Formulaire muss de en Ënnerscheid maachen tëschent dem Wunnsëtz an dem Wunnuert

Wunzon [v'ʊntso:n] Femininum (Pluriel Wunzonen) **DE** Wohnzone • **FR** zone résidentielle • **EN** residential area • **PT** zona residencial **Beispill** a verschiddene Wunzonen ass d'Vitess op 30 km/h limitéiert

Wupp [vʊp] Maskulinum (Pluriel Wipp / Wuppen) **1.** [ëgs] **DE** Ende [Endstück] • **FR** bout [extrémité] • **EN** (far) end [extremity] • **PT** ponta [extremidade] **Beispiller** ech krut näischt vum deem Gespräch mat, well ech um anere Wupp vum Dësch souz; looss mer de Wupp vum der Zoossiss!; hien ass um hënneschte Wupp vu senger Klass [hien ass dee schwächste Schüler vu senger Klass] **2.** [ëgs] **DE** Rand, Kante • **FR** bout, bord • **EN** edge [boundary], border • **PT** ponta, bordo **Beispill** stell déi Vas net op de Wupp vum der Komoud! **Synonymmen** Bord, Rand **3.** [ëgs] **DE** Wurst • **FR** saucisse, saucisson • **EN** sausage • **PT** salsicha **Beispill** komm, lee nach e puer Wipp op de Grill! **Synonym** Wurscht

Wupp Maskulinum (kee Pluriel) [ëgs] **DE** Schmackes, Schwung, Kraft, Elan • **FR** élan, force, énergie • **PT** impeto, força, potência, energia **Beispiller** de Stiermer huet de Ball mat Wupp an de Gol geschoss; fir dee géie Bierg hei séier eropzekommen, brauchts de en Auto mat genuch Wupp; dee faden Typ huet iwverhaapt kee Wupp; wann hien eppes mécht, dann ass Wupp derhanner [wann hien eppes mécht, da geet et séier an effikass virun]

Würd [vyʁt] Femininum (kee Pluriel) **DE** Würde, Menschenwürde • **FR** dignité [de la personne humaine] • **EN** dignity [of a human being] • **PT** dignidade [da pessoa humana] **Beispill** d'Würd vum de Patient muss zu all Ament respektéiert ginn **Synonym** Dignitéit

würdeg [v'yʁdɔɐ̯ç] Adjektiv würdeg sinn **DE** würdig sein • **FR** faire honneur à, être digne de [mériter] • **EN** to be worthy of • **PT** fazer honra a, ser digno de [merecer] **Beispiller** esou eng Behandlung vu geeschteg kranke Leit ass enger moderner Psychiatrie net würdeg; d'Schwéiermamm huet fonnt, hie wier hirer Duechter hirer net würdeg

i Variant: wierdeg

würdegen [v'yʁdɔɐ̯zən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewürdegt) » **transitiv** **DE** würdigen, aner-

kennen • **FR** honorer, reconnaître, estimer • **EN** to honour, to recognize • **PT** honrar, reconhecer, estimar **Beispill** den Inneminister huet den Asaz vum de Kollegeen ausdrécklech gewürdegt

i Variant: wierdegen

Würfel [v'yʁfəl] Maskulinum (Pluriel Würfel / Würfelen) - Variant vum ↗Wierfel

würfelen [v'yʁfələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewürfelt) - Variant vum ↗wierfelen

Wurrel [v'ʊrəl] Femininum (Pluriel Wurrelen) **DE** Gewirr [Kabel, Fäden] • **FR** emmêlement [de fils] • **PT** emaranhado [de cabos, de fios] **Beispiller** ech war den hallwen Nomëtteg amgang, d'Wurrel aus de Computerkabelen erauszemaachen!; maach mer keng Wurrel a meng Woll!

Wurscht [vʊʁʃt] Femininum **1.** (kee Pluriel) **DE** Wurstwaren, Aufschnitt • **FR** charcuterie [aliment] • **EN** cold meat(s), charcuterie • **PT** carnes frias, charcutaria **Beispill** bréng mir e puer Tranché Wurscht mat **2.** (Pluriel Wurschten) **DE** Wurst • **FR** saucisse • **EN** sausage • **PT** salsicha **Beispiller** ech kafe meng Wurscht bei engem éischtklasse Metzler; elo geet et ëm d'Wurscht! lelo geet et ëm alles!

wurscht Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel

wurschtelen [v'ʊʁʃtələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewurschtelt) » **intransitiv** [ëgs] **DE** wurschteln • **FR** bidouiller, bricoler [en amateur] • **EN** to potter about, to muddle along • **PT** fazer [trabalho de amador], engonhar **Beispiller** wat wurschtels du nëmmen de ganzen Dag an dengem Atelier?; wann deen Eefalt sech net wëllt hëllef loosse, da muss en eebe viru wurschtelen

würzen [v'yʁtsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gewürzt) - Variant vum ↗wieren

Wüst [vy:st] Femininum (Pluriel Wüsten) - Variant vum ↗Wüüst

wüst Adjektiv - Variant vum ↗wüüst

Wüstefallek [v'y:stəfələk] Maskulinum (Pluriel Wüstefalleken) Falco pelegrinoides - Variant vum ↗Wüüstefallek

wutschen [v'ʊtʃən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé gewutscht) » **intransitiv** **1.** [ëgs] **DE** flutschen [gleiten] • **FR** glisser, échapper [en glissant des mains] • **EN** to slip, to slide • **PT** escorregar, escapar [das mãos] **Beispill** déi naass Seef ass mer aus der Hand gewutscht **Synonym** flutschen **2.** [ëgs] **DE** huschen • **FR** filer [aller vite] • **EN** to scurry, to dart • **PT** esgueirar-se, fugir **Beispill** elo just ass eng Maus ënner de Schaf gewutscht **Synonymmen** huschen, wëschen

Wutz [vʊts] Maskulinum (Pluriel Wutzen / Wutzer / Wütz) **1.** **DE** Zipfel, Eck, Ende • **FR** bout [extrémité], coin • **EN** corner, tail, end • **PT** ponta [extremidade], canto **Beispiller** de Wutz vum Dëschelduch ass mat engem schéine Muster dekoréiert; huel de Sak mat den zwee Wutzen; bis op de Wutz ass d'Zoossiss ganz giess ginn; de Coureur war um Wutz vum Peloton; ech krut

just e **Wutz** vum Gespréich mat lech krut just e klengt Stéck vum Gespréich mat] **2.** **DE** *Pferdeschwanz, Zopf* • **FR** *queue de cheval, couette [cheveux]* • **EN** *ponytail* • **PT** *rabo de cavalo, rabicho [de cabelo]* **Beispiller** fir joggen ze goen, maachen ech mer ëmmer e **Wutz** an d'Hoer; wéi ech kleng war, huet mäi Papp mer ëmmer zwee **Wutze** gemaach **3.** ^[ëgs] **DE** *Zipfel [Penis]* • **FR** *zizi, quéquette* • **EN** *willy* • **PT** *pirilau, pila* **Beispill** dee klenge Bouf sot senger Mamm, de **Wutz** géif em wéidoen

Wüüst [vy:st] Femininum (Pluriel **Wüüsten**) **DE** *Wüste* • **FR** *désert [région]* • **EN** *desert* • **PT** *deserto [região]* **Beispill**

d'Nomaden zéie mat hire Kaméilen duerch d'Wüüst

i Variant: **Wüst**

wüüst [vy:st] Adjektiv **DE** *wüst [unordentlich, chaotisch]* • **FR** *chaotique* • **EN** *wild, chaotic* • **PT** *caótico* **Beispiller** mir haten e **wüüsten** Owend; a menger Studentewunneng huet et dacks **wüüst** ausgesinn

Wüüstefallek [v'y:stəfalek] Maskulinum (Pluriel **Wüüstefalleken**) **Falco pelegrinoides** **DE** *Wüstenfalke* • **FR** *faucon de Barbarie* • **EN** *Barbary falcon* • **PT** *falcão-ta-garote* **Beispill** wéi laang bréien d'Wüüstefalleken?

X

X-Been Neutrum (kee Singulier)

I Hei entsteet en neien Artikel.

x-belibeg [iksβəl'i:bəç] Adjektiv ^{égs} DE *x-beliebig* • FR *n'importe quel, quelconque* • EN *any, any old* • PT *qualquer, seja qual for* **Beispiller** nenn mer eng *x-belibeg* Zuel tëschent 0 an 100!; ech iesse léiwer doheem ewéi an engem *x-belibeg* Restaurant!

Xenon [ks'e:nɔn] Maskulinum (kee Pluriel) ^{Chimie} DE *Xenon [chemisches Element]* • FR *xénon [élément chimique]* • EN *xenon [chemical element]* • PT *xénon [elemento químico]* **Beispill** d'Element Xenon gehéiert zum Grupp vun den Eedelgasen

xenophob [ksənɔf'o:p] Adjektiv DE *xenophob* • FR *xénophobe* • EN *xenophobe* • PT *xenóforo* **Beispill** de Ried-

ner gouf wéinst senge *xenophoben* Aussoe kritiséiert **Synonym** friemefeindlech

Xenophobie [ksənɔfobi:] Femininum (kee Pluriel) DE *Xenophobie* • FR *xénophobie* • EN *xenophobia* • PT *xenofobia* **Beispill** duerch déi vill Flüchtlinge schéngt d'*Xenophobie* an der Bevëlkerung zouzehuelen **Synonym** Friemenhaass

x-mol [iksm'o:l] Adverb

I Hei entsteet en neien Artikel.

Xylofon [ks'ilofo:n] Maskulinum (Pluriel Xylofonen / Xylofoner) DE *Xylofon* • FR *xylophone* • EN *xylophone* • PT *xilofone* **Beispill** ech üben all Dag e puer Gammen um Xylofon

Xylophon [ks'ilofo:n] Maskulinum (Pluriel Xylophonen / Xylophoner) - Variant vun ↗Xylofon

Y

Yacht [jɑxt] Femininum (Pluriel Yachten) DE *Jacht* • FR *yacht* • EN *yacht* • PT *iate* **Beispill** d'Geschäftsfra huet eng Party op hirer Yacht ginn

Yak [jak] Maskulinum (Pluriel Yaken)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Yamoussoukro Eegennumm DE *Yamoussoukro* • FR *Yamoussoukro* • EN *Yamoussoukro* • PT *Iamussucro* **Beispill** Yamoussoukro ass d'Haaptstad vun der Côte d'Ivoire

Yaoundé Eegennumm - Variant vun ↗Jaunde

Yaren Eegennumm DE *Yaren* • FR *Yaren* • EN *Yaren* • PT *Iarém* **Beispill** Yaren gëtt als Haaptstad vun Nauru ugesinn

Yen Maskulinum (Pluriel Yen) DE *Yen* • FR *yen* • EN *yen* • PT *iene* **Beispiller** a Japan gëtt mat Yen bezuelt; mat wéi vill Yen muss ee fir eng Nuecht am Hotel rechnen?; hues de nach e puer Yen am Portmonni?

i Yen gëtt mat JPY oder mat ¥ ofgekierzt.

Yoga [j'o:ga:] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Yoga* • FR *yoga* • EN *yoga* • PT *ioga* **Beispill** ech hat gëschter meng éischt Stonn Yoga

Yogascours [j'o:ga:sku:g] Maskulinum (Pluriel Yogascoursen) DE *Yogakurs* • FR *cours de yoga* • EN *yoga class* • PT *aula de ioga* **Beispill** ech hu mech an e Yogascours fir Fraen ageschriwwen

Yogi [j'o:gi] Maskulinum (Pluriel Yogien) **Relioun** DE *Yogi* • FR *yogi* • EN *Yogi* • PT *iogue* **Beispill** beim Empfang

an der Ambassade hu mir en hinduistesche Yogi virgestallt kritt

Youtube-Channel [j'u:tju:ptfænəl] Maskulinum (Pluriel Youtube-Channels) - Variant vun ↗Youtubechannel

Youtubechannel [j'u:tju:ptfænəl] Maskulinum (Pluriel Youtubechannels) DE *Youtube-Kanal* • FR *chaîne Youtube* • EN *YouTube channel* • PT *canal (de) Youtube* **Beispill** ech setzen all Woch en neien Tutorial op mäi Youtubechannel

Ysop Maskulinum (Pluriel Ysopen) DE *Ysop* • FR *hysope* • EN *hyssop* • PT *hissopo* **Beispill** an eiser Drëpp hu mer Anäis, Meliss, Fenchel an Ysop verschafft

Ytterbium [it'ɛrbjum] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** DE *Ytterbium [chemisches Element]* • FR *ytterbium [élément chimique]* • EN *ytterbium [chemical element]* • PT *itérbio [elemento químico]* **Beispill** d'Element Ytterbium gehéiert zum Grupp vun de Lanthanoiden

Yttrium ['itrium] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** DE *Yttrium [chemisches Element]* • FR *yttrium [élément chimique]* • EN *yttrium [chemical element]* • PT *itrio [elemento químico]* **Beispill** d'Element Yttrium gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller

Yuan Maskulinum (Pluriel Yuan) DE *Yuan* • FR *yuan* • EN *yuan* • PT *iuane* **Beispiller** Renminbi ass den offiziellen Numm vun der chineesescher Währung, mee d'Präisser ginn a Yuan ausgedréckt; mat wéi vill Yuan muss ee fir eng Nuecht am Hotel rechnen?; hues de nach e puer Yuan am Portmonni?

Z

Zaang [tsa:ŋ] Femininum (Pluriel Zaangen) **1.** DE Zange [Instrument, Werkzeug] • FR pince, pincette, tenaille • EN pincers, pliers • PT alicate, tenaz, pinça **Beispill** hien huet mat enger Zaang e Stéck Drot ofgepëtzt **2.** DE Zange [Geburtszange] • FR forceps • EN forceps [for birth assistance] • PT fórceps **Beispill** d'Doktesch huet d'Kand mat der Zaang geholl **3.** DE Zange [von Tieren] • FR pince [d'un animal] • EN pincer [of an animal] • PT pinça [de um animal] **Beispill** den Ouereschléffer gehéiert zu den Insekten, déi Zaangen hunn **Synonymmen** Pince, Schéier

zaart [tsa:rt] Adjektiv **1.** DE zart [leicht zu kauen] • FR tendre [facile à mâcher] • EN tender [easy to chew] • PT tenro [fácil de mastigar] **Beispill** esou en zaarte Filet hate mer scho laang net méi! **2.** DE zart [empfindlich] • FR délicat [fragile] • EN delicate [fragile] • PT delicado [frágil] **Beispill** déi zaart Plänzchen huet de Frascht net iwuerlieft **3.** DE zart [samtig] • FR doux [au toucher] • EN soft [to the touch] • PT macio [ao tato] **Beispill** vun där Crème kritt een eng ganz zaart Haut **Synonym** duuss **4.** DE zart [feingliedrig] • FR mince, fin • EN slender • PT delgado, fino **Beispill** dee Bracelet ass ze grouss fir deng zaart Äermercher

zabbeleg [ts'abələç] Adjektiv - Variant vun ↗zappelleg

zabbelen [ts'abələŋ] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gezabbelt) - Variant vun ↗zappelen

Zack [tsak] Maskulinum/Femininum (Pluriel Zacken) DE Zacke • FR pointe, dent • EN pointed projection, perforation [of a stamp] • PT ponta, dente **Beispiller** dee raren Timber wier méi wäert, wann nach all Zacken dru wieren; dir fällt scho keen Zack aus der Kroun, wann s de eis hëllef! [egs] [et ass net ze vill vun der verlaangt, wann s de eis hëllef]

Zack [tsak] Maskulinum (kee Pluriel) op Zack sinn DE auf Zack sein • FR être rapide, être prompt (d'esprit) • EN to be on the ball, to be alert, to be on one's toes • PT ser rápido, ser vivo (de esprit) **Beispiller** de Schüler war am Orall op Zack; fir bei deem Quiz kënne matzehalen, muss een op Zack sinn

zack Interjektioun DE zack • FR hop [expression d'une action brusque] • EN wham, bam • PT zás, trás, pumba **Beispiller** zack, déi souz!; stell em eng Fro an zack hues de eng Äntwert!

zackeg [ts'akəç] Adjektiv **1.** DE fesch • FR pimpant, fringant • EN dashing [smart, stylish] • PT aroso, vistoso **Beispiller** all déi jonk Frae wollte mat deem zackegen Offizéier en Tour danzen; wat hues du eng zackeg Coupe! **Synonym** flott **2.** DE zackig [dynamisch] • FR entraînant [rythmique], endiablé • EN brisk, spirited • PT cadenciado [rítmico], empolgante **Beispill** als Zugab huet d'Musek zwee zackeg Märsch gespillt

zackerdjëss Interjektioun [egs] [vereezlt] DE Herrgott nochmal, verflíxt und zugenáht, Himmel, Arsch und Zwirn • FR nom d'une pipe, nom d'un chien, sapristi • EN for heaven's sake, damn • PT irra, com os diabos, com a breca **Beispiller** zackerdjëss, hal dach endlech op mat

deem Gejëimers!; zackerdjëss, elo hunn ech e risege Fleck op der Blus! **Synonymmen** hackerstiwwel, Kräizdonnerwieder, nondikass, nondipipp

Varianten: hackerdjëft, hackerdjëss

Zaepert [ts'ɛ:pət] Eegennumm DE Zaepert • FR Zaepert • EN Zaepert • PT Zaepert **Beispiller** ech wunnen am Quartier Zaepert; fiert dëse Bus an de Quartier Zaepert?

zäertlech [ts'ɛ:çtləç] Adjektiv DE zärtlich • FR tendre [affectueux, câlin] <Adverb tendrement> • EN tender, affectionate <Adverb tenderly, affectionately> • PT terno [afetuoso, carinhoso] <Adverb com ternura> **Beispiller** säi Frënd huet him en zäertleche Kuss ginn; d'Koppel huet zäertlech matenee geschmuust

Zäertlechkeet [ts'ɛ:çtləç:kɛ:t] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE Zärtlichkeit [Zuneigung] • FR tendresse [affection] • EN tenderness [affection] • PT ternura [afeição] **Beispill** an hirer Relatioun ass keng Spuer vun Zäertlechkeet **2.** (Pluriel Zäertlechkeeten) DE Zärtlichkeit [Liebkosung, Wort] • FR caresse, câlin • EN caress, tenderness • PT carícia, mimo **Beispill** hien huet hatt de ganzen Owend mat Zäertlechkeete verwinnt

Zafron Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Safran

Zagreb Eegennumm DE Zagreb • FR Zagreb • EN Zagreb • PT Zagrebe **Beispill** Zagreb ass d'Haaptstad vu Kroatien

Zahnpasta [ts'a:npasta:] Femininum (Pluriel Zahnpastaen) - Variant vun ↗Zanpasta

Zahnspang Femininum (Pluriel Zahnspangen) - Variant vun ↗Zanspang

Zahnstocher [ts'a:nftoçɐ] Maskulinum (Pluriel Zahnstocher / Zahnstocheren) - Variant vun ↗Zanstocher

Zäit [tsæ:it] Femininum **1.** (kee Pluriel) DE Zeit [Begriff] • FR temps [concept, phénomène] • EN time [concept, phenomenon] • PT tempo [conceito, fenómeno] **Beispiller** d'Zäit bleift net stoen; d'Philosophe beschäftege sech ënner anerem mat de Begrëffer vu Raum an Zäit; am Laf vun der Zäit huet de Problem sech vum selwe geléist; et ass eng Fro vun der Zäit, bis den Tuerm an e Koup fällt **2.** (kee Pluriel) DE Zeit [Zeitpunkt, Termin] • FR temps [terme, délai, échéance] • EN time [suitable moment, appropriate time] • PT tempo [altura, prazo] **Beispiller** elo gëtt et Zäit, datt mer heemginn; et ass héich Zäit, datt ech meng Steiererklärung maachen; alles zu senger Zäit! [et soll een näischt iwwerstierzen!]; elo gëtt et awer Zäit! [elo geet et awer duer!] **3.** (kee Pluriel) DE Zeit [Uhrzeit] • FR heure [officielle] • EN time [time of day, clock time] • PT hora [oficial] **Beispiller** op déi Telefonsnummer kanns de uruffen, fir déi genee Zäit gewuer ze ginn; ech winne mech séier drun, wann d'Zäit ëmgestallt gëtt; du kanns elo net an Amerika uruffen, do ass eng aner Zäit **Synonym** Auerzäit **4.** (Pluriel Zäiten) DE Zeit [Zeitabschnitt, Zeitraum] • FR temps [période, durée] • EN time [period of time] • PT tempo [período, duração] **Beispiller** ech hunn eng Zäit (laang) am Ausland gewunnt; a kuerzer Zäit

ass téschent him a mir eng grouss Frëndschaft entstanen; wéi vill Zäit brauch de Fournisseur fir ze liwweren?; et brauch seng Zäit, bis d'Wonn geheelt ass; esou e Stierfall ze verkräften, dat brauch (seng) Zäit; hien huet schwéier Zäiten hanner sech; an där gudder, aler Zäit hunn d'Leit nach hir Nopere kennt; a leschter Zäit war ech dacks krank (an der Lescht war ech dacks krank) **5.** (Pluriel Zäiten) **DE** Zeit [Epochel] • **FR** temps [époque] • **EN** time [epoch] • **PT** tempo [lépoca] **Beispiller** dat heï ass eng Strooss aus der Zäit vun de Réimer; an der Zäit vun de Postkutsche goufen op dëser Plaz d'Päerd gewiesselt; dat waren nach Zäiten! [fréier war alles besser!]; mat nonzeg geet meng Boma nach ëmmer mat der Zäit [mat nonzeg passt sech meng Boma nach ëmmer den neien Entwécklungen un] **6.** (kee Pluriel) **DE** Zeit [zur Verfügung stehende Zeit] • **FR** temps [disponible] • **EN** time [time available] • **PT** tempo [disponível] **Beispiller** hues du den Owend Zäit, fir d'Kanner ze versueren?; op der Aarbecht soll ee seng Zäit optimal andeelen; mäi Frënd huet ni Zäit fir mech, en ass ëmmer anerwärts beschäftigt; ech hunn haut iwverhaapt keng Zäit!; huel der gutt Zäit, du brauchst dech net ze tommelen; mäin Hausdokter hëlt sech ëmmer Zäit fir mech; mir hunn nach déi schéinsten Zäit [mir hunn nach vill Zäit]; mat eisem Projet leie mer nach gutt an der Zäit leise Projet gött matzäit fäerdeg, mir hunn nach genuch Zäit; wéi et gereent huet, hu mer Puzzele gemaach, fir d'Zäit doutzeschloen [wéi et gereent huet, hu mer Puzzele gemaach, fir d'Zäit méi séier erëmzekerien] **7.** (Pluriel Zäiten) **DE** Zeit [gemessene Zeit] • **FR** temps [chronomètre] • **EN** time [measured time] • **PT** tempo [cronometrado] **Beispiller** ech sinn de Marathon an enger gudder Zäit gelaf; an engem Joer hunn ech meng Zäit ëm d'Hallschent verbessert; de Coureur ass an der Zäit iwver d'Arrivée gefuer [de Coureur ass iwver d'Arrivée gefuer, ier déi erlaabten Zäit ofgelaf war] **8.** (Pluriel Zäiten) **DE** Tempus • **FR** temps [grammatical] • **EN** tense • **PT** tempo [gramatical] **Beispiller** de Schüler huet den Aufsatz an der falscher Zäit geschriwwen; an dësem Exercice mussen d'Studenten déi richteg Zäiten asetzen **9.** déi ganz(en) Zäit **DE** ständig, dauernd • **FR** constamment, sans arrêt • **EN** constantly, non-stop • **PT** constantemente, sempre **Beispiller** de Puppelche kräischt déi ganzen Zäit; an eiser Vakanz huet et déi ganzen Zäit gereent **Synonymmen** an engem Stéck, dauernd, stänneg **10.** vun Zäit zu Zäit **DE** von Zeit zu Zeit • **FR** de temps à autre • **EN** from time to time • **PT** de vez em quando **Beispill** hie ríft vun Zäit zu Zäit bei mir un **11.** an der Zäit **DE** seinerzeit • **FR** dans le temps • **EN** in those days, back then • **PT** noutros tempos, dantes **Beispill** an der Zäit haten d'Fraen net dacks Boxen un **Synonym** sengerzäit **12.** déi Zäit **DE** früher, damals • **FR** à l'époque • **EN** at the time • **PT** nessa altura **Beispill** déi Zäit huet mäi Papp nach geliefert **13.** mat der Zäit **DE** im Laufe der Zeit • **FR** au fil du temps, avec le temps • **EN** over time • **PT** ao longo do tempo, com o tempo **Beispill** déi al Affichen un der Mauer si mat der Zäit verblatzt

Zäitalter [ts'æ:ɪdalɔ] Maskulinum/Neutrum (Pluriel Zäitalteren) **DE** Zeitalter • **FR** époque, ère, âge • **EN** age, era • **PT** época, era, idade **Beispill** de bekannten Historiker huet en Artikel iwver den Zäitalter vun der Revolutioun geschriwwen

Zäitangab [ts'æ:ɪtanga:p] Femininum (Pluriel Zäitangaben)

! Hei entsteet en neien Artikel.

Zäitchen [ts'æ:ɪtɔn] Femininum (kee Pluriel) - Diminutivform vun ↗Zäit **DE** eine Weile, ein Weilchen • **FR** un certain temps • **EN** some time, a little while • **PT** algum tempo **Beispiller** et ass schonn eng Zäitchen hier, datt ech meng Tatta gesinn hunn; et huet eng Zäitche gedauert, ier ech un d'Rei kouw

Zäitdrock [ts'æ:ɪtdRɔk] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Zeitdruck • **FR** contrainte du temps • **EN** (time) pressure • **PT** pressão do tempo **Beispill** mir hunn de Projet missen ënner Zäitdrock finaliséieren

Zäitëmstellung Femininum (Pluriel Zäitëmstellungen) **1.** **DE** Zeitemstellung [zwischen Winter- und Sommerzeit] • **FR** changement d'heure (saisonnier) • **EN** clock change • **PT** mudança da hora (sazonal) **Beispill** d'Zäitëmstellung am Hierscht an am Fréijoer gött vill kritiséiert **2.** **DE** Zeitemstellung [bei Zeitzonenumwechsel] • **FR** changement d'heure [du au décalage horaire] • **EN** time difference [due to different time zones] • **PT** mudança da hora [devido aos fusos horários] **Beispill** bei wäite Fluchreesen dinn ech mech schwéier mat der Zäitëmstellung

zäiteweis Adverb - Variant vun ↗zäitweis

zäitgeméiss [ts'æ:ɪtgəmɪs] Adjektiv **DE** zeitgemäß • **FR** actuel, à jour, approprié, d'actualité, conforme • **EN** modern, up-to-date • **PT** moderno, apropriado, atual, conforme **Beispiller** eng Kachmaschinn mat Bricketten ass net méi zäitgeméiss; virun 100 Joer war dës Method zäitgeméiss, mee elo ass se iwverholl; déi al Diesellokomotive sinn ersat ginn, well se net méi zäitgeméiss waren

zäitgenëssesch [ts'æ:ɪtgənəsəʃ] Adjektiv **DE** zeitgenössisch • **FR** contemporain • **EN** contemporary • **PT** contemporâneo **Beispill** a senger Galerie verkeeft hie Biller vun zäitgenëssesche Moler

zäitgläich Adverb **DE** zeitgleich • **FR** simultanément, au même moment **Beispiller** déi zwee grouss Chantieren op der Autobunn sollen zäitgläich ufänken; um leschte Spilldag vum Championnat ginn d'Matcher zäitgläich ugepaff; déi zwee grouss Chantieren op der Autobunn solle säitgläich ufänken **Synonymmen** gläichzäiteg, mateneen, simultan

Zäitgrënn [ts'æ:ɪtgrən] Maskulinum (kee Singulier) aus Zäitgrënn **DE** aus Zeitgründen • **FR** par manque de temps, pour des raisons d'horaire • **EN** for lack of time • **PT** por falta de tempo **Beispill** de Minister konnt aus Zäitgrënn net un der Pressekonferenz deeluelen

zäitlech [ts'æ:ɪtlɔç] Adjektiv **DE** zeitlich [die Zeit betreffend] • **FR** dans le temps [lié à un délai] • **EN** time, in time, in duration • **PT** no tempo [relativo a um prazo] **Beispiller** fir deen neie Projet gött et keng zäitlech Limitatioun; d'Geneemegung vun der Gemeng ass zäitlech begrenzt

zäitliewens [tsæ:ɪtl'ivəns] Adverb **DE** zeitlebens, ein Leben lang • **FR** tout au long de la vie • **EN** all one's life • **PT** durante toda a vida **Beispill** meng Mamm leit schonns zäitliewens un Anemie

i Variant: zäitliewes

zäitliewes Adverb - Variant vun \nearrow zäitliewens

Zäitlupp [ts'æ:ɪtlʊp] Femininum (Pluriel Zäitluppen) **DE** *Zeitlupe* • **FR** *ralenti* [séquence filmée] • **EN** *slow motion* • **PT** *câmara lenta, ralenti* **Beispiller** an deenen zwou Zäitluppe gesäit een, datt de Ball am Gol war; op der Tëlee gëtt all Gol nach eng Kéier an (der) Zäitlupp gewisen **Synonymmen** *Ralenti, Slow Motion*

Zäitmangel [ts'æ:ɪtmɑŋəl] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Zeitmangel* • **FR** *manque de temps* • **EN** *lack of time* • **PT** *falta de tempo* **Beispill** mëttes iessen ech aus Zäitmangel dacks just e kleng Snack

zäitno Adverb Administratioun **DE** *zeitnah* • **FR** *dans les meilleurs délais* **Beispill** mir maachen eist Bescht, fir datt d'Primmen zäitno ausbezuelt ginn **Synonym** esou séier ewéi méiglech

Zäitopwand Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Zeitaufwand* • **FR** *temps investi, temps de travail nécessaire* • **EN** *expenditure of time, time needed* • **PT** *tempo investido, tempo de trabalho necessário* **Beispiller** den Zäitopwand fir déi komplizéiert Tâche war enorm; wéi grouss wier den Zäitopwand, wa mer eisen Internet-site och op Lëtzebuergesch wéilten iwwersetzen?

zäitopwändeg Adjektiv

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Varianten: zäitopwänneg, zäitopwenneg

zäitopwänneg Adjektiv - Variant vun \nearrow zäitopwändeg

zäitopwendeg Adjektiv - Variant vun \nearrow zäitopwändeg

zäitopwenneg Adjektiv - Variant vun \nearrow zäitopwändeg

Zäitplang [ts'æ:ɪtplɑŋ] Maskulinum (Pluriel Zäitpläng) **DE** *Zeitplan* • **FR** *calendrier, planning* • **EN** *timetable, schedule* • **PT** *calendário, planeamento* **Beispiller** am neie Gesetz gouf de geneeën Zäitplang fir d'Ëmsetzung festgeluecht; trotz viller Schwieregkeete leie mer nach ëmmer am Zäitplang

Zäitpunkt [ts'æ:ɪtpuŋt] Maskulinum (Pluriel Zäitpunkten) **DE** *Zeitpunkt* • **FR** *moment, instant* • **EN** *point in time, moment* • **PT** *momento, altura* **Beispill** mir woussten zu deem Zäitpunkt nach net, wéi schlëmm d'Situatioun wierklech wier **Synonymmen** *Abléck, Ament, Moment*

Zäitraum [ts'æ:ɪtræ:ʊm] Maskulinum (Pluriel Zäittraim / Zäiträim) **DE** *Zeitraum* • **FR** *période, laps de temps* • **EN** *period of time* • **PT** *período, lapso de tempo* **Beispiller** an engem Zäitraum vun e puer Méint ass de Präis vum Weess stark gefall; wéi en Zäitraum ass virgesinn, fir d'Aarbecht ofzeschlëssen?

Zäitschrëft [ts'æ:ɪtʃræft] Femininum (Pluriel Zäitschrëften) **1. DE** *Zeitschrift* [Druckschrift] • **FR** *magazine, revue* [imprimé] • **EN** *magazine* [paper, periodical] • **PT** *revista* [periódico] **Beispiller** wéi ech hien an d'Klinik besiche gaange sinn, hunn ech him e puer Zäitschrëfte matbruecht; eise Veräin huet eng Bibliothék mat ronn 800 Bicher an Zäitschrëften **Synonym**

Revue **2. DE** *Zeitschrift* [Redaktion, Verlagshaus] • **FR** *magazine* [rédaction, maison d'édition] • **EN** *magazine* [editorial board, publishing company] • **PT** *revista* [redação, casa editora] **Beispill** mäi Brudder schafft als Journalist fir eng grouss Zäitschrëft

Zäitspan Femininum (Pluriel <seelen> Zäitspanen) **DE** *Zeitspanne* • **FR** *période, laps de temps* • **EN** *period of time* • **PT** *período, lapso de tempo* **Beispill** d'Wäerter ginn iwwer eng länger Zäitspan analyséiert **Synonym** Zäitraum

i Variant: Zäitspann

Zäitspann Femininum (Pluriel <seelen> Zäitspannen) - Variant vun \nearrow Zäitspan

Zäitspill Neutrum (Pluriel Zäitspiller) **DE** *Zeitspiel* [im Ballsport] • **FR** *anti-jeu* [en jouant la montre] • **EN** *time-wasting* [in a ball game] • **PT** *antijogo* [por queimar tempo] **Beispill** wann de Golkipp sech ze vill Zäit mam Ofs-touss léisst, riskéiert en eng Giel Kaart weinst Zäitspill ze kréien

Zäitverdreif Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Zeitvertreib* • **FR** *passé-temps* • **EN** *pastime* • **PT** *passatempo* **Beispill** am Wanter ass Puzzelen e flotten Zäitverdreif

Zäitverschwendung [ts'æ:ɪtfeɰwænduŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Zeitverschwendung* • **FR** *perte de temps* • **EN** *waste of time* • **PT** *perda de tempo* **Beispiller** dëse Stage war déi rengsten Zäitverschwendung, well mir guer näischt bäigeléiert hunn; dës Versammlung war nëmme Zäitverschwendung

zäitweileg [ts'æ:ɪtvaɪləç] Adjektiv **DE** *zeitweilig, vorübergehend* • **FR** *temporaire, momentané* <Adverb temporairement> • **EN** *temporary* <Adverb temporarily> • **PT** *temporário, momentâneo* <Adverb temporariamente> **Beispiller** weinst Aarbechten um Telefonsnetz kënt et de Mëtteg zu zäitweilege Stéierungen; d'Subside vun de Gemenge sinn zäitweileg agefruer ginn

zäitweis Adverb **DE** *zeitweise* • **FR** *par moments* • **EN** *at times* • **PT** *momentaneamente, por instantes* **Beispill** duerch de Stuerm war de Stroum zäitweis fort

i Variant: zäiteweis

Zäitzeien [ts'æ:ɪtsaɪən] Maskulinum (Pluriel Zäitzeien) **DE** *Zeitzeuge* • **FR** *témoignage de l'époque* • **EN** *contemporary witness* • **PT** *testemunha da época* **Beispill** et gëtt ëmmer méi schwéier, nach Zäitzeie fir den Zweete Weltkrich ze fannen

i Weiblech Form: \nearrow Zäitzeien

Zäitzeien [ts'æ:ɪtsaɪən] Femininum (Pluriel Zäitzeien) **DE** *Zeitzeugin* • **FR** *témoignage de l'époque* [femme] • **EN** *contemporary witness* [female] • **PT** *testemunha da época* [mulher] **Beispill** meng Groussmamm war eng Zäitzeie vum Zweete Weltkrich

i Männlech Form: \nearrow Zäitzeien

Zäitzon Femininum (Pluriel Zäitzonen) **DE** *Zeitzone* • **FR** *fuseau horaire* • **EN** *time zone* • **PT** *fuso horário* **Beispill** weess du, a wéi enger Zäitzon Südafrika läit?

Zaldot [tsald'o:t] Maskulinum (Pluriel Zaldoten) **DE** *Soldat* • **FR** *soldat* • **EN** *soldier* • **PT** *soldado* **Beispill** d'Zaldote sti fir den Appell an enger Rei

1 Weiblech Form: ↗Zaldotin

Zaldotin [tsald'o:tin] Femininum (Pluriel Zaldotinnen) **DE** Soldatin • **FR** femme soldat, soldate • **EN** soldier [female] • **PT** soldada [militar] **Beispill** déi jonk Zaldotin koordinéiert d'Hëllefsmiessiou am Krisengebitt

1 Männlech Form: ↗Zaldot

Zaleetchen Femininum (Pluriel Zaleetercher) - Diminutivform vun ↗Zalot

Zalfei Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Salbei

Zalot [ts'alo:t] Femininum (Pluriel Zaloten) **1. DE** Salat [Pflanze] • **FR** salade [plante] • **EN** salad [plant] • **PT** alface [planta] **Beispiller** d'Nopesch huet de Mueren am Gaart Zalot repikéiert; et sinn nach zwee Heeder Zalot am Frigo **2. DE** Salat [Gericht] • **FR** salade [plat] • **EN** salad [dish] • **PT** salada [prato] **Beispiller** ech maache gerappte Muerte mat an d'Zalot; dëse Restaurant huet verschidden Zaloten op senger Kaart

Zaloteschleider Femininum (Pluriel Zaloteschleideren)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Zam [tsa:m] Maskulinum (Pluriel Zeem) **DE** Zaum • **FR** bride [pièce du harnais] • **EN** bridle • **PT** brida [peça dos arreios] **Beispiller** de Kutscher huet sengem Päerd den Zam ugedoen; si hunn hir Kanner net am Zam [si hunn hir Kanner net ënner Kontroll]; hal deng Zong am Zam [so net alles, wat s de denks]

zam [tsa:m] Adjektiv **DE** zahm • **FR** peu craintif [au contact de l'hommel] • **EN** tame • **PT** manso [animal] **Beispiller** déi verwëldert Kaz gëtt vun Dag zu Dag méi zam; eise choleeresche Chef war haut ganz zam [égs] [eise choleeresche Chef war haut ganz émgänglech]

zämen [ts'ɛ:mən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gezäämt) » **transitiv DE** zähmen • **FR** apprivoiser • **EN** to tame • **PT** amansar, domesticar **Beispiller** ech kennen eng Fra, déi emol e Fuuss gezäämt hat; verschidde wëll Déiere loossen sech licht zämen, anerer net

zammeren [ts'amərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gezammert) » **transitiv DE** zimmern • **FR** charpenter, menuiser • **EN** to carpenter • **PT** carpinteirar, fabricar [um objeto de madeiral] **Beispiller** de Schräiner huet eis eng nei Trap gezammert; mä Papp huet dës Regaler alleguer selwer gezammert

Zammermann [ts'aməman] Maskulinum (Pluriel Zammermänner) **DE** Zimmermann [Dachstuhlshreiner] • **FR** charpentier • **EN** carpenter • **PT** carpinteiro **Beispill** den Zammermann kënnt de Mëtteg d'Moosse vum Gespär ophuelen

Zander Maskulinum (Pluriel Zanderen) Sander lucioperca **1. DE** Zander [Tier] • **FR** sandre [animal] • **EN** pike perch, zander [animal] • **PT** lucioperca, sandre [animal] **Beispill** den Zander ass nuetsaktiv a frësst haaptsächlech aner Fësch **Synonym** Hiechtepiisch **2. DE** Zander [Nahrungsmittel] • **FR** sandre [aliment] • **EN** pike perch, zander [food] • **PT** lucioperca, sandre [alimento] **Beispill** als Hauptplat gouf et gegrillten Zander mat Mangold

Zännbiischt [ts'ænbi:ft] Femininum (Pluriel Zännbiischten) **DE** Zahnbürste • **FR** brosse à dents • **EN** tooth-

brush • **PT** escova de dentes **Beispiller** fir de Weekend hunn ech just eng Zännbiischt a frësch Ennerwäsch agepaakt; den Zännokter huet mer eng elektresch Zännbiischt recommandéiert

Zännokter [ts'ændoktɛ] Maskulinum (Pluriel Zännokteren) **DE** Zahnarzt • **FR** dentiste • **EN** dentist • **PT** dentista **Beispiller** den Zännokter huet mer e Bakzant missen opbuere; ech hu muer Rendez-vous beim Zännokter

1 Weiblech Form: ↗Zännoktesch

Zännoktesch [ts'ændoktəʃ] Femininum (Pluriel Zännokteschen) **DE** Zahnärztin • **FR** dentiste [femme] • **EN** dentist [female] • **PT** dentista [mulher] **Beispill** meng Zännoktesch huet gesot, ech misst en Zant gerappt kréien

1 Männlech Form: ↗Zännokter

Zännfleesch [ts'ænfle:ʃ] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Zahnfleisch • **FR** gencive(s) • **EN** gum(s) [around teeth] • **PT** gengiva(s) **Beispill** mäin Zännfleesch ass entzünd, ech fäerten, ech muss bei den Zännokter

Zännfleeschbludden [ts'ænfle:ʃbludən] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Zahnfleischbluten • **FR** saignement des gencives • **EN** gum bleeding • **PT** sangramento das gengivas **Beispill** bei Zännfleeschbludde kann eng schlecht Mondhygiène d'Ursach sinn

Zännrad [ts'ænra:t] Neutrum (Pluriel Zännrieder) **DE** Zahnrad • **FR** roue dentée • **EN** cogwheel, gearwheel • **PT** roda dentada **Beispill** an där aler Mille gëtt d'Kraaft vum Waasser mat hëlzen Zännrieder op d'Millesteng iwwerdroen

Zännseef [ts'ænze:f] Femininum (Pluriel Zännseefen) **DE** Zahnpasta • **FR** dentifrice • **EN** toothpaste • **PT** pasta de dentes, dentifricio **Beispill** meng Zännseef schmaacht no Peffermënz **Synonym** Zanpasta

Zännstëppeler [ts'ænʃtəpələ] Maskulinum (Pluriel Zännstëppeler) **DE** Zahnstocher • **FR** cure-dent • **EN** toothpick • **PT** palito [para os dentes] **Beispill** ech hunn eppes tëschent den Zänn, kanns de mir en Zännstëpeler ginn? **Synonym** Zanstocher

Zännwäschen Neutrum (kee Pluriel) **DE** Zähneputzen • **FR** brossage des dents • **EN** tooth brushing • **PT** lavagem dos dentes **Beispill** reegelméisseg Zännwäsche kann derbäi hëllef, Karies ze verhënneren

Zännwéi [ts'ænvɛi] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Zahnschmerzen • **FR** mal de dents, rage de dents • **EN** toothache • **PT** dor de dentes **Beispill** Zännwéi ass e Wéi, deen sech net gutt aushale léisst

Zanpasta [ts'a:npasta:] Femininum (Pluriel Zanpastaen) **DE** Zahnpasta • **FR** dentifrice • **EN** toothpaste • **PT** pasta de dentes, dentifricio **Beispill** den Zännokter huet mer eng speziell Zanpasta verschriwwen **Synonym** Zännseef

Zanspang Femininum (Pluriel Zanspangen) **DE** Zahnspange • **FR** appareil dentaire • **EN** brace [for teeth] • **PT** aparelho dentário **Beispill** eis Duechter krut eng Zanspang, well hir Zänn kromm stinn **Synonym** Bréck

1 Kuerzform: Spang

Zanstocher [ts'a:n]toxe] Maskulinum (Pluriel Zanstocher / Zanstocheren) **DE** Zahnstocheher • **FR** cure-dent • **EN** toothpick • **PT** palito [para os dentes] **Beispill** ech brauch en Zanstocher, ech hunn eppes téschent den Zänn **Synonym** Zännstéppeler

Zant [tsant] Maskulinum (Pluriel Zänn) **1. DE** Zahn [eines Gebisses] • **FR** dent [d'une dentition, d'un dentier] • **EN** tooth [in a jaw] • **PT** dente [de uma dentadura] **Beispiller** ech hat eng barbaresch Péng am Zant; den Dokter huet en Ofdrock vu mengen Zänn gemaach; beim Haifësch wuessen d'Zänn ëmmer no; vun de Schléiwe kritt ee laang Zänn [d'Schléiwen zéien engem de Mond zesummen]; eist Jéngst ass granzeg, et mécht grad Zänn leist Jéngst ass granzeg, seng Zänn stousse grad duerch d'Zännfleesch; déi Portioun war grad fir den huelen Zant [déi Portioun war lächerlech kleng]; du muss deenen emol d'Zänn weisen [du muss dech emol géint se wieren]; ech si schonn aus deem Zant eraus [égs] [ech si schonn ze al dofir]; un deem Problem hu sech scho méi Heller wéi s du d'Zänn ausgebass [égs] [un deem Problem si scho méi Heller wéi s du gescheitert]; de Sportler huet op deene leschte Kilometer op d'Zänn gebass an ass weidergefuer [égs] [de Sportler huet op deene leschte Kilometer de Wéi ausgehalen an ass weidergefuer]; ech vermësse schonn nees meng Zigaretten, ech muss eisem Jéngsten emol op den Zant fillen [égs] [ech vermësse schonn nees meng Zigaretten, ech muss eise Jéngsten emol zurieds stellen]; wann ech nach eng Kéier ze spéit kommen, spréngt mäi Papp mer mam Aasch an d'Zänn [vulgär] [wann ech nach eng Kéier ze spéit kommen, ginn ech vu mengem Papp zolidd erwidert]; ech klaken der eng, datt d'Zänn der am Aasch Piano spillen [vulgär] [ech schloen der eng zolidd] **2. falsch** Zänn **DE** Gebiss [Zahnprothese] • **FR** dentier [prothèse] • **EN** dentures • **PT** dentadura postiça **Beispiller** säit sengem Accident huet hie falsch Zänn; ech ka meng (falsch) Zänn net undinn, ech hunn de Gumm wond **Synonymmen** Dentier, falsch Gebëss **3. DE** Zahn [einer Säge, eines Zahnkranzes] • **FR** dent [d'une scie, d'une couronne dentée] • **EN** tooth [of a saw, of a sprocket] • **PT** dente [de uma serra, de uma roda dentada] **Beispiller** et ass en Zant vun der See ofgebrach; d'Zänn vun der Handbrems si ganz ausgeleiert; wat huet deen nees en Zant drop! [égs] [wat fiert deen nees esou séier!]

zanter [ts'ante] Prepositioun - Variant vun ↗zënter

zanter [ts'ante] Konjunktioun - Variant vun ↗zënter

zanterhier [tsanteh'i:g] Adverb - Variant vun ↗zënterhier

Zantiar Maskulinum (Pluriel Zantiar) - Variant vun ↗Zentiar

Zantiliter Maskulinum (Pluriel Zantiliter) - Variant vun ↗Zentiliter

Zantiliter gëtt mat **cl** ofgekierzt.

Zantim Maskulinum (Pluriel Zantimen) - Variant vun ↗Centime

Zantimeeter Maskulinum (Pluriel Zantimeeter) - Variant vun ↗Zentimeter

Zantimeeter gëtt mat **cm** ofgekierzt.

Zantimeeterkaree Maskulinum (Pluriel Zantimeeterkaree) - Variant vun ↗Zentimeterkaree

Zantimeeterkaree gëtt mat **cm²** ofgekierzt.

Zantimeeterkibb Maskulinum (Pluriel Zantimeeterkibb) - Variant vun ↗Zentimeterkibb

Zantimeeterkibb gëtt mat **cm³** ofgekierzt.

Zantimeter Maskulinum (Pluriel Zantimeter) - Variant vun ↗Zentimeter

Zantimeter gëtt mat **cm** ofgekierzt.

Zantimeterkaree Maskulinum (Pluriel Zantimeterkaree) - Variant vun ↗Zentimeterkaree

Zantimeterkaree gëtt mat **cm²** ofgekierzt.

Zantimeterkibb Maskulinum (Pluriel Zantimeterkibb) - Variant vun ↗Zentimeterkibb

Zantimeterkibb gëtt mat **cm³** ofgekierzt.

zanzen [ts'antsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gezantz)

Hei entsteet en neien Artikel.

Zap [tsa:p] Maskulinum/Femininum (Pluriel Zapen) - Kuerzform vun ↗Dännenzap

zapen [ts'a:pən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gezaapt) » **transitiv** **DE** zapfen • **FR** tirer [une boisson] • **EN** to draw [liquid] • **PT** tirar [uma bebida] **Beispiller** zap eis nach dräi Bechere Viz!; um Fest huet hien de ganzen Dag Béier gezaapt

Verb, dat **zapen** als Basis huet: ↗unzapen

Zapestreech Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Zapfenstreich • **FR** couvre-feu, extinction des feux • **EN** the last post • **PT** toque de recolher **Beispiller** beim Zapestreech hunn d'Zaldote missen zeréck an der Kasär sinn; an de Bistroy ass um eng Auer Zapestreech [um eng Auer maachen d'Bistroy zou]

Zapf Maskulinum/Femininum (Pluriel Zapfen) - Kuerzform vun ↗Dännenzapf

Zapp Maskulinum/Femininum (Pluriel Zappen) - Kuerzform vun ↗Dännenzapp

Zäppchen [ts'æpçən] Maskulinum (Pluriel Zäppercher) **1. DE** Zäpfchen • **FR** lchette • **EN** uvula • **PT** úvula **Beispill** ech hunn Halswéi a mäin Zäppchen ass geschwollen **2. DE** Zäpfchen [Suppositorium] • **FR** suppositoire • **EN** suppository • **PT** supositório **Beispill** d'Mamm huet dem Puppelchen en Zäppche géint d'Féiwer gemaach **Synonym** Stéppchen

zappeleg [ts'apələç] Adjektiv **DE** zappelig • **FR** agité, frétilant • **EN** fidgety • **PT** agitado, buliçoso **Beispiller** haut waren d'Kanner immens zappeleg; ech si vun elauter Opregung ganz zappeleg

Variant: zabelle

zappelen [ts'apələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gezappelt) » **intransitiv** **DE** zappeln • **FR** gigoter, frétiler, se trémousser • **EN** to fidget, to wriggle, to flail about • **PT** agitar-se, estrebuchar **Beispiller** hal op

ze zappelen, dat mécht mech nervös!; d'Frell huet un der Aangel gezappelt; de Jury huet d'Kandidaten zappele gelooss [ɛ̃ɡs] [de Jury huet d'Kandidate laang op d'Resultater waarde gelooss]

i Variant: zabbelen

zappen [ts'apən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gezappt) » **transitiv** **1.** DE *tunken, eintauchen* • FR *tremper [plonger dans un liquide]* • EN *to dunk, to dip* • PT *molhar, mergulhar [introduzir num líquido]* **Beispiller** d'Bomi zappt déi dréche Kuuscht an d'Mëllech, fir datt se mëll gëtt; de Kach huet d'Scampien an de Béierdeeg gezappt an dono frittéiert; ier mer an de Restaurant ginn, musse mer d'Kanner séier zappen [ɛ̃ɡs] lier mer an de Restaurant ginn, musse mer d'Kanner séier wäschen] **2.** DE *kurz unter Wasser drücken [leine Person]* • FR *pousser brièvement (la tête) sous l'eau* • EN *to dunk, to duck [to submerge]* • PT *afundar positadamente [uma pessoa]* **Beispill** déi grouss Bouwe maachen sech an der Schwämm e Spaass doraus, fir déi Kleng ze zappen **Synonym** dauchen

Zär [tsɛ:ɔ] Femininum (Pluriel Zären) DE *Gewächshaus* • FR *serre [de jardinage]* • EN *greenhouse* • PT *estufa [para cultivo de plantas]* **Beispill** mäi Papp zücht Artichauten a senger Zär

Zär [tsɛ:ɔ] Maskulinum (Pluriel Zären) DE *Zeiger* • FR *aiguille [d'un instrument de mesure]* • EN *hand [pointer on a clock]* • PT *ponteiro [de um instrumento de mediçãõ]* **Beispiller** d'Zäre vu menger Auer liichten an der Däischtert; den Zär un der Auer vum Kierchtuerm ass ofgebrach

Zar [tsa:r] Maskulinum (Pluriel Zaren) DE *Zar* • FR *tsar* • EN *tsar* • PT *czar* **Beispill** ech sinn amgaang, eng interessant Biografie iwwer de leschten Zar ze liesen

i Weiblech Form: ♀Zarin

Zarg [tsaɾɔ] Femininum (Pluriel Zargen) DE *Zarge [einer Tür]* • FR *chambranle [d'une porte]* • EN *(door) frame* • PT *caixilho [de uma porta]* **Beispill** eis Livingsdier huet eng Zarg aus Eechenholz

Zarin [ts'a:rin] Femininum (Pluriel Zarinnen) DE *Zarin* • FR *tsarine* • EN *tsarina* • PT *czarina* **Beispill** ech hunn deslescht e Bericht iwwer déi lescht Zarin op der Tëlee gesinn

i Männlech Form: ♂Zar

Zäsur [tsɛ:z'u:ɔ] Femininum (Pluriel Zäsuren) **1.** DE *Zäsur [Einschnitt]* • FR *tournant, coupure [d'une évolution, de l'histoire]* • EN *turning point* • PT *ponto de viragem [numa evolução, na história]* **Beispill** de Biergerkrich war eng Zäsur an der Geschicht vum Land **Synonym** Aschnëtt **2.** DE *Zäsur [in einem Vers, in einem Musikstück]* • FR *césure, coupe* • EN *caesura* • PT *cesura [num verso, numa peça musical]* **Beispiller** wie ka mir soen, wou am éischte Vers d'Zäsur ass?; den Dirigent leet vill Wäert drop, datt d'Museker déi verschidden Zäsuren am Stéck genee anhalen

Zatz [tsats] Femininum (Pluriel Zaten) **1.** [ɛ̃ɡs] [pejorativ] DE *Biest [Frau]* • FR *garce [femme]* • EN *bitch [unpleasant woman]* • PT *cabra [mulher]* **Beispill** hal dech ewech vun deem, dat ass eng Zatz! **2.** [ɛ̃ɡs] DE *Fratz, Göre* • FR *chipie, gamine [fille]* • EN *minx, brat* • PT *fedelha, traquina [rapa-*

riga] **Beispill** elo huet déi krappeg Zatz sech de leschte Kichelche geholl **Synonym** Strutz

Zauber [ts'aʊbɛ] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** DE *Zauber [Faszination, Reiz]* • FR *magie [émerveillement], fascination* • EN *magic, fascination* • PT *magia, fascínio, encanto* **Beispiller** Chrëschttag huet fir mech ëmmer säin Zauber behalen; duerch déi vill Touriste verléiert déi pittoresk Stiedchen hiren Zauber **2.** [ɛ̃ɡs] DE *Theater, Zirkus [unangenehme Situation]* • FR *cinéma, cirque [situation désagréable]* **Beispill** dat Gemauls geet mer op de Su, ech maachen dee ganzen Zauber do net méi laang mat **Synonymmen** Theater, Zirkus, Zodi **3.** DE *Radau, Lärm* • FR *vacarme [dù à un comportement inapproprié]* **Beispill** wann deen Zauber net direkt ophéiert, kritt der all eng Stroff! **Synonym** Zodi

Zauberei [tsaʊbɛr'ɑi] Femininum (kee Pluriel) DE *Zauberei [Magie]* • FR *magie, sorcellerie* • EN *magic, sorcery* • PT *magia [feiticaria, bruxaria]* **Beispiller** verschidde Vëlker benotzen d'Zauberei, fir béis Geeschter ze verdréiwen; Brout ze baken, ass keng Zauberei [Brout ze baken, ass näischt Komplizéiertes]

zaubern [ts'aʊbɛrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gezaubert) » **transitiv** **1.** DE *zaubern* • FR *faire apparaître, produire [comme par enchantement]* • EN *to make appear [as by magic]* • PT *fazer aparecer, produzir [como por magia]* **Beispiller** de Clown huet eng Blumm aus sengem Hutt gezaubert; fir den onerwaarte Besuch huet meng Mamm a kierzter Zäit e ganze Menü gezaubert [fir den onerwaarte Besuch huet meng Mamm a kierzter Zäit e ganze Menü gekacht] » **intransitiv** **2.** DE *zaubern* • FR *faire des tours de prestidigitacion, faire des tours de passe-passe* • EN *to do magic tricks* • PT *fazer truques de prestidigitacão, fazer passes de mágica* **Beispiller** an deser Këscht si Saache fir ze zaubern; ech kann net zaubern! [esou séier kréien ech dat net gemaach!]

i Verb, dat zaubern als Basis huet: ♀erbäzaubern

Zauberer [ts'aʊbɛrɛ] Maskulinum (Pluriel Zauberer) **1.** DE *Zauberer, Magier* • FR *magicien, sorcier* • EN *wizard, sorcerer* • PT *mágico, feiticeiro* **Beispill** an der Geschicht huet den Zauberer d'Hex an eng Wallis verwandelt **2.** DE *Zauberer, Zauberer, Zauberer [Taschenspieler]* • FR *magicien, prestidigitateur* • EN *magician, conjurer* • PT *mágico, prestidigitador* **Beispill** den Zauberer huet zwou flénker Hänn

i Weiblech Form: ♀Zauberin

Zauberin [ts'aʊbɛrin] Femininum (Pluriel Zauberinnen) **1.** DE *Zauberin, Magierin* • FR *magicienne, sorcière* **2.** DE *Zaubererin, Zauberer, Zauberer [Taschenspielerin]* • FR *magicienne, prestidigitatrice*

i Männlech Form: ♂Zauberer

Zauberstaf [ts'aʊbɛ'ta:f] Maskulinum (Pluriel Zauberstief) DE *Zauberstab* • FR *baguette magique* • EN *magic wand* • PT *varinha de condão* **Beispill** wien déi béis Fee mam Zauberstaf beréiert, dee muss stierwen

Zaubertrick [ts'aʊbɛ'trik] Maskulinum (Pluriel Zaubertricken) DE *Zaubertrick* • FR *tour de prestidigitacion* • EN *magic trick* • PT *truque de magia, truque de prestidi-*

gitação **Beispill** kee vun eis hat den Zaubertrick duerchkuckt

zauselen [ts'ɑʊzələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gezauselt) » **transitiv** **DE** *zausen* • **FR** *ébouriffer, arranger [mettre en désordre]* • **EN** *to ruffle, to touse* • **PT** *desgrenhar, desalinhar* **Beispiller** hal op, deng Schwëster ze **zauselen**, se huet sech elo grad eréischt gekämmt!; déi Loft huet eis Geranien elle gezauselt

ze [tsə] Adverb ze (vill) **DE** *zu* [allzu] • **FR** *trop (de)* • **EN** *too [too much]* • **PT** *demasiado* **Beispiller** ech kann elo kee Congé huelen, ech hunn **ze** vill Aarbecht um Büro; den Text ass vill **ze** vill akadeemesch fir mech, ech verstinn en net!; et ass een ni **ze** al, fir eppes bäizeléieren; dat gëtt mir alles **ze** vill

ze [tsə] Konjunktioun **DE** *zu* • **FR** *de* • **EN** *to* • **PT** *de* **Beispiller** et fält him schwéier, anere Leit **ze** vertrauen; du brauchst net **ze** kommen

Zebra [ts'e:brɑ:] Maskulinum (Pluriel Zebraen) - Variant vun ↗Zeebra

Zebrasträifen [ts'e:brɑ:stɾæ:ɪfən] Maskulinum (Pluriel Zebrasträifen) - Variant vun ↗Zeebrasträifen

zechen [ts'æçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gezecht)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Zeck [tsæk] Femininum (Pluriel Zecken) **DE** *Zecke* • **FR** *tique* • **EN** *tick [parasite]* • **PT** *carraça* **Beispiller** d'Zecke kënne Krankheeten iwwerdroen; all Kéier, wa mir aus dem Bësch kommen, huet eisen Hond Zecken

zécken [ts'ekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gezéckt) » **intransitiv** **1.** **DE** *zögern, zaudern* • **FR** *hésiter [tarder]* • **EN** *to hesitate* • **PT** *hesitar [tardar]* **Beispiller** ouni laang ze **zécken**, huet den Déif der Fra d'Posch ewechgerappt; **zéck** net, fir dech ze verteidegen, wann een dech ugräift! **2.** **DE** *zögern, schwanken [unschlüssig sein]* • **FR** *hésiter [être indécis]* • **EN** *to be undecided, to be uncertain* • **PT** *hesitar [estar indeciso]* **Beispiller** mir **zécken** nach, ob mer sollen den Auto oder de Fliger huelen; fir eis Feier **zécke** mer téschent zwee Datumen

zecken [ts'ækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gezeckt) » **transitiv** **DE** *reizen, ärgern* • **FR** *taquiner, provoquer* • **EN** *to tease, to annoy* • **PT** *arreliar, provocar* **Beispiller** hal op, däi Brudder ze **zecken**, soss heet deen der nach eng!; **zeck** den Hond net, e bäisst!

zéckeren [ts'ekərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gezéckert) » **transitiv** **DE** *zuckern [süßen]* • **FR** *sucrer [ajouter du sucre à, saupoudrer de sucre]* • **EN** *to sugar* • **PT** *açucarar, cobrir com açúcar* **Beispill** **zécker** d'Taart nach e bëssen

I Variant: zockeren

Zeebra [ts'e:brɑ:] Maskulinum (Pluriel Zebraen) **DE** *Zebra* • **FR** *zèbre* • **EN** *zebra* • **PT** *zebra [animal]* **Beispill** op eiser Safari hu mer Elefanten, Léiwen an Zebrae gesinn

Zeebrasträifen [ts'e:brɑ:stɾæ:ɪfən] Maskulinum (Pluriel Zeebrasträifen) **DE** *Zebrastrreifen* • **FR** *passage*

pour piétons • **EN** *zebra crossing* • **PT** *passadeira [faixa para peões]* **Beispill** et däerf ee mat sengem Auto net um Zeebrasträife stoe bleiwen

Zeecheblock [ts'e:çəblok] Maskulinum (Pluriel Zeechebléck) **DE** *Zeichenblock* • **FR** *bloc à dessin* • **EN** *sketch pad* • **PT** *bloco de desenho* **Beispill** d'Schüler brauche fir dee Cours Pinselen an en **Zeecheblock**

Zeechen [ts'e:çən] Neutrum (Pluriel Zeechen) **1.** **DE** *Zeichen [graphisches Symbol]* • **FR** *signe [symbole]* • **EN** *sign, figure [graphic]* • **PT** *sinal [símbolo]* **Beispill** an dëser Sprooch gëtt et fir dee selwechte Laut verschidden **Zeechen** **2.** **DE** *Zeichen, Mal* • **FR** *signe, marque [distinctive]* • **EN** *mark [distinguishing feature]* • **PT** *marca, sinal [distintivo]* **Beispiller** fréier hunn d'Bauern de Ranner en **Zeechen** agebrannt; do, wou e Feeler steet, huet d'Joffer en **Zeechen** an de Rand gemaach **3.** **DE** *Zeichen [Geste, Signal]* • **FR** *signe [convenu], signal [geste]* • **EN** *sign [gesture]* • **PT** *sinal [combinado], aceno [gesto]* **Beispiller** den Orchester waart op d'**Zeeche** vum Dirigent; de Polizist huet eis en **Zeeche** gemaach, datt mer solle stoe bleiwen **4.** **DE** *Zeichen [Symptom, Anzeichen]* • **FR** *signe [indice]* • **EN** *sign [symptom, indication]* • **PT** *sinal [sintoma, indicio]* **Beispiller** déi Behauptung do ass en **Zeeche** vun Ignoranz; datt d'Féiwer erofgeet, ass e gutt **Zeechen**

Zeechentrückfilm Maskulinum (Pluriel Zeechentrückfilmer) **DE** *Zeichentrückfilm* • **FR** *dessin animé* • **EN** *cartoon [film]* • **PT** *desenho animado* **Beispill** well dat Klengt krank war, huet et ausnamsweis dee ganze Mëtteg däerfen **Zeechentrückfilmer** kucken **Synonymmen** Dessin animé, Mickymaus

Zeechepabeier Maskulinum (kee Pluriel)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Zeecheprofessor [ts'e:çəpɾofɛsɛ] Maskulinum (Pluriel Zeecheprofesseren) **DE** *Kunstlehrer, Zeichenlehrer* • **FR** *professeur d'éducation artistique* • **EN** *art teacher* • **PT** *professor de educação artística, professor de desenho* **Beispill** den **Zeecheprofessor** huet eis gewisen, wéi ee Faarwe mëscht

I Kuerzform: Zeecheprof

I Weiblech Form: ↗Zeecheprofessesch

Zeecheprofessesch [ts'e:çəpɾofɛsɛʃ] Femininum (Pluriel Zeecheprofesseschen)

I Variant: Zeecheprofessorin

I Kuerzform: Zeecheprof

I Männlech Form: ↗Zeecheprofessor

Zeecheprofessorin [ts'e:çəpɾofɛsɔ:rɪn] Femininum (Pluriel Zeecheprofessorinnen) - Variant vun ↗Zeecheprofessesch

Zeecheprof [ts'e:çəpɾof] Maskulinum (Pluriel Zeecheproffen) [ɛgs] - Kuerzform vun ↗Zeecheprofessor

Zeecheprof [ts'e:çəpɾof] Femininum (Pluriel Zeecheproffen) [ɛgs] - Kuerzform vun ↗Zeecheprofessesch

Zeechesprooch [ts'e:çəʃpɾo:ç] Femininum (Pluriel Zeechesproochen) **DE** *Zeichensprache* • **FR** *langue des*

signes • EN sign language • PT linguagem gestual **Beispill** fir an der Klass net opzefalen, hunn déi zwou Frëndinnen eng Zeechesprooch erfondt

zeichnen [ts'e:çnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gezeichnet) » **transitiv 1.** DE zeichnen [darstellen] • FR dessiner • EN to draw [to represent] • PT desenhador **Beispiller** am Architektbüro gëtt hautdesdaags mam Computer gezeichnet; an der Schoul hu mir geomeetresch Formen op Millimeterpabeier gezeichnet; de Karikaturist huet e Portrait vum Poopst gezeichnet **2.** DE markieren, kennzeichnen [eine Stelle in einem Buch] • FR marquer [la page d'un ouvrage] • EN to mark, to highlight [a place in a book] • PT marcar [a página de um livro] **Beispill** ech hu mer déi Plaz am Buch gezeichnet, wou ech opgehale hu mat liesen **Synonym** markéieren **3.** DE beschriften, mit einem Etikett versehen • FR étiqueter [un objet] • EN to label [an object] • PT marcar, etiquetar [um objeto] **Beispiller** d'Wuer gëtt fir d'éischt gezeichnet a kënnt dann an de Rayon; am Internat muss all Stéck Gezei gezeichnet sinn **4.** DE zeichnen, prägen • FR marquer [laisser des marques sur, laisser des traces sur] • EN to mark [to leave a mark on] • PT marcar [deixar marcas em] **Beispiller** dat traumatescht Erliefnes huet hie fir d'ganz Liewe gezeichnet; säi Gesiicht ass vun där laanger Krankheet gezeichnet **Synonym** markéieren **5.** DE ausschildern • FR signaler, indiquer par une signalisation • EN to sign [to signpost] • PT sinalizar, indicar por meio de sinalização **Beispiller** déi Deviatoune misst besser gezeichnet ginn!; d'Afaart vum Parking ass gezeichnet **6.** DE zeichnen [Wertpapiere] • FR souscrire [en banque] • EN to subscribe [to a bond issue] • PT subscriver [num banco] **Beispill** ech hunn et verpasst, déi doten Obligatioune ze zeichnen » **intransitiv 7.** DE zeichnen [darstellen] • FR dessiner • EN to draw [to represent in a drawing] • PT desenhador **Beispill** kanns du gutt zeichnen? **8.** DE sich abzeichnen [unter Kleidungsstücken] • FR marquer [vêtements] • EN to show [through] [clothing] • PT marcar [sob a roupa] **Beispill** an där enker Box zezeichnet mäi Slip **Synonymmen** markéieren, sech ofzeichnen

i Verben, déi **zeichnen** als Basis hunn: ↗anzeichnen, ↗auszeichnen, ↗nozeichnen, ↗ofzeichnen an ↗virzeichnen

Zeechner [ts'e:çnɐ] Maskulinum (Pluriel Zeechner) DE Zeichner • FR dessinateur • EN illustrator, draughtsman • PT desenhador **Beispiller** e bekannten Zeechner huet d'Illustratioune an dësem Buch gemaach; den techneschen Zeechner huet e puer Skizze vum Objet gemaach

i Weiblech Form: ↗Zeechnerin

Zeechnerin [ts'e:çnərin] Femininum (Pluriel Zeechnerinnen) DE Zeichnerin • FR dessinatrice • EN illustrator, draughtswoman • PT desenhadora **Beispiller** dat ass d'Zeechnerin, déi déi flott Illustratioune fir mäi Buch gemaach huet; déi technesch Zeechnerin huet e puer Skizze vum Objet gemaach

i Männlech Form: ↗Zeechner

Zeechnung [ts'e:çnuŋ] Femininum (Pluriel Zeechnungen) DE Zeichnung [Darstellung, Bild] • FR dessin [représentation] • EN drawing [representation, picture, diagram] • PT desenho [representação] **Beispiller** dem

Karikaturist seng Zeechnunge sinn elo all als Buch erauskomm; den Architekt huet eng detailléiert Zeechnung vum Trapenhaus ausgeschafft; d'Schüler müssen déi geomeetresch Zeechnunge vun der Tafel ofzeichnen; d'Grousselteren hunn de Frigo voller Zeechnunge vun hiren Enkelkanner

Zeen [ts'e:n] Femininum (Pluriel Zeenen) **1.** DE Szene [Teil einer Inszenierung] • FR scène [partie d'un spectacle] • EN scene [in a film, in a play] • PT cena [de um espetáculo, de um filme] **Beispiller** muer gëtt déi lescht Zeen vum Film gedréit; bei der Iwwerschwemmung hu sech dramatesch Zeenen ofgespillt [bei der Iwwerschwemmung hu sech dramatesch Episoden ofgespillt] **2.** DE Szene [Milieu] • FR milieu (social) • EN scene [area of activity or interest] • PT meio (social) **Beispiller** hie kennt sech an der literarescher Zeen gutt aus; den Drogemilieu ass eng speziell Zeen **3.** [əgs] eng Zeen maachen DE eine Szene machen • FR faire une scène • EN to make a scene • PT fazer uma cena [a alguém] **Beispill** si huet hirer Partnerin virun alle Leit eng Zeen gemaach

zeenesch [ts'e:nəʃ] Adjektiv DE szenisch • FR scénique • EN scenic • PT cénico **Beispiller** am Kulturzentrum ass haut eng zeenesch Liesung; d'Regisseurin huet déi bekannt Erzielung zeenesch ëmgesat

Zeenograf [tse:no:gr'a:f] Maskulinum (Pluriel Zeenografen) DE Szenograf • FR scénographe • EN scenographer • PT cenógrafo **Beispill** den Zeenograf huet eis versprach, datt den Dekor fir d'Theaterstéck muer prett ass

i Weiblech Form: ↗Zeenografin

Zeenografie Femininum (Pluriel Zeenografien)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Zeenografin [tse:no:gr'a:fin] Femininum (Pluriel Zeenografinnen) DE Szenografin • FR (femme) scénographe

i Männlech Form: ↗Zeenograf

Zeenograph [tse:no:gr'a:f] Maskulinum (Pluriel Zeenographen) - Variant vun ↗Zeenograf

Zeenographie Femininum (Pluriel Zeenographien) - Variant vun ↗Zeenografie

Zeenographin [tse:nogr'a:fin] Femininum (Pluriel Zeenographinnen) - Variant vun ↗Zeenografin

zefridden [tsəfr'idən] Adjektiv DE zufrieden • FR content, satisfait, béat • EN satisfied • PT contente, satisfeito, feliz **Beispiller** mat deem Kompromëss war jiddereren zefridden; du muss zefridde si mat deem, wat s de hues; de Puppelche läit zefridden an der Kutsch; mat dëser Äntwert kënne mer eis net zefridde ginn [dës Äntwert geet eis net duer]

Zefriddenheet [tsəfr'idənhe:t] Femininum (kee Pluriel) DE Zufriedenheit • FR satisfaction [contentement] • EN satisfaction • PT satisfação [contentamento] **Beispill** an eise Familljebetrieb gëtt d'Zefriddenheet vum Client groussgeschriwwen

zefriddestellen [tsəfr'idəftælən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zefriddegestallt) » **transitiv** DE

zufriedenstellen • **FR** *satisfaire* [contenter] • **EN** *to satisfy, to please* • **PT** *satisfazer, contentar* **Beispill** egal wéi s de dech dréis a kéiers, du kanns net jiddereen zefriddestellen

zefriddestellend [tsəfr'ɪdɛ̃ʃtɛ̃lɔ̃nt] Adjektiv **DE** *zufriedenstellend* • **FR** *satisfaisant* • **EN** *satisfactory* • **PT** *satisfatório* **Beispill** mat dëser Reegelung hu mer eng zefriddestellend Léisung fir béid Parteie fonnt

zeg [tsəç] Indefinitpronomen

i Hei entsteet en neien Artikel.

zegmol [tsəçm'ɔ:l] Adverb

i Hei entsteet en neien Artikel.

zegronn goen [tsəgr'ɔ̃ŋg'ɔ:ɔ̃] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *zegronn gaangen* / *zegronn gaang*) - Variant vun *zuegronn goen*

zegutt [tsɛg'ut] Adverb *zegutt* hunn **DE** *Anspruch haben auf* • **FR** *avoir droit à* • **EN** *to be entitled to, to have a right to* • **PT** *ter direito a, ter para receber* **Beispiller** theoretesch hutt Dir dëst Joer keng Primm méi *zegutt*; ech hunn nach Sue vun dir *zegutt*; ech hu leider kee Congé méi *zegutt*; wann deen doten och bei der Course matmécht, hues de näischt *zegutt* [wann deen doten och bei der Course matmécht, hues de keng Chance]

zeguttkommen [tsɛg'utkɔmən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé *zeguttkomm*) » **intransitiv** **DE** *zuguttkommen* • **FR** *être un avantage pour* • **EN** *to come in useful to, to be beneficial to* • **PT** *trazer proveito a, beneficiar, aproveitar a* **Beispill** Är jorelaang Erfahrung *kënn* eisem Betrib *zegutt*

zéi [tsɛi] Adjektiv **1. DE** *zäh* [schwer zu kauen] • **FR** *dur* [difficile à mâcher] • **EN** *tough* [hard to chew] • **PT** *duro* [difícil de mastigar] **Beispill** dat Flesch do ass *zéi* ewéi Lieder **2. DE** *zäh* [schleppend, anstrengend] • **FR** *laborieux* • **EN** *tough, dragging* • **PT** *laborioso* [demorado, penoso] **Beispill** d'Verhandlung fir d'Trennung vu Kierch a Staat ware laang an *zéi* **3. DE** *zäh* [robust, widerstandsfähig, unempfindlich] • **FR** *robuste, résistant* • **EN** *tough, robust* • **PT** *robusto, resistente* **Beispill** déi Rass ass bekannt dofir, datt se ganz *zéi* ass **4. DE** *zäh* [beharrlich] • **FR** *tenace, coriace* • **EN** *tough, persistent* • **PT** *tenaz, teimoso* **Beispiller** dee Coureur ass *zéi* am Biergopfuere; hien ass *zéi* fir ze léieren [hie léiert net gär]

zeideg [ts'ɛidɛç] Adjektiv **DE** *reif* [Frucht, Getreide] • **FR** *mûr* [fruit, graine] • **EN** *ripe* [fruit, grain] • **PT** *maduro* [fruto, grão] **Beispiller** sinn d'Kiische schon *zeideg*?; d'Kanner sinn *zeideg* fir an d'Bett [ëgs] [d'Kanner si midd a gehéieren an d'Bett]; ech iessen deen dote Kéis am léifsten, wann en *zeideg* ass [ëgs] [ech iessen deen dote Kéis am léifsten, wann e leeft]; ech sinn nach net *zeideg* fir an d'Altersheim [ëgs] [ech fille mech nach net prett, fir an engem Altersheim ze wunnen]

zeidegen [ts'ɛidɛçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gezeidegt*)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Zeien [ts'ɛiən] Maskulinum (Pluriel *Zeien*) **1. DE** *Zeuge* [Augenzeuge, Ohrenzeuge] • **FR** *témoin* [oculaire, auriculaire] • **EN** *witness* [eyewitness, earwitness] • **PT** *testemu-*

nha [ocular, auricular] **Beispiller** ech war *Zeie* beim Accident; dräi *Zeien* hu géint den Ugekloten ausgesot **2. DE** *Trauzeuge* • **FR** *témoin* (de mariage) • **EN** *witness* [to a marriage] • **PT** *testemunha* (de casamento) **Beispill** vill Leit huele bei enger Hochzäit gären hir Geschwëster als *Zeien*

zéien [ts'ɛiən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gezunn*) » **transitiv** **1. DE** *ziehen* [hinter sich her] • **FR** *tirer* [derrière soi] • **EN** *to pull, to haul* • **PT** *puxar* [atrás de si] **Beispiller** fréier hunn d'Brauereispaerd de Won mat de Béierfässer *gezunn*; dee laangen Zuch gouf vun zwou Lokomotive *gezunn* **2. DE** *ziehen* [zu sich hin] • **FR** *amener vers soi* • **EN** *to pull* [towards oneself] • **PT** *puxar* [atrair para si] **Beispill** wéi d'Diere vun Metro zougongen, *huet* d'Mamm d'Kand nach séier bei sech *gezunn* **3. DE** *ziehen* [betätigen] • **FR** *tirer* [actionner] • **EN** *to pull* [to operate] • **PT** *puxar* [acionar] **Beispiller** et ass verbueden, ouni Ursaach d'Noutbrems ze *zéien*; kleng Kanner vergiessen dacks, op der Toilette (Waasser) ze *zéien* [kleng Kanner vergiessen dacks, op der Toilette d'Chasse ze benotzen] **4. DE** *ziehen* [verlegen] • **FR** *installer, poser* [un fil, un câble, une gaine, un tuyau] • **EN** *to lay, to run* [a cable], *to put up, to install* [a wire fence] • **PT** *instalar* [um cabo, um tubo, um fio] **Beispiller** fir nei Kabelen ze *zéien*, gouf d'Strooss onperappt; mir hunn en neien Drot ëm de Gaart *gezunn* **5. zéien** aus **DE** *ziehen* aus [herausnehmen] • **FR** *sortir* [en tirant] • **EN** *to pull out, to take out* • **PT** *puxar, sacar* [tirar para fora] **Beispiller** virum Wanter *zitt* de Fësch säin Naachen aus dem Waasser; ech hunn näischt gemierkt, wéi den Täschendëf mer de Portmonni aus der Täsche *gezunn* *huet*; hofentlech *zitts* de eng Léier aus där Geschicht! [hofentlech léiers de eppes aus där Geschicht!] **6. DE** *ziehen* [Los, Karte] • **FR** *tirer* [dans un jeu, dans un tirage au sort] • **EN** *to draw* [a card, a number, a lottery ticket] • **PT** *sortear, tirar* [num jogo, num sorteio] **Beispiller** *zéi* du léiwer e Lous, du hues méi Chance ewéi ech!; ech verstinn net, wéi hatt et mécht, fir all Kéier de Stippi ze *zéien*! **7. [ëgs]** **DE** *veralbern, veräppeln* • **FR** *charrier, chambrier* • **EN** *to take the mickey out of, to make fun of* • **PT** *gozar com, brincar com* **Beispill** bei mengem Monni weess ech ni, ob en et eescht mengt oder ob e mech *zitt* » **transitiv** - och onperséinlech **8. DE** *ziehen*, *locken* • **FR** *attirer, drainer* [à un endroit, vers un endroit] • **EN** *to draw, to attract* • **PT** *atrair, chamar* [a um lugar] **Beispiller** dee grouse Choix *zitt* vill Clienten an d'Geschäft; am Summer *zitt* et vill Leit bei d'Waasser; dat Evenement *zitt* d'Leit virun d'Télee » **intransitiv** **9. zéien** (un) **DE** *ziehen* (an) [zerren (an)] • **FR** *tirer* (sur) [exercer une traction (sur)] • **EN** *to pull, to tug* • **PT** *puxar, dar* um *puxão* (a) **Beispiller** huel d'Seel fest an de Grapp an dann *zitts* de (drun); ech packen den Hond bal net, wann en esou un der Léngt *zitt* **10. DE** *ziehen* [Zug haben] • **FR** *tirer* [avoir un bon tirant d'air] • **EN** *to extract, to suck out, to ventilate* [efficiently] • **PT** *ter* boa *tiragem* [de ar] **Beispill** eis Hott *zitt* net méi richtig, de Filter wäert verstoppt sinn **11. zéien** (bei) **DE** *ziehen* (bei) [die gewünschte Wirkung haben] • **FR** *marcher* (auprès de) [avoir du succès, avoir l'effet désiré] • **EN** • **PT** *funcionar* (com) [ter éxito, ter o resultado desejado] **Beispiller** déi Zort Filmer *zitt* haut net méi; esou Argumenter hu bei mengem Elteren ni *gezunn* **12. DE** *ziehen* [Aroma entwickeln] • **FR** *être infusé* [thé, tisane], *être macéré* • **EN** *to*

steep, to brew, to infuse • **PT** *abrir [chá, tisana], estar de infusão, estar em maceração* **Beispiller** ech hunn den Téi opgeschott an zéng Minutten zéie gelooss; gréngen Téi däerf net ze laang zéien; de Kuch schmaacht besser, wann s de d'Roséngen e puer Stonnen am Rumm zéie léiss **13. DE** *nässen [Flüssigkeit absondern]* • **FR** *suinter [plaie]* • **EN** *to weep [to exude liquid]* • **PT** *su-purar [deitar pus]* **Beispill** esoulaang d'Wonn zitt, solls de se net verbannen **Synonym** sëfferen » **intransitiv** - onperséinlech **14. DE** *ziehen [Durchzug herrschen]* • **FR** *y avoir un courant d'air* • **EN** *to be draughty* • **PT** *haver corrente de ar* **Beispill** hei bei der Fénster zitt et » **reflexiv** **15. DE** *zur Seite gehen, ausweichen* • **FR** *se pousser, s'écarter* • **EN** *to shift, to dodge* • **PT** *sair do caminho, desviar-se para o lado* **Beispiller** zéi dech, du bass an de Féiss!; hätt ech mech net gezunn, hätt d'Schnéiklatz mech geroden **16. [égs]** **DE** *sich drücken [sich einer Sache entziehen]* • **FR** *se défilér* • **EN** *to shrink from* • **PT** *esquivar-se, furtar-se* **Beispill** ech zéie mech, fir bei den Zändokter ze goen **Synonym** sech drécken **17. [égs]** **DE** *sich (in die Länge) ziehen* • **FR** *trainer [durée]* • **EN** *to drag on* • **PT** *arrastar-se [prolongar-se, demorar]* **Beispill** d'Verhandlungen hu sech bis an d'Moiesstonne gezunn ♦ **Verb** (Hëllesverb sinn, Participle passé gezunn) » **intransitiv** **18. DE** *ziehen [sich bewegen]* • **FR** *circuler [se propager], passer, se déplacer* • **EN** *to move, to travel* • **PT** *circular [propagar-se], deslocar-se, passar* **Beispiller** wann d'Madamm um Rez-de-chaussée Fritte mécht, zitt de Gestank duerch dat ganz Trapenhaus; en atlantescht Déifdrockgebitt zitt a Richtung Lëtzebuerg; d'Nomaden zéie mat hire Kaméilen duerch d'Wüüst **19. zéien** an **DE** *ziehen in [Feuchtigkeit, Geruch]* • **FR** *pénétrer dans, s'infiltrer [humidité, liquide, odeur]* • **EN** *to permeate, to pervade* • **PT** *penetrar em, infiltrar-se em [humidade, líquido, cheiro]* **Beispiller** d'Fiichtegkeet vun der Iwwerschwemmung ass an d'Fassad gezunn; den Tubakgestank zitt direkt an d'Kleeder

i Verben, déi **zéien** als Basis hunn: *anzéien, bäzéien, duerchzéien, eranzéien, erauszéien, erbäzéien, eropféien, eropzéien, eranzéien, ewechzéien, grousszéien, hinzéien, lasszéien, nozéien, ofzéien, opzéien, strammzéien, unzéien, virzéien, zeréckzéien, zesummenzéien* an *zouzéien*

Zeien [ts'aɪən] Femininum (Pluriel Zeien) - weiblech Form vun *Zeien*

zeien [ts'aɪən] Verb (Hëllesverb hunn, Participle passé gezeit) » **intransitiv** zeie vun **DE** *zeugen von* • **FR** *témoigner de, attester (de)* • **EN** *to testify (to), to be testimony (to)* • **PT** *testemunhar, atestar* **Beispill** dës Ruin zeit vun enger vun de schlëmmste Schluechten am leschte Krich

Zeienausso [ts'aɪənæ:ʊszo:] Femininum (Pluriel Zeienaussoen) **DE** *Zeugenaussage* • **FR** *témoignage, déposition* • **EN** *testimony (of a witness)* • **PT** *testemunho, depoimento* **Beispiller** eng Zeienausso huet den Ugekloten uerg belaauscht; déi verschidden Zeienaussoen hunn iwwereneegestëmmt

Zeienopruff [ts'aɪənopruf] Maskulinum (Pluriel Zeienopriff) **DE** *Zeugenaufwurf* • **FR** *appel à témoins* • **EN** *appeal for witnesses* • **PT** *apelo a testemunhas* **Beispill** d'Police huet nom Bankiwverfall en Zeienopruff an de Medie gemaach

Zéif [tsɔɪf] Femininum (Pluriel Zéiwen) **1. DE** *Zehe [am Fuß]* • **FR** *orteil* • **EN** *toe* • **PT** *dedo do pé* **Beispiller** ech hunn e Kréiena un der rietser décker Zéif; meng Mamm huet sech déi mëttelst Zéif gebrach; si hu gemengt, se hätten den Herrgott mat der décker Zéif [égs] [si ware ganz zefridde mat hirer Situatioun]; ech wollt him net op d'Zéiwen tréppelen [ech wollt hien net toufen] **2. Déck Zéif** **DE** *großer Zeh, Großzehe* • **FR** *gros orteil* • **EN** *big toe* • **PT** *dedo grande [do pé]* **Beispill** meng déck Zéif ass gebrach an esou geschwollen, datt ech kee Schong ukréien! **3. Kleng Zéif** **DE** *kleiner Zeh, kleine Zehe* • **FR** *petit orteil* • **EN** *little toe* • **PT** *dedo pequeno [pé]* **Beispill** wéi ech mam Fouss an de Stempel vum Dësch gerannt sinn, hunn ech mer déi kleng Zéif gebrach **4. DE** *Zehe [Knoblauchzehe]* • **FR** *gousse (d'ail)* • **EN** *clove (of garlic)* • **PT** *dente (de alho)* **Beispill** eng Zéif (Knuewelek) geet duer, du brauchst kee ganze Kapp **5. DE** *Spalte, Schnitt [einer Zitrusfrucht]* • **FR** *quartier (d'agrumes)* • **EN** *segment, piece [of a citrus fruit]* • **PT** *gomo [de um citrino]* **Beispill** géff mer eng Zéif vun denger Orange!

zéiflësseg [ts'ɔɪfləsɛç] Adjektiv **DE** *zähflüssig* • **FR** *visqueux* • **EN** *glutinous* • **PT** *viscoso* **Beispiller** de Bäcker huet den zéiflësseg Deeg an eng Kuchepan geschott; géint der Owend gëtt de Verkéier ëmmer méi zéiflësseg [géint der Owend geet et am Verkéier ëmmer méi lues virun]

Zéifloss [ts'ɔɪflɔs] Maskulinum (Pluriel Zéiflöss) **DE** *stockender Verkehr* • **FR** *circulation ralentie* • **EN** *slow-moving traffic* • **PT** *trânsito lento* **Beispill** am Beruffstrafick ass dacks Zéifloss op de Stroossen ëm d'Stad

Zeigefanger [ts'aɪzəfəŋ] Maskulinum (Pluriel Zeigefangeren) **DE** *Zeigefinger* • **FR** *index [doigt]* • **EN** *index finger* • **PT** *dedo indicador* **Beispill** ech hu mer beim Handball den Zeigefanger gebrach

Zeil [tsaɪ] Femininum (Pluriel Zeilen) **DE** *Zeile [in einem Text]* • **FR** *ligne [de texte]* • **EN** *line [of text]* • **PT** *linha [de texto]* **Beispiller** an der drëtter Zeil steet e Feeler; de Journalist huet séier e puer Zeilen a säi Bichelche gekozelt; du muss kënnen tëschent den Zeile liesen [du muss och dat verstoen, wat net ausdrécklech do steet]

Zéisseng [ts'ɔɪsɛŋ] Eegennumm **DE** *Zessingen* • **FR** *Cessange* • **EN** *Cessange* • **PT** *Cessange* **Beispiller** ech wunnen zu Zéisseng; fiert dës Bus op Zéisseng?

Zeitung [ts'aɪtʊŋ] Femininum (Pluriel Zeitungen) **1. DE** *Zeitung, Tageszeitung* • **FR** *journal, quotidien* • **EN** *newspaper [printed publication]* • **PT** *jornal, diário* **Beispiller** ech hunn an der Zeitung en interessante Commentaire iwwer dat Buch gelies; mir sinn op zwou Zeitungen abonéiert **2. DE** *Zeitung, Zeitungsverlag* • **FR** *journal, maison d'édition* • **EN** *newspaper [newspaper publisher]* • **PT** *jornal, editora [de jornal]* **Beispiller** hien ass Korrespondent vun enger auslännescher Zeitung; op der Pressekonferenz waren all d'Radioen an d'Zeitung present

Zeitungartikel [ts'aɪtʊŋsartikəl] Maskulinum (Pluriel Zeitungartikelen) **DE** *Zeitungartikel* • **FR** *article (de journal)* • **EN** *newspaper article* • **PT** *artigo (de jornal)* **Beispiller** am Zeitungartikel gouf e wichtege Saz vun der Zeienausso ewechgelooss; ech schneiden all d'Zeitungartikelen iwwer mäin Duerf eraus

Zeitungsbuttek [ts'a:uŋsbutek] Maskulinum (Pluriel Zeitungsbutteker) **DE** Zeitungsladen • **FR** magasin de presse, point presse • **EN** paper shop, newsagent's • **PT** loja de jornais e revistas, quiosque **Beispill** am Zeitungsbuttek um Flughafe kritt een och auslännesch Zeitung

Zeitungsfra [ts'a:uŋsfra:] Femininum (Pluriel Zeitungsfraen) **DE** Zeitungsausträgerin • **FR** porteuse de journaux • **EN** papergirl, paper delivery woman • **PT** distribuidora de jornais **Beispill** bei eis kénnt d'Zeitungsfra schonns moies um véier Auer

Zeitungsman [ts'a:uŋsman] Maskulinum (Pluriel Zeitungsänner) - männlech Form vun ↗Zeitungsfra

Zeitungspabeier [ts'a:uŋspabaie] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Zeitungspapier • **FR** papier journal • **EN** newspaper [newsprint] • **PT** papel de jornal **Beispiller** d'Fra um Maart huet mer mäi Choufleur an Zeitungspabeier agewéckelt; maach Zeitungspabeier an deng naass Schong

Zéiwennol [tsɜ:ɪvən'o:l] Maskulinum (Pluriel Zéiwenneel) **DE** Zehennagel • **FR** ongle d'orteil • **EN** toenail • **PT** unha do pé **Beispiller** ech muss mer deen agewuhsen Zéiwennol behandle loosser; déi rout lackéiert Zéiwenneel passen net bei däi Lëppstéft

Zéiwespätz [tsɜ:ɪvəʃp'əts] Femininum (Pluriel Zéiwespätzen) - Variant vun ↗Zéiwespätz

Zéiwespätz [tsɜ:ɪvəʃp'ətst] Femininum (Pluriel Zéiwespätzten) **DE** Zehenspitze • **FR** pointe du pied, pointe des pieds • **EN** tip of the toe, tiptoe(s) • **PT** ponta do pé, bicos de pés **Beispiller** ech war fréier esou gelenkeg, datt ech mech mat der Zéiwespätz hannerem Ouer konnt krazen; mir sinn op den Zéiwespätzte laansch d'Kiche gaangen, fir datt d'Mamm eis net soll héieren; d'Kanner hu sech missen op d'Zéiwespätzte stellen, fir iwwer d'Mauer ze gesinn

i Variant: Zéiwespätz

zejoer Adverb - Variant vun ↗zejoert

zejoert [tsəj'o:et] Adverb **DE** letztes Jahr • **FR** l'année passée • **EN** last year • **PT** o ano passado **Beispill** zejoert gouf et e verreente Summer **Synonym** d'lescht Joer

i Variant: zejoer

zelebréieren [tselebr'zɪəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zelebréiert) » **transitiv** **1.** **DE** feiern, zelebrieren [eine kirchliche Zeremonie] • **FR** célébrer [une cérémonie religieuse] **Beispill** déi dräi Paschtéier hunn de Lächendengscht zesammen zelebréiert **2.** **DE** feierlich begehen, zelebrieren • **FR** célébrer [une cérémonie solennelle] **Beispill** de 50. Anniversaire vun der Befreiung vum Land gouf mat engem Staatsakt zelebréiert

i Variant: celebréieren

zeleeds [tsel'e:ts] Adverb - Variant vun ↗zuleeds

Zell [tsæl] Femininum (Pluriel Zellen) **1.** **[Biologie]** **DE** Zelle [biologische Einheit] • **FR** cellule [unité biologique] • **EN** cell [biological unit] • **PT** célula [unidade biológica] **Beispiller** de Professor huet de Schüler den Opbau vun enger Zell erkläert; ënner dem Mikroskop gëtt d'Zell

800-mol vergréissert; et gëtt vill medezinesch Facteuren, déi Zelle stierwe loosser **2.** **DE** Zelle [Raum] • **FR** cellule [espace] • **EN** cell [room] • **PT** célula [compartimento, espaço] **Beispill** e Prisonéier huet sech a senger Zell erhaangen **3.** **DE** Zelle [Gruppe] • **FR** cellule [groupe] • **EN** cell [group] • **PT** célula [grupo] **Beispill** d'Membere vun enger terroristescher Zell konnten all verhaft ginn

Zelleri [ts'æ:ləri:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Sellerie • **FR** céleri • **EN** celeriac • **PT** aipo **Beispill** ech iessen Zelleri am léifsten als Zalot

Zelleriskapp Maskulinum (Pluriel Zelleriskäpp) **DE** Sellerieknolle • **FR** tête de céleri-rave • **EN** celeriac • **PT** cabeça de aipo-rábano **Beispill** ech hunn en hallwen Zelleriskapp an der Zopp verschafft

Zelleriszopp [tsæləri:sts'op] Femininum (Pluriel Zelleriszoppen) **DE** Selleriesuppe • **FR** soupe de céleri • **EN** celery soup • **PT** sopa de aipo **Beispill** als Entrée huet meng Tatta eng Zelleriszopp zerwéiert

Zelt [tsælt] Neutrum (Pluriel Zelter) **DE** Zelt • **FR** tente • **EN** tent • **PT** tenda [de campismo, de festa] **Beispiller** wien huet d'Piquete vum Zelt esou verbéit?; wann et sollt reenen, da verleeë mer d'Fest an d'Zelt

zelten [ts'æltən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gezelt) » **intransitiv** **DE** zelten • **FR** camper [sous la tente] • **EN** to camp • **PT** acampar [numa tenda] **Beispill** ech ginn de Weekend mat e puer Kollege bei de Séi zelten **Synonym** campéieren

Zeltfest [ts'æltfæst] Neutrum (Pluriel Zeltfester) **DE** Fest [im Festzelt] • **FR** fête (sous chapiteau) • **EN** party under canvas, festivities in a marquee • **PT** festa (numa tenda) **Beispill** um Zeltfest hu mer stonnelaang gedantz

Zeltstaang [ts'æltʃta:ŋ] Femininum (Pluriel Zeltstaangen) **DE** Zeltstange • **FR** tige de tente, arceau [pour tente] • **EN** tent pole • **PT** vareta de tenda **Beispill** fir dëst Zelt opzerichten, brauch ee just zwou Zeltstaangen

Zement [tsəm'ænt] Maskulinum (Pluriel <seelen> Zementer) **DE** Zement • **FR** ciment • **EN** cement • **PT** cimento **Beispill** den Zement därfer een op kee Fall ficht lagere

zementéieren [tsəmænt'zɪəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zementéiert) » **transitiv** **DE** festigen, zementieren • **FR** consolider, cimenter • **EN** to cement [to consolidate] • **PT** cimentar [consolidar, firmar] **Beispill** dësen Accord soll eis politesch Relatiounen zementéieren

i Verb, dat **zementéieren** als Basis huet: ↗anzementéieren

Zementsak [tsəm'æntza:k] Maskulinum (Pluriel Zementsäck) **DE** Zementsack • **FR** sac de ciment • **EN** bag of cement • **PT** saco de cimento **Beispill** wéi vill Zementsäck sinn nach op der Pallett Rescht?

Zëmmchen [ts'əmçən] Femininum (Pluriel Zëmmcher) - Diminutivform vun ↗Zomm

Zëmmer [ts'əmɛ] Neutrum (Pluriel Zëmmer / Zëmmeren) **DE** Zimmer [Wohnraum] • **FR** pièce, chambre • **EN** room, bedroom • **PT** assoalhada, quarto (de dormir) **Beispiller** den Usträcher huet sech d'Moose vum Zëmmer opgeschriwwen; nom Sträit mat sengem

Papp huet d'Meedche sech op säin Zëmmer verfuusst; ech hunn en Zëmmer an engem flotten Hotel reservéiert

Zëmmerchen [ts'əmɛçən] Neutrum (Pluriel Zëmmercher) - Diminutivform vun ↗Zëmmer

Zëmmermeedchen [ts'əmɛmɛ:tçən] Neutrum (Pluriel Zëmmermeedercher) DE *Zimmermädchen* • FR *femme de chambre* • EN *chambermaid* • PT *criada de quarto* **Beispill** d'Zëmmermeedchen ass nach net laanscht, d'Bett ass nach net gemaach

Zëmmerschëllessel [ts'əmɛʃlɛsəl] Maskulinum (Pluriel Zëmmerschëllesselen) DE *Zimmerschlüssel* • FR *clé de (la) chambre* • EN *room key* • PT *chave de quarto* **Beispill** gitt den Zëmmerschëllessel wannechgelift an der Receptioun of!

• **FR** *se réunir* [pour une occasion solennelle] • **EN** *to come together, to assemble* • **PT** *reunir-se* [por uma ocasião solene] **Beispill** mir hunn eis haut hei zesummefonnt, fir eisem President senger ze gedenken **Synonymmen** beieneekommen, zesummekommen

zesummeféieren [tsəz'uməfɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeféiert / zesummegefouert) » **transitiv DE** *zusammenführen, zusammenbringen* • **FR** *fusionner, réunir* • **EN** *to bring together, to unite* • **PT** *fundir, juntar, reunir* **Beispiller** déi verschidde Servicer goufen an engem Ministère zesummegeféiert; mir müssen all eis Daten zesummeféieren, fir eng Statistik kënnen opzestellen; d'Politik beméit sech, fir d'Familie vun de Flüchtlingen erëm zesummenzeféieren

zesummeflëcken [tsəz'uməflɛkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegefleckt) » **transitiv DE** *zusammenflicken* • **FR** *rafistoler* • **EN** *to patch up* [to repair temporarily] • **PT** *reparar, consertar, reconstituir* **Beispiller** ech fäerten, den ale Petzi kann net nach eng Kéier zesummegefleckt ginn; mat 18 Joer hat ech en Autosaccident, mee d'Dokteren hu mech erëm zesummegefleckt

zesummefléissen [tsəz'uməflɛi:sən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé zesummegefloss) » **intransitiv DE** *zusammenfließen* [sich sammeln] • **FR** *se réunir* [en formant un tout] • **EN** *to come together* [as a whole] • **PT** *reunir-se* [formando um todo] **Beispill** an dës-er Datebank fléissen all eis Donnéeën zesummen

zesummefuieren [tsəz'uməfu:ɾən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé zesummegefuer) » **intransitiv DE** *zusammenfahren* [zusammenzucken] • **FR** *sursauter, tressaillir* • **EN** *to start, to jump* • **PT** *sobressaltar-se, estremecer* **Beispill** mir sinn all zesummegefuer, wéi de Blëtz ageschloen huet

zesummegehéieren [tsəz'uməgəhɛiəɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegehéiert) » **intransitiv DE** *zusammengehören* • **FR** *aller ensemble, être ensemble* (en groupe) • **EN** *to match, to belong together* • **PT** *pertencer juntos, estar juntos* (em grupo) **Beispiller** lee all d'Puzzlestécker, déi der Faarf no zesummegehéieren, op ee Koup!; mir hätte gär eng Plaz niewenteneen, mir gehéieren zesummen

zesummegoen [tsəz'uməgə:ən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé zesummegeangen / zesummegaang) » **intransitiv DE** *ohnmächtig werden* • **FR** *s'évanouir* [perdre connaissance] • **EN** *to faint* • **PT** *desmaiar* [perder os sentidos] **Beispill** de Moien ass e Massendenger matzen an der Houmass zesummegaangen **Synonym** schwaachfalen

zesummekieren [tsəz'uməki:ɾən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegekiert) » **transitiv DE** *zusammenkehren, zusammenfegen* • **FR** *balayer* [mettre en tas] • **EN** *to sweep together, to sweep up* • **PT** *varrer* [juntar com a vassoura] **Beispill** nom Fuesbal hu mir de Konfetti am Sall zesummegekiert

zesummeklappen [tsəz'uməklapən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeklappt) » **transitiv DE** *zusammenklappen* • **FR** *plier* [rabattre] • **EN** *to collapse, to fold up* • **PT** *dobrar, fechar*

Beispill de Papp huet d'Poussette zesummegeklappt, fir se an den Auto ze leeën

zesummekliewen [tsəz'uməkliəvən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeklieft) » **transitiv 1. DE** *zusammenkleben* • **FR** *coller ensemble, assembler (à la colle)* • **EN** *to glue together* • **PT** *colar, juntar [com cola]* **Beispill** mäi Brudder huet déi eenzel Deeler vum Draach zesummegeklieft **Synonym** zesummepechen ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé zesummegeklieft) » **intransitiv 2. DE** *zusammenkleben* • **FR** *coller l'un à l'autre* • **EN** *to stick together* • **PT** *colar-se um ao outro* **Beispill** duerch d'Fiichtegkeet sinn d'Timberen alleguer zesummegeklieft **Synonym** zesummepechen

zesummekommen [tsəz'uməkomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé zesummekommm) » **intransitiv 1. DE** *zusammenkommen [sich versammeln]* • **FR** *se réunir [personnes]* • **EN** *to come together, to assemble* • **PT** *reunir-se [pessoas]* **Beispill** d'Buergermeeschteren aus dem ganze Land koume fir e Kongress zesummen **Synonym** beieneekommen **2. DE** *zusammenkommen [sich anhäufen]* • **FR** *s'accumuler* • **EN** *to occur together, to accumulate* • **PT** *acumular-se* **Beispiller** beim Basar kouw eng schéin Zëmmchen zesummen; wann e puer Problemer zesummekommen, verléiert ee gär den Iwwerbléck **Synonym** beieneekommen **3. DE** *zusammenkommen [als Paar]* • **FR** *se mettre ensemble [se mettre en couple]* • **EN** *to get together [to become a couple]* • **PT** *começar a namorar* **Beispill** no villem Gedeessesems sinn déi zwee Verléift endlech zesummekommm **Synonym** beieneekommen

zesummekrazen [tsəz'uməkra:tsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegekraazt) » **transitiv DE** *zusammenkratzen* • **FR** *racler* • **EN** *to scrape out* • **PT** *raspar [juntar raspando]* **Beispiller** d'Kéisfondue huet mir esou gutt geschmaacht, datt ech de leschte Rescht aus dem Dëppen zesummegekraazt hunn; hien huet seng lescht Mënz zesummegekraazt, fir sech e Vëlo ze kafen [hien huet seng lescht Sue geholl, fir sech e Vëlo ze kafen]

zesummekréien [tsəz'uməkɾɛiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummekritt) » **transitiv 1. DE** *zusammenbekommen [finden]* • **FR** *réussir à trouver, réussir à rassembler* • **EN** *to get together* • **PT** *conseguir juntar, conseguir reunir* **Beispiller** wann ech d'Suen zesummekréien, da fueren ech mat an d'Vakanz; well mer net genuch Leit zesummekruten, gouf de Konveniat ofgesot **2. DE** *zusammenbekommen [zusammenfügen können, zusammensetzen können]* • **FR** *arriver à monter, arriver à assembler* • **EN** *to manage to put together* • **PT** *conseguir montar, conseguir ensamblar* **Beispill** du hues d'Maschinn zerluecht, da kréi se nees zesummen! **3. DE** *zusammenbekommen [in Erinnerung rufen]* • **FR** *arriver à reconstituer [des souvenirs]* • **EN** *to recall, to recollect* • **PT** *conseguir recordar, conseguir reconstituir* **Beispill** ech hunn d'Detailer vun där Geschicht just nach mat Méi zesummekritt

zesummelafen [tsəz'uməla:fən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé zesummegelaf) » **intransitiv 1. DE** *zusammenlaufen [zusammenfließen]* • **FR** *s'accumuler [liquide]* • **EN** *to accumulate, to collect [liquid]* • **PT** *acumular-se [líquido]* **Beispiller** et huet esou gereent, datt

d'Waasser mer an de Schong zesummegelaf ass; d'Waasser leeft mer am Mond zesummen [ech kann et net erwaarden, fir dat z'iesse] **2. DE** *zusammenlaufen [herbeiströmen]* • **FR** *s'attrouper* • **EN** *to gather, to converge* • **PT** *acorrer, acudir* **Beispill** d'Fra huet esou haart ëm Hëllef geruff, datt d'Leit op der Gaass zesummegelaf sinn

zesummeläimen [tsəz'umələ:i:mən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeläimt) » **transitiv DE** *zusammenleimen* • **FR** *coller [à la colle de menuisier]* • **EN** *to glue together [wood]* • **PT** *colar, juntar [com cola para madeira]* **Beispill** de Schräiner huet de futtisse Stull nees zesummegeläimt

zesummeleeën [tsəz'umələ:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeluecht) » **transitiv 1. DE** *zusammenlegen [vereinen]* • **FR** *regrouper, fusionner* • **EN** *to combine, to merge* • **PT** *agrupar, juntar, fundir* **Beispiller** mat der Grënnung vun engem Syndikat leeën d'Gemengen hir Mëttelen zesummen; déi zwee Servicer ginn d'nächst Joer zesummegeluecht **Synonym** zesummeschloen **2. DE** *zusammenlegen [gemeinsam unterbringen]* • **FR** *loger ensemble* • **EN** *to put together [to accommodate together]* • **PT** *alojar juntos* **Beispill** an der Jugendherberg ginn d'Jongen net mat de Meedercher zesummegeluecht **3. DE** *zusammenlegen [zusammenklappen]* • **FR** *plier, démonter [réduire en volume]* • **EN** *to fold up, to collapse* • **PT** *dobrar, fechar [reduzir de volume]* **Beispill** déi Poussette léisst sech ganz zesummeleeën, fir datt se an den Auto passt **4. DE** *zusammenlegen [zusammen aufbewahren]* • **FR** *conserver ensemble* • **EN** *to store together* • **PT** *conservar juntos [guardar no mesmo sitio]* **Beispill** et soll een Äppel net mat Mangoen zesummeleeën » **intransitiv 5. DE** *zusammenlegen [Geld]* • **FR** *se cotiser* • **EN** *to club together* • **PT** *quotizar-se* **Beispill** d'Schüler hunn zesummegeluecht, fir hirer Joffer e Kaddo ze kafen

zesummeleien [tsəz'umələ:i:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeleeën) » **intransitiv 1. DE** *zusammenliegen [untergebracht sein]* • **FR** *loger dans la même pièce* • **EN** *to share [a room]* • **PT** *dormir no mesmo quarto* **Beispill** an der Jugendherberg leien d'Meedercher net mat de Jongen am selwechten Dortoir zesummen **2. DE** *zusammenliegen [aufbewahrt werden]* • **FR** *être conservé dans un même endroit* • **EN** *to be stored together* • **PT** *ser conservado no mesmo sitio* **Beispill** Äppel a Banannen dierfen net zesummeleien

zesummeliewen [tsəz'uməliəvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegelieft) » **intransitiv 1. DE** *zusammenleben [in demselben Haushalt]* • **FR** *vivre ensemble [sous un même toit]* • **EN** *to live together [under the same roof]* • **PT** *viver juntos [debaixo do mesmo teto]* **Beispill** meng Grousselteren hu bis an den héijen Alter zesummegelieft **2. DE** *zusammenleben [in einer Gesellschaft, in einer Gemeinschaft]* • **FR** *vivre ensemble [dans une société, dans une communauté], cohabiter* • **EN** *to live together [in a community]* • **PT** *viver juntos [numa sociedade, numa comunidade], coabitar* **Beispill** an eiser Stad liewe Leit aus verschidene Kulturen zesummen

zesummen [tsəz'umən] Adverb **1. DE** *zusammen [gemeinsam, miteinander]* • **FR** *ensemble [l'un avec l'autre, les uns avec les autres]* • **EN** *together [with each other]*

• **PT** *juntos, juntamente, em conjunto* **Beispiller** wann ech mäi Schnapp lass sinn, da gi mer zesumme schwammen; d'Léierpersonal ass zesumme mat den Elteren zoustänneg fir d'Erzëiung vun de Kanner **2. DE** *zusammen* [gleichzeitig] • **FR** *ensemble, au même instant* • **EN** *together, at the same time, simultaneously* • **PT** *simultaneamente* [ao mesmo tempo] **Beispiller** am Ufank vum drëtter Saz mussen d'Museker alleguer zesummen asetzen; zoufälleg koume mir zesummen op der Gare un **Synonymmen** gläichzäiteg, mateneen **3. DE** *zusammen* [in einer Partnerschaft] • **FR** *ensemble* [en couple] • **EN** *together* [as a couple] • **PT** *juntos* [numa relação amorosa] **Beispill** wéi laang muss dir zesummen, ier der iech bestuet hutt? **4. DE** *zusammen* [insgesamt] • **FR** *au total* • **EN** *altogether* [in total] • **PT** *ao todo, no total* **Beispill** wéi vill huet dech dat alles zesumme kascht?

zesummen- Verbpartikel **DE** [abtrennbares Erstglied eines Verbs] • **FR** [particule séparable d'un verbe] • **EN** [separable verb particle] • **PT** [partícula separável de um verbo] **Beispiller** an eiser Stad liewe Leit aus verschidene Kulturen zesummen; ech hu mech missen zesummenhuelen, fir net haart ze laachen; ech hu mer e puer vegetaresch Rezepten am Internet zesummegeesicht

i Verben, déi **zesummen-** als Partikel hunn: ↗zesummebäissen, ↗zesummebannen, ↗zesummebauen, ↗zesummebitzen, ↗zesummebleiwen, ↗zesummebrauen, ↗zesummebréngen, ↗zesummebriechen, ↗zesummefaassen, ↗zesummefalen, ↗zesummefalen, ↗zesummeffannen, ↗zesummefféieren, ↗zesummefflécken, ↗zesummeffléissen, ↗zesummeffueren, ↗zesummegehéieren, ↗zesummegeoen, ↗zesummegekieren, ↗zesummeklappen, ↗zesummeklieden, ↗zesummekommen, ↗zesummekrazen, ↗zesummekréien, ↗zesummelafen, ↗zesummeläimen, ↗zesummeleeeën, ↗zesummeléeien, ↗zesummeliéwen, ↗zesummendinn, ↗zesummendoen, ↗zesummendrécken, ↗zesummendreiwen, ↗zesummendroen, ↗zesummendruddelen, ↗zesummenhalen, ↗zesummenhänken, ↗zesummenhuelen, ↗zesummenhunn, ↗zesummenneelen, ↗zesummentrëllen, ↗zesummentrommelen, ↗zesummenzéien, ↗zesummenzielen, ↗zesummeepaken, ↗zesummeepassen, ↗zesummepechen, ↗zesummeperchen, ↗zesummepétzen, ↗zesummepressen, ↗zesummerafen, ↗zesummerappen, ↗zesummerechnen, ↗zesummeréckelen, ↗zesummereimen, ↗zesummeruffen, ↗zesummerullen, ↗zesummesacken, ↗zesummeschaffen, ↗zesummeschären, ↗zesummeschëdden, ↗zesummeschloen, ↗zesummeschreiwen, ↗zesummeschweessen, ↗zesummesetzen, ↗zesummesëtzen, ↗zesummesichen, ↗zesummespueren, ↗zesummestellen, ↗zesummestrécken, ↗zesummewuessen

i Dës Verbpartikel steet och am Zesammenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗zesummen Adverb

i Bei dëser Verbpartikel gëllt d'n-Reegel: zesummendroen, zesumme_sichen

Zesummenaarbecht [tsəz'uməna:bəçt] Femininum (kee Pluriel) **DE** *Zusammenarbeit* • **FR** *collaboration, coopération* • **EN** *collaboration, cooperation* • **PT** *colaboração, cooperação* **Beispill** mat dësem Accord hu mir d'Grundlag fir eng guut Zesummenaarbecht **Synonym** Collaboratioun

zesummendinn [tsəz'uməndin] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegegoen) - Variant vun ↗zesummendoen

zesummendoen [tsəz'uməndo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegegoen) » **reflexiv** **DE** *sich zusammen tun* • **FR** *s'unir, s'associer* • **EN** *to unite, to join forces* • **PT** *juntar-se, associar-se* **Beispill** d'Bauern hu sech an enger Genossenschaft zesum-

megegoen

i Variant: zesummendinn

zesummendrécken [tsəz'uməndrekən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummege-dréckt) » **transitiv** **DE** *zusammen drücken* • **FR** *comprimer* [serrer] • **EN** *to squeeze together, to push together* • **PT** *comprimir* [apertar] **Beispiller** fir dee Stopp gedréit ze kréien, muss een de Stopp op zwou Plazen zesummendrécken; wann s de de Kartroug zesummen-drécks, da geet es méi an d'Dreckschécht

zesummendreiwen [tsəz'uməndraivən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummege-driwwen) » **transitiv** **DE** *zusammen treiben* • **FR** *rassembler* [en un endroit] • **EN** *to drive together* • **PT** *arrebancar, reunir* [num lugar] **Beispill** dem Schéifer säin Hond hëlleft, d'Kéi zesummenzedreiwen

zesummendroen [tsəz'uməndro:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummege-droen) » **transitiv** **DE** *zusammen tragen* • **FR** *rassembler, collecter* • **EN** *to collect* [to gather together] • **PT** *recolher, coligir* **Beispiller** den Historiker huet Fotoen aus där Zäit zesummege-droen; de Commissaire krut d'Beweiser virgeluecht, déi seng Leit zesummege-droen hunn **Synonym** sammelen

zesummendruddelen [tsəz'uməndrudələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummege-druddelt) » **transitiv** [égs] **DE** *zusammenknüllen* • **FR** *mettre en boule, froisser* • **EN** *to crumple up* • **PT** *amassar, amarratar* **Beispiller** ech hunn de Keessenticket zesummege-druddelt an an d'Täsch gestach; gehei déi zesummege-druddelt Kleeder aus der Wallis all an d'Wäsch!

zesummenhalen [tsəz'umənha:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegehalen / zesummegehal) » **transitiv** **1. DE** *zusammenhalten* [verbinden, halten] • **FR** *(faire) tenir ensemble, solidariser, cercler* • **EN** *to hold together* • **PT** *(fazer) manter junto, fixar* [prender, ligar] **Beispiller** d'Faass gëtt mat eise Bänner zesummegehalen; déi gebrache Schank gëtt mat e puer Schrauwen zesummegehalen **2. DE** *zusammenhalten* [sparsam sein mit] • **FR** *mettre de côté, économiser* [son argent] • **EN** *to put aside, to economize* • **PT** *pôr de lado, poupar* [dinheiro] **Beispill** ech hale meng Suen zesummen, fir wa schlecht Zäite kommen » **intransitiv** **3. DE** *zusammenhalten* [halten] • **FR** *tenir le coup, résister* [objet, mécanisme] • **EN** *to hold up, to last* [object, mechanism] • **PT** *aguentar, resistir* [objeto, mecanismo] **Beispill** mäin allen Dictionnaire hält net méi laang zesummen **4. DE** *zusammenhalten, sich solidarisch zeigen, füreinander da sein* • **FR** *être solidaire(s), se montrer solidaires(s)* • **EN** *to stick together* [to be there for one another] • **PT** *ser solidário(s), mostrar-se solidário(s)* **Beispiller** wa mer elo zesummenhalen, dann erreeche mer eist Zil; meng Elteren hunn zesummegehalen a gudde wéi a schlechten Zäiten

Zesammenhalt [tsəz'umənhalt] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Zusammenhalt* [Verbundenheit] • **FR** *cohésion* [union, solidarité] • **EN** *team spirit, cohesion* • **PT** *coesão* [união, solidariedade] **Beispill** no deem schlechte Walresultat muss mer den Zesammenhalt an der Partei stärke **Synonym** Kohäsion

Zesummenhang [tsəz'umənhəŋ] Maskulinum (Pluriel Zesummenhäng) **DE** Zusammenhang • **FR** rapport (relation) • **EN** link, connection • **PT** ligação, relação **Beispiller** gëtt et en Zesummenhang tëschent deenen zwee Verbrüchen?; déi vill Naturkatastrophe muss een am Zesummenhang mam Klimawandel gesinn **Synonymmen** Rapport, Verbindung

i Variant: Zesummenhank

zesummenhängend Adjektiv

i Hei entsteeft en neien Artikel.

Zesummenhank [tsəz'umənhəŋk] Maskulinum (Pluriel Zesummenhäng) - Variant vun ↗Zesummenhang

zesummenhänken [tsəz'umənhæŋkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegehaangen / zesummegehaang) » **intransitiv 1.** zesummenhänken (mat) **DE** zusammenhängen (mit) • **FR** être en rapport (avec), être lié (à) • **EN** to be linked (to), to be related (to) • **PT** estar relacionado (com), estar ligado (a) **Beispill** datt d'Kand vill Feeler schreift, hänkt domat zesummen, datt et net gutt héiert **2.** **DE** (wie die Kletten) zusammenhängen • **FR** être inséparables [personnes] • **EN** to be joined at the hip, to be inseparable • **PT** ser inseparáveis [pessoas] **Beispill** déi zwee hänken éiweg zesummen

zesummenhuelen [tsəz'umənhuələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeholl) » **transitiv 1.** säi Courage zesummenhuelen **DE** seinen Mut zusammennehmen • **FR** prendre son courage à deux mains • **EN** to muster one's courage • **PT** encher-se de coragem **Beispill** hien huet säi ganze Courage zesummegeholl an ass vum Sprangbriet gesprongen » **reflexiv 2.** **DE** sich zusammennehmen, sich zusammenreiben • **FR** reprendre ses esprits, se concentrer • **EN** to pull oneself together • **PT** cobrar ânimo, concentrar-se **Beispill** huel dech zesummen a schaff emol eppes! **Synonym** sech um Rimm rappen **3.** **DE** sich zusammennehmen (sich zurückhalten) • **FR** se maîtriser, se contrôler • **EN** to control oneself, to hold back • **PT** controlar-se, conter-se **Beispill** ech hu mech missen zesummenhuelen, fir net haart ze laachen **Synonymmen** sech beherrschen, sech zeréckhalen

zesummenhunn [tsəz'umənhun] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegehat) » **transitiv DE** beisammenhaben • **FR** avoir réuni, avoir rassemblé • **EN** to have got together, to have collected • **PT** ter juntado, ter reunido **Beispill** wat war dat e Gerenns, bis mer d'Pabeieren all zesummenhatten! **Synonym** beieneenhunn

zesummenneelen [tsəz'uməne:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeeneelt) » **transitiv DE** zusammennageln • **FR** clouer ensemble, assembler avec des clous • **EN** to nail together • **PT** pregar, juntar [por meio de pregos] **Beispill** ech hunn aus e puer Brieder eng Këscht zesummegeeneelt

zesummentrëllen [tsəz'umənrələn] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé zesummegetrollt) » **intransitiv [ëgs] DE** zusammenkrachen [einstürzen] • **FR** s'écrouler, s'effondrer [construction] • **EN** to fall down, to collapse [building] • **PT** desabar, desmoronar-se [cons-

trução] **Beispill** déi Bud gesäit aus, wéi wann se all Ament kéint zesummentrëllen! **Synonym** zesumme-falen

zesummentrommelen [tsəz'umənrəmələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegetrommelt) » **transitiv [ëgs] DE** zusammentrommeln • **FR** rameuter [des personnes] • **EN** to round up, to rally [people] • **PT** arrebanhar [pessoas] **Beispill** hien huet all seng Kollegen zesummegetrommelt, fir eis ze hëllef-fen

zesummenzéien [tsəz'uməntsɛiən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegezunn) » **reflexiv DE** sich zusammenziehen • **FR** se contracter • **EN** to contract [to tighten up] • **PT** contrair-se **Beispiller** bei engem Krämpchen zéien d'Muskele sech vum selwen zesummen; vun där sauerer Kamell huet mäi Mond sech ganz zesummegezunn

zesummenzielen [tsəz'uməntsɛiələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegezielt) » **transitiv DE** zusammenzählen • **FR** additionner [faire l'addition de] • **EN** to add up [to total] • **PT** adicionar, somar **Beispiller** am Rechne léieren d'Kanner, d'Zuelen zesummenzeielen; wann s de eent an eent zesummenziels, da weess de, firwat déi Person dës Plaz krut [et ass lichter erauszefannen, firwat déi Person dës Plaz krut] **Synonymmen** addéieren, zesummerechnen

zesummepaken [tsəz'uməpəkən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegepaakt / zesummegepak) » **transitiv DE** zusammenpacken • **FR** ranger, emballer [pour le transport] • **EN** to pack up • **PT** arrumar, embalar [para o transporte] **Beispill** am fréieren Nomëtteg paken d'Maartleit hir Saachen zesummen

zesummepassen [tsəz'uməpəsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegepasst)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

zesummepechen [tsəz'uməpæçən] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegepecht) » **transitiv 1.** **DE** zusammenkleben • **FR** coller ensemble, assembler (à la colle) • **EN** to glue together • **PT** colar, juntar [com cola] **Beispill** de Jong huet giel Pabeierschnëppelen zu engem Sonn zesummegepecht **Synonym** zesummeklewen ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé zesummegepecht) » **intransitiv 2.** **DE** zusammenkleben • **FR** coller l'un à l'autre • **EN** to stick together • **PT** colar-se um ao outro **Beispiller** pass op, datt s de keng Limonad op d'Buch sabbels, soss pechen d'Blieder zesummen!; wéinst engem Infektioun war mäi rietst A ganz zesummegepecht [wéinst engem Infektioun waren d'Aendecke vu mengem rietsten A zesummegepecht] **Synonym** zesummeklewen

zesummeperchen [tsəz'uməpɛrçən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegepercht) » **transitiv DE** zusammenperchen • **FR** entasser, serrer [des personnes, des animaux] • **EN** to pack in, to cram in [people, animals] • **PT** amontoar, apertar [pessoas, animais] **Beispill** am Schoulbus sinn d'Kanner nawell dacks ewéi Véi zesummegepercht

zesummepëtzen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegepëtzt) » **transitiv DE** zusammenknei-

fen • **FR** serrer, pincer [une partie du corps] • **EN** to squeeze together, to squeeze shut • **PT** cerrar, apertar [uma parte do corpo] **Beispill** wéi d'Mamm de Bëbee wollt mat Spinat fidderen, huet en d'Lëpse fest zesummegepëtz

zesummepressen [tsəz'uməpɾ'æsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegepresst) » **transitiv DE** zusammenpressen • **FR** serrer [l'un contre l'autre] • **EN** to press together, to squeeze shut • **PT** cerrar [um contra o outro] **Beispill** wéi d'Mamm de Bëbee wollt mat Spinat fidderen, huet deen d'Lëpse fest zesummegepresst **Synonym** zesummepëtzen

zesummerafen [tsəz'uməɾa:fən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeraf / zesummegeraaft) » **transitiv DE** zusammenrafen, einsammeln • **FR** ramasser, rassembler [des choses dispersées] • **EN** to gather up • **PT** apanhar, reunir [coisas dispersas] **Beispiller** mäin Dossier ass op de Buedem getrollt, elo muss ech all déi Blieder zesummerafen a sënneren; am Sträit huet hien seng siwe Saachen zesummegeraf an ass senger Wee gaangen

zesummerappen [tsəz'uməɾapən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegerappt) » **reflexiv DE** sich zusammenreißen • **FR** se dominer, se contenir • **EN** to pull oneself together • **PT** controlar-se, conter-se **Beispill** ech hu mech missen zesummerappen, fir net frech ze ginn

zesummerechnen [tsəz'uməɾæçnən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegererecht) » **transitiv DE** zusammenrechnen • **FR** additionner [faire l'addition de] • **EN** to add up [to total] • **PT** adicionar, somar **Beispill** wa mer all d'Ausgaben zesummerechnen, da komme mer op 1200 Euro **Synonymmen** addéieren, zesummenzielen

zesummeréckelen [tsəz'uməɾəkələn] ♦ Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeréckelt) » **transitiv 1. DE** zusammenrücken • **FR** mettre ensemble, placer ensemble, placer l'un contre l'autre [des objets] • **EN** to move closer together • **PT** juntar, aproximar [objetos] **Beispill** réckelt d'Still zesummen, elo gëtt gedantz **Synonym** beieneeréckelen ♦ Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé zesummegeréckelt) » **intransitiv 2. DE** zusammenrücken • **FR** se rapprocher, se serrer • **EN** to move closer together, to budge up • **PT** chegar-se um ao outro [para dar lugar a mais um] **Beispill** wa mer zesummeréckelen, passat nach een op d'Bänk

zesummereimen [tsəz'uməɾaɪmən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegereimt) » **transitiv** sech eppes zesummereimen **DE** sich etwas zusammenreimen • **FR** s'imaginer quelque chose, se figurer quelque chose [par déduction] • **EN** to figure something out • **PT** imaginar alguma coisa [por dedução] **Beispiller** wéi d'Geschicht ausgaangen ass, dat kann all Mënsch sech zesummereimen; et kann ee sech leicht zesummereimen, firwat grad hien déi Aarbecht splaz krut

zesummeruffen [tsəz'uməɾufən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeruff) » **transitiv DE** zusammenrufen, einberufen • **FR** réunir [inviter], convoquer • **EN** to assemble, to convene • **PT** reunir, convocar **Beispiller** de Papp huet heemlech d'ganz Famill ze-

summegeuff, fir der Mamm hire Gebuertsdag ze feieren; wéinst deem Skandal gouf d'Regierung extra zesummegeuff

zesummerullen [tsəz'uməɾulən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegerullt) » **transitiv 1. DE** zusammenrollen • **FR** enrrouler • **EN** to roll up • **PT** enrolar [dar forma de rolo a] **Beispill** hien huet d'Zeitung zesummegerullt, fir no enger Méck ze fachen » **reflexiv 2. DE** sich zusammenrollen • **FR** se pelotonner • **EN** to curl up • **PT** enrolar-se, enroscar-se **Beispill** d'Kaz huet sech virum Kamäin op enger Decken zesummegerullt

zesummesakken [tsəz'uməzakən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé zesummegesackt) » **intransitiv DE** zusammensacken • **FR** s'effondrer, s'affaisser [personne] • **EN** to collapse, to slump [person] • **PT** sofrer um colapso nervoso, desfalecer **Beispill** wéi den Ugekloten um Gericht seng Strof héieren huet, ass en op sengem Stull zesummegesackt

zesummeschaffen [tsəz'uməʃafən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeschaft) » **intransitiv DE** zusammenarbeiten • **FR** collaborer, travailler ensemble • **EN** to collaborate, to cooperate • **PT** colaborar, trabalhar em conjunto **Beispiller** d'Autoritéite vu béide Länner hunn effikass zesummegeschaft; an der Schoul léieren d'Kanner, am Grupp zesummenzeschaffen

zesummeschären [tsəz'uməʃɛ:rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeschéert) » **transitiv DE** zusammenschäeren, zusammenwischen, zusammenrechnen • **FR** amasser [en racleant, en ratissant] • **EN** to rake up, to clean up • **PT** amontoar, juntar [raspando, rapando] **Beispiller** am Hirschschäert de Gäertner déi wieleg Blieder ënner de Beem zesummen; wann s de Brout schneits, da schär wannechgelift och d'Grimmelen zesummen!

zesummeschëdden [tsəz'uməʃədən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeschoët) » **transitiv DE** zusammenschütten • **FR** verser ensemble [dans un même récipient] • **EN** to pour together, to mix • **PT** misturar, juntar [no mesmo recipiente] **Beispill** eise Chimiesproff huet opgepasst, datt mer net déi falsch Substanzen zesummeschëdden

zesummeschloen [tsəz'uməʃlo:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeschoen) » **transitiv 1. DE** zusammenschlagen [verprügeln] • **FR** rouer de coups, tabasser [jusqu'à effondrement] • **EN** to beat up [to assault] • **PT** derrear com pancada, desancar **Beispill** de Mann gouf op der Strooss zesummegeschoen **2. DE** zusammenschlagen [gegen einanderschlagen] • **FR** frapper l'un contre l'autre • **EN** to clash (together) [to bang together] • **PT** bater um contra o outro **Beispill** am léifste géif een esou frech Borschte mat de Käpp zesummeschloen! **3. DE** zusammenlegen [vereinen] • **FR** regrouper [fusionner] • **EN** to merge [to combine] • **PT** juntar, fundir [unir] **Beispill** an eisem Betrib ginn elo zwee Servicer zesummegeschoen **Synonymmen** regruppéieren, zesummeleëen

zesummeschreiwen [tsəz'uməʃɾaɪvən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zesummegeschrwwen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

Zesummeschreiwung [tsəz'uməʃraivʊŋ] Femininum (Pluriel Zesummeschreiwungen)

I Hei entsteet en neien Artikel.

zesummeschweessen [tsəz'uməʃwe:sən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé zesummegeeschweesst) » **transitiv DE** zusammenschweißen, verschweißen • **FR** souder • **EN** to weld together • **PT** soldar [unir por soldadura] **Beispiller** d'Aarbechter schweessen déi déck Réier vun der Pipeline zesummen; e Schicksalsschlag kann eng Koppel zesummeschweessen [e Schicksalsschlag kann d'Relatioun vun enger Koppel stäerken] **Synonym** verschweessen

zesummesetzen [tsəz'uməzətsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé zesummegeesat) » **transitiv 1. DE** zusammensetzen [zusammenfügen] • **FR** monter, assembler, composer • **EN** to put together, to assemble, to form • **PT** montar, unir, formar **Beispiller** ouni Beschreiwung wéisst ech net, wéi ech déi eenzel Deeler vum Schaf soll zesummesetzen; eng ganz Rei vu Wieder **ginn** aus zwee Substantiver zesummegeesat **2. DE** zusammensetzen [ebeneinandersetzen] • **FR** placer côte à côte • **EN** to sit beside each other, to put together • **PT** sentar um ao lado do outro **Beispill** wa mer déi zwee Schüler zesummesetzen, schreiwen se ee vun deem aneren of » **reflexiv 3. DE** sich zusammensetzen [sich treffen] • **FR** se mettre ensemble • **EN** to meet, to get together • **PT** reunir-se, juntar-se **Beispiller** d'Berufschamberen **hu** sech mat der Regierung zesummegeesat, fir iwwer de Projet ze diskutéieren; am-plaz ze streiden, solle mer eis zesummesetzen an no enger Léisung sichen **4. sech** zesummesetzen aus **DE** sich zusammensetzen aus • **FR** se composer de, être constitué de • **EN** to be made up of, to consist of • **PT** ser formado por, ser constituído por **Beispiller** de Gremium setzt sech aus elauter Spezialisten zesummen; dat Substantiv **setzt** sech aus zwee Wieder zesummen

zesummesetzen [tsəz'uməzətsən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé zesummegeesiess) » **intransitiv DE** zusammensitzen [versammelt sein] • **FR** être ensemble, être en réunion • **EN** to sit together • **PT** estar (sentado) junto, estar reunido **Beispill** nom Komitee souze mer nach laang zesummen, fir e Patt ze drénken **Synonym** beieneesetzen

Zesummesetzung [tsəz'uməzətsuŋ] Femininum (Pluriel Zesummesetzungen) **DE** Zusammensetzung [Struktur] • **FR** composition [structure] • **EN** composition [structure] • **PT** composição [estrutural] **Beispill** et gëtt e Changement an der Zesummesetzung vum Komitee

zesummesichen [tsəz'uməziçən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé zesummegeesicht) » **transitiv DE** zusammensuchen • **FR** rassembler [sélectionner et mettre ensemble] • **EN** to find, to gather • **PT** coligir, recolher [selecionar e reunir] **Beispiller** d'Schüler müssen d'Informatiounen fir hiren Exposé selwer zesummesichen; ech **hu** mer e puer vegetaresch Rezepten am Internet zesummegeesicht

Zesummespill [tsəz'uməʃpil] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Zusammenspiel, Zusammenwirken • **FR** interaction, effet conjugué, jeu d'équipe • **EN** interaction, interplay • **PT** interação, efeito conjunto, jogo coletivo **Beispiller** d'Zesummespill vu verschiddenen onglécklechen Êr-stänn huet derzou geféiert, datt de Betrib faillite gaangen ass; d'Zesummespill vun de Stiermer huet an der zweeter Halbzeit net méi geklappt

zesummespueren [tsəz'uməʃpu:ɐrən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé zesummegeespuert) » **transitiv DE** zusammensparen • **FR** économiser [à grand peine dans une certaine intention] • **EN** to save up, to scrape together • **PT** amearhar, juntar aos poucos **Beispill** ech **hunn** (mer) endlech genuch Suen zesummegeespuert, fir mer en neien Auto kënnen ze kafen

zesummestellen [tsəz'uməʃtælən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé zesummegeestallt) » **transitiv DE** zusammenstellen [ausarbeiten, aufstellen] • **FR** établir, constituer • **EN** to compile, to draw up • **PT** compilar, elaborar, constituir **Beispiller** d'Naturfrënn **hunn** eng Dokumentatioun iwwer d'Biotopen zesummegeestallt; den Trainer **stellt** en Donneschdeg d'Ekipp fir déi nei Saison zesummen

Zesummestellung [tsəz'uməʃtæluŋ] Femininum (kee Pluriel) **DE** Zusammenstellung, Zusammensetzung [Struktur] • **FR** composition, constitution • **EN** composition, constitution • **PT** composição, constituição **Beispill** de Vott fir d'Zesummestellung vum Schäfferot war unanime

zesummestrecken [tsəz'uməʃtrekən] Verb (Hëllefverb **hunn**, Participe passé zesummegeestreckt) » **transitiv DE** zusammenbinden [aneinanderbinden] • **FR** (r)attacher, nouer • **EN** to tie together, to knot • **PT** atar, ligar **Beispill** d'Kanner **hunn** d'Ficellé mat engem platte Knuet zesummegeestreckt **Synonym** uneneestrecken

zesummewuessen [tsəz'uməvuəsən] Verb (Hëllefverb **sinn**, Participe passé zesummegeewuess) » **intransitiv 1. DE** zusammenwachsen [heilen] • **FR** se resouder • **EN** to grow together [to heal] • **PT** soldar-se, consolidar-se [cicatrizar] **Beispill** dat war e komplizéierte Broch, mee d'Schank **ass** erëm gutt zesummegeewuess **Synonym** uneneewuessen **2. DE** zusammenwachsen [zu einer Einheit werden] • **FR** se rapprocher [villages, villes] • **EN** to grow together [to become one] • **PT** fundir-se [aldeias, cidades] **Beispill** mat der Zäit **sinn** e puer Dierfer mat der Stad zesummegeewuess

Zëttär [ts'ətɛ:ɐ] Femininum (Pluriel Zëttären) **1. DE** Zisterne • **FR** citerne [réservoir] • **EN** tank, cistern • **PT** cisterna [reservatório] **Beispill** mir fänken d'Reewaasser an enger Zëttär enner der Terrass op **2. DE** Klärgrube, Jauchegrube • **FR** fosse septique, fosse à purin • **EN** cesspit, slurry pit • **PT** fossa sética, fossa de estrume líquido **Beispiller** de Piff aus dem Schwäistall leeft an eng grouss Zëttär; eist Weekendhaischen **ass** net un d'Kanalisiatioun ugeschloss, mir **hunn** eng Zëttär

Zëtteg [ts'ətɛç] Eegennumm **DE** Zittig • **FR** Zittig • **EN** Zittig • **PT** Zittig **Beispiller** ech wunnen zu Zëtteg; fiert dese Bus op Zëtteg?

zevirkommen [tsə'f'i:ɡkomən] Verb (Hëllefverb sinn, Participle passé zevirkommen) » **intransitiv** DE *zuvorkommen* • FR *devancer* [dans l'accomplissement d'une tâche] • EN *to beat to, to get there first* • PT *adiantar-se* [no cumprimento de uma tarefa] **Beispill** ech wollt déi lescht Tournée bei de Comptoir bezuele goen, mee ee vun eise Frënn war mer schonn zevirkomm

ze vrecks Adverb - Variant vun ↗zu vrecks

zewee [tsəv'e:] Adverb - Variant vun ↗zuwee

zibbelen [ts'ibələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gezibbelt) » **intransitiv** zibbelen un DE *zupfen an* • FR *tripoter* [un objet, du bout des doigts] • EN *to tug at* • PT *mexer em* [num objeto, com a ponta dos dedos] **Beispill** wa meng Schwëster nervös ass, zibbelt si gären un hiren Hoer

Zich [tsiç] Femininum (Pluriel Zichen) DE *Bezug* [Kissen, Decke] • FR *housse, taie* • EN *(duvet) cover, pillowcase* • PT *capa* [de edredão], *fronha* **Beispill** ech hunn d'Nout vun der Zich missen op e puer Plazen zoubitzen

Zichelchen [ts'ičəlçən] Maskulinum (Pluriel Zichelcher) - Diminutivform vun ↗Zuch

Zickzack [ts'iksak] Maskulinum (Pluriel Zickzacken) DE *Zickzack* • FR *zigzag* • EN *zigzag* • PT *zigzague* **Beispill** d'Police huet de Chauffer ugehalen, well en am Zickzack gefuer ass

Zickzacklinn [ts'iksaklin] Femininum (Pluriel Zickzacklinnen) DE *Zickzacklinie* [Fahrbahnmarkierung] • FR *ligne zigzag* [sur la chaussée] • EN *zigzag line* [road marking] • PT *linha em ziguezague* [marca no pavimento] **Beispill** am Code de la route steet, datt een net op enger Zickzacklinn stationéieren däerf

ziddereg [ts'idə'rəç] Adjektiv DE *zittrig* • FR *tremblant, tremblotant* • EN *shaky, trembling* • PT *tremente, trémulo* **Beispiller** nom Accident ass de Mann mat zidderege Been aus dem Auto geklommen; d'Kand huet sech mat enger ziddereger Stëmm entschëllegt; menger Groussmamm hir ziddereg Schrëft kann ee bal net liesen [menger Groussmamm hir kropeleg Schrëft kann ee bal net liesen]

zidderen [ts'idə'rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé geziddert) » **intransitiv** DE *zittern* • FR *trembler* • EN *to shake, to tremble* • PT *tremor* **Beispiller** den Examenskandidat ass esou opgereegt, datt seng Hän zidderen; hien huet um ganze Kierper geziddert vu Keelt; bei héijem Féiwer kënn et dacks vir, datt dee Kranken ziddert; an eiser Famill verierft sech eng Krankheet, bei där d'Hänn staark zidderen; duerch den Drock vun der Explosioun hu bei eis d'Fënstere geziddert; seng Stëmm huet geziddert, wéi en déi Fro gestallt huet; dat doten ass dee Professor, virun deem all d'Studenten zidderen [dat doten ass dee Professor, virun deem all d'Studenten Angscht hunn]

Zidderer [ts'idə'rə] Maskulinum (kee Pluriel) ^(égs) DE *Tatterich* • FR *tremblote* • EN *shakes* • PT *tremores* **Beispill** wann ech vill Kaffi drénken, kréien ech den Zidderer

ziddreg [ts'idrəç] Adjektiv - Variant vun ↗ziddereg

Ziedel [ts'iedəl] Maskulinum (Pluriel Ziedelen) DE *Zettel* • FR *(bout de) papier* • EN *piece of paper, slip of paper* • PT *(pedaço de) papel* **Beispiller** meng Fra pecht fir alles en Ziedel op de Frigo; ech schreiwen der meng Nummer séier op en Ziedel

Ziedelchen [ts'iedəlçən] Maskulinum (Pluriel Ziedelcher) - Diminutivform vun ↗Ziedel

zielen [ts'ielən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gezielt) » **transitiv** 1. DE *zählen* [die Anzahl, den Betrag feststellen] • FR *compter* [déterminer par comptage, déterminer par calcul] • EN *to count* [to total, to add up] • PT *contar* [determinar por meio de contagem, de cálculo] **Beispiller** wann s de eng Kéier deng Schong ziels, këns de bestëmmt op honnert Puer; owes ginn d'Sue gezielt an an de Coffre-fort geluecht; hien zielt d'Deeg bis zu senger Pensioun [hie waart ongedëlleg op seng Pensioun] 2. zielen zu DE *zählen* zu • FR *compter* *au nombre de* • EN *to count* among [to consider as, to regard as] • PT *contar* *entre* [considerar como parte de] **Beispill** ech zielen dech zu menge beschte Frënn » **intransitiv** 3. DE *zählen* [eine Zahlenfolge aufsagen] • FR *compter* [énumérer une suite de nombres] • EN *to count* [to repeat numerals in order] • PT *contar* [enumerar uma série de números] **Beispiller** eist Klengt ka scho bis zéng zielen; hien zielt nach op de Fangeren; hie kann net bis dräi zielen [hien ass domm] 4. DE *zählen* [gültig sein] • FR *compter* [être valide] • EN *to count* [to be valid] • PT *contar* [ser válido] **Beispill** de Gol zielt net, well de Ball net hanner der Linn war **Synonym** gëllen 5. DE *zählen* [Bedeutung haben] • FR *compter* [être déterminant] • EN *to count, to matter* • PT *contar, importar* **Beispiller** et ass zwar just e klenge Kaddo, mee et ass de Gest, deen zielt; bei enger Urgence zielt all Minutt 6. zielen op DE *zählen auf* • FR *compter sur* [faire confiance à, s'attendre à] • EN *to count on* [to rely on] • PT *contar com* [confiar em, ter esperança em] **Beispiller** et ass schéin, op seng Frënn kënnen ze zielen; du kanns op eis zielen, fir der beim Plënneren ze hëlfe; ech zielen droen, datt der op eist Fest kommt **Synonym** sech verloossen op 7. zielen zu DE *zählen* zu • FR *compter* *parmi* • EN *to count among, to count as one of* • PT *figurar* *entre* **Beispill** du ziels zu menge beschte Frënn

i Verben, déi **zielen** als Basis hunn: ↗auszielen, ↗matzielen, ↗nozielen, ↗ofzielen, ↗opzielen, ↗unzielen, ↗virunzielen, ↗weiderzielen an ↗zesummenzielen

zielen [ts'ielən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gezielt) » **transitiv** 1. DE *erzählen* [zum Mitteln, zum Unterhalten] • FR *raconter* (à), *dire* (à) • EN *to tell* [a story] • PT *contar* (a), *dizer* (a) **Beispiller** virum Schlofegoen zielt de Papp de Kanner eng Geschicht; de Paschtouer huet de Kanner vum Feegfeier gezielt; ech ka bal net gleewen, wat s du mer do ziels!; ziel mer emol, wat der gëschter gemaach hut!; komm, ziel mer näischt! [komm, ziel mer näischt, wat net stëmmt!]; du wëlls mer eng zielen! [du wëlls mech eppes gleewen doen, wat net stëmmt] **Synonymen** erzielen, verzielen 2. DE *erzählen* [anvertrauen] • FR *raconter* (à), *confier* (à) • EN *to tell* [to confide to] • PT *contar* (a), *confiar* (a) **Beispill** ziel him näischt méi, well hie posaut et iwwehall aus! **Synonym** verzielen

i Verben, déi **zielen** als Basis hunn: ↗auszielen, ↗matzielen, ↗nozielen, ↗ofzielen, ↗opzielen, ↗unzielen, ↗virunzielen, ↗weiderzielen an ↗zesummenzielen

Zielung Femininum (Pluriel Zielungen)

I Hei entstee en neien Artikel.

Zier [tsi:ɕ] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Speis und Trank, Beköstigung • **FR** *restauration* [*fournitures, mise à disposition*] • **EN** *food and drink, catering* • **PT** *comes e bebes* [*forncimento, provisáo*] **Beispill** mir këmmere eis em den Zier

zieren [ts'i:ɕrən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *geziert*) » **intransitiv** **1.** zieren un **DE** *zehren von* • **FR** *vivre sur* • **EN** *to live off* • **PT** *viver de* [*manter-se com*] **Beispill** eise Betrib *ziert* haut nach un de Reserve vun de gudde Joren **2.** zieren un **DE** *zehren an, belasten* • **FR** *miner le moral de* • **EN** *to weigh on* • **PT** *abalar o moral de* **Beispill** den onerwaarten Doud vu mengem Monni *ziert* haut nach u menger Tatta

zierfräi [ts'i:ɕfræ:i] Adverb *zierfräi halen* **DE** *freihalten* [*Kosten übernehmen*] • **FR** *régaler, inviter* [*payer à boire et à manger à*] • **EN** *to treat, to pay for* • **PT** *pagar a comida e a bebida a* **Beispill** eis Frënn hunn eis de ganzen Owend *zierfräi* gehalten

Zierkel [ts'i:ɕkəl] Maskulinum (Pluriel Zierkelen) **DE** *Zirkel* [Gerät] • **FR** *compas* • **EN** *compasses* • **PT** *compasso* [*instrumento*] **Beispill** d'Joffer huet de Kanner gewisen, wéi ee mam *Zierkel* e Krees zeechent

zierkelen [ts'i:ɕkələn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé *gezierkelt*) » **intransitiv** **DE** *zirkeln, tüfteln* • **FR** *tâtonner* [*lors d'une activité*], *bricoler* • **EN** *to fiddle* (*around*) • **PT** *fazer tentativas, esmerar-se* [*para conseguir uma tarefa*] **Beispiller** de Fotograf huet laang *gezierkelt*, bis en d'Leit all richtig op der Foto stoen hat; ech hunn al missen *zierkelen*, fir mäin Auto tëschent deenen aneren ze parken

Ziffer [ts'ife] Femininum (Pluriel Zifferen) **DE** *Ziffer* [Zahl] • **FR** *chiffre* [*représentant un nombre*] • **EN** *number* [*figure, numeral*] • **PT** *algarismo* **Beispiller** op deene meeschten Autosplacke sti Buschtawen an *Zifferen*; d'Kanner mussen all *Ziffer* zéng Mol an hiert Heft schreiwene

Zigar [ts'iga:r] Femininum (Pluriel Zigareen) **DE** *Zigarre* • **FR** *cigare* • **EN** *cigar* • **PT** *charuto* **Beispiller** mäi Monni fëmmt ëmmer sonndes nom *Essen* eng *Zigar*; fir déi Dommheet huet hie vum Chef eng *Zigar* kritt ^[égs] [fir déi Dommheet ass hie vum Chef vernannt ginn]

Zigarette [tsigar'æt] Femininum (Pluriel Zigaretten) **DE** *Zigarette* • **FR** *cigarette* • **EN** *cigarette* • **PT** *cigarro* **Beispiller** nom *Issen* fëmmen ech eng *Zigarette*; hien dréit sech seng *Zigarette* selwer

Zigarettekonsum [tsigar'ætəkonzu:m] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Zigarettenkonsum* • **FR** *consommation de cigarettes* • **EN** *cigarette consumption* • **PT** *consumo de cigarros* **Beispill** dat neit Gesetz soll den *Zigarettekonsum* limitéieren

Zigaretteendamp [tsigar'ætəndəmp] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Zigarettenrauch* • **FR** *fumée de cigarette* • **EN** *cigarette smoke* • **PT** *fumo de cigarro* **Beispiller** de kalen *Zigaretteendamp* hänkt nach a menge Kleeder; den *Zigaretteendamp* schuet der Gesondheet

Zigarettenhouscht [tsigar'ætənhoʊst] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Raucherhusten* • **FR** *toux des fumeurs* • **EN** *smoker's cough* • **PT** *tosse de fumador* **Beispill** esoulaang ech zeréckdenke kann, hat mäi Monni den *Zigarettenhouscht*

Zigarettepaus [tsigar'ætəpaʊs] Femininum (Pluriel *Zigarettepausen*) **DE** *Zigarettepause* • **FR** *pause cigarette* • **EN** *cigarette break* • **PT** *pausa para um cigarro* **Beispill** ech sinn haut op der Aarbecht emol net der-zou komm, eng *Zigarettepaus* ze maachen

Zigaretteschmuggel [tsigar'ætəʃmugəl] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Zigaretteschmuggel* • **FR** *contrebande de cigarettes* • **EN** *illicit cigarette trade* • **PT** *contrabando de cigarros* **Beispiller** den *Zigaretteschmuggel* ass e lukratiivt Geschäft; d'Douane kritt den *Zigaretteschmuggel* net an de Grëff

Zigarettestomp Maskulinum (Pluriel *Zigarettestëmp*) **DE** *Zigarettestummel* • **FR** *mégot* (*de cigarette*) • **EN** *cigarette butt* • **PT** *ponta de cigarro, beata* **Beispill** et ass verbueden, *Zigarettestëmp* op de Buedem ze geheien

I Kuerzform: Stomp

Zigarillo [tsigar'ilo:] Maskulinum (Pluriel *Zigarilloen*) **DE** *Zigarillo* • **FR** *cigarillo* • **EN** *cigarillo* • **PT** *cigarrilha* **Beispill** meng Bomi huet fréier alt emol en *Zigarillo* gefëmmt

Zigeiner [tsig'aïne] Maskulinum (Pluriel *Zigeiner*) **DE** *Zigeuner* • **FR** *bohémien, gitan* • **EN** *gypsy* • **PT** *cigano* **Beispill** dës Operett handelt vun engem *Zigeiner* an engem räiche Meedchen

I Opgepasst! De Begrëff „Zigeiner“ kann als pejorativ empfongt ginn.

I Weiblech Form: ↗Zigeinerin

Zigeinerin [tsig'aïnərin] Femininum (Pluriel *Zigeinerinnen*) **DE** *Zigeunerin* • **FR** *bohémienne, gitane* • **EN** *gypsy* [*female*] • **PT** *cigana* **Beispill** an dësem Theaterstück geet et em eng *Zigeinerin*, déi de Leit d'Zukunft ka viraussoen

I Opgepasst! De Begrëff „Zigeinerin“ kann als pejorativ empfongt ginn.

I Männlech Form: ↗Zigeiner

Zigel [ts'izəl] Maskulinum (Pluriel *Zigel* / *Zigelen*) **DE** *Zügel* • **FR** *rêne, guides* • **EN** *reins* • **PT** *rédea* **Beispill** mat den *Zigel* kann de Reider d'Päerd dirigéieren

Ziggar [ts'iga:r] Femininum (Pluriel *Ziggaren*) - Variant vun ↗Zigar

Ziha [ts'i:a:] Femininum (Pluriel *Zihaen*) ^[égs] **DE** *Gelenkbus* • **FR** *bus articulé* • **EN** *bendy bus* • **PT** *autocarro articulado* **Beispill** virum Lycée stounge gläich e puer *Zihaen*, fir d'Schüler op d'Gare ze féieren

Ziharmonika [tsihərm'o:nika:] Femininum (Pluriel *Ziharmonikaen*) **1.** **DE** *Ziehharmonika, Akkordeon* • **FR** *accordéon* • **EN** *accordion* • **PT** *acordeão* **Beispill** hie wollt vu Klengem u léieren, *Ziharmonika* ze spillen **Synonym** *Akkordeon* **2.** **DE** *Gelenk* [*am Gelenkbus*] • **FR** *soufflet* [*d'un bus articulé*] • **EN** *articulated connection section, bellows* [*of a bendy bus*] • **PT** *fole* [*de um autocarro*]

articulado] **Beispill** d'Schoulkanner freeë sech ëmmer, wa se an engem Bus mat enger Ziharmonika an d'Schwämm gefouert ginn

ziichten [ts'i:çtən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geziicht) » **transitiv 1.** DE *züchten, anbauen* • FR *élever [des animaux], cultiver [des plantes]* • EN *to breed [animals], to grow [plants]* • PT *criar [animais], cultivar [plantas]* **Beispiller** mäi Bopi **ziicht** Kanéngercher a krut dofir schonns esou münche Präis; mir **ziichten** Tomaten an eiser Zär **Synonym** zillen » **intransitiv 2.** DE *züchten* • FR *faire un élevage* • EN *to breed* • PT *fazer criação* **Beispill** mat deem Hengscht ze **ziichten** ass e lukrativ Geschäft

Ziichter [ts'i:çtə] Maskulinum (Pluriel Ziichter) DE *Züchter* • FR *éleveur [d'animaux], horticulteur, rosieriste* • EN *breeder [of animals or plants]* • PT *criador [de animais], horticultor, roseirista* **Beispiller** mir waren eis Kaz direkt bei den Ziichter sichen; wat d'Rousen ueget, hate mir an der Zäit e puer bekannt Ziichter am Land

W Weiblech Form: ↗Ziichterin

Ziichterin [ts'i:çtərin] Femininum (Pluriel Ziichterinnen) DE *Züchterin* • FR *éleveuse [d'animaux], hortultrice, rosieriste*

M Männlech Form: ↗Ziichter

Ziichtung [ts'i:çtuŋ] Femininum (Pluriel Ziichtungen) DE *Zucht [Aufzucht]* • FR *culture, élevage* • EN *rearing, breeding* • PT *cultura, criação* **Beispiller** de Bauer vum Duerf verkeeft Rëndflesch aus eegener Ziichtung; d'Ziichtung vu Rousen hat zu Lëtzebuerg eng laang Traditioun

Ziips Maskulinum (Pluriel Ziipsen) - Variant vun ↗Zip

Zikaféiwer [ts'ika:fɛivə] Neutrum (kee Pluriel) DE *Zika-Fieber* • FR *fièvre Zika* • EN *Zika fever, Zika virus disease* • PT *febre Zika* **Beispill** wann d'Mamm sech an der Schwangerschaft infizéiert, ass d'Zikaféiwer ganz geféierlech fir dat ongebuerent Kand

Zikavirus [ts'ika:v'i:RUS] Maskulinum (kee Pluriel) DE *Zika-Virus* • FR *virus Zika* • EN *Zika virus* • PT *virus Zika* **Beispill** wann d'Mamm sech an der Schwangerschaft infizéiert, ass den Zikavirus ganz geféierlech fir dat ongebuerent Kand

Zil [tsi:l] Neutrum (Pluriel Ziler) **1.** DE *Ziel [Zweck]* • FR *but, objectif* • EN *goal, objective* • PT *objetivo, alvo, meta* **Beispiller** d'Zil vum Gesetz ass d'Reduktioun vun de Käschten; mir hunn alleguer ee gemeinsaamt Zil; mat där Reform schéisse mer iwwer d'Zil eraus (mat där Reform maache mer méi ewéi néideg) **Synonymmen** But, Objektiv **2.** DE *Ziel [Ziellinie]* • FR *(ligne d')arrivée* • PT *(linha de) meta* **Beispiller** wéi erwaart, ass de Favorit als Eischten duerch d'Zil gefuer; bei mengem eischte Marathon hunn ech et esou just iwwer d'Zil gepackt **Synonym** Arrivée

zilen [ts'i:lən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geziilt) » **intransitiv 1.** zilen (op) DE *zielen (auf) [vor einem Schuss]* • FR *viser [avant un tir]* • EN *to aim (at) [before a shot]* • PT *visar [antes de rematar, antes de disparar]* **Beispiller** du muss méi no riets zilen, soss geréits de de Gol ni!; de Jeeër huet op de Fuuss geziilt a geschoss **Synonymmen** biichten (op), diichten (op) **2.**

zilen op DE *zielen auf [den Zweck verfolgen]* • FR *viser [avoir pour but]* • EN *to aim at [to have as a purpose]* • PT *visar [ter por fim]* **Beispill** dat neit Reglement ziilt op eng Reduktioun vun de Käschten **Synonym** viséieren

Zilgrupp Femininum (Pluriel Zilgruppen)

W Hei entsteet en neien Artikel.

Zill [tsil] Femininum (Pluriel Zillen) **1.** DE *Ziegel, Ziegelstein* • FR *brique* • EN *brick [for building]* • PT *tijolo* **Beispiller** owes hunn d'Aarbechter déi futtis Zillen op e Koup geluecht; dat Jesse läit mir wéi eng Zill am Mo ^[egs] [dat Jesse läit mir schwéier um Mo] **2.** DE *Dachziegel* • FR *tuile [d'un toit]* • EN *roof tile* • PT *telha* **Beispill** mir hunn eisen Daach mat glaséierten Zille gedeckt

Zilland [ts'i:lant] Neutrum (Pluriel Zillänner) DE *Zieland* • FR *pays de destination* • EN *country of destination* • PT *país de destino, país-alvo* **Beispiller** fir esou eng grouss Plänner muss d'Transportgesellschaft Mataarbechter am Zilland hunn; den Niger ass en Zilland vun der Lëtzebuerg Kooperatioun

Zillebäcker [ts'iləbækə] Maskulinum (Pluriel Zillebäcker / Zillebäckeren) **1.** DE *Ziegelbrenner* • FR *briqueur, tuilier* • EN *brick-maker, tile-maker* • PT *tijoleiro, telheiro [fabricante]* **Beispill** haut gëtt et de Beruff vun Zillebäcker net méi hei am Land **2.** ^[vereezlt] ^[egs] DE *Belgier* • FR *Belge* • EN *Belgian* • PT *belga [pessoa]* **Beispill** an der Woch stees de owes op der Areler Autobunn mat Honnerte vun Zillebäcker am Stau! **Synonymmen** Belsch, Péggi

W Weiblech Form: ↗Zillebäckesch

Zillebäckerei [ts'iləbækəri] Femininum (Pluriel Zillebäckereien) DE *Ziegelbrennerei* • FR *briqueterie, tuilerie* • EN *brickworks* • PT *fábrica de tijolos, fábrica de telhas* **Beispill** an der aler Zillebäckerei ass haut eng Brauerei **Synonym** Zillefabrick

Zillebäckesch [ts'iləbækəʃ] Femininum (Pluriel Zillebäckesch) DE *Ziegelbrennerin* • FR *briqueuse, tuilière* • EN *brick-maker, tile-maker [female]* • PT *tijoleira, telheira [fabricante]* **Beispill** kéints du der virstellen, als Zillebäckesch ze schaffen?

M Männlech Form: ↗Zillebäcker

Zillefabréck [ts'iləfabrək] Femininum (Pluriel Zillefabrécken) - Variant vun ↗Zillefabrick

Zillefabrick [ts'iləfabrik] Femininum (Pluriel Zillefabricken) DE *Ziegelei* • FR *briqueterie, tuilerie* • EN *brickworks* • PT *fábrica de tijolos, fábrica de telhas* **Beispill** an der aler Zillefabrick ass haut eng Brauerei **Synonym** Zillebäckerei

W Variant: Zillefabréck

zillen [ts'ilən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé geziilt) » **transitiv 1.** DE *erziehen, großziehen* • FR *élever, éduquer* • EN *to bring up, to train* • PT *criar, educar* **Beispiller** eis Nopesch huet hir Hënn esou gutt geziilt, datt se op d'Wuert follegen; meng Bomi huet véier Kanner a sechs Enkelkanner geziilt; wéi een seng Kanner zillt, esou huet een se **2.** DE *züchten, anbauen* • FR *élever [des animaux], cultiver [des plantes]* • EN *to breed [animals], to grow [plants]* • PT *criar [animais], cultivar [plantas]* **Beispiller** mäi Bopi zillt Kanéngercher a

krut dofir schonns esou münche Präis; mir zillen Tomaten an eiser Zär; de Bauer hält kee Vei méi, en zillt nëmmen nach Kären **Synonym** züchten

i Verben, déi **zillen** als Basis hunn: ↗erunzillen, ↗grousszillen an ↗opzillen

zillen [ts'ɪlən] onverännerbaart Adjektiv **1.** **DE** aus Ziegel [aus Ziegelsteinen] • **FR** en briques, de briques • **EN** brick • **PT** em tijolos, de tijolos **Beispill** mir hunn déi zille Mauer tëschent der Stuff an der Kichen erausgerappt **2.** **DE** aus Ziegel [aus Dachziegeln] • **FR** en tuiles, de tuiles • **EN** tiled • **PT** em telhas, de telhas **Beispill** mir hätte gär en zillen Daach op eist neit Haus

Zillinn [ts'i:lin] Femininum (Pluriel Zillinnen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Zillzapp [ts'ɪltsap] Maskulinum (Pluriel Zillzappen) Phylloscopus collybita **DE** Zilpzalp • **FR** pouillot véloce • **EN** common chiffchaff • **PT** felosa-comum **Beispill** wéi laang bréien d'Zillzappen?

Zilscheif [ts'i:lʃaif] Femininum (Pluriel Zilscheiwen) **DE** Zielscheibe • **FR** cible [de tir] • **EN** target [mark to shoot at] • **PT** alvo [ponto de mira] **Beispiller** wat wette mer, datt ech d'Mëtt vun der Zilscheif geroden?; déi Politikerin ass zënter Kuerzem d'Zilscheif vun de Medien [déi Politikerin gëtt zënter Kuerzem vill vun de Medie kritiséiert]

Zimlabumm [tsimla:b'um] Maskulinum (kee Pluriel) - Variant vun ↗Zinglabumm

zimmlech [ts'imlɛç] Adverb **DE** ziemlich • **FR** assez, plutôt • **EN** rather, quite, fairly • **PT** bastante **Beispiller** seng Interesse sinn zimmlech beschränkt, bei him dréit sech alles ëm de Sport; de leschten Exame war zimmlech einfach; haut ass zimmlech vill Loft dobaussen **Synonym** relativ

zimmlech [ts'imlɛç] Adjektiv **DE** ziemlich [beträchtlich] • **FR** certain [d'une certaine ampleur] • **EN** considerable, relatively large • **PT** certo [considerável] **Beispiller** bei deem doheem ass en zimmlechen Duercherneen; eise Bouf fält mat zimmlecher Sécherheet um Enn vum Joer duerch

zimperlach [ts'imperlɛç] Adjektiv **1.** **DE** zimperlach [rücksichtsvoll, feinfühlig] • **FR** tendre, délicat, cajoleur • **EN** gentle, soft, considerate • **PT** meigo, delicado, brando **Beispiller** mäi Grousspapp ass net ëmmer zimperlach mat eis Enkelkanner ëmgaangen; dem Trainer seng Methode sinn alles anescht ewéi zimperlach **2.** **DE** zimperlach [empfindlich] • **FR** sensible, émotif • **EN** squeamish • **PT** sensível, emotivo **Beispill** ech wier vill ze zimperlach, fir am Schluechthaus ze schaffen

zing Kardinalzuel - Variant vun ↗zéng

zingfach Adjektiv - Variant vun ↗zéngfach

Zinglabumm [tsɪŋla:b'um] Maskulinum (kee Pluriel) **égs** **DE** Zirkus, Rambazamba • **FR** cirque, cinéma [comportement] • **EN** racket, fuss • **PT** circo, teatro [comportamento] **Beispiller** Kanner, haalt elo op mat deem Zinglabumm, soss gëtt et eng Stroff!; deen Zinglabumm hei maachen ech net méi laang mat! **Synonymmen** Rambazamba, Zodi, Zirkus

i Variant: Zimlabumm

zingmol Adverb - Variant vun ↗zéngmol

zingt Ordinalzuel - Variant vun ↗zéngt

Zingtchen Femininum (Pluriel Zingtercher) - Variant vun ↗Zéngtchen

Zingtel Maskulinum (Pluriel Zingtel) - Variant vun ↗Zéngtel

Zinniklos Egeennumm

i Hei entsteet en neien Artikel.

Zip Maskulinum (Pluriel Zipen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Varianten: Ziips, Zipi

Zipfelmutz [ts'ɪpʃɛlmuts] Femininum (Pluriel Zipfelmutzen) **DE** Zipfelmütze • **FR** bonnet à pointe, bonnet en pointe • **EN** pointed cap • **PT** barrete, gorro com borla **Beispill** eisem Gaardenzwerg seng Zipfelmutz ass ofgebrach

Zipi Maskulinum (Pluriel Zipien) - Variant vun ↗Zip

Zipperlein [ts'ɪpɛlaɪn] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Zipperlein, Gicht • **FR** goutte [maladie] • **EN** gout • **PT** gota [doença] **Beispill** mäi Bopi klot stänneg weinst sengem Zipperlein an den Hänn **Synonym** Giicht

Zippmësch [ts'ɪpmɛʃ] Femininum (Pluriel Zippmëschen) **EMBERIZA** cia **DE** Zippammer • **FR** bruant fou • **EN** rock bunting • **PT** cia **Beispill** wéi laang bréien d'Zippmëschen?

zirka [ts'ɪrka:] Adverb **DE** zirka, etwa, ungefähr • **FR** environ, à peu près • **EN** around, about [approximately] • **PT** cerca de, mais ou menos **Beispiller** op der Demonstration waren zirka 3.000 Leit; et war zirka aacht Auer, wéi de Bus koum **Synonym** ongeféier

i Variant: circa

Zirkonium [tsɪrk'o:njum] Maskulinum (kee Pluriel) **Chimie** **DE** Zirkonium [chemisches Element] • **FR** zirconium [élément chimique] • **EN** zirconium [chemical element] • **PT** zircónio [elemento químico] **Beispill** d'Element Zirkonium gehéiert zum Grupp vun den Iwwergangsmetaller

Zirkulatioun Femininum (Pluriel Zirkulatiounen) - Kuerzform vun ↗Bluttzirkulatioun **1.** **DE** Verkehr [von Fahrzeugen] • **FR** circulation [de véhicules] • **EN** traffic [of vehicles] • **PT** circulação [de veículos] **Beispill** während dem Chantier gëtt d'Zirkulatioun mat Roude Luuchte gereegelt **Synonym** Verkeier **2.** **DE** Verkehr [von Kapital, Waren, Personen und Dienstleistungen] • **FR** circulation [de capitaux, de biens, de personnes et de services] • **EN** traffic [of assets, of goods, of people and services] • **PT** circulação [de capitais, de bens, de pessoas e de serviços] **Beispiller** ee vun der Atoute vun der EU ass déi fräi Zirkulatioun vu Wueren tëschent de verschidene Länner; en neien Accord mat Drëttstaate soll d'Zirkulatioun vum Kapital besser reegelen **Synonym** Verkeier

i Variant: Circulatioun

zirkuléieren [tsɪrkul'zɪərən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé zirkuléiert)

i Hei entsteet en neien Artikel.

i Variant: circuléieren

Zirkumfix [ts'irkumfiks] Maskulinum (Pluriel Zirkumfixen)

i Hei entsteet en neien Artikel.

Zirkus [ts'irkus] Maskulinum **1.** (Pluriel Zirkussen / Zirkusser) **DE** *Zirkus* [Vorstellung] • **FR** *cirque* [spectacle] • **EN** *circus* [event] • **PT** *circo* [espetáculo] **Beispiller** et war scho laang keen Zirkus méi an eiser Géigend; am Zirkus huet en Artist mat Fakele jongléiert **2.** (kee Pluriel) [égs] **DE** *Theater, Zirkus* [unangenehme Situation] • **FR** *cinéma, cirque* [situation désagréable] **Beispill** dat Gemauls geet mer op de Su, ech maachen dee ganzen Zirkus do net méi laang mat **Synonymmen** Theater, Zauber, Zodi **3.** (kee Pluriel) **DE** *Radau, Lärm* • **FR** *vacarme* [dû à un comportement inapproprié] **Beispill** well d'Professesch ze spéit koum, war fuerchtbaren Zirkus an der Klass **Synonym** Zodi **4.** (kee Pluriel) [égs] **DE** *Krach, Knatsch, Ärger* [Streit] • **FR** *grabuge* **Beispill** wann ech mat där Datz heemkommen, da gétt et Zirkus! **Synonymmen** Buttek, Kaméidi

Zirkusdirectrice [ts'irkusdiræktris] Femininum (Pluriel Zirkusdirectricen) - Variant vun ↗Zirkusdirektesch

Zirkusdirekter [ts'irkusdirækte] Maskulinum (Pluriel Zirkusdirekteren) **DE** *Zirkusdirektor* • **FR** *directeur de cirque* • **EN** *circus director* • **PT** *diretor de circo* **Beispill** den Zirkusdirekter ass am schwaarze Frack opgetrueden

i Weiblech Form: ↗Zirkusdirektesch

Zirkusdirektesch [ts'irkusdirækætʃ] Femininum (Pluriel Zirkusdirekteschen)

i Variant: Zirkusdirectrice

i Männlech Form: ↗Zirkusdirekter

Zirkuszelt [ts'irkustsælt] Neutrum (Pluriel Zirkuszelter) **DE** *Zirkuszelt* • **FR** *chapiteau de cirque* • **EN** *circus tent, big top* • **PT** *tenda de circo* **Beispill** op der Gemengeplaz gétt e risegt Zirkuszelt opgeriicht

zischen [ts'ifən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé gezischt) » **intransitiv** - och **onperséinlech** **DE** *zischen* [leinen Laut hervorbringen] • **FR** *siffler* [chuinten] • **EN** *to hiss* • **PT** *sibilar, assobiar* [produzir um som agudo] **Beispiller** wann een eng Fläsch mat Spruddelewaasser opmécht, **zischt** et kuerz; et muss **zischen**, wann s de de Bifdeck an d'Pan lees

ziseléieren [tsizəl'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé ziseléiert) » **transitiv** **DE** *ziselieren* • **FR** *ciseler* • **EN** *to engrave* • **PT** *cinzelar* **Beispill** ech hu mer e Blummemotiv op mäi Bracelet ziseléiere gelooss

Zitadell [tsitad'æɐl] Femininum (Pluriel Zitadellen) **DE** *Zitadelle* • **FR** *citadelle* • **EN** *citadel* • **PT** *cidadela* **Beispill** vun der mëttelalterlecher Zitadell stinn nach just e puer Mauerren

Zitat [tsit'a:t] Neutrum (Pluriel Zitater) **DE** *Zitat* • **FR** *citation* [texte] • **EN** *quotation* • **PT** *citação* [passagem citada] **Beispiller** vu wem ass dat **Zitat** scho méi?; d'Politikerin huet an hir Ried e puer flott **Zitater** agebaut

zitéieren [tsit'zɪərən] Verb (Hëllefverb hunn, Participle passé zitéiert) » **transitiv** **1.** **DE** *zitieren* [wiedergeben, anführen] • **FR** *citer* [un texte, un auteur] • **EN** *to quote* [to cite] • **PT** *citar* [um texto, um autor] **Beispiller** zu deem Theema wëll ech en Auszuch aus engem bekannte Wierk zitéieren; därerf ech Iech a mengem Buch zitéieren? **2.** **DE** *zitieren, einbestellen* • **FR** *convocquer* [faire venir impérativement] • **EN** *to summon* [to order to be present] • **PT** *convocar* [solicitar a presença de] **Beispill** d'Schüler, déi beim Kiffen erwëscht goufen, **si** bei den Direkter zitéiert ginn **Synonym** convoquéieren **3.** **DE** *zitieren, vorladen* • **FR** *citer* [au tribunal] • **EN** *to summon* [to court] • **PT** *citar* [em tribunal] **Beispill** den Zeie gétt op d'Gericht zitéiert **Synonym** convoquéieren

Zitroun [tsitr'əʊn] Femininum (Pluriel Zitrounen) **DE** *Zitroune* • **FR** *citron* • **EN** *lemon* • **PT** *limão* **Beispill** fir dese Cocktail brauch een eng **Zitroun**

zitrounegiel [tsitr'əʊnəgiəl] Adjektiv **DE** *zitrounegiel* • **FR** *jaune citron* • **EN** *lemon yellow* • **PT** *amarelo-limão* **Beispill** hien hat eng zitrounegiel Krawatt bei sengem bloen Hiem

Zitrounegras [tsitr'əʊnəgras] Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Zitrounegras* • **FR** *citronnelle* [graminée] • **EN** *lemongrass* • **PT** *erva-príncipe* **Beispill** Zitrounegras fënt een dacks an asiatesche Rezepten

Zitrounejus [tsitr'əʊnəʒy:] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Zitrounejuus* • **FR** *jus de citron* • **EN** *lemon juice* • **PT** *sumo de limão* **Beispill** ech maache mer ëmmer e bëssen Zitrounejus an den Téi

Zitrounekraut Neutrum (kee Pluriel) **DE** *Zitroune-melisse, Melisse* • **FR** *mélisse* • **EN** *lemon balm* • **PT** *erva-cidreira, melissa* **Beispill** d'Zitrounekraut gétt esouwuel als Gewierz ewéi och als Heelplanz genotzt **Synonymmen** Meliss, Zitrounemeliss

Zitrounemeliss Femininum (kee Pluriel) **DE** *Zitroune-melisse, Melisse* • **FR** *mélisse* • **EN** *lemon balm* • **PT** *erva-cidreira, melissa* **Beispill** d'Zitrounemeliss gétt esouwuel als Gewierz ewéi och als Heelplanz genotzt **Synonymmen** Meliss, Zitrounekraut

Zitrounentaart [tsitr'əʊnənta:rt] Femininum (Pluriel Zitrounentaarten) **DE** *Zitrounentarte* • **FR** *tarte au(x) citron(s)* • **EN** *lemon tart* • **PT** *tarte de limão* **Beispill** de Pâtissier hat nach just zwou Zitrounentaarten an der Vitriinn stoen

Zitrounepanewippchen [tsitr'əʊnəpa:nəvipçən] Maskulinum (Pluriel Zitrounepanewippcher) **Motacilla citreola** **DE** *Zitrounestelze* • **FR** *bergeronnette citrine* • **EN** *citrine wagtail* • **PT** *alvéola-citrina* **Beispill** wéi laang bréien d'Zitrounepanewippcher?

Zitrounepress [tsitr'əʊnəpræs] Femininum (Pluriel Zitrounepressen) **DE** *Zitrounepresse* • **FR** *presse-citron* • **EN** *lemon squeezer* • **PT** *espremedor de citrinos* **Beispill** d'Zitrounepress, déi ech an d'Tombola ginn hat, hunn ech selwer erëmgewonnen

Zitrusfrucht [tsitrusfr'u:çt] Femininum (Pluriel Zitrusfrüchten) **DE** *Zitrusfrucht* • **FR** *agrume* • **EN** *citrus fruit* • **PT** *citrino* [fruto] **Beispill** d'Zitrusfrüchten hu vill Vitaminnen

Zitz [tsits] Substantiv (kee Pluriel) **1.** [égs] ewéi Zitz **DE** wie geschmiert, wie von alleine • **FR** comme sur des roulettes • **EN** like the clappers • **PT** às mil maravilhas **Beispill** jiddereen huet eng Hand mat ugepaakt, d'Aarbecht ass gaangen ewéi **Zitz** **2.** [égs] brennen ewéi Zitz **DE** brennen wie Zunder • **FR** brûler comme un feu de paille • **EN** to burn like tinder • **PT** arder como pólvora **Beispill** d'Holz ass esou dréchen, dat brennt ewéi **Zitz**

Zitz Femininum (Pluriel Zitzen)

i Hei entsteeft en neien Artikel.

zivil [tsiv'il] Adjektiv **DE** zivil [nicht militärisch, bürgerlich] • **FR** civil [non militaire, non religieux] <Adverb civilement> • **EN** civil [not military or religious] <Adverb civilly> • **PT** civil [não militar, não religioso] <Adverb civilmente> **Beispiller** d'zivil Bestietnes vun der Prinzessin ass nächste Freideg; déi meescht Doudeger am Krich waren zivil Affer; ech halen drop, zivil begruewen ze ginn

i Variant: civil

Zivil [tsiv'il] Maskulinum (kee Pluriel) an Zivil **DE** in Zivil • **FR** en civil • **EN** in plain clothes • **PT** à civil **Beispiller** zwee Polizisten an Zivil hunn de jonke Mann interpelléiert; dee Bouf ass der Däiwel an Zivil [dee Bouf ass en duerchdriwwene Kärel]

Zivilcourage Maskulinum/Femininum (kee Pluriel) **DE** Zivilcourage • **FR** courage civique **Beispill** d'Passantin huet Zivilcourage bewisen, wéi se beim Accident Éischt Hëllef gelescht huet

Zivilisatioun [tsivilizasj'ø̃n] Femininum (Pluriel Zivilisatiounen) **DE** Zivilisation • **FR** civilisation • **EN** civilization • **PT** civilização **Beispiller** hei hunn Archeologe Spuere vun enger aler Zivilisatioun fonnt; no der Expedition am Urwald waren d'Fuerscher frou, nees an der Zivilisatioun ze sinn [no der Expedition am Urwald waren d'Fuerscher frou, nees an hirem gewinten Émfeld ze sinn]

ziviliséieren [tsiviliz'zjə̃rən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé ziviliséiert) » **transitiv** **DE** zivilisieren • **FR** civiliser • **EN** to civilize • **PT** civilizar **Beispill** d'Eruewerer hu probéiert, d'Vëlker vun de Kolonien no hire Virstellungen ze ziviliséieren

ziviliséiert [tsiviliz'zjɛ̃t] Adjektiv **1.** **DE** zivilisiert [gesittet] • **FR** civilisé [policé] <Adverb de manière civilisée> • **EN** civilized [well behaved, well mannered] <Adverb in a civilized manner> • **PT** civilizado, urbano <Adverb de modo civilizado> **Beispiller** behuel dech wéi en ziviliséierte Mënsch; an der Versammlung ass et méi ziviliséiert erfogaangen, wéi ech erwaart hat; dat Geschäft huet nawell ziviliséiert Präisser! [dat Geschäft huet keng ze héich Präisser!] **2.** **DE** zivilisiert [mit einem hohen Stand der Zivilisation] • **FR** civilisé [doté d'une civilisation élaborée] • **EN** civilized [socially developed] • **PT** civilizado [que goza de alta civilização] **Beispill** keen ziviliséiert Land sollt Vergewaltungen toleréieren

i „ziviliséiert“ kann och de Participe passé vum Verb **ziviliséieren** sinn.

Zivilist [tsiv'il'ist] Maskulinum (Pluriel Zivilisten) **DE** Zivilist • **FR** civil [personne civile] • **EN** civilian • **PT** civil [pessoa civil] **Beispiller** d'Besatzung war fir d'Zivilisten eng

schwéier Zäit; beim Attentat sinn honnert Zivilisten ëm d'Liewe komm **Synonym** Zivilpersoun

i Weiblech Form: **Zivilistin**

Zivilistin [tsiv'il'istin] Femininum (Pluriel Zivilistinnen) **DE** Zivilistin • **FR** civile [personne civile] • **EN** civilian • **PT** mulher civil **Beispill** bei der Attack gouf eng Zivilistin verwornt

i Männlech Form: **Zivilist**

Zivilpersoun [tsiv'il'pɛ̃rsø̃n] Femininum (Pluriel Zivilpersounen) **DE** Zivilperson, Zivilist • **FR** civil [personne civile] • **EN** civilian • **PT** civil [pessoa civil] **Beispill** Zivilpersounen däerfen nëmme mat enger spezieller Geneemegung an d'Kasär eran **Synonym** Zivilist

Zivilrecht [tsiv'il'rɛ̃çt] Neutrum (kee Pluriel) **DE** Zivilrecht • **FR** droit civil [science] • **EN** civil law • **PT** direito civil [ramo] **Beispill** d'Affekotin huet sech op d'Zivilrecht spezialiséiert

Zivilstand [tsiv'il'ftant] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** Personenstand • **FR** état civil [d'une personne] • **EN** civil status, marital status • **PT** estado civil **Beispill** um Formulaire muss de däin Numm, deng Matricule an däin Zivilstand uginn **Synonym** Etat civil

Ziwwi [ts'ivi:] Maskulinum (Pluriel Ziwwien) **DE** Hasenragout, Hasenpfeffer • **FR** civet de lièvre • **EN** jugged hare • **PT** guisado de lebre **Beispill** mir kruten den Ziwwi an engem koffer Dëppen zerwéiert **Synonym** Huesenziwwi

Zoch [tsoχ] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** Zug [Luftzug] • **FR** tirage [arrivée d'air] • **EN** draught, flow of air • **PT** tiragem [de ar] **Beispiller** zënter mer de Kamai gebotzt hunn, huet den Uewen nees méi Zoch; ech hunn en Zoch am rietsen A [wéinst dem Duerchzuch hunn ech d'rietsen A entzünt] **2.** op een Zoch **DE** im Nu, plötzlich • **FR** d'un (seul) coup • **EN** all at once, suddenly • **PT** de repente, subitamente **Beispill** op een Zoch huet den Himmel sech zougezunn **Synonymmen** op ee Coup, op een Zock **3.** an engem Zoch **DE** in einem Zug, mit einem Male • **FR** d'un seul coup, d'un seul trait • **EN** in one gulp, in one go • **PT** de um trago, de uma só vez **Beispiller** d'Kanner hunn hir Limonad an engem Zoch gedronk; an beschte lies de dat Buch an engem Zoch **Synonymmen** an engem Coup, an enger Kéier, an engem Zock **4.** zum Zoch kommen **DE** zum Zuge kommen • **FR** obtenir sa chance • **EN** to have a go, to have one's turn • **PT** ter uma chance **Beispiller** dréck dech net ëmmer esou vir, mir wëllen och emol eng Kéier zum Zoch kommen!; duerch dat neit Gesetz kommen och déi einfach Leit zum Zoch **Synonymmen** zum Zock kommen, zum Zuch kommen

Zock [tsok] Maskulinum (kee Pluriel) **1.** **DE** Knowhow • **FR** savoir-faire • **EN** knack, know-how • **PT** jeito, saber-fazer **Beispill** wann ee bis den Zock huet, da geet et méi séier **Synonym** Zoch **2.** **DE** Gewohnheit, Neigung • **FR** habitude, tendance, pli • **EN** habit, custom • **PT** hábito, costume, tendência **Beispill** ech hunn den Zock, beim Kaffi eng Drépp ze drénken **Synonym** Zoch **3.** op een Zock **DE** im Nu, plötzlich • **FR** d'un (seul) coup • **EN** all at once, suddenly • **PT** de repente, subitamente **Beispill** op een Zock huet den Himmel sech zougezunn **Synonymmen** op ee Coup, op een Zoch **4.** an engem Zock **DE** in ei-

nem Zug, mit einem Male • **FR** *d'un seul coup, d'un seul trait* • **EN** *in one gulp, in one go* • **PT** *de um trago, de uma só vez* **Beispiller** d'Kanner hunn hir Limonad an engem **Zock** gedronk; am beschte lies de dat Buch an engem **Zock** **Synonymmen** an enger Kéier, an engem Zoch **5**, zum Zock kommen **DE** *zum Zuge kommen* • **FR** *obtenir sa chance* • **EN** *to have a go, to have one's turn* • **PT** *ter uma chance* **Beispiller** dréck dech net ëmmer esou vir, mir wëllen och emol eng Kéier zum **Zock** kommen!; duerch dat neit Gesetz kommen och déi einfach Leit zum **Zock** **Synonymmen** zum Zoch kommen, zum Zuch kommen

Zocker [ts'oke] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** *Zucker [Haushaltszucker]* • **FR** *sucre [raffiné]* • **EN** *sugar [used in food]* • **PT** *açúcar [refinado]* **Beispiller** fir dëst Rezept gëtt d'Eegiel mat **Zocker** schaimgeg geklappt; d'Borni mécht ëmmer dräi Löffelen **Zocker** an hire Kaffi; ech brauch kee Prabbeli, ech si jo net aus **Zocker**! Iech brauch kee Prabbeli, de Reen deet mer näischtl!; déi Wuere do verkafe sech ganz gutt) **2. DE** *Zucker [Zuckerbindung]* • **FR** *sucre [composé chimique]* • **EN** *sugar [compound]* • **PT** *açúcar [composto químico]* **Beispiller** d'Drauwe sinn eng Zort Uebst mat vill **Zocker**; d'Laktos an der Mëllech ass eng Zort **Zocker** **3. DE** *Zuckerkrankheit, Diabetes* • **FR** *diabète* • **EN** *diabetes* • **PT** *diabetes* **Beispiller** wéinst sengem **Zocker** muss hie streng Regimm halen; viru Kuerzem huet den Dokter erausfonnt, datt mäi Monni **Zocker** huet **Synonym** Diabetes

Zockerbäcker [ts'okebæke] Maskulinum (Pluriel **Zockerbäcker / Zockerbäckeren**) **DE** *Konditor* • **FR** *pâtisier confiseur* • **EN** *confectioner, pastry cook* • **PT** *pasteleiro-confeiteiro* **Beispiller** mäi Monni huet eng Léier als **Zockerbäcker** gemaach; bei deem **Zockerbäcker** kriss de déi bescht Eclairen aus der Stad **Synonym** Pâtissier

W Weiblech Form: ↗**Zockerbäckesch**

Zockerbäckesch [ts'okebækəʃ] Femininum (Pluriel **Zockerbäckeschen**) **DE** *Konditorin* • **FR** *pâtissière confiseuse* • **EN** *confectioner, pastry cook* • **PT** *pasteleira-confeiteira* **Beispill** d'**Zockerbäckesch** bei mir ëm den Eck mécht déi beschte Knippercher **Synonym** Pâtissière

M Männlech Form: ↗**Zockerbäcker**

Zockerbéinchen [ts'okebɛɪnçən] Femininum (Pluriel **Zockerbéinercher**) - Diminutivform vun ↗**Zockerboun**

Zockerboun [ts'okebəʊn] Femininum (Pluriel **Zockerbounen**) **[vereezlt]** **DE** *Bonbon* • **FR** *bonbon* • **EN** *sweet [confectionery]* • **PT** *rebuçado [guloseima]* **Beispill** d'Kanner hunn d'**Zockerbounen** all beienee giess! **Synonymmen** Bonbon, Kamell

Zockerdëppchen [ts'okedɛpçən] Neutrum (Pluriel **Zockerdëppcher**) **DE** *Zuckerdose* • **FR** *sucrier [recipient]* • **EN** *sugar bowl* • **PT** *açucareiro [recipiente]* **Beispill** wa Besuch kënnt, hält meng Boma beim Kaffi dat sëlwert **Zockerdëppchen**

zockeren [ts'okəɾən] Verb (Hëllesverb hunn, Participe passé gezockert) - Variant vun ↗**zéckeren**

Zockerierbes Femininum (Pluriel **Zockerierbessen**) **DE** *Zuckererbse* • **FR** *(pois) mange-tout, pois gourmand* •

EN *snow pea* • **PT** *ervilha-torta* **Beispill** bei dësem Rezept ginn d'**Zockerierbesse** mat Speck a Schallotten an der Pan ugebroden **Synonym** Mange-tout

V Variant: Zockerierz

Zockerierz Femininum (Pluriel **Zockerierzen**) - Variant vun ↗**Zockerierbes**

zockerkrank [ts'oekɾaŋk] Adjektiv **DE** *zuckerkrank* • **FR** *diabétique* • **EN** *diabetic* • **PT** *diabético* **Beispill** **zockerkrank** Patiente müssen drop Uecht ginn, wat se iessen

zockerséiss [tsokɛz'ɛis] Adjektiv **DE** *zuckersüß* • **FR** *très sucré* • **EN** *sugar-sweet* • **PT** *muito doce, muito açucarado* **Beispiller** schmaach emol déi heite Kiischten, se sinn **zockerséiss**!; dat ass en **zockerséisse** Puppelchen [dat ass e ganz léiwe Puppelchen]

Zockerwatt Femininum (Pluriel **Zockerwatten**) **DE** *Zuckerwatte* • **FR** *barbe à papa* • **EN** *cotton candy* • **PT** *algodão-doce* **Beispill** d'Kanner freeë sech all Joer op eng **Zockerwatt** vun der Schueberfouer **Synonym** Barbe à papa

Zodi [ts'o:di:] Maskulinum (kee Pluriel) **1. DE** *Radau, Lärm* • **FR** *vacarme [dû à un comportement inapproprié]* **Beispiller** no der Final war bis moies fréi décken **Zodi** an de Stroossen; Kanner, haalt op mat deem **Zodi**, soss gëtt et eng Strof! **Synonym** Kaméidi **2. [ëgs]** **DE** *Theater, Zirkus [unangenehme Situation]* • **FR** *cinéma, cirque [situation désagréable]* **Beispill** dat Gemauls geet mer op de Su, ech maachen dee ganzen **Zodi** do net méi laang mat **Synonymmen** Theater, Zauber, Zirkus **3. [ëgs]** **DE** *Krach, Knatsch, Ärger [Streit]* • **FR** *dispute, querelle* • **EN** *row, quarrel* • **PT** *zanga, briga, chatiche* **Beispiller** eis nei Noperen hate gëschter schonn nees décken **Zodi** mateneen; mat deene schlechten Notte kréien ech bestëmmt **Zodi** doheem **Synonymmen** Buttek, Kaméidi

Zölibat [tsølib'a:t] Maskulinum (kee Pluriel) **DE** *Zölibat* • **FR** *célibat [ecclésiastique]* • **EN** *celibacy* • **PT** *celibato [eclesiástico]* **Beispill** du bass der jo bewosst, wat den **Zölibat** fir däi Liewe bedeit!

zolidd [tsol'it] Adjektiv **1. DE** *solide [robust, stark]* • **FR** *solide [robuste, fort, costaud]* • **EN** *strong, powerful, sturdy* • **PT** *sólido [robusto, forte, vigoroso]* **Beispiller** fir duerch dës Dall ze kommen, brauchs de méi eng **zolidd** Buermaschinn; wat ass aus deem kleespere Bouf en **zolitte** Bugger ginn! **2. DE** *solide [fundiert]* • **FR** *solide [fondé]* • **EN** *solid [reliable, well-founded]* • **PT** *sólido [fundamentado]* **Beispill** eise Projet huet eng **zolidd** Basis **3. DE** *gehörig [heftig]* • **FR** *terrible, gros, fort [intense]* <Adverb *fortement*> • **EN** *heavy, big, violent* <Adverb *violently*> • **PT** *terrível, valente, forte [intenso]* <Adverb *fortemente*> **Beispiller** eis zwee Kanner leie mat enger **zolitter** Erkältung am Bett; dee Borscht huet nawell en **zolitten** Appetit!; an der Nuecht huet de Buedem **zolidd** geziddert **Synonym** zerguttst

Zoll [tsol] Maskulinum (Pluriel **Zoll**) **1. DE** *Zoll [Abgabe]* • **FR** *droits de douane* • **EN** *customs duty* • **PT** *direitos aduaneiros* **Beispill** op där Wuer muss de **Zoll** bezuelen **2. DE** *Zoll [Zollbeamte]* • **FR** *douane [douaniers]* • **EN** *customs officers* • **PT** *serviços aduaneiros* **Beispill** hie gouf um Flughafen vom **Zoll** uegelen **Synonym** Douane

Zoll [tsol] Maskulinum (Pluriel Zoll) **DE** Zoll [Maßeinheit] • **FR** pouce [unité de mesure] • **EN** inch [unit of measure] • **PT** polegada [unidade de medida] **Beispiller** wéi vill Zoll huet de Schierm vun dengem Computer?; dës Wanterpneue passen op eng Felg vu 17 Zoll

zollfräi [ts'olfræ:i] Adjektiv **DE** zollfrei • **FR** exempt des droits de douane • **EN** duty-free • **PT** isento de direitos aduaneiros **Beispiller** ënner gewëssene Konditioune kann ee Wueren zollfräi an d'Europäesch Unioun importéieren; Gedanke sinn zollfräi [jidderee kann denken, wat e wëllt]

Zolwer [ts'olvə] Eegennumm **DE** Zolwer • **FR** Soleuvre • **EN** Soleuvre • **PT** Soleuvre **Beispiller** ech wunnen zu Zolwer; fiert dëse Bus op Zolwer?

Zolwerknapp [tsolvekn'ap] Eegennumm **DE** Zolwerknapp • **FR** Zolwerknapp • **EN** Zolwerknapp • **PT** Zolwerknapp **Beispiller** waars de schonn eng Kéier um Zolwerknapp?; mir sinn de Weekend op den Zolwerknapp gewandert

Zomm [tsom] Femininum (Pluriel Zommen) **1.** **DE** Summe [Ergebnis einer Addition] • **FR** somme [résultat d'une addition] • **EN** sum [result of an addition] • **PT** soma [resultado de uma adição] **Beispill** bei engem Dräieck ass d'Zomm vun de Wénkelen ëmmer 180 Grad **2.** **DE** Summe, Betrag • **FR** montant, somme (d'argent) • **EN** sum, amount [of money] • **PT** montante, soma (de dinheiro) **Beispiller** vun där Zomm ginn nach 20 Euro of; mir hunn eng héich Zomm fir d'Entwécklungshëllef gespent; wann ee baut, dat ginn direkt Zommen [wann ee baut, dat gött direkt deier] **Synonymmen** Betrag, Montant

Zon [tso:n] Femininum (Pluriel Zonen) **DE** Zone, Gebiet, Bereich • **FR** zone, secteur, surface (délimitée), périmètre • **EN** zone, district, area • **PT** parte, zona, região (delimitada), perímetro **Beispiller** dësem Ausschlag befält nëmme verschidden Zone vun Kierper; Liwwerween dierfen an dës Zon erafuieren; d'Telefonstariffer sinn no Zone gestaffelt

Zong [tsɔŋ] Femininum **1.** (Pluriel Zongen) **DE** Zunge [Organ] • **FR** langue [organe] • **EN** tongue [part of the body] • **PT** língua [órgão] **Beispiller** leck d'Messer net of, soss schneits de dech an d'Zong!; d'Doktesch sot mer, ech hält e Pilz un der Zong; et soll ee kengem d'Zong erausstrecken; ech hu mech missen op d'Zong bäissen, fir keng béis Remark ze maachen [ech hu mech missen zeréckhalen, fir keng béis Remark ze maachen]; bei deem Wuert verrenkt een sech (bal) d'Zong let huet ee Schwieregkeeten, fir dat Wuert auszuschwätzen; et brennt mer op der Zong, fir deem d'Wouerecht ze soen! [ech hu grouss Loscht, fir deem d'Wouerecht ze soen!]; nom Marathon hat hien d'Zong um Guidon [nom Marathon war hie kierperlech um Enn]; hatt huet Hoer op der Zong [hatt ass béis]; hie schwätzt vun der Long op d'Zong [hie seet riichteraus, wat en denkt]; béis Zonge behaupten, hire Mann hätt eng Affär [beschasse Leit behaupten, hire Mann hätt eng Affär]; säin Numm läit mer op der Zong [ech kenne säin Numm, mee e fält mer net bäil]; ech hu mer d'Zong wond geschwat, et huet awer näischt gedéngt [ech hu mer déi gréisste Méi ginn, op en anzerieden, mee et huet näischt gedéngt]; déi Affekotin

huet eng spatZ Zong [déi Affekotin mécht bësseg Remarken]; hien huet säin Häerz op der Zong [hie seet éierlech, wat en empfënnt]; hien huet esou vill Alkohol gedronk, datt en d'Zong net méi ronderëm kritt [hien huet esou vill Alkohol gedronk, datt en net méi richtig schwätze kann] **2.** (kee Pluriel) **DE** Zunge [Nahrungsmittel] • **FR** langue [produit alimentaire, plat] • **EN** tongue [as food] • **PT** língua [alimento, iguaria] **Beispill** de Mëtteg gött et Zong mat bronger Zooss **3.** (Pluriel Zongen) **DE** Zunge, Lasche • **FR** languette [du soulier] • **EN** tongue [of a shoe] • **PT** lingueta [de calçado] **Beispill** Schong mat Stréckelen hunn eng Zong

Zonk [tsɔŋk] Maskulinum (Pluriel Zénk) **DE** Zaun • **FR** clôture [enceinte] • **EN** fence [barrier] • **PT** vedação, cerca **Beispiller** ech hunn déi futtis Lat um Zonk ersat; ronderëm d'Perch ass en elektreschen Zonk **Synonym** Clôture

Zonkebutz [ts'ɔŋkəbuts] Maskulinum (Pluriel Zonkebutzen) Troglodytes troglodytes **DE** Zaunkönig • **FR** troglodyte mignon • **EN** winter wren • **PT** carriga **Beispill** wéi laang bréien d'Zonkebutzen? **Synonym** Maiskinnek

Zonkmësch [ts'ɔŋkməʃ] Femininum (Pluriel Zonkmëschen) Emberiza cirrus **DE** Zaunammer • **FR** bruant zizi • **EN** ciril bunting • **PT** escrevedeira-de-garganta-preta **Beispill** wéi laang bréien d'Zonkmëschen?

Zoo [tso:] Maskulinum (Pluriel Zoonen) **DE** Zoo • **FR** zoo • **EN** zoo • **PT** jardim zoológico **Beispiller** mir waren haut mat der Klass an den Zoo; et dierf een d'Bieren am Zoo net fidderen; mäi Brudder huet e richtegen Zoo [mäi Brudder hält vill Déieren]

Zoolog [tso:ol'o:k] Maskulinum (Pluriel Zoologen) **DE** Zoologe • **FR** zoologiste • **EN** zoologist • **PT** zoólogo **Beispill** um Kongress vun den Zoologe goufen nei entdeckten Déiere virgestallt

1 Weiblech Form: ↗Zoologin

zoologesch Adjektiv

1 Hei entsteet en neien Artikel.

Zoologie [tso:olɔʒ'i:] Femininum (kee Pluriel) **DE** Zoologie • **FR** zoologie • **EN** zoology • **PT** zoologia **Beispill** d'Zoologie ass en Deelberäich vun der Biologie

Zoologin [tso:ol'o:gin] Femininum (Pluriel Zoologinnen) **DE** Zoologin • **FR** zoologiste [femme] • **EN** zoologist [female] • **PT** zoóloga **Beispill** d'Zoologin kennt sech mat deene verschiddensten Déierenarten aus

1 Männlech Form: ↗Zoolog

Zoom [zu:m] Maskulinum (Pluriel Zoomen) **DE** Zoom • **FR** zoom [photographie] • **EN** zoom [rangel] • **PT** zoom **Beispill** mäin neie Fotoapparat huet en aachtfache Zoom

zoomen [z'u:mən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gezoomt) » **intransitiv** **DE** zoomen • **FR** photographier au zoom • **EN** to zoom in • **PT** fazer um zoom **Beispill** mat mengem ale Fotoapparat konnt ech nach net zoomen

zoomen [z'u:mən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gezoomt) » **intransitiv** **DE** zoomen [über Zoom kommunizieren] • **FR** faire du Zoom, faire une visioconfé-

rence [en utilisant Zoom] • **EN** to Zoom • **PT** fazer uma videoconferência [usando Zoom] **Beispill** am Homeoffice zoomen ech reegelméisseg mat mengen Aarbecht-skolleegen

Zoonos [tso:n'o:s] Femininum (Pluriel Zoonosen) **DE** Zoonose • **FR** zoonose • **EN** zoonosis • **PT** zoonose **Beispill** eng Zoonos ass eng Infektiounskrankheet, déi vum Déier op de Mënsch kann iwwerdroe ginn

Zooss [tso:s] Femininum (Pluriel Zoossen / Zosen) **1. DE** Sauce • **FR** sauce • **EN** sauce • **PT** molho [preparado culinário] **Beispiller** an dëser Zooss schmaacht een d'Gewierzer gutt eraus; de Kach huet beim Fësch zweeërlee Zoossen zerwéiert **2. Wäiss Zooss DE** Béchamelsauce • **FR** sauce béchamel • **EN** béchamel (sauce) • **PT** molho bechamel **Beispill** ass nach genuch Botter do, fir eng Wäiss Zooss ze maachen? **Synonym** Bechamelszooss

Zoossiss [ts'o:sis] Femininum (Pluriel Zoossissen) **DE** Salami, Dauerwurst • **FR** saucisson, salami • **EN** salami • **PT** salsichão **Beispiller** huel mer wannechgelift d'Haut vun der Zoossiss eroff; mäi Monni schneit d'Zoossiss ëmmer a ganz déck Rondelen; mir waren doheem net mat Zoossiss ugestréckt [bei eis doheem gouf et kee Luxus]

Zopp [tsop] Femininum (Pluriel Zoppen) **DE** Suppe • **FR** soupe, potage • **EN** soup • **PT** sopa, caldo **Beispiller** mir haten alle béid eng Zopp als Entrée; de Kach schéngt verléift ze sinn, d'Zopp ass versalzt; de Bop grommelt, wann d'Zopp net matzäit um Dësch steet [de Bop grommelt, wann d'Essen net matzäit um Dësch steet]; et gétt keng Zopp esou waarm giess, wéi se gekacht gétt! [zu gudder Lescht ass alles net esou schlëmm, wéi et ufangs ausgesäit]; mir hunn hinnen d'Zopp versalzt [mir hunn hinnen et schwéier gemaach; mir hunn hire Plang verhënnert]; an deem Beruff verdéngs de d'Salz net fir an d'Zopp [an deem Beruff verdéngs de guer net vill]; dee gesäit aus, du mengs, e kréich keng waarm Zopp [dee gesäit gouereg a schappeg aus]; do gouf et Zopp an z'essen [do gouf et vëllegen a genuch z'essen]

Zoppekomp [ts'opəkomp] Maskulinum (Pluriel Zoppekomp) **DE** Suppenschüssel • **FR** soupière [contenant] • **EN** soup tureen • **PT** sopeira, terrina **Beispill** mir haten den Zoppekomp vun eisem sonndessen Zerwiss nach ni am Gebrauch

Zoppeläffel [ts'opələfəl] Maskulinum **1.** (Pluriel Zoppeläffelen) **DE** Schöpflöffel, Schöpfkelle • **FR** louche [grande cuillère] • **EN** ladle [spoon] • **PT** concha [colher grande] **Beispill** eisen Zoppeläffel passt net an de flaachen Tirang **Synonym** Lusch **2.** (Pluriel Zoppeläffel / Zoppeläffelen) **DE** Schöpflöffel [Portion] • **FR** louche [contenu] • **EN** ladle [ladleful] • **PT** concha [conteúdo] **Beispill** géff jidderengem een opgekéipten Zoppeläffel Ierzebulli **Synonym** Lusch **3.** (Pluriel Zoppeläffelen) **DE** Suppenlöffel, Esslöffel [Besteckteil] • **FR** cuillère à soupe [couvert] • **EN** soup spoon [item of cutlery] • **PT** colher da sopa [peça de talher] **Beispill** den Zoppeläffel gehéiert riets niewent den Teller **Synonym** Iesslöffel **4.** (Pluriel Zoppeläffel / Zoppeläffelen) **DE** Esslöffel [Mengenangabe] • **FR** cuillère à soupe [unité de mesure, contenu] • **EN** tablespoon [measure] • **PT** colher de sopa

[unidade de medida, conteúdo] **Beispill** an dës Crème gehéieren dräi Zoppeläffelen Hunneg **Synonym** Iesslöffel

zoppen Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé gezoppt) » **transitiv** [égs] **DE** stibitzen • **FR** chiper, piquer • **EN** to nick, to pinch • **PT** gamar, fanar **Beispill** de Spëtzbouf huet an der Epicerie e Grapp voll Kamelle gezoppt **Synonymmen** klauen, matgoe loossen, schuppen, stibitzen

Zoppenteller [ts'opəntæle] Maskulinum (Pluriel Zoppentelleren) **DE** Suppenteller • **FR** assiette creuse, assiette à soupe [vaisselle] • **EN** soup plate, soup bowl • **PT** prato de sopa **Beispill** beim Spullen hunn ech een Zoppenteller gebrach

zoppnaass [tsopn'a:s] Adjektiv [égs] **DE** klatschnass, pitschnass • **FR** trempé [mouillé comme une poule] • **EN** sopping wet, soaking wet • **PT** ensopado, encharcado **Beispiller** d'Bouwe si mat zoppnaassem Gezei vum Spillen heemkomm; komm zéier eran, ier der zoppnaass sidd! **Synonym** plätschnaass

Zort [tsɔrt] Femininum (Pluriel Zorten) **1. DE** Sorte, Art • **FR** sorte [variété], type • **EN** sort, kind • **PT** variedade, espécie, tipo **Beispiller** eise Pâtissier huet eng nei Zort Kichelcher kreéiert; um Maart kritt een all Zort Geméis ze kafen; eise Garagist sammelt all Zort Gefierer aus den Drëssegerjoren; et gétt vill Zorte Leit op der Welt, mee keng, déi näischt essen; wat ass dat do eng Zort! [wat sinn dat fir gelunge Leit!] **2.** eng Zort **DE** eine Art, etwas wie • **FR** une sorte de, une espèce de • **EN** a sort of, a kind of • **PT** uma espécie de **Beispiller** den Dokter ass mir mat enger Zort Läffel an de Mond gefuer; de Garçon huet esou eng Zort Schallimo geholl, fir den Zocker ze karamellisieren **Synonym** eng Aart

zortéieren [tsɔrt'ɛiəɐn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zortéiert) - Variant vun ↗sortéieren

i Verb, dat **zortéieren** als Basis huet: ↗auszortéieren

zou [tsəʊ] Adverb **1. DE** zu, geschlossen • **FR** fermé, clos • **EN** closed, shut • **PT** fechado, encerrado **Beispiller** ech wier eragaangen, mee d'Dier war zou; fir datt d'Gebeess sech hält, mussen d'Glieser hermeetesch zou sinn; meng Nues ass zou [meng Nues ass verstoppt]; hie war erëm de ganze Weekend zou [égs] [hie war erëm de ganze Weekend voll; hie war erëm de ganze Weekend drogéiert] **2. DE** zu [lunzugänglich] • **FR** fermé [inaccessible à la clientèle, au public] • **EN** closed [to the public] • **PT** fechado [aos clientes, ao público] **Beispill** wann eise Buttek sonndes op ass, dann ass e méindes zou

ZOU Prepositioun » **mam Dativ 1.** zou sech kommen **DE** zu sich kommen [das Bewusstsein wiedererlangen] • **FR** reprendre connaissance, reprendre ses esprits • **EN** to come to, to come around [to regain consciousness] • **PT** voltar a si, recuperar os sentidos **Beispiller** no enger Narkos kann et eng Zäit daueren, bis een nees zou sech kënnt; wéi ech zou mer komm sinn, louch ech am Spidol; ech kommen haut einfach net zou mer! [ech ginn haut einfach net richtig wakereg!] **2.** zou sech kommen **DE** zur Besinnung kommen • **FR** revenir à la raison • **EN** to come to one's senses • **PT** vir à razão **Beispill** mat dengen Iwwerleunge bass de um

Holzwee, komm dach endlech **zou** der! **3.** **zou** sech sinn **DE** wieder bei Bewusstsejn sein • **FR** avoir repris connaissance, être conscient • **EN** to have come to, to have come around [to have regained consciousness] • **PT** ter recuperado os sentidos, estar consciente **Beispiller** du bass knapps **zou** der, bleif emol nach e bässe leien!; d'Patientin war an der Ambulanz kuerz vu sech, elo ass se awer nees **zou** sech; nom drëtte Kaffi war ech endlech **zou** mer [nom drëtte Kaffi war ech endlech richtig wakereg] **4.** **zou** sech sinn **DE** die Besinnung wiedererlangt haben [einsichtig sein] • **FR** être revenu à la raison • **EN** to have come to one's senses • **PT** ter retomado juízo, ter caído em si **Beispill** nodeems et kuerz Zäit enger Sekt verfall war, ass et gottseidank nees **zou** sech

zou- Verbpartikel **DE** [abtrennbares Erstglied eines Verbs] • **FR** [particule séparable d'un verbe] • **EN** [separable verb particle] • **PT** [partícula separável de um verbo] **Beispill** zéi de Riddo **zou**, fir datt keen eragesäit; mir hoffer, datt de Programm vum Concert ville Leit zouseet

- 1** Verben, déi **zou-** als Partikel hunn: ↗zoubäissen, ↗zoubannen, ↗zoubauen, ↗zoubereeden, ↗zoubetonéieren, ↗zoubitzen, ↗zoubleiwén, ↗zoudecken, ↗zoudinn, ↗zoudoen, ↗zoudrécken, ↗zoudréien, ↗zoudréinen, ↗zoudroen, ↗zouerkennen, ↗zoufalen, ↗zoufleien, ↗zoufréieren, ↗zougeheien, ↗zougestoen, ↗zouginn, ↗zougipsen, ↗zougoen, ↗zougräifen, ↗zouhaleen, ↗zouhänken, ↗zouhuelen, ↗zouhunnen, ↗zouklaken, ↗zouklappen, ↗zoukliweien, ↗zouknäppen, ↗zouknuppen, ↗zoukommen, ↗zoukreien, ↗zoulafen, ↗zouleeën, ↗zouloossen, ↗zoumaachen, ↗zoumaueren, ↗zoumudden, ↗zouneelen, ↗zoupechen, ↗zoupétzen, ↗zoupléischteren, ↗zourechnen, ↗zourieden, ↗zourichten, ↗zouruffen, ↗zouschäissen, ↗zouschären, ↗zouschécken, ↗zouschédden, ↗zouschéppen, ↗zouschloen, ↗zouschmieren, ↗zouschnapen, ↗zouschnappen, ↗zouschneiden, ↗zouschouschteren, ↗zouschousteren, ↗zouschrauwen, ↗zouschreiwén, ↗zousécheren, ↗zousetzen, ↗zousoen, ↗zouspammen, ↗zouspären, ↗zouspétzen, ↗zouspillen, ↗zousprechen, ↗zoustellen, ↗zoustëmmen, ↗zoustiechen, ↗zoustoen, ↗zoustoppen, ↗zoustoussen, ↗zoustrécken, ↗zoutässelen, ↗zoutippen, ↗zoutrauen, ↗zoutreffen, ↗zouuerdnen, ↗zouweisen, ↗zouwenden, ↗zouwennen, ↗zouwuessen, ↗zouzién

1 Dës Verbpartikel steet och am Zesummenhang mat enger anerer Wuertaart: ↗Zou Adverb

zoubäissen [ts'əʊbæ:ɪsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zougebass) » **intransitiv 1.** **DE** zubeißen [schnappen] • **FR** mordre [happer] • **EN** to bite [to snap] • **PT** morder [abocanhar] **Beispill** de Veterinär hat net dermat gerechert, datt den Hond géif zoubäissen **2.** **DE** zubeißen [Zähne aufeinanderpressen] • **FR** mordre [serrer les dents] • **EN** to bite down [to press the teeth together] • **PT** cerrar os dentes **Beispill** fir den Ofdrock vum Ären Zänn musst Der elo zoubäissen, bis d'Mass an Ärem Mond fest ginn ass

zoubannen [ts'əʊbanən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zougebonnen / zougebonn) » **transitiv DE** zubinden • **FR** fermer [d'un fil, d'une corde] • **EN** to tie up • **PT** atar [fechar com fio, com corda] **Beispill** hues de de Sak och gutt fest zougebonnen? **Synonym** zoustrécken

zoubauen [ts'əʊbaʊən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zougebaut) » **transitiv 1.** **DE** verschließen, zumauern • **FR** boucher, condamner [fermer], murer • **EN** to brick up, to wall up • **PT** fechar, tapar [uma entrada] **Beispill** den Agang vun der Hiel gouf aus Sécher-

heetsgrënn zougebaut **2.** **DE** zubauen, bebauen • **FR** sacrifier [un terrain] • **EN** to build on, to develop, to cover with buildings [a green space] • **PT** construir em, edificar em, urbanizar **Beispill** d'Gemeng huet déi grouss Wiss mat enger Cité zougebaut

zoubereeden [ts'əʊbæ:ɔdən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zoubereet) » **transitiv DE** zubereiten [Speisen] • **FR** préparer [en cuisine] • **EN** to prepare [food] • **PT** preparar [cozinhar] **Beispill** an eisem Restaurant ginn all d'Plate frësch zoubereet **Synonym** preparéieren

Zoubereedung [ts'əʊbæ:ɔdʊŋ] Femininum (Pluriel Zoubereedungen) **DE** Zubereitung [Vorgang] • **FR** préparation [procédé culinaire] • **EN** preparation, cooking method • **PT** preparação [laboração culinária] **Beispill** fir d'Zoubereedung vun dësem traditionelle Plat brauch ee vill Gedold **Synonym** Preparatioun

zoubetonéieren [ts'əʊbətənɔiəɔn] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zoubetonéiert) » **transitiv DE** zubetonieren • **FR** bétonner, boucher • **EN** to concrete over • **PT** betonar, cobrir de betão **Beispill** mir hunn deen ale Schacht zoubetonéiere geloos; d'Biergerinitiativ wiert sech dergéint, datt den ale Park zoubetonéiert gëtt [d'Biergerinitiativ wiert sech dergéint, datt op der Fläch vun ale Park gebaut gëtt]

zoubitzen [ts'əʊbitsən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zougebitzt / zougebutt) » **transitiv DE** zunähen • **FR** recoudre [fermer en cousant], suturer • **EN** to stitch, to sew up • **PT** coser [fechar com pontos], suturar **Beispill** fir dem Bopa eng ze spillen, haten d'Kanner him d'Knäpplächer vu sengem Paltong zougebitzt; wat am längste bei der Operatioun gedauert huet, war d'Zoubitze vun deem laange Schnatt

zoubleiwén [ts'əʊblaiwən] Verb (Hëllefverb sinn, Participe passé zoubliwwen)

1 Hei entsteet en neien Artikel.

zoudecken [ts'əʊdækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zougedeckt) » **transitiv DE** zudecken, abdecken • **FR** couvrir [poser une couverture sur, poser une protection sur] • **EN** to cover, to tuck in • **PT** cobrir, tapar [para agasalhar, para proteger] **Beispill** d'Mamm huet d'Kand mat engem Diwwi zougedeckt; hënt soll et fréieren, ech ginn d'Zalote léiwer zoudecken

zoudinn [ts'əʊdin] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zougedoen) - Variant vun ↗zoudoen

zoudoen [ts'əʊdɔ:ən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zougedoen) » **transitiv** keen A zoudoen **DE** kein Auge zutun • **FR** ne pas fermer l'œil [ne pas dormir] • **EN** to not sleep a wink • **PT** não pregar olho **Beispill** ech hunn dës Nuecht keen A zougedoen

1 Variant: zoudinn

zoudrécken [ts'əʊdrækən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zougedréckt) » **transitiv 1.** **DE** zudrücken [schließen] • **FR** pousser, fermer [avec force] • **EN** to push shut, to shut firmly • **PT** empurrar, fechar [com força] **Beispill** déi Dier muss ee fest zoudrécken, soss geet se nees op **2.** en A zoudrécken **DE** ein Auge zudrücken • **FR** fermer les yeux [se montrer tolérant] • **EN** to turn a blind eye • **PT** fechar os olhos, fazer vista grossa **Beispill** wann

ech ze spéit op d'Aarbecht kommen, dann dréckt meng Cheffin meeschtens en A **zou** 3. engem en A zoudrécken **DE** *jemandem zuzwinkern* • **FR** *faire un clin d'œil à* • **EN** *to wink* • **PT** *piscar o olho a* **Beispill** mäi Papp huet gelaacht a mir heemlech en A zougédreékt **Synonym** engem en A zoupétzen

zoudréien [ts'əʊdʁɛɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zougédreít) » **transitiv** 1. **DE** *zudrehen* [einen Hahn] • **FR** *fermer* [un robinet, une vanne] • **EN** *to turn off* [a tap] • **PT** *fechar* [uma torneira, uma válvula] **Beispill** d'Bitchen ass iwwegelaf, well d'Kand vergiess hat, de Krunn zouzédreien 2. **DE** *zudrehen* [einen Schraubverschluss] • **FR** *fermer* [un récipient en vissant] • **EN** *to close* [a screw top container] • **PT** *fechar* [uma tampa de rosca] **Beispill** wéi ech eng Seenenentzündung hat, krut ech emol kee Gebeessglas zougédreít 3. **DE** *zudrehen* [die Versorgung einstellen] • **FR** *couper* [l'approvisionnement] • **EN** *to turn off* • **PT** *cortar* [interromper o fornecimento del] **Beispill** dréi de Gas zou, soss leeft d'Méllech iwwer!

i Variant: zoudréinen

zoudréinen [ts'əʊdʁɛɪən] Verb (Hëllefverb hunn, Participe passé zougédreínt) - Variant vun ↗zoudréien

